Dës Chamber huet schonns d'Haaptelementer vum Kompromëss duergestallt kritt vum Premierminister an och hir Meenung dozou ausgedréckt. Ech géif awer hei nach gäre ganz kuerz déi méi politesch Bedeutung vu verschiddenen Neierungen ënnersträchen.

Dee Vertrag, deen den 13. Dezember an der portugisescher Hauptstadt ënnerschriwwen gétt, schaaft eng Unioun, déi all Politike begräift, an dat mat enger eenzeger juristescher Personalitéit. Dat ass symbolesch immens wichteg, mä och formell, well duerch deen Akt kann d'Unioun an den internationalen Institutiounen ganz anescht handelen an optrieden. D'Unioun kann als solch internationalen Organisatiounen bäi-

trieden, an och zum Beispill Member gi vun der Europäescher Mënscherechtkonvention.

Mir kréien eng Unioun oni Piliere. Dat heescht, déiselwecht oder ähnlech Entscheidungsprozesser ginn ugewannt fir all Politiken, besonnesch och am Beräich Justiz an Innenpolitik, a méi wéi virdrun och an der Aussen- a Sécherheetspolitik; och wann dat selbstverständlech nach net ideal ass. Domadder sinn dës Politiken nach méi no un déi klassesch „communautär Method“ erubrecht ginn. Et ass jo déi Method, déi eis «Union sans cesse plus étroite» geschaffen huet an och soll weiderentwéckelen. Entscheedunge gi bis op Ausnahmegräisstendeels mat qualifizierter Majoritéit am Conseil geholl a mam Codécisionsrecht vum Europäesche Parlament. Eis Décisionsmechanisme gi méi kloer, méi effikass an och méi demokratesch.

Déi nei Unioun gëtt méi demokratesch an och méi biergero, esou wéi dat schonns zu Laeken gewollt war an am Verfassungsvertrag jo och festgehale gouf. D'Petitionsrecht, ee Biergerbegieren, gradesou wéi déi direkt Rechter fir d'national Parliementer am europäeschen Décisionsprozess sinn nei. Si wäerten eis erlaben, d'Initiative vun der Kommissioun méi am Detail an op enger méi breeder Basis kënnen ze diskutieren. Och d'Regierung an d'Chamber wäerten op den europäeschen Dossiere vill méi enk missen an och wëllen - ginn ech dovunner aus - zesummeschaffen, an dat vun deem Moment un, wou d'Propositione vun der Kommissioun um Dësch leien, duerch déi verschidden Etappe vun der Aarbecht am Conseil bis zur Entscheedung.

D'Charta vun de Grundrechter, op déi mer jo als Lëtzebuerg esou staark halen, wäert den 12. Dezember - also een Dag viru Lissabon - vum Conseil, vun der Kommissioun an dem Europaparlament feierlech ënnerschriwwen ginn, an dann duerno publizéiert. Den Traité enthält eng Referenz op dës Charta a gëtt dëser Charta doduerch genau deeselwechte Wäert, wéi en am Verfassungsvertrag virgesi war. Domadder ass eng vun eise Konditiounen, fir dësen neie Vertrag ze ënnerstëtzen, erfëllt.

Leider - dat wësse mer - huet Groussbritannien, a bis elo och Polen, dës Charta net kënnen matdroen. Hire Opt-out ass méi wéi bedauerlech. Ech brauch dat net extra ze betounen. An ech kann nëmme hoffen, dass e soubal wéi méiglech opgehewe gëtt. Et gëtt - wann et och eng ganz kleng ass, mä - eng Chance, dass déi nei Regierung zu Warschau dovunner profitiere wäert, dass den Traité nach net ënnerschriwwen ass, fir nach op hiren Opt-out ze verzichten. Allerdéngs muss mer wëssen, dass a Polen eng Majoritéit néideg ass, déi och d'Partei vum Här Kaczyński begräift.

Här President, och d'institutionell Struktur vun der Unioun changéiert mat deem neie Vertrag. Den Europäesche Rot gëtt eng Institution - e war also bis elo keng Institution - a kritt ee permanente President fir zwee an en hallef Joer, erneierbar eng Kéier. Dës nei Funktioun muss nach hir richteg Plaz kréien tëschent dem President vun der Kommissioun an dem Vertrieeder fir Aussepolitik, deem eigentlechen europäeschen Ausseminister. An deem Krees huet jidderee seng Roll ze spillen a seng Kompetenzen, a vollem Respekt vun deem Aneren. Fir eis ass wichteg, dass déi unique Roll a Plaz vun der Kommissioun voll bäibehale gëtt. Eis läit och vill drun, dass dës nei Gestaltung am Sënn nu méi Kohärenz, Effikassitéit a Visibilitéit no bausse funktionéiert.

D'Kohärenz vun der europäescher Aussepolitik ass menger Meenung no besser gesécheret duerch déi duebel Kompetenz vum Vertrieeder fir d'Aussepolitik. Als Vizepräsident vun der Kommissioun huet hien d'Charge, fir d'Mëttele vun dëser Institution ze bëndelen. An als President vum Conseil «Relations extérieures» kritt hie vun de 27 Ausseministere d'Mandater, fir am Sënn vun der Unioun an hire Prinzipien a Wäerter ze handelen. Europa ass ëmmer méi present a Krisengebidd mat all deene Mëttele, déi zur Verfügung stinn, mat zivilen oder militäreschen Missiounen, mat diplomatesche spezielle Vertrieeder, mat technischer Assistenz a mat Hëllef.

Fir eis Instrumenter besser, mä och méi oft a méi gezielt kënnen ze gebrauchen, muss de Vertrieeder fir d'Aussepolitik Leit hunn, déi

genee dat zesummebréngen. Duerfir gëtt den europäeschen diplomateschen Dëngscht geschaf, de Service extérieur, deen aus Beamte vun der Kommissioun, vum Conseil an aus all de Memberstate besteet wäert.

Wann den Traité den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, da fänken dës nei institutionell Instrumenter un ze schaffen. Bis dohinner mussen évidemment nach ganz vill Detailler geregelt ginn.

Mat wem schafft de President vum Europäesche Rot zesummen? Wat genau mécht an Zukunft nach d'Présidence semestrielle, déi jo bäibehale gëtt? Wéi grousst muss de Service extérieur sinn, fir kënnen unzefänken? Wou gëtt en installéiert? Wie géiert säi Budget? Dës Froen an nach vill anerer wäerte mer iwwert d'ganz nächst Joer misse klären.

Vun dësen Äntwerten hänkt och d'Effikassitéit vum zukünftige System of. Fir Lëtzebuerg ass et kloer, dass d'Unioun hir Responsabilitéit an der Welt verstärkt muss huelen. Dat erwaarden d'Lëtzebuerg an d'Europäer vun deem neie Vertrag, an dat selbstverständlech mat Recht.

Nieft den institutionellen Innovatiounen huet de Verfassungsvertrag, an och de Vertrag vu Lissabon, awer och Neierungen an de Politike bruecht. Esou zum Beispill ass, wéi am Verfassungsvertrag och, eng horizontal Sozialklausel do, déi eis erlaabt, all - an ech betounen: all - nei legislativ Initiativen ënnert dem soziale Bléckwénkel ze präiwen. Mir hunn eng speziell Basis, fir den europäesche Bannemaart vun der Energie opzebauen, an eng méi kohärent Method, fir d'Thema vun de Services d'intérêt général unzepakken.

Och a Sécherheets- an a Verteidigungsfroe kënnen an Zukunft d'Memberstaten am Kader vum Traité, mä no spezielle Regele selbstverständlech, hir Capacitéit fir ze handele verbesseren, fir esou Missiounen, déi d'Unioun hinne gëtt, besser kënnen ze erfëllen.

Mir sinn net frou - Dir net an der Chamber hei, an d'Regierung selbstverständlech och net -, dass am Beräich Justiz an Innenpolitik Groussbritannien an och Irland an Opt-out-Recht hu fir all Propositionen. Dat heescht, si hunn d'Recht, bei alle Propositionen an deem Domän net brauche matzemaachen. Mir hoffen natierlech, dass se dës Méiglechkeet esou wéineg wéi méiglech gebrauch wëllen. Well eist Zil muss et jo sinn, zesummen dës Politike fir d'Sécherheet vun eise Bierger alleguerten ze entwéckelen an ze beräicheren, mä et ass och e wichtegen Zousatz zum Bannemaart.

Wann en Opt-out aus enger Initiativ Konsequenze kéint hunn, déi eis besonnesch am Bannemaart net akzeptabel schéngen, da muss mer dem Conseil an, wann néideg, de Stats- a Regierungschefen dat kënnen virleeën an d'Kommissioun zu Rot zéien. Dat Recht ass eis gesécheret an enger Erklärung, wéi Der wësst, vun der Regierungskonferenz. Et ass elo un eis a selbstverständlech och un anere Länner, fir Gebrauch ze maache vun deem Recht, wann et muss sinn.

Ech wëll hei net nach eng Kéier op déi Themen zrëckkommen, déi eis nach zu Lissabon ganz héichkaräteg beschäftegt hunn, wéi d'Mechanisme vu Ioannina oder d'Zuel vun den Deputéierten, déi Italien am Europaparlament kritt. Si sinn dee Moment wichteg gewiescht fir déi Länner, déi betraff waren, a fir eis alleguerten duerch déi méiglech Konsequenzen. Wann dann awer esou eng Solutioun fonnt ginn ass, wéi mer se fonnt hunn, mat der Hëllef vun alle Säiten, da ginn dës Froe vill manner wichteg.

Mir si frou, dass de Mechanismus vu Ioannina net am Traité ass an hien déi legislativ Prozedur an der Unioun net op eng onbestimmten Zäit vertage kann. Wat d'Europaparlament ubelaangt, esou si jo elo am Traité dräi Zuele festgehale, den Total vun de Membere mat 751, de Minimum pro Memberstat mat sechs an de Maximum mat 96. Déi minimal Zuel ass sechs, dat si mir, a 96 fir dat gréisst Land, dat ass jo elo Däitschland. Dat mécht d'zukünftige Diskussioun iwwert d'Zesummesetzung vum Europaparlament fir Lëtzebuerg vill méi einfach, wéi dat fréier de Fall war.

Wa mir elo schonns bei spezifesche Lëtzebuerg Elementer vum Traité sinn, géif ech nach gäre soen, dass och Lëtzebuerg als Siège vun den Institutione bestätegt ass an domadder och an der Unioun vun deene 27 konsolidéiert ass.

Mir wëssen, wéi wichteg dass d'Presenz ass fir de Prestige vun eise Land, fir Lëtzebuerg, a mir sinn eis och bewusst, wat déi ronn 10.000 Fonctionnaire fir eis Wirtschaft, awer och eis Kultur, eis Gesellschaft am Allgemengen duerstellen a wat fir eng Bedeutung e staarken europäesche Pôle zu Lëtzebuerg fir d'Attraktivitéit vum Land als méig-

leche Standuert fir privat Investisseuren huet.

D'Anhale vun de Siège-Ofkommen, déi souwuel eng staark quantitativ wéi och qualitativ Verriedung vun den Institutionen zu Lëtzebuerg garantieren, bleift eng Eerausfuorderung, där mir eis och am vergaangene Joer gestallt hunn. Et koom zu enger Eenegung mat der Kommissioun iwwer en neie Standuert um Kierchbierg. D'Gesetzesprojeten iwwert de Centre de Conférences an déi nei Europaschoul konnten der Chamber virgellecht ginn. Ech hoffen, dass dës zwee wichteg Dossiere geschwé mat Ärer Hëllef kënnen ofgeschloss ginn.

Ech wëllt an dësem Kontext nach eng Kéier dorun erënnere, dass Lëtzebuerg dës Joer eestëmme als Siège fir den zukünftige Registre ferroviaire international designéiert gouf. All dës Efforten a Succès wieren net méiglech gewiescht, ouni déi ausgezechent Zesummenaarbecht mat anere Ministere, a selbstverständlech och mat der Chamber a mat den Administratiounen. An ech wëll awer hei ee besonnesche Merci soen als Ausseminister un de Baute-minister, de Kolleg Wiseler, an un de Budgetsminister Luc Frieden.

Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg brauch eng staark Europäesch Unioun, an d'Unioun brauch deen neie Vertrag, an dat ganz, ganz séier. Duerfir ass et elo un de Memberstaten, fir d'Randifikatiounen esou séier wéi méiglech nom Dezember anzeleeden. Et wär ideal, wann all Randifikatioun kéint am Laf vum éischte Semester 2008 geschéien. D'Regierung wäert duerfir direkt uganks Januar dëser Chamber an dem Conseil d'État de Gesetzestext virleeën. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer kënnen op Är Zesummenaarbecht zielen.

A wann dann d'Jaloné gesat sinn, fir dass den Integrationsprozess weidergeet, da kann Europa sech och verstärkt op déi nei Realitéit vun der Globaliséierung konzentrieren, déi, wéi schonns gesot, souwuel Opportunitéit wéi och Eerausfuorderung mat sech bréngen.

Ech wëll dat ënnersträichen: Mir dierfen d'Globaliséierung net als eng Gefor duerstellen an eis wëllen an enger Forteresse Europa verschansen. Dat entsprécht weder eiser Geschicht nach eiser Visioun vun der Welt.

Et gëllt villméi, Émstänn ze schafen, fir dass eis Stärkte voll zum Droe kommen an den europäeschen Interesse respektéiert ass. A wann ech europäeschen Interesse soen, da mengen ech natierlech net d'Zomm vun de jeeweiligen Interesse vun de Memberstaten an och net nëmme d'Zomm vun eise Maartundeeler, mä och den Asaz an der internationaler Communautéit fir héich sozial Standarden, fir Émweltnormen, déi zu enger nohalteger Entwécklung bäidroen, fir de Schutz vun der intellektueller Propriétéit - fir nëmme déi Beispiller ze nennen.

An deem leschte Jorzéngt huet d'Weltwirtschaft déif gräifend Ännerungen erlieft. Dës si sécherlech bedéngt duerch eng Rei vu Facteuren, mä d'Revolutioun an de Kommunikatiounstechnologie schéngt mir hauptsächlich ausschlaggebend fir dës Entwécklung gewiescht ze sinn. Dat huet eng nei Aarbechtsopdeeling um internationalen Niveau mat sech bruecht.

Déi impressionnant wirtschaftlech Entwécklung vu verschiddene Schwellelänner ass déi aner Säit vun dëser Realitéit. China, Indien, Brasilien, fir nëmme dës Länner ze nennen, verännere déi grousse ekonomesch Gläichgewichter. Mir kënnen eis nëmme félicitéieren, dass d'Situatioun vun hire Bevölkerunge sech verbessert, och wann dës Verbesserung vum Liewensstandard nach ëmmer net gerecht verdeelt gëtt.

Mir si mam Opkomme vun neie Mäert konfrontéiert, déi vun hirer Gréisst hier eemoleg sinn. Fir europäesch Exportgesellschaften gëtt et do immens Opportunitéiten ze ergreifen, souwuel wat d'Exportatiounen am Allgemenge wéi och wat d'Investitiounen ugeet. Och fir den europäeschen Dëngschtleeschungssektor ass de Wuesstumspotenzial op deene Mäert enorm. Ee Beweis duerfir ass zum Beispill, dass keng Woch vergeet, ouni dass héichkaräteg Wirtschaftsmissiounen aus der Europäescher Unioun, aus de Memberstate vun der Unioun an Asien oder a Latänamerika ginn. Dat zielt och fir Lëtzebuerg. 2007 ware sechs Missiounen op Ministerniveau a China, an Indien, a Brasilien, fir nëmme déi Beispiller ze nennen.

Aner Regione vun der Welt di sech méi schwéier, fir déi richteg Konditiounen fir de Wuesstum ze schafen. Denke mer besonnesch un Afrika. Fir dës Géigende muss dofir gesuergt ginn, an Europa huet hei eng speziell Responsabilitéit, dass d'Globaliséierung net als Konsequenz huet, déi kleng Produzente wéi och déi industriell, kommerziell a finanziell Strukture vun nach ufällegen Ekonomien ze ruinieren.

Wou steet déi europäesch Wirtschaft? Et ass net u mir haut selbstverständlech, en déif gräifende Gesondheitsbilan ze zéien am Kontext vun enger Ried iwwert d'Aussepolitik. Loosse mer nëmme soen, dass d'Resultater vun der europäescher Wirtschaft am Allgemenge gutt sinn, d'Eurozon mat abegraff.

D'Erweiterung vun der Unioun huet eng nei intern Aarbechtsopdeeling ervirbruecht, déi mir net sollten als negativ ugesinn oder déi eis misst fir d'Zukunft fäerten doen; ganz am Géigendeel.

Duerfir huet d'Regierung decidéiert, fir d'Derogatiounen vun der früher Zirkulatioun fir d'Bierger aus de Memberstaten, déi 2004 bäigetruede sinn, mat Effet op den 1. November opzehiewen.

Um europäeschen Niveau gesi mer déi éischt Erfolgeszeeche vun der Strategie vu Lissabon: een zolitte Wuesstum, ee verbesserten Aarbechtsmaart, nei Akzenter, déi an der Educatioun an an der Recherche gesat gi sinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Fir deen Trend ze konsolidieren, muss d'Unioun hir Reformen awer weiderhi wëllensstaark duerschetzen, hir Interessen no baussen offensiv verdeedegen, hir Wäerter, hir Standarden an Norme mat nach méi Determinatioun förderen.

Déi europäesch Wirtschaft ass leider nach net kompetitiv genuch. Mir müssen also nach méi Efforté maachen, fir déi Reformen an Ajustementen virunzudriewen. Europa, mä och all einzelne Memberstat, muss verstärkt Wäert op d'Educatioun an op d'Recherche leeën. De Mangel un ausgebildete Fachkräften op eise Aarbechtsmaart bremst d'Innovatioun an d'Entwécklung vun der europäescher Economie. Nach ëmmer verloossen dausende Chercheuren Europa fir sech an den USA ze etablieren. Dat muss mer änneren.

D'Mëttel fir Recherche an Entwécklung ze bedriewe muss verstärkt ginn, an dat souwuel an der „recherche fondamentale“ wéi och an der ugewannte Fuerschung, der „recherche appliquée“. D'Europäesch Unioun huet sech global een Zil vun 3% am Kader vun der Revisioun vun der Strategie vu Lissabon ginn. Lëtzebuerg huet schonns grousse Efforté gemaach a wäert och an deem Sënn weiderfuere.

D'europäesch Politik muss natierlech dës Zilsetzung ënnerstëtzen. Net nëmme andeems se d'Fuerschung ënnerstëtzt, mä och andeems se d'Mobilitéit vun eise Studenten fördert, duerch, zum Beispill, d'géigesäitig Unerkennung vu Qualifikatiounen an Diplomer, duerch akademesch Austauschprogrammer an och duerch eng intelligent Immigrationpolitik.

Dës ass selbstverständlech eng akademesch Fro: Indien a China - fir dës zwee Länner erëm eng Kéier ze ernimmen - „produzieren“ Ingenieuren a Wëssenschaftler a risegen Zuelen. Et wier och falsch ze mengen, dass hir Formatioun manner gutt wier wéi déi, déi hir Fachkollegen hei an Europa hunn; ganz am Géigendeel. Mir müssen also d'Bedingunge schafen, fir dass eist Bildungswiese weiderhi kompetitiv bleibt an den Uspréich vun eiser Wirtschaftsentwécklung gerecht ka ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, Europa muss och d'Potenzial vu sengem Bannemaart voll ausschöpfen. Dës muss eng gewësse kritesch Mass hunn, fir sech och weiderhin an der Zukunft mat deenen anere grousse a ganz grousse Economie kënnen ze moossen.

Nieft den Efforté vun der Harmonisatioun an der géigesäitiger Unerkennung vun den Norme muss dës Bannemaart vu verschiddene fundamentale Prinzipien animéiert sinn. Do ass de Prinzip vun Ursprungsland nawell een, wéi mer alleguerte wëssen, vun deene wichtegsten, dat sief just hei erwähnt, deen zum grousse Deel den Erfolg vun eiser nationaler Economie explizéiert. Déi schwéier Diskussioun haut am Conseil ECOFIN muss een och ënnert deem Bléckwénkel gesinn.

D'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft dierf sech net um Ofbau vun dem sozialen Acquis moossen, wéi Verschiddener dat wëlle gesinn. Et müssen Efforté gemaach ginn, um europäeschen an och um nationalen Niveau, fir den Aarbechtsmaart méi upassungsfäeg ze gestalten. Hei denke mer, dass dës éischter duerch d'Weiterbildung an d'liewenslaangt Léiere soll geschéien.

Ech wëll ënnersträichen, dass d'Akzeptanz vun der Globaliséierung an d'Bereitschaft, fir hir Eerausfuorderungen unzehuelen, och op dem Vertraue berouen, deen d'Salariéen an de politeschen, ekonomeschen a soziale System hunn.

Um europäesche Plang setzt d'Lëtzebuerg sech weider a fir sozial Mindeststandard, wéi zum Beispill e Mindestloun, dee Fonc-

tion ass vum PIB. A mir plädéieren och weiderhin derfir, dass dës Mindeststandarden och op dem internationale Plang sollen duerchgesat ginn, natierlech esou wäit wéi d'Situatioun vergläichbar ass. De Respekt vun de sozialen Eckwäerter kann net aus der Diskussioun iwwert d'Konditiounen vum internationalen Handel verschwannen.

Schlussendlech mussen d'Politike vun der Unioun och de Kritär vun der Nohaltegkeet erfëllen an dëst zu engem fundamentale Bestanddeel vun der Aussepolitik vun der Unioun maachen.

D'Unioun spillt eng ganz wesentlech Roll beim Ëmsetze vum Kyoto-Protokoll. Si muss och weiderhin déi dreiwend Kraaft bleiwen, fir déi nei Reduktiounsziler vun Ofgaswäerter errechen ze kënnen, am Hëllef op en neien internationale Vertrag fir d'Period 2012. Am Dezember zu Bali schléit d'Unioun e Gesamtkonzept vir, fir dass dës Verhandlung kënnen 2009 ufänken.

Verschiedener vun deene bestehende Mechanisme wäerte wahrscheinlech missen adaptéiert ginn. Ech denken do un den Austausch vun Emissiounswäerter, fir dass den Handel sech och op dem Weltmarkt kann duerchsetzen. No Bali, am Januar 2008, soll d'Kommissioun eng Method vorschloen, fir d'Reduktiounsziler an all Memberstat ze errechen.

Déi Efforten, déi mir scho gemaach hunn, wéi och d'Ziler, déi mir op nationalem Niveau ugekënnegt hunn, iwwert déi ganz Period zënter 1990, misste vun der Kommissioun a Betrecht geholl ginn, wann et heescht, d'Laascht vun den neien Engagementer op eng gerecht an op eng objektiv Manéier téschent de Memberstaten ze verdeelen.

Bei der Ëmsetzung vum europäeschen Zil, dat jo um Fréijoerssommet 2007 fixéiert ginn ass an dat de Gebrauch vun 20% vun erneierbaren Energië vorschreift, mussen d'objektiv Emstänn vun deenen enge wéi och vun deenen aneren an der Unioun a Betrecht gezu ginn, wann et dann drëm geet, fir dës Effort ënnert de Memberstaten ze verdeelen, an och mat eventuellen Zousatzmechanisme vum Bannemaart. Ech wéilt ënnersträichen, dass fir eis d'Nuklearenergie natierlech net a Betrecht kënn, fir dese Kritär vun 20% erneierbaren Energien ze erfëllen. Aus der Siicht vun der Regierung ass méi Atomstrom keng Äntwert fir d'Reduktioun vun den CO₂-Wäerter.

D'europäesch Approche a Saache Klimawandel schéngt mir richtungsweisend ze si fir dat, wat d'europäesch Aussepolitik a Saache Globalisierung sollt sinn: op eng entscheedend Aart a Weis deelhuele um Festleeë vun Normen a vu Standarden, mat dem gudden Beispill virgoen an e multilaterale Effort ustriewen, fir sech ze vergewësseren, dass d'Konditiounen och an der internationaler Konkurrenz fir jiddereen déi nämlecht sinn.

Parallell dozou muss d'Unioun d'Entwécklung vu propperen Technologien an effikassen Energien ënnerstëtzen.

An enger Weltwirtschaft, déi weider um Expansionskurs fiert, ginn Energien ëmmer méi rar an och ëmmer méi deier. D'Vervollständigung vun engem richtige Bannemaart, notament am Secteur vum Gas an och vum Elektreschen, dierft eis erlaben, d'Zouliwwerungen ze rationaliséieren an do duerch och d'Käschten ze drécken. Mir mussen awer och oppassen, dass do duerch keng Monopolisituatiounen entstinn, wat e besonnesche Risiko fir déi kleng Réseauen ass a wat net zu eisem Zil, fir d'Präisser ze reduzéieren, bäidroen wäert.

Den europäesche Fréijoerssommet vun dësem Joer huet eis erlaabt, ee wesentleche Schrëtt no vir ze maachen, an der europäescher Energiepolitik an och an hirer aussepolitescher Dimensioun.

D'Unioun huet sech fir en Ofsécheren vun der Energieversuergung duerch Diversifikatioun ausgeschwat.

Viru kuerzem huet d'Kommissioun proposéiert, dass d'Drëttlänner, wat d'Investissementer am Energiesector ugeet, d'Reciprocitéit respektéieren mussen.

Déi rezent Turbulenzen op den internationale Finanzmäert beweisen, dass an enger globaliséierter Welt keen à l'abri vun de Konsequenze vun den Akte vun der Drëtten ass. D'Kris vun de sougenannten „sub-primés“ ass e Beweis heifir. D'Onduerchsiichtgkeet, d'Abstraktioun an d'Distanz zu de Konsequenzen, mat deene verschidde Finanzacturen agéieren, huet en erschreckende Grad erreicht.

Och hei ass d'Unioun gefuerdert, an nei Richtungen ze denken an zum Beispill der Iddi vun engem „early warning system“ nozegoen.

Här Präsidant, d'Unioun dierft net zécken, op rigouréis Weis hir Wäerter, hir Normen,

hir Interessen an hir Bierger ze verdeeden. Eis Grondpositioun soll d'Géigesäitegkeet an de Respekt vun den europäesche Standarden, wat d'Santé, de Konsumentenschutz, d'Ëmwelt oder d'sozialen Normen ugeet, bleiwen. Den Entwécklungsniveau vun engem Land ass natierlech mat a Betrecht gezu ginn.

Lëtzebuerg wäert och weiderhin opmierksam bleiwen, fir dass d'Anti-Dumping-Instrumenter vun der Unioun net ofgeschwächt ginn. Eng kloer Definitioun vum communautären Interessi a vum europäesche Produzent muss dofir etabléiert ginn, am Fall vun enger Reform vun dësen Instrumenter.

Loosst mech an deem Kontext och nach e Wuert soen zu de Verhandlungen am Kader vun der Welthandelsorganisatioun. Trotz aller Méi muss ee feststellen, dass dës Verhandlungen, déi 2001 zu Doha lancéiert gi sinn, nach ëmmer net ganz wäit komm sinn. An deenen nächste Wochen a Méint misste mer wëssen, ob déi sougenannten Doha-Entwécklungsronn erfollegräich ofgeschloss ka ginn oder net. En Echec géif net nëmmen de Multilateralismus en tant que tel schwächen, mä hätt virun allem negativ Konsequenzen op déi äermste Länner, deenen d'Doha-Ronn soll hëllefen, sech besser an den internationalen Handel ze integréieren. D'EU dierft och do weiderhi keng Méi scheien, fir dass et zu engem Succès kënn.

Här President, Dir gesitt, mir hu signifikativ Atouten, fir als Europäesch Unioun d'Erausforderung vun der Globalisierung unzehuelen an och matzegestalten.

Mir sinn doriwwer eraus ee vun deene raren Acteuren, dee capabel ass, aussen- a sécherheetspolitesch Problemer opzegräifen. Dat bréngt eng speziell Verantwortung mat sech. D'Unioun ass sech dëser Verantwortung bewusst an huet sech iwwert déi lescht Jore verstärkt d'Instrumenter ginn, fir um internationale Plang kënnen ze agéieren.

Eisen Objektiv muss et dobäi sinn, de Fridensprojet „Europa“ auszeweiden oder esou wéi de Javier Solana et kierzlech ausgedréckt huet: „(...) to act as a credible force for the good (...) from a continental agenda, we should move to a global agenda; from building peace in Europe to being a peace-builder in the world (...)“.

Eis Politik muss dobäi eng europäesch sinn: europäesch net nëmmen am Sënn vun enger gemeinsamer Aussepolitik, mä och am Sënn vun enger spezifesch europäescher Approche, déi Diplomatie, Finanzmëttelen a Sécherheetsinstrumenter zesummebréngt, déi op Synergie setzt, déi op Zesummenaarbecht setzt amplaz op Elenggäng, eng Approche, déi zwar militäresch Mëttel och net ausschléisse kann, mä dës ni als eenzeg Léisung ugesäit.

D'Zäit feelt hei, fir e kompletten Tour d'horizon vun der internationaler Aktualitéit ze maachen. Dat ass och net den Zweck vun der Deklaratioun zur Aussepolitik. Ech wéilt mech konzentréieren op e puer Regiounen a Beräicher, wou d'Unioun, à différents degrés, een Acteur ass am Zesummespill mat den internationalen Organisatiounen, mat eisen amerikanesche Partner, mat Russland, mä och mat China.

A kenger Géigend huet Europa esou eng determinant Roll ze spillen, wéi um Balkan, an do besonnesch am Kosovo.

Wéi ech d'lescht Joer op dëser Tribün stoung, hat ech d'Hoffnung, dass 2007 de Kosovo-Prozess kéint ofgeschloss ginn. Net dass ech gemengt hunn, et géif einfach ginn; dat kann et net sinn an esou enger fundamentaler Fro, wou et jo ëm de Statut vun engem Territoire geet, wann esou ënnerschiddlech Positiounen an Aspiratiounen openeentreffen, wéi dat am Kosovo de Fall ass, wa Grondprinzipië vum internationale Recht wéi de Respekt vun der territorialer Integritéit vun engem Land an d'Recht op Selbstbestimmung vun engem Vollek sech géigeniwwerstinn. Et huet deemools awer esou ausgesinn, wéi wann d'Weichen definitiv gestallt wäeren.

Haut, ee Joer méi spéit, ass de Statut vum Kosovo nach ëmmer net geregelt. Den Här Ahtisaari, deem am Numm vun Generalsekretär vun der UNO 14 Méint laang téschent Belgrad a Priština verhandelt hat, hat ufanks vun dësem Joer missen zur Konklusioun kommen, dass weider Verhandlungen néierens géifen hiféieren. D'Positiounen vun deenen zwou Säite waren einfach ze wäit auserneen. Dee Statut, deen hien doropshi proposéiert huet, war deen eenzegen, deen him - an ech muss soen, och eis - realistesch geschéngt huet, wann een d'Entwécklung vum Kosovo an deene leschte Joren an d'Realitäten um Terrain kuckt: eng international iwwerwaachten Onofhängegkeet mat enger wäitgefächerter ziviler a militärescher Präsenz, bei där d'Europäesch Unioun d'Haaptverantwortung soll hunn.

(Interruption)

D'Unioun huet dës Propositionen voll a ganz ënnerstëtzt, och wann dat fir deen een oder fir deen anere vun de Memberstate selbstverständlech aus interne Grënn net ëmmer ganz einfach war. Déi iwwerwaachten Onofhängegkeet schéngt mer och haut nach déi allerbeschte Léisung, fir der Aspiratioun vun der grousser Majoritéit vun der kosovarescher Bevëlkerung Rechnung ze droen, déi sech d'Onofhängegkeet tout court wënscht, a gläichzäiteg d'Rechter vun de Minoritéiten am Kosovo - virun allem där serbescher - ze garantéieren, hire Patrioime ze schützen, hir Representatioun am Stat op allen Niveauen ze garantéieren an esou d'Multiethnizitéit am Kosovo ze préservéieren.

Wéi Der wësst, huet de Sécherheitsrot vun der UNO keng Décisioun iwwert de Kosovo kënnen huelen, an dat obwuel dem Här Ahtisaari seng Propositionen kloer war an d'Grondprinzipien, déi vum Kontaktgrupp fir de Statut vum Kosovo definéiert gi waren, respektéiert. Moskau huet de Prozess, un deem et jorelang selwer matgeschafft hat an deen et Schrëtt fir Schrëtt ënderséiert hat, net méi wëllen a kënn matdroen. Moskau huet sech hanner Belgrad gestallt, dat eng Onofhängegkeet vum Kosovo, egal ënner wéi enger Form, kategoresch de Moment refuséiert.

D'Troika vun der Kontaktgrupp, déi doropshi vum Generalsekretär vun der UNO agesat ginn ass, soll elo nach eng leschte Kéier - d'Deadline ass, wéi Der wësst, den 10. Dezember dëst Joer - Verhandlung mat de Serben an den Albaner aus dem Kosovo féieren; d'Verhandlung vun der leschter Chance gewëssermoossen. Mir ënnerstëtzen der Troika hir Aarbecht voll a ganz. Falls et zu engem Kompromëss komme kéint, wär alles wonnerbar. Leider gesäit et am Moment net wierklech duerno aus. D'Positiounen vun deenen zwou Säite si weiderhin diametral opposéiert. All Effortë mussen trotzdeem nach bis den 10. Dezember gemaach ginn. Béid Parteien mussen bis dohinner all Deklaratiounen a Schrëtt ënnerloosen, déi d'Sécherheetsituatioun um Terrain kéinten a Gefor bréngen.

Här President, an deenen nächste Méint kommen doudsécher ganz, ganz schwieereg Diskussiounen an der EU iwwert de Kosovo op eis duer. Schwieereg Décisiounen sinn ze huelen, besonnesch wann et zu engem Echec vun de Gespréicher kënn. De Kosovo wäert seng Onofhängegkeet dann eventuell unilateral kënnen deklaréieren.

Ech hunn a wäert mech och weiderhin an der Unioun dofir asetzen, dass mir gemeinsam a koordinéiert virginn, wat de Kosovo ugeet. Et ass dëst eng kruzial Fro fir d'Stabilitéit vum Balkan, mä och eng kruzial Fro fir ganz Europa. Wa mir et hei net fäerdeg bréngen, zesummen eng Linn ze definéieren, eis Positiounen a Reaktiounen ofzestëmme, da sinn eis grouss Deklaratiounen iwwer Responsabilitéit a gemeinsam europäesch Aussepolitik net ganz vill wäert.

Mir kënnen och nëmmen op d'Ënnerstëtzung vun eise Partner zielen, wa mer wëssen, dass mir et éierlech mengen, an eis d'Mëttel ginn, fir déi Roll ze spillen, déi mir fir d'Unioun invoquéieren. Duerfir ass et och esou wichteg, dass d'Preparatiounen fir d'PESD-Missioun weiderlafen. Ech si ganz frou als Ausseminister, als Vertrieeder vun der Regierung hei, dass mat Ärer Ënnerstëtzung schon d'Engagement geholl gi sinn, fir déi Missioun kënnen ze organiséieren. Mir wëllen a mir mussen prett sinn, soubal de Statut tranchéiert ass.

(Interruption)

D'europäesch Balkan-Politik limitéiert sech awer natierlech net op de Kosovo. Den europäesche Prozess um Balkan huet et iwwert déi lescht Joren erlaabt, esou munech Fortschreiter ze maachen. An duerfir mussen mir de Prozess, hin zu méi Demokratie, zu Friden, Sécherheet a Wuelfstand, och weiderhin ënnerstëtzen. Zënter dem Europäesche Rot am Juni 2003 zu Thessaloniki hunn d'Balkan-Länner all eng europäesch Perspektiv, also d'Vocatioun, eng Kéier Member vun der EU ze ginn, wa si d'Kritären erfëllen. Dozou sti mir!

Déi europäesch Perspektiv wäert vum 1. Januar 2008 un e bësse méi gräifbar sinn, wann d'Visa-Accorden a Kraaft trieden, a ville Leit um Balkan et wäerten erlaben, méi einfach ee Visa fir an d'Unioun ze kréien an d'europäesch Länner kennen ze léieren, sief et als Tourist, als Student, als Akademiker oder als Business-Partner. Virun e puer Wochen hu mer och den Accord de stabilisation et d'association mat Montenegro ënnerschriwwen, een éischte Schrëtt a Richtung Integratioun. Ähnlech Accorden hu mer, wéi Der wësst, schonns mat Albanien an och mat der ehemoleger jugoslawescher Republik Mazedonien ofgeschloss.

Och mat Serbien ass e sougenannten ASA négociéiert ginn. D'Négoziatiounen waren eng Zäit laang ënnerbrach, well Serbien net zefridde stellend mam Krichsverbriechertribunal zu Den Haag zesummegeeschafft huet; ee vun de Kritären am Stabiliséierungs- an Assoziéierungsprozess. Wéi déi nei serbesch Regierung am Fréijoer dëst Joer an d'Amt komm ass an hire feste Wëlle bewisen huet, fir besser mat Den Haag zesummenzeschaffen, sinn d'Négoziatiounen awer nees opgeholl an elo ofgeschloss ginn. De Kommissär fir d'Erweiterung, den Här Olli Rehn, huet leschte Mëttwoch den Accord mat der serbescher Säit paraphéiert an esou den Text definitiv fixéiert. Déi nächst Etapp ass elo d'Ënnerschrëft vun de 27 Memberstaten; et schéngt net evident ze sinn. An déi Ënnerschrëft ass selbstverständlech op en Neits ofhängeg vun der serbescher Zesummenaarbecht mam Krichsverbriechertribunal.

Belgrad huet, wéi gesot, an deene leschte Méint Efforten a senger Zesummenaarbecht gemaach, mä et feelt nach un där leschter Portioun politeschem Wëllen, fir konkret Resultater an der Sich no Mladić a Karadžić ze errechen, si op Den Haag auszeliwweren a viru Geriicht ze stellen, an domadder en däischtert Kapitel an der Geschicht vum Balkan endlech kënnen zouzemaachen. Serbien ass ee groussen an ee wichtige Player um Balkan. D'Dier zur Unioun steet och Serbien op. Am Interessi vu Serbien hoffen ech, dass Serbien sech fir eng europäesch Zukunft decidéiert.

Schlussendlech nach e Wuert iwwert d'Situatioun a Bosnien-Herzegowina. Zënter Méint zeechne sech hei ëmmer méi grouss Differenzen haaptsächlech téschent de Serben a Moslemen a Bosnien of, ass de politeschen Dialog op e Minimum reduziéiert an de Reformprozess quasi gestoppt. Ech wéilt op dëser Tribün en Appel un d'politesch Kräften a Bosnien-Herzegowina lancéieren, sech op d'Dayton-Accorden ze besënnen, fir d'Land op der Schinn vu senger euroatlantischer Integratioun ze halen. Déi verschidde Communautéiten a Bosnien hunn d'Accord vum Dayton akzeptéiert a mussen sech drun halen. Et ass net akzeptabel, dass d'serbesch Politiker a Bosnien, um Hannergrond vum Kosovo-Statut, probéieren, de politesche Kader an d'international Präsenz a Bosnien a Fro ze stellen.

Här President, nieft dem Balkan ass leider den Noen a Mëttleren Oste sécher déi Regioun, wou d'Unioun am engagéiertsten ass oder muss sinn, an dat an allen Hisiichten: politesche, finanziell a wat d'zivil a militäresch Präsenz ugeet. D'aktiv Partizipatioun am Quartett, déi iwwer 600 Milliounen Euro u finanzieller Hëllef pro Joer fir déi Besate Palästinensesch Gebidder, den TIM („Temporary International Mechanism“), d'PESD-Missiounen an der Gaza-Sträif, d'europäesch Kontributionen zur UNO-Fridenstrupp am Libanon, d'EU3-Initiativ am Iran..., si sti fir dësen Engagement.

En Engagement, deen eigentlech och net erstaunen dierft. Ouni Léisung vum israel-palästinensesche Konflikt ass kaum drun ze denken, déi aner Problemer an der Regioun an de Grëff ze kréien, sief dat am Libanon, a Syrien, am Iran, am Irak; an ouni Friden an Noen a Mëttleren Osten, keng nohalteg Stabilitéit un de südliche Grenze vun der Europäescher Unioun.

Leider huet d'Situatioun an der Regioun sech trotz intensiven diplomatesche Vermëttlungen am vergaangene Joer net gebessert. Am Contraire!

D'Situatioun an de Besate Palästinensesche Gebidder huet sech weiderhi verschlechtert. D'Effortë vum President Abbas, fir eng Regierung vun der nationaler Eenheet op d'Been ze stellen, si gescheitert. D'Gewalt téschent de palästinensesche Fraktiounen huet deeglech zougeholl. An et ass dat geschitt, wat mir ëmmer vermeide wollten: en Opsplécke vun de palästinensesche Gebidder an d'Gaza-Sträif op där enger Säit an d'Westjordanland op där anerer Säit. A wa mer gëschter gesinn hunn, wat zu Ramallah geschitt ass, wou Hamas a Fatah unenanergerode sinn an dat, mengen ech, aacht Doudeger erginn huet, da gesi mer wéi schwieereg d'Zesummeliewe vun de Palästinenser selwer de Moment ass.

D'EU-Missioun zu Rafah huet missen, wéi Der dat wësst...

(Interruption)

...ofgezu ginn. De Grenziwwergang mat Ägypten ass zougemaach ginn, an déi méi wéi 1,4 Milliounen Awunner am Gaza si vun der Baussewelt praktesch ofgeschnidde ginn, mat allen dramatesche Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt. Zënter dass d'israelesch Regierung d'Gebitt als Reaktioun op d'Rakéitenugrëff op Israel zur „feindlecher Entitéit“ deklaréiert huet, huet d'Lag sech nach zougespézt.

An dach besteet e Quäntchen Hoffnung!

Fir d'éischt zënter ganz Laangem gëtt et erëm e crédibelen Effort fir eng Relance vum Friddensprozess, fir e Retour un de Verhandlungsdësch. All Ae sinn op d'international Réunion gerichtet, déi Enn November oder uganks Dezember zu Annapolis bei Washington soll stattfannen. Nach sinn net all Hürden iwwerwonnen, net all Parteien aus der Region u Bord, nach ginn d'Erwaardunge vun Israeli a Palästinenser auserneen, mä fir d'éischt zënter Jore gëtt nees iwwer Jerusalem, iwwert d'Grenze vun engem zukünftege palästinensesche Stat, d'Recht op de Retour vun de Flüchtlingen, de Problem vun den israelesche Kolonien, d'Sécherheet vun Israel an d'Waasserdeedung - déi sechs Themen, déi kruzial fir en nohaltegen Accord sinn - geschat.

Uganks leschter Woch hunn ech zu Lissabon un enger Debatt am Kader vum EURO-MED deelgeholl, wou, nieft der EU an den arabesche Mëttelmierlänner, souwuel d'Israeli wéi d'Palästinenser veruede waren. Kloer war do ze spieren, dass Israel a Palästina Fridde schléisse wëllen!

D'Israeli sinn zënter dem Krich am Libanon d'lescht Joer um Punkt ze verstoen an och ze akzeptéieren, dass hir Sécherheet net mat militärescher Stärkt kéint an Zukunft garantéiert ginn. Eenzeg an eleng e Friddensvertrag mat de Palästinenser, also d'Schafe vun engem palästinensesche Stat, bréngt Israel déi Existenzsécherheet, déi him selbstverständlech och zousteet.

D'Palästinenser brauchen e Kalenner. Si wëllen net, wéi beim Oslo-Prozess, ouni zäitlech Grenzen an d'Verhandlung gien. Dat ass machbar. Et muss duerfir alles drugesat ginn, dass d'Reunion vun Annapolis en Erfolleg gëtt, dass d'Chance genotzt gëtt, fir der Spiral vun Terror, Gewalt an Demütigung en Enn ze setzen, an dass net eemol méi d'Extremisten op béide Säiten d'Iwwerhand behalen.

D'Europäesch Union ass bereet, hiren Deel ze leeschten. Den Aktiounsplang, deen d'EU amgaangen ass auszeschaffen, ass geduecht fir d'Parteien ze ënnerstëtze während der Verhandlungsphas, mä och duerno - an dat ass wichteg - während der Ëmsetzungsphas. Et gëllt zum Beispill d'Perspektive fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun engem palästinensesche Stat ze entwéckelen. Nëmme esou ka Fridden a ka Stabilitéit nohalte gesécher ginn.

Dass och Lëtzebuerg bereet ass, säi Bäitrag ze leeschten, hu mir eemol méi während dem leschte Joer jo hei ënner Beweis gestallt. D'Regierung huet net nëmme hir finanziell Hëllef un d'Palästinenser kontinuéierlech eropgesat, mä mir sinn och um Terrain eise Responsabilitéiten am Kader vun der EU nokomm. Zu deem Engagement wäerte mir och weiderhi stoen.

Esou wéi mir selbstverständlech zu engem fräien, demokratesche Libanon stinn!

Hei si gëschter keng gutt Nouvellé komm. Schonns fir déi drëtte Kéier huet d'Wiel vum President am Libanon misse verluecht ginn, well sech kee Konsens op een Numm als President erausschiele konnt. Nach méi negativ ass awer d'Tatsaach, dass a Saachen Internationaal Tribunal am Libanon oder Relatiounen mat Syrien kee gemeinsamen Nenner ze fannen ass.

Déi nächsten Deeg a Woche si kruzial fir d'Zukunft vun deem Land, fir eng Chance op souverän an onofhängeg Institutionen, fir e Wee eraus aus der Konfrontatioun an der Gewalt. De Premierminister Siniora brauch méi wéi jee d'Ënnerstëtzung vun der Europäescher Union.

Den Iran, nach een Dossier, wou déi nächst Zäit hoffentlech méi Kloertext kann erabuecht ginn a mir endlech en Alenke vun den iraneschen Autoritéite gesinn.

D'international Communautéit, an un der Spézt d'Europäesch Union, huet et ganz kloer gesot: D'Dier fir Verhandlung mam

Iran steet weider op, de substantielle Paquet, deen d'lescht Joer vum Javier Solana ënnerbreet ginn ass, läit weider um Dësch. Den Accord, deen den Iran am Summer mat der AIEA ofgeschloss huet, ass - wann ëmgesat - ee Schrëtt an déi richteg Richtung. Mä all dat ännert näischt dorun, dass den Iran seng international Obligatiounen muss anhalen. Den Iran muss sech a Konformitéit mat de Resolutiounen vum Weltsécherheitsrot setzen. Hie muss endlech all nuklear Uräicherungs- an och Verschaffungsaktivitéite suspendéieren. Soss féiert kee Wee un neie Sanktiounen verbäi.

Mir wëllen eng diplomatesch Léisung. Ech hunn et schonns dacks gesot: Aussepolitik, déi mat Krich dreet, huet schonns versot.

Einfach nokucken awer kënne mer net, wann de Risiko besteet, dass e Land nuklear Energie fir Militärzwecker entwéckelt.

Eist groust Zil bleift - an ech wëll dat nach eng Kéier widerhuelen, wat ech d'lescht Joer scho gesot hunn - eng komplett Denuklearisatioun vum ganzen Noen an och Mëttleren Osten. Hei géif och e Friddensaccord tëschent Israel a Palästina ganz nei Dimensionen erschléissen.

Eng Proliferatioun vun de Massevernichtungswaffen en général ass a kengem sengem Intérêt.

Gradesou wéi et a kengem sengem Intérêt dierft sinn, zréckzegoen an eng Zäit vum Wettrüsten. Mir müssen oppassen, dass mir kengem liichtfankeg e Virwand liwweren, fir d'Reaktiviere vum ale Waffensystemer oder fir d'Opkënneg vum internationalen Ofrüstungsvertrag. Och, a besonnesch an deem Beräich, muss mir enk zesummeschaffe mat eise wichtigste Partner, de Vereenegte Staten a Russland, mat deem mer eis dese Kontinent jo geographesch deelen. Och hei muss den Dialog priméieren, an dat op allen Niveauen, an der Union, an der NATO an och bilateral.

Dir Dammen an Dir Hären: „Unsere Sicherheit beginnt am Hindukusch.“ Dat ass e Saz, deen hutt Der schonns alleguer héieren. Et ass een tentéiert, wann een dee Saz héiert, en als grëffeg Slogan ze verwerfen. Mä et ass méi wéi nëmme e Slogan. An deser ëmmer méi globaliséierter Welt reflektéiert dee Saz duerchaus eng Wierklechkeet.

D'Erausforderungen, déi sech an Afghanistan stellen, sinn a grousem Mooss globaler Natur: Terrorismus, reliésen Extremismus, Drogen. D'Prinzipien, déi et ze verdeede gëllt, sinn universell: Demokratie, Respekt fir d'Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet.

Mir sinn also alleguerten dovunner betrafft!

Wann ech mech dowéinst hei kloer fir e weidert Engagement vun der internationaler Communautéit, a vu Lëtzebuerg, an Afghanistan ausschwätzen, an dat souwuel am politesche wéi am militäresche wéi och am finanzielle Beräich, esou wëll ech awer och soen, dass d'afghanesch Autoritéite verstärkt hir Responsabilitéite mussen huelen, no banne wéi och no baussen.

Déi rezent Evénementer a Pakistan - déi jo unhalen; den État d'urgence ass net opgehuewen, och wa Wahle solle virum 9. Januar 2008 stattfannen - hunn d'Situatioun selbstverständlech net vereinfacht. Net vereinfacht, wat d'Relatiounen tëschent Afghanistan a Pakistan ugeet, an och net, wat d'Stabilitéit an de Fridden an der Region ugeet.

D'Ausruffe vum Ausnahmestandard an d'Aussetze vun den demokrateschen Institutionen kënnen awer op kee Fall d'Äntwert op den Terrorismus sinn.

Mir fuerderen d'pakistanesch Autoritéiten op, nees op de Wee vun engem demokratesche Prozess an enger ziviler Regierung zréckzekommen.

Här President, ech wëllt des aussepolitesch Deklaratioun net ofschléissen, ouni iwwer ee Kontinent ze schwätzen, deem Europa laang Zäit net déi Wichtigkeet zougemooss huet, déi em zousteet, nämlech Afrika, mä mat deem mir iwwert déi lescht Jore kontinuéierlech d'Fundamente fir en neien Typ vu Relatioun geluecht hunn. Eng Relatioun, déi net op enger Approche „donateur-bénéficiaire“ baséiert, mä op engem wierklechen, globale Partenariat.

Éischt Konkretisatiounen vun där Approche kënne mer an der Zesummenaarbecht a Krisegebiddere wéi dem Sudan oder Somalia gesinn, wou d'Europäesch Union ënnerstëtzend intervenéiert; de Friddensfort, d'Friddenstruppen - AMIS respektiv AMISOM - awer vun der Afrikanescher Union geleet ginn. D'African Peace Facility ass en anere Schrëtt an déi Richtung; Duerch dese Mechanismus sinn iwwert déi lescht Joren d'Capacitéite vun der Afrikanescher Union, fir zivil a militäresch Krisen an Afrika ze géréieren, konsequent ausgebaut ginn.

Wat net heescht, dass d'Union net bereet wier, d'Veantwortung ze droen a sech um Terrain ze engagéieren. Esou ass d'EU haut present mat Missiounen an der Demokratescher Republik Kongo a geschwënt och am Oste vum Tschad, fir d'Géigend ëm d'Flüchtlingscampen ze sécuriséieren an den Accès fir d'international humanitär Hëllef fir déi méi wéi 400.000 Flüchtlingen an intern Déplacéierter an der Grenzregion zum Darfur ze verbesseren.

D'lescht Joer huet d'Presenz vun enger limitéierter Zuel vun europäeschen Truppen an der RDC d'Duerchféieren, wéi mer wëssen, vun den éischten demokratesche Wahlen zënter 40 Joer erlaabt; eng Missioun, un där iwwregens och Lëtzebuerg bedeelegt waren.

D'Union sicht awer geziilt d'Kooperatioun an d'Partenariat.

E Partenariat, dat um EU-Afrika-Sommet, deen den 8. an 9. Dezember zu Lissabon stattfënt, ënnermauert soll ginn duerch e gemeinsamen „EU-Afrika-Strategie-Programm“. Eng Strategie déi, wéi den Numm et seet, gemeinsam mat eisen afrikanesche Partner ausgeschafft ginn ass an déi véier grouss Prioritéiten identifizéiert: Fridden a Sécherheet, Bonne gouvernance a Mënscherechter, Handel a regional Integratioun, an da selbstverständlech och d'Entwécklungsfroen.

D'Ëmsetzung vun där Strategie soll duerch zwee- bis dräijähreg Aktiounsplang garantéiert ginn, vun deenen deen éischten um Sommet zu Lissabon scho kéint adoptéiert ginn. Dësen éischten Aktiounsplang gesäit, nieft de Prioritéite vun der Strategie, Partenariater a Gebidder wéi Energie, Klimawandel oder Migratioun vir.

Ech hat de Mëtteg schonns d'Geleeënheet, iwwert dat eent oder dat aner vun deenen Themen allgemeng ze schwätzen, iwwert d'Erausforderungen, deene mer eis an deenen Domänen ze stellen hunn. Et schéngt mir ganz wichteg, dass mer déi Sujeten och am Kader vun eise Partenariat mat Afrika gesinn.

Et gëllt awer och, a vläicht nach méi, fir de Beräich vun der Migratioun.

Eng éischt euro-afrikanesch Ministerkonferenz, un där den delegéierte Minister Nicolas Schmit deelgeholl huet, huet d'lescht Joer am Juli zu Rabat stattfonnt. Eng zweet am November 2006 zu Tripoli.

Déi zwou Säite ware sech dobäi eens, dass d'Zesummenarbecht a Froe vu Migratioun an Entwécklung wesentlech ass an dass nëmme e Partenariat, dat op gedeelter Verantwortung baséiert, an eng global Approche Äntwerte kënne ginn op d'Erausforderungen, déi sech um Niveau vun den Ursprongs-, Transit- an Destinationsländer stellen.

Et war ee sech och eens, dass d'Migrationsfluxen net zu neien Antagonismen tëschent Norden a Süden däre féieren, dass et gëllt d'Migratioun ze géréieren, hir iwwerwiegend positiv Aspekter zum Droen ze bréngen, mä och zesumme géint illegal Migratioun a Mënschenhandel virzegoen.

D'Moosnamen, déi am Aktiounsplang vun Tripoli festgehale sinn, reeche vun der verstärkter Bekämpfung vun Aarmut an Ënnerentwécklung iwwert d'Kooperatioun, iwwer Krisenmanagement, dem Austausch vun „best practices“ a Mobilitéitsprogrammer, bis bei d'Förderung vun der legaler Migratioun.

Et ass dëst e ganz wichteg Bestanddeel vun der Gemeinsamer EU-Afrika-Strategie an dem Partenariat, deen mir zu Lissabon wäerte beschléissen.

Och wann d'Verhandlungen iwwert d'Accords de partenariat économique net zu de formellen Theme vum Sommet wäerte gehéieren, wäerte si awer sécher vun eisen afrikanesche Partner ugesprach ginn. Véier vun deene sechs Regione vun den ACP-Staten, mat deenen d'Europäesch Union des Accord wëllt ofschléissen, sinn an Afrika. Ausserdem figuréiert den Handel an d'regional Integratioun als eng vun de Prioritéite vun der Gemeinsamer Strategie.

Well der Union hire préférentiellen Handelsregime mat den ACP-Länner net OMC-konform ass, si mer obligéiert, nodeem mer schonns eng Kéier eng Frist gefrot haten, déi elo ofleeft, ech mengen den 31. Dezember, deesen ze ersetze bis Enn vun deem Joer.

Een Hauptvolet vun deenen Accorden ass den Handel besser als Mëttel fir d'Entwécklung anzusetzen. Et geet also drëm, eise Partner d'Méiglechkeet ze ginn, duerch konkret Ënnerstëtzung - mat de Mëttele vum 10. FED a mat Zousazhëlfe - regional Mäert opzebauen oder des Mäert ze verbesseren. Et geet net drëm, des Länner ze forcéieren, hir Mäert vun haut op muer ganz opzemaachen. Et gëtt sécher eng Komplementaritéit an deenen Accorden, mä si muss an der Zäit ganz staark gestaffelt

sinn, iwwer zéng bis 15 Joer, a liéiert un eis Ënnerstëtzung.

Verschiedde sensibel Produkter musse ganz erausgeholl kënne ginn. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Approche vun der Union, déi den nächste Méindeg vun de Ministere vun der Union och nach eng Kéier am Sënn vum Développement verbessert gëtt, fair an équilibréiert ass, an dass et am Interesse vun all den ACP-Länner wär, op deser Basis d'Negociatiounen bis Enn des Joers kënnen ofzeschléissen. Vill Länner waarden op en Ofschléisse vun esou engem Accord.

Här President, et ass also méi wéi genuch Substanz do fir Gesprécher mat eisen afrikanesche Partner.

Leider huet sech jo déi lescht Méint d'Diskussioun net esou ëm d'Substanz vun deene Relatiounen gedréint, mä ëm den Här Mugabe a seng eventuell Presenz um Sommet vu Lissabon. Ech wëll et hei nach eng Kéier ganz kloer soen: Mir hunn net déi geréngste Sympathie fir ee Mann, dee säi Vollek veraarme léisst, dee seng Leit zwingt, hir Heemecht ze verloossen, deen d'politesch Oppositioun brutal ënnerdréckt. Mir sti voll a ganz zu de Sanktiounen, déi schonns am Februar 2002 vun der Europäescher Union géint d'Dignitéit vun deem Regime imposéiert an zënterhier och regelméisseg verlängert gi sinn. Et sinn dat iwwregens keng ekonomesch Sanktiounen, wéi den Här Mugabe et wëllt gleewen dinn. Et si villméi geziilt Sanktiounen, déi sech géint d'Haaptwürdenträger vum Regime richten: Reesverbuet, Afréiere vu Konten, Waffenembargo an esou weider.

Et si keng ekonomesch Sanktiounen geholl ginn, fir net d'Populatioun domadder ze touchéieren.

Et kann also keng Diskussioun doriwwer sinn, dass och mir méi wéi frou wäeren, wann den Här Mugabe an engem Mount net géif zu Lissabon optauchen. Mir mengen awer och, dass et hei net drëm geet, fir d'Relatiounen vun der Europäescher Union mat Simbabwe a sengem President an de Vierdergrond ze setzen. Et geet villméi ëm d'Relatioun mat engem ganze Kontinent, ëm d'Relatiounen tëschent zwou regionalen Organisationen, ëm Zesummenaarbecht, ëm Dialog. Et geet ëm viles, a mir sollten et net engem Einzelnen iwwerloossen, d'Relatiounen tëschent der Europäescher Union an Afrika ze diktéieren. Duerfir ass d'Partenariat eis vill ze vill wichteg.

Ech kann lech eppes versécheren: D'EU wäert sech d'Geleeënheet net entgoe loosse, fir am Här Mugabe senger Presenz ganz kloer op de Manktum a Saache Mënscherechter an och op déi katastrophal Lag a Simbabwe hinweisen an d'Positioun vun der EU an deem Fall onmissverständlech ze erläutern.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virum 18 Joer ass d'Berliner Mauer gefall. Domadder huet d'Geschicht, an d'Völker, déi d'Geschicht maachen, opraume wëlle mam Nationalismus, mam Rassismus, mat den Haassideologien, deenen déi fuerchtbar Evénementer vum 20. Jorhonnert zuzeschreibe sinn.

De Fall vun der Mauer ass och d'Symbol vum Zerbrüche vun engem Regime, wou d'Denk- an d'Aktiounsfräiheet vum Mënsch konditionéiert war.

Et ass deemools e Ruck duerch d'Welt gaangen, deen onmissverständlech eis alleguerte gesot huet, dass de Mënsch Fräiheet esou néideg brauch fir ze liewen, wéi Loft fir ze ootmen.

D'Aussepolitik, d'EU-Politik an der Welt vun haut, am Europa vun de 27 Länner, setzt de Mënsch, seng Dignitéit, seng Rechter, seng Sécherheet an de Mëtelpunkt vun hirer Aktioun.

An deem Sënn handele mir um Balkan, an deem Sënn handele mir am Noen an am Mëttleren Osten an an Afrika a setzen eis an um internationale Plang an an de verschidene multilateralen Organisationen.

Lëtzebuerg wäert weider seng Verantwortung huelen, seng Roll an der europäescher Aussepolitik spillen an op seng Manéier seng Plaz an der globaliséierter Welt behapten.

D'Mënschheit däreft ni méi duerch Mauere gedeelt ginn, mä muss duerch Solidaritéit zesummebruecht ginn.

Ech soen lech Merci.

» Plusieus voix - Très bien!

» M. le Président - Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Debatt iwwert d'Erklärung vum Här Ausseminister fënt muer de Mëtteg um hallwer dräi statt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.02 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. Débat sur la politique européenne et étrangère
 - M. Laurent Mosar, M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, Mme Lydie Err, M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
3. Motion de M. Félix Braz relative à la gestion et à l'exploitation des réseaux d'électricité
 - Exposé: M. Félix Braz
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire
 - Vote (motion adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.29 heures)

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eppes matzedeelen?

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Neen, Här President.

» **M. le Président.** - Den honorabelen Här Meyers huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

1. Dépôt d'une proposition de loi

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Merci, Här President, dass Der mer d'Wuert gitt. Ech wëll hei den Dépôt maache vun engem Gesetzesvorschlag, deen d'Gesetz vum 25. Februar 1979 iwwert d'Europawahlen ofännert. Déi Proposition de loi gesäit zwou kleng Ännerunge vir.

Dat eent ass, dass den Artikel 106 ofgeännert gëtt. D'Zuel vun de Kandidaten pro Lëscht gëtt vun zwielf op sechs erfesat. D'Artikelen 111 an 114 ginn esou wäit geännert, dass an Zukunft amplaz eng Case hanner all Numm, zwou Casen hanner all Numm stinn. Dat heescht, dass an Zukunft all Kandidat zwou Stëmme ka kréien, amplaz bis elo nëmmen eng. Domat alignéiere mer och d'Lëscht vum den Europawahlen op déi vun den Nationalwahlen a mir hoffen, dass déi Kritiken duerch déi ganz kleng Ännerung e weéneeg kënnen agedämpft ginn.

- Proposition de loi N°5803 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 relative à l'élection directe des représentants luxembourgeois au Parlement européen.

Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. D'Chamber deelt Är Hoffnung. Da kucke mer, fir déi Proposition de loi esou séier wéi méiglech duerch d'Instanzen ze kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, mir hunn haut de Mëtteg d'Debatt iwwert d'Deklaratioun vum Här Ausseminister Jean Asselborn, déi hie gëschter hei gemaach huet iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Mosar, Goerens, Fayot, Braz an Henckes an och d'Madame Err.

(Interruption)

Den Här Jaerling mellst sech och nach. Da schreiwe mer hien och nach op d'Lëscht. Den éischte Riedner, deen d'Wuert kritt, ass den honorabelen Här Mosar.

2. Débat sur la politique européenne et étrangère

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter huet den Ausseminister Jean Asselborn a senger Deklaratioun eng breet Palette vun Themen geschnitten, déi ënnert dem Uewerbegrëff „Aussepolitik“ kënnen gebündelt ginn. Tatsächlech ass d'Aussepolitik e komplexe Phenomeen, dat mat Europa, den europäeschen Nopeschregiounen, anere Kon-

tinenter an de Groussmuechten hirer Interessegestioun gradesou vill ze dinn huet, wéi mat der wirtschaftlecher Globalisierung, de weltwäite Finanzstréim, dem Aussenhandel allgemeng an dem planetare Schutz vun Ëmwelt a Klima.

Ee ganzen an en exhaustiven Tour duerch dëst wäit Feld ass am Kader vun enger Debatt wéi där vun de Mëtteg kaum méiglech. Duerfir wëll ech, grad ewéi den Ausseminister och, mech op eng Partie Aspekter konzentréieren, déi an dësem Moment fir d'Aussepolitik vun eisem Land vu besonnescher Bedeitung sinn. Dat maachen ech awer net, ouni virdrun dem Ausseminister Jean Asselborn fir seng Deklaratioun Merci ze soen an där Politik, déi hien zesumme mam delegéierte Minister Nicolas Schmit féiert, d'Ënnerstützung vun der CSV-Fraktioun zouzeséieren.

Här President, ech wëll am Wesentlechen op Froen agoen, déi där „richteger“ ausesepulitescher sinn - tëschtent Gänsefëischer -, also net esou séier op déi uniounintern europäesch Politik. Tatsaach ass, dass mer jo virun e puer Woche schonn hei am Haus eng Debatt iwwer en neie Grondlagevertrag fir d'Europäesch Unioun haten, deen d'Stats- an d'Regierungschefen am Oktober zu Lissabon konnte ficeléieren.

Ech hat du scho Geleeënheet, fir d'Zefriddenheet vu menger Fraktioun iwwert dësen Accord zum Ausdrock ze bréngen. Et war vu fundamentaler Wichtigkeet fir d'Zukunftsperspektive vun der europäescher Integratioun, dass nom Échec vum Verfassungsvertrag en neien Traitéé konnte verhandelt ginn, deen dat Wesentleche vun der Substanz vun der Verfassung iwwert d'Distanz rett. Dozou gehéieren absolut dringend an noutwendig institutionell Reformen, d'Rechtsverbindlechkeet vun der europäescher Grundrechtcharta, d'Ofschafung vun de Piliere, déi wäitgehend Communautarisierung vun all europäesche Politiken, an d'Rechtsperséinlechkeet fir d'Unioun, déi hir et erlaabt, internationalen Organisatiounen an Normen en tant que tel bäizetrieden. Maache mir eis awer näischt vir: De Sommet vu Lissabon an déi rhetoresch Schieder, déi him vu verschiddene Quartiere virausgeworf goufen, huet och däitlech gewisen, dass mer an der Unioun vun deene 27 net méi an der Grénnergemeinschaft vun deene Sechs liewen. Meenungsverschiedenheeten iwwert d'Finalitéit vum europäeschen Exercice an iwwert d'Methoden an d'Mëttelen, fir déi grouss Ziler vun der europäescher Politik ze erreechen, si reell.

Mir sinn nach ëmmer an deelweis a verstärktem Mooss mat Opt-inen an Opt-outen befaasst. Vill Memberstate verlaangen eigentlech en Europa à la carte. Op Dauer geet dat net alles gutt. Et kann net fir all Memberstat déi Unioun ginn, déi doheem bei de Wieler vun deem, deen do grad regéiert, am beschten ukënnt. Europa, d'Europäesch Unioun virun allem, brauch och no Lissabon weider Orientéierung, fir dass den eenzegaartege Projet ka weiderentwéckelt a verdéift ginn. Wëll just mat Erweiderung - dat hu mer am Kontext vum Ratifikatiounsprozess vum Verfassungsvertrag gesinn - geet et net duer.

En Europa, wat just ëmmer méi breet an dofir op méi Plaze manner déif gëtt, ass net an eisem Sënn. Duerfir wëll ech am Hibleck op weider Accessiounen zur Unioun soen: D'Regele vum Club si bekannt. Seng Statute souzesoe kréien déi potenziell nei Membere

virun hirer Opnahm zougestallt a si musse se akzeptéieren. Dat heescht, dass mer et neie Baitrëttslänner, um westleche Balkan besonnesch a jenseits vun deem sengem Osten, musse kloermaachen, dass et Opt-inen an Opt-outen, en Europa op d'Mooss, net dauerhaft ka ginn. Oder mir landen dauerhaft eben an enger Situatioun, wou déi eng innerhalb vun der Unioun méi zesumme wëlle maachen, wéi anerer, déi un där ganzer Politik deelhuele. Dat ass zwar net ideal, awer besser wéi e Gesamtprojet, dee riskéiert sech auszelaufen, well en ëmmer méi vun ëmmer méi Memberstate verwässert gëtt.

Här President, et ass duerchaus virstellbar, dass mir eis eng Kéier missten driwwer eenegen, dass et eng Kärunioun gëtt, déi esou funktionnéiert, wéi dat vun der Verfassung an Aussicht gestallt gouf, an do ronderëm Kreesser vu politescher a wirtschaftlecher Integratioun, deenen hire Grad variéiert. Esou wiere vläicht an zéng Joer net 30 oder 35 State Member vun darselwechter Unioun, mä si all géifen un Deeler vun der Politik vun där Kärunioun partizipéieren.

Dëst ass souwuel eng Perspektiv fir Staten, déi déi komplett politesch Integratioun scheien, wéi och fir solcher, déi aus institutionellen oder geographeschen oder anere Grënn eng vollstänneg Memberschaft an der Unioun net fir déi richteg Optioun halen. Wichtig ass op jidde Fall, dass déi Länner, déi zesumme wëlle virun op deem Wee goen, dee mer mam Verfassungsvertrag gezechent haten, dorunner net vu State gehënnert ginn, deenen esou eng Démarche net geheier ass.

Een Domän, Här President, vun europäescher Politik ass dee vun hirer gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik. Do ass et am Hibleck op déi global Erausforderungen, déi sech an allen Ecken vum Planéit stellen - wat par rapport zu eppes Rennes, wéi e Planéit et ass, ka geometresch falsch kléngen -, dringend ubruecht, dass d'Unioun mat enger Stëmm schwätzt, wa se sech mat globaler Politik beschäftegt.

D'Tatsaach, dass deen neien Traitéé en Héije Vertrieeder fir Aussepolitik virgesäit, dee gläichzäitig Vizepresident vun der Kommissioun ass an de Conseil fir Aussebeziéunge vun der Unioun presidéiert, ass fir d'Sichtbarkeet vun esou enger politescher Ambitioun fundamental. Mä eleng dëse Vertrieeder, dee jo eigentlech sollt Ausseminister heeschen, kritt keng Politik ëmgesat, déi net vun alle Membere gewollt a gedroen ass.

Allze dacks hunn eenzel - virun allem gréisser - Memberstate jo eng ausesepulitesch Agenda, déi zimlech speziell ass. Dat muss sech änneren, wa mer zesumme wëllen eppes erreechen. Den Noen Osten, Pakistan, Afrika, d'Relatiounen mat China, Indien, Russland: All dëst si Felder, op deenen d'EU gutt géif drun doen, mat enger Positioun opzetrieden, fir dass mer gemeinsam kënnen dee politeschen Erfolleg hunn, dee mer eis zu Lëtzebuerg jo dacks fir déi gemeinsam europäesch Aussepolitik erhoffen.

Mir sinn eis jo och hei am Haus am Fong alleguerten eens, dass d'Lëtzebuerg Aussepolitik am Fong europäesch Aussepolitik ass an dass mer déi Interesse vun eisem Land idealerweis deckungsgläich mat deene vun der europäescher Aussepolitik gesinn. Dat ass de Grond, woufir mir als klengen EU-Memberstat méi staark op eng wierksam europäesch Aussepolitik halen, wéi verschidde méi grousser.

Domat wär ech da bei der „richteger“ Aussepolitik, nees tëschtent Gänsefëischer, ukomm.

Op d'Nopeschkontinenter an e puer méi däreg Dossiere kommen ech gläich ze schwätzen, mä virdrun wollt ech e Sujet ugoen, deen alles anescht wéi harmlos ass. Ech schwätze vun der Zukunft vun de Staten um Westbalkan. Et gëtt eng sougenannten europäesch Perspektiv fir déi meescht Staten um Westbalkan. Et gëtt Ofkommesse mat der Ukraine a mat Moldawien, déi a Richtung Memberschaftsverhandlung weisen. Dat ass richteg esou. All dës sinn europäesch Staten. Si leien um Territoire vun Europa an hunn also logescherweis d'Vocatioun, der Unioun kënnen bäizetrieden, wa si dann d'Kritäre vun engem Baitrëtt erfüllen.

Mä et gëtt notament um Westbalkan eng Regioun, déi an hirer heiteger Confectioun all déi Spannungselementer dréit, déi an där Zäit viru 15 Joer an nach manner laang zrëck do zu Kricher gefouert hunn. Ech schwätze vum Kosovo. Dëst Gebilde -

aneschters kann een am Moment eigentlech net méi soen - huet haut en absolut eenzegaartege Statut, deen awer net definitiv soll sinn. Nominell ass de Kosovo eng serbesch Provënz, an déi Resolutioun vum UNO-Sécherheetsrot, déi d'Verwaltung vun der Weltorganisatioun op deem Territoire begrënnt an definéiert, geet dovun aus, dass de Kosovo en Deel vu Serbien ass an dass dat och esou bleift.

Dat gesäit de Kosovo mat enger iwwerwältigender albanescher Populatiouns-majoritéit - et sinn haut bal 95% - natierlech ganz anescht. Zënter dem Enn vum Kosovo-Krich 1999 steet dës Provënz ënner UNO-Verwaltung. Serbien huet kengerlee Kontroll iwwert dësen Deel vu sengem Territoire, ëmmerhi 15%, mat 20% vun der gesamter Populatioun vu Serbien. De Kosovo selwer, also seng albanesch Majoritéit strieft no Onofhängegkeet, mä déi konnt a jorelaangen Efforten net mat Serbien verhandelt ginn.

Elo gesäit et dann esou aus, dass de Sonderverméttler vum UNO-Generalsekretär, de fréiere finnesche President Martti Ahtisaari, seng Konklusiounen aus deene sëlliche Ronnen, déi en zu Belgrad an zu Priština gedréint huet, virun e puer Méint schonn op den Dësch geluecht huet. Opgrond vun der Onméiglechkeet, déi serbesch an déi kosovaresch Positiounen ënner een Hut ze kréien, recommandéiert den Här Ahtisaari eng sougenannten iwwerwaachten Onofhängegkeet vum Kosovo als definitiv Statut.

Ech erspueren lech den Detail, Dir Dammen an Dir Hären, vun der Definitioun vun „iwwerwaacht“. Dat ass och net schrecklech relevant. Relevant ass, dass eng Onofhängegkeet vum Kosovo recommandéiert gëtt, ouni dass d'UNO esou eng Perspektiv an hirer Resolutioun 1244 formell an Aussicht gestallt hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Wochen, während deenen nach sollt no enger definitiver Léisung opgrond vun dësem virgenannten Ahtisaari-Rapport gesicht ginn, lafen den nächsten 10. Dezember aus. Villes deit dorop hin, dass dee Moment de Kosovo unilateral seng Onofhängegkeet erkläert, an déi och vun enger Partie Staten, dorënner déi Vereenegt, géif séier unerkannt ginn. An der Europäescher Unioun ginn déi affichéiert Haltunge géigeniwwer vun esou enger Deklaratioun auserneen, mam Effekt, dass wuel nees eng Kéier de Risiko besteet, dass eenzel Memberstate eng kosovaresch Onofhängegkeet géifen unerkennen an anerer net respektiv eréischt méi spéit. Mä dat ass nach de klengste Problem hei.

Dee grosse Problem ass, dass en unerkannten onofhängege Kosovo e beispilllose Virgang an der moderner Geschicht wär. E souveräne Stat, dee Member vun der UNO ass - Serbien -, kritt e substanzialen Deel vu sengem Territoire amputéiert. Déi territorial Integritéit vu Serbien wär mat esou enger Aktioun hifälleg. Dat ass en äusserst geféierleche Prezedenzfall.

Wat geschéich an esou enger Optioun mat der Republika Srpska, deem serbeschen Deel vu Bosnien-Herzegowina, engem Stat, deem seng Institutione vun enger eierlecher Betruachtung eraus iwwerhaapt net méi funktionéieren an dee just nach um Paibeier existéiert?

Wie wëllt dann där Republika Srpska a Serbien et iwwelhuele, wa si géifen décidéieren, e gemeinsame serbesche Stat ze bilden? Wat bléif dann iwwreg vu Bosnien-Herzegowina? Wären d'Accordë vun Dayton, déi no schrecklech vill Doud a Leed geschloss goufen, hifälleg?

Bosnien-Herzegowina dout - dat hätt een enger zynescher Betruachtung jo méi einfach kënnen hunn! Schliesslech war de Bosnië-Krich an déi spéider international Interventioun do jo eng Affär, déi sollt dorop erauslaf, dass dat aalt jugoslawesch Bosnien-Herzegowina géif tëschtent Serbien a Kroatien opgedeelt ginn, oder eben och net.

Mat wéi engen Argumenter, Här President, wëllt eng international Gemeinschaft, déi sech selwer eescht hëlt, no der Unerkennung vun der kosovarescher Onofhängegkeet nach deene véier net unerkannte Staten um Territoire vun der fréierer Sowjetunioun d'Unerkennung verweigern?

An iwwerhaupt, wat géif dann eng méi allgemeng Afroststellung vu Grenze queesch iwwert de Globus verhënneren? An Afrika waart Somaliland dorop, datt et endlech unerkannt gëtt, amplaz vum somalesche Stat, deen definitiv net funktionéiert. Där Beispiller fénnent een nach.

Eppes anescht ass an der Recommandatioun vum Här Ahtisaari besonnesch wichteg. Do steet nämlech dran, datt deen iwwerwaacht onafhängege Kosovo nimools dierft mat engem anere Stat fusionéieren. Domadder ass Albanien gemengt. Am Kloertext: Dat albanescht Vollek géif quasi per internationalem Beschluss dozou gezwonge ginn - och eng Première an der Geschicht -, an zwee verschidde State musse ze liewen.

Héich interessant, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, besonnesch am Hibleck op en alen Alliierte vum kommunisteschen Albanien ënnert dem Enver Hoxha, nämlech China.

Et gëtt eng Volleksrepublik China um Festland an eng Republik China op Taiwan. Woufir, a mat wat fir engem Recht géif een un enger sougenannter Ee-China-Politik festhalen, wann et zwee Albanien net nëmmen däerf, mä muss ginn?

23 Milliounen Taiwanesen, déi endlech wëilten un den Affäre vum der Welt als unerkannte Stat deelhuele, waarde mat vill Spannung op d'Opléisung vum Kasus Kosovo. Ech wëll soen, datt déi Kosovo-Saach immens vill weidert Konfliktpotenzial a sech dréit, och fir d'Zukunft vum der Adhésioun vum de State vum Westbalkan zur Europäescher Unioun. Eng lichterfaang Unerkennung vum engem onafhängege Kosovo kéint Kreesser zéien, déi haut keen iwwerbléckt, mä vläicht ass et fir en total...

►► **M. le Président.** - Här Mosar, erlaabt Der eng Zwëschefero vum honorabelen Här Grethen?

►► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ma sécher, ëmmer gär.

►► **M. Henri Grethen (DP).** - Zu deem, wat den honorabelen Här Mosar do iwwer China gesot huet, wollt ech froen, ob dat d'offiziell Positioun vu senger Partei ass? Well ech war virun e puer Joer mam Premier Jean-Claude Juncker a China an ech hunn aneres an Erënnerung.

►► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Grethen, Dir hutt mer da schlecht nogelauschert. Dir hätt solle menge ganzen Développement bis zum Schluss nolauschteren, dann hätt Der déi Positioun och erausfonnt.

Här President, mat Ärer Erlaabnis fueren ech virun.

►► **Une voix.** - Neen, sot ons dat!

(Interruptions diverses)

►► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Grethen, elo kommen ech justement - wollt ech elo soen - Här President, zu engem Themewissel. Ech hu China kuerz gesträift, ...

(Interruptions)

...an elo lauschtert emol ganz gutt no!

(Interruptions)

►► **M. le Président.** - Lauschtert dem Här Mosar no, wann Der wëllt!

►► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dozou muss awer nach méi, Här Grethen, gesot ginn. Ofgesi vum de Klassiker - der net wierklech iwwerzeegender Situatioun vum de Mënscherechter an der Volleksrepublik an der Persistenz vum engem diktatorial regéierten Uewregkeetsstat, dee mer soss néierens op der Welt géifen esou einfach akzeptéieren -, stelle sech eis an där europäescher Aussepolitik eng ganz Rei aktuell Froen am Zesammenhang mat China, Här Grethen!

Do wär zum engen dee chronesch ënnerbewäerte chinesesche Yuan, deem säi Wäert als net konvertibel Währung vum der Regierung gesteiert gëtt. Dee Yuan, wéi en haut steet, mécht chinesesch Exporter bei eis einfach an europäesch Importer a China ëmmer méi schwéier. Parallell derzou sammelt China Reserven an Devisen, déi sech mëttlerweil op ronn 1,5 Billiounen Dollar belafen. Dat ass eng Zuel mat zweief Nullen!

An anere Wierder: Déi staatlech gesteierte chinesesch Finanzwirtschaft erlaabt et China, sech duerch kënschtlech Niddreghele vu senger eegener Währung anstänneg an der Welt ze beräicheren, während Importer dohinner aus der Eurozon esou lues zu Science-Fiction verkommen. Dat geet net!

Wann e Stat, esou wéi d'Volleksrepublik China, Member vun der Welthandelsorganisatioun ass, also d'Ambitioun huet, am globalen Handel e verlässleche Partner ze sinn, dee sech u Regelen hält, da kann een net mat de Mëttele vum der Kommandowirtschaft säin eegene Virdeel iwwer all Handelsfairness stellen.

Dat muss der chinesescher Féierung ëmmer nees an Erënnerung geruff ginn, an ech hoffen, datt d'Eurotroika, déi sech ënnert der Leedung vum President vum Eurogroup - eisem Statsminister - wäert deemnächst op Peking beginn, fir iwwert dee Problem ze schwätzen, wäert dättelech Wierder am Dialog fannen.

Am Zweifelsfall geet et och mat de Wierder net duer: D'Europäesch Unioun, déi am Aussenhandel grouss Befugnisse huet, muss gegebenfalls iwwert d'Rhetorik eraus täteg ginn, fir China kloerzemaachen, datt eis Welthandelslogik eng aner ass, wéi déi chinesesch.

Dat gëllt iwwregens och am Detail, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Beispill Autorerechter; an zwar an allen Domänen. Vun der CD iwwer Poppespill bis zu alle méiglechen Haushaltsapparaten a souguer Autoen, kopéiere chinesesch Betriber ouni all Schimmt dat, wat bei eis patentéiert ass.

Esou kënnen mir net matenee fueren. Wann et international unerkannt ass an esou ass, datt eng Erfindung, en Design, eng Mark opgrond vum där zugrundeliegender kreativer, intellektueller Leeschtung schützenswäert sinn, da gëllt dat iwwerall. Och a China!

Et ass dach eigentlech traureg, datt e grousst Vollek wéi dat chinesesch, dat zum Beispill Pabeiergeld a Pulver schonn erfonnt hat, wéi mir nach getosch hunn an eis Kricher mat Knëppele gefouert hunn, e puer Jorhonnerte méi spéit sech virun allem duerch Knäipen a Raubkopéieren auszeechent. Dat huet China net néideg.

Stéchwuert Mënscherechter: Jo, et gëtt kulturell aner Opfaassunge vum individuelle Rechter, wéi déi, déi mir an Europa hunn. Jo, et gëtt plazeweis an der globaler Geographie eng Primautéit vum Kollektiv, där sech en Deel vum der individueller Fräiheet ënneruerdnet. Mä dat heescht net, datt konsequent, dauerhaft a wäitreechend Verletzung vum der individueller Dignitéit fir eis mussen akzeptabel sinn. Et ass e verpflichtend Zil vum der europäescher Aussen-duerstellung, déi Opfaassung, déi mir an der Europäescher Unioun vum de biergerleche Fräiheeten a Rechter hunn, iwwerall op der Welt ze vertrieden an ze verdeedege.

Dat muss mer weiderhin esou handhaben, nach méi, wa mer méi e staarken aussepolitische Vertrieeder fir d'Unioun kréien, esou wéi de Grondlagevertrag et virgesäit. Dës Promotiounsufgab erschöpft sech net géintwuer vu China, si muss zum Deel direkt virun eiser eegener europäescher Dier ufänken.

Här President, am EU-Bäitrittscandidate-land Türkei ticke verschidden Aueren e bëssen aneschters wéi bei eis. Déi türkesch Aueren sinn zwar amgaangen, méi a méi op déi europäesch Zäit ëmgestallt ze ginn, mä plazeweis bleiwen och haut nach gehéiereg Zäitverschiebungen iwwreg.

Wann d'Türkei deemnächst, esou wéi et schonn uegklongen ass, dee berüchtigsten Türkentum-Artikel aus hirem Code pénal wëllt strächen, dann ass dat eng gutt Nouvelle. Esou e Paragraph, mat deem jiddferree kann d'Fräiheet entzu kréien, deen eng bestëmmten Astellung zum türkesche Stat net deelt, ass am Kader vum der europäescher Rechtsuerdnung net akzeptabel. Datt een an der Türkei haut nach kann an de Prisong kommen, well een eng elementar historesch Wourecht, nämlech de Völker-mord un den Armenier zwëschent 1915 an 1922 als Realitéit bezeechent, ass eigentlech net méi akzeptabel.

Här President, et ass och net wierklech hinzehuelen, datt en däitsche mannerjährege Jong, deem eng quasi Vergewaltung vum engem englesche Meedchen zu Antalya virgeworf gëtt, méintelaang an engem türkesche Prisong festgehale gëtt, während eng Enquête ëmmer nees verschleeft gëtt. Déi Geschicht, souwäit mer se kennen, kann esou net ad infinitum viruogen.

Do geet et net drëms, datt besote Jong net dierft an Untersuchungshaft geholl ginn, während eng Enquête pénale leeft. Deesel-

wechte Fait hätt och bei eis doheem gär genuch de Jong an Untersuchungshaft bruecht. Et geet och net drëms, datt déi türkesch Justiz muss kënnen an aller Onafhängegkeet hir Aarbecht maachen. Dat géife mir jo och hei zu Lëtzebuerg net aneschters gesinn.

Mä no engem hallwe Joer Enquête géintwuer vum engem Mannerjährege muss et iergendwéi eng Kéier zu engem Prozess kënnen kommen. Wat et méi laang dauert, ier dat geschitt, wat d'Türkei méi wäit vum der Europäescher Unioun sech wäert ewechbewegen.

Wann d'Türkei dann eng Kéier an d'Europäesch Unioun opgeholl géif, nodeems se all Bäitrittskritäre géif erfüllen - an dat ass sécher net fir déi nächst puer Joer -, dann hätt d'EU Baussegrenzen, déi direkt un e puer vun deene geféierlechste Krisengebieder vum haut leien.

D'Türkei grenzt u Syrien, den Irak an den Iran. Mat der Türkei an der Unioun wieren dës Länner eis direkt Noperen. Da géif den europäesche Grenzkoordinatesystem en anere ginn. Mir hunn eis scho mat der russescher Exklav Kaliningrad schwéiergedoen, wéi Polen a Litauen an d'Unioun koumen; mat den Nopere vum der Türkei géif et nach e gutt Stéck méi komplizéiert.

Här President, dës Feststellung erlaabt mer direkt den Iwwergang zum Noen Osten a senger ganzer Komplexitéit.

Iwwert den Irak wëll ech net vill Wierder verléieren, ausser fir feststellen, datt d'Invasioun vum deem Land ouni richtig Besetzung zu genee deem Resultat gefouert huet, wat huet misse gefäert ginn. Den Irak ass haut en „failed state“, wéi dat op Englesch heescht, e Stat en failite, iwwert deem säin Territoire et keng richtig Autoritéit gëtt an dee fréier oder spéider riskéiert auserneenzefalen.

E Stat, an deem sengem Norden e kurdesch Gebitt sech méi a méi selbstänneg géréiert - wat een net emol kann iwwelhuelen, well et jo e Gesamtstat Irak eigentlech an deem Sënn net méi gëtt.

Am schiitesche Süden dominéiere méi oder manner schemenhaft militant moslemesch Gruppen a Milizen, deenen hiren Interesse sécher net e funktionéierende demokrateschen an eventuell souguer laizisteschen Irak ass.

Wat do nach ze kommen huet, kënnen mer haut nëmme roden. Et ass just eent sécher: Et wäert net dat sinn, wat d'Krichskoalitioun sech virun e puer Joer erhofft hat. A mat ëmmer manner Zaldoten um Buedem bessert sech déi Perspektiv 100%eg net.

Dem Irak säin Noper am Westen ass Syrien. E Stat, deen elo zënter engem ganzen Zäit net méi an d'Beméiung vum amerikanescher an europäescher Säit, fir awer nach zu enger definitiver Regelung vu friddleche Relatiounen tëschent Israel a Palästinenser ze kommen, agebonne war. Dat kéint sech awer deemnächst änneren, wouriwwer ech perséinlech ganz frou wier, well ech iwwerzeegt sinn, datt eng global Léisung am ganzen Noen Osten ouni Abannung vu Syrien net denkbar ass.

Et ass net fir den israelesch-palästinensesche Konflikt denkbar, well Syrien an deem Konflikt en direkten territorialen Intéret op d'Golan-Héichten huet, a well eng éierbar noperschaftlech Relatioun mat Syrien fir deen israeleschen an deen zukünftege palästinensesche Stat eng existenziell Viraussetzung duerstellt.

Soe mer et wéi et ass: Ouni palästinensesch Statsperspektiv keen israelesche Fridde mat Syrien, an ouni Fridde mat Syrien keng geséichert palästinensesch Statsperspektiv.

Dat schéngt och neiendéngs an der franséischer an der amerikanescher Perspektiv duerchzesickere, wann een do dezent Signaler u Syrien, déi vu Paräis an och vu Washington ausginn, ka beuerteelen.

Ech géif mer wënschen, datt déi Lëtzebuerg Aussepolitik sech dëser Perception uschleisst, well si eleng global an ëmfaassend Léisung fir den Noen Oste kann erméiglechen.

Ouni Syrien ass och keng Konsolidatioun vum Libanon denkbar, egal wéi ee sech dréit a kéiert. Déi syresch Implantatioun am Libanon ass esou déif, datt dat Land net kann zu enger dauerhafter Rou fannen, wa Syrien net mat agebonne gëtt.

E chronesch onstabilen, deelweis vum terroristesche Gruppen dominéierte Libanon ass och fir dee südlechen Noper Israel keng Optioun. Mä wéi gesot, duerfir brauch ee Syrien. E Syrien, dat sech wahrscheinlech nëmmen allze gär aus der Èmærmelung mam Iran géif léisen. Well Syrien ass jo bei-leiwe kee Gottesstat. Schiitesch ass Syrien och net. Ronn 80% vu senger Populatioun si

sunnitesch Moslemen, 10% Chrëschten a just eppes manner wéi 10% schiitesch Moslemen, deelweis Alawiten, wéi och de President Baschar al-Assad.

Dee säkuläre syresche Stat hânt de Prinzipie vum arabesche Sozialismus un, wéi déi regierend Baath-Partei e verkierpert. Also ass eng Allianz mam Iran fir Syrien eigentlech widdernatierlech an et misst international alles drugesat ginn, fir duerch eng korrekt Abannung vu Syrien an d'Léisungsefforté vum Noost-Konflikt déi Allianz ze brieche.

Och am Libanon muss mer hëllef, déi Vuen duerchzesetzen. Datt dat, no allem, wat Syrien a senger am Land presenten Truppen a Geheimagenten zur Laascht geluecht gëtt - dorënner de Mord um Rafiq al-Hariri -, alles aneschters wéi einfach ass, wësse mer all. Mä wat ass an där Géigend eigentlech schonn einfach?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Iran ass schliesslech och keen einfache Fall, an dach setze mer alles drun, fir de President Ahmadinedschad dervun ze iwwerzeegen, sech iergendwéi op normal Manéier an déi international Gemeinschaft anzefügen. Mat séier begrenztem Erfolleg bis haut, wat ee leider muss agestoen. Villes an der Aussenansetzung mam Iran dréit sech ëm den Atomprogramm, vum deem den Iran selwer behaupt, e géif just zivilen Zwecker déngen, mä vum deem ee muss unhuelen, datt en och eng militäresch Dimensioun kéint hunn.

Dat ass awer net alles. Dee grouse Problem mam Iran ass nämlech am Fong deen, datt et viru bal 30 Joer verpasst gouf, d'Zeeche vum der Zäit ze erkennen an déi schlëmmsten Entwécklung vum Regime ze verhënneren, nämlech d'Iwwernahm duerch radikal schiitesch Moslemen. Den Iran vum haut ass e Gottesstat, deem all Zort vun zivilem Pouvoir ofgeet. Dat läit an der Logik vum deenen islamesche Saachen: Stat a Relioun sinn an enger renger, enker puristescher Opfaassung vum Islam nämlech net vuneneen ze trennen.

D'Haaptacture vum der iranescher Politik sinn nämlech islamesch Geeschlechter; net e gewielte President oder e Parlament. Dee fréiere Statschef Chatami huet dat um eegene Leif missen erfueren, wéi zaghaft Reformusatz a Richtung vu méi zivile Fräiheeten an enger anerer Roll vum der Fra a Gesellschaft a Politik vum de Revolutionswichter verhënnert gi sinn.

Ech wëllt mer hei erlaben, Här President, e kuerzen historiesche Réckbléck un dëser Plaz ze maachen, fir duerzeleëen, wéi et am Iran zu esou enger Statsituatioun konnt kommen a woufir dat eis eigentlech misst eng Léier sinn, déi mer eis haut ëmmer sollte virun Ae féieren.

An de 70er Jore war de Pouvoir vum Schah am Land esou diskreditéiert, datt et zu massive Regimecontestatiounen komm ass. Am Numm vu Stabilitéit a Legitimitéit huet déi sougenannte westlechte Welt et verpasst, d'Schah-Contestatioun eescht ze huelen an de Schah weiderhin ënnerstëtzt.

Ech wëll elo net iwwert d'Mériter oder de Géigendeel vum där Herrschaft schwätzen. Dat ass hei net mäi Punkt. Mäi Punkt ass: Et hätten Alternativen zur Revolutioun vum de Mullahen 1979 misse ginn. Si hätte just misse mat Zäit a mat auslännescher Hëllef an d'Weeër geleet ginn, nodeems jorelaang kloer war, datt de Schah sech net méi eleng kéint halen. Wéi d'Saach sech awer zougspéizt huet, gouf et just nach eng Richtung, an déi den Iran konnt steieren, déi nämlech vum enger klerikaler Diktatur ënnert der Féierung vum Ayatollah Khomeini.

Elo kënnen mer haut e Bléck a Pakistan werfen a feststellen, datt mer et ënner Èmstänn mat ganz ähnleche Konditiounen an deem Land ze dinn hunn, wéi virun 30 Joer am Iran. En diskreditéierte Regime, dee vum President Musharraf, deen trotz all vermeintlecher Westkompatibilitéit vum deem Personnage am Land selwer kaum nach Réckhalt huet. Eng militant islamistesche Contestatioun vum deem Regime, déi an eenzelne Regione schonn d'Muecht iwwerholl huet an do eng Herrschaft féiert, déi sech genau sou uffillt an och ugesäit, wéi déi vum den Taliban an Afghanistan.

Ënnerstëtzung aus dem Westen, och aus Europa, déi zwar kritesch ass, mä trotzdem dervun ausgeet, datt de President Musharraf weiderhi gebraucht gëtt, fir d'Stabilitéit an d'Berechebarkeet a Pakistan ze erhalen, och wann hien an Deeler vu sengem Stat guer net méi d'Muecht ausübt. Oppositionsparteien, déi sech net eens sinn.

Mä et gëtt e kruzialen Ènnerscheid, Dir Dammen an Dir Hären: Aneschters wéi deen Iran vum 1979 verfügt de Pakistan vum 2007 iwwer Atomwaffen. Pakistan gëtt haut

verschiddentlech als dat geféierlechst Land op eisem Planéit bezeechent. Dat kéint och emol gutt sinn. Eng Atommuecht, déi géif mat hire Muechtstrukturen an d'Gräpp vun islamesche Fanatiker falen, wier tatsächlech deen absolute GAU. Wann esou eppes geschéich, da bräichte mer eis wuel ëm eng ganz Rei vu kleng Problemer net méi vill Gedanken ze maachen.

Ech wëll an dësem Kontext déi Verantwortlech vun eiser Aussepolitik, notammant eisen Ausseminister Jean Asselborn, no-dréiglech drëm bidden, mat sengen europäesche Kolleegen zesummen net de Feeler ze maachen, deen de Westen Enn de 70er Joren am Iran gemaach huet. D'Ënnerstëtzung vun engem Regime bis un d'Enn, just well en halleftweegs stabil ausgesäit, ka katastrophen Konsequenzen hu fir d'ganz Welt - an dësem Fall - an a vill méi kuerzen Délaien, jee nodeem wien do d'Muecht géif u sech rappen.

Och a Pakistan, Här President, ass d'Zäit komm, wou den Här Musharraf muss agesinn, datt seng Zäit net éiweg dauert. Aner Kräfte mussen iwwerhuelen. An et dierfen net déi sinn, déi an Afghanistan schonn eng Kéier gewisen hunn, zu wat se fäeg sinn, wa se Mëttelen an de Grapp kréien, fir e Stat ze beherrschen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn am Ufank gesot, datt een am Kader vun enger Ried wéi d'vun haut net alles ka soen, wat zur Lëtzebuergescher an der europäescher Aussepolitik kéint gesot ginn; och zur allgemenger internationaler Situatioun, wéi dat esou schéin am Jargon heescht.

Ech hunn zum Beispill net iwwer Afrika geschwat. E Kontinent, deem säin Entwécklungsstand am Joer 2007 global net méi héich ass a plazeweis méi déif, wéi um Ufank vun den afrikaneschen Onofhängegkeeten ëm déi 1960. Dozou wier ze soen, datt mer muss realiséieren, datt all Entwécklungsefforten, déi an deem leschten hallwe Jorhonnert ënnerholl goufen, evidenterweis net deen Effekt haten, dee mer eis géife wënschen. Mir kënnen Afrika net weiderhin einfach mat Geld versuergen an hoffen, datt et schonn iergendwéi geet.

De Géigendeel vun Entwécklung, also Stagnatioun an den afrikanesche Staten, Réckschrëtt, Kricher, Honger a Leed féiert op Dauer derzou, datt enorm Zuele vun Afrikaner sech wäerten op de Wee maachen, fir eis an Europa besichen ze kommen an och fir heizbleiwen. Domat dénge mer kengem. Net den Afrikaner, an net eis selwer. D'Entwécklung vun Afrika ass eng absolut geopolitesch Noutwendegkeet.

Et steet ze hoffen, datt den EU-Afrika-Sommet an e puer Wochen zu Lissabon wäert eng nei Dimensioun vu Partnerschaften um afrikanesche Kontinent erschléissen, déi esou eng Entwécklung erlaabt. Mir brauchen dofir e puer méi wéi nëmme Geldtransferten. Dofir brauch een déi optimal Notzung vun den afrikanesche Potenzialen, an eng gemeinschaftlech Notzung dervun am Idealfall. Domat mengen ech natierlech Ressourcen an d'Käpp vun de Leit. En Afrika mat 55 Nationalstater, déi all jalous op hir vermeintlech Souveränitéit an territorial Integritéit pochen, och mat deenen néidege Waffen, ier se un d'Wuel vu bal enger Milliard Afrikaner denken, kritt sech net an de Grëff.

D'Afrikanesch Unioun ass duerfir en Instrument, wat onbedéngt auszubauen an handlungsfäeg ze maachen ass. Dat muss mer awer den Afrikaner vermëttelen. Net nëmme engem ale sture Mann, dem President vu Simbabwe, mä dosenden och manner ale sture Männer, déi anerwärts um Kontinent regéieren. Dat ass natierlech e Message, deen an Afrika net ëmmer gutt ukënn. Dee chinesesche Message vun Netamëschung kënn do vill besser un. Mä wann Europa säi politesche Message eescht hält, dann dierf et déi politesche an domadder mënschlech Geschécker vun Afrika net China iwwerloossen.

Iwwregens sollt een et och net an allze staarkem Mooss alle méiglechen ONGen iwwerloossen. D'ar ganze globaler Nébulose vun Organisatiounen, déi am Entwécklungsbusiness tätég sinn an nach laang net all just vu philantropesche Motiver ugedriwwen ginn. D'Affär ronderëm Arche de Zoé am Tschad huet nach eng Kéier gewisen, datt et esou Organisatiounen gëtt, deenen hir Objektiv nébulose an hir Methoden nach méi fragwürdeg sinn.

Wéi soll ee sech schliesselech an engem Land ëm Weesekanner këmmen, dat keng Weesekanner kennt, well déi sozial Struktur do esou ass, datt all Kand, dat een oder béid Elterendeeler verléiert, vun engem aneren Deel vun der Famill ugeholl gétt?

Wat soll eng Veterinärorganisatioun am westafrikaneschen Diamantekrich, wou zu deem Moment, wou déi opgetaucht sinn, all Hausdéiere geschluecht waren? Därer Beispiller kéint een hei nach vill opzielen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir géife gutt dorun dinn, dee ganze Bësch vun ONGen emol ze duerchforsten, déi sech mat Steiergelder uerchert d'Welt als Experten an allem opféieren. Et ass net bewisen, an ech fäerten de Géigendeel léisst sech gutt beweisen, datt all déi Consultanten an Experten, déi d'Welt mat Rapporten, Projeten, Missiounen, Evaluatiounen beglécken, iergendepes Reelles zur Verbesserung vun der Welt bäidroen.

Ech hunn och näischt iwwert d'UNO an déi dréngend noutwendeg Reform vun der Weltorganisatioun gesot. Eng Organisatioun, an där hirem ieweschten Organ, dem Sécherheetsrot, Lëtzebuerg fir d'Joren 2013 an 2014 e Sëtz ustrieft an an där hirer neier „Peacebuilding Commission“ mer schonn dra sinn.

Ech wëllt hei den Appel un den Ausseminister riichten, fir datt mer an der Europäescher Unioun zesummen en ëmfaassend Konzept fir eng nei Ausrichtung vun der UNO erschaffen. Et ass dach scho speziell, datt mer zum Beispill an der Unioun iwwereneefalen, fir Däitschland ze versécheren, mir géifen hir Bestriewung fir e permanente Sëtz am Sécherheetsrot ënnerstëtzen, amplaz unzestriewen, als Europäesch Unioun een eenzege Sëtz an engem reforméierten UNO-Féierungsgremium ze besetzen, wou déi aner grouss Weltregiounen op ähnlech Manéier vertruede wieren.

Här President, mir sinn e klengt Land. D'Méiglechkeete vun eiser Aussepolitik si per Definition begrenzt. Déi vun Europa si wesentlech méi grouss. Duerfir loosse mir eis dorop konzentréieren, an der Unioun dorop hinzewierken, eng weltwäit wierksam, siichtbar a spierbar europäesch Aussepolitik ze konzipéieren, an déi d'Prinzipië vun eiser Lëtzebuergescher Politik kënnen afléisen.

Loosse mer eis selwer an der Aussepolitik net ze vill eescht huelen, mä suerge mer derfir, datt an Zukunft Europa an der Aussepolitik net eescht genuch geholl ka ginn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Goerens. Den Här Goerens huet d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP)** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Débat iwwert d'Affaires étrangères vu gëschter huet et erëm eng Kéier gewisen: Eise Kader, fir Aussepolitik ze maachen, ass haaptsächlech d'Europäesch Unioun, an dem Här Asselborn säi Virtrag huet praktesch ausgeschliesselech ëm Themen, déi mat der Europäescher Unioun oder mam europäeschen Integratiounsprozess zesummenhänken, gedréint.

D'Constitution, d'Crise institutionnelle, den Traité modificatif, d'Acquisé vun der europäescher Konstruktioun, d'Lissabon-Strategie, d'Implikatiounen fir de Commerce mondial oder vum Commerce mondial op Lëtzebuerg, op Europa, d'Potenzialitéit vum Marché unique, den Doha-Prozess - hunn ech schonn erwähnt -, Kosovo, Libanon, Iran, Afrika, alles huet sech an deen dote roud Fuedem anzerien.

Mir sinn zwou Saachen opgefoll: Éischtens, datt et eng Bestätegung ass, datt mer definitiv Europa als de Referenzkader hu fir eis Aussepolitik; an zweetens ass mer och eppes opgefoll - an ech mengen, mir net eleng -, nämlech datt, wann hei an der Chamber iwwer esou vill Europa Rieds geet, den Europaminister Nicolas Schmit net hei ass.

(Interruption)

E war gëschter net hei, e war haut och net hei. Ech mengen awer, opgrond vu senger Kompetenz war seng Plaz haut och hei an der Chamber.

Ech wëll ufänke mat engem Commentaire iwwert d'Kompetenzen an d'Handlungsfäegkeet, déi mer eis elo wëlle ginn am Kader vun deem neie Reformwierk, wat am Fong esou nei net ass. Mir kennen et, mir hunn et schonn e puermol hei an der Chamber diskutéiert, des Laangen an des Bredde. Mir hunn et an der Öffentlechkeet diskutéiert. Mir haten och viru kuerzem eng Debat hei an der Chamber. Ech schwätzen nach eng Kéier iwwert den Traité modificatif.

Mir si frou, datt en endlech amgaangen ass, drockräif gemaach ze ginn, datt e kann am Dezember signéiert ginn, datt en d'nächst

Joer - an do géif ech gär wëllen dem Ausseminister säin Optimismus deelen - ka ratifizéiert ginn, an zwar net nëmme an e puer Länner, mä an de Länner alleguer, an datt se och alleguer zu hirer Ënnerschrëft stinn.

Ech mengen, bei eis ass den Débat doriwwer esou wäit gelaf. Mir sollt selbsterständlech viru fuere mat eiser Öffentlechkeetsaarbecht, fir de Bierger den europäeschen Integratiounsprozess méi no ze bréngen, mä mir solle soen, datt dat, wouriwwer mer nach eng Kéier ofstëmme - an ech mengen, doriwwer besteet hei am Haus e Konsens -, schonn zu 99% eng Kéier gemaach ginn ass, an datt mer just der Form halber et nach eng Kéier mussen maachen.

Fir dat Kapitel ofzeschléissen, just nach zwou Remarquen. Déi eng ergëtt sech aus der Lecture vun engem Artikel aus der «Libération» viru kuerzem, wou drastoung, deen neien Traité modificatif wär «un traité sosie». E wär zu 99% deckungsgläich mat deem, wat aus dem Konvent erauskomm ass a wat mer ënnert dem Begrëff Projet de traité constitutionnel kann hunn an och hei am Land ewell ratifizéiert hunn.

De Commentaire vum Auteur vun deem Artikel, iwwerschrifwen «un traité sosie», ass, datt, och wann en zu 99% deckungsgläich ass, dat net wëllt heeschen, datt et awer genau datselwecht ass, well wann een zum Beispill de Genom vun engem Schimpans hält an dee vun engem Mënsch, da sinn déi zwee och zu 99% deckungsgläich an et kann een awer net soen, et wär datselwecht.

Dat wat feelt, deen ee Prozent, an deen huet et a sech, dat ass d'Feier, «le feu sacré», fir weiderzefueren.

Ech muss soen, ech kommen aus dem Staunen net méi eraus, wann ech gesinn, wéi locker mëttlerweil an deene Länner, déi do Schwierigkeeten hunn, fir d'Kéier ze kréien, den Émgang ass mat der Wourecht a mat de Fakten.

De Giscard d'Estaing - an dat ass déi zweet Remarque - huet et op de Punkt bruecht viru kuerzem, wéi e gesot huet, mir hunn eng Boîte à outils, wou alles dran ass, wat mer schonn am Projet de traité constitutionnel haten, «les outils sont bien là...» - seet en - «tels que les avait soigneusement élaborés la Convention européenne, des outils innovants et performants: la présidence stable, la Commission réduite et recentrée, le Parlement législateur de plein droit, le ministre des Affaires étrangères en dépit de sa casquette trop étroite, la prise de décisions à la double majorité...» an esou weider.

An en hält zwee Beispiller, vun deenen ech nëmme eent wëll zréckbehalen, fir dat ze ënnermauern. An zwar dat, wat Besuch huet op d'Designatioun vun engem Président stable de l'Union européenne. Do erënnert en zu Recht dorun, datt am Traité constitutionnel am Artikel 22, dee virgesi war, drasteet: «Le Conseil européen élit son Président à la majorité qualifiée pour une durée de deux ans et demi, renouvelable une fois.» An da geet deen Artikel weider mat enger Dosen Zeilen, déi d'Roll vun deem President ënnersträchen.

Wann een elo an deem neie Vertragwierk déi Dispositioun erëmscheit geet, da muss een den Amendement 16 au titre 3 du Traité de Maastricht beméien, an do steet dann en Artikel 9B: «un article 9B est inséré: le Conseil européen et son président» - esou ass dat iwwerschrifwen -, an am Paragraph 5 steet dann: «Le Conseil européen élit son Président à la majorité qualifiée pour une durée de deux ans et demi, renouvelable une fois.»

Dat do ass net méi zu 99% deckungsgläich, dat do ass zu 100% deckungsgläich. Duerfir mussen déi, déi soen, et wär eppes Grondverschiedenes, zwar ganz stringent Argumenter hunn, wa se virun engem Forum stinn, wou awer e puer Leit sinn, déi schreiwen a liese kënnen an déi e Puzzle zesummesetze kënnen. Well wann de Puzzle erëm eng Kéier zesummesetzt ass a mir hunn den Text consolidé vun deem Vertragwierk, gesi mer scho méi kloer.

A wann ee sech duerno nach d'Méi mécht an et huet een och e laangen Otem, da kann een och definitiv eriwuerbréngen, datt déi Aarbecht, déi mer am Konvent gemaach hunn, woubäi der och Eenzelner heibanne sinn - ech denken un de Ben Fayot an och un de Paul Helminger, un de Gast Gibéryen, déi an deem Konvent derbäi waren -, net ëmsoss war.

Ech géif och soen, wann den Traité, de Projet de traité constitutionnel net zréckbehal gëtt an där Form, wéi en arrétéiert war, da soll een en awer net ewechgeheien, well fir dat, wat elo erauskomm ass, ze verstoen, huet een am beschten, et liest een de Projet de traité constitutionnel. D'Verständnis vun deem zweeten ass ouni d'Lecture vun deem éischten net méiglech!

Elo wollt ech awer kuerz zu den Implikatiounen komme vun deem, wat mer hoffentlech dann d'nächst Joer ratifizéieren. Den Zoufall wëllt et, datt an déi zweet Halschent vum nächste Joer déi franséisch Présidence fält. Wat déi franséisch Présidence an hire Programm ubelaangt, doriwwer wësse mer nach net vill. Mir wëssen awer just, datt de President Sarkozy gëschter vum Europaparlament eng Ried gehalen huet, wou en ënner anerem gesot huet, datt en aus der Politique extérieure, de sécurité et de défense commune géif eng Prioritéit maachen.

Wann een elo weess, wat geplangt war am Fall vun der Hypothese, wou den Traité constitutionnel ugeholl gi wier, nämlech déi Politik vun der Coopération renforcée en matière de politique extérieure et de sécurité commune, da weess een, datt e Pabeier zirkuléiert ass, wou ganz prezis Virstellung schonn notéiert waren, wat vun deenen eenzelne Länner an där Coopération renforcée verlaangt géif, wat se misste maachen, fir kënnen derbäi ze sinn. An dat huet et a sech: 0,25% Dépenses „en relation avec le revenu national brut“ missten net fir d'Défense insgesamt ausgi ginn, mä an den Investissement vun de Capacitéiten.

Wann een elo weess, datt vun deem Moment un, wou dat do kéint Wierklechkeet ginn, mer hei am Land e Revenu national brut hätte vu 40 Milliarden Euro, da géife mer ongeféier missen, fir op 0,25% ze kommen, 100 Milliounen - ech soen et nach eng Kéier, 100 Milliounen! - Euro investéieren an d'Capacitéiten! Ofgesinn dovunner, datt mer dat budgetär net packen, kaum géife packen; ofgesinn dovunner, datt et och wahrscheinlech hei am Land keng politesch Akzeptanz géif ginn, fir deen doten Effort ze maachen; ofgesi vun all deenen Aspekter kënn nach en drëtten derbäi: Mir hätten och emol net d'Capacitéit fir d'Marchéen en due forme auszuschreiwen.

Déi, déi sech e bësse mat deem doten Thema ofginn hunn, déi wëssen, datt et net evident ass, datt mer do op Neiland ginn, an datt et ganz schwéier ass, fir an där Hisiicht Neel mat Käpp ze maachen.

Ech wëll an deem Zesummenhang och nach eppes Zweetes soen; datt ass kee Kritär, dee bis elo scho kéint erkennbar zréckbehalen ginn, mä dat ass een ongeschriwwent Gesetz wat gëllt fir Memberen, déi nei an d'NATO kommen, vun deene verlaangt gëtt, datt se 2% vun hirem Revenu national brut investéieren an d'Défense.

Dat fannen ech franchement bei Länner, ënner deenen nach 30, 40, 50% Précaritéit feststellen ass, en eenzege Skandal. Ech mengen, wann den Effort de défense collectif soll Sënn maachen, da mécht e Sënn, wann e solidaresch ass. A wann e solidaresch ass, da mécht en och nëmme just Sënn, wann een op déi allergréissten Néit a Situations de détresse awierkt, a vun deene kéint een am Fong eng Kontributioun verlaangen, déi reell ass, awer jiddefalls net dat do.

Mir sinn - dat wëll ech och ganz kloer soen - mëttlerweil, well och eisen Effort nei berechent gëtt, ënner 0,5%. Mir tendéiere méi no bei 0,3%, wéi bei soss eppes. An ech fannen, wa mer et elo scho gesinn, wa mer do géifen en netten Effort maachen an nëmme ee Stréch, nëmme ee Promille an d'Luucht goen, da géif dat schonn hei am Land „Heulen und Zähneknirschen“ ginn. Wou kënnen mer dann eis solidariséieren mat Fuerderunge wéi vu Länner, wou et ganz vill Précaritéit gëtt, op 2% eropzuegoen? Dat ass franchement net an der Rei.

Loosse mer also Cohérence des politiques schwätzen. Mir kéinten elo laang iwwert d'Mënscherechter, de Rôle vun der Europäescher Unioun an d'Gewicht vu Lëtzebuerg an deem doten Domän hei epilagéieren. Et wier villes ze soen iwwer China an d'Mënscherechter. Et wier villes ze soen iwwer Russland an d'Mënscherechter ugewannt ginn. Et wier schrecklech villes ze soen iwwert dat, wat am Mëttleren Orient passéiert, wat a Pakistan amgaang ass.

Ech wollt et emol eng Kéier mam Simone Veil halen, une très grande dame iwwregens, déi viru kuerzem hir Biographie erausginn huet an déi gesot huet: «On a tendance à faire la morale à tout le monde. Es-

sayons d'abord de balayer devant notre porte», sot se gëschter Moien an ähnlechen Termen op France Inter.

Ech menge mir hunn och hei an Europa virun eiser eegener Dier emol ze kieren. Ech wëll net soen, datt déi Themen, déi ech elo grad just stéchwuertarteg ugeschnidden hunn, keng Importenz hunn. Ech wëll och domat dem Här Mosar kee Reproche maachen, datt en déi ugeschnidden huet.

Ech wollt soen, mir mussen awer och, getrei deem, wat mer hei an der Chamber ënner Form vu Resoloutioun akzeptéiert hunn, wëssen, datt mer an Europa villes hunn, wat net an der Rei ass. Ech wëll nëmme just un déi onméiglech Koalitioun an der Slowakei erënneren. Dat muss en Thema si fir eis. Et kann ee soen, dat geet eis nâischt un. Oh dach, dat geet eis eppes un!

Et kann eis net egal sinn, wa Regierungen an eng Regierung Parteien huet oder eng Partei huet, déi incitéiert „à la haine ethnique“.

Et kann eis net egal sinn, wann an engem anere Land, och an dârselwechter Géigend, Leit sinn, déi mengen, si missten engem onbescholtene Bierger säi Mandat am Europaparlament oferkennen. An déi, déi mengen, et wier wierklech alles an der Rei an der Grenze vun der Europäescher Unioun, déi sollen de Rapport vum Dick Marty emol eng Kéier duerchlesen, deen en am Conseil de l'Europe gemaach huet iwwert déi sougenannte Volë vun der CIA, déi présuméiert Terroriste vun enger Plaz op déi aner transportéiert hunn, fir deenen d'Handwierk ze leeën.

Déi Manéier, wéi eenzel Regierungen, och Memberstate vun der Europäescher Unioun - a besonnesch där! -, sech schwéiergedoen hunn, fir op dem Generalsekretär vum Conseil de l'Europe säi Froekatalog ze äntwerten, déi schwätzt Bänner. Dat wat do ugekënnegt ginn ass, ass zum gréissten Deel mëttlerweil vérifiéiert an och vun den Amerikaner agestane ginn.

Et wier vläicht gutt, wa mer éischter géifen op déi warnend Stëmme lauschten. Da kéint et net zu esou degradéiert Situatiounen kommen.

Wa mir gär hätten, datt am Rescht vun der Welt d'Mënscherechter keng eidel Begrëffer bleiwen a Worthülse sinn, da musse mir net nëmme versichen, besser ze si wéi déi, mä da musse mer dozou tendéiere fir irréprochabel ze sinn.

Dat ass een Zil, un dat wäerte mer ni erukommen. Mä ech mengen tëschent deem, wat mer do ustriewen, an tëschent deem, wat mer haut sinn, sinn awer nach ganz vill Steigerungsméiglechkeeten dran.

Här President, en Thema, wat eis och beschäftegt, konnte mer de Moien nach eng Kéier, jiddefalls a senger Villfalt, zu där dee Kommentär Ulass ginn huet, an der aussepolitichescher Kommissioun testen, wéi mer eng Delegatioun vun tschechesche Parlamentarier op Besuch haten. Et war net d'Absicht vun eis fir se auserneenzehuelen. Mir stellen awer fest, datt mer op eng Fro, déi Bezuch huet op d'Stationéiere vu Rakéiten a Polen a vu Radarstationen an der tschechescher Republik, awer wierklech e Musterbeispill vu politischem Pluralismus geliwert kritt hunn.

Et geet vun der hallwer Zoustëmmung bis zur totaler Oflehnung iwwert d'Fuerderung fir e Referendum an där doter Fro ze maachen.

Et huet ee gesot, dat wier fir Europa ze protegieren. Et gi wahrscheinlech vill Manéiere fir Europa ze protegieren. Ob dat do déi allerbeschten ass, erlaben ech mer awer liicht ze bezweifelen.

Well et geet hei un éischter Stell drëm, fir d'Amerikaner ze protegieren. Wat a sech guer net répréhensibel ass. D'Amerikaner hunn och schon anerer protegéiert wéi sech selwer.

Et geet awer och hei drëm fir ze testen, wat de Multilateralissem nach wäert ass, a wat et wäert ass an eng Gemeinschaft vu 27 Staaten, déi sech ëmmer erëm vu Conférence intergouvernementale zu Conférence intergouvernementale d'Wuert ginn, fir sech ëmmer méi zu enger Schicksalsgemeinschaft ze entwëckelen. Et geet drëm fir erauszefannen, ob déi amstand sinn, iwwert

déi ganz wichteg Saachen, déi iwwer Liewen an Doud, Krich a Fridden, ze schwätzen.

Opgrond vun deem, wat mer all Dag erfueren, mengen ech, gëtt iwwer eng ganz Partie ganz wichteg Aspekter éischter an alle Sproochen, offizielle Sprooche vun der Europäescher Unioun geschwiegen, wéi datt Tacheles geschwat gëtt.

Oh, ech weess, den Débat ass net einfach! Huele mer zum Beispill den Débat iwwert d'Question nucléaire. De Jacques Chirac huet virun zwee Joer zu Brest eng Ried gehalten iwwert den Aspect nucléaire, iwwert d'Force de frappe, an en huet sech an engem Saz zur Affirmatioun hiräisse gelooss, datt, am Fall vun enger terroristescher Attaque géint Frankräich, Frankräich souguer kéint Nuklearwaffen asetzen.

Ech hu gemengt a menger Naivitéit, an och als Member vun der Assemblée parlementaire vun der UEO, missen dach d'Fro ze stellen, ob dat net géif zur Banalisatioun vun der Atomwaff féieren; an d'Äntwert war schrecklech enttäuschend. Ech hunn am Fong geäntwert kritt, datt den Traité de non-prolifération nach ëmmer an der Rei wier, datt och keen dergéint verstouss hätt. An op eng aner Fro, déi ech der Lëtzeburger Regierung gestallt hunn, ass mer geäntwert ginn, datt dat do am Fong eng Fro ass, déi misst diskutéiert ginn tëschent deenen zwou Nuklearmächten, déi et an der Europäescher Unioun gëtt, also en l'occurrence Frankräich an England. Ech mengen, dat geet och net wäit genuch.

Opgrond vun den Texter gëtt et wéineg, mä et gëtt awer den Text vun der „Plate-forme de La Haye“ iwwert „les intérêts de sécurité“ vun den Europäer. Dat ass een Text vun 1987, wa meng Erënnerunge richtig sinn. An do ass gesot ginn, datt am Fall wou e Land attackéiert gëtt, dat Member ass - dat waren der zéng, dat sinn der haut zéng, déi de Bréisseler Vertrag ënnerschriwwen hunn -, da kéint een - an esou wäit geet den Text interpretativ vun der Plate-forme vu La Haye - mat alle Mëttelen, y compris l'arme nucléaire, äntwerten. Ech mengen, opgrond dovunner misst et schon eng Diskussioun wäert sinn ënnert den zéng Memberstate vun der Europäescher Unioun, déi duerch den Traité vu Bréissel - Traité de Bruxelles modifié - gebonne sinn.

Dat do misst och opgrond vum Projet de traité modificatif en Thema sinn, well do ass och eng Clause d'assistance mutuelle en cas d'attaques terroristes virgesinn. Souwäit ech weess, ass jo deen alen Text vum Projet de traité constitutionnel reconduiséiert ginn an deen neie Projet de traité, dee mer elo weider wäerte féieren. An ech mengen, vu datt et do ëm Attaques terroristes geet an der Clause d'assistance mutuelle, besonnesch an deem dote Punkt, misst dat do och en Thema sinn.

Wann et keen Thema wier innerhalb vun der Europäescher Unioun, misst et awer en Thema sinn innerhalb vun der NATO an och an deenen entspreche Gremië vun der UNO. Dat stéing engem Land, wat sech zum Multilateralissem bekennt - an dat maache mir och als Demokratesch Partei -, gutt zu Gesiicht.

De Moment sinn et néng Länner, déi d'Atomwaffen hunn: Russland, d'Veereenegt Staaten, China, Frankräich, Groussbritannien. Israel ass zwar net deklaréiert; de Minister huet et awer an enger schwaacher Stonn zouginn. Indien, Pakistan sinn ausserhalb vum Traité de non-prolifération nucléaire, an Nordkorea huet 2003 den Traité de non-prolifération verlooss. Si fänke jo awer elo erëm un, mat den internationale Gremien ze verhandelen; wat ech ka begrëissen, a wat - mer hoffen - och mam Iran wäert de Fall sinn.

Elo ass et esou, datt am Iran den Här Solana négociéiere geet am Numm vun de Sechs, déi sech mat där doter Fro ofginn. Et ass eng grouss Eier fir d'Europäescher Unioun. D'Europäescher Unioun gewënnt och u Prestige dorunner. An hiren Haut Représentant fir d'Aussepolitik kann doduerch nëmmen u Gewicht gewinnen.

Mir mengen, an där Welt vun haut, wou dat doten eng reell Gefor ass a wou déi riskéiert ëmmer méi brisant ze ginn, datt et absolut indispensable ass, datt esou séier wéi méiglech ugefaange gëtt ofzerüsten an ze kucken, fir datt déi ganz Beméiungen, fir den Traité de non-prolifération nucléaire oprecht ze halen an och nach no 2010 en vigneur ze loossen, eng vun den Hauptprioritéite gëtt. Ech ka mer net virstellen, datt Länner, déi tendéiert sinn, fir op d'Atomwaffen zréckzegräifen, dat éischter bereet sinn ze maachen, wann déi Grouss erëm ufänken ze gestikuléieren a Muskulatiounsefforten ze maachen. Duerfir ass et esou wichteg, datt ee prudent mat der Fro vun der Défense missile antibalistique an Europa ëmgeet.

Dat huet och domadder ze dinn, wa mer wëllen eng kohärent Politik maachen, da geet et net, datt ee virgefouert gëtt. Da geet et och net, datt Ongläichgewichter nei geschafe ginn. Da geet et drëm, datt ee mat klenge Schrëtt versichte do e bësse méi wäit ze kommen. Wann ech dat soen, ass dat elo keng utopesch Virstellung, mä ech ginn am Fong bei zwee Leit, déi awer eng onwahrscheinlech Kredibilitéit um aussepolitische Plang hunn, léinen.

Dat eent, dat ass den Henry Kissinger, dee virun e puer Méint gesot huet, datt hie sech kuint virstellen, datt mer eng Welt hätten ouni Nuklearwaffen, datt wuel Etappen an Zwëschenetappen noutwendeg sinn, mä datt et do misst een deklaréiert Zil gi vun der internationaler Politik.

An eng zweet Persoun, dat ass déi fréier britesch Ausseministesch, déi dat gesot huet, dräi Deeg ier se aus dem Amt gaangen ass; de Gordon Brown huet d'Madame Beckett net méi als Ausseminister an hiren Funktioun weidergefouert. Déi huet datselwecht gesot. Obschonn zu deem Zäitpunkt iwwegens awer Groussbritannien amgang war, säin Trident-Programm ze erneieren an ze moderniséieren.

Mä ëmmerhi sinn awer do zwee Schwéiergewichter an der internationaler Politik, déi grouss Funktionen haten an hirem Land respektiv se dee Moment nach ausgeübt hunn, der Meinung, datt et net utopesch ass, fir op dee Wee ze goen. Wann do keng kloer Linn erkennbar gemaach gëtt fir mëttel- a laangfristeg, dann, fäerten ech ganz, hu mer duerno am Ende des Tages méi Problemer wéi manner.

Här President, Aussepolitik huet mat Kohärenz ze dinn. Den Här Asselborn huet zum Schluss vu senger Ried ganz vill iwwer Afrika geschwat, iwwert d'Accords de partenariat économique, iwwert d'Roll vun den internationalen Institutiounen, d'Efforten, déi d'Europäescher Unioun an Afrika ënnerstëtzt. Ech denken zum Beispill un déi Rapporten, déi mer mat der Union africaine hunn, nottamment déi Suen, déi vum Fonds européen de développement agefloss sinn an d'Facilité pour la paix. Dat sinn Investissementer, déi an déi richtig Richtung gaange sinn an déi och mat derzou bäigedroen hunn, datt am Darfur zum Beispill de Schued a Grenze bliwwen ass.

Ech hat schon d'Geleeënheet, fir et fréier emol eng Kéier hei ze soen. Et ass interessant fir drop hinzeweisen, datt d'Union africaine, wa se zwar och logisteschen an um Niveau vun de Capacitéiten nach extrem wäit zréck sinn, awer um Niveau vun hire Konzepter Saachen hunn, déi sech absolut weise loossen an déi se kënne mat eise vergläichen. Ech denken do zum Beispill un de Principe de non-indifférence, dee si an hir Charta agesat hunn, an deen agréablement kontrastéiert mam Principe de non-ingérence, dee se virdrun haten.

Iwwregens, den aktuelle franséischen Ausseminister huet iwwert den Droit d'ingérence gesot: «C'est le droit ou la compassion.» Ech mengen, mat Compassioun eleng kënne se am Darfur net alles ufänken. Mir kënnen, well mer wëssen, wat fir eng minabel Roll datt China op deem Plang spillt, net einfach soen: Mir schreiwen 200.000 Leit, d'nächst Joer 250.000, dat Joer drop 300.000 Leit einfach of als Victimé vun der Realpolitik. Et ass un der internationaler Diplomatie, fir déi dote Grenze vun der Médicritéit ze sprengen, déi Grenze vun der Indifferenz ze durchbriechen, fir datt mer endlech matkréien, wat do leeft, an datt mer och kënne mat deene Mëttelen, déi d'Europäescher Unioun huet - an dat sinn der wierklech net wéineg -, deene Länner, déi wierklech an enger Situation de détresse sinn, hëllefelen.

Ech mengen, datt Lëtzebuerg an där Hisiicht relativ vill mécht. Ech hunn éinescht iwwert den Effort de défense geschwat. Dee muss een allerdéngs och a Relatioun setze mam Effort de coopération. A wann déi Diskussioun op eis duerkënt d'nächst Joer, wou gesot gëtt, wat den Effort en matière de défense muss sinn, mengen ech, soll ee soen, datt Lëtzebuerg awer och a senger friddensstëftender Missioun iwwert den Effort de coopération enorm vill gemaach huet. Mir hëllefelen derzou bäidroen, datt d'Ursaachen net méi grouss si respektiv eliminéiert ginn doduerch, datt mer déi Hauptursach vun de Konflikter mat eliminéieren. An dat ass d'Besäitegung vun der Aarmut. Dat ass e laangfristegt d'Zil.

Mir solle soen: Mir kënnen an déi Debatt do Kapp héich goen. Wann et allerdéngs esou enk geréppert gëtt, wéi et de Moment ausgesäit, da kréie mer e ganz schwéiere Stand. An ech mengen, mir sollen deen doten Niveau sprengen. De Konrad Adenauer huet emol eng Kéier gesot: Mir liewen alleguer ënnert deemselwechten Himmel, mä

mir hunn alleguer en aneren Horizont. Eisen Horizont geet an där Hisiicht e bësse méi wäit. Mir mussen eis net bretzen domadder, mä mir kommen awer och net mat eidelen Hänne an déi Debatten.

Här President, zum Schluss wollt ech soen, datt, fir Aussepolitik ze maachen, ee muss d'Masse critique hunn. Mir hunn zueleméisseg a geldméisseg, wa mer eis absolut Zuele mat deenen aneren hiren absoluten Zuele vergläichen, ni - a mir wäerten och ni - déi kritesch Mass errechen. Eis kritesch Mass ergëtt sech aus der Kredibilitéit vun eise Land, vun eisen Efforten, aus der Kohärenz, déi mer an enger Politik, wa se eng Kéier als richtig emfonnt ginn ass, virun investéieren. Déi Kredibilitéit, dat ass am Fong eis Masse critique.

Ech wënschen och, datt déi Efforten - déi an där Hisiicht gemaach ginn, datt mer mat där Kredibilitéit kënnen e klenge Rôle phare an der internationaler Gemeinschaft spillen - 2013 zum Ausdrock kommen. Mir sti voll a ganz hannert der Ambitioun vu Lëtzebuerg fir am UNO-Sécherheetsrot während kuerzer Zäit e Siège ze bekleeden. Mir ënnerstëtzen och all déi Efforten, déi gebraucht ginn - diplomatesch a finanziell -, fir dohinne ze goen. Dat ass en Investissement an d'Zukunft, wa mer déi vill Wetten, déi mer och an deser Debatt erëm eng Kéier op d'Zukunft maachen, wëlle gewannen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Fayot. Den Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, leschte Freidegnomëttel souzen op de Still vun den Deputéierte 60 jonk Leit, Schüler vun Deuixième aus dem Athénée, och eng etlech Deputéierten. Si hunn iwwer Europa diskutéiert, an dobäi huet sech gewisen, dass si Europa als natierlech Dimensioun vun hirem Liwien ugesinn.

Si erwaarde sech allerdéngs vill méi vun Europa, wéi dat, wat et elo ass, nämlech an der Haaptsach en offene Maart. Dat si 17-, 18-jähreg jonk Biergerinnen a Bierger, déi muer mat wile ginn. Si erkennen elo schon d'Chancen an d'Gefore vun der europäescher Politik, an, wat mech beandrockt huet, ass, dass dat net onbedéngt eng béate Europabegeescherung ass, et ass och keng simplistesche Europaskepsis, mä et ass eng positiv an awer kritesch Astellung zu deem, wat d'europäesch Länner amgaange sinn ze maachen.

Déi Astellung huet mech perséinlech gefreet, well ech déi deelen. An ech muss och soen, dass ech an der Ried vum Ausseminister, an der Approche vum Ausseminister gesinn hunn, dass hien d'Noutwendegkeet vun der Europäescher Unioun ënnerstrach huet, net als Selbstzweck, net als institutionelle Waasserkapp, mä als Mëttel, fir Problemer vu Lëtzebuerg, vun der Welt an der Zäit vun haut ze léisen.

Ech wëll soen, dass mir als LSAP natierlech d'Aussen- an d'Europapolitik vun der Regierung, d'Inhalter wéi och déi engagéiert an iwwerleuchte Manéier, wéi se gefouert gëtt, approuvéieren, souwuel vum Ausseminister selwer wéi och vum delegéierten Ausseminister. Den Ausseminister ass als Persoun e liewegen, dynameschen a beléifte Partner op der europäescher an der internationaler Bühn. A mir soen him Merci fir säin Engagement, deen hien ëmmer erëm ënner Beweis stellt.

Ech wëll soen, dass mir als LSAP natierlech d'Aussen- an d'Europapolitik vun der Regierung, d'Inhalter wéi och déi engagéiert an iwwerleuchte Manéier, wéi se gefouert gëtt, approuvéieren, souwuel vum Ausseminister selwer wéi och vum delegéierten Ausseminister. Den Ausseminister ass als Persoun e liewegen, dynameschen a beléifte Partner op der europäescher an der internationaler Bühn. A mir soen him Merci fir säin Engagement, deen hien ëmmer erëm ënner Beweis stellt.

Mir ënnerstëtzen och d'Öffnung vun der Unioun op déi nei Länner vu Süd- an Osteuropa an d'europäesch Perspektiv fir de Westbalkan, fir do Fridden, Stabilitéit, Wuelstand a Rou fir d'Mënschen ze schafen. Et gëtt am Südoste vun Europa Länner, déi grouss Problemer hunn an d'Stabilitéit vun Europa selwer a Fro stellen. Et gëtt do e Kranz vu Problemfelder a Länner, déi direkt ons Stabilitéit an ons Situatioun kënnen beereieren.

Bosnien-Herzegowina ass eng grouss Enttäuschung. Obwuel dat Land am Europaprot ass, trotz groussen Efforté vun der in-

ternationaler Gemeinschaft an deene leschten zéng, zwielef Joer kënn dat Land net zur Rou. An do gesäit een, wat virulenten Nationalismus un Haass ervirbréngt.

Kosovo - mir hoffen, dass d'Kosovo-Fro endlech geléist ka ginn. Europa a ganz besonnesch d'Leit am Kosovo kënnen sech keen neie Gewaltausbroch, keen neie Konflikt zwëscht Serbien an dem Kosovo erlaben. All interesséiert Partner, d'Europäesch Unioun, Russland an natierlech och d'Parteien am Land selwer hunn do eng ganz grouss Responsabilitéit.

Da muss een dréttens onse serbesche Frënn soen, dass d'Zäit vum Nationalismus, vum ethnischen a reliéisen Haass dépasséiert ass, dass dat inakzeptabel ass an extrem geféierlech.

Mir hate gehofft, dass Mazedonien méi schnell zur interner interethnescher Zesummenaarbecht kéim a vun der Konfrontatioun zwëscht ethnische Gruppen ewechkéim. Dat schéngt jo nach net iwwerstanen ze sinn.

An dann e bëssen hannendrun, net wäit dovunner ewech, wann een dat an Avionsstoune kuckt, begréisst mir natierlech déi erneit Beméiungen, fir an Israel a Palästina endlech Fridden ze schafen. Mir hoffen, dass d'Palästinenser hiren interne Sträit bäileeën, der Gewalt ofsoen, grad wéi mer och en Appel un Israel musse maachen, fir mat där Kolonisatiounspolitik opzehalen an d'palästinensescht Vollek ze respektéieren.

Als klengt Land si mer ganz besonnesch interesséiert un deem, wat am Libanon geschitt. Dat Land ass hin an hier gerappt zwëscht interne Faktiounen, déi zum Deel vum Ausland gesteiert ginn. Syrien huet seng Hand do dran. Och den Iran. An dat Land ass erëm eng Kéier um Bord vum Biergerkrich.

Natierlech weess och keen, wéi dee Konflikt am Irak eigentlech ausgeet, deen och elo nach méi komplex gétt duerch d'Kurdefro op der türkesch-irakescher Grenz.

Mir hunn also - an ech mengen, dat ass de Leit zu Lëtzebuerg an och an Europa vläicht net ëmmer esou kloer - an engem relativ noen Émkrees eng gutt hallef Dose vu schwierigen, geféierleche Konfliktfelder, déi mer duerch eng europäesch Aussepolitik musse léisen. Onsen Afloss kann nëmmen esou grouss sinn, wa mer eeneg sinn, fir dat ze maachen. Op jidde Fall kann en nëmmen esou grouss sinn, wéi dee vun den USA a Russland. Wa mer wierklech eeneg sinn an do Solutiounen kënnen ausschaffen, wa mer als Europäer en zolitten diplomateschen Déngscht kréien, wa mer en effikassen Ausseminister - ech gebrauchen dat Wuert trotzdem, obschonn et net méi am Vertrag steet - kréien, deen och d'Ënnerstëtzung vun den europäeschen Länner allequerte kritt.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer op där Südstflank bis erof an den Orient ob kuerz oder laang och d'Türkei brauchen, fir déi Problemer do ze léisen. Mir kënnen d'Türkei dobäi net ausklammern, an ech perséinlech soen lech, dass et interessant ass, net elo, net a fénnef, net an zéng Joer, mä iergendwann eng Kéier d'Türkei mat an der Unioun derbäi ze hunn, fir déi Problemer ze léisen an déi Regioun do ze stabiliséieren, am direkten Intérêt vun ons, vu Lëtzebuerg, vun Europa, fir seng Stabilitéit a fir de Fridden.

Här President, mir deelen och d'Asiicht, déi den Här Ausseminister virbruecht huet, dass d'Globaliséierung eng Erausforderung an eng Chance ass, mä et muss een och erëm besonnesch bei deenen, déi d'Chancë vun der Globaliséierung wëllen ergräifen, ëmmer erëm dorop pochen, dass mer eng politesch Gouvernance um Weltplang mussen hunn, en erneierte Kyoto-Protokoll, eng weltwäit Regulatioun fir d'Hedge-Fongen an d'Finanzfluxen an déi weltwäit Finanzspekulatiounen.

Eng besonnesch Opmierksamkeet fir den afrikanesche Kontinent gehéiert menger Usiicht no och dozou.

Dat heescht schliesslech och eng Währungspolitik - et ass scho virdrun ugeschwat ginn -, an där all grouss Währung hir Verantwortung hält, amplaz sech op d'Käschte vun deenen anere wëllen ze beräicheren. Dat géllt selbstverständlech fir den Dollar, fir de Yen an de Yuan.

Mam Ausseminister sinn ech och iwwerzeegt, dass am Welthandel Géigesäitkeet a Respekt vu méiglechst héije Standardë vu Gesondheetsschutz, Konsumenten- an Ëmweltschutz a vu sozialen Normen mussen duerchgesat ginn.

Ons positiv Astellung zu de Positiounen vun der Lëtzeburger Aussepolitik spigelt sech och an der zoustänneger Kommissioun erëm. Mir hunn eng gutt a permanent Zesummenaarbecht ënner ons an natierlech

och mat der Regierung. D'Regierung steet ons gär zur Verfügung, an déi meescht Décisiounen, déi mer an där Kommissioun huelen, ginn eestëmme geholl.

All Partei ass dobäi beméit, ofgekläert an objektiv dat Beschit fir d'Land ze sichen, an ech wëll dofir jiddferengem Merci soen: der Regierung, natierlech och den Diplomaten, de Beamten, déi ons do zur Verfügung stinn a joraus, jora Ried an Äntwert stinn.

Här President, mir wësse jo säit enger Zäit, dass mer der Europapolitik an onser Aktivitéit méi e grouse Stellwäert wëlle ginn. Mir sinn um Wee dohin. Mir sinn awer nach net ukomm. D'Europapolitik soll en inhärente Bestanddeel vun der politescher Aarbecht vun onsem Parlament sinn. Si soll keng Mauerblimmche sinn, och net d'Kiischt um Kuch. Duerfir musse souwuel d'Chamber wéi och d'Fraktiounen sech besser équipéieren. Si musse sech Europaspzialisten erunzillen. Si mussen de Kontakt mat hirer politescher Famill och an Europa flegen.

All Deputéierten, all Kommissioun muss bei hirer nationaler Aarbecht och d'europäesch Dimensionen mat a Betruecht zéien. Fir dat ze erreechen, brauche mer natierlech d'Zesummenaarbecht mat der Regierung.

Mir hu schonn dorop higewisen, dass Däitschland zum Beispill e Gesetz huet iwwert d'Mat- an Zesummenaarbecht vu Bundestag a Regierung an der Europapolitik a si hunn och en interinstitutionellen Accord ofgeschloss, deen der Regierung an dem Bundestag gewisse Verpflichtungen opgëtt an der Regierung och seet, wéi se dem Bundestag dobäi soll hëllefen.

Ons schwieft en ähnlechen Accord als Chamber vir, mir schaffen och drun. Mir wëllen natierlech do net, dass dat kloer ass, op de Wee vum imperative Mandat goen. Dat hu mer eigentlech ni, weder d'Majoritéit nach d'Oppositioun, esou gefrot. Mir mengen awer, dass mer eng gewissen Influenz op d'Europapolitik wëllen, an déi Influenz wëlle mer duerch ons Aarbecht, duerch d'Kenntnis vun den Dossierien an duerch de Suivi vun den Dossierien erreechen.

Ech wëll och nach soen, dass mer an onser europapolitische Aarbecht och den Usproch hunn, no baussen ze communicéieren. E groussen Deel vun deem, wat mer als Deputéierten heibanne maachen, gehéiert an d'Öffentlechkeet.

Wa mer en Hearing iwwer Europa maachen, gehéiert en op Chamber TV. A wa mer wéi leschte Freideg zum Beispill hei en éischten Hearing mat Jugendlechen ofgehalen hunn, deen iwwereng e Succès war, dann ass dat wichteg, net nëmme fir no baussen, mä et ass och wichteg fir ons, de Feedback, dee mer vun de Leit dobausse kréien. Mir sollen a wëllen domat weiderfuere, an duerfir wëll ech och de Kommunikatiounsspezialiste vun der Chamber Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se do geleescht hunn.

Et ass nach vill Kommunikatioun zu Lëtzebuerg ze maachen, bis et an de Käpp ukënnt, dass e räicht a fortschrëttlech a modernt Lëtzebuerg en Deel vun Europa ass an net op enger Insel leeft. Lëtzebuerg als modernt, souveränt a sécher Land ass dat nëmme mat an duerch Europa.

Här President, e groussen Deel vun der Aussen- an der nationaler Politik leeft am Kader vun der Europapolitik, an d'Europapolitik ass d'Schnëttstell vun deenen zwou Dimensionen.

Mir hunn de Rapport vun der Regierung, deen ons de 24. Mee 2007 iwwert d'Europapolitik virgeluecht ginn ass, begréisst. E gétt ons eng Bestandsopnam, déi interessant ass, iwwert déi wesentlech Dossierien. Doran huet d'Regierung hir Effortë skizzéiert, fir zu Lëtzebuerg d'Reflexioun an d'Diskussioun iwwert d'Europapolitik ze animéieren.

Loosse mer éierlech sinn: Dëst ass a bleift e schwierigen Terrain, well et geet jo net drëm, fir Propaganda...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech hu versicht opzefuerderen, Här Fayot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Et geet net drëm, Här President, fir Propaganda fir d'Europäesch Unioun ze maachen. Ech schwätze Propaganda.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Madame, ech géif elo wierklech drëm bieden, dem Här Fayot sengen Ausféierungen nozuleschten! Et ass net ganz héiflech, wat sech op verschiddene Plazen heibannen ofspillt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Well Propaganda stellt d'Saachen net duer wéi se sinn, mä wéi se ideal sollte sinn. Och d'Eu-

ropäesch Unioun ass net perfekt, esou wéineg wéi d'Demokratie an d'Politik perfekt ass. An d'Bierger dobausse sinn allergesch op d'Propaganda, an ech muss soen iwwerengs, ech och.

(Hilarité)

Èm wat geet et nämlech? Et geet drëm, eng politesch Diskussioun iwwert d'Theme vun der Europäescher Unioun mat de Bierger ze kréien an déi Diskussioun esou ze féieren, dass d'Bierger eppes matschwätzen a matdiskutéiere kënnen.

Mir wëssen zum Beispill, dass et zu Lëtzebuerg vill kritesch Bierger gétt, déi d'Politik vun der Europäescher Kommissioun net nohalte, net sozial, net ekologesch genuch fannen.

Mir wëssen, dass de fräie Bannemaart net ewechzedenken ass. Et muss ee jo soen, dass de fräie Bannemaart e risegen Acquis ass, zwar net perfekt, mä trotzdem ouni Alternativ fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat esou e klenge Maart huet.

Mä et wär gutt, wa bei der Gestaltung vun deem Maart d'Institutiounen, a besonnesch d'Kommissioun méi op d'Bierger lauschtere géifen. Bei der sougenannter Bolkestein-Direktiv zum Beispill ass net mat Zäit erkannt ginn, wat fir e sozialen a politesche Sprengstoff dohanner louch. Si huet - dat ass meng Iwwerzeugung - eng grouss Roll gespillt bei der Oflehnung vun der Europäescher Verfassung a Frankräich.

Ech weess allerdéngs net, ob den Här Barroso déi Lektioen behalen huet. Mir hunn elo e Livre vert iwwert déi sougenannt Flex-Sécurité doleien, fir eng sougenannt Moderniséierung vum Aarbechtsrecht anzeféieren, déi och Sprengstoff enthält a bei där mer oppasse mussen, wéi wäit mer wat den Arbeitnehmer zoumude wëllen.

En anert Beispill sinn d'Verhandlungen iwwert d'Accords de partenariat économique mat den afrikaneschen Länner an de Länner vum Pazifik an der Karibik. Déi Verhandlungen weisen zum Deel och datselwecht Onverständnis. Mir kennen aktiv an engagéiert Leit, déi sech fir d'Entwécklungspolitik asetzen, déi wëlle méi équilibréiert a méi komplex Léisungen, déi zwar d'Mäert och opmaachen, à terme, an trotzdem gewisse Wirtschaftsstrukture schützen.

Den Entwécklungsminister an och elo gëschter den Ausseminister hunn dozou Aussoe gemaach, déi weisen, dass e Sinneswandel amgaangen ass, well et kloer ass, dass bis den 31. Dezember 2007 dat net ofgeschloss ass. D'Approche vun der EU, seet den Ausseminister, ech zitieren en: „soll fair an équilibréiert sinn“, a mir hoffen, dass dat esou geet. Well dat ass net nëmme am Intérêt vun Afrika, dat ass och am Intérêt vun der Akzeptanz vun Europa bei ons.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - En anert Beispill: d'Postliberaliséierung. Wat hu mer do plädéiert? Amplaz de graffe liberale Raster iwwer ganz Europa ze leeën an eigentlech domat keng Problemer ze léisen, loosse mer dat erhalen, wat gutt fonctionnéiert, ouni d'Öffnung op e méi grouse Maart ze verhënnern.

Et bleift, dass dat, wat elo zu deem Sujet zréckbehalde gouf, keng Léisung ass, well d'Fro vum Finanzement net geléist ass a beschtefalls de Stat erëm an d'Täsch gräife muss.

Well wat geschitt nämlech elo an Däitschland, wou jo d'Postliberaliséierung scho wäit fortgeschritt ass an nei Betriber sech opgemaach hunn? Do ass de Loundumping voll a ganz amgaangen. Do gétt eng wëll Konkurrenz praktizéiert, esou dass de Stat herno de Beschäftegte vun esou Privatfirmen eppes bäisteiere muss, fir dass se kënnen iwwerliewen.

Dofir ass et eng grouss Chance fir Lëtzebuerg, dass mer e gesetzleche Mindestloun hunn, fir dass dat op jidde Fall, wat do an Däitschland geschitt, net bei ons ka geschéien.

Mä nach fannen ech, dass d'Kommissioun sech d'Saach vun der Liberaliséierung heiansdo ganz einfach mécht.

Ech bedauern och an deem Zesammenhang, dass d'Kommissioun nach ëmmer net wëlles huet, eng transversal Kaderdirektiv iwwert d'öffentlech Déngschtleschtunge virzeleeën. Ech ginn elo net an den Detail dovunner. Ech weess, dass an deem neie Vertrag e Protokoll doriwuer ass an dass d'Kommissioun geschwé wëllt eng Kommunikatioun doriwuer maachen.

Mä menger Usiicht no brauche mer, wéi mer zum Beispill eng transversal Sozialklausel am Traité réformateur hunn, an och eng transversal ekologesch Regelung, och eng

fir d'öffentlech Déngschtleschtungen. Well fir d'Strukturéierung vun engem Land an de gläichen Zougang zu dese Services, e gläichméisseg héijen a performanten Déngscht am Transport, an der Gesondheet, an dem sozialen Encadrement, an der Erzéiung, an der Weiterbildung, an der Kultur, ass esou eng Gesetzgebung noutwendeg.

Här President, ech wollt als Zweet zu onse militäreschen an humanitären Asätz an Afghanistan, am Libanon, am Kosovo, muer am Tschad, virdrun a Bosnien, zu Rafah an och am Kongo am Kader vun den OMP-Missiounen e puer Wuert soen.

Bis elo sinn déi Missiounen an der Öffentlechkeet wéineg diskutéiert ginn. Et kann een also unhuelen, dass se eng grouss Akzeptanz hunn, soulaang se roueg oflafen. Dës Asätz sinn awer ni ouni Gefor, obscho mer Missiounen ze erfüllen hunn, déi a priori manner geféierlech ausgesinn. Mä d'Iwwerwaache vum Flughafen vu Kabul oder d'Escorte ausserhalb vum Flughafen, déi Lëtzeburger Zaldoten och iwwerhuelen, sinn net géint Selbstmordattentäter immun.

Den Déminage am Libanon ass geféierlech wéinst deene ville mäerderesche Streebommen, déi am leschte Krich do iwwert d'Land vun der israellescher Aviatioun gepucht gi sinn. Iwwerengs begréisst ech, dass d'Regierung de Projet de loi iwwert d'Streebommen, also d'Bombes à sous-munitions, ee Projet, deen d'Chamber d'lescht Joer eestëmme heit an enger Motioun gefrot huet, elo fäerdeg huet an dass en elo geschwénn déposéiert gétt, an dass och dozou net nëmmen d'Produktioun an de Commerce, mä och de Finanzement vun deene Streebomme weltwäit ze erreechen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Ech wär frou, wann den Här Minister ons kéint confirméieren, dass och Lëtzebuerg un deem internationale Prozess deelhält, fir à terme, wéi bei de Mines antipersonnel och, eng Interdictioun vun deene Streebomme weltwäit ze erreechen.

Zréck zu de militäreschen Asätz. Eng direkt Zilsetzung ass et jo, de Fridden ofzesécheren, a Länner Recht an Demokratie hierstellen, géint verbriecheresch a fanatesch Regimer virzegoen. Indirekt wësse mer, dass ons Sécherheet an ons Onofhängegkeet duerch d'Solidaritéit vun a mat anere Länner garantéiert gétt. Mir musse selwer déi Solidaritéit praktizéieren a kënnen ons net nëmme mam Scheckheft erëmkafe.

Et ass och e Beweis vun onser Eegestännegkeet, wa mer dat fäerdeg bréngen. An dass mer dat fäerdeg bréngen, verdanke mer deenen Zaldoten, deenen Offizéier an Ënneroffizéier, déi sech dofir hierginn. Un der Politik ass et, bei onse beschränkte mënschleche Ressourcen intelligent Léisunge fir de beschtméiglechen Asaz vun onser Arméi auszeschaffen.

Här President, ech gehéieren zu enger Generatioun, déi den obligatoresche Militärdéngscht nach matgemaach huet. Ech hunn net weider drënner gelidden, muss ech éierlech soen, well mir si vill spadséiere gaangen. Mä mir hunn ons dach oft Froen iwwert den Notze vun onser militärescher Tätigkeet deemools gestallt.

D'Diskussioun iwwer d'Arméi huet d'Lëtzeburger Politik jorzéngtelaang geprägt. Dofir ass et haut nach schwéier, eng grouss Akzeptanz fir militäresch Ausgaben ze kréien; wat d'Aarbecht vun de Ministeren net erliichtert, déi an den NATO-Réuniounen ëmmer erëm ënner Drock gesat ginn, fir méi Suen opzebréngen. Dofir war a sinn ech der Iwwerzeugung, dass mer als klengt Land net a grouss Truppekontingenter investéiere sollen a kënnen.

Mir brauchen zwar e Stack vu fräiwëllegen Zaldote fir Iwwerwaachung, Begleedung, d'Beschütze vu Friddensaktivitéiten, mä onsen Interessi läit an der Spezialisatioun, am Déminage, an der Waasseropbereedung, an der Organisatioun vun Operatiounen, an Opbau vun neie Strukturen. Saache mat enger méiglechst héijer Plus-value. Also, op engem Feld zwëscht militäreschen an humanitären Aufgaben. Ons Militärausgabe mussen novollzéibar sinn, net Selbstzweck sinn.

Ech fannen och, dass et e bësse simplisteschesch vun der NATO ass, d'Prozenter vun

Bruttoinlandsprodukt als Miesslat vun onsem Asaz ze huelen. Dat gëtt weder vun de Leit nach vun der Politik zu Lëtzebuerg ugeholl. Do kann ee sech dréien a kéieren, wéi ee wëllt.

Natierlech wëlle mer jo dann och an der Duerstellung vun onsem Asaz onsen héijen Undeel un Entwécklungspolitik erwähnen. Ech mengen och, dass een do den zivilen Asaz vun Diplomaten, Dokteren, Infirmieren, Interpreten, Verwalter, d'Partizipatioun vun ONGe bei Katastrophen, d'Geld, wat mer fir d'Ausmerze vun Nowéie vu militäresche Konflikter ausginn, derbäi soll rechnen. Wa mer dat maachen, da sinn ech iwwerzeugt, dass mer genuch Mëttele fannen an onsem Budget, fir international eppes Nätzlechtes ze leeschten.

Här President, als drëttes Sujet wëll ech eppes soen zu onser Relatioun mat e puer grouse Länner. Mir hu mat den USA säit dem Zweete Weltkrich eng speziell Relatioun vu Frëndschaft a Partnerschaft. Dës Relatioun wuerzelt an der Erënnerung un ons Befreiung duerch d'Amerikaner vun der Nazi-Diktatur. Si huet ons nom Krich och géint d'Sowjet-Expansioun geschützt an ons Fräiheet erhalen. Duerch d'Europäesch Gemeinschaft hunn d'Grënnerstaaten hiert eegent Schicksal erëm an de Grëff krut. D'wirtschaftlech a militäresch Ofhängegkeet vun den USA gouf no an no duerch eng Partnerschaft ersat.

Haut hu mer als Europa mat den USA eng gläichwäerteg a staark Relatioun, souwuel un politesche wéi um wirtschaftleche Plang. Politesch kann a muss déi Relatioun och emol kritesch kënne sinn, ouni an e plompen AntiAmerikanismus ze falen. Dat huet sech beim Irak-Krich gewisen. Mir wëssen, dass d'USA onémgängelech sinn, wann et drëm geet, de Friden an der Welt ze sécheren. Mir wëssen awer och, dass d'Relatiounen zwëschen de Länner net op Hegegonie opgebaut kënne ginn, mä op d'Recht vun all Land, säin eegene Wee anzuschloen.

D'USA huet et leider an de leschte Joren oft fäerdeg bruecht, géint sech ze polariséieren. Sozial Ongerechtegkeet, Aarmut, Korruptioun, organiséiert Kriminalitéit sinn oft genuch énnert den Teppich gekiert ginn, wann ee Regime sech gutt mat den USA gehalen huet. Dann entstinn natierlech virulent Reaktiounen a Länner, besonnesch um amerikanesche Kontinent. Dann entsti par ricochet gelungen Allianzen, wéi déi zwëschen Venezuela, Iran, Nordkorea, déi natierlech näischt Guddes verheeschen.

D'Erkenntnis, dass een d'Recht vun de Länner, hiren eegene Wee ze goen, respektéiere soll, ass allerdingens net einfach duerchzusetzen. Vill Länner entsprechen onsem Demokratieverständnis net. Oft ginn déi elementar Fräiheeten net respektéiert. Diktature ginn oft zesumme mat krasser Aarmut, Honger an absoluter Perspektivlosegkeet, mat Énnerdréckung a Folter. Beispiller gëtt et genuch, bis an déi allerleschte Vergaangenheet.

Et ass dofir d'Recht vun der internationaler Gemeinschaft, dogéint unzegoen. Dofir ass d'UNO gegrënnt ginn. An d'UNO eleng huet d'Recht, Gewalt anzusetzen, wann et da muss sinn. Mä jiddfere weess och, dass jee no der Gréisst an der wirtschaftlecher Kraaft vun engem Land d'international Gemeinschaft méi oder wéiniger streng ass. D'Hypokrisie ass grouss op deem Gebitt, bei de State wéi bei de Bierger.

Et ass wichteg, dass et ONGe gëtt wéi zum Beispill Amnesty International, déi drop hiweisen, wéi zum Beispill a China d'Repressioun trotz dem Olympia-Joer weidergeet, wéi den Tibet gefüeg gemaach gëtt, wéi am Myanmar elo gebotzt gëtt no deem Opstand, a wéi a Russland Journalisten ëmbruecht oder ënner Pressioun sinn.

Mir wëllen a sollen awer am Erdeele vu Lektione bescheide bleiwen, well d'Realitéit si komplex. Ech wëll just ee Beispill huelen.

Och wa mer wëssen, dass op Kuba eng Diktatur ass an d'Menscherechter net ëmmer esou respektéiert ginn, wéi mir dat wëllen, wësse mer och, dass dës Diktatur eng aner ersat huet, déi vun den USA ënnerstëtzt gouf, an déi och eng schlëmm Diktatur war. Dat entschëllegt net, dass d'USA fënnf Kubaner wéinst Spionage am Priesong an Amerika sëtzen huet an hinnen dat

elementaart Mëscherechter virenhält, fir vun hirer Famill Besuch ze kréien. Et ass ze erhoffen, dass et geléngt, a Kuba e gewaltlose Wee aus der Diktatur an eng normal Demokratie ze fannen an déi onbestreitbar Acquisen an deem Land ze erhalen.

Den Embargo vun den USA géint Kuba gëtt vun der Weltgemeinschaft bal eestëmmege refuséiert, well en an der Haaptsaach d'Mëscherechter trifft a soss näischt bréngt. An ech sinn iwwerzeugt, dass, wann et den Embargo net géif, Kuba sech scho laang wirtschaftlech entwéckelt, senge Leit méi en héije Liewensniveau ginn hätten an d'Fräiheete méi grouss gi wären.

Duerfir: Fazit fir Lëtzebuerg an Europa, iwwerall do, wou et geet, Relatiounen vun Dialog a Partnerschaft opbauen, wou déi Démarche dozou bäidréit, Länner opzemaachen, hir Regime ze demokratiséieren, hir Wirtschaft ze entwéckelen an de Wuelstand ze verbessern.

Och mat Russland musse mer als Europa an hei zu Lëtzebuerg e rouegen an normalen, intensiven Dialog féieren. Mir wëllen dat och hei an der Chamber mat onser Kollege Parlamentarier souwuel an der Duma wéi och mam russesche Statsrot maachen. Mir wëllen eng permanent Relatioun opbauen, well dat erlaabt ons, een deen anere kennen ze léieren, an et ass bedauerlech, dass mer an der Fro vun dem Partnerschaftsofkomme mat Russland och wéinst där Fro vun de Rakéiten a Polen an Tschechien net weiderkomm sinn. Dat ass e schlechten Ausgangspunkt, fir weider mat Russland ze schaffen.

Här President, fir ofzeschléissen: Mir wëssen, dass Aussepolitik zu Lëtzebuerg eppes anescht ass wéi an Däitschland oder a Frankräich. Onsen Diplomateréseau ass kleng a konzentriert. Mir hu keng Muechtinteressen. Mir hu keng kolonial Vergaangenheet. Mir maache kengem Angscht. Ons Aussepolitik ass enk verbonne mat der europäescher Aussepolitik.

Mä, ob mer dat nu wëllen oder net, mir sinn nun eemol an der Welt dran. Mir solle sécher dovunner profitéieren, mä mir hunn de politesche Wëllen, ze hëllef, Friden ze stëften, déi universal Mëscherechter an d'Wärter vun der Demokratie duerchzusetzen am Respekt vun der Eegenheet vun de Mëscherechter.

E klengt Land an enger grousser Welt huet vill Méiglechkeeten, nätzlech a solidaresch ze sinn. Mir si frou, dass ons Aussepolitik dat schonn erreecht huet an erreeche wëllt, a mir ënnerstëtze se voll a ganz dobäi.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Asselborn Merci soe fir seng Aschätzung vun der internationaler Lag, déi hie gëschter gemaach huet. Dat war eng breet gefächert Aschätzung, déi et natierlech och dann net erlaabt, op alle Punkten a vill Detailler ze goen. Mä trotzdem sinn ech - wéi d'Fransouse géife soen - resté sur ma faim, well d'Beschreibung vun der internationaler Lag ass dat eent, dat anert awer ass - an do mengen ech, war d'Interventioun gëschter vläicht eng Grëtz ze kuerz -, wat de Rôle ka si vu Lëtzebuerg an deene Konflikter.

D'Fro, déi ee sech stellt, ass, ob de Rôle vun der Lëtzebuurger Aussepolitik effektiv doranner besteet, sech komplett opzeléisen an enger Aussepolitik vun der Europäescher Unioun - oder deem, wat deen Titel do scho géif verdéngen -, oder ob mer et net awer kënne fäerdeg bréngen, och mat enger gewëssener Visibilitéit Akzenter ze setzen an där europäescher Aussepolitik an dann och hei virum Parlament ze erklären, wéi eng Akzenter dass dat kéinte sinn a wou mer kéinten eng eege Lëtzebuurger Roll spillen.

Ech wäert duerfir eng an enzel Themen dem Ausseminister eng Fro stellen, an ech wier natierlech frou, wa mer duerno bei senger Reaktioun och kéinten op déi Froen Äntwerte kréien.

Ech wäert probéieren, elo net nëmme Rediten ze maache vun deem, wat d'Virriedner scho gesot hunn. Do ass ganz viles derbäi, wat mir och kënne ënnersträchen. Ech wäert och do e bësse méi kuerz bleiwen, wou anerer schonn exhaustiv waren, well ech net mengen, dass et vill bréngt, dass all d'Leit datselwech hei soen.

E puer Saachen awer: Déi Éischt, fir eng kéier kuerz zréckzekucken, wat dann am leschte Joer geännert huet. Et sinn elo zwie-

lef Méint vergaangen zënter der leschter aussepolitescher Deklaratioun an Debatt, an et ass vläicht och interessant ze kucken, wat aus eiser Vue déi Aspekter sinn, déi am leschte Joer, an deene leschten zwielef Méint, geännert hunn.

Och fir eis ass den Haaptpunkt, deen erauszestrichen ass, deen, dass d'Europäesch Unioun sech zu engem gudden Deel aus der politescher Kris erausbeweegt huet. Den Traité, deen den 13. Dezember zu Lissabon wäert ënnerzechecht ginn, deen dann och den Numm Traité vu Lissabon dréit - och wa ganz vill Elementer vun deem Traité nach aus der däitscher Présidence konnten eriwirgerett ginn -, deen huet et wierklech fäerdeg bruecht, dass eng laang unhalend Kris e provisoireschen Ofschluss fonnt huet.

Deen Text wäert eis méi Biergerrechter bréngen, e wäert eis op ganz ville Punkte méi politesch Unioun bréngen, méi Décisiounen oder Regele vun der Majoritéit a vun der Codéisioun mam gewielte Parlament. E bréngt eng horizontal Émweltklausel an e bréngt och den Émweltschutz an de Klimaschutz virun allem als eent vun den Ziler vun der Unioun. Dat si Fortschreiter, déi am Joer 2007 konnten erziilt ginn.

Net ganz d'accord si mer allerdingens mat der Ausso, déi am Vertrag selwer gemaach gëtt, dass mat dëser Reform déi institutionell a strukturell Problemer vun der Unioun och definitiv geléist wieren. Mir mengen, dass et nach ëmmer e gewëssene Legitimationsdefizit um Niveau vun den europäeschen Institutionen gëtt.

Wann een de Wee kuckt, deen zënter Laeken gemaach ginn ass - dat war jo do, wou den Optrag erdeelt ginn ass viru sechs Joer, fir dass de Konvent sech mat engem neien Traité soll ofginn -, da gesäit een, dass nach ëmmer vill ze maache bleift.

Et ass och duerfir mat Sécherheet eiser Meenung no net déi lescht Reform, déi d'Europäesch Unioun wäert kennen, a mir leeën eis souguer esou wäit aus der Fënster, ze behaupten, dass et duerchaus kéint sinn, dass déi nächst Reform scho wäert ënnerwee sinn, ier déi Ännerungen, déi an deem Traité drastinn, déi bis zum Joer 2017 deelweis sollen lwwergangsregele beinhalten, oder net solle beinhalten, all hir Effet no sech gezunn hunn, wann den Traité dann, wat mer ganz staark hoffen, bis 2009 ratifizéiert ass.

Zweet Ännerung vun dem Joer 2007 ass eiser Meenung no, dass am Beräich vun Klimawandel a vum noutwendege Klimaschutz eng Prise de conscience stattfonnt huet. Déi gesäit een och dorunner - net eleng, mä och dorunner, an dat wëlle mer ënnersträchen -, dass am Joer 2007 de Fridensnobelpräis un den Al Gore gaangen ass an un den IPCC, wat och ënnersträicht, wat mir deelweis scho laang soen, dass Klimaschutz net nëmmer eng Fro vun der Émwelt ass, mä dass haut och um héchsten internationale politeschen Niveau unerkannt gëtt, dass aktive Klimaschutz och aktiv Fridenspolitik duerstellt an och nach där gudder, nämlech där preventiver, wann ee se dann eescht genuch hält. Dat ass fir eis e ganz staarke Punkt gewiescht am Joer 2007.

Drëtten neie Moment ass d'Wiel vun neie franséische President. Och do hu Saache geännert. De President Sarkozy wëllt d'Roll vu Frankräich an Europa änneren, hie wëllt säi Land änneren. Wann ee kuckt, wat hien innenpolitesch mécht, dann huet een d'Gefill, dass hie wëllt op enger ganz rietser, konservativer Schinn fueren an d'Land mat wirtschaftsliberale Reforme vun där Schinn ofbréngen, op där Frankräich laang war.

Europäesch huet een éischer den Androck, dass hie probéiert, de Contraire ze maachen. Europäesch probéiert hien éischer, Wieder wéi Protektionismus och um europäeschen Niveau nees salonfäeg ze maachen. An hie probéiert och do, notament wat de Rôle vun der Zentralbank betrëfft, e Stéchwuert wéi d'politesch Responsabilitéit an den Discours ze bréngen.

Mä hien huet awer onbestreitbar am Moment eng politesch Wierkung, souwuel a sengem Land wéi och an Europa. An déi soll een zur Kenntnis huelen, well ech mengen, dass déi Wierkungen do nach net eriwirger sinn an dass mer eis nach méi eng kéier wäerte mat Initiativen aus Frankräich misse beschäftegen. Wat also och fir eis en neie politesche Moment ass.

E véierte politesche Moment, dee fir eis wichteg war dëst Joer, ass deen, dass mer hei zu Lëtzebuerg elo awer op den 1. November d'fräi Zirkulatioun op praktesch all déi nei EU-Memberstaaten ausgeweit hunn. Mir hu scho méi laang dofir plädéiert, well mer gesot hunn, et wär net sénnvoll, do nach wëllen ofzewarten; et hätten een nëmmer ze gewinnen un enger offensiver Hal-

tung op där doter Fro, notament an der Relatioun mat deene Länner.

Dat huet eng Weilche gebraucht, bis dat sech um Niveau vun der Regierung och duerchgesat huet, mä elo si mer esou wäit. An déi Ouverturen, déi mer elo hunn, hale mir fir richtig. Och dat bréngt eis um europäesche Kontinent e Stéck méi no beieneen. Déi Fräizüggkeet fir d'Bewegung vun de Leit ass eiser Meenung no e ganz wesentleche Punkt, un deem d'Qualitéit vun der europäescher Integratioun sech ka festmaachen.

Fënneften a leschte Punkt, deen ech wëllt erauszestrichen, wat sech an deem Joer fir eis geännert huet, ass dat wat a Russland geschitt ass. Russland ass potenziell an och reell ee vun den éischte Partner vun der Europäescher Unioun. Russland, deem säi Selbstbewusstsein nees klëmmt, wat eigentlech keng schlecht Nouvelle ass, ass awer am Moment op engem politeschen an och ekonomeschen Konfrontationskurs mam Westen.

Russland huet kierzlech am Sträit iwwer d'US-Rakéitenofwieranlagen an Osteuropa seng Drohung wouergemaach an den Traité iwwer déi konventionell Sträitkräften an Europa opgekënnegt. Och dat ass eng vun de ganz markanten Entwécklungen vun deem Joer, wou ech denken, dass mer vläicht net genuch an der Deklaratioun vum Ausseminister drop agaange sinn. Dat ass wierklech e Fait marquant politique de premier ordre, deem seng Auswierkungen och nach net am Moment genee anzeschätze sinn.

Et hunn awer och eng Rei Saachen an de leschten zwielef Méint net geännert. An zwar huet net geännert, dass déi europäesche Debatt zu Lëtzebuerg nach ëmmer net anescht ginn ass. Mir hunn deemools, nom Referendum am Joer 2005, eis alleguerte Saache virgeholl an de Leit versprach, dass mer den europäeschen Dialog géife verbessern an intensivéieren. A mir hunn et versprach, dass mer en vue vun de Wahlen 2009 eng Rei Ännerunge géife bréngen.

Et gesäit awer nach ëmmer esou aus, wéi wann déi Trennung vun de Wahlgäng, déi enzel Parteien heibanne bis haut ënnerstëtzen, net wäert stattfannen. Dass mer also nach ëmmer, och 2009, nëmmer eng eenzeg Debatt am Land wäerten hunn, déi fir déi zwee Wahlgäng soll gellen. Dat huet also net geännert.

Wat och net geännert huet, dat sinn déi ëmmer méi héich Pétrolspräisser an Europa. Mir wonneren eis alleguerten zënter Jore schonn ëmmer nees iwwer nei Rekorder, déi opdauchen. An da gëtt nees gesot: Dat kann dach net sinn, dass déi Präisser esou héich sinn, dass déi Präisser net falen!

Ech ka mech nëmme wonneren, dass sech gewonnen gëtt iwwer déi héich Präisser. Well mir liewen an enger Maartwirtschaft, an et gëtt gemaach wéi wann de Pétrol, grad de Pétrol, sech de Regele vun der Maartwirtschaft misst kënne entzéien. D'Präisser vun Pétrol wäerte weiderhi klammen, well an der Maartwirtschaft falen d'Präisser ëmmer nëmmer an engem eenzege Fall. Wann dauerhaft a stabel d'Demande ënnert der Offer läit.

Mä d'Demande geet feilaarteg an d'Luucht. Net nëmmer an deenen neien Ekonomien, déi boomen, a China oder Indien oder Brasilien, fir déi dräi traditionell do ze nennen, mä souguer an Europa och. Och bei eis geet de Konsum nach monter an d'Luucht. Wouhier hält een do d'Hoffnung, dass d'Pétrolspräisser kéinte falen, wann dauerhaft d'Demande an d'Luucht geet, an och nach zollid an d'Luucht geet? Dat ass mat näischt ze begrënnen.

D'Präisser wäerten also dauerhaft steigen. Wat mat sech bréngt, dass substanzuell Deeler vun eiser Economie, vun eiser Wirtschaft do entzu ginn. Wann ee wëllt, dass de Konsum, dass d'Demande eng kéier géif falen, da muss een ee fir allemol sech eng seriö Strategie ginn, fir d'Ofhängegkeet vun der nationaler Economie vun där doten Energie ze verréngeren. Dat ass dat Eenzege, wat hëllef. Wann een et zumindest géif national fäerdeg bréngen, d'Demande dauerhaft ze stabiliséieren an och erofzékéien!

Dat huet och Auswierkungen op de Klimawandel. Och dat huet 2007 net geännert. Och zu Lëtzebuerg ginn d'Emissiounen weider erop. Mir sinn also wäit dovun ewech, d'Ziler, déi mer eis gesat hunn, ze erreechen. Mir sinn nach ëmmer amgaange monter an déi aner Richtung drop lasszegoen.

Eisen Ausseminister huet eng energiepolitesch Ausso gemaach an deem dote Kontext, wou e gesot huet, méi Atomstrom ass keng Äntwert fir d'Reduktioun vun den CO₂-Wärter. Dozou zwou Froen.

Déi éischt ass: Wann Der sot, Här Minister, dass méi Atomstrom keng Äntwert ass, bleift awer eng Fro net beäntwert. Manner Atomstrom ass vläicht eng Äntwert an eppes wat ee muss ustriewen. Är Formulatioun war an deem Sënn geschéckt, well se gesot huet, mir wëilten eis engem weideren Ausbau net onbedéngt uschlëssen, mä et wier awer och interessant ze héieren, wéi et da soll generell mat där doten Energie an Ären Ae viruogen.

Well mir sinn duerchaus der Meenung, besonnesch - an ech kommen herno nach dozou - a Relatioun mat Afrika, dass manner Atomstrom duerchaus eng Léisung ass.

Mir géifen och gäre vum Ausseminister wëssen, firwat dass déi Lissabonner Erklärung net vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn ass, déi seet, dass ee soll den Euratom-Traité reforméieren. Dat war jo scho beim viregten Traité de Fall. Et ass eng Initiativ vun eenzelne Memberlänner fir den Euratom-Traité ze reforméieren. Lëtzebuerg huet déi Initiativ net mat ënnerschriwwen.

Mir sinn der Meenung, dass dat net richtig ass. Mir hätten och dofir gäre eng Erklärung, woufir dass dat esou ass.

Wat och net geännert huet, dat ass, dass d'Situatioun vun de Biergerrechter weltwäit, mä och a Westeuropa sech ënner dem Androck vun der Lutte contre le terrorisme net onbedéngt verbessert huet. Och do gëtt et ëmmer nees nei Aschränkungen, nei Iddien, wéi ee kann d'Rechter vun de Bierger wann net beschneiden, dann zumindest deelweis a Fro stellen.

Do misst Europa mat vill méi Selbstbewusstsein eisen afrikanesche Partner géintwärtig a soen, dass déi dote Logik et net bréngt, dass mer domadder net virukommen, dass mer domadder wierklech jiddfereen a sengen individuelle Rechte beschneiden, ouni awer dass mer an der Substanz vun deem, wat déi Konflikter ausmécht, déi mer op der Welt kennen, an och wat de Rôle vun den Amerikaner an deene Konflikter betrëfft, weiderkommen.

Do muss een eng Kéier kënne soen, dass et stopp ass mat där doter Logik, dass ee muss eng Kéier soen, mir hätten nees gären, dass mer d'Rechter vun de Leit bestäerken. Mir streide fir eng fräi Welt. Mir streide fir eng Welt, déi d'Rechter vun de Bierger héichhält. An dat kann net doduerch an der Praxis geschéien, dass een déi Rechte, déi een héichhält, an der Wierklechkeet beschneit oder aschränkt.

Um Balkan huet sech och net vill geännert. Do preparéiert sech eng nei Destabiliséierung. De Récktrëtt vum serbesche Ministerpresident vu Bosnien-Herzegowina als Reaktioun op d'Ernennung vun EU-Beoptragte Lajcak ass e kloert Warnsignal; genausou wéi déi verstärkten Amëschung vu Moskau a vu Belgrad.

Dat kéint dorop erauslafen, dass Moskau den 21. November am UNO-Sécherheetsrot säi Veto géint eng Verlängerung vun EU-FOR-Mandat wäert aleen. Dann hätt och d'EU kee Mandat méi, kee Polizist a kee Militär méi a Bosnien mat engem Mandat. En plus gesäit et momentan duerno aus, wéi wann am Dezember och keen Accord kéint fonnt ginn iwwert den zukünftege Statut vum Kosovo.

Mir Gréng fäerten, dass, wann et hei net am Laf vun den nächste Méint zu engem Accord iwwert d'Onofhängegkeet vum Kosovo kënnt, Europa vläicht seng lescht Chance op eng friddlech Léisung an där doter Géigend vun Europa verspillt.

D'EU muss hir Efforten um Balkan onbedéngt verstärken. Dat weisen och déi lescht Fortschrittsberichter vun der Europäescher Kommissioun. Well ausser a Kroatien an deelweis a Montenegro gëtt et, wat Justizverwaltung a Mënscherechter ugeet, weder Fortschritter a Bosnien-Herzegowina nach an Albanien nach a Mazedonien nach a Serbien oder am Kosovo.

Den Noen a Mëttleren Osten huet och net vill geännert; bleift e Pulverfaass. De Konflikt tëschent de Palästinenser an den Israelien ass net geléist an déi bluddege Rivalitéiten a Muechtkämpf tëschent der Fatah - an der Hamas-Fraktioun si schlussendlech a kengem sengem Intérêt; och net an deem vun Israel.

Mir rejoignéieren op deem Punkt - an domat kënne mer eis kuerzfaassen - all d'Développement, déi den Ausseminister gëschter bei senger Deklaratioun gemaach huet.

Och bei den Noperen am Libanon ass d'Situatioun en vue vun der Presidentschaftswahl no der Ermordung vu véier antisyesche Parlamentarier nees eng Kéier destabiliséiert ginn.

Den Iran huet 2007 och net vill geännert, hält weiderhin u sengem - den eegenen Aussoen no - zivilen Atomprogramm fest.

Seng extrem aggressiv Haltung vis-à-vis vun Israel verschäerft d'Spannungen an der Region a bitt virun allem ënner anerem och neokonservative Leit an den USA eng ideal Geleeënheet, fir genausou aggressiv mam Säbel ze rasselen an e Militärschlag géint den Iran ze fuerderen an och an hiren Aussoen ëmmer méi an der Öffentlechkeet present ze maachen, an domat och an de Käpp present ze maachen.

Den NATO-Partner Türkei schëtt momentan och nach Uelech op dat Feier, andeems en dréit, an d'irakesch Kurdegebiddere anze-marschéieren.

An den neie Militärputsch a Pakistan, enger offizieller Atommuecht, gëtt deser Kriseregion nach eng wesentlech méi schlëmm Dimensioun.

Pakistan ass e gutt Beispill, dat weist, dass eigentlech villes op der Welt net maîtresiert ass. Et huet ee gesinn, déi viregt Woch, wou d'Angela Merkel an Texas war op dem Här Bush senger Ranch, déi haten e bestëmmten Agenda fir déi Réunioun do virgesinn, an et huet een, wann een „Die Zeit“ gelies huet, kënne gewuer ginn, dass deen Agenda méi wéi eemol a kierzester Zäit, souguer nach deen Dag virdrun, huet misse ofgeännert ginn, ënner anerem wéinst deem neie Militärputsch a Pakistan.

Wat weist, dass och do de Wäitbléck net esou grouss ass; wat beweist, dass och d'Amerikaner déi dote Situatioun mat hirem laangjähregen an traditionellen Alliierten net maîtresieren. Wat weist, dass dat, wat a Pakistan amgaangen ass ze geschéien, am Moment vu kengem maîtresiert gëtt. An et freet ee sech souguer, ob et a Pakistan selwer iwwerhaupt vun engem maîtresiert gëtt.

D'Resultat dovun ass, dass den Antiamerikanismus, reliéis a politesch Radikalisierung, Terror a Chaos an där ganzer Region do vun der Welt ëm sech gräifen, an eigentlech war dat jo d'Zil vun Al Qaida, mat hiren Attacke vum 11. September 2001! Dat Zil - muss ee leider mat sechs Joer Recul festhalten -, dat schéngt se op deenen dote Punkten zumindest erreicht ze hunn. An dat ass schlëmm genuch!

Och an Afghanistan bleift d'Situatioun kriddelech an den Afloss vun der Zentralregierung vu Kabul geet knapps iwwert d'Grenze vun der Hauptstadt selwer eraus. Dat muss een och do realistesch esou gesinn. Et ass awer trotzdeem richtig, dass déi international Mission, och mat Lëtzebuurger Bedeelegung fir d'Ofsicherung - wat eise Rôle betrëfft - vum Flughafe Kabul respektiv d'Ofsicherung vun de belschen Démineuren, op der Plaz bleift. Et war och dofir eiser Meenung no eng richtig Décisioun, fir déi Missioun ëm ee Joer ze verlängeren.

Et geet allerdéngs, wat den Iran betrëfft, dann net duer fir nëmmen den Iran ze kritisieren. Och mir si frou iwwert dat, wat den Ausseminister gëschter gesot huet an och wat aner europäesch Politiker a Spëtzepolitiker scho gesot hunn, dass et eng kloer Ofso soll ginn un dat Säbelgerassel, an dass een net op de Krich setzt, fir eng Léisung vun deem dote Konflikt erbäizeféieren. De Krich ass kee Mëttel fir de Friden. Dofir si mer och wierklech iwwert déi Ausso frou, well och mir der Meenung sinn, dass déi Solutiounen, déi ugestrief ginn, mussen am Kader vun der UNO fonnt ginn.

Mir hunn en Organ op der Welt, wat zoustänneg ass, fir sech mat esou Froen ze beschäftegen. An et ass an deem Kader do, wou muss international zesummegeschafft ginn. Mir halen näischt vu Säbelgerassel ausserhalb vun deem dote Gremium, wat eiser Meenung no de Konflikt méi erbäibeschwiert a -riet, wéi dass et e kéint verhinieren. Ech fannen, dass déi Beispiller, déi den Här Goerens virdu ginn huet vu gestanene Politiker, wéi zum Beispill den Här Kissinger, eigentlech effektiv interessant Unhaltspunkte sinn, och an deem dote Kontext.

Drëtte Punkt ass deen, wat dann eiser Meenung no 2008 sollt prioritär änneren. Nom Réckbléck den Ausbléck.

Punkt 1 fir eis - an dat wäert lech vläicht net iwwerraschen - ass Kyoto respektiv Post-Kyoto, d'Reunioun vu Bali am Dezember. Eiser Meenung no muss an deem Kader do ganz kloer gewise ginn, dass dem Nicholas Stern säi Bericht, deen hien deemools fir déi britesch Regierung gemaach huet, verstanen ginn ass.

Ech rappeléieren, dass dee Bericht op eng androcksvoll Aart a Weis gewisen huet, dass d'ekonomesch Käschten, déi de Klimawandel wäert produzieren, méi héich sinn, wéi déi Käschten, déi mer missten opbréngen a finanzieren, fir d'Preventiouns- a Gégemoosname kënnen ze realisieren. Näischt maachen - op Lëtzebuergesch gesot -, gëtt d'Weltwirtschaft ëm e Villfaches méi deier, wéi elo scho seriö an direkt

Moosnamen am Beräich vum Klimaschutz an d'Wee ze leeden.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Hie confirméiert domadder dat, wat mir als Gréng zënter laange Jore fuerderen. Ouni schnell an effikass Klimaschutzstrengeunge wäerten déi global Konsequenz vum Klimawandel eis souwuel sozial- wéi wirtschafts- an ëmweltpolitesch wesentlech méi deier ginn.

Do dernieft réckelt awer neierdénge nach eng weider dacks vergiessen Dimensioun vum Klimawandel an den Zentrum vun den öffentlechen an de politeschen Debatten: Den ongebremste Klimawandel a seng Konsequenz stellen eben och en akute Sécherheetsproblem fir dese Planéit duer.

De 17. Abrëll vun diesem Joer huet sech dofir den UN-Sécherheetsrot eng éischte Kéier ëmfaassend mat de sécherheetspoliteschen Auswierkung vum Klimawandel befaasst. Just deen Dag virdrun huet e militärescht Berodergrëmm vum den USA de Klimawandel zu enger Fro och vun der nationaler Sécherheet vun den USA erkläert. Dat Gremium huet och senger Regierung - der amerikanescher Regierung - geroden, sech souwuel national wéi international wesentlech méi staark mam Klimaschutz ze beschäftegen.

Wa mir et net fäerdeg bréngen, an den nächste puer Jore en ambitiéis an effikass internationale Regime fir de Klimaschutz ze schafen, deen och Resultater an net nëmmen Deklaratiounen huet, a wa mer et net fäerdeg bréngen, op där doter Fro un engem Strang ze zéien, da wäert d'Klimaproblematik op eise Planéit zu ëmmer méi internationale Konflikter an den nächste Jore féieren.

Fir déi Gréng ass a bleift deemno de Klimaschutz déi gréissten aussepolitesch Erausforderung vum 21. Jorhonnert. Wa Lëtzebuerg oder d'Europäesch Unioun oder och d'UNO sech politesch Ziler wéi Stabilitéit, Fräiheet, Demokratie a Friden op de Fändel schreiwen, da muss och de Klimaschutz ganz logescherweis an noutwendegerweis ganz uewen op der politescher Agenda stoen.

D'EU an hir 27 Memberstaten - also och Lëtzebuerg - mussen awer natierlech fir d'éischt emol doheem hir Hausaufgabe maachen. Mä gläichzäiteg ass et fundamental wichtig, dass d'EU an der internationaler Klimaschutzpolitik eng staark Virreideroll iwwerhéilt. Nëmme esou hu mer eng Chance, fir dass och d'Schwellelänner an d'Entwécklungsänner mat un den Dësch kommen, an och Länner wéi China, Indien an natierlech och d'USA vun der Wichtigkeet vun deene gemeinsame globalen Ustrengeunge fir de Klimaschutz iwwerzeegt ginn.

Klimaschutz rechen sech laangfristeg, mä kascht awer fir d'éischt emol Geld. Besonnesch déi aarm a manner entwéckelt Länner brauchen dofir finanziell an technesch Hëllef. Dës Länner striewen deeseweichte Wuelstand un, wéi deen, dee mir haut kennen. Mir kënne se net zwéngen - a mir sollen dat och net wëllen -, dorobber ze verzichten. Och déi Länner hu Rechte op eng Entwécklung.

Au contraire, mir mussen hinne souguer hëlfe, net deiselwecht Feeler ze maachen, wéi mir. International Organisatiounen wéi d'Weltbank, wou grad déi westlech Länner eng ganz staark Roll spillen, mussen massiv asprangen, dass aner Länner, wéi Südafrika oder Indonesien, sech kënne séier op nohalteg Technologien an och op eng erneierbar Energieversuergung ëmstellen.

Laut mengen Informatiounen, Här Ausseminister, gëtt haut den EU-Afrika-Pakt am COREPER 2 diskutéiert. Dat war op haut Mëttwoch virgesinn. Déi aktuell Dokumenter schlëssen am Moment Nuklearprojeten an Afrika net aus. Et geet Rieds vu Projeten an Ägypten an a Südafrika. Et ass och en Deel vun enger Strategie, déi drop erausziilt, fir China an Indien op där doter Fro aus Afrika erauszehalen. Fakt ass awer, dass déi Texter am Moment net ausschëlissen, dass een och kéint mat europäesche Suen Nuklearprojeten an Afrika ënnerstëtzen. Lëtzebuerg huet sech eisen Informatiounen no do nach net kloer positionéiert an net gesot, ob et domadder d'accord ass oder net.

D'Fro also un lech, Här Ausseminister: Ass d'Lëtzebuurger Regierung domat d'accord oder wiert se sech dergéint, dass mat europäesche Suen Nuklearprojeten an Afrika kënnen ënnerstëtzt a realiséiert ginn?

Eis Relatiounen mat Afrika - an dat huet eis gefreet bei Ärer Deklaratioun gëschter, Här Ausseminister - soll an den nächste Jore méi eng grouss Bedeitung kréien. Dat ass eiser Meenung no eng absolut Noutwen-

degkeet a wierklech eng éischt Prioritéit. Et soll den 8. an 9. Dezember zu Lissabon e Sommet stattfannen tëschent der EU an den afrikanesche Länner.

Ech wëll net op déi Fro vum Mugabe agoen. Dir hutt déi Äntwert gëschter ginn, déi eiser Meenung no och déi adequat ass. Mir si just interesséiert a gespaant, wéi bemierkbar dass sech dat dann och den 8. an 9. Dezember no bausse wäert maachen, déi kloer Äntwert, déi Europa do dem Här Mugabe um Dësch wëllt ginn. Ech hoffen, dass och d'international Communautéit dat wäert matkréien, dass déi Äntwert do komm ass.

Ech mengen och, dass mer an den nächste Jore net nëmmen dem europäeschen Niveau déi Relatiounen mat Afrika dierften iwwerloossen. Et gëtt elo scho Relatiounen, och um parlamentareschen Niveau, mam Europaparlament, mat eenzelnen afrikanesche Länner a mat der Unioun vun den afrikanesche Länner.

Ech mengen awer och, dass et wichtig wäert ginn an den nächste Jore, dass och déi national Parlamenten vun de Memberlänner vun der Europäescher Unioun verstärkt Kontakter siche mat afrikanesche Länner. Dat ass eppes, wat - vun e puer Länner ofgesinn - ganz wéineg praktizéiert gëtt. Ech mengen awer, dass mer an deene nächste Jore op där doter Fro misste wesentlech méi déif politesch Relatiounen opsichen a probéieren och ze ënnerhale mat eisen afrikanesche Partnerlänner. Well et geet net duer, dat dem europäeschen Niveau ze iwwerloossen. Et ass och eng Fro vun den Nationalstaten, an eng Fro vun den nationale Parlamenten.

Eng Fro och un den Här Ausseminister zu engem Punkt, wou Der lech gëschter net geäussert hutt. Grad an der Relatioun mat den afrikanesche Länner an iwwert d'Aart a Weis, wéi mer deene Länner sollen hëlfe, mécht den zoustännege Kommissär, den Här Louis Michel, sech ëmmer nees bemierkbar mat senger Virstellung vun der Aide budgétaire.

Eng Virstellung, muss ech éierlech soen, déi mir och net onsympathesch ass. Woubäi et awer kloer ass, dass déi direkt Allocatioun vu finanziell Mëttel wahrscheinlech net kann direkt an all de Länner am selwechte Mooss realiséiert ginn. Do muss een och trotzdeem da virsiichteg bleiwen. Mä ech wier awer och do frou, wann den Ausseminister eis kéint eng Äntwert ginn, wéi hien an d'Lëtzebuurger Regierung sech zu deene Virstellung vum Louis Michel stellen um Punkt vun den Aides budgétaires am Kader vun der Kooperatiounshëllef mat Afrika.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ee vun de Punkten, wa mer eis méi mat Afrika wëllen ofginn, fir dee mer eis och mussen interesséieren, ass d'Fro vun de Migratiounen. Ech war viru kuerzem zu Genève op enger internationaler Konferenz mat der Madame Err, wou mer eis méi am Detail mat där doter Fro beschäftegt hunn.

Eng interessant Zuel, déi ee soll wëssen: Weltwäit mécht de Phenomeen vun der Migratioun 3% vun de Mënschen aus. Méi net. Et gëtt weltwäit geschätzt, dass et ronn 190 bis 200 Millioune Migrante ginn. Dat si knapps 3% vun der Weltbevölkerung. Méi grouss ass dee Phenomeen net, a wann ee sech mam Phenomeen am Detail beschäftegt, da gesäit een - an ech wëll just deen Aspekt erausträichen -, dass grad de Phenomeen vun der Migratioun eigentlech eng méi grouss Entwécklungshëllef eleng erreicht, wéi praktesch all d'Hëllef vun de Staten, déi et weltwäit deklarieren ze maachen.

Dat, wat iwwert déi Leit Retour geet an hir Pays d'origine, ass substanzuell an absolut remarquabel. A wa mer wëlle vu Kooperatioun schwätzen, a wa mer déi Länner wëllen eescht huelen, deene wëllen hëlfe, da soll een och wëssen, dass och de Phenomeen migratoire en eminente Rôle spillt an där doter Fro an dass een also an der Zukunft, wann een doriwuer schwätzt, dat soll am Kapp hunn.

Et gëtt awer och elo schon an Europa aner Beispiller, déi méi negativ sinn, an och do wier ech frou eng Äntwert ze kréie vun lech, Här Minister.

Am Senegal gëtt et mëttlerweil bei deene Jonken - an do gëtt et ganz vill Jonker - e Saz - dat huet och eng senegalesesch Parlamentarierin bei där Konferenz an der Schwäiz eis erkläert -, e Saz, dee grausam ass. An dee Saz, deen heescht: „Barsa ou barsac.“ „Barsa“, dat kënnt Der nach erausfannen, wat dat ass: Dat ass eng Ofkierzung vu Barcelona. „Barsac“ heescht aus dem Wolof iwwersat dout, dout um Kierfecht.

Wat heescht „Barsa ou barsac“? Ma ganz einfach. Dat sinn déi jonk Leit, déi an déi Booter klammen a probéieren, déi spuenesch Inseln am Atlantik ze errechen. Déi soen, entweder mir kommen op Barcelona, a wann net, da si mer gradesou gären um Kierfecht, respektiv dat ass dat, wat oft derbäi erauskënnt. Dat ass e festen Ausdrock an deenen hirem Alldag! Fir déi Grausamkeet virun Aen ze féieren, wat stattfënnt an deenen dote westafrikanesche Länner.

Da fannen ech et skandaléis, wann eis europäesch Agentur Frontex, déi jo zoustänneg ass, fir deene Länner, déi Aussegrenzen hunn, ze hëllefen, op der Plaz net agräift. Déi kuckt no. Déi kucken no, wa Leit stierwen, a gräifen net an! Dat ass e Skandal, wou Europa sech derfir soll schummen.

Dass mer eng Agentur hunn, déi de Länner mat Aussegrenzen hëlleft, ass richtig. Mä dass déi op der Plaz sinn, mat modernste Mëttelen equipéiert sinn, wëssen, wat geschitt, an net agräifen, well si soen, dat ass net eis Missioun, et ass de Rôle vun de Memberlänner, déi d'Aussegrenz hunn - dat kann net sinn! A mir wiere frou, wann d'Lëtzebuerger Regierung deen dote Punkt och zu Bréissel an där doter Schäerft géif opwerfen, well dat doten net haltbar ass.

Wa mer wëllen de Glawen u d'europäesch Iddi begriewen, da kënne mer eis net besser uleeën, wéi esou eppes wéi dat doten ze wëssen an ze toleréieren, well et huet elo scho vill ze vill laang gedauert.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Eisen Ausseminister huet och gëschter d'Stéchwuert gebraucht vun der intelligenter Migratioun. Elo weess ech net, wat hie genau dorënner verstanen huet a wien intelligent soll sinn: Mir am Émgang mat der Migratioun, oder huet hie gemengt, dass mer just sollen déi intelligent Migratioun bei eis ophuelen?

Am Moment huet een op jidde Fall de Verdacht, dass et dat Zweet ass, dass d'Europäer elo probéieren, an e Wettsträit mat den Amerikaner ze trieden, fir déi beschte Kräfte vun der Welt bei eis ze kréien: déi beschten Dokteren, déi beschten Enseignant, déi beschte Fuerscher. Leit, déi grad an deene Länner, wou se hierkommen, a) rar sinn a b) duerfir immens gebraucht ginn, an déi och nach deier waren an der Ausbildung. Grad fir déi Länner ware se deier an der Ausbildung. Dat sinn héich forméiert Leit, déi grad deene Länner ganz grouss Efforten ofverlaangt hunn, déi da bei eis kommen, déi bis elo ganz vill an Amerika ginn, wou d'Europäer elo mengen, mir missten déi elo ganz staark bei eis zéien.

Net dass mir der Meenung wieren, dass ee keng esou Kooperatioun soll ustriewen. Dat wier falsch. Et ass sécher gutt, wann et do en Austausch gëtt, och op deem doten héich qualifizéierten Niveau. Deen Austausch dierf awer keng Einbahn sinn, an et dierf och net esou sinn, dass mer finanziell dowunner profitéieren an der Relatioun mat deenen dote Länner.

Och do mengen ech misst dann den Ausseminister am Numm vun der Regierung eis e bësse méi kloer soen, wat dat heescht, sech intelligent uleeën mat der Migratioun, ob dat nëmme d'„Blue Card“ heescht oder ob mer net dann domadder awer Kompliz gi vun enger Fuite des cerveaux bei eis, fort vun deene Länner, wat dramatesch Konsequenzen huet, well dat, Här Ausseminister, hale mir dann net fir intelligent am Kontext vun der Migratioun.

Anert Stéchwuert ganz kuerz, well och do-robber si Kollegee schonn gaangen. Och mir wëllen nach eng kéier ënnersträchen, dass déi Doha-Ronn vun der WTO, déi zënter 2001, mengen ech, undauert, muss zu engem Ofschloss kommen. Eis ass wichteg a mir fuerderen d'Lëtzebuerger Regierung

op, och an deem dote Sënn opzotrieden an hir Mataarbechter unzeweisen, dass mir onbedéngt mussen insistéieren, dass et Norme muss ginn am Beräich vun der Sozialpolitik, am Beräich vun der Ëmweltpolitik, am Beräich vum Verbraucherschutz, am Beräich vum Klimaschutz, soss huet de fräien Handel net nëmme kleng Problemer, mä grouss Problemer. Dat do sinn noutwendeg Korrektiven, déi och um Niveau vun de Relatioun weltwäit vum Handel musse kënne gëllen.

Lescht Remarque zu deem dote Punkt: Mir mengen och, dass ee muss deene Länner, déi nach schwaach sinn, Iwwergangsléi-sung bidden a Richtung fräien Handel. Et ass geckeg, wann een deene Länner do, déi komplett schwaach sinn, seet: Dir musst vun haut un, oder vu muer un d'Regele vum fräien Handel respektéieren! Da kann ee genausou gutt soen: Wéi vill hätt Der gär fir Aert Land? Mir kafen lech op. Dat ass onseriö. Duerfir mussen do, nieft de Prinzipien, och ganz kloer Iwwergangsdiskussiounen vun Europa négociéiert a verdeedegt ginn.

E puer Wuert och zu deem, wat am Moment amgaangen ass a Pakistan ze geschéien. Dat sinn deelweis Saachen, déi den Här Mosar och de Mëtteg scho skizzéiert huet. Duerch deen neie Militärputsch vum Diktator Musharraf riskéiert och dëst Land elo, mat sengen 200 Millioune Mënschen an en nach méi déiwe Chaos ze rutschen.

Dee Putsch huet sech net géint radikal Islamisten an Taliban am Norde vum Land gericht, mä géint d'Justiz an deem Land, géint déi Stécker Rechtsstat, déi dat Land hat, géint d'Moderniséierer a géint déi méi oder manner demokratesch Öffentlechkeet an deem dote Land. Déi eigentlech Gewënner wäerten a terme d'radikal Islamiste sinn. Et kann ee bei där aktueller Situatioun effektiv, wéi den Här Mosar et scho gemaach huet, op Parallele mam Iran virum Stuerz vum Schah hiweisen.

D'Ënnerstëtzung vum Weste fir de Musharraf féiert zu Haass a verstärkt an eisen Aen dee Moment just nach déi, déi mat enger islamesch revolutionärer an nationalistescher Attitüd wëlle Politik maachen. Pakistan huet, an dat ass en Ënnerscheid mam Iran, schonn eng Atombomm a si hu Rakéiten.

(Interruption)

Ech kommen an enger Minutt zum Schluss.

Just fir ze soen, dass, wann dëst Land ausser Kontroll geréit, déi geopolitesch Konsequenzen dramatesch sinn. An duerfir menge mer och, dass een als EU muss ophalen, de Musharraf ze ënnerstëtzen oder och nëmme ze dulden. Deen eenzege Wee, deen et do nach gëtt, ass resolut op déi demokratesch a rechtsstaatlech Kräfte ze setzen, déi et momentan a Pakistan gëtt an déi de Musharraf momentan an de Prisong gestach huet. Nëmme esou léisst sech verhënnere, dass radikal Islamisten de Muechtvakuum fëllen.

Och den UNO-Sécherheitsrot brauch eiser Meenung no eng Reform. Dat ass hei schonn undiskutéiert ginn. Et muss esou sinn, dass ee vläicht als Europäesch Unioun probéiert, am UNO-Sécherheitsrot méi staark opzotrieden.

Mir als gréng Fraktioun sinn net onbedéngt der Meenung, dass et eng Prioritéit misst si fir d'Lëtzebuerger Aussepolitik, en eegene Sëtz am UNO-Sécherheitsrot ze kréien. Dat kléngt wéi eng lackeleg Perspektiv, dat kléngt wéi eng grouss Eier. Dat wier et bestëmmt dann och. Mir mengen awer net, dass dat eis Prioritéit soll sinn. Fir méi wichtig hale mir et, wéi mer et als Europäesch Unioun insgesamt fäerdeg bréngen, do am beschte mat enger Stëmm opzotrieden.

E leschte Punkt, awer dee ganz kuerz, fir dass ech dem Här President senger Opfuerderung ka gerecht ginn.

Véieren a leschte Punkt, Här Ausseminister, et geet dobäi ëm d'Mënscherechter - dat geet elo zréck op dat, wat ech aganks gefrot hunn: Wou sinn nach déi Saachen, wou Lëtzebuerg kann an der Aussepolitik oprieden?

Mir mengen, dass et op der Fro vun de Mënscherechter ass an an der Relatioun mat eisen amerikanesche Frënn. Och ech wëll op de Rapport vum Dick Marty hiweisen an comment op déi schwaarz Lësche vum Conseil de Sécurité, déi et gëtt, wou et den Droit de défense net gëtt, wou et och keng Prozedur gëtt, fir erëm vun där Lëscht erfroge ginn, wat déi ganz Lutte anti-terroriste eiser Meenung no komplett dekredibiliséiert.

Eng lescht Remarque, Stéchwuert Olympesch Spiller Peking 2008. Och do hätte mer gäre vum Ausseminister méi héieren, wéi dat, wat hie gesot huet. Et muss elo d'Geleeënheet genotzt ginn, mat de Chinesen an en aneren Dialog ze trieden, e

méi e staarken Dialog ze trieden. Ech perséinlech hu fonnt, dass d'Madame Merkel dat éischer gutt gemaach huet. Si ass vill derfir kritiséiert ginn; ech hunn dat éischer couragéiert vun hir fonnt.

An d'Konklusioun, lescht Wuert, Här Ausseminister...

» **M. le Président.** - Dat allerlescht Wuert awer dann, Här Braz!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Dat allerlescht, do steet et och, Här President, et ass dat allerlescht!

Duerfir, Här Ausseminister, d'Fro un lech: Wat ass dee Spillraum, deen d'Lëtzebuerger Aussepolitik nach huet? Ass et ëmmer manner Spillraum als Präis vun der europäescher Integratioun? Ass et nëmme en Deel vun der europäescher Aussepolitik oder gëtt et och nach um Niveau vun der Aussepolitik Nischen? Dora si mer jo an der Wirtschaftspolitik net schlecht!

Ech soen lech Merci, an och lech fir Är Gedold.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Dir sidd menger Opfuerderung relativ grousszügig entgéintkomm. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll bei dem Schluss vu mengem Virriedner ufänken an effektiv iwwert d'Roll vun engem kleng Land, vun engem gréisser Land a senger Aussepolitik schwätzen.

Fir mech schéngt et kloer ze sinn, dass een als Land haut keng Roll méi ka spillen, seng Intéréten net méi kann an der grousser Welt politik verteidegen, ob kleng oder gréisser, wann een net an enger ganz grousser Unioun vu Länner zesummen ass, vis-à-vis vun deenen anere State wéi Amerika, Russland, China, Brasilien an esou weider, wou ee gesäit, dass et eng etlech Regruppéierung gëtt an dass een natierlech och an deem Kader do muss Politik maachen.

Als europäesch Land steet ee virum der Wiel, a Verschiddener hunn déi Wiel jo och gemaach, fir sech als Unhängsel vun Amerika ze gesinn, als eng Aart Territoire d'outré-mer, wann een esou ka soen. Anerer - an ech hoffen, dass dat sech duerchsetzt - gesinn an Europa de Partner, mat deem ee ka mat deenen aneren europäesche Länner zesumme versichen, an der Weltpolitik eng Roll ze spillen, an doriwwer natierlech och als Land seng Intéréte kënnen ze verteidegen.

Et gesäit u sech ganz flott ass, wann een d'Ried vum Här Ausseminister héiert, wat d'Zukunft ugeet vun der europäescher Aussepolitik. Mä ech fäerten, dass d'Realitéit net gradesou roseg wäert sinn, wéi en dat a senger Ried ugekënnegt huet.

Och net an Zukunft mat deem neien Traité réformateur, well d'europäesch Länner um Fong net eens sinn, an notamment well Länner wéi England net wëllen an déi ganz europäesch Aussepolitik erakommen a sech ëmmer méi un Amerika wëllen uleeën.

D'lescht Joer hat ech schonn op dëser Tribün d'Geleeënheet bei der aussepolitischen Debatt fir ze soen, dass de Verfassungstraité dout wier; mausdout.

Dës Ausso hat virulent Protester heibannen ausgeléist an et gouf mir gesot, Frankräich an Holland géifen héchstwahrscheinlech an engem zweete Referendum Jo soen.

(Interruption)

Ech muss just nure feststellen, dass déi Protester ongerecht waren an dass ech Recht behalen hunn. De Verfassungstraité ass dout an e läit elo am Pabeierkuerf.

» **M. le Président.** - Här Henckes, den Här Goerens wëll lech eng Fro stellen.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech erlaben dat, Här President.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Dir hutt e lockeren Émgang mat der Wourecht, Här Henckes, well Dir hutt zejoert eppes behaapt, wat dëst Joer duerch Fakte widderleucht ass.

» **M. le Président.** - Dat war keng Fro, Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Wou ass d'Fro, Här Goerens?

(Hilarité)

» **M. Charles Goerens (DP).** - D'Fro ass déi, ob Der meng Appréciatioun iwwert deen doten Tatbestand deelt?

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Neen.

Voilà. Ech kann lech also just nure soen, dass deen neien Traité, dee mer elo virgesat hunn,...

» **M. Charles Goerens (DP).** - Deeselwechten ass wéi deen aneren!

» **Une voix.** - Jo.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Dat sot Dir! Et schéngt es net esou ze sinn, well wann ech hei déi Debatten héieren hunn, déi mer am Oktober haten iwwert deen Traité, dann hat ech d'Impressioun, dass et eppes méi Schlechtes wéi dat doten net kéint ginn. Dat war déi Impressioun, déi een hat.

Et ass och elo op eng kéier e Gesinnungswandel komm, dass dat vläicht e bësseleche méi optimistesche gesi gëtt. Mä nach huet nach keen heibannen e koordinéierten Text ze gesi kritt, an déi puer Versiounen, déi bestinn, mussen och nach eng kéier gelies ginn.

Et muss ee festhalen, dass de Verfassungstraité lieserlech war...

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ma deen hei kënnt Der och liesen; dat Schwaartz sinn d'Buschstawen!

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ...an dass et doduerch och zu villen Debatte gefouert huet an dass a Frankräich an an Holland d'Bierger Neen an engem Referendum gesot hunn.

Deen neien Traité réformateur, dee liest sech wéi e Kreuzworträtsel. Dat ass keen Zoufall. Dat ass bewosst geschitt, fir d'Bierger an Europa vun der Debatt auszuschléissen.

D'Regierung a véier Parteien an dëser Chamber wëllen alles maachen, fir dass de Bierger net méi seng Meenung an der europäescher Politik soe kann. Dofir hunn d'CSV, d'Sozialisten, DP a Gréng decidéiert, géint de Wëlle vun der ADR, fir deen neien Traité am Parlament duerchzebaatschen, an net iwwert de Wee vum Referendum ze goen.

Dat ass d'Angscht vun der Politik virum Bierger, déi mir perséinlech méi wéi suspekt ass - seet de sozialisteschen Europadeputéierte Goebbels kierzlech an engem Interview.

Als ADR bleiwe mir prinzipiell der Meenung, dass all europäeschen Traité vun den europäeschen Institutionen, deen d'Definitioun vu wichtige politeschen Orientéierung be- trifft, iwwert de Wee vum Referendum zu Lëtzebuerg, a firwat net an engem europäesche Referendum misst ratifizéiert ginn. Wat an engem Land wéi Irland méiglech ass, misst och zu Lëtzebuerg méiglech sinn.

Aus deemselwechte Grond ass d'ADR och prinzipiell der Meenung, dass all weider Erweiterung vun der EU op nei Memberlänner misst iwwer e Referendum guttgeheescht ginn. Wa mir op dese Wee ginn, da sti mir net eleng do, well Frankräich deemselwechte Prinzip zréckbehalen huet.

Wann een iwwert d'EU-Erweiterung op Kroatien, Mazedonien, aner Länner diskutéiert, dat ass gutt. Do gi jo Fortschreiter gemaach. Mä mir mengen awer, dass et soll zu engem Referendum kommen.

Mä do, wou mer kategorieesch der Meenung sinn, dass mer sollen Nee soen, dass mer sollen d'Verhandlung fir d'Memberschaft ofbriechen, dat ass mat der Türkei. Well d'Türkei ass keen europäesch Land. Mä och well eng Memberschaft vun der Türkei permanent Problemer mat sech bréngt. Ech denken un d'Fro vun Zypern, wou d'EU der Türkei eng Frist ginn huet fir de Problem ze léisen.

Ech froen den Här Ausseminister: Wou si mer an där Fro drun? Ass eng Léisung an Aussicht? Oder war dat dote just nuren nees e Manöver vun der EU, fir kënnen eng Problematik an eng definitiv Décisioun ze verhënnere vis-à-vis vun der Türkei?

En anere Problem resultéiert vun dem Konflikt tëscht der Türkei an de Kurden, déi fir hir Onofhängegkeet kämpfen. Och do froen ech d'Regierung: Wat ass d'Attitüd vun onser Regierung respektiv vun der EU? Wat ass der europäescher Aussepolitik hir Äntwert op dës Fro?

Ech hunn esou d'Impressioun, dass dat relativ vag ass, dass do keng kloer Position besteet, an dofir wier ech frou, Här Ausseminister, wann Der mech do kéint opklären.

Nieft dese Problemer gëtt et och nach Problemer wat d'Mënscherechter ugeet mat der Türkei. Ouni vun de finanzielle Problemer ze schwätzen, déi op d'EU géifen zoukommen, wann d'Türkei als e grouss, mä

relativ aremt Land géif Member vun der EU ginn.

An ech war frou elo iwwert déi Ausso vum President Sarkozy gëschter am Europaparlament, dee ganz kloer ze verstoe ginn huet, datt während der franséischer Présidence géif héchstwahrscheinlech e bësselche méi Kloertext geschwat ginn.

(Brouhaha général)

Esou ass et wéinstens am „Tageblatt“ vun haut ze verstoen, wou notament d'sozialistesche Fraktioun am Europaparlament sech déi Fro do stellt.

Et ass also kloer, datt eng Debatt elo amgaangen ass, an et weess ee jo och, datt de President Sarkozy sech ganz kloer géint eng Memberschaft vun der Türkei ausgeschwat huet virun de Wahlen.

Vill Leit sinn hei mat Europa kritesch ginn, well mer mat Direktive konfrontéiert gi sinn, déi lenger geschafen hunn, déi Problemer geschafen hunn. Den Här Fayot huet virdu geschwat vun deene Problemer mat der Post, mat verschiddene Liberaliséierung vum der Bolkestein-Direktiv.

Mä et gesäit een, datt een awer do de Responsabelen net onbedéngt bei der EU siche muss, mä bei den nationale Regierungen, déi déi Direktiven do guttgeheescht hunn. Duerfir ass et och wichteg, datt mer eis als Parlament elo verstärkt druginn, fir déi Aarbechten, déi douewen um europäeschen Niveau vun de Ministeren decidéiert ginn, ze kontrolléieren a fir dorobber Afloss ze huelen.

Soss kann een natierlech sech et liicht maachen an um europäeschen Niveau eppes decidéieren an dann hei am Parlament soen: Et war Europa, wat dat gemaach huet! Dat Doppelspill däerf et op jidde Fall net méi ginn. Duerfir ass déi nei Prozedur, déi mer eis ginn hunn hei am Parlament, eng gutt Saach, an ech hoffen, datt och all Ministere wäerten do matspillen.

Dat gesot, muss een awer och op e puer méi international Themen agoen, déi an der Debatt stinn an déi notament a Relatioun sti mat der Politik, déi eis amerikanesch Frënn maachen.

Mir brauchen Amerika als Partner. Mir sinn och ganz oft mat hinnen op verschiddene Politiken eens. Nach muss een awer soen, datt, jee nodeem wien un der Presidentschaft vun Amerika steet, déi Differenzen an Divergenzen, déi een ënner Frënn kann hunn, méi grouss ginn. Ech muss soen, datt de President Bush en exzellente Kämpfer ass fir déi Divisionen an aner Meenungen ze provozéieren a fir sengem eegene Land méi ze schueden, wéi ze notzen.

Ech wëll nuren hei op déi Problematik agoe vum Irak, wou hie manifestement alles falsch gesinn huet, an ech erënnere mech, Här Ausseminister, wéi Dir nach hei als Deputéierten op der Chambertribün geschwat hutt, datt Dir do meng Meenung gedeelt hutt,...

» M. Robert Mehlen (ADR). - Dat war eng historiesch Ried!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - ...an datt mer och do gesinn hunn, datt dee Kampf géint den Terrorismus a Wierklechkeet en neien Opdriff ginn huet fir den Terrorismus, anstatt en ze bekämpfen. Dat ass ganz schlecht fir deen euromediterranen Dialog, fir den Dialog vun de Kulturen tëschent Araber an Europäer an dem Westen.

Da muss ee sech och Froe stellen, wat d'Amerikaner ugaangen ass fir d'Iddi ze lancéieren un Ofwierrakéiten a Polen an enger Radarstation an Tschechien. Dat alles fir zwee Länner ze contréieren, déi eventuell kéinten Atomwaffe kréien: den Iran an Nordkorea. De Problem vun Nordkorea schéngt an der Tëschenzäit geléist ze sinn oder um Wee ze sinn enger Léisung zougefuert ze ginn. Duerfir bleift dann nure méi ee Land iwwreg, an et ass verständlech, datt ee Land wéi Russland dorobber negativ reagiert, well se sech soen: Firwat se da just dohi setzen, an net zum Beispill an Aserbaidschan oder méi no Richtung Asien?

Wa mir selwer an där Situatioun wäeren, datt Russland géif op sengem Territoire esou ähnlech Installatiounen opriichten a se géint de Westen, géint Europa, an déi Direktioun richten, da wësse mer och, wéi mir géife reagieren an dat doten net verstoe géifen.

Et ass bedauerlech, datt déi ganz Problematik nuren um bilateralen Niveau leeft tëschent den USA a Polen an den USA an Tschechien, an datt keent vun deenen zwee Länner bereet ass, datt um europäeschen Niveau oder um NATO-Niveau ze diskutéieren; héchstwahrscheinlech well d'Amerikaner hinne gesot hunn, datt, wann et op dee Wee géif goen, et héchstwahrscheinlech zu engem schlechte Resultat féiere géif fir d'USA.

Dat ass elo ze bedauern, mä nach mengen an hoffen ech, datt um europäeschen Niveau an och um NATO-Niveau, Här Ausseminister, Dir wéinstens et soe kënnt, datt déi Problematik do, wéi d'Amerikaner se wëllen ugoe mat deenen zwee Länner, déi schlecht ass. Ob dat vill nützt, dat ass eng aner Fro, mä, ech mengen, et misst een awer och als Lëtzebuerg kënnen an esou enger Fro eng kloer Stellung huelen.

Da muss een och vis-à-vis vun den Amerikaner bedauern, datt um Kubaner, déi am Prision an Amerika sëtzen, verweigert gëtt, fir datt se Besuch vun hirer Famill kënnen kréien, déi aus Kuba kommen. Dat verstee sech schwéier fir ee Land, wat sech als Champion vun de Mënscherechter gesäit.

Och vis-à-vis vu China muss ee soen, datt Amerika eng duebel Positioun huet. Zum Beispill gesäit een, datt si ganz staark China kritiséieren, wat d'Mënscherechter ugeet, mä zwou amerikanesch Firmen, Google a Cisco, déi ginn der chineesescher Regierung an de Geheimdengschter all Materialien, fir datt all Regimekritiker direkt identifizéiert gëtt an datt domadder dausende Leit an d'Prisonge kommen. Dat soen net ech eleng, dat ass eng Constatatioun, déi de Professeur de droit international vu Los Angeles op der Universitét och mat festgestallt huet an dénoncéiert huet.

Um afrikanesche Kontinent sätze mer an enger Kompetitioun. Mir gesinn eis Entwécklungshëllef konditionéiert - an och mat Recht, soen ech - vu Problemer vu Mënscherechter, vu gudder Gestiou vun de Länner, mä et gesäit een, datt mer Konkurrenten hunn, Amerika, mä haaptsächlech China, déi méi u Business denken, wéi un déi aner Problemer, an et muss ee sech lues a lues d'Fro stellen, ob een net déi Politik soll aneschters ugoen, aneschters upaken, fir se op jidde Fall méi effizient ze maachen.

Ee Problem, dee wichteg ass an deene ganz ville Konflikter, déi mer op der Welt hunn, dat ass den Dialog vun de Kulturen tëschent den arabesche Länner - den islamesche Länner - an de westleche Länner. Ee vun deene Moyenen, wou ee kann diskutéieren, ass Euromed, mä och do, mengen ech, Här Ausseminister, wär et gutt, wann ee kéint eng Erweiderung vun Euromed virgesinn, an zwar op déi Länner, déi nach net Member sinn an déi am Mëttelmierraum sinn. Ech wëll nuren u Libyen denken, wou et onverständlech ass, datt déi Länner net an deem Débat mat dra sinn an doduerjer iwwer aner Créneaven influenzéieren.

De Problem Kosovo ass ee vun deene Problemer, mat deene mer ganz vill konfrontéiert sinn a wou och den Ausseminister an d'EU ganz staark concernéiert sinn. Mir selwer hunn hei am Land ganz vill Kosovo-Albaner, esou datt mer permanent op d'Problematik ugeschwat ginn.

Nach muss ee soen, datt, wa mer de Prinzip festhalen, datt Territoire vun engem Land sech kënnen trennen iwwert de Wee vu Referenden, da muss mer dee Prinzip net nuren am Kosovo uwenden, da muss mer deen och a Georgien uwenden an anere Länner. An et ass do, wou et dann hapert, well een dann ëmmer seet, do, wou ech et gären hätt, do soll de Principe d'autodétermination gëllen, an do, wou ech aner Intérëten hunn oder aner Länner ënnerstëtzen, do däerf en net gëllen. Ech denken un Transnistrien an esou ähnlech Problematiken.

Do misst sech och d'EU enger eeneger Léisung stellen. Ech weess net, Här Ausseminister, ob Der do an der EU schonn driwwer diskutéiert hutt, ob Der déi Problematik wëllt gemeinsam gesinn oder mat enger gemeinsamer Linn déi Problematik wëllt ugoen, fir d'Autonomie vun eenzelnen Territoiren unzegoen, oder ob dat just nuren op de Kosovo selwer limitéiert ass.

Ee lescht Wuert zu de Militärausgaben. Et ass hei e puermol scho festgehale ginn, datt mer gefrot kréien, fir e gewëssene Prozentsaz - ech mengen, wann ech mech gutt erënnere sinn et 0,25% - vun eisem PIB fir Militärausgaben auszeginn. Ech hätt léiwier, Här Ausseminister, mir géifen op e Prozentsaz kommen, deen a Relatioun stéing mat der Populatioun. Da wäere mer der Saach schonn e bësselche méi no. Souguer wann nach eng kleng Relatioun mam PIB derbäi wier. Mä et ass kloer, datt een net kann higoen an elo och nach op eng kéier géllent Material kafen, just nure fir kënnen déi Prozenter, déi hei gefrot gi sinn, unzegoen.

Nach muss ee sech d'Fro stellen...

» M. le Président. - Här Henckes, ech maachen och en Appel un Är Disziplin!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech weess, ech halen och gläich op.

(Interruption)

Gradesou wéi den Här Braz dat gemaach huet, wéi e geschwat huet.

Ech wëll just nure soen, datt mer fir dee Flieger, dee mer solle kafen, deen A400M, jo elo scho ganz vill Suen an onse Militärfong eragestach hunn. Et weess just nach keen, wéini an ob en iwwerhaapt geliiwert gëtt, an et ass och e Flieger, dee mer net hei wäerte stationéieren, mä héchstwahrscheinlech zu Bréissel oder op enger anerer Plaz. Bref, et ass d'Musterbeispill vun engem onnützen Investissement, an ech hoffen, Här Ausseminister, datt Dir, do wou Dir iwwer militäresch Froe kënnt schwätzen, dofir wäert placéieren, datt déi eenzel Länner net solle forcéiert ginn, fir esou onnütz Militärausgaben ze maachen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Henckes. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling. Här Jaerling, wann ech gelift.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Merci, Här President. Och ech freeë mech, dass den Här Ausseminister erëm hei ass a gesond a monter ukomm ass. Den Här Minister huet a senger Interventioun e Rondgang gemaach duerch d'Politiken am Kontext vun enger Rei vu Problemzonen an Europa an an der Welt.

Ugefaangen huet me ch eng positiver Referenz op deen neie Lissabon-Vertrag. E Vertrag, dee sech awer menger Usiicht no a senge Grondausrichtungen net wesentlech vum Verfassungsvertrag ënnerscheet, ausser an deem engen oder aneren institutionelle Beräich.

Wann och dat institutionell Fonctionnement vun Europa schnellstens geregelt muss ginn - doriwwer ass jo jiddferree sech eens -, esou ännert dat awer näischt dorun, dass déi sozial Ausrichtung an deem Vertrag nach ëmmer där wirtschaftlecher hannendruleeft. D'Grondrechter sinn aus dem Vertrag, wat kloer weist, dass aner Prioritéite viséiert sinn an dem Bierger seng Interessen nëmmen als Ajoute drugehaange gi sinn. An och am militärpolitische Beräich bleiwen d'Oprüstungsdirektive fir d'EU-Länner déiselwecht, wat mat sech bréngt, dass dat op d'Käschte vum Sozialpolitische geet an dat Sozialpolitische méi kuerz kënnt.

Well dese Vertrag awer trotzdeem eng nei Approche huet, misst en nach emol mat de Bierger diskutéiert an och vun hinne guttgeheescht ginn, wann e soll ratifizéiert ginn. De Verfassungsvertrag hat nämlech eng zesummegebastelt Stëmmemajoritéit, well net all Stëmmziedele gewäert goufen. Och hatten déi Jonk, ëm deenen hir Zukunft et jo awer hei geet, mat 62% Nee gestëmmt. Duerfir misst deen neie Vertrag och nach emol mat hinnen diskutéiert ginn. Op kee Fall däerf deen neie Vertrag hei vum Parlament eleng ofgestëmmt ginn. Nëmme e Referendum doriwwer wär fir mech dee richtege Wee.

Här President, dass Europa a verschiddene Politiken a besonnesch an der Aussepolitik muss mat engem Mond schwätzen, ech mengen, dat ass wichteg. Dat besonnesch a verschiddene Krisenberäicher, wou Europa sech duerch seng verschiddentlech getrennte Positione blaméiert huet an och näischt zur Konfliktbewältegung bäigedroen huet. Dat, wat am Irak-Konflikt vun Europa ausgaangen ass, däerf net méi virkommen, wann Europa sech als unerkannte Friddensapostel a Médiateur wëllt duerstellen.

Och wat de Konflikt mam Iran ubelaangt, muss eng kloer Sprooch geschwat ginn. Wa mer der Meenung sinn, dass den Iran keng Atomwaffen däerf produzéieren, da muss mer eis awer och d'Fro stellen, firwat dass mer dat da bei aneren Nationen toleréieren. Besser wier et, iwwerall d'Produktioun vun Atomwaffen ze verbidden. Wa mer der Meenung sinn, dass den Iran net kann d'Atomenergie zu friddlechen Zwecker notzen, da solle mer dat kloermaachen an dat och an deem Sënn mat hinne verhandelen. Wa mer awer Angscht hunn, dass et net bei der friddlecher Notzung bleift, da muss mer kloer soen, wat mer fäerten.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Da muss mer eis awer och d'Fro stellen, firwat dass mer eis déi Froen net bei eisen alléierten Nopere stellen, déi och d'Atomenergie zu friddlechen Zwecker benotzen. A mir mussen eis d'Fro stellen, ob net och eent vun deene Länner, an deene mer Atomwaffen toleréieren, iergendwann eng kéier eng Gefor ka gi fir d'ganz Welt. Duerfir wier fir mech déi optimal Léisung en totalen Ausstieg aus der Atomenergie. Ech mengen, et wär och dohinner, dass d'Lëtzebuerg Regierung an där Fro do awer misst histeieren.

Den Här Ausseminister huet virun engem neie Wettrüste gewarnt, wat ee jo nëmme kann ënnerstëtzen a begréissen. Dann ass et awer fir mech onverständlech, dass eben an deem ale Verfassungsvertrag an och an deem neie Lissabonner Vertrag d'Direktive fir d'Oprüstung an allen EU-Länner nach ganz kloer festgeschriwwen sinn a souguer als eng Direktiv, déi muss befollegt ginn, an net nëmmen als eng Recommandatioun.

En anere Sujet, deen ech nach hei wëll kuerz beréieren, dat sinn d'Handelsbeziéunge mat den afrikanesche Staten. Et däerf net sinn, dass déi nëmmen unilateral dorop hinzilen, fir déi Rächttümer an deene Länner do auszebeuten. Et muss fair Handelsbeziéunge sinn, dat souwuel wat d'Matière-première ubelaangt, awer och besonnesch wat déi natierlech Rächttümer wéi d'Bëscher ubelaangt.

Duerfir hunn ech eng kloer Fro un den Här Minister: Et ware Kontrakter mat europäeschen Holzproduzenten am Gespréich, fir 20 Milliounen Hektar Reebësch an der Regioun vun de Grousse Séien an Zentralafrika ofzeholzen. D'Lëtzebuerg Regierung hat op meng Fro hin iwwer hir Vertrieeder bei der Weltbank agewierkt, fir ze versichen, dat ze verhënnere.

Duerfir meng Fro: Wéi steet et domadder? Konnt verhënnert ginn, dass déi Bëscher elo ofgeholzt ginn, jo oder neen?

An dann, Här President, ofschléissend, ee Saz beim Här Ausseminister senger Deklaratioun huet mech besonnesch beréiert, an zwar: „D'Mënscheit däerf ni méi duerch Mauere getrennt ginn.“ Dat ass nëmmen ze ënnerstëtzen; elo brauche mer nach just een, deen dat och den Israeli bäibréngt.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Als lescht Riednerin ass déi honorabel Madame Lydie Err ageschriwwen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Lydie Err (LSAP). - Här President, Här Minister, Dir Kollegeen, wéi den Ausseminister gëschter gesot huet, ass et nëmmen an engem staarken Europa an duerch e staarkt Europa, wou mir als Lëtzebuerg kënnen d'Globaliséierung matgestalten, an et kënnt een derbäifügen, iwwerhaapt eng Aussepolitik kënnen praktikéieren.

Dës Méiglechkeet gëtt eis de Lissabonner Vertrag, deen éischtens natierlech par rapport zum Traitè constitutionnel, dee virun hei zu Lëtzebuerg akzeptéiert ginn ass, zrécksteet, mä deen awer zweetens de grouse Mérite huet, ze beweisen, dass Europa - zwar - zwee Joer laang iwwerluecht huet an awer op e Resultat konnt kommen, an drëtzens och konnt beweisen, dass et e Plan B, deen nach zur Zäit vum Referendum ëmmer ugeschwat ginn ass, effektiv net ginn ass.

Loosse mer also eis Enttäuschung, déi een als iwwerzeegten Europäer huet bei der probéierter Lecture vun deem neien Text, erofschlécken a kucken un d'Zukunft ze denken a probéieren, aus deem Text, deen elo virläit, esou onlieserlech wéi en ass, dat Bescht erauszehuelen, fir den Zweck vun Europa, vun der Europäescher Unioun ze errechen, dat heescht Fridden, Stabilitéit, Sécherheet a Wuelstand an Europa a wa méiglech an der Welt.

D'Zukunft entscheet sech, Dir Dammen an Dir Hären, um Verhältnis vun Europa zum Rescht vun der Welt an un der Plaz, déi Europa an deem multipolare System fäeg ass, anzehuelen.

Dass d'Europäescher Unioun d'Potenzial huet, eng grouss Roll um internationale Plang ze spillen, geet aus véier Punkten ervir:

Éischtens, well et weltwäit dee gréisste Marché unique ass;

zweetens, well et a méi wéi der Halschent vum Welthandel implizéiert ass;

drëtzens, well et 50.000 Leit huet, déi weltwäit stationéiert sinn an déi sech fir de Fridden asetzen, net emol geschwat vun där „Armée“ - zwëschent Gänseféisercher - vun Diplomaten a Leit, déi an der Entwécklungshëllef schaffen.

Leider ass et bis elo awer trotzdeem net gelongen, deem wirtschaftleche Ris och en

aussepolitische Ris zur Säit ze stellen, a mir mussen also kucken, ob mer mat deenen neien Instrumenter, déi mer elo kréien, Aus-sichten hunn, dat ze realiséieren.

Duerfir wollt ech just véier Punkten aus deem neie Vertrag hei uschwätzen:

Éischtens, de Verrieder fir d'aussepolitesch Affären, deen och ech wäert systematesch weider den europäeschen Ausseminister nennen, sief et nëmmen aus Frust virun der Saach. Ech mengen zwar, dass d'Bezeechnung um Fong sécherlech näischt ännert, mä dass de Succès vun deem neien europäeschen Ausseminister als europäeschen Uspriechpartner, deen zur Transparenz, zur Kohärenz an zur Kontinuität vun der Aussepolitik vun Europa bäidréit, ënner gewëssene Konditiounen wéi mat diplomatesche Mëttele ze operéieren an do intervenéiert, wou et néideg ass, op enger Welt, déi multipolar ze verstoen ass.

Zweetens, wann europäesch Aussepolitik sech koordinéiert kritt, zum Beispill an deene verschidde Strukturen, wéi den UNO-Sécherheitsrot.

Drëttens, wann d'EU selwer méi séier a méi effikass intervenéiere ka bei humanitäre Krisen, wéi dat bis elo de Fall war.

A véiertens, wann d'Unioen et fäerdeg bréngt, eng europäesch Aussepolitik ze praktikéieren, déi sech originell ofgrenzt vun anere wichtegen Aussepolitiken op der Welt doduerch, dass se probéiert, manner mat Militärmëttele wéi mat diplomatesche Mëttele ze operéieren an do intervenéiert, wou et néideg ass, op enger Welt, déi multipolar ze verstoen ass.

Ech kommen net derlaanscht, eng zweet Zitatioun vum Ausseminister gëschter ze bréngen an ofzeschlüsse mat deem Kapitel fir ze soen: „Krich ass ëmmer dat leschte Mëttel. Wie fir d'Éischt vu Krich schwätzt, huet e scho verluer.“

Ech mengen, wa mer et fäerdeg bréngen, eis un déi Prinzipien ze halen, da kréie mer eng europäesch Aussepolitik, déi sech positiv ofgrenzt vun deenen aneren - wéi gesot, ënnert deene Konditiounen, déi ech elo opgezielt hunn.

Blutnéideg wier se natierlech, déi europäesch Aussepolitik, fir dass Europa net nëmme mat finanzéiert a mat diskutéiert, mä och mat decidéiert, wann et ëm grouss aussepolitische Problemer geet, där et op der Welt sécherlech genuch gëtt. Fir der nëmmen e puer hei opzeléischen, vun deene Kolleegen hei scho geschwat hunn: de Kosovo a Bosnien, de Mëttleren Osten, Pakistan, vum Iran net ze schwätzen, Afghanistan, den Tschad an Darfur, fir iwwerhaupt d'Roll vun Afrika, wéi se och gëschter ugeschwat ginn ass, ze nennen.

E lescht Wuert zu deem Kapitel: Eis Politique de voisinage, déi soll weidergefouert ginn, déi et och sollt méiglech sinn ze praktikéieren, wann d'Leit, déi dra sinn, net alleguerten domadder d'accord sinn. Ech mengen, dass, esou wéi Europa sech elo opgespléckt huet a verschidde Pläng mat deenen Opt-in a mat deenen Opt-out, mer wierklech eis mussen mat der Realitéit ofginn, och wa se eis net passt, a probéieren op deene Felder Fortschréttler ze maachen, wou se méiglech sinn, och dann, wa se net alleguerten d'accord si fir et ze maachen.

Zweete Punkt, zu deem ech wollt eppes soen: D'Personnalité juridique, déi d'Unioen kritt, ass mir perséinlech besonnesch wichteg, och doduerch well d'Unioen dann der Europäescher Mënscherechtskonventioun ka bäitrieden an esou, zesumme mat der Charta vun de Grondrechter, déi jo verbindlech soll ginn duerch d'Publikatioun an no deem den ustehende Lissabonner Vertrag ratifizéiert ass, deen op d'Charta referéiert, eng wierklech Plus-value wäert duerstelle par rapport zu der Situation actuelle. Duerch déi Kombinatioun vun deene puer Elementer kréie mer an Europa wierklech eng Plus-value an deene Saachen, wéi och Initiativen, wéi och Dispositiounen iwwert d'Petitionsrecht, wéi och d'Biergerbegiere ënner anerem dat bewiesen.

En drëtte Facteur, dee fir mech wierklech positiv ze bewäerten ass, ass d'Verbesserung vum demokratesche Fonctionnement vun den europäeschen Institutiounen; sief dat iwwert d'Codéisioun, d'Extensioen vun de Pouvoire vum Europaparlament, mä och

iwwer e bessert Abanne vun den nationale Parlamenter, deenen hir Reflexiounszäit jo par rapport zum ale Vertrag am Fong e bësse méi grouss ginn ass.

Esou dass mer wierklech och zäitméisseg d'Geleeënheet kréien, eis mat deenen europäeschen Texter auserneezen, dann, wann et nach Zäit ass, eventuell eppes dodrunner ze änneren. An och wa mer d'Saach nach net 100%eg am Grëff hunn, mengen ech kënnen ze soen, dass mer jiddfalls an der aussepolitescher Kommissioun um gudden Wee sinn, fir dee Prozess do vun Ufank un ze begleeden.

De véierte wichtige Punkt vun deene positiven Neierungen ass de Prinzip vun der duebeler Majoritéit, no deem no 2009 all Entscheidung, déi an der Majoritéit qualifizéiert ugeholl gëtt, vu 55% vun de State muss gedroe ginn, mä déi och nach muss 65% vun der gesamer europäescher Bevëlkerung duerstellen. Et war bis elo esou, dass d'Stëmmegewichtung eleng dee Vote do determinéiert huet. Do wäert et muer esou sinn, dass d'Zuele vum Statec wäerte mat determinéieren, wéi de Vote do ofzelafen huet.

Et ass also wichteg fir hei feststellen, dass och d'Demographie an Europa net nëmmen eng wichtige Roll huet tout court, wirtschaftlech gesinn, och mënscherechlech gesinn e wichtige Facteur ass, mä dass se och politesch wäert ëmmer méi wichteg ginn.

Just eng kleng Zuelenzalot: Wa mer dovunner ausginn, wat d'Experten haut vu Bevëlkerungsdichten an Europa ausrechnen, esou géif dat drop erauslafen, dass Ost-Europa, dat haut 21% duerstellt wat d'Bevëlkerung betrëfft, am Joer 2020 scho géif 4% verléieren. An nach méi interessant gëtt deen heite Punkt, wann ee kuckt wat géif passéieren, wann d'Türkei géif bäitrieden, wou d'Bevölkerungsexpansioun am gréissten ass a wou am Joer 2050 d'Bevölkerung lagement déi vun Däitschland géif iwwersteigen.

Dat heite gëtt mer am Fong och d'Geleeënheet fir iwwer Migratiounen ze schwätzen, well ech iwwerzeegt sinn, dass d'Migratiounen eng vun deene wichtegen Erausforderunge si vum Europa vu muer an dass dat besonnesch muss als dat erkannt ginn, wat et ass, an engem Land, wat wéi Europa 40% Ausländer permanent bei sech huet, net emol ze schwätze vun deenen 120.000 Leit, déi all Dag erakomme fir bei eis ze schaffen.

Et ass en Challenge also besonnesch fir eis, fir d'Cohésion sociale vu muer och zu Lëtzebuerg nach ze garantéieren. Ech denken, dass et duerfir wichteg ass, wat mir elo an engem Text, dee viru kuerzem déposéiert ginn ass, scho gesot hunn, fir d'legal Awanderung zu Lëtzebuerg ze facilitéieren, e wéineg ze vereinfachen an och esou Méiglechkeeten ze schafen, fir besser qualifizéiert Leit och kënnen, sief et zäitweilleg, zu Lëtzebuerg eranzekréien, och dann, wa se net forcément aus der Groussregioun kommen.

Fir dass dat awer och muer an iwwermuer nach klappt, wou also dee Prozentsaz do ëmmer méi an d'Luucht geet, geet dat net méi duer, wat bis elo relativ gutt gaangen ass, well mer haaptsächlech europäesch Zouwanderung haten. Do brauche mer awer fir muer fir déi Zouwanderung, déi am Fong sech diversifiéiert, eng aktiv Integratiounspolitik, zu där beispillsweis d'duebel Nationalitéit gehéiert; déi natierlech keng Problemer a sech léist, mä déi awer fir d'Cohésion sociale en Zougehéieregkeetsgefühl ka verstärken, un deem mer bis elo menger Meinung no net genuch geschafft hunn.

Mir brauchen och en Abanne vun de Gemengen, well et ass um Niveau vun de Gemengen, wou d'Zesummeliwee stattfënnt a wou also och Integratioun am beschte ka passéieren. Mir brauchen eng Vereinfachung vun administrativen Hürde fir Ausländer, besonnesch fir net europäesch Ausländer, déi wëllen hei wunnen, schaffen, Steieren a Sozialversécherung wëlle bezuele kommen. An ech wëll illustréieren um Beispill vu Studenten aus dem Ausland, déi mer jo probéieren hei op Lëtzebuerg ze zéien, wéi einfach oder wéi onméiglech schwéier mer deenen d'Liewe maache fir heihinner studéieren ze kommen.

Ech schwätzen elo vum Beispill vun afrikanesche Studenten, mat deene Länner mir keng Equivalenzen hunn, déi also mussen en Opnahmexame maachen, fir kënnen op der Lëtzebuurger Uni ageschriwwen ze ginn. Déi Studente mussen, fir kënnen eng Openthaltsgenehmigung ze kréien, en Examen médical hunn. Éischtens ass et en Examen, zweetens en Examen médical vum engem Lëtzebuurger Dokter, eng Attestatioun vun engem Logement wat zu Lëtzebuerg

eng Mer à boire ass, well dat praktesch net ze bezuelen ass, an - de Combel! - kënt dann nach derbäi: 1.200 Euro Kautioun, déi blockéiert bleiwe während där ganzer Zäit wou se hei studéieren.

Fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat wëllt d'Leit heihinner aus dem Ausland, och aus dem wäiten Ausland op d'Uni bréngen, wat d'Leit aus eisen Zillänner, aus Afrika heihinner bréngt, deenen eng Kautioun vun deem dote Montant ofzeverlaangen, ouni hinne seriö Méiglechkeeten ze ginn, hei Wunnenge ze fannen, zu akzeptabele Präisser, do fannen ech net, dass dat eng integrativ Politik ass.

Ech denken, dass et noutwendeg wier, net nëmme fir déi heiten Zort Immigrant, mä och fir anerer, déi nach vu méi wäit ewech kommen, déi Saachen ze vereinfachen.

D'lescht Woch ass um Conseil économique et social eng Etüd virgestallt ginn iwwer Indicateure vun Integratioun. No deenen Indicateuren huet Lëtzebuerg 55 vun 100 Punkte kritt, an ech mengen, dass dat eleng - ouni wëllen an den Detail ze goen, well ech hei d'Zäit net hunn - beweist, dass mir nach vill Verbesserungen do ze maachen hunn, an dass dat, wat vun eis verlaangt gëtt, sécherlech iwwert dat erausgeet, wat de Moment an deem neien Integratiounsgesetz steet, dat leider déi Integratiounsaspekter net mat integréiert huet, well anscheinend d'Kompetenzen an eiser Regierung eben esou opgedeelt sinn, wéi se et sinn.

Mä ech mengen, dass dat eent ouni dat anert nëmmen eng hallef Saach ass an dass dat e Luxus ass, dee mer eis an engem Land wéi eisem hei net méi kënnen leeschten.

Duerfir geet et net nëmmen duer, dass mer en neit Integratiounsgesetz kréien, mä - an och dat ass zu Genf op där Konferenz erauskomm, déi den Här Braz elo grad ugeschwat huet - e Land, wat wëllt Integratiounspolitik maache mat aner Länner, dat brauch staark Institutiounen, déi sech mat Mënscherechter ofginn. Déi awer hu mir, Dir Dammen an Dir Hären, hei zu Lëtzebuerg menger Meinung no net. Weder hu mer eng Kommissioun an der Chamber, déi och sécherlech net onbedéngt deene Kritäre géif entsprechen, nach hu mer eng aner Institutioun.

Ouni wëllen der Commission consultative des droits de l'Homme an dem Médiateur ze no ze trieden, mengen ech, dass och dat neit Gremium, dee Centre pour l'égalité de traitement, dee mer d'lescht Joer ëm dës Zäit hei gestëmmt hunn, absolut net deene Kritären entsprécht, déi géifen duergoen, fir am Kader vun der Integratioun opzepasst, dass keen hei zu Lëtzebuerg diskriminéiert gëtt, well hien en Ausländer ass.

E lescht Wuert zu Frontex. Am Zesammenhang besonnesch mat der Iwwerleeung, dass d'lescht Woch de Schengen-Raum vergréissert ginn ass, kritt déi Frontex-Struktur oder -Agence nei Missiounen. Menger Meinung no gëtt se deene Missiounen, déi se elo huet, schon net gerecht. Et wier also noutwendeg, dat ze verbesseren. Och dat ass an enger Kommissiounssatzung vun dëser Woch mat eise Kolleegen aus dem Europaparlament erauskomm. Déi Agence ass dramatesch ënnerbesat. Wann elo de Schengen-Raum nach méi grouss gëtt, gëtt dat natierlech nach méi schwiereg.

All Joer stierwe 4.000 bis 5.000 Leit op deene Booten am Mëttelmier, well se probéiere verzweifelt an Europa ze kommen, ouni dass se kënnen gerett ginn, obscho mir esou eng Agence hunn, déi soll d'Grenze kontrolléieren. Ech fannen, dat ass eng Situatioun, déi Europa sech net weider ka leeschten. Ech denken duerfir, dass mer missten déi Agence do massiv verstärken, fir dass se hire Missiounen ka gerecht ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err. Zum Ofschluss vun der Debatt huet den Här Ausseminister Jean Asselborn d'Wuert.

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen un Ärem Bléck hunn ech verstanen, dass ech mech soll sputen. Ech wëll awer och probéieren, op all Fro ze äntweren. Mä wann ech dat och net maachen, dann ernënnert Der mech drun. Ech hunn dat schonn dem Här Félix Braz gesot: Wann ech d'Froen elo net alleguerte ka beäntweren, da géif ech him se schrëftlech beäntweren.

Dat Alleréischt, wat ech wollt soen, Här President: Déi Debatt war fir mech héchst interessant! Ech géif ufänken der Rei no, wéi Der geschwat hutt.

Den Här Mosar war jo deen Éischt. Ech wollt him vläicht e puer Wuert soen zu deem, wat seng Meenung ass iwwert de Kosovo.

Also dat Éischt, Här Mosar, ech mengen do kéinte mir eis zwee direkt drop eens maachen, dat ass, dass de Status quo jo keng Alternativ ass. Zweetens, dat ass schonn an der Lëtzebuurger Présidence decidéiert ginn, also 2005, dass mer net kënnen op d'Situatioun zrëckkomme vu virun 1999. Ech mengen, doriwwer si mer eis alleguerten eens.

D'UNO huet jo, wéi Der wësst, de Lead an der Kosovo-Fro. Et gëtt traitéiert opgrond vun enger Resoloutioun. Dat ass déi berühmte Resoloutioun 1244. An der Resoloutioun 1244, wann een déi andächtig liest, ass net ausgeschloss, dass de Kosovo kann eng Entité souveraine ginn. Ech mengen, dat muss mer wëssen.

Duerfir loosse mer elo Confiance hunn an déi Troika, déi jo nach verhandelt bis den 10. Dezember. A loosse mer probéieren an der Europäescher Unioen déi Positioun ze huelen - wat ech jo och gëschter gesot hunn -, déi wierklech koordinéiert ass, an déi och wierklech op d'Solidaritéit setzt, och wann et schwéier ass fir ganz vill Länner, aus ënnerschiddleche Grënn.

Mä vläicht mengt Remarké och nach, wann Der déi akzeptéiert, zur Republika Srpska. Wann een déi Regioun do e wéineg kennt an et war een elo eng Kéier an der Lescht zu Banja Luka - dat ass déi Stad an där Regioun, wou et wierklech ekonomesch fluppt, op Lëtzebuergesch gesot -, déi wëllen net serbesch sinn. Dat muss ee wëssen. Déi wëllen net onbedéngt ageschloss ginn - doudsécher net! - a Serbien.

Duerfir, kommt mer fuere weider a mer bleiwen och e wéineg intellektuell op enger Schinn, wou mer soen: De Kosovo ass eng Entitéit, déi mer mussen sul generis considéieren. Et gëtt keng dräi Kosovoen op der Welt. De Kosovo-Konflikt ass ee Konflikt, deen och entstanen ass opgrond vun engem Krich, dee war. Duerfir loosse mer de Kosovo esou traitéieren, wéi dat sech gehéiert opgrond vun der Resoloutioun 1244.

Ech géif och mengen, Här Mosar, dass mer mat Albanien ganz gutt mussen oppassen, och am Sproochgebrauch. Den Här Berisha ass de Premierminister - hie war och eng Kéier President, elo Premierminister - vun Albanien. Hien ass hei op Lëtzebuerg komm bei de Premierminister a bei mech. Hien huet gesot: Wann ech gelift, léist de Problem vum Kosovo, d'Entitéit vum Kosovo. Da verhënnert Der eng Kéier d'Diskussioun ëm dat grousst Albanien.

Ech mengen, mir kënnen jo net elo dovunner schwätzen, dass mer aus all deene Völker, déi um Westbalkan albanescher Hierkonft sinn, wëllen ee Land maachen. Da wëlle mer jo och e Kurdistan maachen, wéi Der dat richtig gesot hutt. Dat wëlle mer jo verënnern. Mir wëllen elo, dass déi Entitéiten, déi entstanen sinn - niewent Mazedonien, Montenegro, Albanien, an dann och de Kosovo, menger Meinung no -, Entitéiten sinn, déi ee soll à part considéieren, a mir wëllen dat net am Kader vun engem groussem Albanien gesinn.

Nach eng Kéier: Et ass wichteg drop hinze weisen, dass mer am Kosovo - wéi Der dat richtig gesot hutt - mat déi schwierest Froen ze léisen hunn, där d'Europäesch Unioen sech an deenen nächste Méint an och Joren ze stellen huet. A mir dierfen net mengen, dass et den 10. Dezember eriwuer wier. Mir mussen do beweisen, dass et eng europäesch Aussepolitik gëtt, doduerch, dass mer dosti wéi ee Mann hannert där Décisioun, déi ze huelen ass.

Da wollt ech lech eppes soen, vläicht och wann Der wëllt, vu China; lech, Här President, selbstverständlech, awer och un d'Adress vun deem, wat den Här Mosar gesot huet.

Also et gëtt eng „one-China policy“. Ech wëll emol eng Kéier ënnersträichen, dass dat net d'Politik ass vu Lëtzebuerg, och net d'Politik ass vun der Europäescher Unioen. Mä dat ass d'Politik vun Australien, vu Kanada, vun Amerika. Alleguerten déi grouss Länner op der Welt, déi eng eegestänneg Aussepolitik hunn, sinn op der Schinn vun der „one-China policy“. Dat ass also näischt Pejoratives. Dat ass esou.

Dat Zweet, wat ech lech wollt soen, dat ass, eng Dosen - loosse mer och nach soen eng bäckesch Dosen - Länner erkennen Taiwan un. Mir wëssen heiansdo ënner wat fir engen Émstänn an ënner wat fir Zoustänn dass Taiwan unerkannt gëtt vu wat fir Länner, an dass och eng gewësse Réciprocitéit vun där Unerkennung um materielle Plang do besteet.

(Interruption)

Wann Der mech e wéineg stéiert, dann dauert et méi laang.

China huet 1,4 Milliarde Leit. Dat ass eng Realitéit, déi besteet. Domadder muss een, menger Meenung no, och am 21. Jorhonnert rechnen. Dir hutt komplett Recht, wéinst de Mënscherechter, wat den Här Braz gesot huet, d'Olympiad, déi virun der Dier steet a China, dass een all déi Instrumenter, déi een huet, muss gebrauchen, fir mat de Chinesen am Gespréich ze bleiwen.

Dat hu mir kleng Lëtzebuenger gemaach an eiser Présidence a mir maachen et elo nach iwwerall do, wou mer et kënne maachen. Et si verschidde Mouvementer an eng méi positiv Richtung gaangen, mä et ass awer nach net deen Duerchbroch geschafte gi mat China, wat d'Mënscherechter ugeet, deen et misst sinn - do ginn ech lech komplett Recht.

Ech wëll lech och soen, dass Taiwan eng Kéier wëllt Member gi vun der UNO; dat kënnt jo all Joer erëm. Nëmme déi souverän Staaten, déi och international unerkannt sinn, kënne Member gi vun der UNO. Also ee fir allemol muss mer déi „one-China policy“ hei kennen. Den Här Grethen huet lech jo och d'Fro gestallt, wat de Premierminister virun dëser Regierung, déi elo besteet, an där viregter Regierung, gesot huet. Dat seet dës Regierung och elo. Mir mussen eis baséieren...

►► **Une voix.** - De Statsminister Werner hat déi Politik initiéiert.

►► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Dann ass et jo eng gutt.

(Interruption)

Da wollt ech lech vläicht zum Irak eppes soen. Den Här Mosar hat ee Moment gesot, den Irak wier en „failed state“. Wann den Här President Bush „failed state“ an de Mond hält, dann ass dat éischter fir Länner wéi Syrien oder wéi den Iran. Au Contraire, fir si ass den Irak jo keen „failed state“, well et ass ee Stat, dee mat hirer an och mat eiser Hëllef - dat muss ee jo wëssen -, esou gutt wéi mer dat kënnen, gehollef kritt, well d'Rechtsgültegkeet jo erëm opgebaut gëtt.

Bei Syrien sinn ech komplett Ärer Meenung. D'USA schéngen dat jo och elo agesinn ze hunn. Déi Invitatioun u Syrien ass mat Nordrock gemaach gi vun den Amerikaner. Et ass gesot ginn, dass d'Syrer sech och kënnen eraussuchen, wat se wëllt schwätzen; och d'Golán-Héichte kéinten ugeschwat ginn zu Annapolis. Mä mir wëssen net, ob d'Syrer iwwerhaupt wëllen un där Konferenz deel huelen.

Dann zu der UNO. Ee Sätz, wéi Der gesot hutt, fir d'EU, dat wier natierlech ideal. Ech hat och e puermol probéiert an eiser Présidence, fir dat unzeschwätzen. Ech kann lech soen: Elo ass dat nach eng Utopie. Et dierf een net mengen, dass entweder Frankräich oder England bereet sinn, fir e Sätz opzeginn an ze soen: Hei mir offréieren lech elo e Sätz, a mir hunn dann en europäesche Sätz. Esou wäit si mer nach net. Mä ech hoffen, dass mer an enger hallwer Generatioun esou wäit sinn.

Da wollt ech lech soen, wat den Här Goerens gemengt huet iwwert den Niveau vun eiser Dépense fir d'Défense. Den Här Fayot huet dat och ugeschnidden. Ech wëll nëmme ee Saz dozou soen. Ee Saz, wou ech soen, dass ech komplett op der Linn si vum Här Goerens a vum Här Fayot. Och mat 2% vun eisem PIB fir d'Défense moyenne rette mer d'Welt net, mä mir kënnen d'Welt awer virubrénge mat 1% vum PIB fir d'Entwécklungshëllef.

Ech mengen, do gëtt et en Ënnerscheid, dee gravéierend ass, an duerfir solle mer a mengen Aen eis Politik - ech wäert mech op jidde Fall dofir asetzen - och hei zu Lëtzebuerg weiderféieren, ouni natierlech dat anert ze négligéieren. Ech mengen, dat Wuert militäresch kléngt jo ëmmer ganz, ganz negativ. Ech kommen nach vläicht just elo an enger Minutt drop zréck, wat den Här Braz dozou gefrot hat.

Da wollt ech lech soen, dass een an där grousser Politik wéi an där klenger Politik ëmmer soll ënnerscheeden, wat um Glacis ass vum Wesentlechen a wat am Mëttelpunkt ass vun deem, wat mer muss léisen. Mir hunn esou vill Problemer ze léisen op der Welt; vun deenen hu mer der e puer gëschter an haut hei opgezeechent. Duerfir géif ech mengen, dass alles, wat mat deem Radar ze dinn huet a mat deem Écran antimissiles ze dinn huet, um Glacis wier vum Wesentlechen, an dass ee sech soll net ze vill domadder verkrampfen - op kenger Säit!

Ech mengen och, dass eis amerikanesch Frënn dat vläicht agesinn, dass virun de Wahlen op jidde Fall do net dat geschitt, wat eventuell hätt kënne geschéien ee gewës-

sene Moment, an dass mir als Europa och d'Méiglechkeet kréien, fir eis ze besënnen an eis kloerzemaachen, dass déi grouss, grouss Problemer, déi d'Sécherheet ugi vu ganz Europa, och net kënne bilateral vu verschiddene Länner an Europa verhandelt gi mat Drëttlänner, mä dass dat soll eng Affär bleiwen an ëmmer si vun der Europäescher Unioun.

Da wollt ech lech e Saz zum Iran soen. Ech mengen, do deele mer jo komplett d'Meenung, déi heibanne geäussert ginn ass. Mä ech wëll direkt dem Här Braz äntwerten op dat, wat hien ugeschnidden huet a woumadder hie komplett Recht huet - ech mengen, den Här Goerens huet dat och gesot -, nämlech de Problem vun de konventionelle Waffen.

Ech si wierklech frou, dass déi Fro och vun lech gestallt ginn ass, Här Braz! Mech stëmmt et och net glécklech, wat gëschter an der Duma decidéiert ginn ass. An der Duma ass jo decidéiert ginn, fir den 12. Dezember déi Deadline ze setzen an dass 150 Deeg duerno de Vertrag iwwert déi konventionell Waffen an Europa - en heescht op Franséisch FCE-Vertrag - opgeléist ka ginn.

Dir kennt d'Problematik dovunner: Engersäits hu mer gesot, dee Vertrag, deen zënter 1990 ënnerschriwwen ass, ass gekoppelt, vun der NATO-Säit aus, un déi Obligatiounen vun Istanbul - wéi dat heescht. Dat heescht, d'Russe misste sech aus Transnistrien an aus Georgien zréckzéien. Well awer dunn déi russesch Säit d'Obligatiounen vun Istanbul net konnt anhalen, ass dann an den NATO-Länner déi Konventioun iwwert d'konventionell Waffen net ënnerschriwwen ginn, net ratifizéiert ginn.

Dat ass ee Réckschlag, do hutt Der ganz Recht. Et muss een am A behalen, dass mer net nëmme wat d'Atomwaffen ugeet d'Spiral net an déi falsch Richtung dréien, mä bei de konventionelle Waffe muss mer och nach dorop oppassen. A fir e Land wéi Däitschland zum Beispill, déi wëssen, wat konventionell Waffe bedeiten op hire Grenzen, ass dat heiten en dramatesche Réckschlag, wann dat mat där ganzer Folleg do géif exekutéiert ginn.

Da wollt ech lech vläicht nach dorop äntwerten, wat den Här Goerens richtegerweis gesot huet iwwert den Darfur. Dir hutt ganz, ganz Recht: Mir kënnen net do nëmme schéi Rieden halen, mä mir mussen effektiv do och Solidaritéit bewisen.

Wat mer jo elo wëlle maachen, ass ze kucken, eis deene Flüchtlingen aus dem Darfur unzehuelen, déi eben am Tschad sinn, an och den Hëlleforganisatiounen eng Méiglechkeet ze ginn, an den Darfur eranzekommen. Wann een awer gesäit, wéi dat schleeft am Darfur selwer! Haut nach oder gëschter huet de Generalsekretär vun der UNO, den Här Ban Ki-moon, sech nach eng Kéier do déployéiert, fir ze soen, dass et awer elo duergeet, dass ee wierklech muss dat maachen, wat néideg ass, fir virun allem d'Liewe vu Kanner a vu schwache Mënschen ze retten.

Ech mengen, dat steet eis gutt zu Gesiicht, dass d'Europäesch Unioun déi Missioun do mécht, fir kënnen do anzegräifen.

Den Här Fayot läit selbstverständlech komplett richtig, wann hien a sengem interessanten Développement seet, dass an Zukunft d'Regierung an d'Chamber hei op engem aneren Niveau nach zesummeschaffe mussen, wéi dat bis elo de Fall war. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer déi Modalitéiten, dass mer d'Machbarkeet do kënnen erauskristallisieren an eis och do kënnen eens ginn, d'Chamber wéi och d'Regierung.

Hien huet och d'„cluster bombs“, also d'Bombes à sous-munitions ugeschwat. Iwwert déi wäerte mer e Freideg elo an der Regierung den Text definitiv un huelen. Dann sinn, op Lëtzebuerg bezunn, de Stockage, d'Fabrikatioun, awer och d'Finanzéierung direkt an indirekt vun alle Systemer zu Lëtzebuerg verbueden. Da si mer dat zweet Land, wat op dee Wee do geet.

Dir wësst, dass déi „cluster bombs“ eppes Dramatesches sinn. Mir als Lëtzebuenger sinn zweemol do direkt implizéiert. UXO, eng Organisatioun vun der UNO, hëllef am Laos, fir déi Bomben, déi esou grouss si wéi Tennisbäll, déi zu 30% net explodéieren an an de Bëscher do leien, ze sprengen, fir dass se kengem Mënsch méi kënnen e Leed zoudinn. Bei deene Programmer hëllef mer finanziell.

Dir wësst och, dass Israel an de leschten Deeg vum Krich am Libanon 2006 där Bombe massiv nach erofgehait huet, an och do si mer jo mat implizéiert als Lëtzebuenger Arméi, fir ze hëlfe, fir dee Ménage do ze maachen.

Duerfir gesitt Der - ech mengen, dat kéint ech huelen als Ophänker -, dass mer net eis

militäresch Mëttelen eropsetzen, fir Kricher ze féieren, mä fir eis wierklech logistesches Mëttelen a Moyenen ze ginn, fir esou Aktiounen kënne matzemaachen. An ech mengen, dat bedéngt dach awer, dass mer eis do och weider engagéieren.

Den Här Fayot huet mat Recht Kuba ugeschnidden. Ech wëll hei nëmme ee Saz soen dozou. Ech hätt mer gewënscht um Enn vun der däitscher Présidence, dass Kuba déi Hand, déi mer gereecht hunn, fir en Dialog iwwert d'Mënscherechter ze féieren tëscht der Europäescher Unioun a Kuba, ugeholl hätt. Kuba hätt missen déi Hand un huelen.

Den Ausseminister vu Spuenien, den Här Moratinos, huet onheemlech Efforté gemaach. Hie war dohinner a war heiansdo souguer op der Limite vun deem, wat mer an der Europäescher Unioun decidéiert hatten, fir de kubaneschen Autoritéiten ze soen: Kommt, mir kucken en neien Ufank ze maachen; mä deen neien Ufank kann nëmme ugoen, andeem mer awer och iwwert déi elementar Mënscherechter schwätzen.

Dir wësst, a Kuba sätze Leit am Prisong, déi weider näischt gemaach hunn, wéi no enger Verfassung ze froen, déi d'Mënscherechter respektéiert, déi souguer nëmme duerno gefrot hunn, dass hir Constitutioun, déi se hunn, soll agehale ginn. An ech mengen, dat ass e Punkt, wou mer awer muss wëssen an der Unioun, wa mer vu Mënscherechter schwätzen, dass mer do musen eng gewëssen Häert weisen an där Approche. Mä ech hoffe fir d'Vollek vu Kuba an och fir d'Europäer, vun deene verschidde Länner, zumools Spuenien, jo awer historesch Relatiounen mat Kuba hunn, dass mer do virukommen.

Nun, den Här Braz huet mer jo déi allermeeschte Froe gestallt a säin Discours war ganz, ganz interessant. Ech soen elo nach eng Kéier, wann ech net op alles elo kann äntwerten an där kuerzer Zäit, dann engagéieren ech mech awer seng Ried ze liesen a mat eise Leit zesummen ze kucken, dass hien eng schréfflech Äntwert kritt.

Eis spezifesche Akzenter als Lëtzebuenger an deem groussen Europa oder an där grousser Welt - dat war jo ee vun de Punkten, déi ugesprach gi sinn. Mir kënnen nëmme duerch d'Sproochrouer vun Europa Aussepolitik maachen. Vun allem aneren, mengen ech, muss mer terre à terre wierklech avouéieren, dass dat eppes wier, wou mer géifen aus eise Schong erausklammen.

Mä et gëtt ee Punkt, an do ginn ech lech erëm komplett Recht, dat sinn d'Mënscherechter, wou mer muss kënnen den Akzent setzen, a mir si jo och an enger Situatioun, wou mer an Europa nogelauschtert kréien.

Mir kréien an Europa a ville Punkten nogelauschtert, well mer et och ëmmer faerdeg bruecht hunn, dat Engagement, wat mer weisen an der Aussepolitik, ëmmer an den Déngschter vun der europäescher Saach a vun der Integratioun ze stellen.

Wat Russland betrëfft - ech hunn dat gesot -, ass et schued, wa mer wierklech bei de konventionelle Waffen op esou eng Evolutioun elo kommen, dass déi Konventioun do géif suspendéiert ginn oder praktesch géif an d'Loft fléien. Dat ass net gutt, dat ass schlecht. An dat ass net nëmme schlecht fir Russland, mä et ass och schlecht fir d'Europäesch Unioun a fir d'international Communautéit.

Dann d'Électiounen, déi europäesch Électiounen. Dir hutt do Recht, mir wäerte mat enger grousser Sécherheet d'iwwernächst Joer, also 2009, deen nämechten Dag erëm Europaparlamentswahlen an och Wahlen hu fir d'Parlament hei.

(Interruption)

Dir hutt Recht, Här Grethen, d'Politiker...

(Interruption et hilarité)

Duerfir wollt ech dat elo soen. Dir hutt Recht fir Leit, déi scho méi Erfahrung hunn an der Lëtzebuenger Politik: Déi Politik zeechent sech dach duerch eng grouss Stabilitéit aus, wat d'Délaï si vun de legislative Perioden.

(Interruption)

Dann den Atomstrom, deen den Här Braz ugeschwat huet. Wann ech dat dierf soen: Am COREPER ass doriwwer geschwat ginn. Haut ass och doriwwer geschwat ginn.

Et stëmmt, dass vun den afrikanesche Länner eng Demande doläit, fir kënnen eng Kooperatioun mat eis ze maachen, wat d'nuklear Energie ugeet. Mä ech wëll lech hei soen, dass op jidde Fall Lëtzebuerg, wat jo zu deene Länner gehéiert, déi sech kloer engagéiert hunn op där Linn - a mir si jo net eleng, mä mir sinn net an der Majoritéit, dat wësst Der -, ganz kloer och weiderhi seet, zum Beispill eisen afrikanesche Frënn, dass

et jo awer an Afrika aner Mëttele misste ginn, zum Beispill alternativ Energien - d'Sonn ass do wéi néierens anescht -, fir dann dorobber ze setzen. Dat ass also eng Äntwert, déi ech ka ganz kloer ginn.

Den Uranium 238, Här Braz, fir eis och als Lëtzebuenger Regierung, muss ugeräichert ginn, e muss benotzt ginn. Et ass also keng Energie renouvelable. Nuklearenergie ass keng Energie renouvelable. Well mer och wëssen, wat dat alles heescht, fir d'Entsuerung ze maachen, wat fir eng Komplexitéit, wat fir eng Gefor do derbäi ass, fir déi Reschter dann ze entsuergen, duerfir géif ech mengen, dass mer do komplett op enger Linn sinn.

Mir plädéieren dofir, mat anere Länner an der Europäescher Unioun, mä - ech soen et nach eng Kéier - mir sinn do an der Minoritéit, wou mer soen, et geet fir eis drëm, an dat ass och kloer a mengem Kapp gewiescht, d'Reduktioun vum CO₂ kënne mer elo net erreche mat méi Atomenergie. Mat manner Atomenergie, mengen ech, an Zukunft fueren, dat huet net direkt eppes mat den CO₂-Wäerter ze dinn.

Déi Diskussioun, déi zum Beispill an Däitschland ass, dat si jo Positionen, déi net direkt eppes ze dinn hunn elo mam CO₂. Ech mengen, déi sinn interessant fir eis fir ze verfollegen. Gott sei Dank si mer jo net an enger Situatioun, dass mer e Wierk musen zoumaachen.

Dann hat Der nach gefrot, Här Braz - ech probéieren alles ze kucken, wat Der mech gefrot huet -, iwwert déi Approche vun Louis Michel bei der Geschicht vun den Aides budgétaires. Also mir sinn zimlech retizent do derbäi, ech wëll lech och soe firwat: Ech mengen, wa mer op eng Approche gi vun der Aide budgétaire, da muss mer op d'Transparenz kënne setzen - ganz kloer -, d'Capacitéit mussen do sinn an d'Capacitéit mussen awer och do si fir déi Gelder kënnen iwwerhaupt ze absorbéieren.

Duerfir hu mer dem Här Louis Michel eise Point de vue gesot, an ech menge mäi Regierungskolleeg, dee sech jo méi speziell drëm bekümmert, den Här Jean-Louis Schiltz, huet dat nämelech gesot, dass mer an där Fro do éischter eng gewëssen, losse mer soe Retenue eis operleeën - fir dat an der diplomatescher Sprooch ze soen.

Elo wollt ech lech nach eppes soen zu Frontex. D'Madame Err huet Frontex ugeschnidden, an Dir och. Dass et Frontex gëtt, ech mengen, et contestéiert jo keen, dass dat eng gutt Saach ass, dass mer kënne Mëttelen asetze fir eng lwwerwaachung ze maachen.

Mir wäerten, an ech wäert mat eisen Diplomaten doriwwer schwätzen, kucken, wéi mer hëllef kënnen, fir dass Frontex méi effikass gëtt. Wa se gesinn, dass Problemer entstinn, dass dann och direkt kann e Signalement kommen an dass dann esou séier wéi méiglech kënne Mënsche gerett ginn. Dat ass och de Sënn dovunner, firwat dass et existéiert. Ech mengen, dat muss dann och esou kënne fonctionnéieren, dass effektiv net nëmme gesi gëtt, dass e Schëff ënnerwee ass mat ville Mënschen drop an dass et riskéiert ze kenteren, mä dass och da gehollef gëtt. Do sinn ech och komplett mat lech averstanen, dass een dat muss seriö kucken.

Elo vläicht nach zum Här Henckes, wann Der wëllt: d'Türkei- an d'Zypernfro. Ech wëll dat elo net erëm eng Kéier hei développéieren, mä och ouni Membershaft oder ouni Demande vun der Türkei fir an d'Europäesch Unioun ze kommen hätte mer d'Zypernfro. An d'Zypernfro, dat muss mer eis och an eisem Kapp nach eng Kéier kloer maachen, ass net eleng e Problem vun der Türkei. D'Türkei eleng léist net de Problem vun Zypern. Et ass och e Problem vun der Europäescher Unioun a vu Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn.

Wat d'Türkei ugeet: Ech mengen, Dir kennt meng Position, dass Europa interesséiert muss sinn - an den Här Fayot huet dat gutt gesot -, an zéng, 15 Joer, un enger europäescher Türkei, an net un enger Türkei, déi géint eis gedréit ass.

Mir wëlle kee Kurdistan, ech hunn dat gesot. An d'Mënscherechter an der Türkei, wann Der intellektuell awer trotzdeem deen

Effort maacht, da wäert Der feststellen, zënter dass d'Türkei d'Demande gemaach huet fir Member ze gi vun der Europäescher Unioun, ass immens vill Positives geschitt an der Evolutioun vun de Mënscherechter an deem Land.

Wat den Här Henckes nach gesot huet, dat war jo déi Geschicht vum Här Sarkozy, wat deen am Europaparlament gëschter zu Stroosbuerg gesot huet.

Den Här Sarkozy, wann ech richteg verstane hunn, huet zwou Saache gesot. Éischens emol plädéiert en dofir, dass d'Unanimitéit net méi kann dat Instrument si wat mer brauchen, fir an Zukunft Problemer an der Europäescher Unioun ze léisen.

Also ganz kloer, wann ech dann de Lien maache mat deem, wat en als zweete Saz gesot huet; den Här Sarkozy huet gesot, ech si gebonnen un Engagementer, an déi Engagementer kënnen net gebrach ginn.

Wann een déi zwou Saachen zesammen hält, da fanne mer vläicht eng Léisung, och fir den Här Sarkozy.

Dem Här Jaerling wollt ech soen, bei de Militärausgaben - ech hunn dat versicht an deene puer Wieder nach eng Kéier ze verdäitlechen -, dass een do muss eng Trilogie gesinn. Ech mengen, Sécherheet brauch een, dat wat een ebe muss hu fir Sécherheet kënnen hirzestellen, awer Opbau vun der Rechtsstaatlechkeet an d'Kooperatioun, déi dräi Saache mussen ëmmer matenaner goen.

» **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro vum honorabelen Här Wagner?

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här Ausseminister, Dir schwätzt vun der Türkei, vum Här Sarkozy an esou; enfin, Ären Europaminister, denkt deen d'selwecht? Ech weess net wou en ass, den Här Schmit, mä et wär vläicht flott gewiescht, wann en och Stellung dozou geholl hätt.

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Ech kommen nach dozou.

Da wollt ech lech soen an engem Wuert - d'Madame Err ass elo de Moment net am Sall, mä ech wollt hir soen, dass selbstverständlech d'Migratioun eng vun deene kapitale Froen ass, déi och selbstverständlech Lëtzebuerg ganz héichkaräteg concernéiert.

Mir hu jo an dëser Regierung en Immigratiounsgesetz op de Wee gi fir d'Gesetz vun '72 ze änneren. Den Nicolas Schmit schafft dorunner. Dir wësst, dass mer do éischt Schrëtt gemaach hunn. Mir hunn eben zwee Ministère. Dat eent ass den Immigrationsministère, dat anert ass den Integrationsministère, esou wéi viles jo zënter verschidene Regierunge schonn opgedeelt ass, wat eigentlech zesummegehéiert; dat stëmmt. Ech wëll dat elo net kritiséieren.

Den Nicolas Schmit hat mech gefrot fir kënnen haut op de Problemer vun den Demandeurs d'asile ze schaffen. Ech hu Jo gesot. Also huelen ech och déi Responsabilitéit, dass en de Mëtteg net hei war, op meng Kap.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass dës Debatt ofgeschloss. Mir hunn nach ee Punkt op eisem Ordre du jour stoen, dat ass d'Motioun, déi den honorabelen Här Braz déposéiert hat „relative à la gestion et à l'exploitation des réseaux d'électricité“. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

3. Motion de M. Félix Braz relative à la gestion et à l'exploitation des réseaux d'électricité

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG), auteur.** - Merci, Här President. Mir hunn den 11. Juli hei an der Chamber iwwert e Gesetz geschwat fir déi zweet Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vun europäesche Stroummarché ëmzesetzen. An deem Kontext an am Virfeld dovun hat jo déi gréng Fraktioun mat der DP-Fraktioun zesammen eng Proposition de loi déposéiert, wou mer eng Partie Froen opgeworf hunn, déi an der Relatioun mat de Gemenge spillen, a wou et och ëm de Rôle vun de Gemenge geet, an deene Beräicher wou et och Marchéë gëtt, wou mir der Meenung sinn - an ech wëll dat elo hei

net nach eng Kéier déeloppeieren -, mat der DP zesammen, dass mer do um gesetzlechen Niveau eng Partie Saache missten änneren, fir d'Gemenge zum Deel vun der Tutelle vum Intérieur ze befreien a fir se fit ze maachen op dat 21. Jorhonnert.

An deem Kontext hate mer, no Echangë mam Här Innenminister, vum Här Innenminister d'Zouso kritt, dass en op engem präzise Punkt eis versprach huet, fir Remedur ze suerge virum Enn vum Joer. An dee Punkt, dat war déi Fro vum Détachement vun de Beamten; eppes wat am neie Statut geännert ginn ass a wat duerch d'Gesetz am Moment verbueden ass. Mir wollten do eng Ouverture hunn, fir au cas par cas mat de betraffene Leit a mat hiren Delegatiounen doriwwer kënnen ze diskutéieren.

Dass et also net méi duerch d'Gesetz verbueden ass, mä dass et méiglech ass, op dee Wee ze goen. Wat keen zwängt, op dee Wee ze goen, a wou jiddereen nach ëmmer fräi ass, am Kader vu sengem sozialen Dialog dat op déi Aart a Weis ze maachen, déi him richteg schéngt.

De Minister huet eis versprach, e géif dat dote virum Enn vum Joer aus der Welt schaffen. Mir hunn dofir viru 14 Deeg eng Motioun déposéiert, well mer gesinn hunn, dass nach net vill op deem Dossier geschitt wär, fir de Minister drun ze erënneren.

Dat hu mer mat dëser Motioun wëlle maachen. Mir wiere frou, wann de Minister eis haut kéint als Äntwert ginn, dass déi dote Saach am Sënn vu senger Deklaratioun vum 11. Juli kéint geregelt ginn.

Op Är Äntwert si mer dann elo gespaant, an ech wëll dofir net méi laang op d'Motioun agoen, well ech mengen domat ass alles gesot - an ech hunn nach meng annerhalfe Minutt erëm eragespillt vu virun.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun?

Soss héiere mer d'Regierung. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Merci, Här President. Ech hunn dem Här Braz gutt nogelauschert an ech verstinn déi Situatioun d'selwecht, wéi hie se versteet.

Dat heescht, ech hunn e Projet de loi schreiwe gelooss, an dee Projet de loi hu mer geschriwwen am Ministère. Dee war

den 12. November an der Commission centrale. Déi wäerten den 21. November dëse Projet de loi aviséieren an da geet en den 30. November an de Regierungsrat. Esou dass ech deem Wunsch, deen hei ausgedréckt ginn ass, Rechnung gedroen hunn.

Et gëtt d'Méiglechkeet, mir nennen dat eng Mise à disposition ze maache vun de Leit, déi hei concernéiert sinn. Déi Mise à disposition ass awer éischters emol, wéi Der selwer gesot hutt, fakultativ, déi ass net obligatoresch a si geschitt an engem ganz kloeren, limitativen Kontext. Ech mengen et géif haut e bëssen ze wäit féieren, fir dat am Detail hei schonn ze déeloppeieren, well wann de Projet déposéiert ass, da kréie mer nach genuch Geleeënheet heiriwwer ze schwätzen.

Ech ka just soen, dat, wat gefrot ginn ass an där Motioun, dat ass geschitt. An deem Sënn wär d'Motioun superfétatoire, wéi de President vun der Chamber ganz oft scho gesot huet.

Et kann een et awer och esou gesinn, dass ee seet: Okay, mir wëllen de Minister ënerstëtzen. Da kéint Der och e Vote mat Main levée maachen an dat Ganzt akzeptéieren. Et ass, wéi d'Chamber dat gesäit. Ech si mat alle Cas de figure d'accord. Ech hunn lech elo gesot, wat ech gemaach hunn. Dir hutt héieren, wat den Här Braz gefrot huet vum Minister, esou dass d'Saach fir mech an der Rei ass.

» **M. le Président.** - Mir stëmme dann, fir de Minister ze encouragéieren an ze ënerstëtzen, dass de Projet fir den 30. November duerch de Conseil de Gouvernement geet.

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun?

D'Motioun ass mat écrasanter Majoritéit ugeholl ginn.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Eestëmmeg!

» **M. le Président.** - Si ass eestëmmeg ugeholl ginn.

Ech soen lech Merci.

Domat si mer um Enn vun eisen Debatte vun haut ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.04 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

1. Communications
2. 5803 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 relative à l'élection directe des représentants luxembourgeois au Parlement européen
 - Déclaration de recevabilité
3. Ordre du jour
 - M. le Président, M. Gast Gibéryen, M. François Bausch
4. Heure de questions au Gouvernement
 - Question N°219 du 20 novembre 2007 de M. Marc Spautz relative à la prise en charge des frais de transport en ambulance, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
 - M. Marc Spautz, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
 - Question N°220 du 20 novembre 2007 de Mme Anne Brasseur relative à la mise en application de la loi du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité - Procédure à respecter en cas de défaillance de paiement, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire
 - Mme Anne Brasseur, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire
 - Question N°221 du 19 novembre 2007 de M. Jos Scheuer relative à la construction d'un passage souterrain sur la route Luxembourg-Echternach (E29 (N11)) à la hauteur du carrefour Consdorf-Bech (CR137), adressée à M. le Ministre des Travaux publics
 - M. Jos Scheuer, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics
 - Question N°222 du 19 novembre 2007 de M. Claude Adam relative à l'accès au stage pédagogique de certains étudiants ou étudiantes inscrits en troisième année à l'Université du Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
 - M. Claude Adam, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
 - Question N°223 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la décision des autorités de Rhénanie-Palatinat sur l'amélioration de l'infrastructure ferroviaire qui relie le Luxembourg à Coblenze via Konz, adressée à M. le Ministre des Transports
 - M. Roger Negri, M. Lucien Lux, Ministre des Transports
 - Question N°224 du 20 novembre 2007 de M. Claude Meisch relative aux emplois créés à moyen terme sur le site Eurohub Sud (ancien site de la WSA), adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi
 - M. Claude Meisch, M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi
 - Question N°225 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la proposition que le Commissaire européen Stavros Dimas a soumise à ses collègues de la Commission de refuser l'autorisation de mise en culture en Europe de deux variétés de maïs génétiquement modifiés déve-

loppés par les firmes Syngenta et Pioneer/Dow (Bt11 et 1507), adressée à M. le Ministre de l'Environnement

- M. Roger Negri, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement

- Question N°226 du 20 novembre 2007 de M. Jean Huss relative aux suites à donner au niveau européen à l'appel de Luxembourg pour l'interdiction des amalgames dentaires au mercure, signé le 10 novembre 2007, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

- M. Jean Huss, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

- Question N°227 du 19 novembre 2007 de M. Charles Goerens relative aux modalités d'exécution de la nouvelle loi agraire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

- M. Charles Goerens, M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

- Question N°228 du 20 novembre 2007 de M. Xavier Bettel relative aux nominations du personnel enseignant au niveau des communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

- M. Xavier Bettel, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

5. Déclaration de M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur le processus de paix au Moyen-Orient et sur le Kosovo à l'issue du Conseil «Affaires générales et Relations extérieures» (CAGRE), suivie d'un débat

- Déclaration: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

- Débat: M. Ben Fayot, M. Laurent Mosar, M. Charles Goerens, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Jean Asselborn

6. Heure d'actualité demandée par le groupe DP en vue de la Conférence des Nations Unies sur les changements climatiques qui se tiendra du 3 au 14 décembre 2007 à Bali

- Exposé: M. Charles Goerens

- Débat: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Camille Gira, M. Robert Mehlen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, M. Charles Goerens, M. Lucien Lux

7. 5471 - Projet de loi autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain

- Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. Alex Bodry

- Discussion générale: M. Marcel Sauber, M. Henri Grethen, M. Félix Braz, M. Robert Mehlen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Matdeelungen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) En date du 14 novembre 2007 l'Association pour le droit de mourir en dignité (ADMD, Luxembourg) a remis la pétition N°286 pour la dépénalisation de l'euthanasie.

2. 5803 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 relative à l'élection directe des représentants luxembourgeois au Parlement européen

Déclaration de recevabilité

An hiner Réunioun vum 15. November huet d'Présidentekonzferenz virgeschloen, d'Proposition de loi 5803 iwwert d'Ofännerung

vum Gesetz iwwert d'Europawahl fir recevabel ze erklären. Dës Proposition de loi gouf de 14. November vum honorabelen Här Meyers hei an der Chamber déposéiert.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, schléit d'Présidentekonzferenz Folgendes vir:

Haut de Mëtteg fänke mer u mat enger Froestonn un d'Regierung. Duerno hu mer eng Deklaratioun vum Här Ausseminister mat uschléissender Debatt iwwert de Fridensprozess am Noen Osten an iwwert de Kosovo; dëst no der Réunioun vum Conseil Affaires générales et Relations extérieures. Dann duerno hu mer eng Aktualitéitsstonn, op Ufro vun der DP-Fraktioun, iwwert d'UNO-Klimakonferenz zu Bali. Als leschte Punkt um Ordre du jour hu mer de Projet de loi 5471 iwwert eng staatlech Bankgarantie fir de Bau vun engem Fernwärmenetz.

Wat d'Sitzung vu mar ubelaangt, um hallwer dräi, gëtt proposéiert: fir d'éischt eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert een neie Centre commercial zu Wickreg; duerno d'Motioun vum honorabelen Här Gira iwwert d'Organisatioun vun engem Audit am Innenministère; als drëtte Punkt, d'Question avec débat N°26 vun der Madame Spautz iwwert

eng Etüd vum Observatoire de l'Habitat iwwert de Loyer; als véierten a leschte Punkt, d'Orientéierungsdebatt iwwert de Chômage an d'Situatioun um Aarbechtsmaart.

Fir en Donneschdeg de Mëtten um hallwer dräi gëtt proposéiert: fir d'éischt de Projet de loi iwwert de Bau vun Ateliers zu Bartreng fir d'Verwaltung vun de Bâtiments publics; duerno de Projet de loi wat de Bau ubelaangt vun enger zweeter Europaschoul, och zu Bartreng; de Projet de loi iwwert den Ausbau vum Konferenzzentrum um Kierchbiérg; weider Projet-de-loien iwwert den Assurancésecteur, d'Saisie a schlussendlech eng UNO-Konventioun iwwert d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit; duerno kéim d'Motioun vum honorabelen Här Braz iwwert d'Bestietnis vun homosexuelle Koppelen; dann d'Interpellatioun vum honorabelen Här Henckes iwwert d'Drogeproblematik; a schlussendlech, als leschte Punkt vum Ordre du jour, d'Resolutioun vum honorabelen Här Kox iwwert d'Opstellung vun engem Energieplang fir d'Gebaier vun der Chamber a vun de Fraktiounen.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen? Den Här Gibéryen freet d'Wuert zum Ordre du jour.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President.

Här President, mir hu mat engem Punkt e Problem, wat den Ordre du jour ubelaangt, an zwar den Donneschdeg. D'Interpellatioun vu mengem Kolleg Jacques-Yves Henckes ass hei als 8. Punkt en Donneschdeg um Ordre du jour opgefouert.

Mir hunn ausgerechent, wa bei deene Projete virdrun nëmmen d'Halschent vun der Riedezäit gebraucht gëtt, déi zur Verfügung steet, da géif déi Interpellatioun fréistens um sechs, hallwer siwen dru kommen.

Mir fannen et net seriö, dass een eng Interpellatioun vun engem Deputéierten op donneschdes owes, sechs, siwen Auer setzt, fir dass se dann eréischt géif ugoen.

Mir sinn der Meenung, dass ee prinzipiell sollt higoen, wann eng Interpellatioun ass, dass een déi soll als éischte Punkt op den Ordre du jour setzen.

Ech ka mer virstellen, dass dat heite mat Arrangementer, wou och d'Ministere mussen do sinn, esou gekuckt ginn ass. Mä mir géife proposéieren, wann déi Interpellatioun net viru sechs Auer den Donneschdeg komme kéint, dass ee se da géif reportéieren op en Datum méi spéit, wou een se da kéint zu enger verstänneger Zäit huelen.

Eis Demande wier also: Wa se net viru sechs Auer géif kommen, dass se da géif reportéiert ginn.

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Här Gibéryen soen, dass hien op eng ganz perspicace Aart a Weis gesinn huet, dass et effektiv opgrond vu Constrainté vun der Regierung ass, wou d'Interpellatioun op déi doten Zäit gesat ginn ass. Notamment den Här Di Bartolomeo an den Här Frieden kënnte soss allenzwee net hei sinn.

Ech wëll just soen, dass mir dat och an der Presidentekonferenz gekuckt hunn a vu datt d'Projeten alleguerten, mat Ausnahm vum engem, nom Basismodell solle behandelt ginn, dat heescht eng extrem kuerz Riedezäit virgesinn ass, mengen ech net, datt et géif Problemer ginn, dass déi Interpellatioun do kéint zu enger normaler Zäit dru kommen.

Par ailleurs hu mer e chargierten Ordre du jour. Och d'Debatt e Mëttwoch iwwert de Chômage figuréiert als leschte Punkt um Ordre du jour an en vue vun deem, wat vir-drun ass, riskéiert et och do méi spéit ze ginn.

Op där anerer Säit ass et esou, dass mer, wat d'Interpellatiounen ubelaangt, e wéineg Problemer hu fir déi an de Kader vun eisen normale Sitzungen eran ze kréien. Mir hu vill Demanden, datt Interpellatiounen endlech sollen druckommen. Enn Januar wäerte mer der eng Rei matenee liquidéieren. Ech weess och net ob et awer an Ärem Intérêt wier, fir an esou engem Kader Är Interpellatioun ze huelen.

Dofir géif ech proposéieren, dass mer mol géifen de Moment déi Interpellatioun awer um Ordre du jour looszen, quitte datt mer géifen en Donneschdeg dann zu engem gewësse Moment - wa mer geséichen, datt et wierklech ganz problematesch géif ginn - eng Décisioun huelen. Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, et war jo dat meng Propositioun, datt mer gesot hunn, wann et ze spéit gëtt, datt mer dann Demandeur wiere fir se en Donneschdeg net méi ze huelen. Mir kënnen eis awer schlecht virstellen, dass se éischter druckéint, well virdu sti Bauprojeten um Programm, an och wann do d'Riedezäit nom Modèle de base ass, wësse mer, d'Rapporteurs hunn 10 Minuten an zu de Bauprojete gëtt awer ëmmer geschwat. A mir hu gerechert, wann all Projet nëmmer eng hallef Stonn dauert, da gëtt et sechs, hallwer siwen ier een druckéint.

Ech wollt och nach just soen - Dir hutt de Mëttwoch mat an d'Diskussioun bruecht -: D'Debatt iwwert de Chômage, do ass awer nëmme maximal annerhallef Stonn Débat vir-drun. Et ass eng Heure d'actualité an et ass eng Motioun do. Dat ass fir annerhallef Stonn. Dat heescht déi Debatt geet awer spéitstens um véier Auer un, quitte datt se da vläicht bis siwen, aacht Auer dauert. Mä si geet awer um véier Auer un. Mä déi Interpellatioun hei, eiser Meenung no geet déi eréischt um sechs Auer un, a mir fannen dat ze spéit fir eng Interpellatioun. Mir sinn awer d'accord.

» M. le Président. - Mir sinn eis eens, Här Gibéryen. Mir kucken dat, wann et esou wäit ass. Dann huet den Här Bausch d'Wuert gefrot.

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Jo, Här President. Ech muss soen, dann hunn ech awer elo eng Nouvelle déi, wann déi ugeholl gëtt, bestëmmt dat net esou arrangéiert, nämlech meng Fraktioun verlaangt beim Projet 5763, ob mer do...

(Interruption)

De Mikro ass un. Ech kann en net erausrappen. Här Castegnaro, ech hunn net esou déi 1.-Mee-Stëmm.

» M. John Castegnaro (LSAP). - Dat mécht näischt. Mäi Gléck ass, datt ech lech net héieren!

(Hilarité)

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dat ass gutt fir lech a gutt fir mech, géif ech soen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président. - Da loosst mer elo lauschten, wat den Här Bausch ons matzedeelen huet.

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Beim Projet 5763 ass de Modèle de base virgesinn, Här President, a mir hätten do gär de Modell 1, wann et méiglech wär, wann d'Chamber domat d'accord wär.

» M. le Président. - Ech gesi keng Oppositioun géint d'Demande vum Här Bausch, also huele mer bei deem Projet de Modell 1. Dat bedeit also, Här Gibéryen, dass et gegebenenfalls nach eng Grimmele méi spéit gëtt, bis dass Är Interpellatioun druckéint.

(Interruption)

Domat hätte mer dann den Ordre du jour plus ou moins an der Rei. Wéinstens bis en Donneschdeg de Mëtten.

Da fänke mer elo mol mam Ordre du jour vun haut un, fir dass mer net ze vill Zäit verléieren. Mir hu fir d'éischt d'Froestonn un d'Regierung.

Ech wëll lech soen, dass mer müssen d'Froestonn um véier Auer ofbriechen, well den Här Ausseminister Contrainten huet, déi eis et net erlabe méi spéit unzefänken. Dofir kann ech net garantéieren, dass d'Froen alleguerten druckommen.

Déi éischt Fro, déi mer haut de Mëtten hunn, ass déi vum honorabelen Här Spautz un den Här Gesondheitsminister iwwert d'Käschte vum Ambulanztransport. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure de questions au Gouvernement

- Question N°219 du 20 novembre 2007 de M. Marc Spautz relative à la prise en charge des frais de transport en ambulance, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

» M. Marc Spautz (CSV). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Krankentransport ass ëmmer eng Diskussioun: Gëtt dat vun der Krankekeess rembourséiert oder och net? Viru Jore sinn Ännerunge komm, well do e bësse Leit iwwer-driwwen hu mat Fraisé vu Krankentransporter.

Et sinn awer ëmmer méi Leit déi reklaméieren aus Fleegeheimer an Altersheimer, déi mussen mat der Ambulanz bei den Zännokter, respektiv bei den Aendokter gefouert ginn, well se müssen a leiender Positioun transportéiert ginn. An do si verschidde Krankekeessen - ech betounen „net alleguerten“ -, mä et si verschidde Krankekeessen déi dann eng Interpretatioun maachen, dass d'Leit déi Suen net géife rembourséiert kréien.

An dofir wollt ech vum Gesondheits- a Sozialminister wëssen, ob mer do wëlles hunn eng Kéier dee Statutenartikel ze änneren. Do wësst Der jo, et sinn d'Sozialpartner, déi zwar d'Generalversammlung vun der UCM duerstellen, mä et ass ëmmer ee Mann, eng Stëmm déi decidéiert, ob et an déi eng oder an déi aner Richtung geet.

Dofir wollt ech wësse vum Gesondheitsminister: Hutt Der wëlles dogéint virzegoen? Hutt Der wëlles eng aner Interpretatioun ze maachen? Oder mussen mer wierklech eng komplett Statutenännerung maachen, dass mer dee Problem do fir déi Leit, déi fleegebedürftig sinn an déi a Fleegeheimer sinn, dass déi erëm kënnen, ouni müssen alles aus hirer Täsche ze bezuelen, bei den Dokter goen?

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Spautz. Den Här Gesondheitsminister Di Bartolomeo huet d'Wuert.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka bestätegen, dass fir déi heiten Décisiounen d'Union des Caisses de Maladie zoustänneg ass. Ech kann och bestätegen, dass de Statsvertrieder eng Stëmm huet, déi awer nëmmer dann den Ausschlag gëtt wann d'Sozialpartner sech net eens sinn. Wann d'Sozialpartner sech eens sinn, dann huet déi Stëmm vum Stat eigentlech net schrecklech vill Gewicht. Dat weess den Här Spautz och, well hien déi Décisionsprozesser an der Union des Caisses de Maladie ganz gutt kennt.

Dat ännert awer näischt dorun, dass et richtig ass, dass eng Rei vu Problemer sech stellen an deem doten Zesammenhang. Eng Décisioun, déi viru bal zéng Joer geholl ginn ass opgrond vun enger Explosioun vun der Zuel vun den Transporter an Ambulanz. Deemoos ass festgestallt ginn, dass eng Rei dovun berechtigt waren, an dass eng Rei vun Transporter éischter méi lichtfankeg gebraucht gi sinn. Net zulescht awer ass déi Limitatioun och op Demande vun de Services de secours geholl gin, déi d'Suerg

haten, bei secondären Transporter iwwerfuert ze ginn an da bei primären Transporter net méi kënnen 100%eg asazfäeg ze sinn.

Et muss een déi Regelung an de richtege Kontext stellen: Also, engersäits probéiere spuersam mat de Mëttele vun de Krankekeessen ëmzegoen an awer derfir ze suergen, dass deen, deen den Transport brauch, en och kritt an deen, deen en net onbedéngt brauch, sech aneschtters kann arrangéieren.

Dat ännert allerdéngs näischt dodrun, dass et an der rezenter Vergaangenheet och bei mir zu enger Rei vun Nofroe komm ass, wat de Respekt vun de Prozeduren ugeet, wat d'Interpretatioun duerch déi eng oder aner Keess ugeet, an och wat d'Problematik vun der Dépendance ugeet. Bei der Dépendance stellt sech eng Rei vu spezifische Froen. Ënner anerem wann d'Leit net méi ouni Weideres transportfäeg sinn, awer bei den Zännokter mussen goen oder bei den Aendokter, déi sech net ëmmer esou einfach kënnen bei de Patient déplacéieren.

Dat géillt net fir aner Beräicher vun der medezinescher Betreuer, wou d'Doktere sech systematesch a Richtung Patient déplacéieren an net ëmgedrëint, mä wa gréisser Zänninterventiounen ze maache sinn, do kann den Zännokter beim beschte Wëllen net Stull a Buermaschinnen an ech weess net wat matschleefen. An deem Fall, wann et Problemer gëtt beim Transport, muss ee kënnen de Phenomeen vun der Dépendance mat an de Statute berücksichtegen.

Ech hunn dofir de President vun der UCM gebieden, déi doten Thematik an engem räsonnabelen Délai erëm op de Leescht ze huelen an ze kucke wou Präzisiounen an der Prozedur, an der Interpretatioun duerch déi eenzel Keessen an der Nobesserung bei der Prise en charge vun der Dépendance mussen kommen, fir dene Pensionären, déi schwéier transportabel sinn, a spezifische Situatiounen entgéintzekommen.

De President vun der UCM huet mer versprach, dass hien dat a ganz räsonnabelen Délai géif maachen. Ech wëll awer präziséieren, dass mat esou Grenzfäll net eng total Remise en cause vun deem Ganze wäert kommen an dass de Vertrieder vum Minister an déi richteg Direktioun wäert stëmmen.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vun der honorabelen Madame Brasseur un den Här Innenminister fir d'Applikatoren vum Gesetz iwwert d'Stroumversuergung. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°220 du 20 novembre 2007 de Mme Anne Brasseur relative à la mise en application de la loi du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité - Procédure à respecter en cas de défaillance de paiement, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

» Mme Anne Brasseur (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn den 11. Juli e Gesetz gestëmmt iwwert de Stroummarché opgrond vun der Direktiv vun der Liberaliséierung.

Ech gesinn awer, den Här Innenminister ass net do.

» Une voix. - Dach, dach.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Ah, entschëllegt.

(Interruption)

» M. le Président. - Kommt, loosst d'Madame Brasseur schwätzen.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Do sinn Dispositiounen dra wat geschitt wann ee Client säi Fournisseur net bezilt. Do steet am Gesetz, dass do kann e Règlement grand-ducal geholl ginn. Et steet awer och an deem Gesetz selwer - dat ass de Paragraph 8 vum Artikel 2 - dran, dass de Fournisseur sengem Client muss e Rappel schécke wann hien net bezilt. Hie géif da keen Elektresch méi kréien. A gläichzäiteg muss hien dës Lëscht un d'Office-sociaux vun de Gemenge schécken.

Op där Lëscht sti souwuel Personnes morales, wéi och Personnes physiques. Dat heescht, Sociétéite stinn do drop. Entrets hunn d'Office-sociaux schonn eng ganz Partie Lëschte kritt. Déi wëssen awer net wéi se dat sollen handhaben, well nach kee Règlement grand-ducal geholl ginn ass.

Dofir wollt ech den Här Innenminister froen, ob dee Règlement grand-ducal amgaangen

ass geholl ze ginn a vu wéini un en a Kraaft trëtt. Well mir müssen d'Office-sociaux awer an d'Lag setzen hiren Aufgabe gerecht ze ginn an deem nozekommen.

Mir als Législateur müssen ons och nach vläicht iwwerleeën, ob déi Dispositioun iwwert d'Personnes morales effektiv klappt, well ech mengen mir hunn do mat deem Amendement an der Kommissioun iwwert d'Zil erausgeschoss. Mä dat ass eppes, dat riicht sech dann un den Energieminister an un d'Chamber selwer. Dat anert un den Innenminister.

» M. le Président. - Merci, Madame Brasseur. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou wéi d'Madame Brasseur seet, dass e Règlement grand-ducal kann d'Kritären iwwert d'Qualitéit vun de Services universels an doriwwer eraus iwwert d'Prozedure betreffend d'Paragraphe 5 an 8 geholl ginn. Ech hunn och d'Nofro gemaach beim Energieminister. Un esou engem Règlement grand-ducal gëtt awer nach net geschafft. Wat ech awer hei da ka soen, wat wichteg ass - an dat ass jo och déi Fro, déi Der u mech riicht -, déi riicht sech jo un d'Office-sociaux.

Wat ass d'Roll vun den Office-sociaux? Do kann ech lech Folgendes soen. De Paragraph 8 bezitt sech op d'Clients résidentiels. Wie sinn elo déi Clients résidentiels? Dat féint een am Artikel 1, Paragraph 7. Do steet dran: «Les clients qui achètent de l'électricité pour leur propre consommation domestique, ce qui exclut les activités commerciales ou professionnelles.» Also ass et jo a mengen Aen esou, dass déi Clienten, déi Persounen, déi hei betraff sinn, also Privatleit sinn, déi Problemer hunn, déi an enger schwéiereger Situatioun sinn. Esou dass ech mengen, dass déi Regelen, déi d'Office-sociaux elo hunn, elo kënnen spillen, dass also keng Personnes morales hei mat dra sinn. Dat ass dat éischt.

Dat zweet, wat wichteg ass, wat Der nach net kënt wëssen: Et ass ee Gesetz vun der Madame Jacobs, dat gëtt deemnächst an d'Procédure geschéckt iwwert d'Aides sociales. An deem Gesetz solle Bestëmmunge gemaach ginn iwwer eng Fourniture minimale d'énergie domestique et d'eau. Dass d'Leit also e Recht hunn op e Minimum vun Elektresch a Waasser. Do muss also festgeluecht gi wéini Coupures gemaach ginn a wéini net. Do muss Prozedure gemaach ginn. Dat ass och e Règlement grand-ducal, deen do muss geholl ginn. Dee kann natierlech nach net geholl sinn, wann d'Gesetz nach net do ass. Mä wat dee Volet ugeet vu Leit, déi nécessaire sinn an dat brauchen a wou Problemer sinn, dee gëtt iwwert dat Gesetz geregelt.

Dat ass dat, Madame Brasseur, wat ech lech heirop kann äntweren.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Dann ass de Problem am Moment nach net geléist.

» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire. - Dach. De Problem ass an deem Sënn geléist, dass op deene Lëschten, wou d'Personnes physiques an d'Personnes morales drop sinn, just d'Personnes physiques zielen. Well d'Personnes morales si laut Gesetz keng Clients résidentiels. Well d'Clients résidentiels ginn definéiert am Artikel 1, Alinéa 7: «Les clients qui achètent de l'électricité pour leur propre consommation domestique, ce qui exclut les activités commerciales ou professionnelles.» Voilà!

» Mme Colette Flesch (DP). - D'Cege-del schéckt awer Lëschte mat och Personnes morales drop. Éischte Problem.

An zweete Problem: D'Offices sociaux wëssen net, ob déi Clients privés ënner d'Gesetz falen iwwert den Domicile de secours. D'Offices sociaux brauchen nëmmer deene Leit ze hëllefen, déi en Domicile de secours an där Gemeng hunn. Dat heescht, d'Office sociaux kënnen mat deene Lëschte guer näischt ufänken!

» M. le Président. - War dat eng Fro, Madame Flesch?

» Mme Colette Flesch (DP). - Dat ass e Problem!

» M. le Président. - Gutt, da komme mer zur nächster Fro. Dat ass déi vum honorabelen Här Scheuer iwwert de Bau vun enger Unterführung bei der Kräizung Consdorf-Bech. Här Scheuer.

- Question N°221 du 19 novembre 2007 de M. Jos Scheuer relative à la construction d'un passage souterrain sur la route Luxembourg-Echternach (E29 (N11)) à la hauteur du carrefour Consdorf-Bech (CR137), adressée à M. le Ministre des Travaux publics

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eng Question parlementaire - ech entschëllege mech fir meng Stëmm - un de Bauteminister ze riichten.

» **M. le Président.** - Den Här Scheuer ass erkaalt.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Ech weess net déi wivillt Fro et ass, déi an dësem Kontext schonn eng ganz Serië vu Bauteministere gericht ginn ass. Et geet em d'Kräizung E29/CR137. Dat ass d'Kräizung vun der lechternacher Strooss, mat där Strooss, déi op Consdorf a Bech geet.

Jiddfereen, d'Ministeren, d'Deputéiert an och déi Verantwortlech vun de Ponts et Chaussées waren d'accord, datt d'Behiwwung vun deem Geforepunkt eng Prioritéit sollt hunn.

D'Lëscht vun den Accidenter ass opgezielt ginn. Et sinn esou vill Accidenter geschitt do. Ech erspuere mer dat. D'Pläng sinn och ausgeschafft, souwäit ech weess. Den technesche Volet ass net esou komplizéiert, datt en net kéint séier ausgefouert ginn.

Do huet d'Fro sech gestallt vun den Emprisen, an elo wollt ech awer wierklech wëssen - vun dësem Bauteminister dann -, ob dat hei déi lescht Question parlementaire ass, déi an dësem Kontext gestallt gétt. An dat wär dann d'Fro no verbindlechen Délaien.

Här Bauteminister, wéini gétt ugefaangen?

» **M. le Président.** - Merci, Här Scheuer. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Ob keng Question parlementaire méi heiriwwer gestallt gétt, dat hänkt net nëmme vu mir of. Dat hänkt och vun deenen of, déi se stellen an a wat fir engem Rhythmus se se stellen. Bis elo sinn an deene leschte Joren dräi Stéck doriwuer gestallt ginn. Dat hei ass déi véiert. Dat war d'Äntwert op déi éischt Fro, déi Dir gestallt hutt.

D'Äntwert op déi aner Fro ass, datt mer momentan do dru sinn, wéi Dir richteg gesot hutt, éischtens datt dee Projet, esou wéi e soll gemaach ginn, fäerdeg ass an och als Dossier de soumission prett do läit, fir ausgeschriwwen ze ginn. Et ass e Fait, datt mer d'lechternacher Strooss iwwert d'Strooss vu Bech-Consdorf fuere loosse, dat heescht, déi méi déif leeën a mat Rampes hollandaises vun der Hauptstrooss erofkommen, respektiv vun der Bech-Consdorfer Strooss erëm eropfuere.

Firwat ass dat erausgewielt ginn? Mä ganz einfach, well mer da manner Plaz brauchen, well mer also déi Kräizung méi ëmweltfrëndlech gestalten, andeem mer esou mann Land wéi méiglech verbrauchen. Trotzdeem, och wa mer dat maachen, war et nach esou, datt eng Rei Emprisé gebraucht gi sinn, fir deen dote Projet duerchezéien.

Dir wësst, datt Bautepolitik och e groussen Deel Realpolitik ass an datt een ëmmer nëmme dat ka maachen, wat een an der Realitéit kann ëmsetzen. Mir haten deen Terrain bis elo net, konnten dee Projet also net maachen. An duerfir ass och säit deene leschten zwou Questions parlementaires op jidde Fall déiselwecht Äntwert ugesot: Wann ech den Terrain net hunn, kann ech et net bauen. Dir wësst, wann een op Terrain baut, deen een net huet, wat da geschitt. D'Beispiel Fréiseng huet eis dat an deene leschte Jore gutt gewisen.

Wou ass den Dossier vun dem Emprisenakaf elo drun? Fir virunzuekommen, hunn ech gefrot, datt mer direkt géife vum Kadaster Au-préalable-Mesuragé gemaach kréie un exactement deem Terrain, dee mer brauchen, fir d'Emprisé kënnen genau ze definéieren a fir dann och e préliminairé Mesurage ze maachen an dono och e Bezuele vun den Emprisen, ier mer ufänken ze bauen.

Et sinn och elo eng ganz Rei Négociatiounen geschitt iwwert de Präis, wat natierlech och nach e Problem war. Et schéngt elo, wéi wann en Accord kuerz virun der Dier géif stoe mat de Propriétaires. Sou datt ech hoffen, datt mer virun Enn vum Joer nach den Accord kréien an dee Projet hei, dee mer finanziell fir 2008 ageschriwwen hunn, och kënnen 2008 ufänken.

Elo maachen ech dat do als Ausso, awer ëmmer mat der Réserve, datt ech déi Ter-

rainë kréien, well ouni Terrain kënnen mer dat do net bauen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro adresséiert sech un d'Madame Minister zoustänneg fir d'national Erzéiung an d'Formation professionnelle, d'Madame Delvaux. Si gétt gestallt vum honorabelen Här Adam a betrëfft de Stage pédagogique. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°222 du 19 novembre 2007 de M. Claude Adam relative à l'accès au stage pédagogique de certains étudiants ou étudiantes inscrits en troisième année à l'Université du Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ee vun deene ville wichtege Punkten am Unisgesetz ass d'Méiglechkeet vun der Validation des acquis professionnels. Mir mengen, datt dësen Artikel an enger Gesellschaft am permanente Wandel an enger Zäit, wou Formation continue a „life-long learning“ groussgeschriwwen ginn, vu grousser Wichtigkeet ass.

Mir begréissen et och, datt méi wéi 300 Chargés de cours probéiert haten, hire Brevet, fir Léierin oder Schoulmeeschter ze ginn, op der Uni Lëtzebuerg wollten nohuelen. Méi wéi 100 Leit sinn dann och elo amgaangen, nodeems hiren Dossier vun der Uni akzeptéiert ginn ass, hiert drëtt Joer zu Walfer ze maachen, an zu dësem drëtte Joer gehéieren och eng ganz Rei Stagen.

Mir hunn alt emol gesot kritt, datt eenzel Léierpersounen géife refuséieren, eemoleg Chargéen an de Stage ze huelen. Dës Kloen a Rumeurë sinn nach duerch e rezente Lieserbrëif an der Dagespress verstärkt ginn, an duerfir eis Fro un d'Madame Minister:

Ass et wierklech esou, datt et e Problem gétt eng Stageplaz ze fanne fir verschidde Studenten, déi am Moment am drëtte Joer op der Uni ageschriwwen sinn? A wann dat de Fall sollt sinn, wéi grouss ass dee Problem a wéi reagéiert de Ministère de l'Éducation nationale op déi Situatioun?

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. D'Madame Delvaux, zoustänneg Ministesch, huet d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, ech muss awer mengem Erstaunen Ausdrock ginn, dass déi Fro u mech adresséiert gétt.

Et ass richteg, dass de Ministère vun der Éducation nationale Demandeur war, dass d'Uni sollt nach dat lescht Joer, wou se d'Méiglechkeet hat, eng Ausbildung maachen, fir dass Leit kéinten en Diplom vum CEP kréien - deen alen Diplom, fir Schoulmeeschter ze ginn -, deen dëst Joer fir d'lescht dierf ausgestallt ginn.

Et ass awer esou, dass d'Uni Lëtzebuerg d'Verantwortung huet fir d'Formation, an duerfir war och ganz iwwerrascht, wéi ech dës Fro gestallt kritt hunn. Ech hu mech awer an der Zwëschenzäit informéiert, hunn och wéi Dir de Lieserbrëif gesinn an der Zeitung, dass do sollte Problemer sinn, fir dass déi Stagiäre géifen e Patron de stage fannen, well de Règlement grand-ducal vun deem alen Diplom virgesäit, dass een am drëtte Joer op d'mannst siwe Woche Stage muss maachen. Dat ass jo déi al Zäit, wou nach alles iwwer Règlement grand-ducal geregelt ginn ass.

D'Uni huet och aacht Woche Stage virgesinn. Doriwuer hunn ech mech elo informéiert haut de Moien, dovunner sinn dräi Woche Stage elo amgaang oder bal fäerdeg, an déi 140 Stagiären, déi do am Fall waren, sinn alleguerten ënnerdaach komm.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Delvaux. Déi nächst Fro adresséiert sech un den Här Transportminister. Se gétt gestallt vum honorabelen Här Negri a betrëfft d'Eisebunnstreck Lëtzebuerg-Konz-Koblenz.

- Question N°223 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la décision des autorités de Rhénanie-Palatinat sur l'amélioration de l'infrastructure ferroviaire qui relie le Luxembourg à Coblenz via Konz, adressée à M. le Ministre des Transports

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun e puer Wochen huet de Ministerrot vu Rheinland-Pfalz decidéiert, d'Eisebunninfra-

struktur vu Koblenz Richtung Tréier bis op d'Grenz vu Lëtzebuerg zu lgel auszebauen, an zwar deelweis zweegleiseg, notamment och op engem ganz wichtege Punkt, nämlech dem Fläschenhals, dee mer alleguerte kennen, déi Konzer Bréck, déi net kann déplacéiert ginn aus Grënn vun der Topographie, engersäits well se perpendikulär zu der Musel an der Saar läit, respektiv och zu deenen Eisebunnstreckeaven, déi do ronderëm leien. Da mécht awer déi Zweegleisegkeet vun der Konzer Bréck eng nei Perspektiv op och a Richtung Saarbrécken, wou ee sech kéint virstellen, dass domadder och de Wee géif fräi gi fir eng Kéier mam ICE vu Saarbrécken bis op Lëtzebuerg ze fuere.

An deem Sënn wollt ech den Transportminister, den Här Lucien Lux froen, wéi mir dat als Lëtzebuenger Regierung gesinn, souwuel vum technesche wéi och vum finanziellen Aspekt hier.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den Här Transportminister huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, d'Bedeitung vun der Streck op Tréier respektiv op Koblenz ass fir Lëtzebuerg grouss, net nëmme am Beräich vu senger Bedeitung am Transfrontalier, wou mer wëssen, dass dach awer vill Dausende Frontalieren all Dag aus där Géigend hei op Lëtzebuerg kommen, mä natierlech och am Beräich vun dem internationalen Uschloss, deen dat kéint hunn un dat däitscht Netz.

Dir wësst, dass mer grouss Effortë gemaach hunn, déi elo zu engem Deel ofgeschloss sinn op franséischer Säit mat dem TGV. Den Ufank vun den Aarbechten do op Stroossbuerg ass vun der Regierung och virgesinn, fir d'nächst oder d'iwwernächst Joer ze demarréieren.

Dir wësst, dass mer op der belscher Säit nach grouss Schwieeregkeeten hu fir zu enger gudder Léisung ze kommen. An duerfir hu mer eis säit zwee, dräi Joer verstärkt dru gi mat der Diskussioun souwuel mat den Autoritéite vu Berlin wéi och vu Mainz an och vu Saarbrécken, fir eng Léisung erbäizeféieren am Zesammenhang mat där doter Streck.

Ech géif als Konklusioun emol direkt soen, dass dat, wat elo um Dësch läit, no der Kostennutzenrechnung, déi d'DB gemaach huet, éischer eng kleng Léisung ass. Et ass net déi grouss Léisung, déi ee sech hätt kënnen erwaarden.

Si gétt dofir awer och de Lëtzebuenger Stat méi bëlleg, well et ganz kloer ass, datt fir déi Léisung, déi elo um Dësch läit - d'Variant 2A3, fir am Jargon vun der DB ze bleiwen -, dat eng si wäert, wou de Lëtzebuenger Stat näischt wäert bäileeën, och net gefrot gétt fir eppes bäizeleeën. Eng Solutioun, déi an déi zéng Milliounen wäert kaschten a vu Berlin gedroe gétt, dofir awer eng Rei vu Verbesserungen och huet - ech mengen Dir hutt se schonn vun Deel genannt -, an der Fahrtzäit eng Verbesserung wäert mat sech bréngen vu siwe Minuten. De Coût wäert, wéi gesot, bei zéng Milliounen leien. Gerechent gétt, datt dat bis 2012 ka fäerdeg sinn. An ech mengen, datt déi Léisung do jiddefalls besser ass ass wéi guer keng Verbesserungen.

Deementspriedend hunn ech och mengem Homolog zu Mainz gesot, datt mer natierlech déi do Léisung léiwer hu wéi guer keng. Si additionnéiert sech op jidde Fall an déi iwwer 30 Milliounen Euro, déi de Lëtzebuenger Stat schonn investéiert huet an déi Streck dohinner. Ech menge mir hunn also eisen Deel an der Moderniséierung vun där Streck do scho gemaach.

Mir hunn deemools, fir ze kucke weiderzuekommen, jo och an Aussiicht gestallt, fir eng finanziell Bedeelegung un deem Projet ze leeschten, awer nëmme dann, wann et eng total Zweegleisegkeet gi wär. E Projet, deen allerdéngs bei 40 Milliounen gewiescht wär, deen net zréckbehale ginn ass vun der DB, an an Däitschland ass et d'DB, déi de Ministeren dohinnerleert wat se ze denken an ze decidéieren hunn, fir et op Lëtzebuergesch richteraus ze soen.

Deementspriedend ass dat, wat d'DB dohinnergeluecht huet, och praktesch déi politesch Décisioun, déi Berlin a Mainz elo arrétiert hunn an déi natierlech eis Ennerstëtzung fénn, och wa mer eis gewënscht hätten, datt ee méi wäit hätt kënnen goen, an datt een och eng Diskussioun hätt kënnen féieren da gläichzäiteng iwwer e Betribskonzept, wat och besser gewiescht wär wäi dat wat mer haut a Form vun Takt a vun Attraktivitéit vun deene Relatiounen do hunn.

Et ass richteg gesot ginn, datt déi Solutioun hei eis och d'Geleeënheet gétt fir ze diskutieren iwwert déi Méiglechkeet, déi Variant

dei dote Streck op Mäerzeg respektiv Saarbrécken méi genau ze studéieren. Dir wësst, datt mer gläichzäiteng mat de saarlänneschen Autoritéiten ofgemaach hunn, eng Variant Neibaustreck Lëtzebuerg-Mäerzeg direkt ze kucken.

Allerdéngs ass dat wierklech Zukunftsmusek, datt muss ee wëssen, wann ee weess wat d'DB erwaart vu Clienten, déi se op esou enger Streck hu missten. Ech wäert den nächsten Donneschdeg mä saarlänneschen Homolog, den Här Rippel, gesinn, fir an deem Zesammenhang dann déi Décisiounen, déi zu Mainz geholl sinn, och ze verbanne mat der Diskussioun iwwer eng Variant iwwert déi do Streck op Saarbrécken.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vum honorabelen Här Meisch. Si adresséiert sech un den Aarbechtsminister a betrëfft nei Aarbechtsplazen um Site Eurohub Sud.

- Question N°224 du 20 novembre 2007 de M. Claude Meisch relative aux emplois créés à moyen terme sur le site Eurohub Sud (ancien site de la WSA), adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi

» **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wirtschaftsminister konnt virun e puer Wochen zwee Projete presentéieren am Logistikberäich, déi sech jo bekanntlecherweis um fréiere Site vun der WSA am Raum Beetebuerg-Diddeleng implantéiere sollen, do ronn 1.000 Aarbechtsplaze schafe sollen, 1.000 Aarbechtsplazen an deene ganz ënnerschiddleche Qualifikatiounen.

Meng Fro riicht sech awer net un de Wirtschaftsminister, mä éischer un den Aarbechtsminister, well ech wollt froen, ob den Aarbechtsminister sech schonn informéiert huet bei sengem Kolleg Wirtschaftsminister wat fir eng Qualifikatiounen do erfuerdert sinn, fir duerno ze kucke mat der Administration de l'Emploi, ob mer effektiv déi Qualifikatiounen do hei um Lëtzebuenger Aarbechtsmaart fannen, fir ze probéieren, datt esou wäit wéi méiglech Leit, déi hei am Land wunnen an op der Sich no enger Aarbecht sinn, och herno eng vun deenen 1.000 Aarbechtsplazen do occupéiere kënnen.

Falls dat esou sollt si wollt ech froe wat fir eng Qualifikatiounen do da wierklech an deene groussen Zuelen noutwendeg sinn an eben och kucken, ob déi da momentan ageschriwwen sinn. Sollt dat nämlech net esou sinn, da wär meng Proposition - an ech wollt de Minister froen, ob hie sech och dohingehend scho Gedanke gemaach huet -, fir mat deene concernéierten Entrepreneuren ze kucke konkret Formatiounen och mat Zäit unzuebidde, fir wierklech de Leit, déi hei op der Sich sinn no enger Aarbecht, d'Geleeënheet ze ginn iwwer eng Formatioun herno sech selwer d'Capacitéit kënnen ze erschaffen, fir eng vun deene geschafenen Aarbechtsplazen do unzuehuelen.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Merci, Här President. Dat ass eng Fro, déi den Aarbechtsminister ëmmer beschäftegt, fir ze kucken, soubal nei Aarbechtsplaze kreéiert ginn, och - awer net nëmme - Leit op déi Plazen ze kréien, déi beim Aarbechtsamt ageschriwwen sinn. Dofir hunn de Wirtschaftsminister an den Aarbechtsminister do déi lescht Zäit hir Kontakter intensivéiert a mir sinn amgaangen nei Systemer opzebauen.

Ee System, dee mer hunn, datt ass deen, datt soubal en Dossier an der SNCI ass, wou ee méi weess, deen och direkt un den Aarbechtsminister kënn an deen direkt mat der ADEM dann och kuckt fir d'Betriber ze demarchéieren.

An deem heite Fall ass et esou, datt mer nach keng - fir op déi éischt Fro awer ze äntweren - Profiller hunn, well och de Wirtschaftsministère d'Profiler net kennt. Wat de Wirtschaftsministère elo gemaach huet, dat ass e Prinzipienaccord, wat kënn. D'Pro-

filler muss mer gewuer ginn, an do schwätzen ech net nëmmen als Aarbechtsminister, ech schwätzen och fir de Rescht vun der Regierung, well ech dovunner ausginn, datt zum Deel net qualifizéiert Posté kommen, an dat si jo déi wou mer da virun allem muss kucken, iwwert d'Aarbechtsamt Formatiounen unzebidden.

Dat Zweet ass dat, datt mer awer doud-sécher och do méi qualifizéiert Posté kréien. Dofir huet jo d'Schoul schonn de Logistiker kreiert. Eng Fro, déi ech mer stellen als Héichschulminister, mä dat kënnen nëmmen d'Betribler mer soen, d'Wirtschaft: Muss ee vläicht zum Beispill e BTS an deenen Domäne maachen oder net? Dat si Froen, déi mer amgaange sinn ze diskutéieren.

Soubal mer also méi wëssen, wat do geschaf gëtt, mengen ech, ass emol dat Éischt, datt op de Schoule Saache méi ugebuede ginn, souwuel am Secondaire wéi natierlech och fir d'Héichschoul, an do denken ech virun allem u BTSen.

Dat Zweet ass, datt mer selbstverständlech ëmmer och kucke Leit ëmzeschoulen, woubäi ëmmer de Problem ass, deen een huet am Aarbechtsamt; et muss een och wësse wéini déi Plazen opginn. Wann déi Plazen eréischt a fënnef Joer opginn, dann ass et schwierig elo haut Leit ze schoulen an ze soen: Elo waart bis a fënnef Joer bis dass de do eng Plaz fënns. Dat ass eng Saach, déi een ëmmer kucke muss.

Mir wëllen dat, de Wirtschaftsminister an den Aarbechtsminister, nach intensifiéieren an deem Sënn, datt mer eis eens gi si fir e Consultant anzustellen iwwert de Fonds pour l'Emploi. Dat heescht den Aarbechtsminister géif e Consultant astellen, wéi mer der vill hu beim Aarbechtsamt, deen awer beim Wirtschaftsministère ugesiedelt war an deen zwou Zorte vun Aufgaben hätt:

Dat Éischt ass d'Betribler ze démarchéieren, fir eis Politique de maintien dans l'emploi ze erklären, fir ze soen: Hei lauschert, wann der Schwierigkeeten hutt, do kënn der och gehollef kréien. Amplaz datt der Plans sociaux "secs" maacht, hutt der aner Méiglechkeeten.

Dat Zweet, wat mer am Kapp hunn, dat ass ebe just dat doten, datt soubal de Wirtschaftsministère déi éischt Iddi huet vun engem neie Betrib, dee komme wëllt, datt dann dee Consultant och scho géif aktiv gi fir ze démarchéieren an da seng Erkenntnisser net nëmmen - soen ech awer des kéier hei - un d'Aarbechtsamt weiderzeginn, mä effektiv un de Rescht vun der Regierung weiderzeginn, well ech mengen, datt och ëmmer d'Schoul sech soll a muss dorobber astellen.

Ech mengen domadder hätt ech d'Froen all beäntwert.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro adresséiert sech un den Här Ëmweltminister. Si gëtt gestallt vum honorabelen Här Negri a betrëfft de genmodifiéierte Mais.

- **Question N°225 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la proposition que le Commissaire européen Stavros Dimas a soumise à ses collègues de la Commission de refuser l'autorisation de mise en culture en Europe de deux variétés de maïs génétiquement modifiés développés par les firmes Syngenta et Pioneer/Dow (Bt11 et 1507), adressée à M. le Ministre de l'Environnement**

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte 25. Oktober huet den Ëmweltkommissär Stavros Dimas der EU-Kommissioun proposéiert zwou genmanipuléiert Maiszorten net zouzeloossen, an zwar vun de Firmae Syngenta a Pioneer/Dow mat de Marke Bt11 a 1507. Dës genmanipuléiert Maiszorte resistéieren den Herbiciden a produziéieren Bazillen a sinn deemno gëfteg, sinn toxesch.

Et ass elo fir d'Éischt, datt des Situatioun sech an der EU gestallt huet. Bis elo ass eng Maiszort genehmegt gewiesch an der Europäescher Unioun vun der Firma Monsanto, MON 810, déi bis elo konnt kultivéiert ginn. Där hir Genehmegung ass awer de 16. Oktober vun dësem Joer ausgelaf. Bis

elo hunn Däitschland, Frankräich, Ungarn, Éisträich, Griichenland a Polen sech géint des Genehmegungen ausgeschat, sinn also do dergéint; wat mer positiv fannen. An deem Sënn wollt ech och d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung wëssen.

Merci fir Är Äntwert.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den Här Minister Lux huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, dee Virgang vun der Positioun, déi de Kommissär Dimas ageholl huet an Zesummenhang mat deenen OGMen, ass schonn en éischten an eemolege Virgang.

Ech géif och direkt hei soen, dass mer kloer an daitlech hannert dem Kommissär stinn an där Positioun, déi hien ageholl huet. Dass hien et net einfach wäert kréien déi Positioun do am Collège vun de Kommissären duerchzesetzen an eng Majoritéit dofir ze kréien, datt ass vläicht unzuehuelen. Jiddefalls d'Diskussiounen hannert de Kulisse si relativ heftig amgaange gefouert ze ginn. Mir hunn och zu Bréssel kloer an daitlech gemaach - iwwregens säit langer Zäit -, dass mer de Kommissär an deene Froen do ënnerstëtzen. Hei ass fir d'Éischte kéier, dass hie proposéiert déi Autorisatioun do ze refuséieren, obscho vun der FSA eng positiv Begutachtung souwuel zum Bt11 wéi dem 1507 virläit. An ech mengen, och dat ass jo d'Emolegkeet am Virgang, déi mer hei feststellen.

Ech wëll soen, dass et eis och schéngt wéi wann d'Evaluatioun, virun allem d'Laangzäitevaluatioun vun deenen zwou OGM-Zorten eis ongenügend schéngt ze sinn, grad wéi mer och mengen, dass de Principe de précaution, dee mer an all deene Joren zu Bréssel an den Enceintes vun de jeeweilige Conseilë verteidegt hunn, hei misst spillen.

Ech mengen, et geet bei deenen zwee OGMen. Et muss ee jo soen, dass de Mais Bt11 scho säit 2004 eng Autorisatioun huet fir d'Commercialiséierung, an dass et hei och ëm d'Kultur vun deem OGM geet, an op där anerer Säit d'Propositioun interessant ass, well d'Demande vu Frankräich kënn, déi awer gläichzäiteg amgaange sinn an nach dëse Mount wëllen eng Clause de sauvegarde deponéieren zum MON 810, a gläichzäiteg och beim Grenelle de l'environnement e Moratoire décidéiert hunn. Dat ass e bëssi schwierig ze verstoen. Et ass e bëssen d'Ironie vun der Geschicht, dass dat doten alles matenee geschitt.

Jiddefalls ass et esou, dass och beim MON 810 eis Positioun an de Conseilen all kéiers eng negativ war. Leider Gottes war d'leschte kéier bei der Demande vun der Kommissioun, fir déi Interdictioun vun Éisträich opzehiewen, keng qualifizéiert Majoritéit do, fir der Kommissioun déi Méiglechkeet vun der Interdictioun entgéintzehalen. Ech mengen, et bleift dann dobäi, dass dee leschte Succès - wat ee ka soen -, dee mer haten, am Juni 2005 war ënner Lëtzebuerger Präsidence, wou säit Laangem géint d'Demande vun der Interdictioun, déi ausgestallt ginn ass an aacht OGMs-Zorten, eng qualifizéiert Majoritéit do war an do d'uerch d'Kommissioun blockéiert war. Dat wäert des kéier net de Fall si beim MON 810, esou dass d'Kommissioun am Rahme vun der Procédure de comitologie hir Décisioun elo wäert huelen. Wéi déi ausgeséi wäert, kann ee sech ongeféier virstellen.

Mä ech mengen, souwuel an där Fro: Wat ass eis Positioun vis-à-vis vum Kommissär Stavros Dimas? Kloer Ënnerstëtzung. An der Fro vum MON 810 bleift et fir Lëtzebuerg bei enger negativer Attitüd.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Da kënn d'Fro vum honorabelen Här Huss un de Gesondheitsminister betreffend d'Quecksëlweramalgam.

- **Question N°226 du 20 novembre 2007 de M. Jean Huss relative aux suites à donner au niveau européen à l'appel de Luxembourg pour l'interdiction des amalgames dentaires au mercure, signé le 10 novembre 2007, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, viru ronn aacht Deeg hat d'europäesch Akademie fir Ëmweltmedizin zesumme mat Akut hei zu Lëtzebuerg e wëssenschaftleche Kongress organiséiert, dee jo och ënnert dem Patronage vun lech, Här Minister, stoung.

Op deem Kongress hu Wëssenschaftler, déi vun enger ganzer Rëtsch Universitéite komm sinn - vu Stockholm, vu Prag, vu Freiburg, vu Lexington am Kentucky an den USA an esou virun -, drop higewisen, datt

d'Quecksëlwer, wat bekannt ass als dat geféierlechste Schwéiermetall, zelltoxesch wier, datt et zu Stoffwesselstéierung keint féieren, zu neurologeschen an neuropsychiatresche Stéierungen, zu immunologeschen, virun allem autoimmune Stéierungen, zu hormonelle Schwierigkeeten a virun allem och zu Problemer während der Schwangerschaft, och fir déi neurologesch Entwécklung vum Embryo a vum Fötus.

Dorobber hin ass en internationalen Appel vun deene Wëssenschaftler verabschied ginn, deen an der Zwëschenzäit an 22 Sprooche weltwäit zirkuléiert, fir datt et zu engem Verbuet vum Quecksëlwer, och am Amalgam, soll kommen. Dat Ganzt geschitt am Kader vun enger Strategie engersäits vun der UNO - vun der UNEP, dat heescht vum Ëmweltprogramm vun de Vereenten Nationen -, a vun enger Strategie vun der europäescher Kommissioun - der „mercury strategy“ - aus dem Joer 2005, wou gekuckt gëtt wat déi verschidde Quecksëlwerquelle sinn, déi eis Ëmwelt engersäits an och eis Chaîne alimentaire belaauchten, an do d'uerch indirekt och eis Gesondheet belaauchten.

Do si beispillsweis scho virun der Summer-vakanz Thermometere mat Quecksëlwer dra verbuede ginn. Och aner Miessinstrumenter wéi Barometeren an esou viru solle verbuede ginn. Et wier am Fong eng Farce oder e Witz wann dee Quecksëlwer, deen dann am Mondberäich wier, deen eenzege wier, iwwert deen nach net géif geschwat ginn, well et nowieslech dee problemateschsten ass, well en um Mënsch direkt drun ass an direkt ageotemt gëtt an et doduerch zu gesondheetleche Schied ka féieren.

An deem Kontext meng Fro, Här Minister, well ee Land eleng dat net ka verbidden. Schweden hat dat probéiert. Dat ass net gaang, well am europäesche Binnenmarché ee Land eleng dat net ka maachen. Mä Schweden huet den Antrag erabuecht bei der europäescher Kommissioun fir europawäit d'Quecksëlwer ze verbidden. Eis Fro un lech ass déi, awéiwäit Der um europäeschen Niveau bereet sidd lech anzusetzen, fir an d'Richtung ze goe vu méi fortschrëttleche Länner, déi wëllen de Quecksëlwer - och am Amalgam-Beräich! - verbidden.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Den Här Gesondheitsminister huet d'Wuert.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka bestätegen, dass dee leschte Weekend e ganz interessanten an e ganz stimuléierende Kongress zu där doter Thematik stattfonnt huet. Fir mech war dat eng Geleeënheet am Meinungsbildungsprozess virunzekommen. Mir waarden am Moment op e wëssenschaftlechen Avis, deen d'Kommissioun bestallt huet an deem doten Zesummenhang. Et ass net d'DG-SANCO, déi sech dermat befaasst, mä et ass déi fir Liebensmittelsécherheet zoustänneg Direction générale, déi sech domat befaasst.

Op déi konket Fro vum Här Huss, wéi mir eis an där doter Fro wäerten artikuléieren, wäert et hien net wonneren, dass mir eis op d'Säit vun deene stellen, déi dem Précautionsprinzip Virrang ginn. Mir wäerten also um europäesche Plang déi doten Diskussioun aktiv begleeden, wuelwëssend dass et eng Diskussioun ass, déi ganz staark polariséiert, wuelwëssend och dass et net esou ass, dass d'Alternativen zu den Amalgamen an den Zänn nëmme géifen aus Substanze bestoen, déi net kontroverséiert wäeren. Et muss een also der wëssenschaftlecher Diskussioun hir Plaz loossen. Wéi gesot, Dir fannt eis, grad wéi an där Diskussioun, wou de Lucien Lux virdrun derzou Stellung bezunn huet, op der Säit vun deene Länner, déi ganz virsiichteg sinn a sech nom Intérêt vum Patient richten.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro adresséiert sech un den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden a gëtt gestallt vum Här Goerens iwwert d'Ausféierung vum neien Agrargesetz.

- **Question N°227 du 19 novembre 2007 de M. Charles Goerens relative aux modalités d'exécution de la nouvelle loi agricole, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn de Moment amgaangen an der Agrarkommissioun dat sougenannt neit Agrargesetz, de Pojet 5762, ze diskutéieren. Mir kommen

och relativ gutt viru mat deenen Diskussiounen. Mir wëssen awer och, datt mer eréischt richtig Kenntnis hunn, wat den Impakt ass vun esou engem Gesetz, wa mer d'Ausféierungsbestëmmungen alleguer kennen. Déi si jo och mëttlerweile a Form vun engem Avant-projet de règlement grand-ducal bekannt. Déi ginn Ulass zu ganz vill Diskussiounen an zu ganz décke Reserven - fir emol dat mannt ze soen - aus der Richtung vun de Bauereverbänn.

Meng Fro un de Minister ass déi: Dat, wat hien zrëckbehalen huet an deem proposéierte Projet de règlement grand-ducal, ass dat de Maximum vun deem, zu deem Bréssel eis autoriséiert, oder si mer do drënner bliwwen? Wa mer drënner bliwwen wieren, wéisst ech gär wat fir eng Beweggrënn de Minister huet, fir net de Maximum auszuschaffen?

Ech wollt och froen, fir eis d'Aarbecht ze erliichter, ob et méiglech wier fir do eng Juxtapositioun ze kréie mat den Ofweicheunge vun den Taux-d'aidé bei deem ale Gesetz, Ofweicheunge och vun den alen Einheitswäerter, a mat wat fir enger Begrënnung.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Dann huet den Här Fernand Boden, Landwirtschaftsminister, d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Agrargesetz a seng Ausféierungsbestëmmunge bréngen fir de Stat an d'Europäesch Kommissioun insgesamt, eise Berechnungen no, eng Ausgab vu 415 Milliounen fir den Zäitraum 2007 bis 2013. Dat sinn iwwer 100 Milliounen méi wéi fir den Zäitpunkt 2000 bis 2006. Dat heescht, et gëtt net hei gespuert, et gëtt net méi streng gehandelt, mä et ginn iwwer 100 Milliounen méi an d'Agrarpolitik investéiert iwwert d'Agrargesetz a seng Reglementer an deenen nächste siwe Joer. Vun deene 415 Milliounen, leet d'Europäesch Kommissioun 90 Milliounen bäi, an 325 Milliounen kommen also vum Lëtzebuerger Stat.

Et gëtt net nëmmen een Ausféierungsreglement, mä et gëtt op d'mannst fënnef wichtiger, déi muss geholl ginn. Zwee leien der d'ailleurs vir: Dat ass d'Reglement iwwert d'Investitiounen an et ass d'Reglement iwwert d'Stärkung vum ländleche Raum. Dann d'äerf een net aner ganz wichteg Reglementer vergiessen iwwert d'Indemnité compensatoire, d'Ausgläichszoulag, wou mer géint eng ganz staark Oppositioun vun der Kommissioun dat bäibehalen hunn, wat mer haten. Dat mécht 15 Milliounen Euro pro Joer fir d'Landwirtschaft aus.

Et d'äerf een d'Agrarëmweltmoosnamen net vergiessen, datt mer d'Landschaftsfleeggerime hunn, speziell Programmer fir d'Ëmwelt, d'Biolandwirtschaft an och fir d'Biodiversitéit ze stäerken. All déi Moosname si staark ausgebaut ginn. Dat mécht 17 Milliounen Euro pro Joer fir d'Landwirtschaft aus.

Dobäi kënn e Règlement iwwert d'Berodung an d'Vulgarisatioun, déi staark ausgebaut gi sinn. Et ass also villes verbessert, nei an anescht gemaach ginn.

Dat Règlement, wat elo ugesprach ginn ass, trëfft op eenzel Réserveen, déi awer och nuancéiert sinn - dat wëll ech awer soen. Et ass net jiddfereen, dee seet, et wier alles schlecht; et gëtt och Leit, déi appréciiieren, dass et guer net esou schlecht ass an dass d'Regierung duerch hiert Agrargesetz an d'Reglementer weist, dass se hannert der Landwirtschaft steet.

(Interruption)

Wat d'Investitiounen ubelaangt, wëll ech soen, datt mer de Plaffong ofgeschaf hunn. D'Betribler gi méi grouss. Dat ass e wesentleche Fortschritt fir all déi grouss Betribler, déi vill investéieren mussen. Déi hu jo virdrun e groussen Deel vun den Investitiounen aus der eegener Täsche bezuelen an 0% kritt. Déi kréien also e wesentleche Virdeel par rapport zu deem, wat virdrun de Fall war, an dat wäert och ganz sécher Geld kaschten.

Da sinn effektiv déi normal Plaffongen ëm 5% erofgesat ginn. Mä awer net fir déi Jonk! Déi kréien 10% dobäi bei de Gebaier; se kréie 5% dobäi bei de Maschinnen. Wann ech also elo den Taux kucke bei Gebaier, da kritt e Jonke souguer 65% Bähëllef fir Investitiounen a Gebaier a gewëssene Beräicher: Ëmweltschutz, Qualitéit, Liewensmittelsécherheet, Hygiène a bien-être animal, do wäeren et normal 55%, plus déi 10%, déi dobäikommen, da sinn et 65%. Et gëtt 60% Bähëllef am Beräich vun der Bioenergie.

Dat sinn Tauxen, géif ech soen, vun deenen déi aner Secteuren an och déi aner Länner ronderëm eis nëmme kënnen dreemen -

loosse mer dat emol ganz offen eng Kéier soen. Also, mir wëlle schonn der Landwirtschaft esou staark wéi méiglech hëllefen a se encouragéieren, weider ze investéieren.

Am Beräich vun de Maschinne gi jo gewësse Kritike gemaach. Och do wëll ech soen, datt et am Beräich vun de Maschinne an der Belsch 0% gëtt. A Frankräich och 0%. A Rheinland-Pfalz waren et virun 10%. Ech weess net, wat se elo maachen, mä ganz sécher net dat, wat mer hei am Land maachen. Dat heescht, mer ginn do wäit iwwer dat wat am Ausland de Fall ass.

Aus enger Rei vu Grënn hu mer e puer Maschinnen ewechgeholl a gewëssen Tauxen erofgesat:

Éischtens emol seet d'Kommissioun, en einfache Remplacement däerf net méi subventionéiert ginn. Dat heescht, Maschinnen, déi ewechfalen an ersat ginn, dat ass en einfache Remplacement ouni grouss Modernisatioun. Dat däerfe mer net méi subventionéieren.

Zweetens hu mer gesot, alles wat manner wéi 2.000 Euro kascht bei de Maschinnen, subventionéiere mer och net méi.

An drëttens gëtt et och eng Rei vun ekonomeschen Iwwerleeungen. Mir hunn hei am Land - dat ass oncontestéiert - en iwwerdriwwe grouse Maschinnefuhrpark. Dat bréngt ganz héich Fixkäschte mat sech. Do si mer ganz schlecht par rapport zu deenen anere Länner.

Huele mer zum Beispill Bayern. Bayern war eent vun de weinegen däitsche Bundesländer, déi och esou Bähëllefen haten. Déi hu se am Accord mat der Landwirtschaft, am Accord mam Beruff, ofgeschaaft! Mat dem Resultat, datt d'Resultater vun de Betriber besser sinn. Si sinn zefridden domadder! Woufir? Si investéieren vill méi rationell an hir Maschinnen. An et muss een och soen, datt iwwerdriwwe Subventionen och d'Präisser vun de Maschinnen an d'Luucht dreiwelen. Och datt ass e Problem, dee mer hei zu Lëtzebuerg kenne geléiert hunn.

Ech wëll soen, dass mer iwwer gewëssen Einheitswäerter an och iwwer gewësse Maschinne kenne mateneen diskutéieren. Et ass jo e Reglement, zu deem d'Chambre d'Agriculture en Avis soll ginn. Da muss ee kucken, ob vläicht net eng Maschinne, déi mer ewechgehooss hunn, an dee Kader fällt, deen ech elo kuerz skizzéiert hunn.

Mä insgesamt wëll ech awer soen, datt dat Agrargesetz awer ganz positiv Akzenter setzt a wäit iwwer dat erausgeet, wat am Ausland de Fall ass. Ech mengen, d'Gewerkschafte spillen hir Roll a wëlle méi verlaangen. Dat ass berechtigt, dat huele mer och zur Kenntnis, mer diskutéieren och mat hinnen doriwwer, mä et muss een awer kucken an och festhalen, datt mer awer iwwer 100 Milliounen bereet si méi auszegi wéi an deem Agrargesetz virun, an dat an enger Zäit, déi méi schwierig ass, wéi dat an där Zäit virun de Fall war.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Lescht Fro ass déi vum honorabelen Här Bettel an déi adresséiert sech un den Här Innenminister. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Lauschtert emol, Här Mehlen an Här Boden, maacht dat an engem private Gespréich aus. Den Här Bettel huet elo d'Wuert.

- Question N°228 du 20 novembre 2007 de M. Xavier Bettel relative aux nominations du personnel enseignant au niveau des communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech wollt eng Fro stellen iwwer d'Interpretatioun vum neie Gesetz iwwer d'Nominatioun vum Personal an de Gemengen. Et steet elo nämlech am Text, dass d'Presentatioun vun de Kandidaten an d'Désignatioun à huis clos stattfannen. D'Fro stellt sech jo awer bei der Nominatioun vu Kandidaten - ënner anerem beim Schoulpersonal, awer net nëmme -, dass déi jo awer per Vote secret gestëmmt ginn.

Do gëtt et eng Fro, déi sech stelle kann. Verschidde Gemenge wëssen net, wéi een dat soll interpretéieren, ob een elo à huis clos kann e Vote à main levée maachen, ausser zum Beispill e Conseiller géif e Vote secret froen, oder ob ee muss e Vote secret écrit maachen, well et schonn à huis clos ass, dann automatesch och secret ass.

Dat heescht, Här President, ech wollt dem Här Minister d'Fro stellen, ob an der Gemeng bei all Plaz e Vote secret papier muss gemaach ginn, oder ob e Vote à main levée duergeet, well déi Sitzung souwisou à huis clos ass.

A wann d'Regel wär, datt et à main levée wier, wann e Conseiller géif froen, ob een dat da par vote secret kéint maachen, dann och de Conseil sech misst dorun halen, ob dat net eng Richtung wier op jidde Fall, déi ganz vill Gemenge géif arrangéieren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro, déi den Här Bettel hei opwërf, déi betrëfft den Artikel 19 Alinea 3, wou da gesot gëtt, wéi eng Décisiounen à huis clos geholl ginn an de Gemengen. Do gëtt geschwat vu Presentatiounen vu Kandidaten, Nominatiounen op Posten, Promotiounen, Demissionen an Disziplinarstrofen, déi mussen all à huis clos geholl ginn. Mä deen Artikel muss een zesumme mam Artikel 32 liesen. An am Artikel 32 steet, dass mussen voté geholl gi par bulletins non signés. Bulletins non signés heescht also, dass ee muss e Vote secret maachen, an do gëtt sech beruff op d'Nominatiounen an d'Propositionen vu Kandidaten. Dat heescht, d'Nominations provisoires an définitives an och d'Propositionen vu Kandidaten mussen mat engem Vote secret geholl ginn.

All déi aner Saachen, déi nach bleiwen, dat hescht d'Promotiounen vu Leit, Demissionen oder Disziplinarstrofen, déi mussen souguer ouni Vote secret geholl ginn. Dat ass dat Zweet.

Dat Drëtt ass: Wann et och e Huis clos ass a wann et och e Vote secret ass, kann een awer seng Meenung soen. Et däerf ee just net soen, wat ee stëmmt, mä et kann een awer d'Saach öffentlech diskutéieren. Mir hunn dat Ganzt à huis clos gemaach, fir d'Diskretioun ze halen, well et net gutt ass wann op der Place publique privat Situatiounen diskutéiert ginn.

Duerfir mengen ech, d'Situatioun wär an deem Sënn kloer. Mer haten och eng Circulaire un d'Gemenge gemacht den 13. März 2007 - mengen ech, wann ech dat richteg nogekuckt hunn -, wou déi Saachen am Detail drastinn.

Et ass komplex, Dir hutt Recht, mä d'Situatioun ass awer kloer.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun deem Punkt vun eisem Ordre du jour ukomm. Mir kommen elo zur Deklaratioun vum Här Ausseminister iwwer de Friddensprozess am Noen Osten an iwwer de Kosovo, dést no der Réunioun vum Conseil «Affaires générales et Relations extérieures». Uschlëssend bezitt d'Chamber Positioun dozou.

D'Presidentekonferenz hat virgeschloen, fir dem Här Ausseminister zéng Minutten zougestoen. Hie freet awer eng Véierelstonn.

Ass d'Chamber mat där Demande vum Här Ausseminister d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

5. Déclaration de M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur le processus de paix au Moyen-Orient et sur le Kosovo à l'issue du Conseil «Affaires générales et Relations extérieures» (CAGRE), suivie d'un débat

» **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt soen ech lech Merci, dass mer eis an esou engem kruziale Moment fir déi zwee wichteg Problemer, déi eis jo alleguerten uginn, e weineg Zäit kënnen huelen, fir doriwwer ze schwätzen.

Ech fänken u mam Noen Osten. Gëschter ware mer als Ausseministere zu Bréssel zesumme an hunn eis ganz intensiv beschäftegt mat där internationaler Konferenz, déi stattfanne wäert de 26./27. November zu Annapolis an déi och elo - Dir wäert dat gesinn an der Press an an de Medien - d'Annapolis-Konferenz genannt gëtt. D'Zil dovunner ass et, fir eng Relance fäerdeg ze bréngen vum de Friddensgespréicher tëschent Israel a Palästina.

D'Situatioun ass - d'Fransouse géife soen - changeante. D'lescht Woch war et nach guer net sécher, ob déi Konferenz kéint stattfannen. Enn der Woch ass et awer elo fixéiert ginn, dass op jidde Fall haut d'Invitatiounen erausginn. Mä dat ka sech nach selbstverständlech am Laf vun den Deeg änneren.

En Échec, dat ass gëschter vun alle Kolleege gesot ginn, wier eng Katastroph. Do géife mer hannert de Status quo zrëckfalen. Dat muss verhënnert ginn. Duerfir vläicht eng kuerz Analys vu menger Säit, wéi mer elo dostinn.

Fir d'éischt, wien ass invitéiert? Ech mengen, do geet et un, an dat ass terribel wichtig. Dir wësst, dass den amerikanesche President déi Proposition gemaach huet, an dass d'Madame Rice wäert de Lead hu vun der Konferenz. D'Israelië sinn do. D'Palästinenser sinn do. D'arabesch Welt ass do; d'Ligue arabe mat verschiddene Staten. Kruzial ass selbstverständlech Saudi-Arabien. Kruzial ass och, awer à un degré manner, Syrien. Dernieft sinn derbäi déi P5-Staten, d'Europäesch Unioun an dann och d'Länner, déi alleguerten am G8 sinn.

Elo gëtt et eng Pré-Annapolis-Zäit, déi elo ass, et gëtt Annapolis selwer, an et gëtt Post-Annapolis.

Wat een elo ka soen, wou am Pré-Annapolis d'Schwierigkeete sinn, dat ass fir d'éischt Saudi-Arabien. Et wier déi éischte Kéier, dass d'Saudië géifen nieft den Israelië setze ronderëm een Dësch. An de leschte Jorzéngte war dat net méi de Fall. Mir kennen d'Influenz vun de Saudien um politesche Plang, och um finanzielle Plang an där Regioun. Et ass also e ganz, ganz wichtige Facteur, deen do spillt.

Déi zweet Saach ass, dass d'Ligue arabe a Saudi-Arabien nëmme wäerte kënnen deelhuelen, wann d'Israelië et fäerdeg bréngen, fir eng Deklaratioun ze maachen, dass d'Siedlungspolitik gestoppt gëtt. D'Chance besteet. De Premierminister Olmert huet sech engagéiert. Dat ass net evident.

Wann ee kuckt, nach am leschten Oktober huet den Avi Dichter - dat ass de Minister fir d'Sécurité publique - gesot, dass tëschent Jerusalem an dem Ma'ale Adumim - dat ass de Secteur E1, deen tëschent Jerusalem läit an eben de palästinensesche Gebidder - soll de Quartier général komme vun der Polizei vu Judäa a Samaria. Dat wieren natierlech Développement, déi géife carrément derzou bäidroen, dass déi Konferenz net géif stattfannen. Nëmme ee Stopp vun de Kolonië virun Annapolis bréngt et mat sech, dass d'Ligue arabe kéint an där Réunioun deelhuelen.

Den ägyptesche President Mubarak huet sech haut gesi mam Premierminister Olmert. Dat war e positive Meeting, wéi ech gelies hunn. De Mubarak huet och selwer deklaréiert, dass hie bereet wier fir an Israel ze goen, wat e ganz, ganz wichteg Zeeche wier. De Mubarak war fir d'lescht 1995 an Israel, wéi de Rabin begruewe ginn ass.

Een neien Obstacle allerdéngs, mussen mer wëssen, ass elo praktesch aus heiterem Himmel komm an eigentlech provozéiert ginn och vun der Knesset. Dat ass d'Definitioun vum Stat Israel. Dat heescht, dass Israel soll de Stat si vum Judentum. Wann dat esou de Fall wier, da géif natierlech d'palästinensesch Säit - an dat mécht se elo schonn - ganz staark Bedenken hunn, wat d'Retourë vun de Réfugiéen ugeet. Dat ass eng Fro, déi an Israel de Moment ganz héichgespillt gëtt, an déi d'Palästinenser mat grousser Wahrscheinlechkeet an där Form do net kënnen akzeptéieren.

E positiivt Zeechen ass, dass de President Abbas jo 1.000 Prisonnier gefrot huet, déi solle libéréiert ginn. Si sinn elo op 450 ëmmerhin. Ech mengen, dat ass e positiivt Zeechen.

Zu Annapolis si fënnf Schlëselementer, déi wäerten diskutéiert ginn:

D'Haaptstad vu Palästina. Dat ass machbar, wann ee kuckt, Jerusalem kéint an zwee gedeelt ginn.

D'Grenze vum palästinensesche Stat. Dat missten d'Grenze si vun 1967.

De Retour vun de Réfugiéen ass dee schwéierste mënschleche Problem. Mä et ass awer och net ondenkbar, dass een do zu eppes kënn.

An dann, Dir wësst, dass de President Abbas zwee Punkten derbäigesat huet. Dat ass d'Waasser engersäits, an et ass de Stopp vun de Kolonien. Derbäi kënn d'Sécherheet. An - dat ass op jidde Fall déi Positioun, déi ech gëschter zu Bréssel och nach eng Kéier vertrueden hunn - Gaza.

Gaza däerf net ausgeschloss ginn. Gaza ass ee ganz, ganz kleng Sträife Land, wou

1,4 Milliounen Leit liewen, wou déi krank Leit de Moment lues awer sécher stierwen, well se keng Medikamenter kënnen kréien a well se keng Hëllef kréien, well se net kënnen aus Gaza erauskommen. Dat mussen mer wëssen. Dat ass en horrende Problem um mënschleche Plang.

Déi jonk Leit: De Chômage ass op Plazen do 80%. Jonk Leit ginn an d'Hänn vun den Extremisten gedriwwen. No den Extremisten an där Regioun komme jo d'Terroristen. Da wësse mer, wat fir Konsequenzen dass dat huet.

Annapolis ass en Owendiessen, an et ass eng Réunioun vun engem Dag, wou ongeféier 40 Länner wäerten intervenéieren. Et soll och eng Réunioun vum Quartett sinn an där nämlecher Zäit. Fir d'Palästinenser ass Annapolis net nëmme een Ufank, mä Annapolis muss eng Dynamik sinn. Eng Dynamik, déi begleet gëtt vun der internationaler Communautéit mam Zil, fir e Friddensvertrag ofzeschlëssen.

Déi Konferenz oder dee Prozess - loosse mer esou soen -, dee Mechanismus däerf och an den Ae vun de Palästinenser net onendlech daueren - esou wéi den Oslo-Prozess onendlech laang gedauert huet -, mä si gi sech eng Zäit vun dräi bis fënnf Méint.

Fir d'Israelië - dat mussen mer och kloer gesinn - ass dat doten net de Fall. Dat huet och d'israelesch Ausseministesche zu Lissabon viru 14 Deeg gesot. Fir si sinn d'Verhandlungen virun allem Verhandlungen vu bilateraler Natur tëschent Israel an de Palästinenser, an et ass net e Mechanismus. Hei mussen d'Divergenze sech nach apendelen.

Mä d'Europäesch Unioun engagéiert sech ganz staark mat hirem Aktiounsplang. Dir wësst, en Aktiounsplang fir um politesche Plang, um ekonomesche Plang - a wann ech ekonomesche Plang soen a Palästina, heescht dat soziale Plang - virunzuekommen.

Mir bezuelen als Europäesch Kommissioun eng ronn 500 Milliounen am Joer. Dat ass den Niveau, wou mer eis elo agependelt hunn, plus dann nach ongeféier 500 Milliounen, déi vun de State kommen, esou dass eng Milliard Euro bezuelt gëtt vun Europa, virun allem u Gaza.

Ech hoffen, dass, wann Annapolis eppes gëtt, dann och en Déclic kënn an de Golfstater. Mir wëssen, dass de Pétrol jo net méi dee bëllegsten ass. An do sinn onerhiert Reserven, déi géréiert gi vun de Golfstater-Länner. Do muss och wierklech een Deel kënnen ofgezweigt ginn, fir eben ze hëllefen. Net dass d'Europäer eleng déi sinn, déi bezuelen. Dir wësst, d'Europäer si vill méi staark Payeuren, wéi d'Amerikaner. Mä mir wëssen, dass selbstverständlech an deem Gebitt d'Influenz vun den Amerikaner ganz, ganz grouss ass.

Ech wollt, Här President, well ech mech un d'Zäit halen, nach soen, dass et selbstverständlech dann e Post-Annapolis gëtt, wat héchstwahrscheinlech dat wichtegst wäert sinn. Et ass virgesinn, fir erëm eng zweet Konferenz am Fréijoer - am Februar ongeféier - anzeberuffen an dann ze kucken, wéi een doranner virukënn.

Als Konklusioun géif ech soen: Riseg Erwaardungen ginn un Annapolis gestallt. Dat ass eng riseg Responsabilitéit fir all déi, déi deelhuelen; selbstverständlech och fir d'Europäesch Unioun. Et ass schwéier, ganz schwéier, mä et ass jouable. Et ass gëschter och duerchgeklongen zu Bréssel, dass et jouabel ass, ënnert där Konditioun, dass d'Extremisten op béide Säiten net iwwerhandkréien an den Négociatiounen a selbstverständlech och an den Interferenzen.

Dann ouni Transition an de Kosovo. Dat war gëschter deen zweete Punkt.

Iwwregens wëll ech lech soen, dass mer och den irakeschen Ausseminister bei eis haten. Ech wëll elo net dovunner nach schwätzen, soss géif et ze laang ginn. Mä dat war och e ganz, ganz wichteg Punkt.

A selbstverständlech och - dat wëll ech soen - Afrika, wou mer op enger Schinn sinn elo, dass dee Sommet stattfënn. Dat Eenzeit, wat nach ënner Parenthèse steet, ass wierklech wann de President Mugabe géif kommen, dass dann de Premierminister

Brown net géif deelhuelen a kee Member vun der englescher Regierung. Mä all déi aner Statschefe sinn zu Lissabon. Ech mengen, wann Der dee Pabeier gesinn hutt, och mat deenen aacht Punkten, déi wirklech wichteg sinn, ass dat ganz positiv.

Zum Kosovo. Mir hu gëschter den Ambassadeur Ischinger nach eng Kéier héieren; elo fir d'drétt oder fir d'véiert. Dir wéssst, dass den Ambassadeur Ischinger een Däitschen ass, deen Europa vertritt an der Troika, wou nach ee russeschen an een amerikaneschen Ambassadeur derbäi sinn. Déi Troika huet als Missioun, fir ze kucken, dass d'Kosovaren an d'Serbe matenee verhandelen, fir sech op eng Léisung kënnen eensetzen.

All Land huet gëschter seng Positioun zum Beschte ginn. Ech wëll lech hei vläicht e puer Konsequenzen dorausser matdeelen an zur Diskussioun stellen.

Dat Éischt ass: Et besteet nach e ganz kleng Quäntchen Hoffnung. Et bleiwen dräi Wochen. Dee Quäntchen Hoffnung daerf een net opginn. Dat seet net nëmme den Här Ischinger, mä dat soen och praktesch d'Länner allerquerten, dass een déi dräi Wochen all Minutt muss notzen, fir de Serben an den Albaner ze soen, dass se wirklech déi Chance sollen ergräifen, fir eng Léisung ze fannen.

D'Troika fonctionnéiert besser wéi et erwaart ginn ass, an an där Troika sinn eigentlech och all Méiglechkeete bis dato ausgeschöpft ginn - leider bis elo ëmmer mat enger negativer Äntwert. D'Autonomie large, dat ass dat, wat d'Serben de Kosovaren ugebueden hunn, ass refuséiert ginn. D'Indépendance surveillée vum Ahtisaari ass refuséiert ginn. Den Hongkong-Modell ass proposéiert ginn, mä ass refuséiert gi vun de Kosovaren.

An da kënt eppes Véiertes, dat verstinn nëmme Diplomaten, mä et gétt eppes an der Diplomatie, dat heescht een Accord iwwer en Désaccord.

(Interruption et hilarité)

Neen, ech si keen.

Also, dat ass en Accord iwwer en Désaccord. An duerch deen Accord iwwer den Désaccord war ee Moment d'Chance do, dass d'Russe géife matzéien, an da wiere mer ongeféier op deem Punkt gewiescht, wéi et war uganks den 90er Joren téschent der Bundesrepublik Däitschland an der Däitscher Demokratescher Republik, an där Zäit, wou nach gemengt ginn ass, déi zwee State kéinten nientenee liewen. Een Accord iwwer den Désaccord ass also och net méiglech zu dësem Zäitpunkt, well an der Troika d'russesch Säit net d'accord war, fir déi Propositioun als Troika ze maachen.

Nun, d'Négociatiounen - Dir wéssst dat, Dir hutt d'Zeitong gelies - sinn haut erëm voll amgaangen. Och deen héchstwahrscheinlech neie Premierminister Hashim Thaçi ass do. Den Här Boris Tadić, President vun de Serben a Representant vun de Serben, an den Här Vojislav Koštunica, Premierminister vun de Serben, sinn zu Bréssel. Et gétt also verhandelt.

Zu Wien ass och eng ganz Woch eng Plaz reservéiert, fir kënnen Enn November nach eng Kéier ze verhandelen, wann dat méiglech ass.

Fest steet, léif Leit, dass mer nom 10. Dezember zrëck ginn an de Conseil de Sécurité. Et steet fest, dass also de Conseil de Sécurité zu New York mat grousser Wahrscheinlechkeet virum Dezember nach eng Kéier saisiert gétt mat der Problematik a mat dem Rapport selbstverständlech.

Et ass ze fréi haut, an ech wëll dat och net maachen, all Hypotheesen duerchzegoen, well soss ass ee liicht tentéiert, sech op ee Bord ze schloen. Mä nom 10. Dezember muss mer an der Europäescher Unioun eng gemeinsam Démarche behalen, schonn eleng aus Respekt virun deem Traité, dee mer eis ginn hunn, wou mer jo soen, dass mer eis géifen engagéieren, eng gemeinsam Aussepolitik an der Europäescher Unioun ze maachen. Dat ass net einfach, mä dat ass awer och machbar.

Ech kann lech soen, dass verschidden Delegatiounen, ouni se elo ze nennen - Dir kennt se vläicht, wann Der lech derfir interesséiert -, selbstverständlech - dat muss ee

respektéieren - aus historesche Grënn, aus Grënn vun enger geographescher Näre immens Problemer domadder hunn, wat eventuell geschéie kéint nom 10. Dezember, wann een en eng Onofhängegkeet vum Kosovo géif eventuell denken. Nun, nom 10. Dezember muss d'gemeinsam Démarche vun deene 27 net absolut honnertprozenteg identesch, mä koordinéiert sinn.

Här President, mir mussen - an dat ass de Moment ganz wichteg - Drock maachen als Unioun souwuel op Belgrad wéi op Priština, fir dass keng Mouvementer geschéien, déi kënnen geféierlech ginn an déi kënnen zu Onstabilitéit féieren.

Direkt nom 10. Dezember - ech hunn et scho gesot - ass de Conseil de Sécurité zu New York saisiert. Och do daerfe keng Elenggang geféiert ginn, vu kenger Säit. Mir wéssen, dass d'Fro vum Statut, dat ass fir mech evident, net ka weider opgeschubst ginn. D'Fro vum Statut vum Kosovo muss geléist ginn, well een Opschubse vun där Fro ass a mengen Aen net méiglech. Wann een dat mécht, da geet ee ganz, ganz grouss Risiken an, dass et zu groussen Onstabilitéite kënt.

Mir mussen also kucken, an där schwieriger Fro eng koordinéiert Positioun ze kréien an der internationaler Communautéit, wéssend, dass jo Russland eng Position à part wäert hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Zu der Lëtzebuerger Regierung. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gesot, jiddereen huet seng Positioun dohinergeluecht. Ech fir mäin Deel hunn am Numm vun eiser Regierung gesot, éischstens emol, dass de Kosovo selbstverständlech net eleng eng Fro ass vu Statut. Et ass och eng grouss mënschlech Fro. Grad wéi Gaza ass et eng grouss mënschlech Fro. Do wunnen zwou Milliounen Leit. 60% vun deene Leit si Chômeuren. Do ass vill pickegen Drot. A 50% vun der Populatioun hu manner wéi 25 Joer. Do gesitt Der déi Explosivitéit, déi Dynamik, déi doranner läit.

Zweete Punkt, Här President, dat ass, dass bis den 10. Dezember de Lëtzebuerger Ausseminister, d'Lëtzebuerger Regierung Verfechter ass vun der EU-Linn, déi mer eis ginn hunn, fir all Effort ze maachen, dass et an der Troika kann zu engem Resultat kommen, an nom 10. Dezember wäerte mir als Lëtzebuerger aktiv hëllef um finanzielle Plang, fir d'Sécherheet vum Kosovo, fir d'Rechtsstaatlechkeet vum Kosovo ze garantéieren.

Ech géif ofschléissen, wann Der wëllt, Här President, mat enger duebeler...

» M. le Président. - Dir musst zum Schluss kommen, Här Asselborn!

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Ech géif ofschléisse mat enger duebeler Appréciatioun.

Dat Éischt, dat ass: Der Stabilitéit, dem Fridden, der Dignitéit, de Mënscherechter iwwerall an Europa eng Chance ze ginn, ass d'Aufgab vun der Europäescher Unioun. Dat heescht, de Konflikt ze verhënnern am Kosovo, a Serbien, um Balkan. De Friddensprojet Europäesch Unioun huet jo een Haaptzil, nämlech de Fridden ze stabiliséieren.

Dat Zweet, dat ass, de Kosovo wéi Serbien an aner Länner um Balkan muss bewise kréien, dass d'Europäesch Unioun Wuert hält. D'Europäesch Unioun huet 2003 deene Länner alleguerten eng europäesch Perspektiv ginn, an déi muss agehale ginn. Mir wéssen alleguerten, dass de Kosovo e Puzzle ass um Balkan, dee bekanntsten, deen et gétt, net deen eenzeg; allerdéngs ass de Kosovo een entscheidende Puzzle um Balkan. Duerfir sinn déi kommend Wochen aussepolitisch extrem wichteg a sinn och innereuropäesch vu grousser Bedeitung wéi selbstverständlech och ausereuropäesch.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. D'léif Leit hei an der Chamber hunn lech ganz intensiv nogelauschert an duerfir komme mer elo zur Diskussioun.

(Interruption)

Ech hunn d'Wuertwiel vum Här Ausseminister iwwerholl. Mir kommen dann zur Diskussioun vun där Debatt hei.

Den Här Ben Fayot als President vun der aussepolitischer Kommissioun huet als Éischten d'Wuert.

Débat

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, als President vun der aussepolitischer Kommissioun begrüessen ech, dass d'Chamber direkt een Dag no engem wichtige Conseil «Affaires générales Relations extérieures» zu Bréssel vum Ausseminister informéiert gétt an och d'Geleechenheet huet, dorop ze reagéieren.

Den éischte Punkt, deen den Ausseminister behandelt huet, betrëfft de Friddensprozess zwëschen Israel a Palästina. Mir wéssen, dass déi Konferenz zu Annapolis entscheidend ka sinn; si muss et awer net sinn. Hofentlech gétt et net e grouse Spektakel, wou näscht hannendru kënt!

Mä Virbereedungen an och Hoffnunge sinn natierlech eemoleg. Besonnesch, well esou vill Partner, déi Feinde bis elo waren, sech un engem Dësch zesummen treffen, fir iwwer de Friddensprozess ze schwätzen. Et ass also ze hoffen, dass dese Prozess weidergeet an dass en och zu engem gudden Ofschluss ka kommen.

Ech wollt awer besonnesch e Wuert iwwer de Kosovo soen, well d'Reunioun vun den europäeschen Ausseministere war déi lescht virun deem berühmten 10. Dezember, wou de Bericht vun där Kontaktgrupp soll ofgeluecht ginn a wou et sech méiglecherweis decidéiert, ob de Kosovo seng Onofhängegkeet eesäitig deklaréiert.

Firwat beschäftege mer ons esou intensiv mam Kosovo? Et geet do ëm net méi an net manner wéi ëm de Fridden um Balkan an implizit natierlech ëm de Fridden an Europa.

Et geet och dorëm, ze wéssen, ob Russland e Partner bleift oder net, oder ob Russland amgaangen ass, en neien Imperium opzerichten a sech als eng nei Weltmuecht wëllt profiléieren.

An et geet och dorëm, ze wéssen, ob Europa capabel ass, seng eege Problemer ze léisen, ouni elo déi Problemer vum Conseil de Sécurité oder vu Groussmuechten ausserhalb vun Europa léisen ze loossen.

Fir dee Fridden ze erhalen, mussen d'Länner vun der Europäescher Unioun mat Russland all Efforté maachen. Duerfir muss d'Europäesch Unioun zesummebleiwen.

Et ass wichteg, dass d'Europäesch Unioun zesummebleift an dass se eng Positioun huet. Kee Bierger an der Europäescher Unioun géif verstoen, wann d'Europäesch Unioun et net fäerdeg géif bréngen, zesummenzebleiwen. Alles, wat mer vun de Bierger héieren, ob dat jonk Leit sinn oder eeler Leit, dat ass, dass d'europäesch Aussepolitik als eppes äusserst Wichtiges, als ee vun de wichtigsten Elementer vun der europäescher Politik tout court gesi gétt.

A wann dann en Opsplécken zwëschen Länner fir oder géint d'Eegestännegkeet/d'Onofhängegkeet vum Kosovo géif entsto, dat wär ganz einfach fatal fir d'Crédibilitéit vun der europäescher Aussepolitik. Russland muss un enger Léisung matsichen. Mä soulaang wéi Russland Serbien a senger Haltung bekräftegt, fanne mer do keng Léisung.

Da stellt d'Fro sech schlussendlech: Soll dann elo de Kosovo onofhängeg ginn oder net? Dat ass eigentlech eng absurd Fro an enger Zäit vun der Globaliséierung, wou mer ons als Europäer zesummeffannen, a wou och déi eenzel Natiounen u Gewicht verléieren. Och de Kosovo ka seng formal Onofhängegkeet deklaréieren, e brauch awer och weider international Hëllef. E muss sech an Europa aschreiwen. Dofir, nach eng Kéier, war de Plan jo vum Här Ahtisaari deen eenzeg richtegen an dee beschten. Méi eppes Gescheites wéi dat, wat den Här Ahtisaari gesot huet iwwer de Kosovo, ass bis elo nach net fonnt ginn.

Hëllef brauch de Kosovo souwisou, ob en elo formal onofhängeg ass oder net. Dofir, mat allem Respekt fir de Wëlle vun den albanesche Kosovaren, wäert eng eesäitig Onofhängegkeetserklärung, souguer ënnerstëtzt vun der EU oder vun Deeler vun der EU, näscht bréngen, wéi Sträit um Balkan, also nationalstes Ausbréch. A virun allem Nout a Misär fir d'Mënschen, Chômage, Onsécherheet, Duerchernee wäerte weider grasséieren.

Dofir, Här President, ënnerstëtze mir op jidde Fall all Efforté vun der internationaler Gemeinschaft a besonnesch vun der Europäescher Unioun, fir dass dat net geschitt.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Mosar.

» M. Laurent Mosar (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kosovo a säi Statut beschäftegen eis scho laang. A si wäerten eis wuel och nach eng Zäit weider beschäftegen.

No de Parlamentswahle sinn zwou Saachen definitiv kloer. Déi eng ass, dass déi iwwerwältigend albanesch Populationsmajoritéit näscht aneschtens wéi d'Onofhängegkeet ustriert, an dat léiwer haut wéi muer. Déi aner ass, dass et beim serbeschen Institutiousboykott am Kosovo bleift, esou dass iergendwéi eng Zort vu Rapprochement téschent Albaner a Serbe wuel kaum eng realistesch Perspektiv ass. Domat gétt fir déi definitiv Statuserklärung vum Kosovo näscht méi einfach.

Ech hunn et kierzlech eréischt op deser Tribün gesot: Egal wéi haart gepriedegt gétt, de Kosovo wier en eenzegaartege Fall a géif sech net als Précédent eegnen, et risquéiert am Fall vun der Onofhängegkeet nawell e Präzedenzfall ze ginn.

Eenzegaartege am Kosovo als potenziell neie Stat ass schliesslech nëmme, dass en zënter aacht Joer ënner UNO-Verwaltung steet. Aner esou Territorien, déi och gär onofhängeg wieren oder géifen, hu fir de Rescht genauso vill Usproch dorobber, wéi de Kosovo.

Grad um West-Balkan ass d'Amputatioun vu Serbien ëm eng Provënz, déi iwwerhaapt keng Geschicht vun enger eegener Staatlechkeet huet, keen harmlosen Exercice. Et steet ze befierchten, dass no esou enger Operatioun a Bosnien-Herzegowina all Dreem nees kéinten aktuell ginn, virun allem déi vun engem Uschluss vun der Serbescher Republik a Bosnien un de serbesche Stat. Domadder wier net onbedéngt vill gewonnen.

D'Ausseministere vun der Unioun sinn zu Bréssel net onendlech wäit virukomm a Saache Kosovo, wat eigentlech keen dierf verwonneren. Eng allsäits akzeptabel Regelung vun der Statusfro géif schliesslech vun der Kompromëssbereetschaft téschent Kosovaren a Serben ofhänken. An déi ass nun emol net ginn.

Et bleift net méi allze vill Zäit bis zum 10. Dezember, wann d>Statusverhandlung solle ofgeschloss ginn. Den Hashim Thaçi, dee wuel neie Premier am Kosovo, huet kloergemaach, dass de Kosovo zwar wëllt dës Deadline ofwaarden, eier eng Décisioun iwwer d'Onofhängegkeet soll geholl ginn, mä dobäi geet et wuel méi ëm d'Form, wéi ëm de Fong. Mir mussen eis drop astellen, dass kuerz nom 10. Dezember eng Onofhängegkeetserklärung vum Kosovo an d'Haus steet. D'Europäesch Unioun muss deemno alles drusetzen, mat hirer ganzer Influenz um West-Balkan, dass esou eng Deklaratioun net zu anere Bewegungen an där Regioun féiert, déi wäitreechend Konsequenze kéinten hunn.

Ni, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, war e konsequent europäeschen Engagement um Balkan esou néideg wéi elo, fir dass roueg bleift, wat eréischt e puer Joer roueg ass! Wann d'Europäesch Unioun en neie Chaos um Balkan wëllt évitéieren, muss si d'Saach ganz eleng an d'Hand huelen. Dat heescht awer och definitiv d'Illusioun opginn, eng Léisung am Kader vun de Vereenten Natiounen ze fannen.

Dat heescht awer och, dass d'Europäesch Unioun där neier politescher Führung zu Priština kloermécht, dass eng Unerkennung vum Kosovo och e Präis huet. Si muss iwwerwaacht sinn an dierf keng nei Grief opmaachen zu Serbien, well d'Europäesch Unioun ka sech net nëmme ëm d'Schicksal vum Kosovo këmmern, mä muss sech och ëm d'Schicksal vu Serbien këmmern.

En anert Thema beim Conseil vun den Ausseministere war déi geplangten No-Ost-Konferenz zu Annapolis, obwuel fir déi Konferenz nach keen definitiven Termin feststeet an och nach net gewosst ass, wien definitiv drun deelhuele soll. Och wann eng ganz Partie arabesch Staten eng Invitatioun wäerte kréien, dorënner och Syrien, ass et séier positiv, dass souwuel Israel wéi och déi Palästinensesch Autoritéit sech konsequent op dee Rendez-vous virbereeden. Béid Säiten huelen déi Konferenz eescht, déi soll éischt Etappen um Wee zu enger definitiver Friddensléisung am Noen Oste ginn. Israel a Palästina, awer och déi arabesch Noperstater, wéssen, wat um Spill steet.

Et ka gutt sinn, dass Annapolis esou zimlech déi lescht Chance ass, fir zu enger ëmfassender Regelung vum Konflikt am Noen Osten ze kommen. Esou eng Regelung - an den Ausseminister huet et virdu gesot - betrëfft net nëmme Israel an d'Palästinenser, si muss och Saudi-Arabien, de Libanon, Syrien ëmfaassen, Jordanien an Ägypten implizéieren, an doriwwer eraus an der Regioun akzeptabel sinn.

Eng wesentlech Roll fällt niewent Saudi-Arabien dobäi Syrien zou. Syrien, deem seng Golan-Héichte vun Israel besat sinn, wat am Libanon en determinanten Afloss op d'Politik an d'Milizen ausübt, an dat sech an enger am Fong widdernatierlecher Allianz mam Iran befënnt, fir am Libanon bestëm-

Mardi,
20 novembre 2007

mend ze bleiwen. All déi Facteure maache Syrien zu engem kruzialen Acteur an engem nei beliefte Friddensprozess. D'EU muss duerfir alles drusetzen, datt Syrien un der Konferenz vun Annapolis deelhält.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, et ass och wichteg, datt, och wann Annapolis an Amerika läit, dach viles an deenen nächste Wochen dovun ofhänkt, datt d'Europäer hir diplomatesch Roll an aller Däitlechkeet iwwerhuelen. D'Konfliktregioun ass a bleift den Noper vun Europa am Mëttelmeerraum. Keng europäesch Mëttelmierpolitik, déi hiren Numm verdéngt, kënnt op Dauer ouni Fridden am Noen Osten aus.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Goerens.

»»» **M. Charles Goerens (DP)** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wier alles esou einfach, wann d'Leit et géifen esou maachen, wéi mir als Lëtzebuurger an als Europäer et gesinn. Dat ass leider net esou; net am Mëttleren Orient an och net am Kosovo, fäerten ech.

Iwwert de mëttleren Orient: Ech hunn der Analys vun Ausseminister näischt bäizefügen. Ech mengen, dat ass absolut ze deelen. Et kann ee just d'Hoffnung ausdrécken, datt déi Schrëtt, déi do ënnerholl gi sinn, eppes bréngen.

Eppes wëll ech awer ubréngen, dat ass déi Situatioun am Gaza. Wann een eng Kéier am Gaza war, da weess een, wéi exécrabel a wéi hoffnungslos datt déi Situatioun ass. Op engem Territoire, deen héchstens d'Gréisst huet vun e puer Lëtzebuurger Kantonen, liewe bal zwou Milliounen Leit, an dat a Konditiounen, wou „Perspektiv“ wierklech e Friemwuert ass.

Et geet net, datt een déi Leit mat hirer Nout eleng léisst, och wann eng Hamas deen Territoire do de Moment regéiert. Och wann déi Hamas-Leit aus der Siicht vun der Europäescher Unioun Gelungener sinn - dat deele mer alles -, gëtt et keen Argument, fir deenen déi humanitär Hëllef ze verweigere, déi se brauchen. An do mussen nach Circuité bestoe bleiwen am Dialog och mat Leit, deenen een de prime abord net wëllt begéinen. Ech hoffen, datt do alles gemaach gëtt, fir datt déi Situations de détresse net mat Indifferenz quittéiert ginn.

Zweetens de Kosovo. Am einfachste wier et jo, wann déi nei gewielte Regierung sech géif e bëssen eraffillen och an d'Problemer, déi déi aner mat hinnen hunn. Normalerweis wann esou vill an engem Géigend gemaach gëtt a sech esou vill mat enger Géigend befaasst gëtt, da misst een am Fong soen, si hätte Chance, datt sech esou vill ëm si gekëmmert gëtt. An et gëtt sech och ganz vill am positive Sënn ëm de Kosovo gekëmmert. Och do ass d'Situation économique exécrabel: Iwwer 50% hu keng Aarbecht.

Déi politesch Äntwert vun deene meeschten dorobber ass relativ einfach - a mengen Aen e bëssen ze einfach: De Problem gëtt ëmmer der Absence vun engem Statut zouggesprach. Ech mengen, et ass awer e bësse méi komplizéiert trotzdem. Et ass näischt, wat bis elo de Kosovo-Albaner an de Kosovo-Serbe verbueden huet, fir eppes opzebauen an där Phas, wou hire Statut nach net kloer war.

Ech wollt ee Wuert soen zu de Standarden. Et ass jo ëmmer gesot ginn, fir d'éischt musen d'Standardde stëmmen, an da kann een iwwert de Statut schwätzen. Heiansdo gi mer och e bëssen arrogant un déi Standarden erun.

Wann een do zum Beispill de leschten UNO-Rapport hält, da kréien d'Kosovo-Albaner am Fong de Virwurf gemaach, datt se nach keen Ombudsmann ernannt hätten. Si missten dat dréngend nohuelen. Wann ee weess, wéi vill Jorzéngten datt bei eis den Ombudsmann an der Diskussioun war, kann ee sech nëmme wonneren, datt déi Länner do gesot kréien: Elo muss dat awer kommen, well dann erfëllt Der d'Standarden! Et wier awer ni engem agefall, fir ze soen, Lëtzebuerg géif d'Mindeststandarden net respektéieren.

Ee Wuert iwwert de CAGRE, de Conseil «Affaires générales et Relations extérieures» vu gëscher: Et ass eng Wett op d'Zukunft, en Hoffen an Zidderen. Wéi gesot, mir kënnen nëmme baangen an hoffen, datt dat net antrëtt, wat déi meescht fäerten, well ech fréerte ganz, dann ass et mat der Eenheet vun der Europäescher Unioun net méi esou wäit hier.

Den Ausseminister ass de Chef vun den Diplomaten, och wann hie seet, hie wier keen Diplomat. Mä als Chef vun den Diplomate weess hien awer och, wat d'Diplomate soen. An déi, déi hanner virgehalener Hand

schwätzen, wa se mengen, et géif keen hinnen nolauscheren, an ënnert der Protektioun vun Anonymat, déi wëssen awer, datt et nom 10. Dezember riskéiert, ganz schnell ze goen, datt dann d'Veereenegt Staten de Kosovo unerkennen, datt e grousst Land, e grousst Nopeschland wahrscheinlech direkt wäert nozéien, an dann ass net méi vill Zäit, fir ze beroden. Dann ass d'Eenheet vun der Europäescher Unioun net méi ginn, an da muss relativ schnell gehandelt ginn.

Fir Lëtzebuerg gëtt dat do net einfach. Ech soen lech och firwat. Et kann een als Fransous iwwert de Kosovo schwätzen, esou wéi d'Fransouse schwätzen. Mir kënnen net grad d'selwecht doriwwer schwätzen. Mir kënnen och vläicht net esou schwätze wéi d'Spuener, déi extrem reservéiert sinn, wat en Entgéintkomme vis-à-vis vun de Kosovo-Albaner hirem Wonsch ugeet.

Well mat wat fir engem Recht kënne mir iwwer Mikrostate schwätzen an där doter Géigend? A mat wat fir engem Recht kann e Land wéi Lëtzebuerg enger Provënz - ech betounen: enger Provënz - verbidden, vun der Onofhängegkeet ze dreemen, well mir mussen emol wëssen, wat mir virun der Onofhängegkeet anescht waren, wéi eng Provënz!

Als Lëtzebuurger muss een also do, wann déi aner vollmundeg doriwwer schwätzen, vläicht déi eng oder aner Précaution oratoire huelen, a fir eis stellt sech eng wichteg Fro: Wann de Scénario de la désunion géif prévaléieren nom 10. Dezember, ob mer da wierklech déi Lescht solle sinn, déi eis géife fir d'Unerkennung vun engem onofhängege Kosovo aussprieche.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gëtt net einfach. Dat ass eng Partie Poker. Mir sollen och oppassen, datt mer d'Serben an deem doten Exercice net ze vill humiliéieren, well déi spieren, déi emfannen dat do praktesch als eng Humiliatioun. Si hu Montenegro verluer duerch de Referendum, dat ass fir si zimlech indigeste gewiescht. Si hunn d'Déboiré kann aus den 90er Joren, an elo och nach dat hei. Dat gëtt d'äers Gudden e bësse vill beieneen. Dat hei ass paralysant fir Serbien, wat net gutt ass. Wann ee mengt, si wieren um gudder Wee, da kënnt erëm iergendeng Neiegkeet - ech hat bal gesot, iergendeng Dommheet -, déi all Opbau an all Dynamik riskéiert op d'Kopp ze geheien.

Ech hoffen, datt mer um Balkan - mat deene Perspektiven och fir d'Europäesch Unioun - et fäerdeg bréngen, datt mer mat de Schierbelen, well där wäert et der ginn, mä datt mer mat esou männ Schierbele wéi méiglech duerch de Bësch kommen.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président** - Merci, Här Goerens. Da kënnt als nächste Riedner den honorabelen Här Félix Braz.

»»» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)** - Merci, Här President. Et ass e schwierigen Exercice, an Zäit vun nëmme fënnf Minutten zwee esou wichteg, komplex Themen unzegräifen, mä wann dat esou virgesinn ass, da soll ee sech eben op dat Wesentleche konzentréieren.

Den Ausseminister huet gesot, et géife ganz héich Erwaardungen un Annapolis gestallt ginn. Deelweis ass dat richteg, deelweis awer och net. Et huet een éischerter mat Momenter d'Gefill, dass op verschiddene Säiten d'Erwaardungen net allze héich geschrafft ginn. Et ass souguer eng Zäitchen doriwwer diskutéiert ginn, ob een dat Ganzt iwwerhaapt eng Konferenz sollt nennen, ob et net eng Zort bessere Meeting eigentlech och kéint sinn. A vläicht ass dat och keen Nodeel. Well et huet een oft genuch där Versammlung gehat op deser Fro, wou ganz héich Erwaardungen am Virfeld gestallt gi sinn. An dat huet net onbedéngt déi Diskussiounen erliichtert respektiv d'Resultater dovunner verbessert.

Ech fannen, dass et éischerter vläicht e positivt Zeechen ass, en doucet, optimistescht Zeechen, dass een eng Hoffnung vläicht kann hunn, dass eben net ze vill héich Erwaardungen am Virfeld gestallt ginn, dass net ze vill Saache schonn an der Öffentlichkeet zirkuléieren, déi déi eng an déi aner vu sech géigesäitig erwaarden, an dat ass wéi gesot fir eis en Zeeche vun doucem Optimismus.

Den Här Ausseminister huet déi Froen um Fong genannt, ëm déi et geet. Bei der Fro vu Jerusalem, vun der Hauptstadtrennung gëtt et zënter 2000 de Clinton-Virschlag, deen eigentlech seet: Kommt, mir trennen do, wou d'Leit wunnen - „population and the ground“. Dat ass nach ëmmer wahrscheinlech dee richtegste Kritär an deen eenzeg méiglechen, fir virunzkommen. D'Grenz vun 1967, de Retour vun de Réfugiéien, d'Fro vum Waasser, d'Fro vun der Gaza-

Sträif an d'Fro vum Stopp, deelweis vum Ofbau vun de Kolonië sinn natierlech déi wichteg Froen um Fong.

Et huet een awer d'Gefill, dass hei vill wäert iwwert d'Form diskutéiert ginn, well sech d'Leit och net am Moment schéngen eens ze sinn, wou mer an der Prozedur iwwerhaapt stinn. Déi eng, d'Palästinenser, schéngen och do nach ëmmer eng Präferenz ze hu fir de Clinton-Plang, deen eigentlech de finale Status am Viraus gekläert huet an dann d'Fro géif hannendrunhängen, während d'Israelien éischerter sech un déi vum Bush initiéiert Roadmap halen, déi seet: Kommt, mir klären de finale Status zum Schluss vun deem Wee. Woubäi een och muss soen, dass déi Roadmap net vu jiddferengem d'selwecht ëmgesat ginn ass an dass och déi eng Säit sech méi séier aus der Roadmap verabschit huet, wéi déi aner Säit.

Dat schéngt eng Fro ze sinn, wann déi scho géif zu Annapolis gekläert ginn, quant à la forme, wéi déi nächst Méint diskutéiert gëtt, da wier et eigentlech schonn e Fortschritt. Quant au fond, dat ass vläicht eng iwwerdriwwen Hoffnung.

Kloer ass och, dass et fir zwee Politiker do ëm ganz viles geet, fir den Här Olmert an och fir den Här Abbas. Wann den Här Olmert op der Friddensfro net richteg widerkënn, riskéiert hie relativ séier, als Premier kënnen ofzedanken. A wat den Här Abbas betrëfft, sou huet deen och all Intérêt, op der Friddensfro virunzkommen. Wann net, ass och hien dozou condemnéiert, nees mat der Hamas eens ze ginn, wat net déi Perspektiv ass, déi se onbedéngt privilegéieren. Et gëtt also eng Zweckallianz op enger wesentlecher Fro, déi déi zwee Politiker do misst kënne bannen.

Schued fannen ech just, dass eisen Ausseminister eis näischt gesot huet zum Stéchwuert Iran. Dës Fro ze diskutéieren, ouni op d'Fro vun den Atomwaffe vun Iran anzugehen, ass bal den Nerv vun deem Krich ze éludéieren. Wann ee weess, dass se net nëmme Syrien ënnerstëtzen, mä eben och d'Hisbollah an d'Hamas, da mengen ech, kommt Der net laanscht déi Fro do.

A gradesou kuerzer Zäit zum Kosovo, fir do nëmme ze soen, dass ee sech eigentlech elo scho muss op dat virbereeden, wat nom 10. Dezember kënnt. Nom 10. Dezember kënnt d'Onofhängegkeetsklärung, an iergendwou ass et och gutt, wann déi Fro vum Status gekläert gëtt. Et huet kee Wäert nach laang ze probéieren, se ze klären. Iergendwann eng Kéier muss ee sech d'Fro stellen, ob et net besser ass, d'Fro gëtt gekläert an et lieft ee mat deenen Nodeeler, nämlech mat den Nodeeler, déi duerch d'Klärung entstane sinn, an net mat den Nodeeler, déi duerch d'Netkläre vum Status entstane sinn.

Mir sollen eis also als Europäesch Unioun ganz kloer drop virbereeden, dass et den 11. Dezember eng Onofhängegkeetsklärung gëtt duerch den neie Premier, woubäi een och do muss soen, dass et vläicht och keen Nodeel ass, dass deen elo Premier gëtt. Well et kann ee sech duerchaus d'Fro stellen: Wat wier d'Situatioun an deem Land, wann den Här Thaçi an der Oppositioun, fräi vun all Zwäng, vun der Verantwortung, nom 10. Dezember kéint agéieren? An deem Sënn ass dat Wahlresultat vläicht och fir eppes gutt.

Ech sinn iwwerens mam Här Goerens ganz d'accord, dee seet, dass grad d'Lëtzebuurger musse virsichteg sinn. Mir hunn nach an Erënnerung, deemools wou Kroatien seng Onofhängegkeet deklaréiert huet, dass den deemolegen Ausseminister an enger ganz weineg inspiréierter Deklaratioun als Lëtzebuurger Ausseminister deklaréiert huet, mir wäre géint d'Kleinstateri - fir säin Ausdruck vun deemools ze gebrauchen. Ech denken, dass mer eis do als Lëtzebuurger solle mat 15 Joer Retard e bëssen anescht uleëen op där doter Fro an effektiv mat vill Bewosstsi fir eis eege Situatioun do sollen optrieden.

Op jidde Fall ass eppes kloer: Wann et keen Accord gëtt, da steiere mer méiglecherweis méi op e Konflikt duer mat Russland, wéi op e Konflikt mat Belgrad. Et gëtt vill vu Belgrad geschwat. Eigentlech misste mer do ëmmer d'Wuert „Russland“ an de Mond huelen. Dat ass dat, wat am Hannergrond steet: e potenzielle Konflikt mat Russland.

Et steet och en dramateschen Échec um Spill, wann et keng Eenegung gëtt, nämlech deen, dass ganz kloer nom 10. Dezember am Kosovo d'Serbe wäerten d'Land verlossen. Krich ass natierlech dann net ausgeschloss, mä egal wéi schéngt et kloer, dass d'Leit d'Land wäerte verlossen. Dann hätte mer eng méiglecherweis onbewaffnet ethnesch Säuberung. Dat wär dramatesch genuch. Wann dat kéint verhënnert ginn, hätte mer schonn eppes erreicht.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président** - Merci, Här Braz. De leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

»»» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)** - Här President, an dräi Minutte wäerte mer versichen da ganz kuerz hei Stellung ze huelen.

(Interruption)

Mä do gesäit ee just nuren, wéi mer eis hei an d'Hoer kréie bei esou wichtige Themen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech muss mech kuerzfaassen.

Wat de Palästina-Konflikt ugeet, Här Minister, do schéngt et mer ganz kloer ze sinn, datt eng vun deene wichtige Conditions de succès ass, datt op béide Säiten och de Wëlle besteet, fir zu engem gudden Enn ze kommen. All dat anert ass drëm Gerieds. Wann ee vun där Säit oder ee Member an där Delegatioun net wëllt zu engem gudden Resultat kommen, da gëtt et keent.

An deen zweete Prinzip, dee mer wichteg schéngt, dat ass d'Perspektiv vun engem onofhängege palästinensesche Stat. Wann dee Prinzip unerkannt gëtt an offiziell deklaréiert gëtt, dann ass munches schonn erleedegt. Mä datt ass vun hei aus vläicht ganz liicht gesot. A private Gesprächer mat deem engen oder deem anere politesche Représentant vun Israel oder vun de Palästinenser kritt een dann och emol dee Wëllen eraus. Mä fir et dozou ze féieren, datt et zu enger Äusserung kënnt no baussen, déi e kloeren Engagement huet, do hoffen ech, datt mer an den nächste Wochen a Méint mat engem positive Resultat kënne rechnen.

Vun Europa erwaarden ech mer just eng Saach, an dat ass, datt et bereet ass, dee Mouvement finanziell an och bien entendu politesche an ekonomesch ze begleeden. Well dat ass jo och eng vun de Perspektiven, déi d'palästinensesch Populatioun huet.

D'Problematik vum Kosovo kann ee schonn am Klengen hei gesinn, net wäit vun eis, an der Belsch. Et gesäit een do, wéi Wallounen a Flamänner Schwierigkeeten hunn, fir ënnerenaner eens ze ginn. Da kann ee sech d'Fro ganz gutt illustréieren, wéi et am Kosovo ass zwëscht Serben an Albaner.

Och do mengen ech awer, datt déi europäesch Attitüd an deser Affär net ganz kloer ass. Ech mengen, prinzipiell misst festgeluecht ginn, ob een Autonomiebewegungen, Autonomie-Territoiren, Separatioune vu Länner als Prinzip akzeptéiert oder net. Well d'Fro stellt sech och bei de Basken, bei de Korsen, bei de Katalanen. Si stellt sech a Georgien, bei Transnistrien an esou weider.

An zeg Fäll ginn aner Attitüden ageholl. An et ass do, wou ech mer erwaarden oder wou ech hoffen, datt d'Europäesch Unioun sech eng Kéier misst eng Iddi, eng Politik ginn, wou se entweder deen een oder deen anere Prinzip unhëlt, an net all Kéiers à la tête du client versicht dann iergendwéi Spillercher ze maachen. Dat ass dat, wat, mengen ech, och de Partner Russland sech wënscht. Et ass do, wou Europa bis elo absolut keng Attitüd huet, a wat ech vu mengem Säit aus wollt bedauern.

»»» **M. Gast Gibéryen (ADR)** - Très bien!

»»» **M. le Président** - Merci, Här Henckes. Den Här Ausseminister schwätzt nach eng Kéier ganz kuerz.

»»» **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration** - Jo, Här President, wann Der esou indulgent wëllt sinn, fir mer nach eng Minutt ze ginn, just fir op zwou Saachen ze äntworten.

Dat eent, dat ass, wat gesot ginn ass vun lech, Här Mosar, wou Der mat Recht vläicht ëmschriwwen sot: Europa muss dat an d'Hand huelen am Kosovo. Mä mir mussen do am Sproochgebrauch awer oppassen. Europa kann dat net an d'Hand huelen, well mir sinn am Kader vun 1244, wat eng Resolutioun ass vun der UNO, an do ass komplett virgeschriwwen, wat fir Mechanismen

dass mussen gräfen. Europa ass net eleng als Europäesch Unioun. Dee Spiller, dee Player, dee kann de Problem vum Kosovo léisen, dat ass d'UNO.

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Den Här Goerens an och Dir, Här Mosar, hutt d'Serben ugeschwat; Europa am Verhältnis zu de Serben. Dir wësst, dass mer eng Konditioun gesat hunn, d'nämlecht wéi bei Kroatien, dass d'Zesummenaarbecht mam ICTY - also dat heescht, an normaler Sprooch, d'Internationaal Tribunal vu La Haye - muss 100%eg sinn. Dat ass awer net 100%eg, wann Der déi zwee Nimm - déi hutt Der schonn héieren - Karadžić a Mladić kuckt.

D'Carla Del Ponte ass déi Persoun, déi op jidde Fall mä perséinlecht Vertrauen huet, dass se dat ka jugéieren. Et geet vill, vill besser. Et ass en Aktiounsplang opgestallt ginn. Dat stëmmt. Et ass jo och elo den ASA paraphéiert ginn, den Associatiouns- a Stabilisatiounsaccord mat de Serben. Dat heescht, mir offréieren de Serben déi éischt Stuf, fir eng Kéier kënnen de Wee op Bréssel ze packen. Dat ass déi Offer, déi mer de Serbe maachen.

Dann déi drëtt Saach, Här President, Lëtzebuerg. Dir hutt komplett Recht mat deem, wat Der gesot hutt, Här Goerens, dass mer mussen ganz gutt oppassen, wou a wéini dass mer eis do situéieren. An ech mengen, den Här Fayot huet et och ugedeit. Mir mussen bei deene sinn, déi awer ganz kloer mussen och kënnen daitlech maachen an et soen, dass et net eng Groussmuecht ass, egal wat fir eng, déi kann den Europäer diktéieren, wat mam Kosovo geschitt. Keng vun deenen zwou! Dat ass eng Affär, déi mir effektiv als Europäer ze tranchéieren hunn; op jidde Fall ze hëllefen, dass se richtig tranchéiert gëtt.

Déi zweet Saach ass: Nom 10. Dezember si mer als Lëtzebuerger Regierung op der Sait vun deenen, déi eng koordinéiert Positioun sichen. Dat heescht, déi eng Positioun sichen, déi ka gedroe ginn. Ech hätt am léifsten, wann dat eng Positioun wier, wou och nach e Lien mat der UNO do wier, mam Secrétaire général vun der UNO. Ech weess, dass dat immens schwéier ass. Mä wa mer et scho géife fäerdeg bréngen, dass an deem Joer keng unilateral Onofhängegkeits-erklärung géif gemaach ginn, an dass mer dann am Januar, Februar géife kucken, wou mer géifen hikommen, wär et scho gutt.

Och déi Wahlen am Kosovo, wou jo eng Koalitioun muss gemaach ginn tëschent deenen zwou Haaptparteien, sinn hei wichtig. An och d'Émdenken, wat awer menger Meinung no a Serbien muss kommen, dass d'Zukunft vu Serbien net an der Vergaangenheet an och net am Kosovo läit, mä dass et am Avenir - esou seet ee jo -, an der Zukunft läit. Dat ass dee Punkt, dee mer och deene Leit mussen kloermaachen.

Ech soen lech Merci, Här President, fir Är Indulgence, fir mer nach eng Minutt ze ginn.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Minister, fir Är Explikatiounen. Domat ass dëse Punkt och ofgeschloss.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiseim Ordre du jour. Dat ass d'Heure d'actualité, déi vum liberale Grupp ugefrot ginn ass, betreffend d'UNO-Klimakonferenz, déi vum 3. bis de 14. Dezember zu Bali stattfënn. Den Här Goerens als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun huet zéng Minutten, an deenen anere Fraktiounen sti fënnf Minutten zur Verfügung. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe DP en vue de la Conférence des Nations Unies sur les changements climatiques qui se tiendra du 3 au 14 décembre 2007 à Bali

»»» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech si frou lech kënnen matzedeelen, dass den Här Lux optimistesches ass. Dat geet jiddefalls aus engem Communiqué ervir vum Ministère. Ech hoffen och, dass säin Optimismus begrënnit bleift. Et ass

eng Wett op d'Zukunft. Effektiv an deem doten Domän, wann een eppes wëllt bewegen, däerf een net emol direkt ee Scénario de fatalité etabléieren. Mä et gëtt net einfach.

Dir hutt et gesot, Här President, ugangs Dezember ass eng Konferenz zu Bali, déi et a sech huet. Et geet am Fong drëm, fir d'Period Post-Kyoto ze definéieren, fir ze kucken wie wat muss maachen, fir dass de Klimawandel kann iergendwéi ofgebremst ginn, fir dass d'Temperatur ronderëm de Globus net ëm méi wéi zwee Grad am Duerchschnëtt klëmmt. Dat gëtt net einfach.

Duerfir gëtt versicht, fir d'Teneur un CO₂ an der Loft op 450ppm ze begrenzen. Wann dat eis net wäert a kierzester Zäit geléngen, dann ass déi Wett do net méi ze gewinnen. Iwwregens, d'Agence internationale de l'énergie gleeft net méi drun. Déi schwätzt scho vum enger Erhéijung vun dräi Grad, déi net méi ze évitéiere wier. Ech hoffen, dass se sech ieren. Wann ee gesäit wat mer elo scho vu Konsequenzen hunn, wëssend, dass mer elo 0,7 Grad am Duerchschnëtt iwwert der Temperatur vun der Period préindustrielle leien.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Dat wat ech elo soe fir de Rescht vu mengem Discours, Här President, dat ass nëmme just op der Toile de fond ze gesi vun Efforten, déi mir souwisou de toute façon mussen maache fir de Klimaschutz. A wa mer et net fir de Klimaschutz maachen, da mussen mer et maachen aus der Asiicht eraus, dass mer et mat begrenzten Energievirkommen ze dinn hunn, déi och nach an den nächste Generatiounen gebraucht ginn.

Mir kënnen net de Globus a kierzester Zäit polluieren, deem Nächste keng Energie méi loossen, mä en nach just d'Nofolgekäschten droe loossen. Dat ass emol dat Alleréisch. Also, egal wat mer soen an och wat mer iwwert déi aner soen, mir stinn an der Verantwortung a mir hunn och do eis Verantwortung ze iwwerhuelen.

Dat Zweet, dat ass, dass wat geschéie muss, dat muss am Fong kuerzfristeg erlooss ginn, net an 20 Joer, net an 30 Joer, net a 15 an net an zéng Joer, mä direkt! An do ginn et eng Partie Moosnamen, déi kengem schrecklech géife wéi doen, ënnert dem Motto „Dat Éischt wat ee spuert ass dat wat net muttwëlleg émettéiert gëtt“. An dat wat net muttwëlleg émettéiert gëtt, huet et a sech.

Wann een zum Beispill de Professor Stieglitz liest, dat, wat hien iwwert d'Veännerung vun der Landnotzung seet a schreift, bedéngt, dass mer all Joer 20% CO₂-Emissiounen kréien eleng duerch d'Ännerung vun der Landnotzung. Dat ass haaptsächlech duerch Bëscher, déi rodéiert ginn. Wann een emol domadder géif ophalen, dann hätt ee schonn een Deel vun den Emissiounen gespuert, déi eis an nächster Zäit ganz vill wéi dinn. Et huet also kee Wäert fir nëmme just vu Reforestatiounsmoosnamen ze schwätzen, wann een d'Déforestatioun net gebremst kritt.

Dat Véiert, wat ech soe wëll, ass: Et soll ee sech och net op kuerzfristeg a sougenannt mirakulös Moosnamen eppes abilden. Ech wëll heimat och bewosst d'Énergie nucléaire an d'Gespréich bréngen. Doriwwer gëtt viles gesot. Et ginn zwou Denkschoulen. Déi eng soen: Opground vum Rio-Sommet „Terre“ ass d'Énergie nucléaire net nohalteg, aus deene Grënn, déi mer kennen. Déi aner seet: Ma et ass déi eenzeg Manéier oder eng vun de weénege Manéieren, fir den CO₂-Ausstouss ze limitéieren.

Wann een elo kuckt wat d'Analys war vun de leschte GIEC-Rapporten, doraus geet kloer ervir, dass schnell gehandelt gi muss, kuerzfristeg Moosnamen geholl gi muss fir den CO₂-Ausstouss ze limitéieren. A wann een elo d'Décisioun géif huelen 2007, fir an d'Atomenergie eranzeklammen - dat soen ech un d'Adress vun all deene Länner, déi dat maachen -, dee Prozess, bis een do déi éischt Resultater huet, dauert esou laang, dass dann déi kuerz Zäit, an där muss gehandelt ginn, scho verstrach ass.

Nächste Punkt: Mir mussen also d'Problemer de façon très lucide abordéieren, an dat och wat d'Entwécklungslänner ubelaangt. An hei hu mer et mat engem Problem ze dinn, deen et wierklech a sech huet. Et gëtt menges Wëssens kee Land op der ganzer Welt, wat sech entwéckelt huet a wat no méi engem héije Liewensstandard gestriift huet - vläicht mat Ausnahm vun Neiseeland, dat sech eng Industrialisatiounsphas erspuere konnt.

Wann dat esou ass an dat och net widderluecht gi kann, dann ass et jo och net egal wéi déi Länner, déi elo nach zu de Pays les moins avancés oder zu de Pays en développement gehéieren, sech organiséieren, fir domadder fäerdeg ze ginn. Ech menge

wierklech, dass se eleng op sech gestallt dat net packen. Och wann all Acteure mat upake gëtt et extrem schwéier net nëmme déi institutionell, wéi de Fonds Monétaire International an d'Banque mondiale, mä och hir bilateral Partner, den ONGs-Beräich, d'Privatacteurs, de Secteur privé an esou weider. Do kënn eng grous Verantwortung op se duer. Ech soen dat do einfach, fir och d'Noutwendegkeet vun engem Paradigme-wissel an deem Zesummenhang ze ënnersträchen.

Nächste Punkt, an do mussen mer eis och driwwer ënnerhalen an do wäert sech och mussen zu Bali driwwer ënnerhal ginn, dass ass d'Fragmentation vun der Gouvernance nationale et, a fortiori, globale; hunn ech mer hei notéiert als Stéchwuert. Wat wëll ech domadder soen?

Mä wou nationale Plang huet jiddfereee säi Politikberäich. De Minister vun Environnement huet eng Mission de coordination mat all deenen aneren Departementer, deenen hir Aktioun en Impakt huet op den Développement durable. An et wier sännvoll a gutt, wann de Minister net nëmme d'Méiglechkeet hätt fir mat deenen aneren ze schwätzen, mä wann hien och kéint horizontal Kompetenz kréien, wou hien a wesentleche Beräicher, déi en direkten Impakt hunn op den CO₂-Beräich, „un pouvoir de dernier mot“ hätt, esou wéi de Finanzminister „un pouvoir de dernier mot“ huet an enger ganzer Partie wichtige Froen, am Regelfall déi, déi mat dem Budget ze dinn hunn.

Sechste Punkt: Mir kommen och warscheinlech net laansch global Strategien. Mir gesinn och hei wéi noutwendeg et ass, dass d'Europäesch Unioun eng Virreiderroll iwwerholl huet. Ech hoffen och, dass déi Wett vun 20-20-20 ka gehale ginn. Ech hoffen och, dass net Strategien en matiére technologique kënnen ugeschwat ginn.

Denke mer do zum Beispill un déi vill Iddien, déi ëmmer erëm ervirbruecht ginn. Eng vun de leschte stoung de leschte Sonndeg am „Monde“, iwwerschruiwen: «Le Sahara, générateur d'électricité». Eng Technologie, déi anscheinend absolut maîtrisable ass à ce stade, wou et drëm geet fir e klengen Deel vun der Sahara, déi jo bekanntlech méi op d'Sonn ausgerichtet ass wéi iergendeng aner, a wou d'Sonnenstrahlung praktesch onënnerbrach vu Sonnenopgang bis Sonnenënnergang kann hiert Onwiesene dreien, hat ech bal gesot, do ass et méiglech, dass ee mat Miroirs réflecteurs e Waasserbehälter wiermt, erhëtz, deen da kann Electricitéit generéieren.

Elo ginn eng Partie Etüden doriwwer gemaach. Et sinn der och scho bekannt. Dat, wat mer do brauchen, ass éischtens un pari sur l'avenir, zweetens eng Strategie, déi genuch Acteure fënn fir matzemaachen, drëtens dat néideg Kapital a véiertens och déi néideg Relatiounen tëschent deene Länner, deenen deen Territoire do gehéiert, an aneren, déi als Stroumabnehmer fungéiere kënnen.

Wann et sech ëm Produktiounseenheeten handelt an der Gréisst vu 5.000 Megawatt, wat awer nach überschaubar ass, dann hätt mer et mat engem Präis ze di pro Kilowatt Produktiounspräis vun 0,08 bis 0,12 Euro pro Kilowatt d'Stonn. A wann et Produktiounseenheete wiere vun 100 Gigawatt, dann hätt mer et mat Produktiounskäschten, mat engem Gestehungspräis ze di pro Kilowatt d'Stonn vu 4 bis 6 Cents. Domat kéime mer an de Beräich vun der Kompetitivitéit mat aneren Energien.

Ech mengen et wier der Méi wäert, fir sech dat doten ze iwwerleeën. Et ass eng Energiequell, déi total erneierbar ass an déi voll an dat geet, wat och d'Europäesch Unioun fördere wëllt.

Mir brauchen awer och en neien „burden sharing“, fir déi Wett op d'Zukunft ze packen, ee ronderëm d'Welt, wou sämtlech Länner soe mussen wat si kënnen u Léisungsusätz mat sech bréngen; an ech soen dat och un d'Adress vun der Lëtzebuerger Regierung, déi sech och Gedanke maache muss. Ech ginn dovun aus, dass Diskussiounen elo amgaange sinn, wéi den „burden sharing“ innerhalb vun der Europäescher Unioun ass.

Mir wëssen, dass et extrem schwéier ass fir déi Engagementer vu Kyoto mat de Lëtzebuerger Spezifisitéiten ze halen. Mir wëssen awer och, dass wa mer elo nach eng Kéier en décken Effort maachen, dass dat muss op Lëtzebuerg déclinéiert ginn, an ech wollt de Minister froe wéi hien dat gesäit.

Zum Schluss wollt ech nach soen, Här President, dass et eng Partie Zeenarie ginn, déi warscheinlech hir Schockwirkung net wäerte verfeelen. Dat ass am Virfeld. An ech hoffen, dass dat Zeenarie sinn, déi d'ganz in-

ternational Communautéit oprëselen. Wann d'AIE, d'Agence Internationale de l'Énergie, Recht hätt an et géif een den Zeenario einfach elo weiderlaffe loosse wéi wann näischt geschitt wier, dann hätte mer et am Joer 2030 net mat enger Reduktioun vum CO₂-Ausstouss ze dinn, mä mat enger Augmentatioun vu 57%, dat bei enger Moyenne vun 1,8% pro Joer. Den Total multiplicatif bis dohinner géif da 57% erginn.

Wann näischt geschitt, dann huet China en Emissiounsvolume vun 11,4 Milliarden Tonnen CO₂ am Joer 2030. Haut leie se bei 5,1 Milliarden Tonnen.

Ech wollt nëmme just déi zwee Chiffere juxtaposéieren, fir ze weisen, dass mer en Intérêt drun hu fir en enger globaler Strategie och mat aneren nei Technologien ze transferéieren an ze versichen duerch hir Gréisst an de Benefis vun der Économie d'échelle ze kommen.

Mir waren ni nach an esou enger Schicksalsgemeinschaft wéi grad bei deem Défi, woubäi ech deenen, déi d'Intérêt vun eisen nächste Generatiounen do vertrieeden, eng glécklech Hand zu Bali wënschen.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Goerens Merci an als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Débat

»»» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de stark uweussende globalen Energieverbrauch an déi negativ Konsequenzen duerch de Klimawandel, dat sinn déi zwou Säite vun där selwechter Medail, déi zurzäit an och hei am Méttelpunkt vun allen Diskussiounen stinn.

D'Schmëlze vum Grönland-Äis a vun den europäesche Gletscheren, d'Uwuesse vun de Wüsten, d'Erhéijung vum Weltmier sinn nëmme e puer Zeechen, mat deenen d'Mënschen haut a muer nach méi staark konfrontéiert ginn.

Leider mussen awer d'Auswierkunge vum Klimawissel déi Mënschen zurzäit erliewen, déi am mannsten dozou bägedroen hunn!

D'Aussoe vum europäesche Sommet am Fréijoer, de G8-Gipfel zu Heiligendamm, d'Weltenergiekonferenz zu Roum, wou ech d'lescht Woch dobäi war, an de Schlussrapport vun der IPCC-Sitzung vu Valencia schwätzen eng kloer Sprooch. Fir de Klimawandel ass de Mënsch zum gréissten Deel responsabel.

Huet net déi international Energieagence drop higewisen, dass den Energieverbrauch ëm 50% bis 2030 wäert uweussen? An eleng d'CO₂-Emissiounen klamme vun haut 28 Milliarden op 42 Milliarden Tonnen. D'Fro ass gestallt: Wéi ginn d'Liewensressourcen, Loft, Waasser a Buedem mat där Belaschtung eens?

D'Konzentratiounen an der Atmosphär vum CO₂ an dem Methan sinn haut esou héich wéi an de leschte 650.000 Joer virdrun net. Duerch d'Verbrenne vun de fossilen Energien hu sech déi Emissiounen vun 1970 bis 2004 ëm 80% erhéicht. Wa mir eisen Energieverbrauch net reduzéiere wëllen, da muss d'Europäesch Unioun domat rechnen, dass hir Ofhängegkeet vun Energie aus dem Ausland vun haut 50 op 70% bis 2030 klëmmt. Beim Ärduelech an Ärdgas, dee mir hei verfeieren a verfuere, ëm bal 90%.

Eis Wirtschaft hënk also deemno un engem ganz seiden Fue dem a jiddfereen dierft deen eventuell kappen, deen eis net gutt gesénnt ass.

A wann dann d'Ausso, déi d'lescht Woch ronderëmgegeschtert ass, dass Brasilien e Mammutlager fonnt hätt un Ärduelech vun 8 Milliarde Barrel, dass ass eng Drëps op e waarme Steen. Mat deem Verbrauch vun haut sinn dat genee dräi Méint, dann hu mer dat Déppen eidel gepompelt. Genee dräi Méint. Et ass dach erstaunlech, dass geschter Brasilien gemellt huet, dass se een Unterseeboot dohinner gesat hunn, fir dee Schatz ze protégéieren. Dat beweist eis, de Kampf ëm déi lescht Ressourcë fänkt elo un a mir sinn Zäitzeien dovunner.

Wat mussen mer also deemno maachen? All eis Wirtschaftsacteurs mussen fir d'Éischt op déi erhéicht Energieeffizienz setzen: d'Betriber, d'Ménagen, d'Gebaier a speziell de Verkéier. D'Wärmeschutzveruerdung an déi zwee nei Reglementer fir d'Notzung vun den erneierbaren Energiën mussen eis dee Wee opzeechen a mussen mat Nodrock dohinner schaffen.

An da mussen mer ophéieren mat deem sougenannten NIMBY-Syndrom, dat heescht, net bei mir.

Déi wichteg Phas, déi elo ufänkt, ass déi vum Protokoll vu Kyoto, an dat vum 1. Januar 2008 un, an déi dauert fënnf Joer. Dat sinn déi Joren, wou mir bewiese mussen, dass mir et eescht menge mat dem Problem vun der Äerderwiermung. D'Wëssenschaftler an d'Energieexperten hu geschwat. Et ass elo un de Politiker, sief dat zu Bali, sief et an enger anerer Konferenz, déi néideg Schrëtt anzeleeden, well mir hunn et hei mat globalen Erausforderungen ze dinn an déi verlaange global konkret Mesuren.

Huet net déi kenianesch Friddensnobelpräisträgerin Wangari Maathai gesot, dass si endlech gären hätt, dass dës Welt sech emol eng Kéier mat der Kueststoff-Gerechtegkeet auserneesetzt! Dat heescht déi Länner wéi mir, déi en immens héije Verbrauch hunn, mussen mat hirem Verbrauch erofgoen, fir dass anerer och emol dezent lieve kënnen. Hunn net 2 Milliarde Mënsche vu 6,4 Milliounen iwwerhaapt keen Zougang zu Energië wéi mir se hei kennen? Ass dat etesch gerecht?

An elo hinzugeen an op alle Plazen Energieplanzen ze setzen, notament an den Drëtt-Welt-Länner, fir do ënner anerem Mais unzeplanzen, fir dass mir se bei ons erabrëngen hei an da verfeieren, dat ass etesch net novollzéibar an dat ass e Skandal! Dat am Bléck, dass mer 850 Millioune Mënschen hunn, déi all Dag hire Bauch net voll kréien.

►►► **Une voix.** - Très bien.

►►► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Ech komme bal zum Schluss.

Op der Klimawissel-Konferenz zu Bali muss also Lëtzebuerg seng Stëmm erhiewen a mat Vehemenz déi versprache Reduktiounen bis 2012 ugoen. Zesumme mat eisen europäesche Memberlänner mussen mir da weider Engagementer agoen.

Ech hunn d'Visioun 2020 ugesprach. Dat ass deen nächsten Challenge. Mir mussen ganz einfach den Energieverbrauch an d'Emissionen erofsetzen, fir dass eis Äerd d'Temperatur vu maximum 2 Grad Celsius packt, well alles anescht bedeit de Chaos. Wa mir et net fäerdig bréngen, da mussen ons Kanner d'Konsequenzen nach méi staark erdroen.

Den UNO-Generalsekretär Ban Ki Moon huet d'lescht Woch dréngend dervir gewarnt, andeems e gesot huet: „Et ass endlech un der Zäit, dass mir keng Zäit méi verschwenden!“ Mir brauchen e Paradigmewissel! An ech sinn och ganz frou, dass de Charel Goerens, en honorabele Kolleg, viru mir gesot huet, dass mer och endlech nei Weeër goe mussen.

Mir mussen mat de Maghreb-Staten, déi d'Sonn an de Wand hunn, d'Gespréich opzesichen. Ech selwer hunn d'Chance, an engem Grupp am „World Energy Council“ zu London an dem Beräich vun der kontinentiwwergräifender erneierbarer Energieversuergung matzeschaffen.

D'CSV-Fraktioun ass sech bewosst, dass mir eng grouss Aufgab hunn. Mir mussen zu Bali eng konstruktiv Aarbecht leeschten. De Klimawissel muss endlech den néidege Mentalitéitswissel bewierken.

Zum Schluss ee leschte Saz nach, dës Kéier vun dem Mahatma Gandhi, deen op Englesch gesot huet: „Be the change in the world you want“.

Kommt mir maachen dee Wiessel mat, deen den Här Gandhi eis proposéiert huet. Mir mussen et maache fir ons selwer an notament fir déi Mënschen an den Drëtt-Welt-Länner, soss huet et guer kee Wäert op Bali ze goen. Mir mussen do och als klengt Land ee bescheidene Bäitrag bréngen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien.

►►► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, als Virbereedung op d'Klimakonferenz zu Bali huet leschte Samschdeg, de 17. November 2007 also, zu Valencia de Weltklimarat, oder IPCC genannt, e Weltklimarapport virgeluecht, dee vun 1.250 Wëssenschaftler an 2.500 Experten aus méi wéi 130 Länner opgestallt ginn ass. Dëse Weltklimabericht soll d'Grundlag si fir d'Verhandlungen iwwer en neie Klimaschutzprotokoll, dee vum 3. bis de 14. Dezember 2007 op der indonesescher Insel Bali ausgehandelt soll ginn an domat de Protokoll vu Kyoto ab 2013 ersetze soll.

Am Protokoll vu Kyoto hate sech d'Industriematiounen verpflichtet d'Gesamtemissionen vum

Kuelendioxid, CO₂, ëm 5,2% ënnert den Niveau vum 1990 ze senken. D'USA an aner opstriedend Wirtschaftsmuecht-Natiounen sinn dem Kyoto-Ofkommen vum 1997 sengerzäit leider net bäigetrueden.

D'Haaptzil vum neie Bali-Klimaschutzprotokoll muss et dofir sinn d'USA, China an Indien mat an d'Klimaboot ze kréien, well ouni d'Matmaache vun dëse Länner sech net vill un der Weltklimalag ännere wäert. Dass et do zu engem Bali-Protokoll kënnert ass enorm wichtig, och wann dann natierlech dat e Kompromëss ass mat deene virgenannten Industriegiganten.

Dofir muss ee Bali och als Start an net als Enn vun de Gespréicher gesinn, wéi de Jim Connaughton, als Responsabele fir d'Ëmweltpolitik am Wäissen Haus, gesot huet. Fir dass et zu Bali zu engem Ufankskompromëss kënnert, ass d'Roll vun der EU enorm wichtig, an do ass d'Verhandlungsgeschéck vun allen europäeschen Acteure gefuerdert, un hirer Spëtzt den Ëmweltkommissär Stavros Dimas.

An deem Sënn huet den Ëmweltkommissär Stavros Dimas och zum Klimabericht vu Valencia gesot, dass propper Loft an ekonomesche Wuesstum problemlos mateneen ze verbanne sinn, an dass d'CO₂-Reduzéierung technesch méiglech an ekonomesch och ze packen ass.

Mir als LSAP mengen, dass d'Primärzil vu Bali muss si fir déi grouss Industrienatiounen, déi de Kyoto-Protokoll net ënnerschriwwen hunn, un een Dësch ze kréien an an Zukunft och drun ze behalen. Laangfristeg muss dann natierlech versicht gi sech op fest Grenzwäerter festzeleeën.

Dass een effikasse Klimaschutz-Protokoll zu Bali batter noutwendeg ass, weist den UNO-Klimabericht vu Valencia an aller Däitlechkeet, déi den UN-Generalsekretär Ban Ki Moon mat folgende Wieder beschriwwen huet: „Déi schlëmmsten Zeenarie sinn esou angschterreend wéi e Science-Fiction-Film, mat deem Ënnerscheide, dass se fir d'Mënsche real sinn.“

De Klimabericht vu Valencia seet am Ufank vu senger Zesummefassung vun 23 Säiten: „D'Erwärmung vum Klimasystem ass eendeitig.“ Fir och deene leschten Zweifler kloerzemaachen, dass d'global Erwärmung net weider méi a Fro gestallt ka ginn.

Aus dem Valencia-Dokument geet kloer ervir, dass säit 1970 dee vun Mënsch produziéierten Ausstouss vun CO₂ ëm 70% zougeholl huet, d'weltwäit Duerchschnittstemperatur an dësem Jorhonnert téschent 1,1 a 6,4 Grad Celsius zouhuele wäert an d'Mieresspigel an der Virausiicht no téschent 18 an 59 Zentimeter steige wäerten.

Dëst alles huet zur Folleg: extrem Wiederbedéngungen, mat Iwwerschwemmungen, grouss Dréchten an Hëtzwellen. Dobäi wäerten déi eeler an déi äermste Matmënschen op der Welt am meechten ënnert der Klimaerwärmung ze leiden hunn, wéi zum Beispill an Afrika, wou elo scho grouss Hongersnout a verschide Regiounen besteet. Dofir ass eis Solidaritéit mat deenen äermste Länner op dëser Welt och an der Klimafro verlaangt.

Här President, fir dass et net zur Klimakatastroph kënnert, muss den Temperaturanstieg téschent 2 an 2,4 Grad Celsius par rapport zum virindustriellen Zäitalter beschränkt bleiwen. Fir dat Zil ze erreechen, muss de Gesamtausstouss vun Treibhausgasen ab dem Joer 2015 op der Welt global erofgoen. D'Käschte fir de Klimawandel belafe sech ëm 0,12% vum weltwäite jährléche BIP. Am deiersten Zeenario, deen de Valencia-Rapport opweist, wäerten et bis zum Joer 2030 knapp 3% vum weltwäite BIP sinn.

Generell kritt d'Fro vun der Klimaerwärmung ëmmer méi eng sozial Dimensioun. Als Fallbeispill nennen ech hei nëmmen déi ëmmer méi héich Pétrolspräisser vum Barrel, deen d'Grenz vun den 100 Dollar an Zukunft och wäert sprengen. Dat trëfft virun allem déi manner bemëttelt Leit an eiser Gesellschaft am stärksten.

Et gëtt also méi bëlleg, wann d'ganz Welt sech direkt drusetzt, den CO₂ ze reduzéieren, wéi wa mer nach laang waarden. A wa mer nach laang waarden, dann ass et ze spët. Da kippt eisen Ökosystem, an dozou hu mir vis-à-vis vun eise Kanner a Kandskanner kee Recht.

Här President, als LSAP wënsche mir eisem Ëmweltminister zu Bali eng glécklech Hand bei de Verhandlungen zum Post-Kyoto-Protokoll, fir dass mir als Lëtzebuurger Land a Member vun der Europäescher Union eis Responsabilitéit am Klimaschutz huelen. Heibäi solle mir eis Hausaufgaben hei zu Lëtzebuerg net aus den Ae verléieren a konsequent un der Reduzéierung vun den CO₂-Emissionen weiderschaffen, wéi eis Ëmwelt-, Transport- an Energieministere Lu-

cien Lux a Jeannot Krecké dat jo amgaange sinn ze maachen, mat méi öffentlechem Transport, mat méi Energieeffizienz...

►►► **M. le Président.** - Här Negri, Dir misst esou lues zum Schluss kommen!

►►► **M. Roger Negri (LSAP).** - Ech hunn nach ee Saz, Här President.

...a mat méi erneierbaren Energien. Dat ass tipptopp esou! Weider esou!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Negri Merci. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kaarte leien all um Dësch. D'Tatsaache si bekannt. D'Previsiounen vun de Wëssenschaftler si méi wéi realistesch an d'Konklusivitéit sinn dramatesch. Et ass net 5 vir 12, et ass net 12 Auer, neen, et ass 5 op 12! De Klimawandel ass amgaang. De Klimawandel kann net méi verhënnert ginn, e kann nach just ofgebremst ginn.

Kee Politiker, Här President, a keng Politikerin ka mir soen, e wär net gewarnt ginn. A kee Politiker ka mir soen, d'Thema wär em ze komplex. Op 23 Säiten huet d'IPCC hir Analysen, Previsiounen an Handlungsempfehlung reésuméiert. Ech mengen, dat misst jiddferee vun eis, mat sengem ganzen Opwand, deen e soss ze bedreiwen huet, packe fir dat ze liesen a sech dat zu Gemitt ze féieren.

De Message ass ganz kloer, et ass hei scho gesot ginn: Et muss gehandelt ginn, an zwar substanzuell an direkt! An deen anere Message ass awer gradesou kloer: Elo handelen, gëtt mëttelfristig méi bëlleg, wéi wa mer näischt maachen.

Wann ee sech dat emol eng Kéier a Rou iwwerleet, da seet ee jo: Mä dat misst jo eigentlech dozou féieren, dass zu Bali ganz grondleeënd a schnell Décisiounen géife geholl ginn. Mä leider wäerte mer gesinn, dass dat net esou wäert geschéien. Duerfir gëtt et vill Ursaachen.

Ech mengen, et existéiert awer och eng ganz prinzipiell. Mir befannen eis hei an engem klassesche sougenannten Allmende-Dilemma. Ech mengen, Dir wësst allegueren, dass d'Allmende am Mëttelealter déi Wiss war, wou d'Leit aus engem Duerf allequerten hiert Véi konnte gratis hiféieren. An déi Wiss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ass an eisem Fall d'Atmosphär, an dës Atmosphär ass iwwerweert a jiddferee misst dréngend e puer Béischte vun där Weed do erofhuelen. Mä keen hélt natierlech ee vun de Béischten erof, well e sech seet: Wann s du eng vun denge Kéi vun der Wiss erofhëls, da kënnen deenen aneren hir Kéi allequerten erëm méi Graass friessen. Dat ass de grouse Problem, dee mer hunn.

An deem heite Fall, Dir Dammen an Dir Hären, kënnert nach eppes derbäi. Hei huet jo net jiddferee seng Kéi gradesou laang schonn op där Wiss. Et si mir, d'Industriematiounen, déi zur Iwwerbelaschtung vun der Allmende gefouert hunn. De Moment sinn awer ze vill Kéi op där Wiss, an elo geet et dann drëm, wie seng fir d'éischt misst erofhuelen.

Duerfir gëtt et fir eis zu Bali nëmmen eng Léisung: D'Industrielänner müssen hir Responsabilitéit fir d'Schafung vum Klimaproblem definitiv an endgültig agestoen a si müssen hir Verantwortung iwwerhuelen, fir als Éischt e puer Béischte vun der Wiss ze huelen. Ech ginn dat Gefill net lass, dass dat Ëmmer-erëm-mam-Fanger-op-China-an-Indien-Weisen näischt anescht ass, wéi dovun ofzelenken, dass mir déi sinn, déi eigentlech de ganze Problem crééiert hunn. Et sollt een do vläicht eis selwer drun erënnere, dass, wann ee mam Fanger op aner Leit weist, méi Fangeren op ee selwer weisen wéi op deen, op deen ee wëllt weisen.

A wou steet Lëtzebuerg dann an där ganzer Problematik?

Ech sinn, Här President, am Géigesaz zum Här Oberweis der Meenung, dass den Här Lux éischer soll „profil bas“ maachen an net ze haart eis Stëmm erhiewen, well éischters mengen ech si mer awer, wat déi global Quantitéit vun CO₂-Ausstouss ubelaangt, relativ Quantitéit négligeable, an zweetens si mer net grad e Musterschüler am Klimaschutz. Well wann dat räichste Land et net fäerdig bréngt, seng Reduktionsziler vun 28% anzehalen, mä éischer d'Tendenz huet erëm méi héich ze leie wéi 1990, da schwätzt ee léiwer net ze haart an et verlaangt ee léiwer net ze vill vun anere

Leit. Virun allem soll een anerer keng Lektouneen erdeelen!

Duerfir mengen ech, hu mer besser, mir halen eis am Fahrwaasser vun der EU, déi engersäits sécherlech och nach net perfekt dosteet, mä déi, wann een d'Bild insgesamt kuckt, besonnesch wann een déi 15 nei Länner derbäihëlt, awer méi ka virweisen, wéi mir vläicht als eenzelt Land, an op där anerer Säit och ka virweisen, dass se awer kloer Engagementer geholl huet.

Duerfir géife mir den Ëmweltminister bidden, op jidde Fall alles ze ënnerstëtzen, wat mat direkte Resultater verbonnen ass. Hei soll ënnerstëtzen, dass esou séier wéi méiglech d'Aviatioun an d'Schëffahrt mat erageholl gëtt. E soll alles ënnerstëtzen, wat den CO₂-Marché méi grouss ka maachen. Do kann een och vläicht domat rechnen, dass och Länner, Regiounen, jo och Stied - dat gesi mer an Amerika - souguer fräiwëlleg mat den Europäer an en CO₂-Marché eraginn, obwuel hiert Land de Kyoto-Protokoll net ënnerschriwwen huet, well se gesinn, dass se souwisou eng Kéier wäerten dozou forcéiert ginn a si dat vläicht léiwer vu sech aus maachen.

Mir bidden den Ëmweltminister, keng zweifelhaft an och nach esou bal net disponibel Technologien ze ënnerstëtzen, wéi zum Beispill d'Technologie vum „Carbon Capture and Storage“. An deem Kontext géif ech de Minister och ganz gäre froen, wéi dann d'Positioun vun der Regierung ass zu där Äusserung vun der Cegedel viru kuerzem, déi gesot huet, si wëllt an en 100-Megawatt-Kuelekraaftwierk investéieren, dat déi do Technologie géif uwennen.

Mir si méi wéi skeptesch, wat déi Technologie ubelaangt. Éischt Essaien, déi gefuer gi sinn, weisen, dass ähnlech Problemer komme wéi beim Stockéiere vun Atomüll. Et ass ganz geféierlech, et ass problematesch, dass déi Ënnergrondbiedem net dat halen, wat se versprechen, a mer méi Problemer schafen, wéi mer der léisen.

Schlussendlech bidden mer hien och, och wa mer wëssen, an och als Gréng wëssen, dass mer an enger Iwwergangszäit net derlaanscht kommen, eng Rei CDMen ze kafen, op jidde Fall ze hëlfe, dass dat net als den, wéi soll ech soen, Instrument miracle duergestallt gëtt, fir an Zukunft Problemer ze léisen. Ech hu keng Zäit an den Detail ze goen, mä bei engem Seminaire vun der ASTM ass ganz kloer derbäi erauskomm, dass ee ganz nüchtern muss un déi Instrumenter erugoen an dass dat op jidde Fall net d'Léisung vun allem ass.

►►► **M. le Président.** - Här Gira, Dir misst och zum Schluss kommen!

►►► **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Ech kommen zum Schluss. Ech hunn nach ee Saz, Här President. Merci fir Är Flexibilitéit!

Duerfir mengen ech, dass wa mir als Lëtzebuerg erëm eng Kéier wëllt glafwierdeg um internationalen Klimaparkett matdansen, da mussen mer virun allem eppes maachen: all eis Energie opwenden, fir heiheem déi dréngend noutwendeg strukturell Moossnamen an d'Wee ze leeden, déi méi wéi iwwerfällig sinn.

Ech soen lech Merci.

►►► **Une voix.** - Très bien.

►►► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gira Merci. Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Eis Kanner an eis Kandskanner kënnen eis am Fong geholl Leed doen, wann dat kënnert, wat d'Wëssenschaftler viraussoen, nämlech datt de Klimawandel vill méi séier kënnert wéi si et viraugesot haten, datt mer héchstens nach zéng bis 15 Joer Zäit hu fir dee Paradigmewissel erbäizeféieren, dee muss kommen, wa mer den Temperaturanstieg op maximal zwee Grad wëlle limitéieren. A wat dat heescht, dat wësse mer alleguer. Dat ass scho kee Kannerspill.

Nëmmen d'Industrielänner, déi zum allersstén Deel fir déi aktuell Situatioun verantwortlech sinn, kënnen dat packe wa se et wëllen. D'technesch Potenzial, fir déi Erausforderung ze packen, sinn do, mä si

mussen ugewannt ginn. Si mussen ëmgesat ginn. Duerfir ass et och richtig, dass d'Politik muss Parametere setzen an dee Quantessprung an der Energiepolitik förderen an erbäufieren.

Duerfir ënnersträiche mir och d'Wichtigkeet vun där Konferenz zu Bali. Här Minister, Dir hutt eis gesot wat fir eng gewaltge Roll dass mir als klengt Land eventuell do spillen. Mir maachen eis jiddefalls keng allze grouss Illusiounen, mä et ass awer wichtig, dass doriwuer geschwat gëtt.

Ech wëll eng Kéier méi hei menger Roserei driwwer Ausdrück ginn, dass d'Mënschheit schrecklech Zommen an d'Rüstung investéiert, fir sech géigesäiteg op de Kapp ze schloen - dat läit em déi 150 Milliarden Dollar d'Joer -, an dass mer jorelaang driwwer lamentéieren, fir an der Energiepolitik virunzuekommen; wat an engem éischte Schrëtt natierlech vill Geld kascht, mä eis awer ëmgekéiert herno erëm vill méi Geld erbréngt, dass mer einfach net dovunner lasskommen. Och Lëtzebuerg huet decidéiert en Airbus A400M ze kafen, dee mer wahrhaftig net brauchen. Dir wäert et herno gesat wa mer en eng Kéier hunn. Wa mer dat Geld direkt géifen emol an eng nohaltig Energiepolitik investéieren, dann hätte mer an där Bezéiung schonn e Schratt gemaach.

Et besteet och kee Widersproch der-tëschent eng aktiv Klimaschutzpolitik ze maachen am Wirtschaftswesstem. Bien au contraire. De „Stern“-Report seet jo, dass mer höchstens 1% vum PIB mussen dran investéieren, fir dohin ze kommen, a wa mer näischt maachen, dass et dann effektiv och wirtschaftlech - net nëmme klimapolitesch, mä wirtschaftlech - an d'Katastroph féiert, well dat 5 bis zu 20% vum globale PIB ka kaschten.

Duerfir, Här President, muss ee soen, d'Konferenz vu Bali ass zum Erfolleg verdaamt. Onofhängeg dovun muss Lëtzebuerg de Maximum maachen, deen dran ass. Mir hu Méiglechkeeten. Mir mussen op dee Wee do goen. Ech wëllt zum Schluss soen, den éischte Schratt derzou ass, dass mer nach wesentlech méi Informatioun a Sensibilisatioun bei der Bevëlkerung maachen.

Ech soen Iech Merci.

►► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Ëmweltminister Lucien Lux.

►► **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Fro, déi ee sech ëmmer erëm stellt, dat ass déi: Wivill Rapportë brauche mer eigentlech nach bis mer kapéiert hunn, dass et keng Excusé méi gëtt? De Rapport vu Valenzia, deen eng ganz intelligent Synthes - fannen ech - ass vun deene véier Rapportë vum GIEC virun, seet eis dat, wat mer a sech och hei an dësem héijen Haus scho säit e puer Joer ëmmer erëm soen. Trotzdeem gehéit mech all Dag e bëssen déi Fro op, dass de Gruef tëschent de grouse martialeschen Appellen an deem, wat déi haart Realitéiten an politeschen Ailidag an der Ëmsetzung vun där Politik, déi mer brauchen, amgaangen ass an eise Breitengraden ëmmer méi grouss ze ginn.

Dofir mengen ech ass och - fir domadder unzefänken - déi Roll, déi mer zu Bali ze spillen hunn - fir dem Här Gira dat ze soen -, sécherlech eng appropriéiert bescheiden, awer present, fir am Rahme vun der Enceinte vun der EU dofir ze suergen, dass mer effektiv eng gewësse Visioun och zu Bali vertrieben, dass mer virun allem awer och kloermaachen - wat hei mengen ech vu jiddferengem gesot ginn ass -, dass mir déi Lescht sinn, déi deenen anere Lektione kënnen erdeelen. Eis Kéi sinn effektiv scho soulaang op der Weed, dass se scho bal net méi goe kënnen.

Deementspriedend ass et sécherlech och an eis als Europäescher Unioun mat deem Leadership, där Virreiderroll, déi mer eis jo virgeholl hunn an den Décisiounen vum Conseil européen vum 20. März vun dësem Joer, och offensiv zu Bali opzotrieden. Mir hunn am März gesot: D'Europäesch Unioun ass bereet 20% bis d'Joer 2020 weider ze reduzéieren am Rahme vun engem eesäitege Virschlag, dee mer dohinner leeën, an nach eng Kéier 30% oder awer en

op 30% ze reduzéieren am Rahme vun engem multilateralen Agreement.

Ech mengen och, dass nach ëmmer d'Chance besteet, den Défi nach ëmmer do ass, fir konkret ze handelen. Op Lëtzebuergesch ëmgesat, heescht dat, dass mer zéi mussen un der Ëmsetzung vun deenen zéng Bausteng wierken, déi mer hei virun der grousser Vakanz an der Chamber virgueluecht hunn. Dass dat net ëmmer einfach ass, huet eis och an deene leschten Deeg nach d'Aktualitéit gewisen. Mä wann ech héieren a wat fir engem Mooss d'Fraktiounen hei am Haus hannert deem Défi stinn, da ginn och dervun aus, dass mer och am nächste Joer eng Rei vu Virschléi hei kënnen maachen, déi eis effektiv - Paradigmewissel ass vläicht e grousst Wuert, mä déi eis awer - zéi a konsequent dozou féieren och eis inlännesch Emissiounen, virun allem déi, ze reduzéieren.

Et ass kloer - an de Roger Negri huet dat gesot -, de Generalsekretär vun der UNO huet jo, wéi esou vill anerer, eng Rees gemaach, déi hien duerch den Amazonas, d'Antarktis an och an de Chile gefouert huet. Dono huet och hie vläicht déi lescht Goutte gehat, déi hie gebraucht huet, fir ze verstoen, dass de Klimawandel à l'œil nu amgaangen ass ze geschéien.

An deenen nächste Wochen, wann och eis Bierger sech a Bewegung setze fir Ski fuereen ze goen, sollte se vläicht drun denken, dass wa se gehäit sinn, dass se kee Schnéi hunn, dass se net nëmme sollen trivial un dat denken, wat dat fir hire Passe-temps an der Vakanz bedeit, mä drun denke wat dat bedeit fir dat, wat planetär amgaangen ass ze geschéien an un déi Konsequenzen, déi domadder verbonne sinn.

Wann dat heescht kee Ski fuereen, ass dat, mengen ech, net besonnesch schlëmm, mä wann dat ënnert dem Himalaya oder ënnert dem Kilimanjaro fir Milliounen Leit heescht definitiv kee Waasser méi ze hunn an d'Waasserversuergung, déi scho fir vill Leit net méi assuréiert ass, definitiv ze verléieren, dann ass de Klimawandel deemtsprechend méi eng dramatesch Folleg.

Wat iwwerengs - an de Charles Goerens huet dat gesot - derzou féiert, dass sech méi wéi jee déi eenzel Politiken och amgaange sinn ze treffen. Tëschent der Politik Klimawandel, der Politik vun der Entwécklungszesummenaarbecht, der Politik vu Ressourcen, der Politik vun der Gouvernance mondiale, déi ze maachen ass.

All dat féiert ëmmer méi derzou, dass vläicht eng Kéier déi Grouss a Mächtg vun dëser Welt sech sollten zesummesetzen an drun denken, dass niewent dem gréissten Echec, deen d'Mënschheit erlieft, nämlech dass se et net fäerdeg bréngt d'Aarmut definitiv auszeradéieren, de Problem vum Klimawandel een ass, dee sécherlech mat vill Moyenen, esou wéi et zum Schluss hei gesot ginn ass, och mat deene Moyenen, déi mer eis all Dag erlaben, fir a militäresch Oprüstung an aneres ze stiechen, fir dee Beräich ze huelen ass.

Ech mengen, alles dat ass och Bali. Wa mer dann zu Bali sinn, gëllt et - fir mech jiddefalls - un éischer Stell kloerzemaachen, dass et zum Kyoto-Protokoll keng Alternativ gëtt. Et si ganz vill aner Versich gemaach gi fir aner Modeller, mä deen eenzeg valabelen, kohärenten, och haut juristesche besteheende Modell ass deen doten. Mir hunn also fir d'éischt innerhalb vun der UNO ze rasonnéieren, a mir hunn ze rasonnéieren an der Fortsetzung vum bestehende Kyoto-Protokoll.

Dat ass keng Evidenz. Dat ass fir vill Länner, déi op Bali kommen, keng Evidenz, mä domadder geet et un. A mir hunn zweetens dofir ze suergen, dass dee wichtigste Punkt, dee Kyoto a sech ausseet, nämlech dass d'Verschmutzung vun der Atmosphär e Präis kriit, dass dat och, mengen ech, an all neie Regime Post-Kyoto muss de Fue-dem sinn, deen duerch all Versich och fir all déi aner Länner muss goen.

Ech wëll ganz kuerz fir eis innerhalb vun der Europäescher Unioun, mä och fir eis als Lëtzebuerg zu Bali soen, dass et aacht Punkte gëtt, déi fir mech d'Bedingunge sinn, fir dass Bali e Succès ka sinn.

Deen éischten ass deen, eng Visioun auszeschaffen, déi kloermécht, dass mer déi Äerderwärmung iwwer zwee Grad Celsius par rapport zum Ufank vun der Industrialiséierung duerch eng ambitiéis Zilsetzung mussen verënnern.

Zweetens ass et kloer - dat ass, mengen ech, vun all Riedner gesot ginn -, dass et der am Kader vun deem Boot do gëtt, déi vill méi mussen drécke wéi anerer. Ech mengen, dass dat vläicht taktesch e gutt Element ass, mä wäit dovunner ewech ass ze soen, wat a sech deen eenzege gerechte Modell wär, nämlech jiddferengem Äerde-

bierger, egal wou en op dem Planéit wunnt, déiselwecht Zuel vun Tonnen CO₂-Emissioun ze garantéieren, a Punkt fäerdeg. Dat ass deen eigentlech eenzege richtig gerechte System, mä tëschent den 20, 25 Tonne pro Äerdebierger an Amerika an zu Lëtzebuerg an der hallwer Tonn am Burkina Faso, wësse mer - an esou pragmatesch si mer och -, dass dotëschent e Gruef ass, deen een net einfach duerch e Fiederstréch oder duerch een Accord, dee mer géifen do treffen, kann aus dem Wee radéieren. Duerfir, mengen ech, muss Pistes a Weeër fonnt ginn, wéi mer dat mëttel- a laangfristeg fäerdeg bréngen.

Drëtens ass et kloer, dass en Accord vu Bali muss implizéieren, dass déi grouss Emittente mussen mat dobäi sinn.

Ech gesinn och do, Kolleeg Gira, éischer d'Amerikaner an d'Kanadier an d'Australier wéi op där anerer Säit d'Chinesen, d'Inder an d'Brasilianer, mä ech mengen, och all déi aner mussen dobäi sinn. An de Grupp vun de 77, mengen ech, muss och dobäi sinn.

Wann ech zum Beispill un déi arabesch Staaten, un déi Pétrol exportéierend Staaten denken, da mussen och déi bereet si fir an engem Accord mat dobäi ze sinn, deen natierlech muss flexibel an équitabel sinn - flexibel, fir jiddferengem no senge Moyene seng Reduktionsziler, seng Efforten ze déterminéieren, an équitabel, fir a Betracht ze huelen, wien iwwerhaupt de Klimawandel provozéiert huet a wien haut och déi politesch a virun allem finanziell an ekonomesch an, ech géing bal soen technologesch Capacitéiten huet, fir och eppes dogéint ze maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Véierte Punkt ass den Ausbau vum Emissionshandel, an dozou gehéieren och déi flexibel Mechanismen - sécherlech no deene Kritären, déi mer nach d'lescht Woch an der Ëmweltkommissioun diskutéiert hunn. Déi Kritäre mussen stëmmen, mussen durabel Kritäre sinn, dat ass evident, mä ech mengen, dass dee Mechanismus do en Häerzstéck ass vun dem Accord vu Kyoto, dee seet: Mat deene mannst Moyenen dee meechten Ausstouss verënnern. Och déi Moyene mussen also spillen an agesat ginn, fir dass mer weiderkommen.

Fënneftens ass an esou engem Accord a mengen Ae d'Kooperatioun am Kader och vun de flexibele Mechanismen fir d'Recherche, fir d'Développementsméiglechkeeten an deene Länner, déi an der Entwécklung sinn, enorm wichtig.

Et geet net nëmme dorëm, dann dohinzuegoen an iwwer Projete fir erneierbar Energien, iwwer d'Sanéierung vun Deponien do eppes ze maache fir sech, mä och eppes ze maache fir déi Länner, fir dass dat net nëmme Projete sinn, déi mer esou parachutéieren, an awer net en aval an en amont dofir suergen, dass se deene Länner och wirklech erlabe fir sech wirtschaftlech a virun allem och sozial ze entwéckelen.

Sechstens: Ee Punkt, dee ganz wichtig wäert ginn zu Bali ass dee vun de Moyenen, déi mir bereet sinn an den entwéckelte Länner, an den industrialiséierte Länner, an de räiche Länner, an déi Fongen ze speisen, fir deene Länner, déi haut schonn ënnert dem Klimawandel leiden, déi néideg Adaptationsmesuren ze finanzéieren.

Wann do net Butter bei die Fische kënn, da kënnen mer zu Bali all Accord vergiessen, an dat heescht och fir eis hei zu Lëtzebuerg wéi fir all Länner innerhalb vun der Europäescher Unioun, dass déi Fongen, déi nëmme mat ganz vill Méi a mat ganz ville Rappelen an deenen eenzelne Länner wirklech gespeist ginn, dass dat och muss geschéien, an duerfir hu mir an deene jeweilige Conseilen och eis Accordé gi fir dat Néidegste ze maachen.

Siwente Punkt ass dat, wat - mengen ech - och hei vun engem Riedner gesot ginn ass: Mir mussen e klore Geste maachen, dass mer och bereet si fir d'Emissiounen aus der Aviatioun an aus der Schëffahrt an de Beräich vum Emissionshandel mat eranzehuelen. Doriwuer wäerte mer schonn den 20. Dezember am Conseil vun den Ëmweltministere weider Décisiounen huelen.

An aachte Punkt si schlussendlech déi Projeten, déi de Charles Goerens ugeschwat huet, um Niveau vun der Déforestatioun, fir déi ze stoppen an ze reduzéieren, well se haut net nëmme fir 20% vun den Emissiounen responsabel ass, mä och verheerend sozial, gesellschaftlech a wirtschaftlech Folgen huet fir déi Länner, déi dovunner betraff sinn.

Ech wëll op déi Fro äntwerten, déi de Camille Gira mer gestallt huet am Zesammenhang mat dem CCS, dem „Carbon Capture and Storage“. Eis Positioun bis elo vis-à-vis

vun där Technologie ass, dass mer gesinn, dass et eng Technologie ass, déi net definitiv assuréiert ass, an eng Technologie ass, déi ëmmer déi latent Gefor mat sech bréngt, dass se en Alibi duerstellt, fir ze soen: Mä wa mer déi Technologie hunn, da kënnen mer jo erëm weiderfueren, well mer d'Méiglechkeet hunn, éischters ze capturéieren an zweetens och ze stockéieren. Dat ass eis Positioun ëmmer gewiesch an de Conseilen - wéi vill anerer och.

Ech wëll awer ganz kloer soen, dass déi Positioun do vu villen an der Europäescher Unioun net gedeelt gëtt. Besonnesch vun deene grouse Länner net, déi sech hei och eng ganz Rei vu wirtschaftlechen Notzen erwaarden aus deem, wat doran ass. Virun allem gëtt an engem multilateralen Agreement erwaart, och vun enger ganzer Rei vu grouse Länner - China un éischer Stell, Indien och -, dass dat eppes ass, wat an engem Agreement mat als Méiglechkeet abezu gëtt.

Et ass also net esou evident, do vun enger Positioun, déi een huet, unzehuelen, dass een déi oui Weideres zu Bali kann ëmsetzen. Fir mech wär et schonn ideal, wa mer et fäerdeg géife bréngen zu Bali - ech wëll elo net, dass Der sollt laachen -, mä wa mer zu Bali et fäerdeg bréngen en Aarbechtsgrupp anzesetzen, fir eng Roadmap opzestellen, déi op der Basis vun deenen aacht Pistes do Kopenhagen am Dezember 2008 géif preparéieren. Da wär Bali schonn en Erfolleg.

A wann an deem Aarbechtsgrupp do niewent der Europäescher Unioun, niewent dem Grupp vun de 77 och d'Amerikaner dobäi wäeren, China dobäi wär, Indien dobäi wär, da wär dat scho ganz gross. Mir soe jo normalerweis: Wann s de e Problem net wëlls léisen, da schaf en Aarbechtsgrupp. Hei muss ech éierlech soen, et wär eng grouss Avancée wa mer et géife fäerdeg bréngen, dass dat zu Bali géif stattfannen.

An ech mengen och, oui mech wëllen anzeméschen a politesch Décisiounen, déi d'amerikanesch Vollek bei de Presidentschaftswahle muss huelen, mä vu dass mer - egal wéi - en neie President wäerte kréien, muss een och wëssen, dass dat eng Dynamik kéint schafen, vun där souguer déi Iddi kéint profitéieren, déi den Al Gore scho vill dorëmmer verbreet huet, fir vläicht scho virun 2012, scho vläicht 2011 en neien Accord festzehalen, also net onbedéngt bis de leschten Dag ze waarden. Och dat ass eng Iwwerleeung an där Dynamik, déi et kéint ginn, déi een net aus den Aen därer verléieren.

E lescht Wuert zu der Fro, déi...

(Interruption)

Dat därerf ech net soen, ech denken et awer.

E lescht Wuert zu dem „burden sharing“ an der Fro vum Charles Goerens betreffend och dem Lëtzebuerg „burden sharing“. Hie weess - e war laang genuch dobäi -, dass een doriwuer villes kann denken, awer nach net villes ka soen.

Mir sinn an der Europäescher Unioun jo alleguer amgaang eis op déi Diskussiounen virzubereeden. Déi Propositionen vun der Kommissioun, souwuel wat d'Methodologie wéi d'Kritären ubelaangt, si jo vum 5. Dezember verluecht ginn op de Januar. Mer wäerten déi Diskussioun also do féieren.

Ech wëll just hei soen: Lëtzebuerg wäert sech net de Luxus kënnen leeschten, fir net och weider dozou ze stoen a Reduktionsziler och fir d'Zukunft ze iwwerhuelen. Et wär, géif ech mengen, fir eist Land scho bal moralesch-ethesch verwerflich ze mengen, dass mer eis do kënnen ënnert den Teppech maachen an eis ofducken a maachen, wéi wann eis deen Défi och fir d'Zukunft national näischt géif ugoen. Dat ännert näischt dorun - soen ech hei och gradesou daitlech -, dass et net verbuede wäert sinn.

Dat wäert meng Attitüd och si fir déi objektiv Spezifitéiten, déi mer hunn - jiddferen heibanne kennt déi -, op den Dësch ze leeën. Dat hu mer am zweeten Allocatiounsplan zum Beispill an der Opleeung vun Inlands- an Auslandsémissiounen gemaach. Dat wäerte mer och maachen, andeem mer der Meinung sinn, dass déi eenzel Secteure mussen no enger europäescher Benchmark matenee verglach ginn, net innerhalb vun engem nationale Kader. Mir mengen och, dass e PIB, deen een hei zu Lëtzebuerg hält, sécherlech an der Fro och vun der Unzuel vu Frontalieren an anerer an engem anere Liicht muss gekuckt ginn, wéi dat méiglecherweis bei aneren de Fall ass.

Schlussendlech mengen ech och, dass et em d'Kredibilitéit geet, dass et net ka sinn, dass déi eng bei -28 oder -21 stinn, an déi aner stinn nach bei +20 an esou virun. Déi Fourchette do innerhalb vun der Europäescher Unioun muss sech och reduzéieren, fir dass e kredibele Message erauskënn.

Ofschléissend, zu enger Fro vum Här Goerens, däerfe mer net vergiessen, dass mer am Kader vum „burden sharing“ net nëmme schwätze vum „burden sharing“ um Niveau vun den CO₂-Emissiounen. Mir hunn dräi „burden sharing“en ze diskutieren: deen heiten, awer och deen um Niveau vun den erneierbaren Energien an och deen um Niveau vun der Energieeffizienz, wou mer eise Plang elo am Januar virzeleeën hunn. Och do mengen ech, dass déi dräi mussen an hiren Efforten an an hire Leeschtungen zesumme gekuckt ginn. Dat heescht, mir hätten och gären dat gesamte Bild um Niveau vun der Europäescher Unioun, éier mer muer kéinte Jo oder Nee soen zu engem Stéck vun deem Mosaik, dee mer den 20. Mäerz am Conseil ofgemaach hunn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Lux. Erlaabt Der kuerz nach eng Zwëscheffro vum Här Goerens?

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt de Minister froen, wann elo d'CO₂-Emissioun vum Fluchverkéier a vum Schëffverkéier och mat kontabiliséiert ginn: Wat geschitt mat deenen Emissiounen, déi vu Schëffer gemaach ginn, déi ënnert dem Lëtzebuurger Pavillon maritime fueren?

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Do iwwerfrot Der mech. Ech hu mech an deene leschte Woche vill konzentriert op déi Fro vun der Aviatioun, déi scho schwierig genuch ass, och am Zesammenhang mat eisen Opérateuren hei. Wat d'Schëfffahrt ubelaangt, gëtt et jo nach keng Proposition de texte vun der Kommissioun. Am Géigesaz zu der Aviatioun, wou jo d'Texter virleien, wou d'Europaparlament jo d'lescht Woch seng Décisioun geholl huet, déi iwwerengs, soit dit en passant, relativ wäit wech si vun deem, wat am Conseil vun de Ministere geduecht gëtt.

Mä um Niveau vun der Schëfffahrt gëtt et nach keng Proposition vun der Kommissioun. Déi ass also ofzewarden. Dat ass eng Fro mat där ech mech awer emol an deenen nächsten Deeg wäert beschäftegen, fir ze kucken wat fir eng Attitüd Lëtzebuerg an där dote Fro, wann emol Texter da virleien, kéint anhuelen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass dese Punkt ofgeschloss. Mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5471 iwwert deen de Stat autoriséiert gëtt, „à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain“. De Rapporteur ass hei den honorabelen Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

7. 5471 - Projet de loi autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Gesetzesprojet geet et drëm, fir dem Stat ze erlaben, eng Bankgarantie fir d'Schaffen an d'Bedreiwe vun engem städttesche Wärmenetz opzuehuelen. Dese Projet ass de 4. Mee 2005 vum Wirtschaftsminister hei déposéiert ginn. En ass favorabel am Fong aviséiert ginn duerch déi eenzel Chambres professionnelles an och vum Statsrot, quitte dass se op eenzel Punkten hir kritesch Bemierkungen zum Text gemaach hunn. Mä iwwert d'Richtegkeet an d'Wichtigkeet vun deem Projet, ëm deen et hei geet, wou et drëm geet, fir déi néideg gesetzlech a finanziell Viraussetzung ze schafen, dass e ka realiséiert ginn, do sinn et keng Divergenze ginn am Kader vun der Prozedur.

Mir waren och eestëmmeg an eiser Kommissioun fir ze soen, dass dat hei e Projet ass, deen, an enger ofgeännerter Form zwar, vun der Chamber sollt gestëmmt ginn. Firwat muss d'Chamber iwwerhaapt hei intervenieren? Dat ass déi éischt Fro, déi ech ka vläicht stellen.

Vläicht wär et bei engem finanziellen Engagement vum Stat an esou en Opbau vun engem Fernwärmenetz duergaang fir iwwert d'Budgetgesetz déi Autorisatioun do ze kréien. Mä mir bewegen eis hei am Kader vum berühmte-berühmte Artikel 99 vun eiser Verfassung, dee jo virschreift, dass bei all wichtege finanziellen Engagement vum Stat muss iwwer e Spezialgesetz eng Auto-

risatioun virleien. A well et sech hei ëm eng Bankgarantie bis zu 18 Milliounen Euro handelt, déi soll kënne vun där neier Gesellschaft opgeholl ginn, a wou de Stat géif dann d'Bankgarantie stellen, ass et also noutwendeg, dass de Léiglateur agräift an iwwert d'Spezialgesetz eng Autorisatioun zu deem doten Engagement vum Stat gëtt.

Dat Fernwärmenetz, wat soll opgebaut ginn, dat beweegt sech an a ronderëm Belval. Op den Territoiren also vun de Gemengen Esch a Suessem. D'Wärmt fir dat Netz gëtt geliwert vun Twing S.A. Dir wësst, dass dat u sech de Bedreier ass vun där Gas-Damp-Turbin, déi viru Joren opgebaut ginn ass an déi eng insgesamt Capacitéitsleeschtung vun 350 Megawatt huet. Bei där Stroumproduktioun opgrond vu Gas fällt Wärmert of, an déi Wärmert gëllt et hei optimal ze notzen a weiderzerechen.

Dat entsprécht iwwerengs genau enger Verpflichtung, déi den deemolegen Ëmweltminister den 28. Abrëll 1999 an d'Betriebsgenehmigung ageschriwwen hat an déi virschreift, dass, wann et zu engem Opbau vun esou engem Wärmenetz kënnt, d'Twining déi néideg Wärmert och ofgi muss. D'Zil wär et, fir e globale Wirkungsgrad vun der ganzer Zentral an Héicht vu 75% ze erreechen.

Mat deem heiten Invest, mat deem heite Projet, dee progressiven Opbau vun deem Fernwärmenetz ronderëm déi Zentral, gëtt elo eigentlech d'Viraussetzung geschafen, dass och de Genehmigungsoplage Rechnung gedroe gëtt, esou wéi se 1999 festgeschriwwen gi sinn.

Iwwert deen dote Wee kënnen 13.000 bis 20.000 Tonnen CO₂-Emissiounen agespuert ginn, gleeft een den Aussoen, déi déi zoustänneg Ministere viru kuerzem op enger Pressekonferenz gemaach hunn. Allgemeng muss ee soen, dass, wann een och eis Handlungsméiglechkeeten als Lëtzebuurger Land kuckt am Beräich vun Klimaschutz, am Beräich vun enger rationeller Energienotzung, d'Notzung vun der Wärmert eigentlech e relativ interessante Créneau ass, deen et weider gëllt auszubauen a wou mer nach Aspuepotenzial hunn, wou mer kënnen CO₂-Emissiounen aspuewen a wou mer kënnen d'Energie méi intelligent a méi rationell asetzen.

Duerfir ass et kloer, dass deen heite Projet, wéi aner Projeten och - ech mengen, et ass net deen éischte Projet, deen an deem Beräich gemaach gëtt; och an der Vergaangenheit si schonn ähnlech Projete realiséiert ginn. Ech komme vun Diddeleng. Zu Diddeleng ass, wann ech mech net iren, iwwerhaapt deen éischte Projet vu Fernwärmert opgebaut ginn, Enn der 70er Jore schonn, vum Fonds du logement, zesumme mat der Gemeng Diddeleng am Quartier vum Brill, an an den 80er Joren ass dat dann ausgebaut ginn. Och do huet de Stat ëmmer gehollef, fir déi Saach virunzedecken. Ech denken hei un déi Projeten um Quartier Kierchbiereg, déi duerchgefouert gi sinn, wou och eng extra Gesellschaft jo geschaf ginn ass sengerzäit, fir kënnen esou Projeten opzubauen.

Dat heiten ass e ganz wichtege Schrëtt. Ech wëll och drun erënneren, dass et och zënter etliche Jore staatlech Hëllef gëtt. Bis zu 40% kann de Stat bäileeën, wann eng Gemeng oder en aneren Träger dohinnergeet an e baut esou Wärmenetzer op. Also ass dat schonn eng ganz interessant Pist, déi et och gëllt an nächster Zäit a Saache Klimaschutz ze verfollegen.

Déi konkret Aarbechten un deem Opbau vun deem Wärmenetz zu Belval fänken net eréischt u mat dem Vote vun deem heite Gesetz. Déi si scho laang Joren a Preparatioun. Fir d'éischt sinn Etüde gemaach ginn, an duerno ass et och schonn zu konkreten Aarbechten um Terrain komm, iwwer eng aner Struktur, iwwer e Groupement d'intérêt économique, GIE SUDCAL, an deem de Stat, d'Gemengen an Agora haut vertritt sinn, an déi eigentlech do eng wichteg Viraarbecht geleescht hunn, esou dass, wann déi nei Gesellschaft entsteet, wou jo geduecht ass fir och herno alles, den Aktiv an de Passiv vun de bestehende GIE, dann ze iwwerhuelen, dass déi also praktesch kann nahtlos un dat uknäppen, wat zënter 2002 vum GIE SUDCAL vu Viraarbechte geleescht ginn ass.

Insgesamt sinn 3 Milliounen Euro investéiert ginn an dat Netz do. Dat entsprécht 8,5 Kilometer Rouer, déi an deem dote Beräich verluecht gi sinn. Geplant ass den Uschluss vu folgende Gebidder: Belval, Sommet als Erweiterung vun der Gewerbezon ZARE, d'Nonnewisen, dat ass e Wunnengegebitt, wat entsteet. Den Terrain vun dem aktuellen Eilerenger Schlakentipp ass och virgesinn, fir mat un dat Netz do ugeschloss ze ginn.

Wat wichteg ass, an dat ass mengen ech ëmmer de Knackpunkt, wann ee wëllt esou Fernwärmenetzer opbauen, dat ass, dass et fäerdeg bruecht ginn ass, sief et iwwert de vertragleche Wee, sief et och iwwer aner Décisiounen vun de Gemengen, fir eng Uschlusspflicht ze erreechen. Mä leider ass et esou, dass do Divergenze bestinn. Och de Ministère de l'Intérieur huet an der Regel Problemer, fir esou eng Uschlusspflicht ze genehmegen,...

(Interruption)

...well se der Meenung sinn, dass dat der fräier Konkurrenz téschent den Energieträger net géif entsprechen an dass do de Gläichheetsprinzip violéiert wär.

Duerfir géif ech et perséinlech begréissen, wa mer eis vläicht kéinten hei derzou duerchschréngen, sief et d'Regierung, sief et d'Parlament, wat jo och kann eng Initiativ huelen, fir gesetzlech déi dote Fro ze klären an eng gesetzlech Grondlag ze schafen, sief et am Energiegesetz vun 1993, sief et am Stadentwécklungsgesetz vun 2004, fir dass ee kann als Gemeng an esou spezifische Fäll beim Plange vun neie Quartieren, beim Plange vun neie Gewerbezonen och esou Virschreite maachen, dass eng Uschlusspflicht an esou en öffentlecht Wärmenetz besteet. Well wann do jiddereen, deen an déi nei Zon wunne kënnt, ka maache wéi e wëllt, dann ass d'Rentabilitéit vun esou engem System natierlech ni garantéiert. Dat ka jo awer och net eist Uleies sinn.

Aus dem GIE gëtt also eng Handelsgesellschaft, eng Société anonyme, wou de Stat soll déi écrasant Majoritéit vum Kapital ausmaachen. Als Partner si virgesinn d'Gemengen Esch a Suessem. D'Kapital, den Engagement, deen de Stat kann an där Gesellschaft huelen, ass op maximal 31.000 Euro limitéiert, wat d'Souscriptioun vum Gesellschaftskapital ugeet. Mä, wéi gesot, et ass virgesinn, dass iwwer Emprunté mat enger Garantie vum Stat bis zu 18 Milliounen Euro kënnen investéiert ginn.

D'Gesetz ëmfaasst och nach zwou zousätzlech Bestëmmungen, déi net oninteressant sinn. Well et ass virgesinn, dass och an deem Gesetz hei eigentlech schonn de Gesellschaftszweck vu SUDCAL definéiert gëtt. Et ass also op där enger Säit d'Schaffen, mä awer och d'Bedreiwe vun deem Fernwärmenetz.

Wat och, mengen ech, net onwesentlech ass bei esou Projeten: Et gëtt och hei iwwert dat Gesetz festgeluecht, dass déi Aarbechten, déi SUDCAL am Kader vu sengem Gesellschaftszweck duerchféiert, vun öffentlichem Notze sinn. Dat bedeit also am Kloertext, dass et kann opgrond vun eisem Droit commun, wat d'Enteegnungen ugeet - et muss net de Fall sinn -, am Noutfall zu enger Enteegnungsprozedur kommen. Dat bedeit och, dass gewëssen Notzungsrechter domadder kënnen verbonne ginn. Notzungsrechter vu staatlechem respektiv vu Gemengenterrain fir esou Zwecker kann an Usproch geholl ginn, respektiv och Privaterrain kënnen benotzt gi fir déi doten Zwecker. Natierlech an deem leschte Fall géint eng ugemessene Entschiedung.

D'Dauer vun den Emprunten ass och iwwert d'Gesetz op 20 Joer maximal festgeluecht. Dee leschten Artikel leet et fest, dass d'Konten vun där neier Gesellschaft mussen duerch e Réviseur d'entreprise gepréift ginn.

Den Extrait ass méi kleng wéi den ursprünglechen Text, deen d'Regierung eragereecht hat an d'Prozeduren. D'Regierung hat méi e laangen, méi e vollstännegen Text gemaach. Mä opgrond vum Avis besonnesch och vum Statsrot ware mer an der Kommissioun eigentlech der Meenung, dass ee sollt e Gesetzesprojet op dat beschränken, wat absolut noutwendeg ass, wou wirklech eng Interventioun vum Léiglateur muss kommen, fir gewësse Froen ze autorisieren oder kloerzestellen.

Dat huet derzou gefouert, dass mer an eng Ofspeckungsaktioun vun deem Text mat eragaange sinn, deen elo vun ursprüngleche siwen Artikelen der just nach véier Stéck begräift, well an deem ursprünglechen Text vun der Regierung eng ganz Rei vun Dispositiounen dra waren, déi eigentlech an de Statute vun där neier Gesellschaft kënnen geregelt gi respektiv och Widerhuelungen dra ware vu Bestëmmungen, déi mer haut am Gesellschaftsrecht ermënnen, wat Droit commun ass, dee sech selbstverständlech och op déi nei Gesellschaft wäert applizéieren, a wou et also net noutwendeg ass an engem Spezialgesetz och nach eng Kéier déi Bestëmmungen dann ze widerhuelen. Esou dass ee ka mat rouegem Gewësse soen, dass mer hei eng rationell Aarbecht gemaach hunn an deem Text, wéi en elo virläit, deem entsprécht wou eng Interventioun vum Léiglateur zu deem heite Projet och noutwendeg ass.

Ech wëll lech also am Numm vun der Kommissioun bieden, fir deen heiten Text ze stëmmen. Ech géif och gären den Accord vun der Sozialistescher Fraktioun mat drunhänken, well mer der Meenung sinn, dass mer et hei mat engem wichtege Projet ze dinn hunn. E Projet, dee wegweisend ass am Beräich konkrete Klimaschutz an intelligent Energienotzung, a wou mer mat Freed festgestallt hunn, dass net méi spéit wéi de 14. November jo och de Liwwerungsvertrag Twing mat de bestehende GIE SUDCAL konnt ofgeschloss ginn, dass also all Viraussetzung gi sinn, dass deen heite Projet en Erfolleg gëtt.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Sauber agedroen.

Discussion générale

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Consumatioun vun der Energie, déi viraussichtlech weider an d'Luucht geet, an déi Répercussiounen, déi et op d'Bilanz vum CO₂-Ausstooss huet, stellt eis alleguer virun nei Erausforderungen. Net méi spéit wéi de Mëtte konnte mer eis jo laang dovunner iwwerzeegen.

Wat kënnen mer maachen, fir eis CO₂-Bilanz méi a besser an de Grëff ze kréien an awer den Ufuerderunge vun enger moderner Industrie- a Konsumgesellschaft gerecht ze ginn? D'Méiglechkeeten, déi sech bidden, kënnen ganz villfältig sinn, sief et bei der Produktioun, bei der Distributioun oder beim Verbrauch. Der Ëmweltproblematik am Energieberäich gëtt an der nationaler Politik Rechnung gedroen, dat op deene Pläng, wou d'Politik intervenieren oder sensibiliséiere kann.

De Gesetzesprojet vun haut dréit dann och de Stempel vun engem nationalpolitesche Wëllen d'CO₂-Bilanz ze verbessern. Dat heescht, des Bilanz an hirer negativer Entwécklung ze bremsen. Ech ginn elo hei net op den Historique vum Projet an. Den honorabelen Här Bodry huet a sengem exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport, fir deen ech him félicitéieren, och dese Volet mat ofgedeckt.

Et geet drëm e Réseau de chaleur urbain, dat heescht also e Fernheizsystem, e Fernheiznetz, dat un d'TGV-Zentral - TGV steet dann hei fir «Turbine Gas Vapeur» - vun Esch ugeschloss ass, ze realiséieren an ze exploitéieren. Dësen Investissement no bei der TGVs-Zentral erméiglecht engersäits eng Optimiséierung vum globale Rendement vun deser Zentral. Anersäits passt deen Invest an déi national Strategie vun der Reduktioun vun den Emissiounen vun CO₂.

Dezentraliséiert Produktiounsméiglechkeeten hätte fir d'Hëtzversuergung och kënnen an d'A gefaasst ginn. Si wäer souguer nach méi bëlleg ginn, wat de finanzielle Standpunkt ubelaangt, mä op d'Kyoto-Bilanz hätte si sech negativ ausgewierkt. Amplaz elo CO₂-Ausgläichzertifikater ze kafen, wat a sech wechgewerent Geld ass, ass elo net zulescht aus Ëmweltconsidératiounen de Wee iwwer eng S.A. mat engem Kapital vun 31.000 Euro, an där de Stat de Moment deen eenzegen Aktionär ass, zréckbehale ginn.

E privaten Investisseur huet sech net fonnt, mä et wonnert net, datt an Zukunft concernéiert Gemenge sech an där Gesellschaft, déi zwar eng kommerziell Form ugehall huet, awer och gewëssermoossen als Service public ka betruecht ginn, bedeelegen. Fir déi Emprunten, déi des Gesellschaft ophuele muss, gëtt duerch d'Gesetz d'Regierung ermächtigt, eng Bankgarantie bis zu 18 Milliounen Euro iwwer maximal 20 Joer ze stellen.

(Interruption)

Wat des Garantie ugeet, huet de Wirtschaftsminister der Chamberskommission confirméiert, an ech zitieren do: «...que la garantie visée par le projet de loi sous rubrique ne constitue pas une aide d'État relevant de l'article 87 § 1 du Traité CE étant donné qu'elle remplit les conditions posées par la communication de la Commission sur

l'application des articles 87 et 88 du Traité CE relative aux aides d'État sous forme de garanties.»

Doriwwer eraus gëtt an dësem Projet och d'Utilité publique festgehale fir d'Realisatioun vun dësen Aarbechten, wat kéint eng Erläuterung duerstellen an der Prozedur, wann Expropriatiounen noutwendeg wären.

Wat de Finanzement ubelaangt, dierfte sech ënnert dësen Émstänn keng gréisser Problemer stellen. Engersäits entsprechen déi 31.000 Euro, déi de Stat als Kapital mat an d'Gesellschaft bréngt, enger méiglecher Subventioun vu ronn 40%, déi iwwert déi normal Subventiounsweeër vun de Loicadren an dësem Beräich kéinten accordéiert ginn, an anerersäits gëtt d'Garantie vum Stat net als Hëllef betruucht.

De Projet a sech ass eng gutt Saach, an ech bréngen dann och den Accord vun der CSV hei mat an.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Sauber. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Här Präsident, léif Kolleegen, fir d'éischt mäi Merci un eise Rapporteur, den Alex Bodry, deen dëse Projet am Detail presentéiert huet. Ech mengersäits wollt op e puer aner Aspekter vun dësem Projet agoen, a vläicht emol en aneren Historique vum Projet maachen.

Wéi koom et iwwerhaapt zu dësem Projet? Dëse Projet ass eng Konsequenz vun Initiativen, déi an der Lëtzebuurger Stolindustrie geholl gi sinn. Wéi d'Lëtzebuurger Stolindustrie vun der Flëssephas erofgaangen ass op Elektrostoliewen, koom d'Iddi op, dass een och misst dofir suergen, dass den Approvisionnement un Elektreschem fir déi Instrumenter, fir déi Elektrostoliewe garantéiert wier oder besser ofgesécheret wier, wéi dat an der Vergaangenheet war. Duerfir koom d'Iddi, fir esou eng Turbine-Gaz-Vapeur zu Lëtzebuerg ze bauen.

Dat Instrument, déi Turbine-Gaz-Vapeur ass weltwäit fir d'CO₂-Bilanz eng gutt Saach. Weltwäit dréit se zur Reduktioun vun CO₂-Emissiounen bäi. Fir Lëtzebuerg ass et eng kleng Katastroph. Well et muss een dorun erënneren, zum selwechte Moment, wéi an der Regierung 1994-99 de Wirtschaftsminister an Energieminister derfir plädéiert huet, déi Turbine-Gaz-Vapeur ze bauen, zum selwechte Moment huet den Émweltminister vun deemools, de verstuerwene Kolleeg Johnny Lahure dofir plädéiert, dass ee géif hei zu Lëtzebuerg am Kader vum europäesche „burden sharing“ an iwwereng mam Accord vun der Chamber - Europa huet jo gesot, mir maachen eis staark fir eng Reduktioun vun eisen CO₂-Emissiounen vun 8% - em 28% erfougen.

Här Präsident, dat weist ënnert anerem, wéi geféierlech et ass, wann een an der Chamber a Motiounen esou labber aus der Héft schéisst. Ech war och ee vun deenen - ech hunn nogekuckt -, déi déi Motioun matgestëmmt hunn, nicht ahnend, wat d'Konsequenze wieren. Mä d'Konsequenze sinn ënnert anerem, dass mer Schwierigkeeten hunn, eis Objektiv ze erreechen, well mer bis dohinne praktesch eist ganz Elektresch aus dem Ausland importéiert hunn an déi CO₂-Emissiounen, déi do ugefall sinn - well et falen der jo un, wann een net just op Nuklearenergie zrückgräift -, Lëtzebuerg net ugerechent gi sinn. Mä elo mat der TGV-Zentral gi se Lëtzebuerg ugerechent. Si gi wäit iwwer eng Millioun Tonnen d'Joer, a mer hunn all Krämpes fir déi Objektiv, déi mer alleguer zesammen, ob bewusst oder onbewusst, déi meescht awer onbewusst agaange sinn, ze respektéieren.

Et ware verschidene Etüde gemaach ginn an herno ass erauskomm, dass de Bau vun enger 350-Megawatt-Zentral eigentlech den Optimum wier. An den deemolegen Émweltminister - dat war elo 1999 -, den Alex Bodry huet an d'Autorisatioun draschreiwe gelooss, dass déi TGV-Zentral op d'mannst e Wirkungsgrad vu 75% misst erreechen. An dee Wirkungsgrad, dee ka se nëmmen erreechen, wann déi sougenannt Reschtwäermt benotzt gëtt, fir zum Beispill Chauf-

fage urbain ze maachen. Et waren och aner Initiativen envisagéiert ginn, déi awer fale gelooss gi sinn.

Et muss een awer wëssen, dass, wann déi Reschtwäermt net zur Verfügung steet, fir elektresch Energie ze produzéieren, da bedeit dat - wéi soll ech soen? - eng finanziell Abouss fir de Bedreier vun der Zentral, an deen hätt also gären déi Reschtwäermt bezuelt. Well et Reschtwäermt heescht, ass et net esou, dass se näischt wäert wär. Deen hätt also gär e Präis dofir. An eleng d'Tat-saach, dass eréischt virun e puer Wochen de Vertrag konnt ofgeschloss ginn, dee weist, wéi komplizéiert déi Verhandlung ware fir de Bedreier vun där Zentral dozou ze kréien, e Präis unzobidden, deen - wéi soll ech soen? - déi Energie net méi deier mécht wéi iergendeng aner Form vun Energie fir d'Hëtzen oder fir d'Kille vun deene verschidene Gebaier.

Ech war als Wirtschaftsminister, Här Präsident, konfrontéiert mat enger Demande, fir och nach déi Zentral ze subventionéieren. Well am Kader vun der Loi-cadre war et normal, dass dee Betrib e Subsid, eng staatlech Hëllef gefrot huet. Ech sinn en aveu - an ech hunn net vill Luef dofir kritt -, dass ech als Minister dee Subsid refuséiert hunn. Ech hunn dee Subsid refuséiert au motif, dass nach Uschlossinvestissementer misste kommen duerch d'öffentlech Hand an dass ech net wëlles hat, dem Steierzueler seng Suen esou liichtschaz auszeginn. An ech hunn deemools dem deemolege Budgetminister, deen och haut nach Budgetminister ass, gesot, hie soll déi Suen eigentlech „earmarken“ fir déi Investissementer, iwwert déi mer elo amgang sinn ze schwätzen.

An et war och dat d'Ursaach, firwat mer e GIE kreéiert hunn, firwat mer bereet waren, eng ganz Rei vu Prefinanzementer ze maachen. An all Etüden hu bewisen, dass, ouni eng Subventioun vun der Gréissenuerdnung 40% an d'Infrastrukturen, esou en Instrument net rentabel kéint schaffen. An et ass och dat d'Ursaach, firwat ech an d'Gesetz vun 2004 iwwert de Régime d'aide à la protection de l'environnement e maximale Subsid vu 40% aschreiwe gelooss hunn.

Dëse Réseau, well de Stat en „von der Wiege bis zur Bahre“ begleet an d'Kapital an d'Garantië stellt, brauch natierlech dee Subsid net. Mä d'Fro stellt sech fir aner Investissementer. Zum Beispill fir déi, déi d'Gemenge maachen, wéi dat elo do gehandhaabt gëtt. De Kolleeg Bodry huet schon Diddeleng ugefouert mat deem Projet, deen an de 70er Joren am Brill gemaach ginn ass. Mä bei der Stad Lëtzebuerg - Verschiddener vun lech hu jo gesinn, wat fir eng Aarbechten hei an der Géigend, Boulevard Roosevelt an esou weider an och um Kierchbiere, vun der Stad gemaach gi sinn -, do stellt sech d'Fro, an ech géif wierklech op dee Problem insistéieren. Den Innenminister ass elo leider net hei, dat ass och normal, dass hien net hei ass, hie war net gefrot, mä et wier awer wichteg, dass d'Gemengen och géife bei deenen Efforté gehollef kréien.

Dat heescht, dass eng Gemeng, déi esou Efforté mécht, och misst ähnlech gehollef kréie wéi elo indirekt d'Gemeng Esch gehollef kritt, andeem de Stat hei d'Garantie iwwerhëlt an de Finanzement. Och aner Gemengen - ech huelen d'Etat Lëtzebuerg, mä dat kënnen och Biekerech an anerer sinn; Biekerech, mengen ech, huet iwwert de Fonds de l'Environnement gehollef kritt - misste gehollef kréien.

Et misst och méiglech sinn, Här Präsident, dass d'Gemengen déi Energie och kënnen verkafen. Well d'Gesetz ass jo elo esou, dass eigentlech eng Gemeng keng Wäermt daerf verkafen. Si daerf Waasser an Elektresch verkafen, mä dat do ass eng Form vun Energie, un déi deemools, wéi d'Gesetz geschriwwen ginn ass, net geduecht gouf. Ech hu mer soe gelooss, den Innenminister hätt der Gemeng Biekerech en Tarif refuséiert, well dat net am Gemengegesetz virgesinn ass. Et wär wichteg, dass d'Gemengen, déi esou luewenswäert Initiativen huelen, och vum Stat an deem Sënn gehollef kréichen.

Dëst ass also e Projet, wou mer constraint et forcé sinn, well et ass nëmme well déi TGV-Zentral gebaut ginn ass, well déi Oplage koumen a well kee sech bereet fonnt huet, déi Investissementer ze maachen, wou de Stat muss asprangen. Mir als Partei, als Fraktioun ënnerstëtzen dëse Projet, géifen awer bieden, dass fir all aner Projekte vun anere Gemengen oder aneren Institutionen déi déiselwecht Ënnerstëtzung géife kréien.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Grethen. Als nächste Riedner ass den Här Braz um Tour. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Fir d'éischt eng Remarque. Ech muss de Kolleeg Henri Kox entschëllegen, deen u sech déi gréng Fraktioun an där Kommissioun do vertritt. Mä eise Kolleeg Kox huet e bëssen de Schnapp erkaalt...

(Hilarité)

...a läit doheem am Bett. Vlächicht kuckt en eis och elo no vun doheem aus, da gréisser mer en alleguerten.

(Interruptions diverses et hilarité)

Duerfir huet e mech gefrot, a sengem Numm zu dësem Projet ze schwätzen, wat ech och gäre maachen, well ech och selwer a menger Funktioun als Schäfte vun der Stad Esch schon zënter e puer Joer an deem GIE SUDCAL, vun deem haut schon e puermol Rieds gaangen ass, mat siégéieren an dëse Projet hei eigentlech scho vum Joer 2000 u mat begleeten.

Et ass en Deel vum Historique scho gemaach ginn. Och vum Här Grethen. Ech wëll nach eng, zwou Remarquen do awer bäifügen.

Déi eng ass fir drun ze erënneren, dass, nodeems déi Décisioun geholl ginn ass, déi Anlag mat 350 Megawatt Elektresch op Esch-Raemerich opgerichtet, dat zum Deel contestéiert war - ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zrück. Et sinn och Etüde gemaach ginn iwwert déi méiglech Auskopplung vun Hëtzt - et ass u sech manner en Notze vun Ofwäermt, et ass éischer en Auskoppele vun Hëtzt aus dem Prozess -, fir ze soen, dass zu engem bestëmmten Zäitpunkt wou déi Etüde fäerdeg waren den Dossier gerout huet.

Et ass nëmme wou op der Friche Belval d'Diskussioun richteg lassgaange sinn iwwert d'Revalorisierung vun de Fricchen, dass déi Fro sech och gestallt huet, ob een net misst parallel déi heiten Diskussioun relancéieren. D'Fro, déi sech deemools gestallt huet, war déi, den Zuch net ze verpassen. Well op der Friche Belval sinn d'Diskussiounen virugaangen. Déi éischt Leit si kumm, an d'Fro war och, ob schon deen Éischen, dee géif kommen, op e Wärmeréseu kéint zrückgräifen. Dat war déi eigentlech Schwierigkeet.

Wa mer haut eréischt géifen e Gesetz stëmmen an et wär nach soss näischt geschitt, wéi dass mer eis haut eens wären, eng Société anonyme ze grënnen, mat deem Objekt, wéi en an dësem Projet de loi steet, da wäere mer e puer Joer ze spéit. Well all déi, déi elo schon do sinn, hu missen Hëtzt kréien, scho während den Aarbechten vun deene Gebaier, an déi mussen d'Garantie kréien, dass, wa se sech géifen Hëtzt iwwer e Réseau liiwere loosse, de Präis géif stëmmen an dass déi Hëtzt och zuverlässig wär, dass et kloer wär, dass do jiddferen dat géif kréie wat e géif brauchen, zu engem kompetitive Präis. Hätte mer net déi éischt Investoren, sief et déi staatlech oder och déi privat, schon op e Wärmeréseu kritt, da brächte mer haut heiriwwer eigentlech net méi ze diskutéieren.

Vum Januar un, 2006 schon, bal zwee Joer elo, liiwert de GIE SUDCAL, de Groupement d'intérêt économique, Hëtzt. Den éische Client war d'Rockhal. Och d'Dexia-BIL gëtt scho beliwert op der Friche Belval. Och déi CRPen, déi do sinn, gi beliwert, d'Agora gëtt beliwert an all Einzelnen, dee bäikënn, gëtt elo scho beliwert, net ab der TGV, mä iwwer Chaudières, déi elo an enger intermediärer Phase opgeriicht gi sinn. De Réseau selwer läit schonns iwwer aacht Kilometer. Dat ass substanzuell.

Do gesitt Der, wéi laang eigentlech schon dëse Projet Realitéit ass, eier mer elo op de Wee vun der Société anonyme ginn. Et war och am Ufank net geduecht, dass de Stat et sollt maachen. Déi initial Iddi war, dass dee GIE sech sollt dréms beméien, Machbarkeetsstudien, technesch wéi finanzieller, ze erstellen an dann e private Bedreier ze fannen. Och dat ass awer gescheitert dorunner, dass mer den Zäitdrock ze héich hatten. Et wär net méi méiglech gewiescht, sech ëmzueucken no engem private Bedreier, wa mer hätte wëllen all déi Rendezvous anhalen, déi hei an dësem Dossier anzehale waren.

Et ass also aus där Nout an aus deem Drock eraus, dass iergendwann eng Kéier decidéiert ginn ass, vu dass et sech ëm e Marché handelt vu captiv Clienten, well eng Anschlusspflicht soll do bestoen, da kann och genausou gutt eng staatlech Entitéit et maachen, mat all de Garantien, déi dat fir déi privat Investore bedeit. Déi solle vun där Hëtzt do herno kënnen profitéieren. Dunn ass eréischt dëse Wee hei begaange ginn, fir op de Wee vun enger S.A. ze goen, wou de Stat all d'Garantien iwwerhëlt.

Dat wäert dann och Enn 2009 esou wäit sinn. Wann alles elo riicht ausgeet, wäert kënnen ab Enn 2009, also ronn zwee Joer vun elo, ab der TGV kënnen découpléiert ginn. Mir wëllen och als gréng Fraktioun drop hiweisen, dass hei wierklech net nëmmen de Stat seng Verantwortung assuméiert huet, mä och d'Gemengen, déi zwou betraffe Gemengen, awer och d'Agora als déi Firma, déi Propriétaire ass vum Site Belval, déi alleguerten un dëse Projet gegleefft hunn an alleguerten, a méi wéi eng Kéier, zu bestëmmten Zäitpunkte sech Saache getraut hunn, well se dru gegleefft hunn, dass dat heiten eppes géif ginn.

Wär dat net geschitt um Niveau vun de kommunalen Acteure respektiv den Investoren, da wär dat hei och net esou wäit gaangen. Dat war net ëmmer alles sécher. Et war net ëmmer alles kloer, ob et géif riicht ausgoen, an dach hunn eng ganz Partie Leit zu bestëmmten Zäitpunkte gesot, mir ginn elo emol dee Schrëtt weider.

Ech rappeléieren zum Beispill, dass de GIE SUDCAL seng Statuten dräimol geännert huet, dräimol huet missen änneren, fir se réckwierkend erëm an Aklang ze bréngen mat senger Realitéit, déi e praktikéiert huet, fir dass den Dossier konnt virgoen. Dat war alles net esou evident zu bestëmmten Zäitpunkten. Alles dat ass awer gemaach gi mat der Ënnerstëtzung vu jiddferem.

Wichtig ass och, dass op deene Siten net nëmmen drop gekuckt gëtt, wéi mer déi Hëtzt do liiwere. Wichtig ass och, dass gekuckt ginn ass, wéi vill dass do iwwerhaapt verbraucht gëtt. Well dat ass déi aner Säit vun der Medail. Och do sinn op deenen dote Siten, sief et de Site Belval, méi streng Energiekennwäerter respektéiert ginn a ginn haut respektéiert, wéi dat, wat hei zu Lëtzebuerg eigentlech gesetzleche Standard ass. Och dat ass op enger fräiwëlleger Basis am Gespréich mat all den Acteuren zustane kumm, dass mer also, och wat d'Vebrauchssäit betrëfft, vernünfteg Wäerter do konnte respektéieren.

Eng Remarque och nach zu deem, wat am Gesetzesprojekt genannt gëtt «tout autre périphérique» vun der Anlag. Et ass wichtig, dass dat am Gesetz steet, well haut hu mer d'Situatioun, dass de Réseau zu engem Deel läit; do kommen nach Stécker Réseau derbäi, a mir ginn am Prinzip ab Enn 2009 vun der TGV beliwert.

Elo huet awer keen eng Garantie, dass déi TGV fir d'Éiwegkeet do ass. Dat ass après tout eng Décisioun vun der Twinerg, ob déi iergendwann eng Kéier decidéiert, mat hiner Produktioun op der Plaz opzehalen oder weiderzefueren. Et ass also wichtig, dass déi Sociéitéit, déi haut gegrennt gëtt, och d'Méiglecheit, le cas échéant mat enger aner Chaudière weiderzefueren, wann dee Fall sollt antrieden, dass d'Twinerg hiert Engagement zu Lëtzebuerg géif stoppen. Dat ass sécher net fir haut an net fir muer, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...mä et kann awer duerch passéieren, dass d'Twinerg géif mat hiner Aktivitéiten ophalen, an da muss et och do an deem Fall kloer sinn, dass déi Leit, déi vun engem Réseau beliwert ginn, ab deem Dag do nach ëmmer hir Hëtzt iwwert de Réseau geliwert kréien, dass se net dann erkläert kréien, si misste sech elo awer eng Chaudière an de Keller stellen, wat iwwereng bei deene meeschte Gebaier guer net méi virgesi gëtt.

Et ass also wichtig, dass mer och am Gesetz stoen hunn, dass «tout autre périphérique» och méiglech ass am Kader vun dësem Gesetz, well dat kann ënner Émstänn d'legal Grondlag ginn, fir an e puer Joer eng Kéier eng aner Chaudière dohinnerzestellen, déi dann de Réseau alimentéiert, mat deem alleguerten déi privat Investoren, déi et elo scho gëtt, beliwert ginn.

Wichtig ass natierlech och, dass et eng Anschlusspflicht gëtt op deem dote Site. Och soss wär kaum ofgeschätze gewiescht, wéi de Marché sech géif entwéckelen, woubäi d'Investor awer ganz héich si bei deenen dote Réseauen. Et ass och duerfir kloer, dass déi Leit, déi un deem Réseau hänken, alleguer d'Recht drop hunn, dass jiddferen zum selwechte Präis beliwert gëtt. Bei captiv Clienten mat Anschlusspflicht ass et schwéier virstellbar, dass ee kann op de Wee goe vun ënnerschiddlechen Tariffer. Dat ass eng Diskussioun, déi jiddferen sech och an deenen doten Terme muss virun Ae féieren.

De Kolleeg Kox huet awer och e puer Saachen hei virbereet. Seng Interventioun hat hien esou wäit preparéiert. Ech wëll och dorauer trotzdeem e puer Saachen hei kuerz virlesen, fir nach eng Kéier e bëssen op

Mardi,
20 novembre 2007

den Historique anzegoen an notamment dem Här Grethen e bëssen ze äntwerten, well ganz esou war et an eiser Lecture vun der Genèse vun deem Projet net.

Et muss festgehale ginn, dass déi Kritiken, déi deemools vun enger Rei vun Ëmweltorganisatiounen respektiv och vun der grénger Fraktioun gemaach gi sinn, eiser Meenung no zu engem groussen Deel zoutreffen. Deemools gouf nämlech kritiséiert, datt et bei engem Kraaftwierk vun esou enger Dimension - also 350 Megawatt Elektresch - schwierig géif ginn déi potenziell ufalend Hëtzt ze notzen. Dat heescht, dass méiglechst vill vun där Energie - an deem Fall de Gas, deen zum Bedreiwe vum Kraaftwierk gebraucht gëtt - optimal och muss ëmgesat ginn. Sief et a Form vun elektreschem Strom, wat d'Haaptfinalitéit vun der Anlag ass, oder als Prozesswiermt, déi dann iwwer e Wärmenetz kéint genotzt ginn; wat mer jo elo maachen. Wa méi dovunner genotzt gëtt, da fällt de Gesamtwirkungsgrad deementspreechend och méi héich aus.

Déi Kritik, déi mer deemools haten, war déi, dass déi Anlag eiser Meenung no iwwerdimensionéiert wier. Deemools ass plädéiert gi fir eng méi kleng Anlag. Et sinn och Konzepter lancéiert gi fir dezentral Unitéiten ze maachen: dräi Eenheete vun 100 Megawatt Elektresch. Et ass schlussendlech déi Gréisst 350 Megawatt zréckbehale ginn, mam Usproch eng Kéier duerch d'Auskoppelung vun der Hëtzt op e Gesamtrendement vu 75% ze kommen. Dat Zil wäert allerdéngs net erreicht ginn, och net mat deem, wat mer haut maachen, well déi Anlag iwwerdimensionéiert war. Fir op e Gesamtrendement vu 75% ze kommen, misst ee bis zu 150 Megawatt thermesch auskoppelen. Dat ass dat Véierfacht vun deem, wat haut mat der Twinerg vertraglech vereinbart ass.

Wann een dee Rendement vu 75% hätt wëllen errechen, deen hätt ee kënnen eescht haft ustriewe bei enger Anlag vun enger Dimension an der Gréissenerdnuung vun 200 Megawatt Elektresch. Do hätt ee kënnen mat deem, wat hei u Potenzial ass an nach vu Potenzial ka bäikommen, iwwert d'Auskoppelung tatsächlech e Rendement ustriewe vun 75% ze kommen. Dat wäert duerch d'Iwwerdimensionéierung vun dieser Anlag net méiglech ginn.

Trotzdem ass et e sënnevolle Projet, well mer de Rendement électrique, deen elo bei 57, 58% läit, wäerten iwwert d'60%-Barrière kréie mat deem Auskoppele vun der Hëtzt. Dofir ënnerstëtzt och déi gréng Fraktioun dese Projet zu 100%.

Et bleift - an ouni wëllen ze vill an d'Vergangenheet wullen ze goen -, dass déi Kri-

tiken, déi deemools um Projet vum Här Goebbels vu Grénger Säit an och vu Säit vun ekologeschen Associatiounen gemaach gi sinn, zoutreffen. An dat, wat mer haut maachen, an dat, wat mer domadder errechen als Resultat, beleet nodréiglech nach eng Kéier, dass de Projet deemools iwwerdimensionéiert war. Mä dat ass elo Geschicht.

Fakt ass haut, dass d'Anlag do steet, an dass mer dat Beschtt aus der Anlag solle maachen. An dat Beschtt draus ze maachen ass dat, wat mer mat deemem Projet haut maachen, nämlech dofir ze suergen, dass dat, wat kann ausgekoppelt ginn, gemaach gëtt, an dass mer och no vir kucken op eventuell souguer weider méi héich Auskoppelung vun där doter Anlag. Déi sinn technesch méiglech. Dat misst dann diskutéiert ginn. Mir sinn also haut um richtege Wee. Duerfir bréng mir als Gréng och eis Zoustëmmung zu deemem Projet.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Dann huet nach den Här Mehlen d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, no all deenen Explikatiounen, déi mer hei kritt hunn, bleift eigentlech net méi vill bäizefügen. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soen. Hien huet eis hei genee erkläert, net nëmmen ëm wat et geet, mä woufir mer och e Gesetz hei musse stëmmen.

Et geet - an duerfir schléisst déi Debatt sech hei am Fong geholl nahtlos un déi Debatt un, déi mer virdrun haten - drëm fir Klimaschutz ze bedreiwen. Et kann een dat maachen iwwer Reduktioun vun der Consommation. Den anere Wee, dee mir an Zukunft verstärkt musse goen, ass d'Effizienzsteigerung vun deem, wat mer un Anlagen hunn. Dat ass hei de Fall. Duerfir wëll ech hei soen, datt mir grondsätzlech och mat deemem Projet d'accord sinn. Och wann een eng Partie kritesch Remarquen, déi virdrun hei gemaach si ginn, virbehallos kann ënnerstëtzen.

Et geet, Här President, eigentlech grondsätzlech drëm fir Wäermt, déi bis elo verpufft ass an net genotzt ginn ass, ze notzen. Allerdéngs héiert ee jo, datt et an der Technik draläit, datt wann ee méi Wäermt auskoppelt, datt et op där anerer Säit och deelweis erëm op de Wirkungsgang vun dem Rendement électrique geet.

An der Gesamtbilanz ass et awer positiv. Ech erënnere mech drun, an och eise Grupp huet deemools d'Meenung vertrueden, datt een net eng grouss Unitéit soll

bauen, mä éischer zwou oder dräi oder véier méi kleng Unitéiten, fir ebe kënnen de Maximum u Wäermt auszokoppelen an ze notzen. Dat heescht och, effektiv dee Rendement esou héich wéi méiglech kënnen ze dreuwen. Mir hunn elo grad héieren, datt dat mat deene 75% ënnert den aktuelle Gegebenheeten illusoresch ass. Et sief dann et wär ee bereet déi Auskoppelung nach vill méi wäit ze dreuwe wéi dat bis elo virgesinn ass.

Grondsätzlech musse mer an Zukunft ëmmer op de Wee goen, fir de Maximum u Wäermt, deen als Offallprodukt ufällt, auszokoppelen. Dat gëllt beispillsweis och fir déi kleng Biogasanlagen, wou e groussen Deel oder eng Partie net rentabel sinn do-duerch, well se d'Wäermt net kënnen notzen an och doduerch hiren ekologesche Rendement net héich genuch ass.

Mir bréngen, wéi ech hei gesot hunn, eisen Accord. Et geet jo hei drëm, datt de Stat sech finanziell kann engagéiere bis zu enger Héicht vun 18 Milliounen d'Garantie ze liwweren, fir datt déi Aarbechten hei kënnen gemaach ginn. Duerfir wäerte mir dat och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Dann huet den Här Lux nach d'Wuert als Vertrieeder vum Här Krecké.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, en remplacement de M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här President, als Vertriedung vum Här Krecké, deen elo ënnerwee ass an de Chile, wëll ech der Chamber a virun allem och dem Rapporteur Merci soen. De Projet, deen effektiv eng laang Nues huet, mä eng grouss Bedeitung huet fir dat, wat mer virdrun diskutéiert hunn, nämlech all Potenzial, a wann et och nëmmen 13.000 bis 20.000 Tonne sinn, déi aus der Etüd erauskomm sinn.

Ech hunn e puer Messagen opgefaangen, déi sech souwuel un hie wéi och un den Innenminister riichten. Ech wëll soen, dass ech an der Fro vun de Gemengen mat deem, wat hei gesot ginn ass, voll d'accord sinn an effektiv mengen, dass d'Regierung hei soll en Débloccage maache vun enger Rei vu Virschrëften, fir d'Geleeënheet ze ginn do méi aktiv kënnen virzegoen.

Ech wëll schlussendlech soen, och fir dem Henri Grethen säin Deel vu senger Geschicht, dass ech mech an deenen nächste 14 Deeg wäert domadder beschäftegen, fir d'Allocatioun fir d'Twinerg ze fixéieren am zweeten Allocatiounsplang fir d'Period 2008-2012. Dat wäert net einfach ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dese Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5471 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par M. Patrick Santer), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castagnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.30 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all

öffentlech Sëtzung

live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Beetebuerg *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*

•

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 Mhz*

•

Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Kielen (& Brameschaff), Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nospelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
M. Jos Scheuer, Vice-Président • **M. Henri Grethen, Vice-Président**

Sommaire

- 1. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'implantation d'un nouveau centre commercial à Wickrange**
 - Exposé: *M. Camille Gira*
 - Débat: *M. Marco Schank, M. Henri Grethen, Mme Lydia Mutsch, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
- 2. Motion de M. Camille Gira relative à l'établissement d'un audit au sein du Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire**
 - Exposé: *M. Camille Gira*
 - Discussion générale: *M. Marco Schank, M. Paul Helminger, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
 - Vote (motion rejetée)
- 3. Question avec débat N°26 de Mme Vera Spautz au sujet de l'étude de l'Observatoire de l'Habitat sur le bail à usage d'habitation**
 - *Mme Vera Spautz, M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, Mme Vera Spautz, M. Fernand Boden*
- 4. Débat d'orientation sur l'évolution du chômage et la situation sur le marché de travail**
 - Exposé: *M. John Castegnaro*
 - Débat: *M. Marc Spautz, M. Claude Meisch, M. Romain Schneider, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Ali Kaes, M. Lucien Clement, M. Gast Gibéryen, M. Lucien Clement, M. Marcel Glesener (député d'une motion et exposé du contenu), M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, M. Lucien Clement, M. François Biltgen*
 - Motion 1: *M. le Ministre François Biltgen, M. Claude Meisch, Mme Viviane Loschetter (motion 1 adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, François Biltgen et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» Une voix - Neen, Här President.

» M. le Président - Op Ufro vun der Fraktioun vun deene Gréngen hu mer haut de Mëtten als éischte Punkt um Ordre du jour eng Aktualitéitsstonn iwwert deen neien Akafszentrum zu Wickrange.

D'Riedezäit ass bei dëser Debatt nom Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgeloecht. Déi Fraktioun, déi d'Stonn ugefröet huet, dat heescht déi gréng Fraktioun, den Här Gira, huet zéng Minutten Zäit, déi aner Fraktiounen jee weils fénnef Minutten an d'Sensibilités politiquen zwou Minutten. D'Regierung huet eng Véirelsstonn fir ze äntweren.

Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Grethen, d'Madame Mutsch an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Vertrieder vum Grupp vun deene Gréngen, den honorabelen Här Gira. Här Gira.

1. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'implantation d'un nouveau centre commercial à Wickrange

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den Dossier Akafszentrum Wickrange esou vill Kommentare provoziert, esou vehement Reaktiounen no sech zitt, da sécher och well dësen Dossier an eisen Aen op jidde Fall exemplaresch ass fir eng Rei Feelentwécklungen zu Lëtzebuerg, Feelentwécklungen am wuertwärtleche Sënn, mä wat awer och symptomatesch ass fir d'Versoe vum Landesplanungsminister, awer och vun der Regierung insgesamt am Kontext „nolanteg Entwécklung vu Lëtzebuerg“.

Ech wéilt dëst Versoe festmaachen u véier Punkten:

Éischstens, feelend Landesplanung insgesamt.

Zweetens, de geréngte Stellwäert vum IVL a vum Programme directeur.

Drëttens, d'Feele vun enger kohärenter Gemengefinanzreform.

A véiertens, d'onkoordinéiert Virgehensweis vun der Regierung.

Éischstens zur feelender Landesplanung.

Här President, 33 Joer nom éischte Landesplanungsgesetz vun 1974 huet dëst Land nach ëmmer kee Plan sectoriel „Zones d'activités“. Dat ass wierklech onverständlech, well ech huelen un, dass mer eis eens sinn, dass dëse Plan sectoriel ee vun deene wichtigsten a vun deenen éischten hätt misse sinn, well d'Implantatioun vu Zones d'activités mat der Schafung vun dausenden Aarbechtsplazen ass sécherlech dat wat niewent dem Bau vu gréisseren Verkéiersinfrastrukturen d'Entwécklung vum Land am meeschte beaflosst.

Verschiede Regierungen haten och schon an der Vergaangenheet ugesat esou e Plang opzestellen. An déi heibannen, déi scho méi laang an der Gemengepolitik aktiv sinn, kënne sech erënneren, dass schon x-mol hir Servicer hu missen Donnéeën un iergendee Bureau d'études weiderreechen, mä duerno hu mer ni méi eppes héieren, weder vum Landesplanungsminister nach vum Intérieursminister nach vum Ekonomiesminister.

Och dës Regierung - an dat kann ee méi wéi op enger Plaz noliesen an der Regierungserklärung - hat aus dësem Plan sectoriel eng éischt Prioritéit gemaach. Dofir ass et émsou méi onverständlech, dass dës Regierung méi wéi zwee Joer gebraucht huet, fir iwwerhaupt d'Zesummesetzung vum Groupe interministériel festzelleen. Zu engem ganz speziellen Datum, nämlech dem 11. September 2006 awer, ass eréischt de Règlement grand-ducal publizéiert ginn, fir de Groupe interministériel anzusetzen.

Dofir meng Fro: Wien huet dann do gebremst? Wann dat eng Prioritéit war, wéissou ass bis haut nach ëmmer kee Plan sectoriel „Zones d'activités“ do? A wéini kënnt en? Well mir gesinn, an d'Diskussiounen weisen dat, hei geet et net nëmmeëm Wickrange. Mir kënne eis un d'Diskussiounen vu Grass erënneren, déi nach ëmmer net ganz ofge-

schloss sinn - wann ech dat richtig gesinn? Knapps ass déi eng Diskussioun eenegermoossen ofgeschloss, da kënnt déi nächst.

Viru kuerzem hu mer matkritt, tëschent Beetebuerg a Réiser bahnt sech eng ähnlech Problematik un. Dofir: Wéissou ass dee Plan sectoriel nach ëmmer net do?

Zweetens, geréngte Stellwäert IVL a Programme directeur.

Mir wëssen allegueren, an et huet ni een eppes anescht gesot, dass den IVL u sech keng juristesche Grondlag ass fir engem Minister eppes an de Grapp ze ginn, fir eppes ze verhënnern oder ze ënnerstëtzen, mä eigentlech misst e jo awer trotz allem en héije politesche Stellwäert hunn. Wann ee sech d'Regierungserklärung nämlech ukuckt, da stellt ee fest, dass an deem Paabeier den IVL ëmmerhin zwouanenghalef Säiten anhëlt, an do steet ënner anerem: «Il orientera les démarches du Gouvernement.»

Wann een awer, Här President, den Här Boden erlieft, an dat net nëmmeëm am Dossier Wickrange, da muss ee sech d'Fro stellen: Gëllt d'Regierungserklärung net fir den Här Boden?

De Programme directeur, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz, huet awer eng juristesche Grondlag an ass ëmmerhin, no laangen Diskussiounen mat ville Leit aus dem Land, vum Regierungsrat verabschied ginn an integral am Mémorial publizéiert ginn. An och hie sollt d'Regierung an d'Gemengen - wéll ech drun erënneren - bei hiren Démarchen orientéieren.

Elo si mer eis jo awer hoffentlech eens, dass deen Akafszentrum vun deem mer schwätze géint all Regele verstéisst, déi am Programme directeur festgehale sinn. Ech kéint der hei vill zitieren aus deem Dokument, ech hunn awer déi Zäit net hei, ech wéll just eppes zitieren vun der Sait 33 vun der Partie B), dass wierklech d'Implantatioun vu Centres commerciaux an der Peripherie vun den Uertschaften verhënnert gi soll, dass prioritär innerhalb vun den Uertschaften eppes gemaach gi soll.

Och hei dann d'Fro: Gëllt de Programme directeur net fir den Här Boden an ass de Programme directeur da fir de Landesplanungsminister net Handhab genuch, fir eppes géint esou irrsënneg Projeten ze ënnerhuelen?

Drëtt Feelentwécklung ass déi nach ëmmer feelend Gemengefinanzreform.

Och wann een net mam Projet vum Akafszentrum d'accord ass, esou kann een awer déi Reckenger Gemengeverantwortlech verstoen, wa se nämlech soen: Och mir wëllen ege Recetté schafen an opbauen, fir eis och emol eng Kéier eppes leeschten ze kënnen.

Här President, wann ee wéllt, dass d'Gemengen tëschent der Stad an Esch d'Roll vun der Zone verte interurbaine iwwerhuele sollen an domat sech packe mat hirer wirtschaftlecher an demographescher Entwécklung, da muss een hinnen e finanziellen Ausgläich ginn, soss kann een dat do net vun deene Gemenge verlaangen. An och mengen, Landesplanung ouni finanziell Ureizer, déi brauch ee guer net unzefänken, well dat wäert net fonctionnéieren.

Ech sinn dann elo ganz frou, dass de Weekend am CSV-Parteikongress anscheinend dann och dee fréieren Innenminister zu där Erkenntnis komm ass an eng ähnlech Propos gemaach huet, dass déi Gemengen, déi sech an hirer Entwécklung missten aschränken, eng Kompensatioun sollte kréien. Ech froe mech firwat hien dat net agefouert huet déi Zäit wéi hien nach Innenminister war an dat hätt kënne maachen. Ech froe mech och wéi eng Regierung dann iergendwéi eng Kéier wéllt e finanziell Instrumentarium an de Grëff kréien, wa se net e Fonds régional aféiert.

Elo si mer awer an der Spezialkommissioun gewuer ginn dass, kaum dass de Fonds régional iwwerhaupt ugeduecht war, an anscheinend schon nees gestuerwen ass am Regierungsrat, well dann do och déi eenzel Ministere sech net an hir Kaarten erakucke wéllt loosse an net bereet sinn hir Fongen an e regionale Fong ze stiechen.

Dofir meng Fro, déi haaptsächlech un de Landesplanungsminister geriicht ass: Wéi eng Moyaen wéllt de Minister sech ginn, fir dann deenen eenzelne Gemengen hir ënnerschiddlech Roll am Programme directeur an am IVL ze honoréieren?

A véiertens, a leschten Dysfonctionnement - wann ech dat esou ka soen -, déi onkoordinéiert Virgehensweis vun der Regierung.

Mir sinn der Meenung, dass dës Regierung de Begrëff IVL eigentlech net méi an de Mond dærf huelen, well et muss ee sech drun erënneren, dass deen „I“ fir „Integrativ“ steet. Wann een awer dat Trauerspill am Kontext Wickrange gesinn huet, dann ass dat awer 100%eg de Géigendeel. Méi eng stur sektoriell Approche un dee wichtegen Dossier eru kann ee sech net virstellen, wéi dat wat mer hei erlieft hunn.

Den Här Boden seet Jo zum Projet; anscheinend, esou sinn ech aus der Press gewuer ginn - ech weess net, ob dat stëmmt -, trotz engem negativen Avis vu senger zoustänneger Kommissioun. Den Här Wiseler, anscheinend dann och, laut den Informatiounen vun der Press, plangt schonn - dat muss ee sech och emol virstelle fir ee private Promoteur - en Echangeur op enger Autobunn mat eise Steiergelder! Dat fannen ech och en erstaunleche Virgang. A wat bleift dem Landesplanungsminister nach an deem Dossier? Deen dærf nach de „Rufer“ an der Wüste spillen.

Ob den Här Juncker, dee jo aus Lëtzebuerg wierklech den Akafszentrum vun der ganzer Region maache wéllt, iwwerhaupt eng Meenung huet oder wéi eng hien huet, dat wësse mer bis haut nach net. Oder ass d'Tatsaach, dass mer wëllen aus Lëtzebuerg den Akafszentrum vun der Groussregion maachen, eng Carte blanche fir x esou Projete wéi deen do ze maachen?

An dat do ass déiselwech Regierung, déi zur gläicher Zäit vun de Gemengen verlaangt si solle méi wäit kucke wéi hire Kierchtuerm. Si solle regional zesummeschaffen. Si solle sech konform mam IVL entwéckelen. Ech mengen, dee Message do ass désastréis.

Dofir, Här President, ofschléissend vläicht déi puer wichtegst Froen: Ass dës Regierung, als Ganz wuelverstanen, elo fir dee Projet zu Wickrange, jo oder neen? Wa jo, wéi eng Bedeitung hunn dann nach de Programme directeur an den IVL fir dës Regierung, fir dann automatesch och all déi aner Acteuren, notament d'Gemengen? A wann neen: Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir de Projet dann awer nach vläicht ze verhënnern?

Huet de Landesplanungsminister scho préiwe gelooss, ob en net d'urgence kéint e POS initiéieren, fir op dee Secteur do ze leeën, wou dee Centre commercial soll hkommen, fir dee Projet do vläicht ze verhënnern, ouni awer där Gemeng net eng Chance ze loosse, zum Beispill Handwierksbetriber dohin ze maachen?

Schlussendlech, an dann halen ech op, vläicht déi wichtegst Fro vun allen: Wann deen dote Projet eventuell net méi ka verhënnert ginn, wéi eng dréngend Moossname wéllt d'Regierung dann huelen, fir datt op d'mannst dat nächst Wickrange ze verhënnern ass?

Ech soen lech Merci.

» M. le Président - Merci, Här Gira. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Schank.

Débat

» M. Marco Schank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer grad elo iwwert d'Implantatioun vun engem Centre commercial zu Wickrange schwätzen, dann ass natierlech ee méi bedeutende Sujet, géif ech emol soen, dobäi op d'Tapéit komm, nämlech dee vun der Landesplanung als solch. De Fall Wickrange weist op jidde Fall, dass mer de Moment nach net all déi noutwendeg Instrumenter hunn, fir eng effikass Landesplanung ëmzesetzen.

Ob mir elo esou eng Grande surface zu Wickrange brauchen, sief nach dohigestallt. Et gëtt bestëmmt och gutt Argumenter, déi mer vum Mëtzelstandsminister herno wäerten héieren. Ech wollt virun allem op d'Fro agoen, wou mer am Joer 4 nom IVL mat eiser Landesplanung dro sinn.

D'Landesplanung dærf sécher keen...

(Interruption)

Duerfir schwätze mer och driwwer, Madame Brasseur.

...Niewentenee vun der Zomm vun alle Ministere, alle Verwaltungen an och deenen 116 Gemenge sinn, wou jiddereen nom beschte Wëssen a Gewësse seng Déci-

sioun hält. D'Landesplanung ass an éischer Linn ee Gesetz vun 1999, ee Programme directeur, deen eng Partie Regeln opstellt, deen eng Partie Instrumenter huet, wéi d'Plans sectoriels, wéi d'POS, wéi d'Plans régionaux, déi dann eng ganzheetlech Planung solle méiglech maachen, a wou deen Eenzelen, deen oder déi Ministeren, déi zoustänneg Verwaltung an d'Gemeng ee Projékt a senger Gesamtheit kucken.

D'Fro, déi sech fir d'Zukunft bei alle Zones d'activités commerciale oder artisanale stellt, also net nëmme fir Wickreng, ass déi, ob een, fir esou eng Zon ze maachen, net eng gemeinschaftlech Autorisatioun brauch respektiv ob een op d'mannst niewenteneen, ech soen emol dräi Autorisatiounen muss hunn, nämlech eng vun der Landesplanung, eng vum Mëttelstandsminister respektiv och eng am Kontext vun der Verkéierssituatioun. Dat war jo e bëssen d'Origine vum Gesetz vun 1999. Da misst ee sech d'Fro nach stellen, a wéi enger Reiefolleg déi Autorisatiounen gebraucht ginn.

Mir plädéieren derfir, dass mer relativ séier a wesentleche Punkten an eng Logik kommen, wou eng Rei vu Kritäre muss suivéiert ginn, op déi sech d'Politik muss eens ginn an och entspriechend handele muss. D'Landesplanung däréif net am Eenzelen, mä muss am Gesamte gekuckt ginn. Mir ënnerstëtzen duerfir déi Beméiung vum der Regierung a si frou, dass déi eenzel Plans sectoriels deemnächst wäerte virleien.

An der leschter Ligne droite sinn den Transport, d'Logement, Dir kennt se, d'Ensembles paysagers, d'Zones d'activités. Notamment wäerte se spëtstens um Enn vum éischte Semester 2008 do sinn an déi véier openeen ofgestëmmt sinn, wat jo wesentlech ass, an duerno kënnen an d'Prozedur goen.

Här President, wa mer Lëtzebuerg fir déi nächst Joren a Jorzéngte wëlle fit maachen, da brauche mer en zäitlech openeen Ofstëmme vun deem, wat Stat a Gemenge wëlles hunn. Mir brauchen en enk Zesummeschaffe vun de Ministären. Mir brauchen eng territorial Reform mat enger Kompetenzopdeeling tëschent Stat a Gemengen, déi an dat neit Jorhonnert passt, a mir brauchen, dat ass enorm wichtig, eng Verzahnung vun de Pläng an de Mesuren am Wohnungsbau, am öffentlechen Transport, am Landschaftsschutz a bei der Aarbechtsplazbeschaffung.

Dat heescht deemno, dass all Administratioun, sief dat op Gemengen- oder op nationalem Niveau, sech misst dru gewinnen, dass d'Décisiounen vun enger Envergure wéi Wickreng gemeinsam geholl ginn, am Kontext vun der Landesplanung an a Konformitéit mam IVL. Dat misst een imperative Reflex op allen administrativen Niveauë ginn.

Landesplanung funktionéiert nëmme, wann eng Kooperatioun vun alle Politiques sectorielles assuréiert gëtt a wa se partizipativ geschitt, dat ass och wichtig. Dat heescht, dass all Acteuren op allen Niveauen implizéiert ginn. An natierlech dat Drëtt ass d'Nohaltegkeet, dat Ganz mam Reflex vun der Nohaltegkeet. Derbäi kënn den IVL, deen an der Ofstëmmung vun de sektorielle Pläng eng Roll spillt an an engem Plans de Kader fir déi regional a kommunal Planungen duerstellt.

Här President, ech wollt zum Schluss och nach eng Kéier soen - an den Här Gira huet den Nationalkongress vun eiser Partei ganz gutt suivéiert -, dass mir fir d'Regionaliséierung vun de Zones d'activités sinn. Dëst bedéngt, dass mer awer och ee Verdeelungsschlüssel effektiv brauchen, fir de Produit vun de Recetten effektiv dann och ze verdeelen, wéinst der Egalitéit tëschent de Gemengen, alle Gemengen am Land. Dat heescht och déi, déi no landesplanerische Kritäre keng Chance hunn, fir op hirem Territoire eng Zone d'activités ze hunn, müssen un de Recettë bedeelegt ginn.

Fir dat kënnen ze maachen, brauche mer selbstverständlech deemnächst e Plan sectoriel „Zones d'activités“. Wéi gesot, Enn vum éischte Semester 2008 wäert deen um Dësch leien.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schank. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Här President, léif Kollege, a menger Fraktioun ass gemengt ginn, et misst bei eis een aus dem Süden iwwert dee Sujet schwätzen, well et jo iwwer Wickreng geet a Wickreng am Süde läit.

(Hilarité)

Ech wollt lech soen, Här President, léif Kollege, et kann een engem Promoteur immobilier net béis ginn, wann en en Terrain huet, en huet eng Iddi an e wëllt dann op deem Terrain e Centre commercial bauen. Et kann een och engem Buergermeeschter, enger Gemeng net béis ginn, wann déi dat eng gutt Iddi fënnt, wann déi soen: Firwat solle mir net och emol eppes kréien?

D'selwecht wéi ech zum Beispill der Gemeng Biekerech net béis sinn, dass déi de Pallcenter huet.

(Hilarité)

Dat ass jo och e Centre commercial, dee fir déi Leit aus der Géigend haaptsächlech...

» **Une voix.** - Très bien!

(Interruptions diverses)

» **M. Henri Grethen (DP).** - Jo, jo, ech mengen, fir déi Géigend ass dat sécher eng optimal Gréisst.

(Hilarité)

Ech wëll just soen, ech si kengem béis dowéinst. Ech sinn och net jalous.

Ech si mat de Virriedner d'accord, dass mir hei an eisem Land, wat jo net esou riseg ass, net kënnen deenen enge just d'Avantage ginn, an déi aner hunn d'Laaschten alleguer. An eng Gemeng wéi Recken an der Mess, déi seet sech: Mä mir sinn eng Gemeng ouni gréisser Recetten, ëmgi vu Gemengen, déi Recetten hunn, a mir hätten och gären en Deel vum Kuch! Duerfir sinn déi dofir.

Ech kann och net dem Mëttelstandsminister béis sinn, wann deen am Kader vun deene Kompetenzen, déi seng sinn, gefrot gëtt: Kann ech esou e Center autoriséieren? Muss ech en autoriséieren? Soll ech en autoriséieren?

Hie kann net soen, d'Stroosse sinn net an der Rei. Hie kann net soen, et passt net an déi hei Iwwerleeung oder an déi aner. Hien ass konfrontéiert mat enger Demande, hie muss déi Demande begutachten. Wann en Nee seet, dann huet deen, deen d'Demande gemaach huet, selbstverständlech Rekursméiglechkeeten, an esou wéi een eenzel Uerteeler um Tribunal administratif oder op der Cour kennt, gëtt een do relativ liicht als Minister, wann een d'Rechter vum Bierger tant soit peu froisséiert huet, ëmgedréint.

De fundamentale Problem hei ass e landesplanerischen. Dat ass richtig. Mä de Landesplanungsministerium, dat war jo an der Zäit ëmmer - an dat war net esou domm - an der Hand vum Statsminister. De Statsminister huet dat ofginn, an dee Minister, deen elo déi horizontal Kompetenz huet, deen huet eigentlech Sträit mat all Mënsch.

Ech wollt hei an dëser Debatte nëmme eent soen: Mir hunn an der viregter Regierung den IVL ausgeschafft. Mir hunn déi Aarbechte vum IVL Mëtt 2002 ugefaang a mir hu se ufank 2004 ofgeschloss. Mä mir konnte se nëmme - an de Lead hat deemools de Michel Wolter als Landesplanungsminister - ofschléissen an esou kuerzer Zäit, well d'Ministeren alleguer sech perséinlech an déi Aarbecht implizéiert hunn.

Mir hate quasi all Mount eng Réunioun. Do dertëscht hunn eis Mataarbechter op den Dossiere geschafft, a wa Problemer sech gestallt hunn, dann hu mir déi zesummen, de Fernand Boden, d'Erna Hennicot, den Eugène Berger, de Michel Wolter an ech, an deene Sitzung geléist. Mir hunn net eis Beamten openee schéisse gelooss, déi dann Angscht haten, iergendwéi och nëmme eng Kompetenz ze verléieren.

Ech mengen, wann ee wëllt, wat den IVL recommandéiert huet, déi Plans sectoriels esou séier wéi méiglech ausschaffen, da geet et nëmme iwwer esou en Aarbechtswee, wou bilateral oder multilateral mat deene concernéierte Ministere selwer d'Leitinnen ausgeschafft ginn.

Et deet mer leed - et ass keng Attack géint Beamten -, mä wann een déi ouni de politesche Prabbeli an der Landschaft stoe léisst, da kënn een net weider. Dat gesäit een hei zu Wickreng. Duerfir ass et urgent, dass déi eenzel sektoriell Pläng kommen, dass awer gläichzäiteg derfir gesuergt gëtt, dass net wéi bei de Pissenger - well Pisseng läit jo net ganz wäit ewech vu Wickreng - mat de Kuebe gedeelt gëtt.

(Hilarité)

Dat heescht, dass net déi eng alles hunn an déi aner näischt, mä dass e gerechte „burden sharing“ zwëscht deene verschidene kommunalen Acteure geschitt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Grethen. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projékt ass, wéi et hei scho richtig gesot ginn ass, ganz vill am Land diskutéiert ginn. Eng Rei vu Leit hu sech jo och gefrot, ob d'Gemengenautoritéite vu Reckeng op der Mess net Recht haten, wou se op hir Autonomie verweisen hunn, an hir Absicht, mat engem groussen Akafszentrum d'Attraktivitéit vun hirer Uertschaft ze verbessern.

Doriwwer eraus maache se net just dat, wat zu Lëtzebuerg üblech ass a wat vun der Regierung eigentlech och gefrot gëtt. Kommt, mer erënneren eis: De Statsminister hat bei senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun ganz kloer a ganz däitlech gesot: Lëtzebuerg soll den Haaptakafszentrum vun der Groussregioun ginn. En Akafszentrum, wou déi aner hinkommen, anstatt dass mir bei déi aner ginn.

Och Enquête, déi am Kader vum Programm „Luxembourg, Pôle de Commerce de la Grande Région“ gemaach goufen, sinn zur Konkusioun komm, dass d'Offer hei zu Lëtzebuerg nach net grouss genuch wier. Läit et deemno net op der Hand grad dowéinst e Projékt wéi deen zu Wickreng virzugesinn?

Fir et direkt agangs ze betounen: D'Bedenken an d'Kritik um Projékt Wickreng baséiere virun allem op der Tatsaach, dass dës Regierung - an iwwregens och schonn déi Regierung virun - decidéiert huet anescht ze plangen an anescht ze decidéiere wéi an der Vergaangenheet. Mir hunn e Gesetz vun 1999, dat virgesäit, dass d'Landesplanung en Instrument vum Développement durable soll sinn. A mir hunn e Programme directeur vun 2003, deen der Regierung eng kloer Orientéierung an e Kader fir déi zukünfteg Entwécklung vum Land gëtt.

Mir hunn en integratiiv Verkéiers- a Landesplanungskonzept: dee vill kommentéierten a bei Diskussiounen gären ugefouerten IVL, deen eis wichtig Donnéeë liwwert, opgrond vun deem politesch Décisiounen fir d'Entwécklung vun eisem Land solle geholl ginn. Dat ass wuel e Prozess - an dat gouf schonn hei gesot -, deen nach net ofgeschloss ass, well et feele jo nach eng ganz Rei vu Plans directeur sectoriels a Plans directeur régionaux - obwuel ech ëmmer méi meng Zweifelen dru kréien -, déi zu engem groussen Deel an der Ausaarbechtung sinn.

Trotzdem, an dat muss ëmmer erëm ënnerstrach ginn, déi grouss Linne si bekannt an d'Marschroute ass och kloer definéiert. Ee Beispill: De Pro-Sud, déi zwielef Gemengen, déi vum Programme directeur als Südregioun definéiert sinn, hu sech Leitlinie gi fir dës Regioun IVL-konform ze entwéckelen. Ech wëll domadder net soen, si hätten dat scho komplett ofgeschloss; wäit dovunner. Mä domat sinn enorm Effortë verbonnen an d'Décisiounen an deem Zesammenhang sinn net ëmmer ganz einfach.

Dofir ass och dës Verbond, deen aus zwielef ganz ënnerschiddleche Gemenge besteet, souwuel vun der Gréisst wéi och vun der politescher Ausrichtung hier, unanime fir d'Autorisatioun vum Minister a Fro ze stellen. Ganz dovun ofgesinn, dass Wickreng laut Programme directeur an enger Zone verte interurbaine läit, déi net weider zersiedelt soll ginn. Et ass tatsächlech ganz schwéier novollzëibar, dass an eisem Land e Projékt vun dëser Envergure autoriséiert gëtt, dee keng Rücksicht op landesplanerisch Virgabe brauch ze huelen. Wann dat de Message soll sinn, da kënnen mer eigentlech den IVL apaken.

De Mëttelstandsminister schéngt virrangeg vun der Suerg deriwwer ze sinn d'Offer bei eis am Land ze vergréisseren. Ze denke ginn, misst him awer, dass d'Kommissioun, déi am Kader vun der Genehmungsprozedur hiren Avis ofginn huet, an d'Eenzelhändlerkommissioun vun der Chambre de Commerce en negativen Avis zum Projékt Wickreng ofginn huet. Dora verweise se zu Recht drop hin, dass d'Offer um Lëtzeburger Marché wuel am Moment net all d'Bedürfnisser vun de Clienten ofdeckt, mä dass schonn aner Projete genehmegt sinn, déi am direkten Émkrees vu Wickreng eng wesentlech Vergréisserung vun der Offer mat sech bréngen.

D'Fro stellt sech deemno, ob dat déi richtig Manéier ass, fir nei Clienté fir de Lëtzeburger Commerce ze gewinnen. Ech denken éischer, dass d'Multiplikatioun vun Akafszentren, wa se net grëndlech geplangt sinn an ënnereneen ofgestëmmt sinn, sech géigesäiteg d'Clienten ewechhuelen an zousätzlech dem klengen Commerce an de gewuessenen Uertschaften ronderëm enorm

ze leide gëtt. An dat wëlle mer jo awer och ofschafen. Dat wëlle mer jo awer och net hunn. Och dat ass IVL.

De Fait, dass de Projékt Wickreng gréng Luucht vum Mëttelstandsminister kritt huet, ass net nëmme e Schrëtt an déi falsch Richtung, mä och e politescht Signal, dat net méi bei d'Gesamtausrichtung vun der Politik fir eist Land passt. D'Regierung gëtt domadder an eisen Aen de Message eraus, dass den IVL zwar gutt ass fir an eise Rieden ze gebrauchen, an der Praxis awer net wierklech eng Roll spillt.

An dann, Här President, zum Schluss an am Résumé: D'politesch Absichte vun der Regierung si kloer, zumindest um Pabeier, mä et gëtt nach net genuch rechtsverbindlech Regeln, fir dës Absichten an d'Realitéit um Terrain ëmzesetzen. Mir dierfen awer schonn haut net méi zouloossen, dass weiderhi Faité geschafft ginn, déi eng konsequent Landesplanung mëttel- a langfristeg onméiglech maachen.

Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch, fir Är Interventioun. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen un der Rei.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. D'ADR ënnerstëtzt zu 100% de Projékt vum Akafszentrum zu Wickreng. Éischters läit dee Projékt an der Gemeng Reckeng. Déi ass ausgewisen als eng Zone commerciale artisanale. Zweetens ass am Abléck schonn eng grouss Entreprise do drop, op darselwechter Plaz. Vis-à-vis vun där Plaz ass och haut schonn e relativ grousst Sports- a Kleedergeschäft. Drëtens besteet en direkten Accès vun der Autobunn op dee Site hei. Véiertens ass eng Dräikantonsstrooss, déi do derlaanscht fiert. A fënneftens ass jo - an ech huelen un, datt dat nach ëmmer esou ass - eng Zuchstreck vun Esch an d'Stad geplangt, déi och ganz genau 50 Meter derlaanscht geet.

Ech kennen also keen Akafszentrum, keng Grande surface am ganze Land, Här President, déi - wa mer vun IVL schwätzen, wat den Transport ubelaangt, d'Hin- an d'Bäifueren - méi konform wier wéi grad deen dote Site. Et gëtt kee Centre commercial am Land, deen esou direkt un enger Autobunn, mar direkt un d'Zuchverbindung ugebonden ass wéi grad déi dote Plaz.

A wa mer, Här President, da vun IVL wëlle schwätzen, da gesäit een och wéi verréckt eis Iwwerleeungen am Kader vum IVL sinn. D'Gemeng Monnerech ass eng IVL-kompatibel Gemeng anscheinend, d'Gemeng Reckeng net. Vis-à-vis vun dëser Strooss ass d'Gemeng Monnerech, a lénsch derniewent ass och d'Gemeng Monnerech. Also déi aner Säit si mer an enger IVL-kompatibeler Gemeng, an dës Säit vun der Strooss si mer a kenger IVL-kompatibeler Gemeng. Do gesäit een och wéi absurd déi Iddi vum IVL ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech mengen, et sollt een ophalen an déi dote Richtung ze plädéieren.

Dat gesot, Här President, wëll ech soen: Mir ënnerstëtzen duerfir zu 100% dee Projékt. Ech muss och éierlech soen, dass ech et e bëssen traureg fonnt hu vun enger Gemeng wéi Esch, datt déi sech esou an d'Politik vun enger Nopeschgemeng ageméicht huet, wéi dat den Escher Gemengerot gemaach huet. A wat d'Madame Mutsch elo grad hei gemengt huet, dat géif op Käschte vun deene klengen Geschäftsleit goen, wann esou eng Grande surface dohinner géif kommen, da géif ech gäre vun der Madame Mutsch awer och wëssen, wann dee Centre géif op Esch kommen, ob se et dann och nach d'selwecht géif mengen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Mir gefällt et ëmmer: IVL, IVL hin an hier, IVL-konform oder net -konform. Wou kann ee konform zu eppes sinn, wat et guer net gëtt an iwwerhaapt net fonctionnéiert? Dofir ass déi Diskussioun, ob een IVL-konform ass oder net, fir mech einfach iwwerflësseg.

D'Diskussioun geet hei fir mech einfach drëm - an dat hunn ech och schonn zu Esch gesot - : Wivill Commerce brauche mer - net nëmmen hei am Land; et geet iwwer d'Landesplanung ewech? Wivill Commerce verdroe mer hei am Land, an doriwwer eraus an der Groussregioun?

Doriwwer ass nach guer net diskutéiert ginn. Well mer sinn net hei op enger Insel, wou och an der Groussregioun intensiv dru geschafft gëtt, fir d'Clients dohinner ze zéien. Do ass einfach d'Fro, et muss gekuckt ginn: Wat kënnen mer verkrafte vu Groussakafsflechen hei am Land an niewendrun, fir dass net een deem anere Konkurrenz mécht an dass dat op d'Käschte vun den Aarbechtsplaze geet? Dat ass d'Fro.

D'Diskussioun och bei deem Akafszenter vu Wickreng - an natierlech ass e bei enger Autobunn -: Wat fir eng Uertschaft hei am Land ass net no bei enger Autobunn? Well ech menge mir hu bal iwwerall Autobunn a mir hunn iwwerall Uertschaften.

An dofir froen ech einfach: Wéi ass d'Diskussioun iwwer den öffentliche Transport? Ech ka mech erënneren, dass ech eng Kéier zu Éilereng geschafft hunn, dat ass jo net ganz wäit ewech, do fiert eemol am Dag e Bus hin. Dat heescht öffentliche Transport ass keen do, fir op Wickreng ze kommen, dat ass emol déi eng Tatsaach. An déi aner Tatsaach ass, dass, wann iergendwann eng Kéier eng Zuchlinn do laanschtgeet, dat ass vläicht, esou wéi mir plangen a schaffen, a 25 Joer an dann ass deem Akafszentrum do scho vläicht erëm iwwerlieft.

Also, fir mech geet et hei net nëmmen ëm d'Landesplanung, fir mech geet et och ëm d'Diskussioun: Wat hu mir dann elo schonn derniewent? Mir hunn zu Féiz e groussen Akafszentrum. Mir hu souguer zu Éilereng selwer, 100 Meter méi wäit, ee Geschäftszentrum. Mir hunn zu Esch, an dat muss een och emol soen: Plaza 1, Plaza 2, mat esou vill 1.000 Meter carré, och erëm Akafszentren. Dofir ass d'Fro einfach: Wat géif deem Akafszentrum do bréngen? Dat geet iwwer Wickreng eraus. Mä wat géif e bréngen?

A wann ee seet e géif eng Plus-value un Aarbechtsplaze bréngen, da muss ee sech an deemselwechte Moment awer d'Fro stellen: Wat riskéiert een, dass op enger anerer Plaz Aarbechtsplaze verschwannen, just eben am klengen Commerce, just eben am Middelstand? Dat ass d'Fro an déi Fro stellt sech net nëmme fir Esch. Déi Fro stellt sech fir Bieles, fir ronderëm.

» **M. le Président.** - Här Jaerling, kommt zum Schluss, wann ech gelift!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - War ech esou laang, Här President?

» **M. le Président.** - Jo, jo. Dir hutt schonn...

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - A wien hätt dat geduecht! Also, wou ech elo emol eng Kéier zu Wuert kommen, muss ech schonn erëm ophalen.

(Hilarité)

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Fernand Boden, Middelstandsmi- nister, huet d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwer den Akafszentrum zu Wickreng ass jo scho vill diskutéiert a geschriwwen ginn, ganz kontrovers wéi dat och haut de Mëtteg hei de Fall ass.

Ech wëll soen, dass, fir esou ee groussen Akafszentrum opzerrichten, eng ganz Rei vu Genehmigungen néideg sinn. De Middelstandsmi- nister, de Buergermeeschter muss eng Baugenehmigung ginn, den Intérieursmi- nister, den Travaux-publics-Minister, den Émweltminister an den Aarbechtsminister beim Kommodo-Inkommodo.

An, Här Gira, d'Ministere mussen sech un d'Gesetz halen. Jiddferee muss sech bei senger Décisioun géint déi jo - wéi den Här Grethen dat zu Récht gesot huet - bei de Geriichtsinstanze kann Asproch erhewe

ginn, op déi gesetzlech a reglementaresch Bestëmmunge beruffen a baséiere fir déi hien d'Verantwortung dréit.

Esou kann de Middelstandsmi- nister net e Projet refuséieren, well en éischter iergend- wou aneschters besser higepasst hätt. De Buergermeeschter ka seng Baugeneh- mung net refuséieren, well de Projet anere Geschäfte ze vill Konkurrenz géif maachen. Den Émwelt- an den Aarbechtsminister kënnen net hir Kommodo-Inkommodo-Geneh- mung refuséieren, well ze vill Verkéier do da wär. Jiddferee muss, wéi gesot, sech op d'Dispositioun vu senger Gesetzgebung beruffen, soss gëtt hie vun de Geriichter ouni Zweifel direkt zrëckgepaff.

An de Gesetzgeber wollt, dass bei groussen Geschäfte oder groussen Akafszentre fir d'éischt de Middelstandsmi- nister soll ëm eng Autorisatioun gefrot ginn eier iwwer eng Baugenehmigung ze befannen ass.

Am Mee vun dësem Joer ass vun der S.A. Wickrange Shopping Center eng Demande bei mir agereecht ginn, fir zu Wickreng en Akafszentrum vun insgesamt 31.540 m² Ver- kafsflech ze erlaben. Dës Demande ass dunn no de Bestëmmunge vum Gesetz vum 4. November 1997, dat eng maximal In- struktionsdauer vun dräi Méint virgesäit, ge- préift ginn, an d'Gesetz vum 4. November 1997, un dat ech mech ze halen hunn, gesäit vir, dass eng „Autorisation grande sur- face“ ka refuséiert ginn. An ech zitëiere vu Franséisch op Lëtzebuergesch iwwersat: „wann de Projet riskéiert d'Gläichgewicht an de betroffenen Haapthandelsbranchen a Gefor ze bréngen, op nationale, regiona- lem oder kommunalem Plang“. An, wéi ge- sot, op dës gesetzlech virgeschriwwen Kritäre muss ech mech baséieren an och dorobber beschränken, wann ech de Projet refuséiere wëll.

An no enger detaillierter Analys vum Dos- sier, dat war e ganz décken Dossier, no Récksprouch mat de Promoteuren a mat anere Concernéierten hunn ech dunn den 23. August 2007 mäin Accord ginn, net fir déi gefroten Akafsflech, mä fir eng ganz staark reduzéiert Verkafsflech. D'Verkafsf- flech ass nämlech insgesamt vun 31.450 op 22.971 m², also ëm 27% reduzéiert ginn, an dat besonnesch an deenen Handelsbran- chen, déi riskéiert hunn de regionalen Équi- liber am Handel a Fro ze stellen, wat jo och de Kritäre vum Gesetz entsprécht. Et si mi- nus 44% an der Alimentatioun komm, et si minus 33% am Électroménager ginn.

» **M. le Président.** - Här Minister, ent- schëllegt, den Här Gira wëllt just an deem doten Zesammenhang eng Fro stellen. Er- laabt Der déi?

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Jo, jo!

» **M. le Président.** - Gutt, Här Gira, haalt lech wann ech gelift kuerz.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Ech hunn zwou Froen, Här President.

Éischters: Ass et richtig, wat een an der Press liese konnt, dass déi zoustänneg Kommissioun, déi och an deem Gesetz, wat Der zitëiert hutt, virgesinn ass, lech en ne- gativen Avis ginn huet? Wat ass dann nach de Sënn vun esou enger Kommissioun, wann Der lech iwwer deem Avis ewech- setzt?

An zweetens: Gëllt dat hei Dokument fir lech da bei Ären Iwwerleeungen net, dat ass de Programm directeur, en immens volumi- néist Dokument, wat an engem Gesetz vir- gesinn ass a wou drasteet, dass d'Regie- rung, an ech huelen un domat och automa- tesch all eenzelne Minister, sech misst do- run orientéieren?

» **M. le Président.** - Här Gira, ech ver- stinn zwar Är Froen, ech hätt awer geduecht et géif een emol fir d'éischt de Minister seng Duerleeungen dohinnerleeë loosser an da Froe stellen. Op déi Froen, déi Dir elo opge- worf hutt, denken ech, kënnt den Här Mini- ster am Laf vun enger Interventioun.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Ech hu schonn drop geäntwert. De Minister muss sech un d'Gesetz hale wat hie concernéiert, un déi Kritären, déi an deem Gesetz stinn, an dat sinn déi Kritären, déi ech elo grad genannt hunn.

(Interruption)

De Middelstandsmi- nister kann net soen - an dat hunn ech och grad gesot -, de Projet därerf net kommen, well en op eng aner Plaz géif besser hipassen an net heihinner passt. Wann ech dat géif maachen, da géif d'Ge- riicht soen: De Middelstandsmi- nister huet seng Pouvoiren iwwerschratt an dee gëtt

zrëckgepaff! Also, do géife mer eis nach lä- cherlech maachen a Schuedensersatz be- zuele mussen. Huet dat och emol eng Kéier zur Kenntnis, Här Gira!

(Interruption)

An zweetens, an dat hunn ech och grad ge- sot, ass dee Projet,...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Lauschtert elo emol dem Här Minister no!

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - ...deen ech accordéiert hunn, net de Projet initial. Déi Verkafsflech, déi vun der Kommissioun aviséiert ginn ass, gouf ëm 28% erofgesat, a besonnesch an den Handelsbranchen, déi den Equilibre hätte stéiere kënnen, hu mer versicht ganz staark Reduktiounen ze kréien, fir ebe just deene Kritäre vum Gesetz, vum Equilibre am Com- merce Rechnung droen ze kënnen.

An ech hat och iwwerengs d'Promoteure versicht dovunner ze iwwerzeegen - loosse mer et emol esou soen -, dass et besser Sitë géifen zu Lëtzebuerg gi wéi deem dote Site, fir esou een Akafszentrum ze maachen. Ech hat hinnen zum Beispill d'Nordstad ge- nannt. Ech hat hinnen zum Beispill de Centre-Est vu Lëtzebuerg genannt. Dat huet si awer net interesséiert. Si si vun hirem Site iwwerzeegt. An den Här Gibéryen huet eng Rei vun Avantagé fonnt an huet se jo och duergeluecht. De Site ass net esou schlecht ugebonne wéi heiansdo gesot gëtt. E läit net onbedéngt esou schlecht wéi heiansdo gesot gëtt, well ronderëm wunne ganz vill Leit. E läit tëschent dem Zentrum an dem Süden, wou ganz vill Leit wunnen.

An ech muss soen, wann een e bëssen ob- jektiv ass, da misst een och soen, dass dee Shoppingzentrum do mat där elo autori- séierter Verkafsflech net nëmmen eppes lersénneg ass, Här Gira, wéi Der gesot hutt, mä datt och eng Rei vu positive Saache mat deem Zentrum verbonne sinn.

Et ass éischters emol en interessanten, fir Lëtzebuerg innovative Projet, deen net den Alimentationsberäich als Lokomotiv hält, mä deem dës Kéier den Textilberäich als Lo- komotiv hält. A just am Textilberäich wesse mer, dass do vill Kafkraaft verluer geet an d'Ausland. De Stateg huet dat virgeregnet. Mir hunn e Kafkraaftverloscht an der Branche „Habillement“ vu 27,8% an d'Aus- land.

An dofir, mengen ech, et wär wichteg ze vermeiden, dass mer en Akafsverloscht, be- sonnesch an deem dote Secteur, weider an d'Ausland hunn, mä au contraire ze versi- chen, fir esou Zentren hei am Land opze- richten.

An ech kann lech nëmmen eent soen: Et ass och ënner anerem duerch dës Autorisa- tioun vermide ginn, dass dësen Akafszent- rum sech op där anerer Säit vun der Grenz géif néierloossen. Dann hätte mer nëmmen Nodeeler dovun an absolut kee Virdeel. Dat ass mer jo oft reprochéiert ginn, dass do ron- derëm d'Grenze sech géif viles implantéie- ren a mir géifen einfach nokucken, well mir géifen déi Saachen do all verbidden.

(Interruptions diverses)

Da wëll ech och nach soen,...

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Dat sinn Hypotheesen.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - ...datt mer eng Entwécklung hu vun der Demographie, dass mer eng Entwécklung hu vun der Kafkraaft vun de Lëtzebuerg, an dat dofir duerch dës Entwécklung nei Verkafsflechen hei am Land méiglech sinn, ouni den Equilibre ze stéieren. An datt mer schliesslech och an der Regierungserklärung, oder op d'mannst an den Erklärung vum Premier an an der Tripartite festgehalten hunn, dass mer aus Lëtzebuerg den Handelspôle vun der Groussregioun maache wëllen. Dat heescht, dass mer eis Geschäftsstroossen an de Stied méi interessant maache sollen.

Do ginn et Programmer derfir. Mä op där anerer Säit muss mer och kucken, dass mer op Lëtzebuerg interessant Geschäftszentre kréien, déi d'Leit unzéien, déi esou attraktiv sinn, dass och Leit aus dem Ausland op Lët- zebuerg - zum Beispill Habillement - akafe kommen, an dass d'Lëtzebuerg méi staark fidéliséiert ginn, dass si hei am Land an net onbedéngt an d'Ausland déi Saache kafe ginn.

Da wëll ech awer och nach soen, dass dat hei mat der Schafung vun iwwer 1.000 Aar- bechtsplaze verbonne ass, wat och net näischt ass. Soss gëtt jo ëmmer geklot mer géifen net genuch Aarbechtsplaze schafen.

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Ech erliwien hei grouss Erfolgs- meldungen, wann iergendee Betrib heihin- ner kënnt, dee laang net esou vill Aar- bechtsplaze bréngt. Deen heite bréngt der iwwer 1.000. Och dat ass eppes, wat ganz sécher net nëmmen negativ ass.

Da wëll ech och soen, dass ee vun de Pro- moteuren op d'mannst eng ganz grouss Ex- perienz huet an deem dote Secteur. Ech denke schonn, dass et eng weider Attrak- tioun ass fir de Lëtzebuerg Geschäft- pôle, dee mer wëlle schafen. Ech wëll elo ophalen, well den Här Innenminister a Mini- ster vum Aménagement du Territoire och nach wëllt heizou Stellung bezéien, am Kon- text vun deene Froen, déi méi am Kader vum IVL an Aménagement du Territoire ge- stellt gi sinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. De Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri- toire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fall Wickreng ass e Paradebei- spill, e gut Beispill, wou een d'Limitë vun der Landesplanung ganz gutt kann novollzéien. Mir sinn hei an engem Rechtsstat, wou jidd- feree seng Rechter huet. Wann een awer un eng indikativ Landesplanung gleeft, wann een un e geuerdneten, nohaltege Wuess- tem vun eise Land Lëtzebuerg gleeft, da brauche mer schnellstens - schnellstens! - e rechtliche Kader u Rechtssécherheet, fir kënnen eist Land esou wuessen ze loosser, wéi mer eis dat virgeholl hunn a wéi et och am Regierungsprogramm steet.

Wickreng ass, wéi ech gesot hunn, e Para- debeispill, well mer hei e Planungsrecht hunn aus de 70er an aus den 90er Joren. Dat kann een de Leit net ewechhuelen. Duerfir kann hei ënner verschiddene Kon- ditiounen op där Plaz, wat eng Zone d'activi- tés économique ass, gebaut ginn. Dat ass esou kloer wéi Bulletszopp.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Den Här Mi- nister huet där giess.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri- toire.** - D'Spillregele sinn déi heiten. Ech wëll och emol eng Kéier kloer an däitlech soen, wéi de Fall Wickreng weidergeet. Et ass och elo net esou, dass wa Wickreng gebaut gëtt, dass dann d'Landesplanung verluer hätt, a wa Wickreng net gebaut gëtt, hätt d'Landesplanung gewonn.

Fir mech ass et kloer: Hei muss de Gewën- ner dee sinn, dee versteet, dass mer schnellstens Plan-sectoriel brauchen, an dass mer schnellstens kucken déi Instru- menter, déi d'Landesplanung huet, kënnen ëmzesetzen, fir kënnen kohärent ze wuessen. Dat ass fir mech dat, wat ech hei wëll soen.

Dem Här Gira wëll ech soen, dass mer an deem éischte Plan sectoriel eréischt zwee oder dräi Joer amgang sinn. Dass et selbstverständlech ass, dass mer bei esou enger Planungsarbecht nach net kënnen um Enn sinn, well d'Gemengen hunn notam- tent sechs Joer Zäit fir hir PAGen ze maachen. Se brauchen heiansdo nach e Joer méi - dat verlaange se elo schonn -, well verschiddene Oplage kommen: Loosst eis Zäit, dass mer kënnen eng gutt Aarbecht maachen. Mä d'Politik muss hei un engem Strang zéien.

Wickreng wäert elo esou goen: Op deem ganzen Areal läit de Moment e PAP op en- gem Deel, deen aus dem Joer 2000 da- téiert, wou d'Ateliere Rollinger sollte ver- gréisst ginn. Dee PAP muss ewechgeholl ginn. Dat heescht, do muss eng Prozedur gemaach ginn am Gemengerot vun der Ge- meng Reckeng. Wann dee PAP gemaach ass, dann hu mer en neutralen Terrain do leien, an da kéint dorop gebaut ginn ënner verschiddene Konditiounen.

Deen Zentrum, deen elo hei ugeschwat gëtt, kann op deem Areal entstoen, wann: 1. net méi wéi 50% vum Nettobauterrain ver- baut gëtt; 2. wann net méi wéi 3 m³ pro m² vum Nettobauterrain verbaut ginn an der Héicht; 3. wann d'Maximalhéicht net méi wéi 9 m ass; 4. wa maximal zwee Stäck kënnen entstoen; 5. wann e Recul gehale gëtt vu mi- nimum 6 m zu den Nopeschterrainen a wann 20% vum Nettobauterrain Zones ver- dure sinn.

Wann all déi Konditiounen erfüllt ginn, kann do eppes gebaut ginn. Dat ass Rechtsstat an dat geschitt dann och. Do kann de Lan- desplanungsminister näischt maachen. Do huet de Landesplanungsminister keng Handhab. Wann awer eppes méi geschitt wéi dat do, wann eppes net respektéiert

gëtt, dann hält de Landesplanungsminister seng Responsabilitéit. Mä dat sinn eben d'Konditiounen vun der Stee.

Duerfir musse mer kucken, schnellstens - ech soen et nach eng Kéier, ech hunn et schonn dräimol gesot - déi Plan-sectoriellen ze kréien an och dee vun de Zones d'activités économique. Duerfir musse mer schnellstens eng regional Approche kréien, esou wéi zum Beispill am Weste vum Land, wou dës Deeg d'Gemenge Mamer, Habacht, Stengefort, Garnech a Kiele sech e Syndicat ginn hunn, fir an deem Raum vum Land och eng kohärent Politik ze maache wat d'Zones d'activités économique ugeet. Also, esou eng Approche brauche mer, wou mer Schwéierpunkter festleeën, wou mer also wierklech eng national Streueung kréien.

Da ginn déi Gelder och ëmverdeelt an deene Regiounen, wou déi Syndicater sinn, fir déi Zones d'activités économique. Da gëtt och ganz kloer dono, wann d'Aarbechten och vun där Spezialkommissioun, déi elo op hiert Enn zouginn, fäerdeg sinn, en neie Gemengefinanzmechanismus muss ausgeschafft ginn, fir dass déi Iwwerleeungen, déi de Buergermeeschter vu Reckeng, deen ech de Moie gesinn hunn an engem konstruktive Gespréich, seet: Majo, ech hätt dat doten awer gären. Ech kréie méi Suen a meng Keess. Wat säi gutt Recht ass, wat awer trotzdem an engem gewësse Sënn zweifelhaft ass, weil hei den Intérêt communal ganz kloer virum Intérêt général steet.

Also, déi Situatioun muss geännert ginn. De Landesplanungsminister zesumme mat de Kollegen an der Regierung wäerten an där nächster Zäit hoffentlech Gas ginn, dass mer schnellstens déi Plan-sectoriell kréien, an dass mer da kënnen eis Gemenge staark gi loossen an enger kohärenter Approche. Dat ass, mengen ech, dat, wat ech haut de Mëtten hei wollt soen. Mir musse mat deenen Elementer, déi um Dësch sinn, liewen. A mir sollten déi richteg Konklusiounen aus deenen Diskussiounen hei zéien.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun dëser Debatte ukommen.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Motioun vum Här Gira iwwer en Audit am Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire. Här Gira.

2. Motion de M. Camille Gira relative à l'établissement d'un audit au sein du Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), auteur.** - Merci, Här President. Et wier ganz vill ze soen zu deem Punkt virdrun. Just ganz kuerz: Ech maache mer méi Plaz a menger Bibliothéik doheem a wäert de Programme directeur an de Pabeierkuerf geheien. Dat ass op jidde Fall meng Konklusioun.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Gira, dee Punkt ass ofgeschloss. Schwätzt elo zu Ärer Motioun. Dofir hutt Dir d'Wuert kritt.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), auteur.** - Ech maachen dat direkt, Här President.

» **Une voix.** - Hien hat dach gesot wat hie mécht.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), auteur.** - Ech muss mech fläissen, weil déi fënnf Minutte gi wierklech net duer fir all déi Kloen hei opzelëschten, déi een a leschter Zäit vun de Gemengen iwwert d'Fonctionnement vun Innenministère héieren huet. Déi Kloe kommen aus alle Géigende vum Land. Si komme vu klengen a vu groussen Gemengen. Déi Kloe sinn och onofhängeg vu politesche Majoritéiten. Ech erënneren un eng Rei Pressekonferenze vu Südbuergermeeschteren. Dat waren der éischer vun der LSAP an der DP. Ech kann awer och Schlagzeilen aus Gemengerotsberichter hei zitieren, déi éischer vun CSV-Buergermeeschtere geleet ginn: „Warten auf staatliche Unterstützung“, „Kritik an langwierigen staatlichen Prozeduren“. Also, dat geet duerch d'Bank vun alle Gemengen eriwier.

D'Dysfonctionnement, déi dem Innenministère virgeworf ginn, sinn ënnerschidd-lecher Natur:

Struktureller Natur; zum Beispill duerch d'Existenz vun den Distriktskommissariater, déi wierklech net zu enger schneller Evaluierung vun den Dossiere féiert.

Organisatorescher Natur; zum Beispill, dass regelméisseg Dossiere verluer ginn oder guer keng Äntwerte kommen oder et jorelaang dauert bis Äntwerte kommen.

Oder politescher Natur; zum Beispill, dass den Innenministère ëmmer méi dacks d'Opportunitéit vu kommunalen Décisiounen kontrolléiert an ënnersicht, amplaz esou wéi d'Constitutioun dat virgesäit just d'Legalitéit kontrolléiert, mam Resultat dass ëmmer méi Gemenge musse viru Geriicht goen, fir schlussendlech zu hirem Recht ze kommen. Wann een dat suivéiert, stellt ee fest, dass och wierklech an der grousser Majoritéit vun de Fäll d'Gemenge virum Tribunal administratif gewonnen. Siehe zum Beispill och de wichtige Prozess vun der Gemeng Suessem, wat d'Ausleeung vum Gesetz vun 2004 ubelaangt.

A schlussendlech net ze vergiessen eng Rei wichteg Dossieren, wou den Innenminister d'Gemengen awer total am Ree stoe gelooss huet. Ech erënneren un d'Stroumliberalisierung, wou mer rezenterweis schonn e puermol hei diskutéiert hunn. Ech erënneren un de Klimaschutz. Ech erënneren och un d'Maisons relais, wou d'Gemengen, well se net gehollef kréien, keng aner Lösung fanne wéi déi out ze sourcen an eng A.s.b.l. Wéi wa mer da wierklech eppes geschafft hätten!

D'Flemm iwwert d'Bourbonsgaass gëtt ëmmer méi grouss am Gemengesector. D'Vertraue vun de Gemengen an den Innenministère huet uerg gelidden déi lescht Zäit. Dat ass duebel bedauerlech, Här President. Grad an engem Moment, wou d'Regierung vun de Gemengen erwaart - an zu Recht erwaart, eiser Meenung no -, dass si mat op de Wee gi vun enger Territorialreform.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Gréng fänkt d'Territorialreform am Innenministère un. Dofir proposéiere mir, well fir eis déi Territorialreform esou wichtig ass a well se ouni Vertrauensbasis tëscht Innenministère a Gemengen net ka fonctionnéieren, en onofhängegen Audit. Well mer der Meenung sinn, dass mer net weiderkomme wann den Innenministère sech elo selwer évaluéiert an analyséiert.

Mir proposéieren en onofhängegen Audit, dee géif eng Analys vun deene bestehende Strukturen maachen, och op déi Kritike lauschteren, déi vu ville Gemenge kommen, an emol analyséiere wat dann do tatsächlech drun ass, ob et do wierklech Dysfonctionnement gëtt oder ob do méi strukturell Problemer sinn, a schlussendlech eng Propos fir eng Reorganisatioun vum Innenministère zesumme mat den Distriktskommissariater. An nodeem praktesch vun alle Parteien, entweder a Pressekonferenzen oder hanner virgehalener Hand, ähnlech Iwwerleeunge gefouert si ginn, misst dës Motioun jo eigentlech eng breet Majoritéit fannen.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Schank.

Discussion générale

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei eng Motioun virleien déi freet fir en Audit ze maachen am Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, fir déi verschidde Strukturen, Prozeduren, awer och d'Effizienz, d'Koordinatioun, net fir d'lescht och an der Optik - net nëmme, mä och an der Optik - vun der territorialer Neiuordnung ze analyséieren.

Am Regierungsprogramm vun 2004 goufen eng Rei Objektivier fixéiert, op déi ech elo net am einzelnen agoe wäert. Duerfir ass d'Zäit net. Ech wëll just zwou Saachen erausgräifen. Et gouf festgehalten, ënner anerem, Plans sectoriels ze maachen. Do hate mer scho Rieds am Sënn vum IVL. Et ass awer och vun enger Coopération intercommunale geschwat ginn, déi ee wëllt verbessern, zum Beispill iwwert de Wee vun der Communauté urbaine a virum allem och iwwert d'Finanzéierung vun de Gemengen. Och déi sollt op de Leescht geholl ginn.

Nodeems déi nei Regierung dunn 2004 d'Aarbecht opgeholl huet, gouf den 29. Abrëll 2005 vum Innenminister ee Concept intégratif pour une réforme territoriale et administrative au Grand-Duché du Luxembourg virgeluecht. An deem Pabeier gouf ënner anerem op d'Kreatioun vun neie Kategorie vum Établissements publics an och op de Kontext vun der Kooperatioun tëscht de Gemengen agaangen.

Ënner anerem d'Communauté de communes, moyen obligatoire respektiv facultatif, d'Communauté urbaine oder och déi EPClen, d'Établissements Publics de Coopération Intercommunale. Et goufen awer och d'Intéréten, d'Perspektive vu Gemenge-

fusione respektiv gouf ee Kader fir Gemengefusione virgestallt. Souwäit ech weess an informéiert sinn, wäert den Innenminister deemnächst ee Kadergesetz fir Gemengefusione presentéieren. Eng weider Propos vum Minister an deem Konzept sinn déi sougenannten EPCRen, dat sinn d'Etablissementer fir déi regional Koordinatioun, fir eng Zesummenaarbecht um Niveau vun de Regiounen unzestriewen.

Dann och nach ee Wuert zur Finanzéierung. Et ass zum Beispill d'Kreatioun vum Fonds de dotation à l'équipement communal proposéiert ginn, fir nieft deem bestehende vun der Dotation financière een neien Outil ze hunn, deen eben am Kontext vun den Investissementer an de Gemengen dofir geduecht ass. Een Instrument, dat transparent wier, wou méi Transparenz da wier, an och wou ee kéint kontrolléieren, wat d'Regele fir d'Attributioun vun deenen Aiden insgesamt fir d'Gemengen ugeet. Däitlech deemno de Wëllen an d'Initiativ vum Innenminister fir sech modern Strukturen ze ginn, fir eist Land méi performant ze maachen.

Här President, ech kéint elo nach eng Partie Proposen aus deem Pabeier do hei viru ginn. Duerfir ass d'Zäit net. Ech wollt awer soen, fir déi territorial Neiuordnung séier an effikass virunzebréngen, ass - Dir wësst dat - am Februar 2005 d'Spezialkommissioun fir déi Réorganisation territoriale an d'Liewe geruff ginn. An dëser Kommissioun ass zënterhier ganz vill geschafft ginn.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Geschwat ginn.

» **M. Marco Schank (CSV).** - Geschwat ginn. Et sinn Avisë gefrot gi vun alle Säiten. Et sinn eng ganz Partie Aspekter vun der Reform méi kritesch analyséiert ginn, Här Gibéryen, an och diskutéiert ginn. Et ass ee Rapport intermédiaire gemaach ginn. A mir hunn ee Froekatalog un d'Regierung gemaach, dee mer deemnächst wäerten erëmkréien.

(Interruption)

Ech weess dat ganz sécher, Här Gira. Duerfir wollt ech dat och elo hei nach eng Kéier soen. An den nächste Woche wäerte mer déi Äntwerten dann och diskutéieren. D'Kommissioun wäert dann och dono kënnen hire Rapport finaliséieren. D'Konklusiounen wäerte mer doudsécher dann och op dëser Plaz debattéieren.

Ech sinn der Meenung, wa mer schonn eng Spezialkommissioun op d'Bee stellen, da soll an da musse mer dem Innenminister d'Chance ginn op d'Resultater an d'Konklusiounen vun dëser Kommissioun ze waarden. An et ass jo och net esou wéi wann am Ministère net geschafft gi wier, besonnesch och am Hibleck vun der Territorialreform, zum Beispill mat de Plans sectoriels, déi deemnächst wäerte virleien. Mä et ass och probéiert ginn un der Basis mat de Gemengen ze schwätzen a Regionalversammlungen iwwert den IVL, iwwert d'Territorialreform an esou weider.

Här President, am Zesammenhang vun all deem, wat ech elo exposéiert hunn, schéngt et logesch, dass d'CSV-Fraktioun dës Motioun net wäert stëmmen. Par contere wëlle mer dem Minister an och der Spezialkommissioun eng Chance gi fir d'Aarbechten zu engem uerdentlechen Enn ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schank. Den honorabelen Här Helminger huet d'Wuert.

» **M. Paul Helminger (DP).** - Här President, ech ginn emol dervun aus, dass et an där Diskussioun, déi mer haut iwwert déi Motioun hunn, déi eis Kollege vun de Gréng virgeluecht hunn, am Fong drëm geet fir ze probéieren eng weider Äntwert drop ze ginn, ob mer et fäerdeg bréngt fir dee Stat hei ze moderniséieren, fir en esou opzestellen, dass en an där internationaler Konkurrenz, an där mer sinn, kann iwwerliewen. Do ass nun eben de Gemengenniveau een Niveau, deen och ganz staark gefuerdert ass.

Ech ka mech erënneren, dass ee vun eise groussen Avantagen eng Zäitcheen dee war, dass mer am Fong kuerz administrativ Weeër haten, dass mer transparent Décisionmechanismen haten, an dass déi Décisiounen och séier konnte geholl ginn. Ech brauch elo net op déi Debatte vu virdrun zréckzekommen, déi jo awer gewisen huet, dass bien entendu déi zwee Ministeren, déi hei intervenéiert sinn, Recht hu fir ze soen, dass jiddferee fir sech muss un déi Gesetzgebung halen, déi hie concernéiert. Mä ebe wat feelt, dat ass déi iwwergräifend Approche zu deene Problemer, déi sech haut

stellen, an datt eben déi Approaché fir ze soen: „Ech hale mech un déi Gesetzer, déi main Département ugin“, net duerg fir eist Land an dat 21. Jorhonnert op eng Manéier eranzeféieren, déi em déi Iwwerliewenschancé gëtt a se voll notze léisst, déi et effektiv huet.

Wat d'Gemengen ubelaangt, ass eigentlech dee Wee an eisen Ae relativ kloer virgezeechent. Et geet virum allem drëm - ech mengen, et ass keen heibannen, deen e Problem domadder hätt -, fir deen Niveau vu Verwaltung, dee mer am Land hunn an dee sech an de Gemengen néierschléit, ze respektéieren. Mä och deen Niveau muss moderniséiert ginn. Dozou brauche mer dann en Ofschloss vun där Diskussioun, wou effektiv vill analyséiert, vill geschwat, vill Pabeier produzéiert ginn ass.

Wat sinn dann do an engem moderne Stat am 21. Jorhonnert déi iwwergeuerdnet Rolle vum Stat, an anerersäits déi vun de Gemengen? Wat sinn do déi Missiounen?

Eréischt wa mer déi Missiounen kloer definiéiert hunn, kënnen mer eigentlech deen nächste Schrëtt goen a soen: Si mer territorial esou organiséiert, dass mer kënnen déi Missiounen, déi um Gemengenniveau musse erfüllt sinn, jee no Gréisst vu Gemengen och effektiv dann erfüllen?

An drëttens: Wat fir eng Moyene brauche mer dozou, fir dass mer dann deene Missiounen, déi op d'Gemengen zoukommen, och gerecht kënnen ginn? Dat ass dann déi ganz Diskussioun op d'Gemengefinanzen.

Mer hu wierklech d'Impressioun, dass de Moment déi Diskussiounen alleguerten e bësse parallell gefouert ginn, ouni Iwwersicht. Et ass och grad just op deem Plang, wou awer e Ministère, wéi de Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire misst méi eng - wéi soll ech soen - kompetenziiwwergräifend, horizontal Responsabilitéit a Kompetenzen hunn, wéi se wëllen.

A wa mir eleng an eisem politeschen Discours sinn, wou mer jo awer, éierlech gesot, e bësse ronderëm dréien an net séier genuch jiddefalls zu engem Schluss kommen, wär et vläicht effektiv net schlecht mer géifen dee Schratt goen, fir eis vu bausse vun enger onofhängeger Instanz beroden ze loosse wat dann elo misst geschéien an eiser Gesetzgebung, an där Manéier wéi mer un d'Problemer eruginn, an eiser Organisatioun, fir dass mer zu deem Zil kënnen kommen, wat mer sécherlech alleguerten deelen.

Mir hunn an deem zweetgréisste politeschen Etablissement, wat mer an deem Land hunn, an der Stad Lëtzebuerg - ëmmerhi mat 2.300 Beschäftegten - entretemps 85.000 Awunner. Mat där ganzer Komplexitéit vu Problemer, déi mer hunn, hu mir an deene leschte Jore systematesch op d'Instrument vum Audit zréckgegraff, fir eis vu bausse era soen ze loosse wou Schwächte sinn, wou Stärkte sinn, wéi mer eis besser kéinten uleeën, fir aus deem Service wierklech en öffentlechen Déngschtleeschtungs-service ze maachen, wat jo am Fong souwuel de Stat wéi d'Gemenge misste sinn.

Duerfir gesinn ech och déi Motioun, déi d'DP wäert stëmmen, absolut net als eng frontal Attaque oder eng Kritik tous azimuts um Innenministère, mä au contraire en Effort fir den Innenminister ze encouragéieren op de Wee ze goen, sech selwer mat deene Moyenen, mat deenen Erkenntnisser ze dotéieren, déi et him géifen erlabe fir senger Missioun méi gerecht ze ginn.

Dozou gehéiert sécherlech och e Mentalitéitswandel. An domat wëll ech, Här President, ofschléissen. Mir musse ganz einfach un déi Problematik hei erugeen als en öffentlechen Déngschtleeschtungsbetrieb, beim Stat souwuel wéi bei de Gemengen. Mir mussen endlech mat deem Autoritéitsfimmel, dee mer nach oft hunn an eise géigesäitege Bezéiungen, opraumen a mir mussen een deem aneren hëllef. A wa mer op de Wee kéinte goen, fir mat Hëllef och vun esou enger Analys, déi - wéi gesot - hei virgeschloe gëtt, déi Mängel, déi mer nach hunn, kënnen ze beseitigen, dann hätte mer wierklech e Schrëtt no vir gemaach an der Entwécklung vun deem Land zu engem moderne Land.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Helming. Den Hâr Gibéryen huet d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Hâr President. Mir deelen als ADR d'Kritiken, déi déi gréng Kolleegen hei vis-à-vis vum Fonctionnement, wat den Innenministère ubelaangt, virbruecht hunn.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Hâr Wolter!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Si verlaangen en onofhängegen Audit, Hâr President. Mir sinn als ADR der Meenung, datt dat net méi néideg wier. Ech mengen, mir hunn hei an der Chamber virun dräi Joer eng Spezialkommissioun gemaach, wou mer elo iwwer dräi Joer diskutéieren an nach net esou genau gesinn, wou mer sollen eng Kéier hannen erauskommen.

D'Problemer si bekannt. Jiddferee weess et. Also brauche mer duerfir elo net hinzugeen an en onofhängegen Audit maachen ze loosse fir vill Geld, fir datt mer an enger Rei vu Méint dann dat confirméiert kréien, wat mer souwisou schonn alleguer wëssen. Duerfir brauche mer kee Geld auszeginn!

Wat realiséiere mer domat? Mä mir verléieren erëm esou vill Méint, bis mer erëm weider op deem Dossier diskutéieren. A wa mer kucken, d'Spezialkommissioun, déi ass elo dräi Joer amgaangen, wann déi nach sollt iergendwéi eng Kéier e Rapport zustan kréien, dann ass dës Legislaturperiod souwisou schonn eriwuer, fir kënnen d'Konsequenzen dovunner ëmzesetzen.

Wa mer elo higinn an och nach sollen en Audit maachen iwwert de Fonctionnement vum Intérieur, dann ass dës Legislaturperiod doudsécher ëm! Dann hu mer et erëm fénnef Joer gepackt, ouni datt iwwerhaapt eppes geschitt ass! Mir hu ganz vill geschwat, ganz vill geschriwwen. Mir hu fir vill Geld Audit gemaach. Mä a Wierklechkeet hu mer iwwerhaapt glat a guer nâischt realiséiert.

Ech soe vun eiser Sâit aus: Hei ass d'Regierung an hirer Flicht! D'Regierung soll net mat der Chamber elo versichen dat op d'laang Bänk ze schiben. Hei ass d'Regierung an der Flicht a si soll konkret Propositione maachen, an zwar kuerzfristeg, wéi dee Ministère do reforméiert gëtt, zur Zefriddenheet vun de Bierger an de Gemengen hei am Land.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Gibéryen. Den Hâr Jaerling huet als leschte Riedner d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Hâr President, deen éischte Considérant vun dëser Motioun seet, dass mer jo am Fong amgaange sinn eng riseg Reform ze maachen, déi soll ëmgesat ginn, a wou mer solle kucken esou schnell wéi méiglech virunzuekommen. Duerfir verstinn ech och effektiv net, wat dann elo nach en Audit do zousätzlech soll bréngen, wou jo awer an deenen zousätzleche Kommissiounen an allen Diskussiounen sämtlech Parteien an och eng Rei vun Acteuren aus dem öffentleche Liewe mat implizéiert sinn, fir dat esou gutt an esou schnell wéi méiglech iwwert d'Bühn ze kréien. Wat nach vu baussen erakënn, kënn also net vill hëlfe, wann d'Insider scho genau wësse wouhin mer wëllen a wat den Objektiv eigentlech ass.

Den Objektiv ass, einfach esou schnell wéi méiglech eng territorial Reform ze kréien. Ech mengen, dat hu mer jo scho gesi bei deem Sujet virun, wéi néideg a wéi wichteg et ass, dass mer dat gemeinsam iwwert d'Bühn kréien an dass mer dann och an deem Sënn un engem Strang zéien an net versichen, een deem aneren ze blockéieren.

Ee Punkt, wou Beispill wou déi Gréng schreiwen, «constatant qu'au niveau des finances communales la réduction de la base d'assiette de l'impôt commercial», kräisch se hei driwwer. Do kann ech mech awer erënneren, dass mer kierzlech an engem Gemeng, wou déi Gréng am Schäfferot sëtzen, ebe just d'Reduktioun vum deem Impôt commercial gestëmmt hunn, mat der Zoustëmmung vun deene Gréngen. Duerfir verstinn

ech net, wou een dann elo hei kann dat an engem Considérant bedauern.

(Interruption)

Also, Hâr Bausch, mä gréisste Problem mat ech ass, dass ech dat meescht net richtig verstinn an Dir mir et awer och net richtig kënn erklären.

Ech soen ech Merci.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Et géif och bei ech nâischt notzen!

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Loosse mer all perséinlech Remarquen op der Sâit loosse! Mir ginn elo dem Hâr Innenminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei drëm eist Land territorial ze reforméieren, eise Stat ze moderniséieren. Dat ass eng Saach, déi mir um Häerz läit, an ech weess, dass déi och lech um Häerz läit. Well se mir um Häerz läit, hunn ech och am Mee 2005 e sougenannte Concept intégratif fir eng Réorganisation territoriale proposéiert an där Spezialkommissioun, déi jo am Dezember 2004 an d'Liewe geruff gi war, op Basis vum Regierungsprogramm, dee gäre performant Gemengen hätt fir d'21. Jorhonnert.

An deem Konzept steet ganz kloer dran, dass déi Tutelle, déi mer haut hunn, déi Relation zwësche Stat a Gemengen net méi soll systematesch sinn, dass déi soll méi liicht sinn an dass se méi nuancéiert soll sinn. Ech hunn also ganz kloer de Wëlle fir e performante Mateneen.

Laang Prozeduren, Hâr Gira, dat kennen ech och als fréiere Burgermeeschter, dat ass nâischt Neies. Ech ginn och dovunner aus, dass de Ministère nach esou funktionéiert haut wéi e gëschter funktionéiert huet a virgëschter funktionéiert huet, well de gesetzleche Kader ass deeselwechten. De Wëllen ass awer ganz kloer do, fir eppes ze änneren, wëll ech kloer soen. An de Wëlle bei mir, deen artikuléiert sech esou, dass ech wëll waarde bis d'Aarbechte vun där Spezialkommissioun „Réorganisation territoriale“ fäerdeg sinn, am Respekt vun der Chamber an am Respekt vun deenen Aarbechten.

Deemächst wäert jo dee Froekatalog, dee vun der Kommissioun un d'Regierung gaangen ass, un eiser Premier, beäntwert ginn an deenen nächste Wochen, an da wësse mer jo wou mer erauskommen. Déi Aarbechte mussen elo ofgeschloss ginn. Si sollte schonn ofgeschloss ginn am Juni 2006. Elo si mer bal Enn 2007. Ech weess, dass dat och elo klappt. Mir mussen alles maachen, fir dass mer déi Aarbechte fäerdeg kréien.

Ech wëll eppes hei ganz kloer soen: Déi, déi elo hei fuerderen, dass mer sollen am Intérieur am Fong geholl en Audit maachen oder Neel mat Käpp maachen, ech wier frou wann déi géife gradesou hëlfe, an der Kommissioun Neel mat Käpp ze maachen; da géife mer nach méi séier weiderkommen, wéi mer bis elo scho weiderkommen.

(Interruptions diverses)

Dat ass meng ganz kloer Iwwerzeegung.

Well déi politesch Initiativen, déi mer huelen, kënnen nëmmen a Fonctioun vun de Resultater, déi do erauskommen, gemaach ginn. An déi Resultater, déi wäerten deemächst um Dësch leien.

D'Relatione Gemengen a Stat wëll ech awer deemächst esou, loosse mer soen, ugoen. D'Tutelle, déi organiséiert sech un der Stärkt vun de Gemengen, mä duerfir kann een awer elo scho kucken, wéi den État des lieux ass vun deenen administrative Prozesser bei eis am Ministère, am klaschesche Ministère, géif ech bal soen. Do wäert och eng Persoun, déi de Moment dobaussen am Privatsektor schafft, an de Ministère zréckkommen, déi also och de Privatsektor kennt, an dat gëtt eng Aart „Mon-sieur Performance Relations Communes-État“, an déi Persoun soll mer dann eng Bestandsopnahme maachen, fir ze kucke wéi een elo an enger éischer Phas kann déi Tutelle scho reforméieren.

Mä dass de Wëllen do ass, fir wierklech weiderzuekommen, kann een doru moossen, Hâr Gira, wat mer de Moien an der Kommissioun iwwert d'Waassergesetz festgehalten hunn. Do hu mer och de Prinzip vun engem Avis vun der Wasserwirtschaftsverwaltung esou festgeluecht, dass dee muss an engem Mount kommen an dass, wann en dann net do ass, dann am Fong geholl déi Reglement, déi vun de Gemenge geholl ginn, rechtskräfteg sinn. Domat wollt ech Ausdruck ginn, dass mer wëllen am Minis-

tère méi séier schaffen a kucke wierklech eis am 21. Jorhonnert erëmzefannen.

Duerfir hunn ech och zum Beispill schonn zwee Projete lancéiert an der Wasserwirtschaftsverwaltung. Mir sinn amgaangen ze kucken, fir d'Subventiounen bei den technischen Dossiere vun de Gemengen ze standardiséieren, dass et also méi séier do geet, dass mer do also net méi hannendran hänken. Dat ass am Rullen. A gradesou hu mer och eng Prozedur gemaach, hu mer och e Modell lancéiert fir d'Prozeduren, déi an der Wasserwirtschaftsverwaltung sinn, am Fong geholl ze vereinfachen an ze reduzéieren.

Dir gesitt also, dass ech an der Wasserwirtschaftsverwaltung och scho konkret Moosname geholl hunn. Datselwecht wëll ech och am Gesetz vun 1999 iwwert d'Landesplanung abauen - dat heescht, eng Simplification administrative -, gradesou wéi am Gesetz vum 2004. De Minister huet also de Wëllen, wierklech an déi Richtung ze goen, wéi et an där Motioun do gefuerdert gëtt. Duerfir mengen ech wär déi superfétatoire an et bräicht een déi de Moment net ze stëmmen.

Ech soen ech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Minister. Da komme mer zum Vote vun der Motioun.

Solle mer dat par main levée maachen?

(Négation)

De Vote électronique ass verlaangt. Da stëmme mer of.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt...

» **Plusieurs voix.** - Oooohhh!

» **M. le Président.** - ...mat 43 Nee-Stëmmen, bei 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Collette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Paul Helming) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum eistem Ordre du jour. Dat ass d'Question avec débat vun der honorabeler Madame Spautz iwwert d'Etüd vum Observatoire de l'Habitat iwwert de Loyer. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

3. Question avec débat N°26 de Mme Vera Spautz au sujet de l'étude de l'Observatoire de l'Habitat sur le bail à usage d'habitation

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Merci, Hâr President. Dir Dammen an Hären, viru gutt anerhallwem Joer, den 12. Juli 2006, hu mir hei an der Chamber dat neit Mietgesetz gestëmmt. Parallell dozou hu mer eng Motioun gestëmmt, an där d'Regierung opgefuerdert ginn ass - an ech zitëiere kuerz draus - no de Considéranten, wou ënner anerem ee war: «convaincue que la modification de la législation sur le bail à usage d'habitation ne suffira pas pour lutter à elle seule efficacement contre la pénurie de logements sur le marché locatif national et les loyers élevés qui en résultent».

Mir hunn d'Regierung hei als Chamber opgefuerdert den Observatoire de l'Habitat ze beoptragen: «à procéder fin 2007 à une évaluation des modifications apportées à la législation sur le bail à loyer et sur ses répercussions sur le marché locatif national, ainsi que des répercussions éventuelles au niveau de la demande en logements sociaux auprès des communes et des promoteurs publics de logements locatifs sociaux».

Wéi mir dat neit Mietgesetz gestëmmt hunn, hunn ech vun dëser Plaz aus gesot, datt mer et a kuerzer Zäit mat den Auswierkunge vum deem Gesetz wäerten ze di kréien, wann net gläichzäiteg méi Mesurë parallel zu deem Gesetz ulafen an ëmgesat ginn, wéi zum Beispill - an dat ass och deemools an den Debatten ëm d'Afëierung vum deem neie Gesetz heibannen erausgaangen - wann net gläichzäiteg géif e massive Bau respektiv Ausbau vu Sozial- oder Gemengewunnenge stattfannen.

Den Observatoire de l'Habitat kann awer nëmmen d'Konsequenze vum deem neie Mietgesetz évaluéieren, wann en déi néideg Chifferen an Donnéeën huet, fir dat ze maachen. E kann och nëmmen da vergläiche wéi d'Situatioun war vun de Locatairë respektiv de Loyeren, déi bezuelt gi sinn, wann en d'Donnéeën huet: Wéi war et virum Akraaftriede vum deem neie Mietgesetz, a wéi ass d'Situatioun dann elo?

A genau do schéngt e Knackpunkt ze leien. Et feelt un enger Base légal, fir kënnen ze evaluéieren, dat heescht fir kënnen e Register oder e Fichier vun de Locatairen a vun de Loyeren opzebauen an déi néideg an noutwendeg Informatiounen ze sammelen an ze vergläichen. Et lafen natierlech eng Rei Mesuren, fir ze kucke fir et iwwert de Recensement ze maachen. Et muss ee wëssen, datt do awer dann och erëm eng Kéier matspillt, datt d'Commission nationale pour la protection des données hiert Wuert matzeschwätzen huet. Et schéngt relativ schwierig ze sinn an deem Beräich kënnen fiabel Donnéeën dohinner ze leeën.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

An de Gemengen - an ech schwätzen elo emol op d'mannst vun Esch - gesi mir awer schonn éischt Entwécklungen. Déi dokumentéiere mer och. D'Gemeng Lëtzebuerg, déi niewent Esch e grouse gemengeneegene Wunnengspakt huet, spiert och schonn no engem Joer d'Auswierkunge vum neie Mietgesetz. Fir Esch ass innerhalb vum engem Joer, vum 1. November 2006 op de 27. November 2007, d'Waardelëscht enorm an d'Luucht gaange fir eng Gemengeneegewunneng.

Mir haten innerhalb vum engem Joer 99 nei Aschreiwungen. Op eiser Waardelëscht stinn elo 426 Demandeuren. Mir hunn Deeg, wou sech bis siwe Familjen aschreiwten, bedéngt duerch déi héich Loyeren, déi gefrot sinn, déi et aus Virsiichtsmoosname maachen. A fir et einfach emol eng Kéier an de Kontext ze setzen, wa mer vu 426 Demandeuren schwätzen, wann ech d'Gesichter hannendru setzen: Dat si 581 Erwuessener a 434 Kanner, déi ageschriwwen si fir eng Gemengewunneng. Ech schwätzen elo guer net vun der Lëscht vum Fonds du logement an och vun der Lëscht, wéi mer et wëssen, vun der Stater Gemeng, déi och an d'Luucht geet.

Mir kréien e massive Problem bei Familje mat kleng Revenuen, Chômeuren, Eleng-erzéier mat Kanner. Dat ass elo schonns eng Konsequenz vum neie Mietgesetz, well dat hu mer aus de Gespréicher, déi mer zënter engem Joer intensiv mat de Leit féieren, erausfonnt.

D'Loyere ginn a sinn an d'Luucht gesat gi vun de Propriétaires. Mä déi meescht Leit traue sech net op d'Mietkommissioun ze goen aus Angscht virun d'Dir gesat ze ginn. D'Zuel bei de Mietkommissiounen huet sech eigentlech net erhéij. D'Leit hunn Angscht dohinner ze goen. Mir fanne se erëm wa se net méi bezuele kënnen. Mir fanne se dann am Office social erëm, wou d'Zuel an d'Luucht geet vum deene Leit. Mir fanne se an de Servicer vum Surendette-ment erëm.

A wa mer wësse wéi d'Entwécklung ass am Beräich vum der Pauvreté, ënnersträicht et wéi grouse de Problem hei zu Lëtzebuerg ass. Ech muss soen, mam Projet de loi vum Pacte logement, wou keng verbindlech Ausso drasteet, wat de soziale Wunnengsbau ugeet, ass et mer och net grad duerno - wéi soll ech dat ausdrécken - fir La-Ola-Wellen ze maachen, well och do lafe keng verbindlech Mesuren, fir eppes kënnen an där Fro ze ënnerhuelen.

Meng Froen un de Minister sinn déi: Gëtt et e Bilan intermédiaire bis haut? Wéi si respektiv op wéi engem Elementer soll déi Enquête baséiere vum Observatoire du loge-

ment? Wéi funktionéiert d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen, fir kënnen déi Mesuren, déi si betreffen, ze évaluéieren? Wat sinn d'Konsequenze fir d'Gemengen, déi se müssen ënnerhuelen? Wéi ass den Délai? Wini sinn déi Recherchen ofgeschloss? Wini hu mer d'Resultater do leien? Mat wéi enge verbindleche Mëttelen, mat deenen den Observatoire ka schaffen, si si ausgerüst? Oder wat feelt hinnen? Wat misst nach gemaach ginn, fir dat se kënnen hir Enquête dohinner leeën, dat mer verbindlech Zuelen hunn, aus deene mer dann endlech kéinten eis Konklusiounen zéien?

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - D'Regierung huet d'Wuert. Här Boden.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'Madame Vera Spautz huet elo grad scho Konklusiounen gezunn, a si freet mech wat mer alles géife maache fir déi Donnéeën ze kréien, fir iwwerhaupt kënnen Konklusiounen ze zéien. Ech wollt fir unzefänken emol op dee Widdersproch do hiweisen. Wéi gesot, si huet mer zum Schluss elo eng Partie Froe gestallt, déi ech och gäre beäntwerten.

Éischt Fro: Ass an der Tëschenzäit een dermat chargéiert ginn, fir déi Evaluatioun ze maachen, déi an der Motioun gefrot ginn ass? D'Antwort ass: Jo. Den Ceps ass am Kader vu senger Missioun Observatoire de l'Habitat nom Unhuele vun der Motioun mat dëser neier Aarbecht beoptraagt ginn. Och am Budget 2008 ass e Kredit dofir virgesinn.

Zweetens ass gefrot ginn: Gëtt et schonn e Bilan intermédiaire? Ech wëll drop hiweisen, datt d'Mietgesetz den 1. November 2006 a Kraaft getratt ass. Fir da schonn e puer Méint duerno e Bilan intermédiaire fäerdeg ze hunn, schéngt mer net ganz einfach ze sinn. Mä den Observatoire de l'Habitat mécht jo permanent Analysen zënter senger Grënnung am Joer 2003, ënner anerem wat de Marché vun de Locatiounen ubelaangt. Dës Analys baséiert op den annoncéeierte Mietwunnengen.

Zënter 2005 gëtt dës Analys och nach méi detailléiert gemaach. Doraus ergeet er vir, datt d'Loyere vun den Appartemenen an de leschten zwee Joer insgesamt nëmmen ëm 3% an d'Luucht gaange sinn, an datt d'Loyere vun den Eefamiljenhaiser souguer ëm 0,8% zrëckgaange sinn. Dat sinn also e bëssen aner Donnéeë wéi déi, déi d'Madame Vera Spautz elo an d'Fënster gestallt huet.

Drëtt Fro: Wat fir eng Elementer soll den Observatoire de l'Habitat considéieren, fir kënnen déi fundéiert Analys do ze maachen? Virgesinn ass - an ech mengen, dat huet se och schonn ukléngelooss - eng statistesch Verwärtung vun den Donnéeën vum jährleche Recensement fiscal, wou jo bekanntlech eng Fiche logement auszufüllen ass. Do hate mer Kontakter mat der Steierverwaltung. Mir hate Kontakter mam Statec. Déi waren all positiv. Se waren och ganz konstruktiv.

Mä e Problem ass d'Dateschutzgesetz. Aus Dateschutzgrënn ass et net méiglech dës Donnéeën, déi jo nominativ sinn, einfach esou am Kader vun enger Etüd iwwert d'Entwécklung vun de Loyeren am Laf vum Joer, a mat enger eventueller Réckfro vum Loyersstand 2006 - dat heescht, virum Loyersgesetz - ze gebrauchen.

Duerfir si mer amgaange mat der Dateschutzkommissioun ze kucken eng legal Basis ze schafen, fir datt de Wunnungsbauministère dës Donnéeë ka gebrauchen am Aklang mam Dateschutzgesetz, an datt e kann eng Datebank erstellen, déi néideg ass, wann ee wëllt dës Evaluatioun esou maachen, wéi dat elo grad gefrot ginn ass.

Mir müssen also, fir dat kënnen ze maachen, eng legal Basis kréien. Wéiwäit dat mer et kënnen maachen, ass nach eng Fro. Do muss mer genee kucken: Wat léisst d'Dateschutzgesetz zou a wat net, fir kënnen dës Evaluatioun esou gutt wéi méiglech ze maachen?

Wat d'Gemengen ubelaangt, ass et effektiv esou, datt dat neit Loyersgesetz de Gemenge jo d'Méiglechkeet gëtt, e Cadastre des loyers ze erstellen. Jiddfer Gemeng kann dat maachen. Mir wäerten d'Gemenge froen, eis hir Erkenntnisser an hir Erhiewunge matzedeelen. Mä och hei, wëll ech soen, och hei gëllen Iwwerleeungen iwwert d'Dateschutzgesetz. Et muss een awer kucken, datt een dat anonymiséiert a statistesch verwäert.

Et ass gefrot ginn, wat fir Délaië mer dem Observatoire gestallt hätten. Ech denken, datt - Dir gesitt d'Schwieregkeete jo och - éischt Resultater Enn 2009 virleie kënnen.

D'Madame Vera Spautz huet och drop higewisen, datt d'Waardelëscht vun de soziale Mietwunnengen zu Esch ganz staark an d'Luucht gaange wär, an dat wäeren d'Konsequenze vum neie Mietgesetz, déi si scho géifen zu Esch mierken.

Ech kann nëmme soen, datt, wann ech d'Zuelen an d'Lëscht vum Fonds du Logement kucken: Zum Beispill 2002 waren op der Waardelëscht 1.642 Leit; 2003 waren et der 1.380. Am Februar 2007 - am November ass dat net analyséiert ginn, mä am Februar 2007, also ganz kuerz nom Akraafttriede vum Gesetz - waren et der 1.015, an elo Enn November sinn et der 1.022. Also tëschent dem Februar an dem November, nom Akraafttriede vum Mietgesetz, ass d'Waardelëscht ëm 7 an d'Luucht gaangen, mä par rapport zu 2002 ass se praktesch ëm 600 erofgaangen. Et ass also net esou katastrophal, wéi dat heiansdo an d'Fënster gestallt gëtt.

Ech wëll awer och derbäi soen, datt de Fonds du Logement säi Programm fir ze bauen, Sozialwunnengen a Mietwunnengen, méi wéi verduebelt huet. An datt, wa mer eis Donnéeë kucken, wat dann zu Esch geschäfe ginn ass vu soziale Mietwunnengen zënter dem Akraafttriede vum dem neie Mietgesetz, da kommen ech op null. Op null kommen ech dann! Da brauch ee sech net ze wonneren, wann d'Waardelëscht fir esou Wunnenge méi grouss gëtt.

Ech wëll zwar soen, datt déi Escher net déi sinn, déi am mannste maachen. Loin de là! Si hunn, dat wëll ech och soen, eng ganz Partie vun hire Mietwunnenge renovéiert. Mä si hu keng nei geschafen. Wann eng renovéiert gëtt, gëtt net dofir eng fräi, fir en Neien dranzesetzen. Dat heescht, do ass Handlungsbedarf do.

Ech hu jo och gesot, datt d'Gemenge 75% Subsid vu mir kréien, wa se sozial Mietwunnenge schafen. Duerfir wëll ech nach eng Keier en Appel u si maachen! An Dir hutt et och gemaach, Madame Spautz. Fänkt zu Esch un! Ech hoffen, datt mer déi aner och esou wäit kréien, datt mer méi sozial Mietwunnenge geschäfe kréien, fir och deene Leit, déi hei genannt gi sinn, en Ennerdaach ze schafen, dat dezent a bezuelbar ass.

Ech wëll do och mathëllefen. Mir si bereet fir do Sue mat ze investéieren. De Fonds du Logement huet dee Programm verduebelt. Ech hoffen, datt dat och op anere Pläng d'nämlecht geschitt.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Madame Spautz, wëllt Der nach eng Keier d'Wuert ergräifen?

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Jo, ech wëll dem Här Minister vläicht just op dat äntwerten, wat Der elo vun Esch gesot hutt. Wann eise Budget elo virgestallt gëtt am Dezember, gesitt Der, wéi massiv Investitiounen am neie Gemengewunnebau wäerte passéieren. Mir hunn eisen, wéi Der gesot hutt, elo emol renovéiert. Mir wäerten eng ganz Rei nei Gemengewunnege schafen. Deen Appel, wéi ëmmer - an do si mer eis och eens, Här Minister -, geet natierlech och un aner Gemengen, datt se dat sollen och an deem Beräich maachen.

Wann Der sot, de Chiffer vum Fonds du Logement ass zrëckgaangen, fanne mir leider ganz vill Leit, och bei eis, op der Waardelëscht, well se ënner Konditiounen, déi de Fonds du Logement stellt, net méi ugeholl ginn. Ech schwätzen elo wierklech net vun deene Leit, déi schlechte Wëlle weisen, mä Leit, déi och do ganz séier op d'Strooss gesat sinn, wou mer dann als Gemengen och domadder konfrontéiert sinn, op d'mannst mir zu Esch, fir se dann eranzehuelen, fir datt se net definitiv op der Strooss setzen oder an engem Foyer de nuit sinn.

A wann Der sot, Dir hutt déi Chifferen net, datt et Konsequenze si vum Mietgesetz, géif ech lech déi ganz gären nach eng Keier zur Verfügung stelle vun deem, wat mir erhuewen hunn elo schonn zu Esch, wat d'Loyere sinn. Well bei engem Recensement steet dat op der leschter Säit zwar, op där enger Säit de Propriétaire betreffend an ennen d'Locataires, mä déi Informatiounen ginn net duer. Ech weess jo och, dass de Ceps amgaangen ass dodrun ze schaffen, fir kënnen Informatiounen ze kréien.

Et misst een do vläicht dann awer trotz Conseil national de la protection des données kucken, datt mir alleguerten als Politiker fiabel Donnéeën hunn, fir kënnen weider op deem Dossier do ze schaffen, wéi mer mat hinnen eens ginn, fir do en anstännege Mietspiegel erstallt ze kréien, net datt dat am Sand verleeft. Ech denken do muss een einfach kucke fir kënnen Chifferen ze kréien, well d'Situatioun wäert sech net verbessere.

» **M. le Président.** - Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Also d'Mietgesetz gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet, déi do Erhiewungen ze maachen. Si kënnen also fir hir Gemenge e Mietspiegel maachen. Mir muss kucken, datt mer dat landeswäit dann och vernetzt kréien. Dat ass de Problem vum Datechutz, dee mer muss geléist kréien.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Jo.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Richtig.

» **M. le Président.** - Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss. Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun féiert d'Chamber elo eng Orientéierungsdebat iwwert de Chômage an d'Situatioun um Aarbechtsmaart. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo den Här John Castegnaro als Vertrieeder vun der sozialistescher Fraktioun, déi dësen Débat ugefrot huet.

Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert. Dir hutt 24 Minuten, Här Castegnaro, an net esou laang wéi gewéinlech de President Fidel Castro, och mat schlechter Gesondheet, schwätzt.

(Hilarité)

4. Débat d'orientation sur l'évolution du chômage et la situation sur le marché de travail

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Wann een esou Frënn huet, brauch ee keng Feinde méi.

(Hilarité)

Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech begrëissen et, dass mer haut e weideren Débat iwwert de Chômage an iwwert d'Situatioun um Aarbechtsmaart féieren. Et ass wichteg an noutwendeg, dass een all Bewegungen, Fortschreiter, mä och weider Problemer, déi bestinn, hei am héijen Haus diskutéiert - och kontrovers, firwat net -, fir dass déi néideg Transparenz besteet, mä dass och duerch d'permanent Thematiséierung vun deem Thema d'Gefill bei deene Leit entsteet, déi betraff sinn - dat si Mënschen an hir Familjen -, dass se net vergiess sinn. Si hu souwisou en Usproch drop, dass net nëmmen hei geschwat gëtt, mä dass och vun hei d'Impulser erausgi fir ze handelen.

Bei der leschter Debatt, dat war den 31. Mee 2005 respektiv den 10. Oktober 2006, wou mer iwwert d'ADEM geschwat hunn, wat den Thema awer och ass, hu mer erlieft, dass eng Rei Gesetzer verabschied gi sinn, wéi stellverriedend de 5611 iwwert de Chômage des jeunes am Dezember 2006, wou mer mierken, dass éischt positiv Resultater entstinn, mä wou et noutwendeg ass eng genee Analys virzehuelen, fir ze gesi wou noutwendeg Nobesserunge sech an den nächste Méint opdrängen. Et ass wichteg u konkrete Resultater ze gesinn, wéi een och konkret Analysen an dann och eng éierlech Konklusioun kann zéien, fir eben déi Nobesserunge virzehuelen.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, mir haten e Méindeg alleguer am Courrier électronique wéinstens e Kilo Dokumentatioun zum Thema. Vlächicht eppes spéit fir et kënnen intensiv ze liesen an ze verschaffen, mä op d'mannst huet d'Gewichtung engem den Androck vermëttelt vun der Komplexitéit vun där Matière, mat där mer et ze dinn hunn.

Iwwerhaupt ass all Débat iwwert de Chômage an iwwert de Lëtzebuerg Aarbechtsmaart e komplizéierten a fir vill och en onverständlechen. Ech erkläre mech.

2006 hu mer e Wirtschaftswuesstum vu 6,2% kann. Mir hu + 4,1 oder 13.018 nei Aarbechtsplaze geschaf, an am éischten Trimester dëst Joer sinn et schonn ëmmer eng Keier + 4,3%. Dat ëmschreiw mer ëmmer als eng atypesch Situatioun, mä och als eng onerkläerlech, an ech mengen dat kann een esou soen.

Wann een d'Situatioun um Aarbechtsmaart am September vun dësem Joer kuckt, dann hu mer 9.230 Demandeurs d'emploi. Dovu sinn der 4.406 Chômeurs indemnisés. An deenen Zuele sinn d'Frontalieren natierlech net dran, mä mir hunn en Taux de chômage vu 4,2%, dee liicht zrëckgaangen ass par rapport zu deem Joer virdu bei 4,4%. Mir

gesinn, dass mer och an de Mesures pour l'emploi 3.367 Leit hunn, wat der e puer manner sinn, a mir stelle fest, dass mer Offres d'emploi hunn, déi net satisfaits sinn, vun 2.216.

Wann een deen Aarbechtsmaart emol esou kuckt an et weess een, dass ronderëm eisen Aarbechtsmaart zéngtausende vu Chômeure permanent versichen, op deeselewachten ze drécken, ze kommen, aus Frankräich, Belgien, Däitschland, déi zu Lëtzebuerg en Débouché gesinn an déi mat ville Qualifikatiounen oft bestéckt sinn - ech kommen nach dorop zrëck -, da wësse mer, dass déi Leit, déi bei eis keng Aarbecht hunn oder déi eng sichen a keng fannen, eng grouss Konkurrenz op der Dier hunn.

Atypesch ass fir mech awer och - ech wëll dat emol esou soen -, datt mer ze vill Chômeuren hunn am Kontext vun allen Zuelen, mä datt mer awer och ze vill offe Plazen hunn an dat net ëmmer ze erklären ass, an datt ee muss wësse wéi een do Léisunge féint.

Ech sinn net ee vun deenen, déi d'Scholdfro permanent bei der ADEM usiedelen, obwuel mer wëssen, datt si vill Onzougléckheeten huet. Den Hauptgrond dofir ass natierlech, datt mer och do an engem permanente Wandel stinn, mä wann d'ADEM ëmmer erëm genannt gëtt, a wa besonnesch d'FEDIL dëser Deeg gemengt huet, d'Aarbechtsverwaltung wär net op der Héicht vun der Zäit - dat war de 15. Oktober 2007 -, da bedeit dat eppes, esou eng Ausso, och wa se d'Kaz net aus dem Sak, op d'mannst net ganz, erausgeloss hunn, mä dann dobäi soen en ze starre System, well d'ADEM eng Statsverwaltung wär, dat kéint mat Sécherheet d'Problemer net léisen.

Dat ass keng gutt Approche an et léisst drop hiweisen, datt et en Hannergedanke gëtt, nämlech dee vun enger Privatiséierung, déi bei deene Leit ugestriift gëtt. Zu esou eppes soe mir als Sozialiste kategoresch Neen!

An et gesäit een och, wann een den Audit vun der OECD liest an déi Iwwerleeunge kuckt, datt déi deelweis an esou eng Richtung vu Privatiséierung gi respektiv Ëmwandlung an en Établissement public. Och dat ass eng Décisioun, déi net a Fro kënn. Den Établissement public, dee wëllt duerchducht, diskutéiert an decidéiert sinn.

Mä et sollt een drop hiweisen: Mir hunn zënter Joren déi Interimsgesellschaften, déi eigentlech missten duergoen, déi mer eengeremoossen - fir et emol esou ze formuléieren - am Grëff hunn, well se Accordé mat der ADEM hunn, well se iwwert d'ULEDI Accordé mat de Gewerkschaften hunn. Mä d'Interimsgesellschaft ginn an deem Sënn duer, dass si ëmmer méi e Puffer um Aarbechtsmaart duerstellen, dass si eigentlech ganz vill Flexibilitéit a Mobilitéit offrëieren, déi jo oft kritiséiert gëtt, mä et dāerf a kengem Fall esou sinn, dass eng privatiséiert ADEM och nach als Partner en Haaptacteur Interimsgesellschaft als Stellvermëttler kritt. Dat wier eng geféierlech Entwécklung. Mäi Kolleeg, den éierewäerte Romain Schneider, geet herno méi op d'Problematik vun der ADEM an.

Ech wëll just drop hiweisen an d'Geleeenheet notzen, fir dem Personal vun der ADEM meng Unerkennung auszudrücken. Et geet net nëmmen duer fir se ze kritiséieren. Mir wëssen, dass si als Verwaltung immens vill ze bewältegen hunn, hir Moyenen den Erausforderungen net ugepasst sinn an eben d'Situatioun um Aarbechtsmaart sech permanent verännert, wat d'Saach net méi einfach mécht.

Den OECD-Audit bestätegt d'Problemer vun der ADEM, weist och eenzel Léisungen op. An déi Léisungen, déi müssen ugepaakt ginn, déi müssen eis schnellstens beschäftegen. A mir müssen dofir suerge Léisungen ze fannen, woubäi ech soen déi méi liberal Approche vun der OECD ass eng, déi een esou net akzeptéiere kann.

A wat mer guer net - an ech soen dat fir eis Partei ganz kloer - akzeptéieren, dat sinn déi Leeschtungsverschlechterungen, déi och an deem Audit am Raum stinn, wou natierlech d'Patroné Beifall klatschen, mä ech wëllt et emol esou formuléieren: D'OECD ass gefrot ginn, fir en Audit iwwert d'Strukturschwächte vun der ADEM ze maachen

an net iwwert d'Leeschungen. Fir d'Leeschung sinn net d'Technokraten zoustänneg, mä fir d'Leeschungen ass d'Politik zoustänneg. Do hu mir d'Responsabilitéit also, se dann och ze iwwerhuelen.

Bon, léif Frënn, Reforme kaschten natierlech Geld, mä Chômage kascht och Geld, woubäi dat mënschlech Leed fir déi Betraffen, iwwert déi mer ëmmer schwätzen, a Geld eigentlech net auszedrücken ass.

D'Zil vun eisem politesche Schaffe muss d'Erëmhierstelle vun der Vollbeschäftegung sinn an dofir muss e permanente Reformwëlle bestoen, muss finanziell Mëttele bereitgestallt ginn. Dozou gehéiert de politesche Wëlle fir all Baustellen an deem Zesammenhang permanent ze beaarbechten, an deem Sënn aktiv ze bleiwe wat d'Aarbechtsmaartpolitik ubelaangt, wat d'Schoul-, d'Beruffsausbildungspolitik ubelaangt, wat d'Wirtschaftspolitik ubelaangt. Dozou gehéiert och de Wëllen zur Innovatioun, och wann dat heiansdo op Widerstänn ka stoussen, mä et muss villes ënnerholl ginn.

De Projet de loi 5411 oder 5144 - ech geheien deen ëmmer duercherneen; dat sëtzt ganz déif - iwwert de Chômage social, ass ee vun deene Projeten. En aneren, wou et misst zu engem Projet kommen, ass deen iwwert d'Économie solidaire als drëtt ekonomesch Standbeen, wat et erméigleche soll Betriber ze schafen, déi dann iwwer ee Gesetz vun der Économie solidaire mam Chômage-social-Gesetz, wat eng Zwëschenetapp nëmme kann duerstellen, Aarbechtsplaze ka schafen, déi net zäitbegrenzt sinn, déi also de Mënschen, déi soss um Aarbechtsmaart keng Chance hunn, eng sécher Aarbechtsplaz an domat eng Existenzgrundlag ubidde kann.

Ech weess, dass d'Économie solidaire net eng Wonnerwaff ass, geneesou wéineg wéi eng bescht reforméiert ADEM oder all déi Mesuren, déi mer schon erfondt hunn an nach wäerten erfannen, mä et ass mat Sécherheet eng wäertvoll Initiativ, fir Aarbechtsplazen an deem sougenannten Nischeberäich ze schafen, engem Beräich oder Beräicher am Sozialen, an der Ëmwelt, an der Fräizäit, am Tourismus, an der Kultur, an et gëtt der bestëmmt nach méi.

An et geet deenen, déi déi Iddi verrieden, mat Sécherheet net drëm, fir eng bëlleger oder eng Dumping-Konkurrenz ze entwéckelen, mä et geet drëm mat der Économie solidaire Nischen ze besetzen an Uspréich vun der Bevëlkerung nozekommen.

Mir liewen an enger Zäit, an dat entwéckelt sech weider, wou d'Leit ëmmer méi al ginn, wou d'Uspréich och grouss sinn, wou Kafkraaft ass a wou och erwaart gëtt an egal wat fir enger Liewenslag eng héich Liewensqualität ze hunn, an do kann een nach villes an do muss een nach villes leeschten, an dat kéint een och iwwert dee Wee maachen.

Mir lamentéieren ze oft statt eis konsequent den Erausforderungen ze stellen a rechtzäiteg Reformen an d'Wee ze leeden. Eis Gesellschaft huet sech grondleeënd verännert a verännert sech permanent weider. Déi sougenannte postindustriell Gesellschaft steet am Géigesaz zu där Industriegesellschaft, déi mer zënter Jorzénge kennt hunn; d'Schwéierindustrie, d'Mëttelindustrie, déi et esou net méi gëtt, mä wou Muskelaarbecht gefrot ginn ass. Haut ass et net méi oder ëmmer manner d'Muskelaarbecht, mä haut gi Qualifikatiounen, Héchstqualifikatiounen verlaangt. Haut gi Spezialisten verlaangt, déi och nach polyvalent sinn an déi hëllef de Wësch vun de Patronen no méi Kompetitivitéit, no méi Produktivitéit, no méi Benefiss gerecht ze ginn.

An déi Leit si jo och permanent ënner Drock gesat iwwer sougenannte Benchmarks, wou Betriber mateneen am Grupp oder mat anere verglach ginn, fir méiglechst schnell a vill ze verdéngen. An d'Konsequenz, wann et net esou geet, sinn dann d'Delokalisiéiere vu Betriber oder den Outsourcing, an dat ass dat wat u sech zënter Jore wirklech vill verännert huet.

Mir müssen also permanent Reforme maachen, bereet sinn nei Gesetzer oder bestehend Gesetzer unzepassen. Wichtig ass an deem Zesammenhang dat, wat sech um legislativen Instanzwee mécht, nämlech d'Schoul- an d'Beruffsausbildungsgesetz,

déi mer musse kuerzfristeg verabschieden. Do geet et ëm eis Jugend, ëm hir Zukunft. Do geet et ëm déi Erwuessen, ëm den zweete Bildungswee, ëm Erwuessenebildung, ëm Ëmschoulung, ëm Qualifizierung, ëm Chancen, fir um Aarbechtsmaart ze bleiwen oder op den Aarbechtsmaart ze kommen, an dat ass an deem Land wichtig an noutwendeg, well ech schon eng Kéier gesot hunn, d'Konkurrenz baussent de Grenzen ass riseg grouss an net nëmme aus der Groussregioun, mä aus der ganzer Europäescher Unioun an iwwert d'Unioun eraus. Dat si Realitéiten.

Zu deene Reformen, zu deenen neien Initiative gehéiert och eng dynamesch Wirtschaftspolitik, mam Zil ebe vun der Schaffung vun Aarbechtsplazen a besonnesch och Industrieaarbechtsplazen. De Wirtschaftsminister schwätzt vun enger intelligenter Nischepolitik am industrielle Beräich. Dat muss och fir d'Handwierk an de Commerce geneesou gëllen. Ech sinn der Meinung an ech fuerderen och op, dass mer geneesou vill Energie an deene Beräicher do verwenden, wéi mer se verwenden am Finanz- an am Déngschtleeschungssektor.

Mir müssen Nische besetzen. Mat Sécherheet! Si solle Beschäftigungsintensiv sinn. Et bidde sech un, dat ass oft hei gesot ginn: de ganzen Ëmwelttechnologieberäich, d'Energieeffizienz an all déi modern Jobben, déi do kënnen entwéckelt ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, an engem Land, an deem et ronn 320.000 oder bal 320.000 Aarbechtsplaze gëtt, Mënsche beschäftegt sinn, wat méi wéi 3-mol esou héich ass, wéi nach virun 30 oder 35 Joer, a wou e permanenten Zouwuess besteet, wéi ech et virdu gesot hunn, dierft eigentlech kee Chômage bestoen. An där Dynamik misst een et jo fäerdeg bréngen, all Leit ënnerdaach ze kréien. Et kann een net ëmmer nëmme do d'Qualifikatioun als en Hindernis nennen oder den Alter oder mangelnd Flexibilitéit a Mobilitéit oder ze héich Uspréich u Gehälter an un Aarbechtskonditioun, déi géife gestallt ginn.

Ech mengen, dass Vollbeschäftegung och eng Fro vun der sozialer Responsabilitéit ass, an hei stinn all Acteuren an der Pflicht, besonnesch och d'Patronat. Jiddferree muss säi Bäitrag leeschte fir d'Aarbechtslosigkeit an de Grëff ze kréien. An Aarbechtslosigkeit mat permanentem Charakter, dat bedeit Ausgrenzung, dat bedeit Aarmut, dat bedeit op Dauer sozial Fraktur an eiser Gesellschaft a kann och bis zum Friemenhaass féieren an de soziale Fridden op d'Spill setzen.

Mir sinn dach net e Land, wou et nëmme Analphabete gëtt! Heiansdo huet een dat Gefill, wann déi Diskussiounen gefouert ginn. Mir wësse wuel, dass an de leschte Joren et och Alphabetsismus gëtt an engem gewëssenen, nach geréngen Ëmfang. Mir müssen eis domat auserneeetzen. Esou wéi mer eis müssen domat auserneeetzen, dass och déi Al um Aarbechtsmaart eng Chance musse behalen, an al si jo déi iwwer 40 Joer. Dat muss ee sech virstellen! Duerfir muss ee sech schommen, wann ee weess, wéi vill Potenzial, wéi vill Know-how verluer geet duerch esou Leit, déi ausgegrenzt ginn.

Et soll een och keng falsch Experimenten woen. Do bitt sech ëmmer d'Lissabon-Strategie un. Jiddferree huet de Livre vert gesinn oder dovun héieren oder e gelies, wou et iwwert déi sougenannte Moderniséierung vun Aarbechtsrecht geet, wat den neien Erausforderung vum 21. Jorhonnert soll ugepasst ginn. An da gëtt vu Flex-Sécuritéit geschwat, vun totaler Mobilitéit, vun Deregulierung, vun der Aarbechtszäitsenkung, vu Loun- a Soziallaaschten. Alles dat ass net de richtege Wee dozou. Dozou soe mir Neen, a mir wiere frou wann och iwwert de Livre vert - an ech widderhuele mech do - am Parlament respektiv an der zoustänneger Kommissioun géif geschwat ginn.

D'Regierung huet am Abrëll der Kommissioun eng Äntwert op de Livre vert ginn, mä et misst derwäert sinn, dass een en Débat hei féiert. Mir wëssen, dass Deregulierung an anere Länner, total Flexibiliséierung an anere Länner vorübergehend Erfolleg an duerno geneesou grouss a méi grouss Mësserfolleg bedeit huet, an dat soll een net onbedéngt widderhuelen.

Léif Frënn, et ass en Thema, dat eis hei beschäftegt, dat natierlech ganz wäit geet. An et muss ee vläicht eng Rei Beispiller nennen, fir op eenzel Entwécklungen hinzewiesen. Mir brauchen eng total Transparenz um Aarbechtsmaart. 13.018 nei Aarbechtsplazen ass e formidable Chiffer. Mir wëssen awer net, wéi vill Vollzäit, wéi vill Deelzäit, wéi vill Leit, deeselewachten, fënneg oder sechs Aarbechtsplazen huet, awer all Plaz ass eng Plaz.

Mir musse wëssen, wat fir eng Qualität, wat fir eng Liewensdauer esou Aarbechtsplaze kënnen hunn. Mir wëssen zwar, dass de Gros - 9.564 - vu Frontaliere besat ginn. Mir musse kënnen analyséieren: Wat fir eng Qualifikatiounen sinn da bei deene Leit gefuerdert ginn? A wat fir enge Secteure ware se? Wat fir eng Betriber sinn et? A firwat hunn eigentlech d'Résideentë manner Chancë wéi d'Frontalieren, fir op déi Aarbechtsplazen ze kommen? Ass et wirklech eng Fro vu mangelnder Qualifikatioun?

Do ass net méi spéit wéi haut eng Ceps/INSTEAD-Etüd erauskomm, déi sech mam Thema beschäftegt, dat elo ze wäit géif féieren. Mä am Endeffekt seet déi Etüd a grouse Linnen, dass ebe fir d'Frontaliere Lëtzebuerg a villfälteger Form ganz attraktiv ass, an dass déi Grenzgänger, déi heihinner kommen, net Chômeure sinn. De Gros si keng Chômeuren. De Gros ginn an hire Länner eng Aarbechtsplaz op, fir hei eng ze fanne wou se besser verdéngen, wou se besser Chancen hunn, wou d'Massenugebuet, de Choix also méi grouss ass. A wann ee liest - esou hunn ech et jiddefalls gelies -, dass ronn 50% vun deene Grenzgänger en niddrege Bildungsniveau huet, da stëmmt dat Argument vun der Qualifikatioun also och net. Also hänkt et un anere Problemer.

Firwat hunn eis Chômeuren, eis Demandeurs d'emploi manner Chancen? Dat muss analyséiert ginn. Dat muss gekuckt ginn, well een net mat Schlagwierder do operéiert fir ze soen: Jo, déi eng sinn ze al oder déi aner sinn an engem sozialen Ëmfeld vun Drogen, vun Alkohol, hunn net d'Formatioun, net Mobilitéit genuch. Ech mengen an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg misst eng Feinanalys bis an de leschten Detail méiglech sinn, fir kënnen méi prezis ze reagéieren. Déi Transparenz ass also noutwendeg.

Mir brauchen derniewent eng seriö Diskussioun iwwert dat neit Invaliditéitsgesetz. Do ass eis versprach ginn, am Laf vun deem Joer géife mer déi Etüd, déi Evaluatioun kréien. Dir kennt de Problem vun den internen an externe Reklassementer, wou am Endeffekt déi extern quasi alleguer zum Chômage féieren.

En drëtter Punkt sinn d'Logistikaktivitéiten, wou elo d'WSA-Lager am Mëttelpunkt stinn, wou dausend méiglech Aarbechtsplazen ugekënnegt ginn. Mä wat fir eng Aarbechtsplaze sinn dat dann? Wësse mer dat? Musse mer dat net schnellstens gewuer ginn, fir kënnen eis drop anzustellen, fir kënnen Formatiounen ze organiséieren, fir d'Fachrichtung ze erkennen?

Mir hunn haut, déi meescht wëssen dat net, eng CATP-Beruffsausbildung am Lycée technique Bouneweg iwwer Logistik. Mir hunn an der Commission de l'éducation bei Geleechenheet vun der Diskussioun iwwert dat neit Beruffsausbildungsgesetz zréckbehalen, dass mer eng Division technicien an der Logistik aféieren. Dat ass eng wichtig Décisioun, déi muss mat engem Amendement realiséiert ginn.

Mä mir wëssen, dass dat alles laang dauert bis et da fonctionnéiert a bis déi éischt Spezialisten erauskommen. Duerfir ass et noutwendeg, am Schnellverfahre Léisunge fir déi Problemer ze entwéckelen, fir de Bedürfnis vun Secteur entgéintzekommen. Ech begrëissen do de Consultant, dee soll kommen, deen ugesiedelt gëtt am Wirtschaftsministerium. Et ass also wichtig, innovativ ze sinn, et ass wichtig virun allem am Pool vun deenen 9.000, iwwer 9.000, déi keng Aarbecht hunn, déi Leit ze fannen, déi een ausbilt, fir an deen neie Beräich do kënnen schaffen ze goen.

E weidere Punkt ass d'Reform vun der Gewerbeinspektioun, déi deemnächst wäert decidéiert ginn. D'Kontrollfunktioen ass wichtig och fir den Aarbechtsmaart, huet hiert Erauswierken doriwwer. Iwwerstonnen, déi net néideg sinn, Clandestinen, déi schaffen, an aner Forme vun illegaler Aarbecht: Wann een dat an de Grëff kritt, kann een eppes dozou bäidroen, Aarbechtsplazen ze schafen.

Fënneftens, d'Fräizüegekeets- an d'Immigratiounsgesetz, wat sech och an der Maach befënn, wou mer gëschter an der Commission du travail et de l'emploi zu deem Deel eng Diskussioun mam zoustänneger Minister haten. Och dat Gesetz ass e wesentleche Bestanddeel vun der Aarbechtsmaartpolitik zu Lëtzebuerg. Et soll net restriktiv gesi ginn, mä reguléierend.

Fir mech ass et bedeiend, dass dat dote kënn, well et an der Europäescher Unioun muer oder iwwermuer e groussen Aarbechtskräftemangel wäert ginn. Dee gëtt da behuuewen duerch Leit aus Net-EU-Länner. Dat muss organiséiert sinn am Interessiv vun allen Interesséierten. Et muss ee sech emol virstellen, wann an der Groussregioun muer Héichkonjunktur entsteet, wat da mat eisem

Aarbechtsmaart kéint passéieren, wa mer déi Aarbechtskräften net erbäikréien.

Do sinn d'Léisungen net déi vun enger Erhéijung vum Rentenalter an och net déi vun enger Erhéijung vun der Aarbechtszäit. Dat sinn Horrorzeeenarien, déi ee sech kann erspueren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Natierlech, léif Frënn, eng Feststellung: Am öffentleche Secteur ass méi Sécherheet oder absolut Sécherheet. Duerfir dränge vill Lëtzebuurger éischter dohinner. A wa se échouéieren, échouéiere se herno och. An der Privatwirtschaft, do gëtt et keng Beschäftigungsgarantie.

» **M. le Président.** - Här Castegnaro.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Ech si sougutt wéi fäerdeg.

» **M. le Président.** - Ech wollt lech just drop opmierksam maachen: Dir sidd amgaangen elo op d'Riedezäit vun Ärem Fraktiounskolleeg ze empiéieren.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Jo. Hien huet mer dräi Minutte geschenkt.

» **M. le Président.** - Dir maacht dat ënnereneen aus.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Jo. Mir waren eis eens.

Nach eng Kéier: An der Privatwirtschaft gëtt et keng Beschäftigungsgarantie, mä do gëtt d'Précaritéit ëmmer méi grouss, well de Kader do geännert huet, a well eigentlech all déi Problemer, déi mer kenne mat Délocaliséierung, Outsourcing, Produktivitéit, Aspuerung, Reduktioun vun de Stammbelegschaften, Saache sinn, déi Angscht kënnen maachen an déi zum Ofbau vu Personal féieren. Mir hunn haut gelies an héieren, dass Clearstream, fir 100 Milliounen ze spueren, 140 Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg an 160 zu Frankfurt liquidéiert, an am Géigesaz der 200 an Tschechie schaaft. Do geet et ëm Geld verdéngen, an do geet et net ëm Mënschen an ëm Aarbechtsplazen.

Op där anerer Säit kënnge sech Problemer am Déifbau un. Dat hu mer héiere vun den Entrepreneuren. Wann do wirklech eppes geschitt, da gi ganz wichteg Spezialisten à la rigueur fräigestallt, déi eis herno feelen. Mä et ass iergendwou eng roueg Period agetruden, wou den Déifbau d'Gefill huet schlecht ewechkommen.

Da kënn derbäi: Déi, déi nëmme an d'Schinn wëllen investéieren, an net méi an d'Stroossen - Dir wësst wien ech mengen -, do weess een, dass den Déifbau drënner leit. Den Déifbau muss sech natierlech och kënnen ëmstellen, fir do an deene Beräicher aktiv ze ginn. Mä ech wëll et nëmme als Beispill nennen, dass mer, wat mer schonn erlieft hunn, duerch Abrëch wäertvoll Leit verléieren, déi eis herno feelen an déi mer soubal net méi ersat kréien.

D'TDK ass en anert Beispill. De Maintien dans l'emploi: eng Formel, wou d'TDK siwe Leit bei Offergeld geschéckt huet, déi net méi ënner de Sozialplang gefall sinn, an elo endlos ginn, well Offergeld op eng Kéier keng Aarbecht huet.

Dir gesitt also, de Problem ass reell. Ob et e strukturellen oder konjunkturrellen oder wat fir een ass, et ass e Chômageproblem, deen aus ville Komponente besteet, deen eis och ëmmer erëm däitlech mécht, dass net wéi an der Vergaangenheet de Wirtschaftswuesstum d'Leisung vun dem Problem duerstellt, mä au contraire all nei Betriber - dat ass de Revers vun der Medail - ëmmer méi technesch sinn, ëmmer manner Leit hunn an ëmmer méi spezialiséiert Leit verlaangen. Dat dréckt op den Aarbechtsmaart an dat mécht et net méi einfach.

Mir diskutéieren iwwert d'Choixen, déi ee muss treffen. Et gëtt der, déi soen: Formatiounen bitt een eigentlech nëmme dann un, wann et och en Débouché fir déi Formatioun gëtt. Ob dat esou ass, kann een net ëmmer beurteilen. Dat, wat mer wëssen, ass, dass d'Schoul ëmmer hannendrun ass wann Ausbildung gefuerdert ginn, an oft wann Ausbildungen da gemaach ginn a fäerdeg ginn, da sinn d'Plazen op eng Kéier schonn erëm ofgeschaaft oder net méi do.

Jiddefalls si mer an deem Débat an enger Diskussioun, déi mat Sécherheet wichtig an noutwendeg ass. Ech wëll nach eng Kéier op d'Bedeitung vum 5144, de Chômage social an d'Économie solidaire, hiweisen, well ech mengen, dass do Leit statt an de Chômage an eng Aarbecht kënnen gedrängt ginn, an dass déi mënschlech Dimensioun ni berücksichtigte gëtt, dat heescht op Aarbechtsplazen an deene Beräicher, wou se eng permanent Formatioun während zwee Joer kréien.

Den Objectif plein emploi, deen ech gutt kennen, verdeelt mar u 624 Mataarbechter 547 Diplomer vun Actions de formation continue vun eleng de leschten zwielef Méint. Déi Zuel widerhëlt sech zënter Joren. Dat si 75.000 Stonne vu Formation. Do sinn och CATPen drënner. Nëmme fir ze soen: Do kann ee statt Chômage Aarbecht finanzéieren. Dat ass eng wichteg an eng noutwendeg Saach.

Ech wollt déi puer Fakten an Iwwerleeungen nennen, och fir ze soen, dass een esou en Débat misst kënnen partiwwergräifend féieren, an dass ee misst wierklech gemeinsam no Léisunge sichen, wann een d'Sozialfraktur wëllt verhënnere, wann een Armut wëllt bekämpfen an Ausgrenzung wëllt verhënnere.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu mer d'Fro gestallt, an ech riichten déi un den Aarbechts- a Beschäftigungsminister, ob et vläicht awer net gutt wier eng national Beschäftigungskonferenz am Fréijoer anzeruffen, wou all Acteuren aus Politik, Wirtschaft, aus der Schoul, de Gewerkschaften, der Zivilgesellschaft, sech beieesetzen a versichen dat Zil vum massiven Ofbau vum Chômage ze erreechen, a firwat net och d'Vollbeschäftigung erëm hierstellen. Dat soll net nëmmen e Wonschdram sinn, mä eng Verpflichtung, déi aus dem Modell Lëtzebuerg entsteet.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Débat

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg a säin Aarbechtsmaart ass d'Thema vun haut. Do wär ganz vill ze soen, well et sech ëm en extrem komplizéiert Thema handelt, wou verschidde Politikberäicher misste koordinéiert ginn: d'Schoul, d'Ekonomie, den Aarbechtsmaart, d'Sozialpolitik an och d'Sozialsécherheet. Well meng Riedezäit awer begrenzt ass, wëll ech mech haaptsächlech zu zwee Punkten am Detail äusseren, an zwar d'Reform vum Arbeitsamt an d'Formation. Meng Kolleegen Ali Kaes, Marcel Glesener a Lucien Clement wäerten nach aner Punkte behandelen.

Am Beräich vun der Formation gräifen ech virun allem de Volet vun der Berufsausbildung eraus an de Volet vun der Orientatioun an deene Konsequenzen, déi doraus resultéieren, dass wann d'Orientatioun net funktionéiert - wat eigentlech net dierft de Fall sinn -, wat een da kéint anescht maachen.

D'Berufsausbildung, do ass jo ee Projet de loi ënnerwee, dee méi wéi dringend gebraucht gëtt zum Thema Schoul, dem Jugendlechen an awer och wéinst der Ekonomie. Mir sinn elo och mat Amendementer befaasst, déi an déi richteg Richtung ginn. Eng Reform ass nëmmen dann duerchzezéien, wann déi Leit, déi se um Terrain ëmsetze sollen, nämlech déi Responsabel an de Betriber an an de Berufskummeren, mat där Ausrichtung op enger Linn leien.

Ech hoffen, dass elo dann endlech de Projet esou op de Schinnen ass, dass mir och zu deene Resultater kommen, déi vun eis verlaangt ginn. Am Kader vum "lifelong learning" gëllt et souwuel deene Jonke wéi och deenen Erwuessenen d'Méiglechkeet vun enger Formation ze ginn. Dëst geschitt bis ewell zu Lëtzebuerg net an deem Mooss, wéi mir et kéinte realiséieren. Mir hu vill ze vill Jonker, déi d'Schoul ouni Qualifikatioun verloossen. Mir hu vill ze vill Jonker, déi net gutt ausgebilt sinn.

Lëtzebuerg huet nëmmen eng Grondricheesse, an dat si seng Awunner. An trotzdeem loosse mir zënter Joren zou, dass tëschent 500 an 800 Jonker pro Joer keng Léierplaz fannen; vun deenen déi d'Schoul ofbriechen emol guer net ze schwätzen.

Wat geschitt mat deenen? Wat geschitt mat deenen, wa se an e puer Joer eng Famill wëlle grënnen, an dat da finanziell net méi kënnen droen? Ech wier emol frou, wann een eng Kéier géif ënnersiche firwat déi Jonk hir Léier ofbriechen a wou dës Jonk erëmzefanne sinn. An dëst net nëmmen an deem Joer, wou se d'Schoul ofgebrach hunn, mä och vill méi laang duerno, ob mer se op der Strooss erëmfannen oder wou.

Hei wier et wichteg, dass mer eng Analys géife maachen. Et ass eis Aufgab, esou wéi mer alleguerten hei sëtzen, dass mer dogéint virginn, well dat ass eng sozial Zäitbomm. Et ass elo, wou et drëm geet déi richteg Weeër ze fannen an dat ze verhënnere. Well et soll herno kee soen: Mir wossten dat net.

All déi Mesuren, ob déi vum Aarbechtsamt, vun der Education, vun der Jeunesse, sinn Einzelaktiounen a leider gëtt menges Wëssens net genuch Koordinatioun gemaach tëschent deenen dräi Projeten. Ech loosse mech awer gär beléiere vum Minister, wann dat aneschters sollt sinn, wann déi dräi Ministären do enk géifen zesummeschaffen.

D'Schoul heescht vill Effortë fir d'Integratioun vun den auslännesche Kanner a Jugendlechen. Et ass awer eng Tatsaach, dass net vill Ausbildungen an der Langue véhiculaire Franséisch offréiert ginn. Dës Tatsaach gëtt der Zesummesetzung vun eiser Schoulpopulatioun net gerecht. Hei ass nach vill ze maachen.

Datselwecht gëllt awer och fir eis Lëtzebuerger Kanner, déi an der franséischer Sprooch oft Problemer hunn. En däitsche Frontalier froe mer net, ob hie Franséisch kann, an e francophoné Frontalier froe mer net, ob hien Däitsch kann. Woubäi allerdéngs vum Résident Däitsch, Franséisch an och Lëtzebuergeresch verlaangt gëtt. Eis Kanner stinn um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart an direkter Konkurrenz mat de Frontalieren aus der Groussregioun, an eise Sproochesystem an der Schoul hëlleft mat, dass vill Leit net déi Qualifikatioun erreechen, zu där se eigentlech fäeg wieren.

Wat d'Orientéierung ubelaangt, och do ass et wichteg, dass mer déi méi am grouss Public diskutéieren. Et ass a bleift wichteg, dass d'Regierung kuckt - an dofir hat se jo och deemools en OECD-Bericht gefrot; dat war schonn an der viregter Legislaturperiode -, wéi een eng aner Orientéierung ka maachen. Awer dës Recommandatiounen vun der OECD vun deemools stinn de Moment nach ëmmer an de Kannerschong.

Firwat ass d'Orientatioun virun allem fir Jonker dann esou wichteg? Lëtzebuerg huet jorzéngtelaang gemengt, ouni dës seriö Schoul- a Berufsberodung auszekommen. Et huet jo jiddferen zu Lëtzebuerg eng Plaz fonnt, ob en elo eng Qualifikatioun nowisee konnt oder net. Entre-temps hunn eis Gesellschaft a virun allem eisen Aarbechtsmaart esou evoluéiert, datt onqualifizéiert Personal ëmmer manner, wann iwwerhaapt nach gebraucht gëtt. Esou datt et elo fir all Jugendlechen ëmmer méi eescht gëtt an et net vu Muttwëll wier, zesumme mat sengen Elteren déi richteg a konkret Berufswiel ze treffen, déi awer och der Realitéit op dem Aarbechtsmaart entsprécht.

Domat ass net gesot, dass eleng dës Realitéit soll zielen, wann ee sech fir deen een oder anere Beruff décidéiert. Et heescht, dass een dat soll léieren, wat engem och Spaass mécht. D'Beruffsliewen dauert haut esou laang a stellt esou grouss Erausforderungen un deen Einzelnen, datt et ouni Motivatioun schwierig gëtt, dëst duerchzezéien.

Eng optimal Orientéierung dréit dësem Punkt Rechnung. Et muss gekuckt ginn, wou d'Fäegkeeten an d'Kompetenzen, mä och d'Virleiften vun deenen Einzelne leien, an op där anerer Säit kritt een awer och matgedeelt, wéi am Moment - an ech betounen: am Moment - d'Situatioun um Aarbechtsmaart ass. Hei kënnen déi Professionell verschidden Trends viraussoen, woubäi dat awer keng Garantie ass fir Jore méi spéit. Mä och den Trend ass schonn eng wichteg richtungsweisend Ausso.

Här President, wann e jonke Mënsch de Choix mécht, zum Beispill Educateur ze léieren, dann ass dat säi gutt Recht. E bësse méi pénibel gëtt allerdéngs d'Saach, wann dëse Choix gemaach gëtt, ouni am Virfeld doriwuer informéiert ze sinn, datt zënter e puer Joer d'Integratioun op dem Aarbechtsmaart an dësem Beräich extrem schwierig ginn ass. D'lescht Joer hunn ëm dës Zäit nach ronn 100 Leit am Beräich vum Educateur eng Plaz gesicht. Dëst Joer sinn der erëm 184 an den Exame gaangen. Néng kruten en Noexamen a 44 hunn et net gepackt, also stinn der 131 fäerdeg mat engem Diplom um Aarbechtsmaart. Dozou sinn nach ronn pro Joer 100 Equivalenze mat auslänneschen Diplomer dobäizeielen.

Dat hei ass e konkret Beispill, wou garantiert misst sinn, datt zumindest d'Informatioun iwwert d'Situatioun um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart bei dëse Leit ukënn. An zwar net, wa se mat der Ausbildung fäerdeg sinn, mä ier se de Wee an d'Décisioun huelen, fir an déi Ausbildung ze goen.

Ech weisen dorop hin, dass an dësem Beräich den Hauptpatron de konventionéierte Secteur ass. A wann hei wéi beim Stat bei den Astellungen de Moment gespuert gëtt, da stinn déi nei forméiert Leit viru grouss Problemer, a si kréien en CDD a mussen Remplacementer fir de Congé de maternité an de Congé parental maachen. Dëst ass fir dës Schoulofgänger, déi dovun ausgaange sinn, direkt no der Formation

eng Plaz ze kréien, net grad einfach ze schlécken.

D'lescht Woch huet ee vun de Responsabele beim Arbeitsamt an engem Interview gesot, datt déi Situatioun vun de Sozialpedagoguer net esou dramatesch wier an et misst een dat nuancéiert kucken. Duerfir sinn ech dann elo frou, wann d'ADEM all deene Leit eng Plaz wäert sichen a fannen. E grouss Merci un d'ADEM am Numm vun all deene Betraffenen an hire Familljen, well gëschter hu sech der nach iwwer 30 manifestéiert, déi nach ëmmer keng Plaz hunn; an duerfir am Virus mäi Merci un d'ADEM, dass, wann dat gemaach gëtt, wéi et an deem Interview steet, dann och all déi Leit bis Enn des Joers fir Chrëschttag e schéine Kado kréien, andeem se dann eng Plaz hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech si mer bewosst, dass et net einfach ass oder wäert si fir en Informatiounssystem op d'Been ze stellen, wéi mer eis Jugendleche kënnen informéieren. Mä mir sinn eise Jongen a Meedercher, déi eng Ausbildung maachen, et schëlleg, dass si och dono eng Iwwerleiwenschance am Beruff hunn.

Eng aner Formation, déi och Problemer huet um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze kommen, ass déi vum CATP Employé administratif et commercial. An dann och de Brudder- oder d'Schwësterformatioun vun dësem Beräich, den Technicien. Eise Maart brauch esou Leit. D'Formation ass och am Prinzip net schlecht. De Problem läit an der Zuel vun deene Jonken, déi dës Formation maachen. Eist Land brauch net pro Joer ronn 300 Leit mat dësem Niveau.

Wat eis Wirtschaft brauch, sinn héich qualifizéiert Spezialisten an ëmmer manner vun deenen, déi mam virgenannten Niveau ofschléissen. Dobäi kënn, dass, wann Dir mat deene Jonke schwätzt - ech hunn dat gemaach mat deenen, déi dëst Joer an der Formation sinn - a se frot, firwat se dee Choix gemaach hunn, firwat se an der Schoul op dee Wee gaange sinn, se da soen: Mir hate keng aner Méiglechkeet, wéi déi dote Formation unzegoen, et war näischt aneschters méi do.

Dëst, Dir Dammen an Dir Hären, ass déi falsch Approche. Op eng Schoulektioun ze goen, well grad näischt anescht iwwreg bleift, ass net grad déi beschte Garantie fir e Beruff ze léieren, deen engem Spaass a Freed soll maachen an dat op d'mannst bis zum Alter vu 57 Joer. Well wann een all Kéiers moies schonn opsteet mat der Flemm, fir op d'Schaff ze goen, dann ass dat net grad motivant.

Et gëtt awer och vun den Elteren - an dat ass och wichteg - verlaangt, hire Kanner méi Spurt bei der Berufswiel ze loossen. Souwuel d'Proffe wéi och déi aner Professionell an dësem Beräich erliewen oft, dass d'Décisioun, wéi ee Beruff d'Kand léiert, vun den Elteren decisiv matgetraff gëtt. Oft ginn d'Kanner op Saachen trainéiert, déi déi Erwuessen net duerften oder konnte maachen, wéi zum Beispill weider an d'Schoul goen. Dëst ass awer de falsche Wee. Wuel sollten d'Elteren hir Kanner ënnerstëtzen, wann awer den Éiergäiz esou wäit geet, dass schonn an der Primärschoul massiv Nohëllefstonnen an alle Fächer op der Dagesuerdnung stinn, da leeft eppes schief, an zwar an der Schoul an awer och doheem.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, en anere Punkt, deen ech awer och nach uschneide wollt, ass d'Arbeitsamt. Mir brauchen en anere Fonctionnement vum Arbeitsamt. D'Bedierfnisser vun de Chômeuren an domadder vun der Verwaltung hu sech an deene leschte Joren drastesch geännert. Den Aarbechtsminister huet duerfir jo och en Audit vun der ADEM bei der OECD beantragt. Ob d'OECD zwar gutt dorunner gedoen huet, en Auditeur ze nennen, deen den australischen Aarbechtsmaart auditéiert huet, fir dat vill méi „grousst“ Lëtzebuerger Arbeitsamt ze auditéieren, sief dohigestallt.

Ganz verwonnert war ech awer ze liesen an engem Interview vun engem Responsabele vum Arbeitsamt, dass bis dato déi Leit vum Arbeitsamt selwer ni gefrot goufen, wéi d'ADEM eigentlech misst fonctionnéieren. Duerfir mäin Appel hei un den Aarbechtsminister, dass hien d'Chefs de service vum Arbeitsamt an déi Diskussiounen matabanne soll.

All Membere vun der Beschäftigungskommission vun der Chamber ware jo zwee- oder dräimol geruff gi fir mam Auditeur zesummenzkommen, entweder am Ministère du Travail oder hei an der Chamber, wou mer dann och an d'Bild gesat gi sinn. Et waren och ëmmer Leit vun der ADEM derbäi, mä wann de Minister, wat ech mer zwar bal net ka virstellen, déi Leit vun der ADEM nach ni selwer ëm Rot gefrot huet, esou géif

ech hie bieden dat nozehuelen, well et awer och wichteg ass, dass mer dann déi Leit vum Terrain schnellstens ëm hir Meenung géife froen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Mir brauchen op der ADEM méi Flexibilitéit, ewech vun enger administrativer Verwaltung an hin zu engem Service um Client. Client ass hei den Aarbechtsichenden, a Client ass och de Betrib, deen op der Sich no neiem Personal ass.

Mir brauchen ee besseren Accueil. Den Accueil ass d'Visitëkaart vun all Betrib, och bei der ADEM - Accueil am Guichet wéi och d'Begréissung an enger Telefonsentral. Am Placement brauche mir Leit mat Berufserfahrung, déi d'Secteur kennen. Gläichzäiteg muss d'Garantie bleiwen, datt Leit, déi Hëllef brauchen, déi och vun der ADEM kréien, wéi zum Beispill beim Ausfülle vu Formularen. Net jiddferen ass am Franséischen esou geschuult, dass hien alles dat versteet, wat op deene Formulairé gefrot ass.

Kolleeginnen a Kolleegen, firwat net der ADEM en neie Statut ginn? Esou wéi et an Däitschland de Fall ass. Ech weess, dass d'ADEM esou enger Gestiou net negativ géintwuer steet. Ech weess awer och, dass verschidde Sozialpartner dat manner positiv gesinn. Déi eng lehnen et carrément of, an déi aner hunn e Problem domat, datt d'Lëtzebuerger ADEM géif en Établissement public ginn.

Ech sinn awer der Meenung, et soll een net elo emol alles direkt an de Pabeierkerf geheien, mä et soll een doriwuer nodenken. Well an Däitschland gëtt schonn zënter Jorzéngten an engem Tripartite-Modell - Gewerkschaften, Patronat a Ministère - zesummen doriwuer nogeduecht. Et si Leit, déi hunn dann Angscht, de Minister hätt net méi genuch Verantwortung an der Gestiou vum Arbeitsamt, mä loosst eis dat elo emol net direkt ëmbliedieren, mä loosst eis emol doriwuer nodenken. Et sinn och gutt Usätz domadder verbonnen, a wann een d'Entwécklung kuckt vun däitschen Aarbechtsmaart, da ginn do d'Arbeitslosenzuele jo och erof. Ech perséinlech op alle Fall fannen déi Tripartite-Gestiou ganz gutt.

Een anere Punkt, op deem d'Arbeitsamt och andauernd gefuerdert ass, sinn déi Moossname vun sougenannten 5611. An do stelle sech nach vill Froen, zum Beispill zur Convention d'activation. Wat geschitt mat deene Leit, déi se net wëllen? Wat geschitt mat den Engagementer, wann d'ADEM net kann anhalen, wou se eppes versprach huet? Wat geschitt, wann de Client, de Betrib sech net un dat hält, wat ofgemaach ginn ass? Wat priméiert, eng Mesure oder eng Formation? Eng Hällewull vu Froen, fir déi sech zesummegesat muss gi fir d'Äntwerten ze ginn.

Firwat net op der ADEM en Atelier d'information aféieren? Direkt no der éischer Inscriptioun setzen d'Leit sech all zesummen a kréien erkläert, wat se mussen maache fir Formularen auszufüllen, fir dass net jiddferen eenzel mat Zäitdrock duerchgebaatscht gëtt. An dann auswäerten, wa déi Leit ausgefëllt hunn, an net schonn erëm mat nei Iddien kommen, déi d'Leit einfach verréckt maachen, sou dass kee méi weess wou en drun ass, mä sech méi Zäit huele fir deen Einzelnen, awer och gläichzäiteg kucke wéi ee kann hëllef. Dass da méi Personal gebraucht gëtt op der ADEM, läit op der Hand, an ech sinn och dovun iwwerzeegt, dass d'Regierung déi néideg Akzenter wäert setzen.

Mä wann ee méi Personal huet, Här Minister, da brauch een och méi Bürosraimleechkeeten an d'ADEM platzt elo schonn erëm an der Rue Bender aus allen Néit, a verschidde Servicer si schonn ausgelagert, esou dass et och wichteg ass, dass mer do nei Weeër aginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den Hauptprinzip muss sinn, datt d'Leit, déi op d'Arbeitsamt kommen, dat maachen, well se eng Aarbecht sichen, an net, well se exklusiv vum Chômage profitéieren wëllen. Dës Haltung muss endlech verschënnen.

Jo, et ginn och sécherlech Profiteuren, an deene muss een e Riedel virschieben. Fir all

Mënsch, deen eng Aarbecht sicht, awer schif unzekucken, dat ass sécherlech de falsche Wee! Net all Chômeur an all Demandeur d'emploi si Lidderecher.

Mäin Appel riicht sech un d'Wirtschaft, un d'Schoul, un d'ADEM, un d'Politik, un d'Gewerkschaften an un eis alleguer. All zesumme mussen mir eise Bäitrag leeschten, fir datt Leit op den Aarbechtsmaart komme respektiv op den Aarbechtsmaart zrëckkommen. Mir hunn all e Recht op Aarbecht, mä et läit nach vill Aarbecht virun eis fir dat do ze realisieren.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Meisch (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Chômageproblem zu Lëtzebuerg kennt eng ganz speziell Situatioun. De Stater prognostizéiert fir 2007 e Wirtschaftswuesstum vu 4,5%. Trotzdeem pendele sech d'Chômagezuelen op engem dach relativ héijen Niveau fir Lëtzebuerg an. Dës speziell Situatioun huet mat Sécherheet eng ganz Rei vun Ursaachen. Ursaachen, déi mer müssen zur Kenntnis huelen. Ursaachen op déi mer reagiere müssen.

Natierlech ass do den Aarbechtsmaart an der Groussregioun, déi bal 140.000 Frontalieren, déi Dag fir Dag an d'Land era schaffe kommen, déi och ugezu ginn duerch een, am Verglach mat der Groussregioun relativ héije Lounniveau. Et sinn och ganz oft gutt forméiert Leit, déi deen dote Wee hei an d'Land op den Aarbechtsmaart fannen, déi dann a Konkurrenz sti mat enger ganzer Rei vu manner gutt forméierte Leit, déi hei am Land op der Sich no enger Aarbecht sinn.

Déi Situatioun do ass net nei a wa mer wëllen de Problem vum Chômage aktiv bekämpfen, da mussen mer se considéieren, mir müssen eis deem adaptéieren a mir müssen natierlech och eng ganz Portioun politesche Wëllen hunn, fir se zur Kenntnis ze huelen a fir déi néideg Moosnamen ze huelen.

De politesche Wëllen, hat ech gemengt, datt deen do wär, virun allem wou d'LSAP an d'Regierung komm ass a wou se virdu plakatiert huet si géifen en upaken, notament och de Chômage ofschafen; hat een emol kënnen mengen. Nun, zënter dem Juni 2004 hu mer ab haut 1.000 Demandeurs d'emploi méi. Bis ewell kann een net grad behaupten: „Mission accomplie“ fir d'LSAP.

(**Interruption**)

Dee Wirtschaftswuesstum vun ëm déi 5%, dee mer déi lescht Jore kann hunn, läit jo daitlech méi héich wéi an den europäeschen Nopeschlänner. Normalerweis, esou gëtt jo gesot fir eng Economie, wann d'Croissance iwwer 2,5% läit, géif een et fäerdeg bréngen de Chômage kënnen ze drécken, Leit erëm an Aarbecht ze kréien duerch déi Croissance do. Nun, mir leie beim duebele Wirtschaftswuesstum an trotzdeem bréngt mer dat net fäerdeg.

Ech wëll drun erënneren, datt Däitschland dat vill méi enger bescheidener Croissance et awer fäerdeg bruecht huet am Laf vum leschte Joer eleng vu 4 Milliounen Aarbechtslosen op 3,4 Milliounen erof ze kommen. Bei eis ass et trotz engem héije Wirtschaftswuesstum offensichtlech net méiglech an et huet een heiansdo d'Impressioun wéi wann dann dee gudden Wirtschaftswuesstum iwwer viles géif ewechtauschen.

De Minister léisst sech ab und zu feieren, well d'Chômagezuele sech elo op engem héijen Niveau agependelt hunn, se elo op engem héijen Niveau stagnéieren. Mir müssen eis par contre d'Fro stellen: Wat geschitt, wa mer erëm eng Kéier en normale Wuesstum hunn? Wat géif geschéien, wa mer eng Kéier eng Rezessioun hei am Land hätten, a wéi grouss wär dann erëm de Chômageproblem hei am Land, wa mer net elo, an dach éischer gudden wirtschaftleche Momenter, profitéieren, fir eisen Aarbechtsmaart ze reforméieren?

Mir leien elo momentan knapp ënnert där magescher Zuel vun 10.000 Demandeurs d'emploi, gëtt gemengt. Wa mer dann awer

all déi dobäiziele, déi och nach an enger Mesure d'emploi sinn, da komme mer schon op 12.597, an dann hu mer och keen Taux, deen ënner 4% läit, mä ee vu 5,7% a mir nähieren eis do dach ganz geféierlech der europäescher Moyenne.

Mir hätten also gären, datt eng aner Aarbechtsmaartpolitik gemaach gëtt. Mir begréissen, datt d'OECD en Audit gemaach huet iwwer d'Aarbechtsmaart, well d'Aarbechtsmaart natierlech d'Haaptinstrument ass fir Aarbechtsmaartpolitik och kënnen ze maachen, fir deene Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, kënnen dee Coup de main ze ginn, datt se dann och an Aarbecht kommen. An datt mer hei am Land jo net de Problem hunn, datt keng Aarbechtsplaz geschaf ginn, dat wësse mer jo och, mir kennen d'Zuelen, si ginn an déi dausende pro Joer.

Nun huet d'OECD eng ganz Rei vu Recommendationen gemaach, mä och do vermësst een e bëssen de politesche Wëllen, fir elo aktiv do erunzegoen an déi Recommendationen eescht ze huelen, se ze diskutieren, mä se da virun allem ëmzesetzen an d'Realitéit, well eleng ze soen et wäeren eng Rei vu gudden Usätz dran, dat geet net duer fir den Aarbechtsmaart ze reforméieren. Do läit selbstverständlech och d'Responsabilitéit beim zoustännegen Aarbechtsministère a beim Minister selwer. Mir erwaarden eis do méi eng proaktiv Haltung vum Minister selwer, fir déi Propositionen, déi d'OECD gemaach huet, kënnen an d'Realitéit ëmzesetzen.

Propositionen d'ailleurs, déi net nei sinn. Ech wëll drun erënneren, datt eng ganz Rei vun deene Propositionen vun der OECD scho vun der Demokratescher Partei déi lescht Jore hei op anere Plaz schréfflech a mëndlech presentéiert goufen, ënner anere an eisen 33 Propositionen, déi mer zu den Tripartitediskussionen 2006 gemaach haten. Mä offensichtlech huet deemools, an ech fäerte feelt och haut de politesche Wëllen, fir aktiv dat doten ëmzesetzen.

Ënner anere ass och ze kritiséieren, datt d'OECD vu virera scho schéngt gesot kritt ze hunn, wat se dann dierf als Konkursioun bréngen a wat net. A si soll sech ëm Gottes Wëllen net ënnerstoe vun enger Privatisierung vun der ADEM ze schwätzen. Si soll de Monopol vun der ADEM bei der Aarbechtsplazvermittlung net onbedéngt a Fro stellen. Nun, esou kann een och keng déif gräifend a keng éierlech Analys maachen, an deen, dee keng éierlech Analys zouléist, ass herno och net amstand e Problem ze léisen.

Wa mer elo awer duerch déi eenzel Propositionen vun der OECD ginn, da gesäit ee ganz gutt, datt do eng ganz Rei vun DP-Propositionen sech erëmfinden. Nu waren a bleiwe mir der Meenung, datt d'Administration de l'Emploi aneschtens muss personnel an och finanziell ausgestatt ginn. Wann een hei kuckt wéi vill Prozent mir vun eisem PIB dem Aarbechtsmaart als Moyenne zur Verfügung stellen, fir senger Aufgab gerecht ze ginn, dann ass dat ganz weindeg. Et sinn 0,03% vum PIB hei am Land, datt d'Arbeitsamt zur Verfügung huet, fir kënnen senger Aufgab gerecht ze ginn. Dänemark läit do zum Beispill scho véier Mol méi héich, bei 0,12%, Éisträich bei 0,13% a Schweden, jo, bei 0,29%.

Ech huelen un, datt den Aarbechtsminister bei sengem Parteikolleg, dem Budgetminister, intervenéiert huet, fir d'Moyene fir d'ADEM massiv an d'Luucht geschrafft ze kréien. Ech huelen dann awer och un, datt, wann hie sech net duerchgesat kritt huet, datt dann d'Schold vu sengem Parteikolleg, dem Budgetminister, wäert sinn.

Et geet net nëmmer duerch finanziell Ressourcen ze hunn, et brauch een, fir Aarbechtsvermittlung kënnen ze maachen, ganz besonnesch personnel Ressourcen. Et brauch ee méi Leit. Et brauch ee motivéiert Placeuren. An et kann net sinn, datt weiderhi fir 370 Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, nëmmer ee Placeur zoustänneg ass. Wéi een do eng gutt Aarbecht, eng qualitativ wäertvoll Aarbecht maache kann, wéi een e geneeë Suivi maache ka vun all eenzelner Persoun, dat ass mir schleierhaft.

D'OECD seet selwer, datt et eigentlech net e Verhältnis vun 370:1 brauch, mä ee Verhältnis vun 100:1. Aner Länner leien deem scho vill méi no, ënner anere och nees eng Kéier Éisträich mat 200:1, an do huet et zum Beispill dozou gefouert andeems d'Moyenen, andeems d'Personel daitlech opgestockt ginn ass vun hirer Aarbechtsmaartverwaltung, datt do d'Durée, wou d'Leit am Chômage sinn, dach daitlech erofgaangen ass vun 1998 op haut, vun 140 op 100 Deeg.

Mir erënneren och nach emol un eis Proposition fir d'Administration de l'Emploi an

eng Weidbildungsagentur ëmzewandelen. Do geet et op där enger Säit ëm de Statut vun der Administration de l'Emploi, well mer der Meenung sinn, datt eng Administration, déi voll integréiert ass an de Statsbetrieb an d'Statsverwaltung, net onbedéngt déi Flexibilitéit huet, déi se bräicht. An ech sinn eigentlech frou, datt den Här Spautz virdu och eng Ouverture gemaach huet fir déi dote Fro emol eng Kéier seriö ze diskutieren, ob mer net eng aner Struktur brauchen.

Mir haten effektiv en Établissement public virgeschloen, well ee sech dann aneschtens organiséiere kann, virun allem well een dann och aneschtens rekrutéiere kann. E Placeur ass net onbedéngt deen, deen de Redaktesch-Exame vum Stat gepackt huet an dann net an eng aner Verwaltung oder an een anere Ministère wëllt goen, mä da bei d'ADEM herno geet. E Placeur ass een, deen dat géliert huet, dee motivéiert ass fir dat ze maachen, deen doduerjer och nëmme kann eng gutt Aarbecht maachen. An net onbedéngt een, deen herno iwwer den Numerus clausus beim Stat erakomm ass. An dofir gesi mer do schon een zentraalt Element doranner.

Ech wëll nach emol drun erënneren, datt déi Proposition, wou mir se fir d'éischt gemaach hu virun zwee Joer op dëser Plaz, vum Premierminister selwer awer dach zimlech erfogemaach ginn ass. Dofir sinn ech frou, datt ech aus der CSV mëttlerweil och aner Téin zu deem dote Sujet héieren.

Et geet dann net duer d'Struktur a Fro ze stelle vun der Administration de l'Emploi, mir müssen och kucken, wat déi eigentlech Mission vun der Administration de l'Emploi ass, an do wierklech kucken, a wat fir enger Situatioun mer um Aarbechtsmaart hei am Land sinn. Mir hunn en Aarbechtsmaart, wou dausende vun Aarbechtsplaz pro Joer geschaf ginn. Mir hunn awer en Aarbechtsmaart, wou mer déi dausende vun Demandeurs d'emploi, déi mer kennen, déi enregistriert sinn, oft net op déi dote Plaz vermëttelt kréien.

Et ass also och e Formationsproblem. Et ass also och e Problem, datt déi Leit, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, oft net deen néidege Bagage, oft net déi Fäegkeeten, vläicht och heiansdo net déi Motivatioun matbréngen, fir eng vun deenen oppenen Aarbechtsplaz kënnen unzehuelen.

Duerfir geet et net duer, just de Problem vun deenen, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, ze verwalten, se ze encadréieren. Neen, mir mussen wierklech kucken, datt mer hinnen deen néidege Bagage ginn. Duerfir solle mer op där enger Säit d'Struktur, mä op där anerer Säit och d'Haaptmission vum Arbeitsamt a Fro stellen. Mir hätten also gären, datt d'Haaptmission d'Weiterbildung vun deene Leit, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, géif ginn.

Mir hunn och proposéiert fir de Monopol bei der Aarbechtsplazvermittlung vun der ADEM opzebriechen, fir och privat Vermittler zouzelossen. Privat Vermittler, wat Entreprisé kënnen sinn, wat Veräiner kënnen sinn, wat Gemenge kënnen sinn. Well jiddereen, dee vermëttelt ass, jiddereen, dee placéiert ass, ass gutt placéiert, a mir hunn eigentlech jo d'Zil erreicht. Mir sollen eis manner d'Fro stellen, wien en da vermëttelt huet an ob dat da richtig ass, datt deen e vermëttelt huet, mä mir solle frou sinn, datt am Endeffekt ënnert dem Stréch ee vermëttelt ginn ass an ee manner ënnert deenen ze zielen ass, ëm déi d'ADEM sech finalement dann awer muss këmmen.

Mir brauchen also och eng Aktivatioun vun deem, deen op der Sich ass no enger Aarbecht. Mir müssen och kucken, datt déi Hand, déi hie gereicht kritt vun der Administration de l'Emploi a vu ganz villen anere Leit och, der privaten Acteuren hei am Land, déi probéieren de Leit ze hëlfe, Orientatioun ze ginn, wa se op der Sich sinn no enger Aarbecht, datt deen, deen op der Sich ass, seng Hand och zrëckstreckt an eng Aarbecht unhëlt, wann dann eng do ass respektiv sech engagéiert wierklech eng Formatioun ze maachen, dat Besch aus senger Fäegkeeten ze maachen, fir doduerjer d'Chancen daitlech eropzesetzen, fir duerno eng Plaz ze fannen.

Mir sinn also der Meenung, datt déi Formatioun obligatoresch soll sinn, wann en Demandeur d'emploi an engem gewëssenen Délai keng Aarbecht fonnt huet. Mir wësse jo, datt ganz vill Leit, Gott sei Dank, ganz schnell erëm eng Plaz fannen, ganz schnell zrëck an d'aktiivt Berufsliewe fannen. Mä wann dat awer net esou schnell geschitt, da solle mer wierklech kucken, datt déi Formatiounen, déi op där enger Säit müssen ugebuede ginn, op där anerer Säit dann och wierklech genotzt gi vun deem, deen op der Sich ass no enger Aarbecht.

Dann hu mer jo schon eng ganz Rei vu Spezialmesurë fir Leit an Aarbecht ze bréngen, fir Leit ze forméieren, fir Leit, déi wierklech Schwierigkeiten hunn, um éischen Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, och eng Perspektiv ze ginn, net nëmmer d'Perspektiv fir ënnerstëtzt ze ginn, mä och eng Perspektiv ze ginn, datt se hiert deeglecht Brout selwer duerch hiren eegenen Asaz kënnen verdéngen, wat jo och wichtig ass, datt se mierken, datt duerch hir Aarbecht se sech selwer an hirer Famill et erlaben, kënnen dezent ze liewen hei am Land.

Trotzdeem mussen mer déi Beschäftigungsinitiativen, déi oft eng gutt Aarbecht maachen, analyséieren, kucke wat fir eng datt mer brauchen, kucke wat fir eng Mesuren datt gehollef hunn, an déi a Fro stellen, déi manner gehollef hunn, an do och ouni Scheiklappen drun eruegen. Finalement mussen mer wëssen, datt dat Mesurë sinn, déi fir eng begrenzten Zuel vu Leit a Fro solle kommen, mä déi net d'Haaptantwort op d'Aarbechtsmaartproblematik hei am Land kënnen sinn, därefer sinn. Do mussen mer kucken d'Leit esou wäit ze kréien, datt se um éischen Aarbechtsmaart, um regulären Aarbechtsmaart erëm Fouss kënnen faassen. Do müssen eis Hauptanstrengungen op jidde Fall hincelen.

Mir mengen dann och, datt een der OECD ka Recht ginn, wa se seet, datt een d'Moyenen, déi een um finanzielle Wee zur Verfügung stellt, soll zrëckhuelen an d'Moyenen, déi een iwwer Saachleeschung, iwwer eng Hëllef, iwwer d'Formatioun zur Verfügung stellt, soll daitlech erop-schrauwen. Eleng doduerjer zum Beispill well mer wëssen, datt 50%, also jiddfer Zweeten, deen hei am Land op der Sich ass no enger Aarbecht, keng Qualifikatioun respektiv eng ganz niddreg Qualifikatioun huet. Duerfir nach emol den Opruff fir d'Qualifikatioun ze verbessern.

Déi Propositionen do, déi d'OECD gemaach huet, déi hu mir als Demokratesch Partei och scho virun enger Rei vu Jore hei gemaach. Leider stelle mer fest, datt bis ewell séier weindeg geschitt ass. Wann deemools op d'Demokratesch Partei gelauscht gi wär, hätte mer Sue fir d'Etüd gespuert a mir hätten och vill Zäit gespuert a mir wäer méi schnell bei de Reformen um Aarbechtsmaart weiderkomm, wéi dat mëttlerweil de Fall leider ass.

D'Demokratesch Partei war och déi, déi virun zwee Joer gesot huet, mir sollen eis un anere Länner inspiréieren, notament um Dänemark. Do gëtt et jo mëttlerweil ee Schlagwuert, Flex-Security, wat d'Kombinatioun ass vu Sécherheet a Flexibilitéit. Dat ass effektiv e Schlagwuert wat momentan vu jiddferengem gebraucht gëtt. Et ass keen Interview vum Aarbechtsminister dee vergeet, ouni datt hien net drop ugeschwat gëtt an datt hien dozou Stellung hëlt. Et ass kee Pabeier vun der Europäescher Unioun dee vergeet, ouni datt dat doten als de grouse Wee eigentlech aus der Kris eraus gelueft gëtt.

Trotzdeem solle mer eis d'Fro stellen: Wéi verst mir Flex-Security hei zu Lëtzebuerg? Sécherlech kann net alles eent zu eent éngesat ginn, wat an anere Länner méiglech war, mä trotzdeem mussen mer eis dann awer eng Kéier de Grundgedanke verinnerlechen. De Grundgedanke, deen do heescht, datt d'Flexibilitéit net ëmmer schlecht ass, mä datt en zolid Netz do muss si fir déi Leit, déi um Aarbechtsmaart momentan Problemer hunn, an datt Hëllef virun allem muss do sinn, fir datt se aus deene Problemer erauskommen, mä datt vun hinnen awer selwer och gefuerdert gëtt, en Effort ze maachen, fir do erauszukommen.

Datt Dänemark do, op jidde Fall fir Dänemark, e richtege Wee gaangen ass, dat beweist ganz eleng d'Chômage-Statistik. 1993, virun deene Reformen, hat Dänemark e Chômage-Taux vun 9,6%. 2006 war et nach en Taux vun 3,9%. A wann ech déi lescht Ziffere richtege am Kapp hunn, da leie se elo bei 3,1/3,2% dorëmmer. Dat heescht, et ass méiglech, duerch Aarbechtsmaartreformen de Chômage-Problem dach drastesch ze reduzéieren.

Natierlech ass et ëmmer schwéier, en op null ze kréien. Natierlech mussen mer permanent weider Effortë maachen. Mä och d'OECD seet hei, datt dat e Modell wär, un deem Lëtzebuerg sech kéint inspiréieren. Ech erwaarden eigentlech och vum Aarbechtsminister, datt hien elo am Uschluss un dës Debatt konkret virleet, wéi hie sech da virstellt, wéi Flex-Security hei zu Lëtzebuerg kann déclinéiert ginn, wou mer eis inspiréiere ginn a wat a sengen Aen dann néideg a méiglech ass fir de Lëtzeburger Aarbechtsmaart.

An eisen Aen op jidde Fall ass dat doten eng Pist. Mir si schon der Meenung, datt

Flexibilitéit a sozial Ofsécherung Hand an Hand kënnen goen an datt se och Hand an Hand musse goen hei am Land.

Nun, eent zu eent, wéi gesot, kënnen mer net alles ëmsetzen. Dänemark huet eng aner Aarbechtskultur. An Dänemark ass et vill méi normal nach oder schonn, wéi et haut hei zu Lëtzebuerg normal ass, datt een am Laf vu sengem Liewen oft d'Aarbechtsplaz wiesselt. E ganz groussen Deel vun deene Beschäftegten an Dänemark wiesselen am Joer eigentlech hire Patron, esou datt do eng aner Approche och zur Aarbecht schéngt ze herrschen, déi hei mat Sécherheet net dominant ass. Mä trotzdem kënnen mer eis un deene gudden Beispiller aus anere Länner inspiréieren.

Et kann een elo nach eng ganz Rei vu Punkten opzielen, wou mer d'Zäit net méi bleift, am Detail drop anzugehen, wou mer awer eis och musse Gedanken maachen. Den Hauptproblem ass weiderhin d'Inadéquation vun der Capacitéit vun deene Leit, déi eng Plaz sichen, par rapport zu deene Plazen, déi op sinn, zu deene Capacitéiten, déi um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gefrot sinn.

Et ass de Problem, datt nach ëmmer ganz vill Jonker ënner 26 Joer och am Chômage sinn, wat natierlech besonnesch dramatesch ass, wann een am Ufank vu senger Berufscarrière schon esou schlecht an d'Aarbechtswelt erastart. A mir wëssen och, datt et oft déi sinn, déi herno ëmmer erëm mat ähnleche Problemer konfrontéiert ginn.

Mir wëssen, datt ronn zwee Drëttel vun deenen nei geschafenen Aarbechtsplazen duerch Frontaliere besat ginn. Mir wëssen, datt eng grouss Majoritéit vun deene jonke Lëtzebuerger, déi aus der Schoule kommen, och mat engem Diplom aus der Schoule kommen, de Wee ganz schnell an d'Fonction publique sichen, bei Gemengen a Stat. Och dat dréit net ëmmer dozou bei fir eisen Aarbechtsmaart hei mat eegene Kräften ze dynamiséieren.

Mir wëssen och, datt mer iwwer 1.000 Schüler hunn, déi all Joer eise Schoulsystem ouni Diplom verloossen an dofir ganz oft a ganz prekär Situatiounen, net nëmme am Ufank vun hirer Carrière, mä eigentlech iwwer déi ganz Berufscarrière eraus, ëmmer erëm kommen. Dat sinn d'Punkten, déi kënnen mer net vernoléisseggen.

Gradesou wéi mer net kënnen vernoléisseggen, datt mer och ëmmer méi eeler Leit am Chômage hunn. D'Zuel vun deenen iwwer 50 Joer, déi Demandeurs d'emploi sinn, huet sech am Laf vun deene leschte Jore quasi verdreifacht. 1998 waren dat der nach 5.564, 2004 waren et der 1.542. A mir sollen och net négligéieren, datt d'Aarbechtsrecht en Impakt huet op de Fait, ob Aarbechtsplazen hei am Land geschafte ginn, ob Aarbechtsplazen hei am Land gehale ginn oder ob Aarbechtsplazen aus deem Land ofwanderen. Dat ass och ganz besonnesch wichteg fir net qualifizéiert Leit, well déi oft an deene Betriber schaffen, wou e Stéckelche méi Flexibilitéit vläicht heiansdo dozou ka bäidroen, datt de Betrib finalement zu Lëtzebuerg bleift.

Da musse mer och éierlech si mat eis selwer, an ech wönnere mech e bëssen iwwer déi Diskussioun, déi mer iwwer d'Öffnungszäiten am Commerce féieren, iwwer d'Reaktiounen, déi aus dem politesche Milieu kommen, awer och d'Reaktiounen, déi vun anerer Säit, vu Gewerkschaften, vu reliéisene Organisatiounen kommen.

Mir kënnen net soen, datt mer och Aarbecht musse hei schaffe fir net qualifizéiert Leit a gläichzäiteg dann awer Secteure wéi de Commerce esou anengen, datt et eigentlech zu gewëssene Stonnen nëmme nach méiglech ass am noen Ausland akafen ze goen.

Domadder reduzéiere mer d'Zuel vun den Aarbechtsplazen hei am Land. Domadder hypothekeiere mer d'Aarbechtsplazen am Commerce hei am Land, mä mer transféiere se eigentlech an d'Ausland. A mir wëssen, datt d'Chance scho kleng ass, datt ee Résident op eng geschafene Aarbechtsplaz am Commerce hei am Land herno kënn, mä ech kann lech soen, datt se quasi null ass, datt ee Lëtzebuerger Résident am Ausland am Commerce jee wäert eng Plaz fannen.

Do solle mer also och éierlech si mat eis selwer, wa mer Aarbecht hei wëllen halen, och fir manner qualifizéiert Leit, da solle mer déi Leit schaffe loossen, dann, wann d'Aarbecht do ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider!

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä Fraktiounskolleeg, de John Castegnaro, ass op eng Rei vu wichtige Elementer bei der Bekämpfung vum Chômage agaangen. Hien huet a senger ganz engagéierter Ried, mengen ech, dat ganz Ëmfeld ëmstrach an ech géif mech beschränken - well do duerch och meng Zäit e bësse méi kuerz ginn ass -, op zwee wesentlech Punkten anzugehen.

Deen éischte Punkt ass den zukünftege Fonctionnement an d'Roll vun der ADEM, deen zweeten d'Resultater an déi éischt Analys beim Ëmsetze vum Projet 5611.

Wat d'Analys vum Fonctionnement vun der ADEM ubetrëfft, esou mengen ech, dass eenzel Riedner och am Virfeld hei elo schon op dëser Tribün drop agaange sinn, wat d'Roll vun der OCDE war a wat d'Resultater vum Audit, deen d'OCDE gemaach huet, zum Schluss besoen. Et muss een awer festhalen, dass sécher eng Rei vu wichtige Elementer an Iddien dran erëmzefanne sinn awer derniewent eng Rei vu Punkte sinn, déi mer eigentlech selwer, respektiv déi Leit, déi um Terrain sinn, hätte kënnen soen an een am Virfeld hätt kënnen eng Rei Zäit dobäi spueren, fir déi direkt ëmzesetzen, well, ech mengen, et si Problemer respektiv Iddien, déi zënter laangem gewosst sinn.

Virausschécke wëll ech awer, datt d'ADEM eng Administratioun ass, déi ënner enger kompetenter Direktioun generell eng gutt an engagéiert Aarbecht mécht an och viru wäert maachen. Vill Beamtinnen a Beamte probéiere mat deenen hinnen zur Verfügung stoeende Mëttele, an där néideger Zäit virun allem och, déi hinne bleift, bei all där administrativer Aarbecht déi beschten Aarbecht par rapport zum Client, dem Arbeitslosen ze leeschten.

An ech mengen och, datt et wichteg a richteg ass, datt mer op dëser Plaz d'Roll vun der ADEM nach eng Kéier bestätegen a soen, datt si eng wichteg Roll an déi wichtigste Roll an der Vermëttlung an deem ganzen Ëmfeld vum Chômage spille soll an an Zukunft och nach eng Kéier spille muss. Dat soll nach eng Kéier op dëser Plaz ënnerstrach sinn.

Am Virus erlaben ech mer, éier ech op eenzel Punkte vun der ADEM aginn an och vläicht Virschléi maache wëll, op een Zitat, dat ech an enger grousser Lëtzebuerger Dageszeitung vum Sous-Direkter vun der ADEM gelies hunn, anzugehen, dee gesot huet - an dat ass ganz richteg an deem kann ech nëmme zustëmme -, datt d'ADEM eng Verwaltung ass, déi ëmmer an der Kritik wäert bleiwen, well am Prinzip déi Leit, deenen Onrecht geschitt oder déi mengen, datt se schlecht behandelt, schlecht beroden oder schlecht orientéiert goufen, sech ëmmer wäerten zu Wuert mellen. Déi allerdingen - an dat sinn der och ganz vill -, déi gehollef kréien, déi richteg berode ginn an déi richteg ënnerstëtzt ginn, déi wäerte sech seelen oder eigentlech ni zu Wuert mellen. Ech kann dësen Aussoen nëmme bäiflichten an och d'Roll vun der ADEM ënnert dat Licht dann emol eng Kéier setzen.

Fir datt eis national Aarbechtsmaartverwaltung awer eng wichteg Roll beschtméiglech an effikass kann erfüllen, mussen an Zukunft eng Rei Punkten awer erfüllt sinn, déi mir och als Sozialisten - an ech ginn herno op d'Remarque vum Här Meisch a wat hie gesot huet, datt mir et sollten upaken; ech ginn lech herno eng kleng Äntwert drop, Här Meisch -, zënter laangem gefuerdert hunn an déi och zum Deel de Moment ëmgesat ginn.

D'ADEM muss reforméiert ginn, do ginn ech lech Recht, an et soll op dëser Plaz och gesot sinn, dass dës Reform schon amgaangen ass ze geschéien a virun allem an den Diskussiounen ronderëm de Projet 5611 an duerno dese Prozess ugefaangen huet. Et bleiwen awer eng Rei wichtige Punkten ze realiséieren, déi gréisstendeels och am Statsbudget ugepaakt ginn a wou mer och vun dëser Plaz aus d'Regierung vollstens ënnerstëtzen, an déi och zréckginn op d'Recommandatiounen vun der OCDE.

Dat ass éischtens eng massiv Personalopstockung vun de Placeuren. Et kann hautdësdags net méi sinn, datt ee Placeur 500 Leit ze betreiwen huet. Wéi Der gelies hutt am Audit - een, deen en duerchgekämmt huet - ginn an aneren europäesche Länner 100 Leit betreit vun engem Vermëttler. Et mussen also Mëttele zur Verfügung gestallt ginn, fir datt weider Vermëttler kënnen rekrutéiert, kënnen agestallt gi beim Stat. D'nächst Joer, wa meng Informatioun gutt sinn, si sechs Leit virgesinn, an dat wäert an deenen nächste Jore mat Sécherheet nach virgoen.

An et soll een hei virun allem drop oppassen, datt dës net nëmme zentraliséiert ginn an d'Etat an op Esch, mä datt och an den Agencen dat néidegt Personal zur Verfügung steet, fir eng propper a gutt Aarbecht ze leeschten. Ech denken hei un d'Agencé vun Dikrech an och vu Wolz.

An deem Kontext muss ee sech awer och lwwerleunge maachen, an et ass hei schon ugeschwat ginn, wat eigentlech de Profil vun engem Placeur soll sinn. Et geet net einfach esou, datt mer hei e Concours maachen an dann ee Placeur kënnen rekrutéieren, dee gewësse schoulesch Viraussetzunge matbréngt. Et geet och net, datt mer einfach soen e Placeur muss hautdësdags Bac+2, Bac+3 hunn. Dat ass net de Wee. Dat ka mat Sécherheet eng Viraussetzung sinn, fir en Deel vun der Aarbecht ze leeschten, mä niewent de schoulesche Wäerter musse virun allem eng ganz Rei vun anere Wäerter matspillen:

Et sinn dat Wäerter vu Mënschekennnis, et sinn dat Wäerter vu sozialer Bereitschaft de Mënsch ze gesinn, awer och de Betrib ze kennen oder kennen ze léieren. Et sinn dat eng Rei Saachen, déi ganz einfach wichteg sinn, datt och eng gewësse richteg Approche dozou kënn fir déi néidegt Kontaktfreedegkeet ze hunn, dat néidegt Fangerspëtzegefäll heiansdo, fir och wierklech där Persoun, déi an engem ganz schlechter Situatioun meeschtens géigeniwwer stëtz, richteg ze hëllefen. An derniewent och deen anere Partner an deem ganze Spill, an dat sinn nun emol d'Betriber, dat sinn nun emol d'Patronen, och déi richteg ze traitéieren, fir déi richteg Leit ze fannen, wa se op d'ADEM ginn.

Et kann een net nëmme higoen a soen, dass am Monopol vun der ADEM dann d'Plaze musse gemellt ginn. Et muss een et aneschtens gesinn. Et muss ee soen: D'ADEM huet d'Chance, datt d'Plazen all gemellt ginn, an de Patron huet d'Chance déi Leit gratis vermëttelt ze kréie säitens vun der ADEM.

An deem Beräich, mengen ech, ass et och wichteg, datt d'ADEM e Service „Marketing“ opbaut, fir datt déi richteg Messagen eriwuerkommen no baussen, datt och déi gutt Aarbecht, déi se leeschten all Dag um Terrain, no bausse verkaaft gëtt. An dofir, mengen ech, ass et wichteg, datt mer dese Service „Marketing“ och opbauen an och richteg no bausse weise wat fir eng effikass Beschäftegungspolitik hei säitens vum Ministère a säitens vun der Verwaltung, déi een ëmsetzt, geleescht gëtt.

An deem Bezuch ass et och - an et gouf och hei schon ugeschwat - wichteg, datt déi richteg Infrastrukturen zur Verfügung stinn, well mir wëssen, datt d'Agence zu Lëtzebuerg a relativ enke Raimlechkeete stëtz, an datt et hei scho méi Gebaier ginn. Mir wëssen, datt et zu Esch enk ass, datt en neit Gebai geplangt gëtt, fir op de Frichen op ARBED Esch/Belval gebaut ze ginn. A mir wëssen och, datt an Zukunft muss dru geduecht ginn déi aner zwou Agencen Dikrech a Wolz weider opzereschten, esou datt och hei eng effikass Aarbecht ka virgesi ginn.

Mä wéi steet et eigentlech dobäi mat enger Iddi, déi, mengen ech, méi dacks schon diskutéiert gouf an déi zum Deel ëmgesat gouf, an zum Deel och am Fonctionnementsgesetz vun der ADEM steet, d'Iddi vun enger Dezentralisatioun vun den ADEMs-Agencen?

Firwat net, mengen ech, wou mer amgaang sinn, an et ass eng Fro eigentlech och un de Minister wéi hien dozou steet, elo grad wou mer amgaang sinn eist Land nei opzedeelelen am Kader vun IVL. Firwat kucke mer net fir op all deene Plazen, et sinn der am Ganzen zwielf, niewent deenen dräi Hauptzentren, déi mer kennen, déi vum Hauptzenter an deenen zwee Mëttelezentren eigentlech ze kucken, Agencen, Antennen ze kréien, well mer gemierkt hunn, datt do, wou virun allem och no beim Bierger geschaff gëtt, do, wou d'Leit kann sinn, do, wou virun allem och d'Patronat kann ass, d'Betriber kann sinn, eng gutt Aarbecht geleescht ass an de Kontakt eigentlech vill méi no ass. Do fir mengen ech soll een déi lwwerleung eng Kéier mat féieren, fir ganz einfach och dës Antenne wierklech richteg ze implanteréieren.

Mir wëssen, datt eenzel Antenne bestinn niewent deenen Agencen, déi offiziell bestinn, zu lechternach zum Beispill, zu Clierf an der Zäit bestanen hunn.

» **Une voix.** - Zu Gréiwemaacher.

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Zu Gréiwemaacher. Et kéint een drun denken esou eppes erëm anzeféieren. Ech hunn eigentlech en Appel gemaach, datt dat generell duerch d'ganzt Land soll kommen, fir a

klengen Unitéite méi no um Terrain ze sinn a virun allem och méi no bei d'Patronen eriwuerzekommen. Dës Iddi, wéi gesot, sinn ech frou, wann ee se eng Kéier kéint diskutéieren. Ech weess mat Sécherheet, datt dat och méi Fonctionnementskäschte bedeit, datt dat och nach méi Leit eventuell bedéngt, mä et soll ee se awer eng Kéier kënnen duerchspillen.

Eppes ass kloer - an de John Castegnaro huet et op dëser Plaz de Mëtteg och gesot -, d'LSAP ass géint eng Privatiséierung vun der ADEM. D'Iddi vum Établissement public solle mer duerchspillen an déi solle mer virun allem mat den Acteuren, déi um Terrain all Dag schaffen, duerchkucken, well effektiv ass et esou, datt am Kader vun engem Établissement public mer méi Flexibilitéit hätten an een eventuell och op déi Iddien, déi ech bruecht hu vum Recrutement vu Placeuren, nach besser reagéiere kéint.

Här President, virun allem heescht et awer och an der ADEM eng Rei vu gesetzlechen Traditiounen, déi ee souzeseen als helleg Kéi bezeichne kéint, eng Kéier a Fro ze stellen.

Ech denken hei un éischter Linn un de Vermëttlungssystem, ee Vermëttlungssystem dee fir d'éischt emol opbaut op d'schoulesch Viraussetzungen, déi ee matbréngt, op ee CATP an enger Vente, op ee CATP als Coiffeur, déi doniewent awer all déi aner Saache vu Kompetenzen eigentlech négligéiert. Ech mengen et wier un der Zäit, wéi dat och an anere Länner besteet, och dës Kompetenzen nach vill méi erunzezéien, fir dee ganze Spektrum bei der Aarbechtssich och wierklech nach méi grouss ze maachen.

An dann déi Diskussioun, déi mer zënter Jore féieren, déi mat den obligatoresche Kontrolle bei der ADEM. Och hei geet menger Meenung no ganz vill Zäit verluer. Et geet ganz vill Zäit verluer, déi eis herno virun allem feelt bei enger Vermëttlung, bei enger Berodung vun deem Arbeitslosen, deen eng Aarbechtsplaz sicht. Déi puer Abusen, mengen ech, déi hei geschéien - an déi geschéie bei all Gesetz -, entsprechen net deem Zäitopwand, dee gemaach gëtt fir all Dag dausende vu Leit an eng Kontroll ze ruffen an an deem Moment och d'Büroen ze blockéieren respektiv Vermëttlungsbüroen ze blockéieren. Am Ausland ginn et eng Rei flott Projeten, déi bestinn, an och effikass Modeller, déi hei fonctionnéieren.

Dësen nei geschafene Fräiraum, mengen ech, géif der ADEM a virun allem hire Placeuren an deem Moment nei Méiglechkeete ginn, an hirer Berodung an Orientéierung méi konsequent virunzekommen.

Ech gesi meng Zäit fänkt un ofzelafen. Ech muss e bësse méi Gas ginn, fir duerch deen zweete Volet ze kommen.

Dat ass virun allem dee vum Projet 5611, deen zënter kuerzem dann elo ab 1. Juli a Kraaft ass a wou, mengen ech, et ze fréi ass, fir e Gesamtbilan ze maachen, wou ech awer feststellen, wann een d'Zuele kuckt, wat d'Jugendarbeitslosigkeit ubetrëfft am 5611, deen eigentlech ganz vill béinhalt huet, wann een en duerchkämmt. Do ass jo virun allem dat den Hauptproblem gewiescht a waren dat d'Diskussiounen, déi mer dobaussen an an dëser Chamber hate mat de Jugendleche virun allem.

Et muss ee feststellen, datt de Chômage bei deene Jugendlechen erofgaangen ass. Firwat dat esou ass a wou se sinn, do wäert vläicht herno de Minister, de François Biltgen, drop goen. Ech stelle mer d'Fro effektiv, firwat datt no esou kuerzer Zäit nom Ëmsetze vum 5611 a virun allem dese Mesuren, wou mer de CAT, de Stage initiation, ofgeschaf hunn, ersat hunn duerch CAE, CIE an aner Mesuren, datt mer manner Jugendlecher de Moment am Aarbechtsmaart ageschriwwen hunn. Ech stelle mer d'Fro, ob se eng Aarbechtsplaz fonnt hunn, wat ech gréisstendeels bezweifelen.

An ech stelle mer derniewent awer och eng Rei Froen, wat de 5611 betrëfft, wat de sougenannte CAE betrëfft: Ass et dann effektiv esou, datt de Moment nëmme méi CAEen offréiert ginn u Leit, déi keng Qualifikatioun hunn? Ass doduerch effektiv ofgedeckt, datt déi Leit, déi eng Qualifikatioun hunn, och nach eng Aarbechtsplaz fannen an net méintelaang am Vide do lafe respektiv sech

iwwerhaupt net méi dofir aschreiwen? An dréttens: Ass et och esou, datt eng Rei Verwaltungen oder A.s.b.l.en, déi duerno ganz dacks déi Leit definitiv agestallt hunn, och dat néidegt Personal, déi néidegt Leit fanne, fir de Moment normal funktionnéieren ze kënnen?

Zum Schluss, de Chômage wäert - an et gouf vun eenzelne Riedner gesot - ëmmer ee Chantier bleiwen an e wäert och ëmmer op dës Chambertribün zu Diskussiounen Ulass ginn. Mir wäerten als sozialistesche Fraktioun d'Initiativen an och d'Schaffe vum Aarbechtsminister François Biltgen vollstëns ënnerstëtzen, esou wéi mer dat iwwert déi lescht Joren ëmmer gemaach hunn, mat enger Rei vun neien Aktiounen respektiv Punkten, déi mer ëmmer erëm bruecht hunn.

Ech erënneren hei un eisen 10-Punkten-Programm, dee mer um LSAP-Kongress 2006 verabschiedet hunn a wou ee groussen Deel eigentlech erëmgeholl gouf souwuel am 5611 wéi och elo an enger Rei vu Methodiken, déi erëmgeholl goufen an der ADEM.

An derniewent, mengen ech, kann dëst Spill och net funktionnéieren, wa mer net e Kuerzschloss kréien. De John Castegnar huet et ugeschnidden, déi Konferenz op déi hien eventuell eng national Konferenz hiweist, do wou mer en Zesummespill kréien zwëschen deenen dräi Partneren, dem Stat, der ADEM, der Verwaltung, dem Patronat, de Betriber an déi aner Sait: de Bierger, den Arbeitslose respektiv deenen Arbeitssuchenden.

An deem Kontext, mengen ech, musse mer dat Ganzt och gesinn. An ech gesinn och hei eng Äntwert op dem Claude Meisch seng Fro oder säi Virwurf oder et war eng Remarque, déi hie gemaach huet par rapport zur LSAP, datt si geschriwwen huet: Mir paken de Volet un. Dat hu mer gesot an, Här Meisch, mir sinn amgaang en unzepaken. Een Emploi, ee Chômage besteet aus dräi Voleten, aus dräi „E“en.

(Interruption)

Wann Der mer gutt nolauschtert, Här Bettel, dann erklären ech lech et eng Kéier.

(Brouhaha général)

De Volet Chômage besteet aus dräi „E“en. Deen éischten „E“...

» **M. Ben Fayot (LSAP)**. - Den Här Bettel ass ukomm!

» **M. Romain Schneider (LSAP)**. - Deen éischten „E“ steet fir Educatioun. Selbstverständlech ass d'Regierung amgaang, zesumme mat enger LSAP-Ministesch, d'Educatioun ze reforméieren, nei Méiglechkeeten an der Berufswelt ze schaffen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Den zweete Volet ass de Volet „E“ fir Ekonomie. Och hei ass d'Regierung amgaang, zesumme mat engem sozialisteschen Ekonomiesminister, Wirtschaftsminister, nei Aarbechtsplazen ze schafen an déi Plazen, déi do sinn, méi standhaft, méi durabel ze maachen.

An een dréttens „E“ steet fir Emploi, an ech mengen hei ass d'Regierung amgaang mat engem CSV-Minister François Biltgen, dee mer vollstëns ënnerstëtzen, och eng positiv Beschäftigungspolitik ze maachen.

(Brouhaha général et coups de la cloche de la Présidence)

Dir kënt also net soen, Här Meisch, datt hei an deem Dossier näischt geschitt ass. Ech ka just feststellen, datt an der viregter Regierung zwee vun deenen „E“en der DP gehéiert hunn an datt do näischt geschitt ass!

Merci.

» **Plusieurs voix**. - Très bien.

» **M. le Président**. - Merci, Här Schneider. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG)**. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well d'Zäit mer leider begrenzt ass, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun haaptsächlech zu véier Theme Stellung huelen.

Éischstens, d'Arbeitsamt a seng Missiounen.

Zweetens, d'Cohésion sociale an déi dozou noutwendeg Sozial- an Aarbechtsmaartpolitik.

Dréttens, d'Jugend virun der Offer u Bildung, Ausbildung an Orientéierung.

A véiertens, de Phenomeen vun den „working poors“, dat heescht vun den Travailleurs pauvres.

Mir sinn elo Enn 2007 a féieren erëm, no bal zwee Joer, eng Debatt hei an der Chamber iwwert de Chômage. D'Situatioun um ekonomesche Volet huet sech net vill geännert säit där éischter Debatt. Au contraire kënnen mer souguer eng gewisse Relance économique feststellen. An och um strukturelle Volet si säit dem Fréijoer 2005 keng wesentlech Ännerungen ze verzechen.

Mir sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer dat EU-Land mam beschte BIP a gläichzäiteg nach ëmmer dat Land mat engem vun deene gréissten Tauxe vun onqualifizéierte Jugendlechen, déi d'Schoul verloossen. Mir sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer dat EU-Land mat engem héijem Taux u Schafung vun neien Aarbechtsplazen a mat engem vun deenen niddregsten Tauxen u Chômage respektiv un Aarbechtslosen.

An dach, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, geet et enger ganzer Rei vu Bierger a Biergerinnen, Lëtzebuurger oder Ausländer, Jonker oder manner Jonker, Männer a Fraen, bei Wäitem net gutt, well si keng Aarbecht hunn oder eng Aarbecht hunn, déi hinne knapp erlaabt op eng digne Manéier ze liewen.

Zum Arbeitsamt: En Haus, wat souwisou schonn e schwéiere Stand huet, well par définition kee Mënsch gären dohinner geet. En Haus, wat säit Joren ënner engem chronische Mangel souwuel u Plaz wéi u Leit an deels och u Kompetenze leit. En Haus, deem et wahrscheinlech och un enger gewëssener Form vu Flexibilität feelt. En Haus, deem et schlussendlech u Mënschlechkeet feelt, an dëst ass mat Sécherheet net gewollt.

Et ass awer eng traureg Realitéit, souwuel fir déi Mënschen, déi all Dag do schaffen, wéi fir déi, déi eng Schaff dohinner siche kommen. Also eng katastrophal Ausgangsbasis, wann een den Impakt an d'Wichtigkeet vun där Verwaltung kennt, grad hei zu Lëtzebuerg, wou mer 2006 net manner wéi 13.000 nei Aarbechtsplaze geschaf hunn a mëttlerweil eng ronn 150.000 Frontalieren zielen, déi all Dag bei eis schaffe kommen.

D'Recommandatiounen vum Médiateur an en Audit vun der OECD ernimmen eng ganz Rei vun identesche Mängel, virop - an et ass scho gesot ginn - e chronische Mangel u Placeuren an e Mangel u Kompetenzen, heiansdo och u Motivatioun. Dat ass à la limite legitim, vu de Modus wéi si dohinner rekrutéiert ginn. E Mënsch, deen net wielt fir sech berufflech ëm Demandeurs d'emploi ze këmmen, ka mam beschte Wëllen net eng zefridde stellend Aarbecht realiséieren. Op alle Fall net op Dauer.

Duerfir gëtt et och eng héich Rotatioun ze bemierke bei de Placeuren, déi natierlech dann och séier ausbrennen. D'Direktioun vun der ADEM confirméiert, datt et eng ganz Rei vu Placeure gëtt, déi de Service esou séier wéi méiglech wiesselen oder déi och intern transferéiert ginn. Hei stousse mer op d'Limité vun der Astellungspolitik vun der Fonction publique.

Den Aarbechtsminister selwer ass schonns Unhänger vun enger gewëssener Flexibilität an der Astellungspolitik bei der ADEM, notament eng Méiglechkeet, kompetent Leit fir dës spezifesch Posten als Employés privés anzustellen, fir se da spéider ze fonctionariséieren. Hien hat eis dësen onfromme Wonsch eng Kéier matgedeelt. Ech muss soen, als Gemengeresponsabele kann ech heiansdo dësen onfromme Wonsch gutt novollzéien.

Den Audit vun der OECD huet ganz kritesch déi insuffizient Zuel vun de Placeuren dénoncéiert. Actuellement - oder zu der Zäit vum Audit - betreie 25 Placeuren 13.500 Demandeurs d'emploi, y compris déi, déi an enger Mesure sinn. Dat si 500 Mënsche pro Placeur, déi zweemol am Mount kommen. Dat sinn 1.000 Entrevuë pro Mount pro Placeur! Ausgerechent zu dem EU-Standard vum Accompagnement a Suivi vun engem Demandeur d'emploi, missten der ADEM zousätzlech 125 Placeuren accordéiert ginn.

En zweet erschreckend Resultat ass d'Effektivitéit vun der ADEM. De System vun den Assignatiounen bewäert sech net, op alle Fall bei Wäitem net fir jiddfeeren. D'Assignatiounen musse méi cibléiert ginn, souwuel wat den Demandeur wéi wat den Employeur ubelaangt. D'Conseillieren - där gëtt et der eng ganz Rei beim Arbeitsamt - hu bei Wäitem méi Succès. Firwat?

Dozou gëtt et e puer Ursaachen, déi eigentlech op der Hand leien:

Si gi cibléiert vir, si hu Postes vacants a siche ganz prezis Demandeurs d'emploi, déi op déi Postes vacants kéinte passen. Si assuréieren e Suivi vum Demandeur d'emploi. Virun allem hu si e gudd Kontakt zu de Betriber. Si schwätzen déiselwech Sprooch wéi den Département des ressources humaines.

Dëst ass genau eng extrem wichteg Komponent, denken ech, déi oft och nach ënnerschat gëtt. Den Employeur muss mat an d'Boot geholl ginn. Duerfir brauch den Employeur awer eng Upak, en Usprechpartner, op deen hie kann zréckgräifen. Engersäits muss de Patron och senge soziale Verantwortungen nokommen, anersäits huet hien awer ganz kloer Verpflichtungen, déi ekonomescher Natur sinn; et ass d'Essenz vun sengem Émfeld, der Wirtschaft.

Mir denken, datt de Modell vum Conseiller soll ausgebaut ginn, an datt dëse Modell och op aner Moosnamen an Aktiounen kann a soll iwwerdree ginn. De Modell ass einfach, dofir effikass. Den Demandeur d'emploi an de potenziellen oder effektiven Employeur ginn encadréiert, dat heescht, si hunn eng kompetent Usprechpersoun.

Dëse Service zielt souwuel wann een eng Schaff sicht oder e Salarié sicht während der eventueller Weidberbildungsphas, awer och duerno gëtt e Suivi assuréiert, wann zum Beispill Schwierigkeete kéinten opkommen. Dës Form vu Service gëtt schonns notament vun enger ganzer Rei vun Associatiounen offréiert. Dat sinn déi Associatiounen, déi ebe grad mat de schwéier placéierbaren Demandeurs d'emploi schaffen. Grad déi Mënschen, déi de Statistike vun der ADEM Kappzerbrieches maachen.

Mir bedauern et och, datt d'Regierung et mësst, fir méi proaktiv a vernetzt mat de bestehenden A.s.b.l.en ze schaffen. Duerch dat Gesetz 5611 sinn eng ganz Rei schwierereg, awer realistesch a sënnvoll Décisionen geholl ginn, notament d'Unerkennung, datt no enger Mesure beim Stat oder bei de Gemenge meeschtens keng Astellungsperspektiv hannendrun ass. Parallell dozou hunn eng Partie vu flotten a wichtigen Initiativen eng Rei vu wesentleche Moyenen ewechgeholl kritt. Duerfir ass de Service SAPDE vum Arbeitsamt wesentlech ausgebaut ginn, huet als Optrag eng Evaluatioun en e Kontrakt mat all jugendlechem Demandeur d'emploi ze maachen, bannent dräi Méint bei de Jugendlechen a mat den erwuesene Leit banne sechs Méint.

Wéi wäit huet dëse Service d'Méiglechkeeten an d'Moyenen, e kontinuéierleche Suivi ze garantéieren? Dem Service SAPDE seng Missioun kréie geschwënn och nach méi eng grouss Envergure, notament duerch de Projet de loi iwwert de Chômage social. Do ass virgesinn, datt d'Arbeitsamt déi Instanz ass, déi wäert iwwert d'Employabilitéit vum Demandeur d'emploi befannen. Et ass virgesinn, datt ausschliesslech de private Secteur dee Secteur ass, wou den Demandeur d'emploi employable higeschéckt gëtt. Déi aner Leit fanne sech am Chômage incompressible erëm. Dat sinn ausschliesslech déi Mënschen, déi an de Beschäftigungsinitiative schaffen.

Mir bedauern et och, Här President, datt eng ganz Rei vun erfahrene Kompetenzen aus dem associativé Secteur, souwuel am Beräich vun der Evaluatioun wéi an deem vum Suivi social a professionnel, net oder bei Wäitem net genuch considéiert ginn. Si sinn déi Institutionen, déi mat Sécherheet den noutwendeg Suivi vun Einzelnen, deen um sougenannten éischten Aarbechtsmaart sech integréiert, hätte kënnen garantéieren.

Här President, mir sinn der Meenung, datt den associativé Beräich eng Structure intermédiaire soll kënnen bleiwen tëschen dem Arbeitsamt an dem éischten Aarbechtsmaart. Op alle Fall si si eng Structure complémentaire, an et ass schued, esou vill Kompetenzen net mat virunzehuelen an de Mesures d'intégration oder de réintégration um éischten Aarbechtsmaart an hinnen ausschliesslech déi sougenannten Activités socio-économiques ze iwwerloossen, wuelwëssend, datt déi méi kleng Initiativen - vläicht déi, déi dee gréisste Succès hu bei der berufflecher Integratioun - weineg Méiglechkeete wäerte kënnen opweisen, fir sech an eng Société commerciale ëmzewandelen.

Dëse Projet de loi wäert der Regierung et dann och schwéier maachen, sech duerno nach eescht Gedanken ze maachen iwwert d'Schafung vun enger reeller Économie solidaire et sociale, dës Form vun Ekonomie, déi eng mixte Form vu Beschäftegte präconiséiert. De Stateg huet en interessante Pabeier am Februar 2006 op engem Colloque iwwert d'Économie solidaire et sociale ver-

deelt, e Pabeier, deen a senge Konklusiounen drop hiweist, datt zu Lëtzebuerg d'Économie solidaire et sociale net esou interpretéiert gëtt, wéi déi klassesch sozial Ekonomie vun de Mutuellen oder vun de Kooperativen.

De Stateg weist och op d'Gefore vun der Concurrence déloyale hin, mä ënnersträicht och, an ech zitieren: «Il va de soi que l'importance de ce secteur hétérogène, méconnu, gagnerait à être analysée plus en profondeur. Le Stateg est prêt à lancer des enquêtes plus poussées et à réaliser des analyses approfondies sur l'importance et l'impact de l'économie sociale et solidaire au Luxembourg.»

E grouse Problem besteet doranner, datt dës Regierung - an déi virun och schonns - et systematesch verpasse fir koordinéiert ze schaffen, wann et ëm d'Thema Bekämpfung vun Chômage an Aarbechtsmaartpolitik geet. Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schonn erëm sëtzt den Aarbechtsminister eleng op der Regierungsbänk. Wou bleift de Wirtschaftsminister, wou bleift d'Erzéiungsministesch, ...

(Interruptions)

» **M. le Président**. - En ass a Chile!

» **Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG)**. - ...wou bleift d'Ministesch vun der Gläichheet tëschen Männer a Fraen? Wéini endlech versteet dës Regierung an hiren zoustänneg Wirtschaftsminister, dann eben a Chile, datt et en onheemlech groussen ekonomesche Potenzial gëtt, gekoppelt un e grouse Potenzial un Aarbechtsplazen am Secteur vun den erneierbaren Energien an am Secteur vun der Sanéierung vun der Energieeffizienz.

Haut ass déi grouss Erausforderung ebe ginn, fir déi dräi Piliere vun der Ekonomie, vun der Ekologie a vun der Sozialpolitik an der Ëmweltpolitik erëmzefannen. Kleng- a Mëttelbetriber wëssen, datt een an deem Beräich an Zukunft schwaarz Zuele schreiwé kann. Si hu scho längst dës ekonomesch Nisch entdeckt. Bei där leschter Debatt iwwert de Chômage hei an der Chamber war et grad déi Zäit wou de Wirtschaftsminister ons stolz matgedeelt huet, datt AOL op Lëtzebuerg kéim. Haut ëm déiselwech Zäit geet AOL erëm fort. Fir den Aarbechtsminister sécherlech keng allz dramatesch Situatioun, well hien net mat enger Mass vun Aarbechtslosen dës Kéier konfrontéiert ass.

Här President, et sinn an et bleiwen déi Kleng- a Mëttelbetriber, déi ons bescht Partner sinn. Si sinn déi Betriber, déi déi gréisste Stabilitéit an onsem Land duerstellen an déi op d'laang Dauer investéieren. Am Joer 2002 huet d'OECD en Audit iwwert déi Lëtzebuergesch Politik a Saache Berufsinformatioun, Berufssorientéierung a Berufsbegradung gemaach.

D'Konklusioun gi ganz kloer Recommendatiounen: d'Schafung vun engem national Organ, fir déi verschidden Informations- an Orientatiounsservicer ze koordinéieren; eng national Strategie entwéckelen iwwert d'Informatioun an d'Orientatioun vun der Weidberbildung a vum „lifelong learning“, an eng besser Formatioun a Qualifikatioun vun den Acteuren aus dem Secteur Information et orientation. Et ass eng ganz interessant Lecture mat - denke mir - enger Rei vu ganz interessante Recommendatiounen un déi deemoleg Regierung; Educatiounsministère an Aarbechtsministère.

Elo diskutéiere mir iwwer eng Reform vun der berufflecher Ausbildung via Projet de loi, an et geet keng Rieds vun Orientatioun. D'Orientatioun geschitt nach ëmmer mat de Moyens du bord a mam Engagement vun den eenzelnen Acteuren, déi sech selwer matenee vernetzt hunn, oft op informeller Basis.

De Leitragenden dobäi ass mat Sécherheet de Jugendlechen. Oft sinn et déi Jugendleche, déi mer e weineg méi spéit an enger Mesure CIE oder CAE erëmfinden. Eng ganz Rei vu Jugendlechen - an et ginn där ëmmer méi - kommen emol net méi bis bei d'Arbeitsamt. Déi fanne mer op anere Plazen erëm, wou se eis Gesellschaft deier kaschten. Et gëtt zu Lëtzebuerg keng Etüd, keng Statistiken doriwwer, mä déi Institutionen a Gremien, déi am Alldag am soziale Secteur aktiv sinn, bestätegen dës Phenomeen. An och de Conseil économique et social bedauert dëst Joer, datt et keng Statistiken am Beräich vun de Jugendleche gëtt, déi d'Schoul verloossen, déi keen Diplom hunn, déi keng Léier hunn an déi een néierens erëmfënnt. Do gëtt et just eng Grozon.

Den Ekonomist an Nobelpreisträger James Heckman huet en ekonomesche Lien gemaach tëscht Fréierzéiung an de Betreierungsstrukturen a schoulesche Strukturen an

der sozialer Kohesiuon. Hie beweist unhand vun Zuelen, datt wat ee méi a Betreuungstrukturen an an déi regelrecht Erzéiung investéiert, wat een herno vill méi an den Ausgaben u soziale Mesuren aspuert.

De Problem stellt sech och hei zu Lëtzebuerg. D'Frae sinn nach ëmmer déi meescht vertraueden an der Kategorie vun de „working poor“. Obwuel dës Mënschen - d'„working poors“, d'„Travailleurs pauvres“ - eng Aarbecht hunn an also weider net direkt d'ADEM oder den Aarbechtsminister beschäftegen, kënnen si oft net oder bal net liewe mat hirem Akommes. 14% vun de Famillje mat Kanner falen an en Taux de risque de pauvreté. Bei de Familles monoparentales sinn et der 21%, wou mer praktesch exklusiv weiblech Chefs de famille erëmfannen.

54% Frae schaffen, géigeniwwer 73% vun de Männer. D'Frae bleiwen nach ëmmer kloer diskriminéiert par rapport zum Chômage, an dëst onofhängeg vu Qualifikatioun, Alter, Nationalitéit an esou weider. Si sinn duebel esou vill gefährdet, an de Chômage ze rutschen.

Ech kommen zum Schluss. Ech soen lech et direkt.

Och haut verdéngt eng Fra - an ech denken dat ass dat, mat deem mir eis elo wäerte beschäftegen an der zoustänneger Chamberkommissioun - 20% manner wéi d'Männer. D'Halschent dovun ass reng op d'Geslecht zréckgeféieren, also zu 100% diskriminatoirech.

Als Konklusioun, Här President, wollt ech der Chamber en général a menge Kollegen an der Aarbechtskommissioun en particulier proposéieren, datt mir gären eng aner Form vun Debatt iwwert de Chômage an den Emploi sollen an Zukunft hei an dësem Haus féieren. Mir sinn nämlech der Iwwerzeugung duerch déi puer Beispiller, déi ech hei beschriwwen hunn, datt de Problem sech net reng an enger Aarbechtsmaartpolitik erëmfënnt, mä datt et eigentlech ëm de Fong geet an ëm d'Form wéi d'Regierung gedenkt dëst Land ze organiséieren, fir datt all Bierger a Biergerin an dësem Land studéieren, sech ausbilden, schaffen a liewe kann, an dëst op eng eierbar Manéier.

Dat sinn ons Eraufuerderungen. A mir hoffe wa mer dës Debatt anescht gestalten d'nächste Kéier, datt dann, Här President, op der Regierungsbänk net méi eleng den Aarbechtsminister ons nolauschtert.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den honorabelen Här Gibéryen ass elo un der Rei. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert. Här Jaerling, den Här Gibéryen huet d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, mir hunn haut heibannen eng weider Debatt a Form vun engem Débat d'orientation iwwert de Chômage an iwwert d'Situatioun um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg.

Déi Kolleegen, déi scho méi laang heibannen an der Chamber sinn, wëssen, datt mer schonn iwwer Joren esou Debatten heibanne féieren - heibannen, dobaussen - iwwert dëse wichtige Sujet. Déi enzel Parteeie fixéiere sech an hire Wahlprogrammen. Déi eng paken et un. Déi aner paken et besser un. D'Parteien, d'Sozialpartner schwätze mateneen. D'Regierung diskutéiert, a speziell den Aarbechtsminister diskutéiert an deem Thema hei mat.

D'ADR huet am Laf vu senger Geschicht e puer Dokumenter ausgeschafft iwwert d'Chômageproblematik, fir d'lescht am Mäerz 2006, wou mer zéng Propositione gemaach hu fir eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik: d'Weiterbildung kritt eng absolut Prioritéit; d'Berufssorientéierung soll verbessert an erliichtert ginn; d'ADEM soll fit gemaach ginn an op déi nei Eraufuerderung ugesat ginn; d'Aarbechtsbeschafungsmaosname solle méi sénnvoll agesat ginn; investéieren a Fuerschung an Entwécklung; Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht; Beschränkung vun der Cumul-Aarbecht; oppassen, datt am Kader vun der europäescher Politik net ze vill Betriber ausgelagert ginn; Förderung vun der Zäitaarbecht; a Förderung vum Mëttelstand.

Här President, wann ech elo haut erëm op eis Iddië géif agoen, da géif ech gréisstendeels haut nach eng Kéier soen, wat ech op dëser Plaz vun eiser Säit aus schonn e puermol gesot hunn. A wa mer eierlech sinn, wa mer déi Debatt haut de Mëtten hei verfollegen - an do wëll ech kengem ze no trieden -, da sinn net vill nei Momenter erauskomm, well et kann een net all sechs Méint eppes Neies erfanne fir de Problem ze léisen. Mir dreschen also an dësen Debatte gréisstendeels Stréi

(Interruption et hilarité)

D'Faité si bekant a mir wëssen, Här President, datt déi Debatten hei zu Lëtzebuerg am Fong een Zil hunn, dat ass nämlech fir d'Debatt ze verlängeren, ouni datt mer musse konkret Moosnamen a konkret Décisiounen huelen. Net méi spéit wéi virun e puer Deeg huet eng Lëtzebuurger Zeitung am Leitartikel - et war „d'Handwerk“ - am Fong déi Situatioun, wéi mer déi Problemer hei zu Lëtzebuerg uginn, kloer beschriwwen, wa mer wëllen eng Reform maachen an nodeem mer dann iwwer Joren iwwer eng Reform geschwat hunn:

„Um derlei anzugehen gibt es in Luxemburg ein bewährtes Standardrezept. Man nehme ein beliebiges Problem und wälze es zwischen Regierung, Sozialpartnern auf kleiner Flamme und unter gelegentlichem Wenden hin und her. Anschließend nehme man den Sachverhalt auseinander, schneide ihn in dünne Scheiben, tunke ihn in verschiedene Soßen und setze ihn wieder zusammen. Wenn das Resultat dann noch immer nicht jedem mundet, fährt man nach Paris, Genf oder sonst wo hin und bestellt sich ein Audit. War es denn nun an der OECD zu verkünden, was jeder klar denkende Mensch bereits weiß.“

Esou ass et am Fong, wéi mir dat hei maachen, a genau déiselwech Diskussiounen hate mer de Mëtteg hei virun enger Stonn iwwert den Intérieur, wou mer elo schonn zéng Joer amgaange sinn driwwer ze diskutéieren, wéi mer dee solle reforméieren. A lues a lues wiest d'Land an et wiest a wiest a mir diskutéieren nach ëmmer iwwer eng Territorialreform a mir wësse mer kréien de Minister...

(Interruption et hilarité)

Elo wollte mer de Mëtteg op eemol nach en Audit maachen. Da sinn alt erëm e puer Méint, e puer Joer fort.

Esou maache mir hei zu Lëtzebuerg Politik! Mä mir huele keng Décisiounen.

Wa mer bei eis grouss Noperen an Däitschland a Frankräich kucken, do gëtt et Koalitionspartner, déi streide wuel mateneen, och öffentlech, bis zu engem gewëssenen Zäitpunkt. Dann huele se eng Décisioun, an dann ass et banne 14 Deeg an hirem Parlament decidéiert an dann hu se hir Responsabilitéit geholl. Ob d'Opposition an d'Leit domat averstane sinn, dat ass eng aner Saach. Mä déi regéiere wéinstens nach!

Mä hei zu Lëtzebuerg gëtt net méi regéiert, hei gëtt nëmme méi diskutéiert an diskutéiert, iwwer Méint, iwwer Joren, a wa guer näischt méi geet, da froe mer eis nach en Audit, an da si mer erëm iwwert d'Zäit ewech.

(Hilarité)

Här President, an an der Zwëschenzäit, esou wéi bei der Territorialreform d'Populatioun wiest, esou wiest och hei an dëser Fro de Chômage!

(Hilarité)

Wéi den Här Biltgen ugefaangen huet 1999, dunn hate mer hei zu Lëtzebuerg 6.612 Chômeuren. Haut, am Juli 2007, hu mer der 13.403! Dat ass e Plus vun 103% an der Amtszäit vum Här Biltgen als Aarbechtsminister! An an der Zwëschenzäit sinn awer bal 80.000 nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg geschaf ginn.

An awer diskutéiere mir virun a mir diskutéiere virun a mir erklären de Leit permanent datselwech. An eisen Aarbechtsminister ass doranner e Spezialist. Praktesch mat enger Regelméissegkeet esou wéi all Mount d'Resultater vum Chômage erauskommen, erkläert den Aarbechtsminister dem Land an der Natioun, jiddferengem, firwat datt dat hei zu Lëtzebuerg esou ass. An et sinn zwee haaptsächlech Punkten, déi ëmmer erëm bei him virkommen:

Éischtens hu mer hei zu Lëtzebuerg e strukturelle Problem, an zweetens muss d'ADEM reforméiert ginn.

Ech hunn emol e bëssen nogekuckt, Här President, an ech hunn et doleien, et wäerten eng 50, 60 Ausschëtter aus Zeitunge sinn am Här Biltgen senger Amtszäit, wou regelméisseg datselwech Stréi gedrescht gëtt, an dat ass 2000 ugaangen. Deemools stoung am „Tageblatt“: „Ein Orkan namens François.“

(Hilarité)

Dat war den Här Biltgen deemools nach!

„Die ersten fünf Monate der Amtszeit des Neuen - des Neuen! - haben auch bei den Beamten ihre Spuren hinterlassen. Mit missionarischem Eifer habe er sich in seine Arbeit gestürzt, bescheinigt ihm Jean-Marie Mousel.“

An dunn ass et lassgaang! 2000 huet den Här Biltgen emol direkt eng Analys gemaach an huet festgestallt, datt d'Arbeitsamt net géif gutt fonctionnéieren, an hien huet d'Arbeitsamt „beauftragt, ein Projekt

auszuarbeiten, um auch die interne Verwaltung zu modernisieren“. An dat fannt Der da bis haut ëmmer erëm erëm, bis elo zum Schluss nach en Audit gemaach ginn ass, datt misst moderniséiert ginn!

Iwwert déi strukturell Problemer huet den Här Biltgen sech och schonn 2000 ganz kloer geäussert, datt de Problem erkannt wier, et wier nämlech e strukturelle Problem, dee mer hei zu Lëtzebuerg hätten. Well d'Leit awer dat net esou richtig gleewen, hu se dat dann all Mount erëm widderholt kritt.

(Hilarité)

An ech huelen elo nëmme esou Etappen, wou ech sprangen. 2003 schreift den Här Biltgen, och am „Tageblatt“: „Mindestens 4% Wachstum seien notwendig, um die Arbeitslosigkeit strukturell zu senken.“

Mä well d'Leit dat nach ëmmer net gleewen, huet en dann nach eng Kéier 2004 gesot, „die derzeit für heimische Verhältnisse ausgesprochen hohe Arbeitslosigkeit sei vor allem strukturell bedingt“.

(Hilarité)

Dat huet emol missen eng Kéier gesot ginn, Här President.

(Hilarité)

A well et nach ëmmer Leit gëtt, déi et net gleewen, huet den Här Biltgen dunn am Mäerz 2006 gesot, „die Ursachen sind mittlerweile eindeutig bekannt, nämlich struktureller Natur“.

(Hilarité)

Här President, also mir gesinn, elo lues a lues kënnt d'Regierung no, a wahrscheinlech weess och geschwënn dee Leschten am Land, wou dann elo de Problem läit.

(Hilarité)

Här President, wéi ech dat do alles esou duerchgelies hunn, hunn ech gesot, dat kann dach net sinn, datt ee Minister engem Land, engem Parlament iwwer siwen, aacht Joer all Mount datselwech ziele kënnt an hie mécht näischt!

Dunn ass mer eppes agefall, wat mer privat geschitt ass. Ech hat eng Kéier en Auto, do ass d'Klimaanlag net gaang. Du sinn ech an d'Garage gefuer, sot zum Garagist, hei meng Klimaanlag geet net. Hie sot, dat ass kee Problem, ech erklären der, firwat datt dat ass.

(Hilarité)

An dunn huet dee mir dat erkläert an hien huet den Auto dogehalen. Zwee Deeg drop krut ech en erëm. Ech hu bezuelt an ech si gefuer, mä d'Klimaanlag ass net gaang!

(Hilarité)

Dunn hunn ech en nees zréckgefuert an ech sot, hei d'Klimaanlag geet net. Ah, da waart, ech erklären der dat nach eng Kéier, sot en.

(Hilarité)

Dunn huet hie mer dat nach eng Kéier erkläert, firwat datt d'Klimaanlag nach ëmmer net geet. Ech hunn en erëm dogeloo, ech hunn en erëmkritt, ech hu bezuelt, si gefuer, d'Klimaanlag ass nach ëmmer net gaang! Du ginn ech erëm eng drëtze Kéier zréck: Ah, ech muss der dat awer erklären wéi dat ass datt déi net geet!

» **M. le Président.** - Här Gibéryen, tommelech elo mat der Klimaanlag! Dir hutt nach ganz genau 30 Sekonnen Zäit.

(Hilarité et brouhaha)

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, Dir kennt mech, datt ech ëmmer relativ genau sinn, a wann Dir mech net ënnerbrach hätt, da wier ech genau fäerdeg. Elo wäert ech 20 Minutte méi spéit fäerdeg sinn.

» **M. le Président.** - 20 Minuten?!

(Hilarité)

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - 20 Sekonnen! Op jidde Fall, Här President, sot ech dunn zu deem Garagist, erklär net mir, firwat datt déi net geet, mä erklär dengem Mécanicien dat an da léist der de Problem! Mam Resultat: Ech hunn den Auto erëmkritt, d'Klimaanlag ass nach net gaang!

Dunn hunn ech geduecht, Här President, elo wiessens de einfach de Garagist!

(Hilarité)

An du sinn ech bei en anere Garagist gaang, an deen huet mer net méi erkläert, firwat datt se net geet, mä deen huet mat sengem Mécanicien geschwat a si hunn erausfonnt, firwat datt se net gaang ass, an déi hunn de Problem geléist! An duerfir géif ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et soll emol jiddferen déi zwou Iddien a sech eragoe loossen...

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Sou, Här Gibéryen, elo sinn déi 20 Sekonnen ofgelaf. Ech géif lech bieden zum Schluss ze kommen!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...an dann iwwerleeën, Här President, da sinn ech iwwerzeegt, da kënnt jiddferen zu darselwechter Konklusioun.

(Hilarité et brouhaha)

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, wann ech eng Konklusioun aus deem Débat hei kann zéien, dann ass et, bis elo hu mer de Chômage gutt géiert. Mir hunn, a mengen Iwwerleeungen, déi ech scho jorelaang fonnt hunn, effektiv zwee Problemer. Ech wëll och elo net ufänken, se strukturell ze nennen... Mä do hu mer zwee Problemer, dat ass dee mat de Jonken, déi mer net op d'Aarbechtsplaze kréien, an déi Eeler, déi aus den Aarbechtsplazen erauskommen a wou mer et net méi fäerdeg bréngen, déi erëm ze placéieren.

An der Diskussioun bei deene Jonke gëtt ëmmer op d'Qualifikatioun, op d'Formatioun higewisen, mä...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...et leien awer och do keng Léisunge vir. Wann ee kuckt, wat fir Jonker dann elo versichen eng Formatioun ze kréien a wou se higinn, da muss een awer feststellen, laut de Statistiken, déi awer fiabel schéngen, dass besonnesch d'Lëtzebuurger Kanner éischer an de Secondaire classique drängen an déi net Lëtzebuurger Kanner an de Secondaire technique.

Bon, dat huet seng Ursachen. Ass et elo eng Ursach, well se eben am Primaire net virukommen, well se net matkommen, oder ass et eng falsch Berufssorientéierung oder läit et drun, well se d'Moyenen net hunn? Well et gesäit een, am Secondaire technique ass et esou, dass d'Kanner, déi an d'Schoul ginn a bei e Patron mat schaffe ginn, eng Lehrlingsentschiedegung kréien, wouhigehend déi, déi an de Classique ginn, keng kréien.

Do kéint ee sech emol vläicht iwwerleeën, ob dat net eng Ursach soll sinn, oder ob een net do och iergendwéi méi Ennerstetzung kéint ginn, fir dass och méi Kanner, ebe vun Neilëtzebuurger, kënnen de Wee an de Classique erfannen, wann dat sollen d'Ursache sinn. Ech froe mech, ob déi Ursachen och schonn eng Kéier analyséiert gi sinn.

Bei deenen eelere Leit, do ass de Problem nach méi grave. Wa mer awer engersäits ëmmer driwwer schwätzen, dass bei deenen eelere Leit de Problem méi grave ass, fir se op den Aarbechtsmaart ze kréien, a mir ginn awer hin a mir ginn de Patronen op där anerer Säit Instrumenter wéi de Reclassement externe, wou se sech dann deenen eelere Leit an deenen e bësse méi kranke Leit einfach kënnen entleedegen, an dass dann de Stat d'Käschten iwwerhëlt, da muss mer eis och eng Rei Froe stellen. Ech mengen, do ass et jo och esou, dass mer elo an der nächster Zäit déi Gesetzgebung wäerte revidéieren a kucken, fir déi Problemer aus der Welt ze schafen.

Wat d'ADEM ubelaangt, esou ass déi vill an der Diskussioun. Déi maachen hir Aarbecht an deem Beräich wou se se kënnen maachen. Déi maachen hir Aarbecht an deem Beräich wou si gesetzlech Moyenen hunn. Mä ech stelle mer scho säit Längerem eng Fro: Wéisou bréngen d'Interimgesellschaften - déi hei am Land jo aus dem Buedem wuesse wéi Pilzen, do muss jo awer décke Fric verdéngt ginn - et fäerdeg, Leit besser ze placéieren, oder méi séier ze placéiere wéi d'ADEM?

A wa mer eis dann d'Fro stellen, firwat dass mer méi Ausländer a Frontalieren hei an eisen Aarbechtsmaart erakréien, dann ass et ebe genau dofir, well déi Interimgesellschaften zu 99% um auslänneschen Aarbechtsmaart rekrutéieren. Dat ass och ee Fakt, deen een emol eng Kéier berücksichtegen muss an deen een och emol kloerstelle muss.

Dann ass d'Diskussioun hei gaangen iwwert d'Konkurrenz tëschent dem Privatsecteur

an dem öffentleche Secteur. Ma do gétt et eng ganz einfach Léisung. Éischtens emol verdéngt den öffentleche Secteur méi. Zweetens hu se méi Aarbechtsplazensécherung. Ma dann ass et ganz einfach, da gitt deenen am Privatsektor méi ze verdéngen, gitt hinnen eng besser Aarbechtsplazensécherung, dann hu mer déi Diskussioun net méi. Esou einfach ass et! Mä da mussen awer natierlech verschidde Leit heibannen eng aner Kap undoen.

» **M. le Président.** - Här Jaerling, Dir musst zum Schluss kommen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Jo, ech wëll nach just zum Schluss eppes soen iwwert déi Flex-Security. Dat ass schon eng Kontradiktioun a sech. Entweder hu mer Sécherheet oder mir hu Flexibilitéit. Flexibilitéit geet ëmmer, an dat ass bekannt, op Käschte vun de Salariéen a mir hu genuch Flexibilitéit an eiser Gesetzgebung fir d'Betriber, dass se kënne fonctionnéieren. An ech géif mengen et geet elo endlech duer. Mir brauchen net erëm eng Kéier nei Moyenen ze erfannen, fir eist Salariat nach méi ze veronsécheren.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes.

» **M. Ali Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Kader vun dëser Debatt iwwert de Chômage respektiv iwwert d'Situatioun um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart mech méi spezifesch mat enger Populatioun befaassen, an zwar deene Mënschen, déi schwéier bis quasi guer net méi op eisem Aarbechtsmaart ënnerzehrénge sinn.

Als Demandeur d'emploi difficilement à placer ass een ze considérieren, wann ee méi wéi sechs Méint beim Aarbechtsamt als Aarbechtssichenden agedroen ass. Als Personne éloignée du marché du travail ass een definitiv ze betruechten, wann ee méi wéi zwoelf Méint net konnt vun de Placeure vun der Administration de l'Emploi un ee Betrib vermëttelt ginn.

Här President, wann een eis Statistike kuckt, da stellt ee fest, dass d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi, déi méi wéi sechs Méint respektiv méi wéi zwoelf Méint op der ADEM ageschriwwen sinn, permanent klëmmt. Hate mer 2003 am Mount September bei 7.202 Aarbechtssichende 1.596 Persounen, déi méi wéi sechs Méint, an 1.434, déi méi wéi ee Joer ageschriwwen waren, da sinn dës Zuelen am selwechte Mount 2007 op 1.774 respektiv 3.263, bei 9.230 Ageschriwwenen, geklomm. A Prozenter ausgedréckt heescht dat, dass ronn 55% vun allen Demandeure méi wéi sechs Méint a méi wéi 35% iwwer zwoelf Méint keng Aarbecht konnten zugewise kréien, an dës Tendenz ass ganz kloer steigend.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Zuele beweisen, dass hei eng vun deene gréissten Erausforderungen ass fir déi mer an der Zukunft Léisunge mussen fannen, wa mer net wëllen, dass dausende vu Leit riskéieren um Rand vun eiser Gesellschaft ze liewen. Et ass an deem Sënn och verwonnerlech, dass den Taux vun der relativer Aarmut hei zu Lëtzebuerg vun 11 op 14% eropgaangen ass.

D'Analys firwat an engem Land, an deem d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an der Moyenne pro Joer ëm méi wéi 10.000 Unitéite steigt, mir trotzdem esou vill Laangzäitarbeitsloser hunn, ass net einfach an ass och net eleng op eng niddreg Qualifikatioun vun den Demandeuren zréckzeféieren. Wann ee sech jorelaang am Beräich vun den Aarbechtsinitiativen engagéiert huet a sech mat där Problematik befaasst huet, da stellt ee fest, dass déi Leit, déi laang no enger Aarbecht sichen, méi Problemer gläichzäiteg hunn.

Ee Problem, dee ganz oft dobäi ass, ass effektiv dee vun der niddreger respektiv vu kenger Qualifikatioun. Dann ass eng fragil Gesondheet oft e Problem, dass Leit a sech méi eng schwéier kierperlech Aarbecht net kënne verrichten, dat heescht physisch behënnert Leit mat enger niddreger Qualifikatioun hu quasi guer keng Chance méi eng Aarbecht ze fannen.

Ech wëll an deem Kontext och drun erënnere, dass mer vill Leit, déi e Reclassement externe hunn, ënnert de Laangzäitarbeitslose bei der Administration de l'Emploi erfannen, well se duerch hiren Handicap respektiv duerch hiren Alter net méi fir all Aarbecht a Fro kommen.

Jo, den Alter ass ebenfalls ee Facteur, dee ganz oft eng Roll spillt, fir nach eng Aarbechtsplaz ze fannen, trotz där favorablerer Gesetzgebung, wou d'Betriber iwwer Jore respektiv iwwert d'Pensioun vun de Concerneierten iwwert de Wee vum Remboursement vun de Cotisations an anere Mëttele enorm Ennerstëtzeunge kënne kréien.

Mir fannen och ëmmer méi Leit, déi Alkohol an Drogeproblemer hunn, oder déi mat Depressiounen oder anere psychesche Krankheete gehandycapt sinn. Dëst kënn oft doduerch, dass se schwéier Momenter an hirem Liewen net verkraft hunn, wéi den Doud vun engem Familljemember, den Divorce oder eben och de Verloscht vun der Aarbechtsplaz, an dat ganz oft net duerch eegent Verschëlden, mä duerch eng Faillite respektiv duerch eng Faillite frauduleuse. Grad bei dese Leit, déi doduerch an en Däiwelskrees erarutschen, hält d'Zuel vun de Problemer zou an en Auswee gétt ëmmer méi schwéier.

Bei dese Leit kënn dann och oft dobäi, dass se schlussendlech Schwierigkeiten hunn eng adequat Wunneng ze fanne respektiv sech eng adequat Wunneng leeschten ze kënnen. Dëst féiert dann dozou, dass déi perséinlech Soinen, wéi zum Beispill d'Kierperhygiène, vernoléisst ginn, wat verständlecherweis bei engem Virstellungsgespräch negativ Auswierkungen huet.

Net vergiessen dierf een hei och, dass et fir verschidde Leit duerch hir familiär Situation bal net méiglech ass enger geregelter Aarbecht nozegoen. Ech denken do zum Beispill un eleng erzéiend Fraen oder Männer, déi no der Scheedung op eemol mat e puer Kanner eleng do stinn, ouni déi néideg Ennerstëtzeunge, a se sech et guer net kënne leeschten hir Kanner versuergen ze loosse, wat jo awer, mengen ech, déi éischt Viraussetzung ass, fir kënnen enger geregelter Aarbecht nozegoen. Hei si ganz sécher Maisons relais eng Deeläntwert drop.

Hautdësdays ass et och oft esou, dass een e Führerschäi muss hunn, fir villen Aarbechte kënnen nozegoen. Leit, déi also kee Permis hunn, an där ginn et an deem besonneschen Ëmfeld vill, komme ganz einfach fir verschidde Aarbechten oder Aarbechtsplazen net a Fro.

Och Leit, déi eng Kéier mat dem Gesetz a Konflikt komm sinn an doduerch am Prisong souzen, a wann et och nëmme fir eng ganz kuerz Zäit war, hunn et ganz schwéier en Job ze fannen, an dat souguer wa se eng ganz gutt Qualifikatioun hunn. Hei ass de Wee iwwer eng Beschäftigungsinitiative oft déi eenzeg Méiglechkeet, fir an eiser Gesellschaft erëm salonfähig ze ginn.

Nieft all deene bis elo opgezielte Problemer ass d'Iwwerverschëldung eng weider Ursach net méi d'Kéier ze kréien, well engem déi elementarste Moyene feelen, fir kënnen enger geregelter Aarbecht nozegoen.

Schold un esou munch Situatioun ass ganz einfach d'Facilitéit mat där ee Sue geléint kritt fir een deieren Auto, eng Vakanz oder aner vermeidbar Ausgaben, anerersäits, wann ee sech e sécher Doheem wëllt uschaffen, da gétt awer d'Lat esou héich geluecht, dass et ganz schwéier bis onméiglech ass Suen heifir geléint ze kréien. Ouni en onbegrenzten Aarbechtsvertrag huet een an der Regel keng Chance e Prêt fir en Haus oder eng Wunneng accordéiert ze kréien.

Bei deene Jonken, déi keng Aarbecht fannen, ass fir d'Patronen oft déi feelend Expérience respektiv d'Uluecht, wéi se sech fir eng Aarbechtsplaz presentéieren, eng Ursach fir se net anzustellen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, wéi kënne mer dës Problemer all ugoen? A mengen Ae kann eng Administration de l'Emploi eleng net all dese Problemer begéinen. Hei misst op allen Niveaue vun der Gesellschaft en Ëmdenke geschéien, fir dese Leit eng Chance ze ginn a se eben net un de Rand vun eiser Gesellschaft ze bréngen.

D'Beschäftigungsinitiativen an aner sozial Strukturen si sécherlech eng Deeläntwert op dës Problematik, an duerch déi intensiv an individuell Betreieunge a Begleedunge iwwer eng bestëmmten Zäit an dese Strukturen konnte vill Leit de Wee zréck an eng normal Situatioun fannen. Déi meescht Leit hunn a sech keng Ahnung wat fir een Zäitopwand, wat fir ee Fachwëssen an Engagement erfuert ass, fir eng Persoun erëm fit ze maache fir den normalen Aarbechtsmaart. Erlaabt mer, dass ech hei kuerz esou e Wee beschreiwen.

Ganz wichteg ass et am Ufank e Bilan de compétence ze maachen, fir engersäits där einzelner Persoun hir Fäegkeeten, awer och virun allem hir Defizitter kënnen ze erkennen. Heizou gehéieren dann och d'Analys vun all deene Problemer, déi ech virun opgezielt hunn. Da geet et drëm eng praktesch an theoretesch Formatioun mat de Leit ze maachen, wou ëmmer erëm an Zwëschebilan an a Gesprécher Problemer opgeschafft ginn, bis ganz einfach d'Employabilitéit vun deene respektive Persounen erëm esou grouss ass, dass se eng reell Chance hunn, en Job um normalen Aarbechtsmaart ze fannen.

Enorm wichteg, Dir Dammen an Dir Hären, ass et, dass de Wee zréck bei de Patron erfollegräich ass, well all weideren Echec d'Persoun an nach méi en déift Lach gehät. Ech mengen net, dass fir vill vun de Laangzäitohmeuren den direkte Wee bei e Patron dee richtegen ass fir hinnen eng reell Chance ze ginn, fir an d'Beruffsliewen zréckzecommen, mä dass eng Zwëschenetapp mat enger intensiver Betreieunge, wéi se an de Beschäftigungsinitiative geschitt, déi eenzeg Méiglechkeet fir si ass, zréck an en normaalt Liewen ze fannen.

Mir mussen awer an Zukunft ganz sécher och no Weeër siche fir Leit ze beschäftegen, déi net méi bei engem normale Patron ënnerdaach kommen. Hei soll de Projet de loi 5144 iwwert de Chômage social deen néidege Kader schafen.

Mir hunn hei am Land a sech d'Méiglechkeet, fir am net konkurrenzuelle Beräich Aarbechtsplazen ze schafen, fir dës Leit ze beschäftegen. Wuelwëssend, dass do keng Rentabilitéit méiglech ass, wat eis awer nach ëmmer manner kascht, wéi hinne just Chômagegelder oder RMG ze ginn, ouni dass se dofir mussen enger geregelter Tätigkeet nogoen.

Wichteg fir dës Leit - an den Här Meisch huet et och virdu scho gesot - ass och ganz sécher d'Gefill, nach ëmmer gebraucht ze ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ali Kaes (CSV).** - Ech denken hei zum Beispill un de Geméisberäich, wou et schon eng ganz Rei vun Experienze gétt a wou ganz vill Méiglechkeeten opstinn. Oder och un de Kleederberäich, wou mer virun net allze laanger Zäit honnerte vun Aarbechtsplazen hei am Land opginn hunn, well se ganz einfach net méi rentabel waren. Ouni dass mer esou Pisten, Dir Dammen an Dir Hären, entwéckelen, wäerte mer et net fäerdeg bréngen, dass d'Zuel vun de Laangzäitarbeitslose respektiv den Aarbechtslose mat niddreger Qualifikatioun wäert erfogoen.

Ech gleewen drun, dass, wa mer e gutt Gesetz aus dem Projet de loi 5144 maachen, wou mer déi sozial denkend Leit an déi sozial Strukturen an deem Beräich stäerken, mir en Deel vun eisem Chômage wäerten an de Grëff kréien, wëssend, dass mer an Zukunft e bestëmmte Prozentsaz vun der Population active net an där ëmmer méi technesch orientierter, komplizierter Wirtschaft an normale Betriber ënnerdaach kréien, mä si an anere Beräicher ganz einfach musse beschäftegen.

Mir mussen also mat dem Projet de loi 5144 de Spagat maachen, fir schwéier placéierbar Demandeurs d'emploi duerch d'Beschäftigungsinitiativen ze duitéieren, dat heescht fit ze maachen, mat der Finalitéit, eng Aarbechtsplaz an engem normale Betrib ze fannen, a selbstverständlech fir dass se e selbststänneg Liewe kënnen organiséieren, a fir op där anerer Säit kaum nach ze placéierend Leit definitiv an der Beschäftigung ze halen.

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Kaes. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Clement.

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viles wat de Chômage hei am Land betrëfft, ass haut och op dëser Tribün gesot ginn. Et goufe vill Virschléi gemaach vun alle Riedner. Analyse bis an de kleengsten Detail goufen opgefouert. Duerfir, Här President, erlaabt mer just eng méi allgemeng Remarque dozou.

Ech weess an ech hunn et haut och schon e puermol héieren, dass mir ënner all deene Leit, déi eng Schaff sichen, e gewëssene Prozentsaz hunn, déi méi schwéier ze vermëttelen oder bal guer net ze vermëttelen sinn, fir um éischten Aarbechtsmaart eng Aarbecht ze fannen. D'Integratioun oder d'Reintegratioun op den éischten Aarbechtsmaart vu méi schwéier vermëttelbare

Persounen ass d'Zil vun deene verschiddeenen Initiatives sociales, déi an deem Domän schaffen.

Mat der Orientéierung, Här President, a mam Zil, dat viséiert gétt, sinn ech duerch aus averstanen. Mä Problemer gesinn ech, wann dës Initiativen op eemol a Konkurrenz mam Privatsektor kommen. Hei kënn et dann zwangsléifeg, gewollt oder ongewollt, zu enger Concurrence déloyale, einfach well mer hei mat ënnerschiddleche Finanzierungsmechanismen ze dinn hunn.

Fir deem Problem besser ze begéinen, begreissen ech, dass de Minister fir d'Aarbecht, den Här Biltgen, a sengem Projet de loi fir de Rétablissement du plein emploi elo virschléit, fir déi zwee Secteuren, d'Initiativen an de Secteur privé, esou wäit dee sech dann awer och de Kritären, déi gefrot ginn, ënnerwerft, à pied égal ze setzen, wat déi finanziell Hëllef betrëfft. Ass de Secteur privé elo interesséiert an hien hält déi Erausforderung un, stinn him op jidde Fall déiselwecht Moyenen zur Verfügung, wéi den Initiativen och. Et soll awer fir kee vun de Partner en Nodeel oder e Virdeel bestoen, wann et drëm geet, bei Ausschreiwungen a Konkurrenz kënnen ze trieden.

Bei deem Modell iwwerhëlt de Stat, wann d'Kritären erfëllt ginn, 100% vun de Léin, déi bezuelt ginn. Dat ass, Här President, sécherlech eng enorm Ustrengung vun der öffentlecher Hand, oder besser gesot vun der Allgemengheet hei zu Lëtzebuerg. Mä et ass net dat Wichtigst. Dat Wichtigst ass, dass méiglechst vill Leit iwwert dese Wee awer zum Deel an iergendenger Form op jidde Fall emol um Aarbechtsmaart bliewen an doduerch ëmmer erëm eng reell Chance hunn, fir dann och op den éischten Aarbechtsmaart erëmzecommen.

» **M. le Président.** - Här Clement, erlaabt Der eng Zwëschefro vun honorabelen Här Krieps?

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Jo.

» **M. Alexandre Krieps (DP).** - Ech wollt den Här Clement froen, ob hien derfir ass fir de primären Aarbechtsmaart, den éischten Aarbechtsmaart ze subventionéieren. Dir hutt dat jo elo entwéckelt, fir e gläichzestelle mam sozialen Aarbechtsmaart. Ech mengen, do fänkt Der awer u liicht ze iwwerdreiw. Dat ass meng Aschätzung.

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Neen, dat ass souguer am Projet de loi, wann Der dat gekuckt hutt, virgesinn. Ech iwwerdreiw do net, well ech hu gesot, de Secteur privé kritt nëmme déi Ennerstëtzeunge och zu 100% vum Remboursement vum Loun, wa si sech och deene Kritären ënnerwerfen. Wann ech déi Kritäre kucken, déi d'Initiatives sociales hunn, dat heescht, si mussen och déi Leit, déi ganz schwéier vermëttelbar sinn, mat eran op den Aarbechtsmaart huelen, déi haut awer kee Patron hält, ob schon en Hëllef kritt, mä de Patron hält sech am Prinzip nëmme déi, wou en och kann eppes domat ufänken, wou en net onbedéngt sech muss domat améséieren, dass se iwwerhaapt sollen um Aarbechtsmaart bliewen.

Dohier sinn ech der Meenung, wann de Secteur privé seet, mir wëllen dat och maachen, wa mer déiselwecht Ennerstëtzeunge kréien, da soll een dem Secteur privé do d'fräi Wiel loosse, mä da musse se sech och deene Kritären do ënnerwerfen, wéi déi aner och.

(Interruption)

Zu den Ausschreiwunge wollt ech soen, dass ech där Meenung sinn, dass de Stat a virun allem awer och de Bauteministère sech do un déi allgemeng Regelen hale soll, déi d'Marchés-publics-Gesetz virgesäit, wann et drëm geet Aarbechten ze verginn. Dat si jo och - an den Ali Kaes huet dat ewell gesot - gewéinlech Aarbechten am Gardeberäich oder wéi d'Instandhale vun de Baussen-, Aussen- a Mëttelsträifen op eisem Réseau routier. A wéi gesot, wéi ech elo dem Här Krieps gesot hunn, ech ka mer och duerchawer virstellen, dass bei dësen Ausschreiwunge selbstverständlech sozial Kritäre musse mat erafféissen, mä da gëllen déi jo esou oder esou fir all Partner.

Här President, mir erfannen d'Rad jo net nei. Ech hunn och net héieren, dass haut een et nei erfount huet, an duerfir, Här President, hunn ech nach zwee Punkten a menger Ried, déi ech schonns bei anere Geleeënheeten hei op der Tribün ugeschnidden hunn an déi mer awer zimlech um Mo leien.

Den éischte Punkt betrëfft de Rôle vun der ADEM. Do ass och scho vill driwwer geschwat ginn. Mir hu jo hei am Land eng Hällewull vu Mesuren, déi de Chômage betreffen. Déi eng si fir den Demandeur d'emploi selwer, déi aner kommen dem Patronat ze

gutt. Mat deene wëll ech mech elo emol beschäftegen.

(Interruption)

Wann ech dobaussen emol esou mat de Patronen diskutéieren oder mat führende Personnen aus de Betriber iwwert déi verschidde Mesurë schwätzen, déi et scho gëtt, oder déi, déi et nach net gëtt, oder déi, déi eréischt virgesi sinn, sinn ech ganz dacks erstaunt iwwert de wierklech minimale Wëssensstand vun dese Leit, wat esou Mesurë betrëfft. Ech muss awer och soen, déi Zäit wou ech selwer Patron war, dat war bei mir och net der Däiwel vill Aarbecht.

Aus dese Grënn, Här President, sinn ech der Meenung, dass ee sech bei der ADEM soll wierklech Gedanke maache fir dee perséinleche Kontakt, dat perséinlecht Gespräch mam Betrib ze sichen, a virun allem mat deem klenge Betrib ze sichen, dee keng Zäit huet fir all dat ze liesen, wat hie geschéckt kritt. Et muss een dat menger Meenung no verstärkt am Virfeld maachen, an net eréischt wann e Betrib sech outet oder erkläert, wann hien eng Aarbechtsplaz an diesem Sënn wëllt schafen.

Et muss een d'Gespräch mam Betrib am Virfeld sichen, an zwar fir all déi Moosnamen, déi et gëtt, ze erklären. Eréischt wann dese wuelwëssend sécherlech groussen Effort säitens vun der ADEM gemaach gouf, kann ee berouegt soen, dass ee weinstens alles ennerholl huet vun där Säit, säitens der Administratioun, fir deene jonke Leit eng Schaff an engem Betrib ze vermëttelen.

Et muss also d'ADEM verstärkt op de Betrib zougouen, well, Här President, et ass ëmmer nach de Betrib, dee Leit astellt, an et ass soss keen, deen astellt.

Deen zweete Punkt betrëfft dann och nach den Apprentissage. Mir hunn nieft dem klaseschen Apprentissage iwwert de Wee vum Gesetzesprojet 5622 nach aner Forme vun Ausbildungswëeër. Als Beispill fir anerer zitéieren ech den Exposé des motifs zum Volett „Formation initiale“: «La formation professionnelle initiale a pour objet de donner aux jeunes, mais également aux adultes qui n'ont pu en bénéficier dans leur jeunesse, une formation générale, théorique et pratique en vue de l'obtention d'une qualification professionnelle sanctionnée par un diplôme officiel.»

Mir kennen elo dräi Ausbildungswëeër: éischtens, dee klaseschen Ausbildungswee, den Apprentissage mat enger jee no Beruff a jee no Ausbildungsjoer minimaler Rémunératioun säitens dem Betrib; zweites, den CIE, wat jo och zum Deel en Ausbildungswee ass, dee mat 80% vum Mindestloun rémunéiert gëtt, bei enger 32-Stonnewoch, plus eng eventuell Prime ass do an Aussicht gestallt; dee verschafft awer op d'mannst och Accès zu engem drëtten Ausbildungswee, der Formation professionnelle initiale.

Eng Formatioun, déi hirersäits dann op d'mannst erëm zu 100% vum Mindestloun...

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Här President, Dir misst onbedéngt den Här Clement drun erënneren, dass der CSV hir Zäit schonn ofgelaf ass.

» **Une voix**.- Se ass nach net ofgelaf.

» **M. Lucien Clement (CSV)**.- Also, Här Gibéryen, ech wëll lech do direkt äntwerten. Éischtens emol eng Kéier...

(Interruption)

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Ech hu mam Här President geschwat.

» **Une voix**.- Dir hutt eng Fro gestallt.

» **M. le Président**.- Ech wëll just soen, Här Gibéryen, d'CSV huet 34 Minutten Zäit. Wéi Dir mech ennerbrach hutt hei, do war et just 33 Minutten an esou vill Sekonnen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Ech wollt soen, Här President, Dir hat mech och eng hallef Minutt virum Schluss ennerbrach.

» **M. le Président**.- Neen, ech hunn...

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Dach! Dir hutt mech virun der Zäit drop opmierksam gemaach. Ech wollt lech dat soen, well Der dat elo vergiess hat.

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Ganz richtig.

» **M. le Président**.- Mä, den Här Clement ass souwisou och elo fäerdeg hei, well d'Zäit vun der CSV effektiv ofgelaf ass.

» **Une voix**.- Den Här Clement ass amgaange Géigegewiicht géint dat ze setzen.

» **M. Lucien Clement (CSV)**.- Här President, ech muss awer soen, ech si ganz erstaunt iwwer Ären Disput hei mam Här Gibéryen. Ech hu missen op eng Fro äntwerten. Da loossen ech déi nächste Kéier keng Fro méi zou, an da géif ech meng Ried, well ech hunn nach genau fir anerhallef Minutt, nach gären halen.

» **Une voix**.- Ah sou! Dat sinn zweerlee Mooss.

» **M. le Président**.- Neen, dat si keng zweerlee Mooss. Här Clement, Dir musst effektiv elo zum Schluss kommen.

» **M. Lucien Clement (CSV)**.- Här President, da soen ech lech Merci, dat...

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Ech protestéieren do dergéint, Här President.

(Interruptions)

» **Une voix**.- Ech ginn lech muer eng Minutt vu menger Zäit.

(Hilarité)

» **Une voix**.- Dat ass lachhaft.

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Neen, dat ass net lachhaft!

» **M. le Président**.- Sou! Den honorabelen Här Glesener!

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Dat ass net fir d'éischt, dat do!

(Brouhaha général)

Här President, wat fir eng Zäit huet den Här Glesener dann elo?

» **M. le Président**.- Ma den Här Glesener huet d'Wuert gefrot, fir eng Motioun ze déposieren. Da waart emol of, Här Gibéryen, bis datt Der wësst em wat datt et geet, an da mellst der lech! Här Glesener.

» **M. Marcel Glesener (CSV)**.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, et war bal bis zum Schluss ee ganz responsible Débat iwwer ee Problem, dee wierklech ëmmer méi prekär hei zu Lëtzebuerg gëtt. Deemzufolleg hu mer probéiert dat Wesentlecht, wat hei gesot ginn ass, a 15 Punkten ze résuméieren a Form vun enger Motioun.

Dat féiert dann zu zwou oder dräi Schlussfolgerungen, wuelwëssend datt all Partei seng eege Prioritéit setzt wéi de Chômage kann a soll bekämpft ginn. Mä mer waren der Meenung, dass et méiglech wier eis op ee Minimum vu Konsens ze eenegen, dee mir kéint gemeinsam un d'Regierung erundroen, fir aus deem ganzen Dilemma erauszekommen. Deemzufolleg invitéiere mer d'Regierung zesumme mat de Responsable vun der ADEM den Dialog mat de Sozialpartner weiderzeféieren, fir zu engem Reformprojet ze kommen iwwert d'ADEM.

An deem Kontext wëlle mer awer och ganz kloer zum Ausdrück bréngen, dass mir als Chamber och eis Responsabilitéit wëllen droen an och ze droen hunn, an deemzufolleg an déi Diskussioun an där zoustänneger Kommissioun matagebonne wëlle ginn. Deemzufolleg verlaange mer vun der Regierung, an deene schnellstméiglechen Délaien een Avant-projet vun enger Form vun der ADEM ze presentéieren.

Da soe mer, dass et noutwendeg ass - an et ass och hei drop higewise ginn an deem Débat - fir de Bilan vun deenen neien Invaliditéitsgesetzgebungen ze finaliséieren, an enner Ermständ déi noutwendeg Ännerungen, déi sech opdrängen, duerchzeféieren, an zum Schluss eng permanent Evaluatioun vun alle Moosnamen, déi getraff gi sinn, fir d'Aarbechtslosegkeet ze verhënnern, Aarbechtslosegkeet ofzebauen, fir déi ze evaluéieren, a wann et noutwendeg ass fir och de Courage ze hunn, dann déi sech opdrängend Reformen hei virzehuelen.

Voilà! Kolleginnen a Kollegen, dat ass den Inhalt vun där Motioun. Déi Motioun dréit keng fënnf Ennerschrëften, well mer der Meenung waren, dass dat ee Konsens kéint sinn, wou all Parteien an all Fraktiounen sech kéinten uschleissen. Dat ass ee Minimum u Konsens un d'Adress vun der Regierung, fir och dann eis Responsabilitéit hei zum Ausdrück ze bréngen. Ech géif also de Wonsch zum Ausdrück bréngen un all déi aner Fraktiounen, wa méiglech deser Motioun hir Zoustëmmung ze ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés, considérant:

- que malgré une légère baisse au cours de ces derniers mois, due en partie à la conjoncture économique favorable de ces trois dernières années, la situation du chômage au Grand-Duché demeure précaire;

- qu'il touche plus particulièrement les per-

sonnes âgées, sans qualification, handicapées ou à taux de capacité de travail réduite, de même que celles ayant des problèmes sociaux, familiaux ou de santé;

- que le taux d'emploi des femmes et surtout des personnes âgées, malgré son évolution positive de ces dernières années, reste relativement bas;

- que si différentes mesures concrètes ont été prises ces dernières années pour promouvoir notamment l'emploi des personnes âgées ou encore celui des personnes handicapées, il n'en reste pas moins vrai que les instruments en place se doivent d'être coulés dans une stratégie globale de lutte active contre le chômage structurel;

- que la lutte contre ce phénomène ne peut passer que par une prise en charge individuelle et intensive des chômeurs difficiles à placer afin d'en augmenter l'employabilité;

- que les mesures traditionnelles en faveur de l'emploi ne permettent pas toujours d'atteindre cet objectif;

- qu'il échoit dans ce contexte de finaliser le projet de loi 5144 relatif au rétablissement du plein emploi en vue de compléter l'arsenal des mesures en faveur de l'emploi;

- que depuis l'entrée en vigueur de la loi du 22 décembre 2006 promouvant entre autres le maintien dans l'emploi, la proportion des mesures en faveur de l'emploi des jeunes offrant une réelle perspective d'emploi a augmenté;

- qu'il s'en suit que la philosophie d'activation qui trouve son expression dans la loi précitée du 22 décembre 2006 est confirmée;

- qu'il n'en demeure pas moins que de nombreux jeunes restent touchés par le chômage;

- que le chômage des jeunes est avant tout dû à un manque de qualification; le taux de chômage étant en effet particulièrement important parmi les jeunes qui ont quitté le système scolaire de manière précoce et ne disposent d'aucun diplôme ni d'aucune formation;

- qu'à la problématique du décrochage scolaire s'ajoute encore celle de l'orientation et des choix professionnels des jeunes qui ne correspondent pas toujours aux besoins du marché du travail de sorte qu'il existe une véritable inadéquation entre l'offre et la demande d'emploi;

- que le thème du chômage est complexe et nécessite une approche globale et coordonnée associant l'ensemble des acteurs concernés, aussi bien dans le domaine des politiques de l'emploi que dans ceux des politiques d'éducation et de formation, des politiques sociales et des politiques économiques;

- qu'il est un fait que l'Administration de l'Emploi joue un rôle clé à l'intersection entre l'offre et la demande d'emploi et qu'il échet d'adapter son fonctionnement aux contraintes et à l'évolution du marché de l'emploi;

- que l'audit du service public de l'emploi réalisé à la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi par l'OCDE a mis le doigt sur un certain nombre d'incohérences liées notamment au statut et aux missions de l'ADEM, mais également aux outils de travail de cette administration;

- que l'OCDE a formulé une série de recommandations à ce propos;

- que si une partie de ces recommandations ont d'ores et déjà été transposées dans le cadre de la loi précitée du 22 décembre 2006, il n'en demeure pas moins qu'il reste encore des points qui méritent réflexion dont notamment l'autonomie de l'ADEM;

invite le Gouvernement

- à continuer, ensemble avec les responsables de l'ADEM, des discussions avec les partenaires sociaux sur les prochaines étapes de la réforme de l'ADEM en s'inspirant des recommandations de l'OCDE à ce propos;

- à tenir la Chambre des Députés informée de l'avancement des discussions;

- à soumettre, en cas de besoin, dans les meilleurs délais un avant-projet de loi visant à réformer l'ADEM;

- à finaliser le bilan sur les dispositions contenues dans les lois du 21 décembre 2004 modifiant le code des assurances sociales et la loi modifiée sur le contrat de travail et du 1^{er} juillet 2005 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle;

- à évaluer de manière permanente la mise en œuvre et l'efficacité des mesures en faveur de l'emploi afin de les adapter continuellement aux évolutions constatées sur le marché de l'emploi et/ou de les ramener, en cas de besoin, à leurs buts initiaux.

(s.) Marcel Glesener, John Castegnaro, Aly Jaerling, Ali Kaes, Romain Schneider.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Glesener. D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi**.- Merci, Här President. Ech soen all deene Riedner, déi hei seriö Beiträg geliwwert hunn, Merci. Well ech mengen, dass et wichteg ass, dass een iwwert de Chômage schwätzt, an dass ee kuckt zu deene Strukturereformen ze kommen, déi ee soll maachen. Ech stelle fest, dass et nach laang net ëmmer duergeet, fir iwwert...

» **Une voix**.- Méi haart!

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi**.- Jo, emol eng Kéier, wou ech manner haart schwätze wéi Dir.

(Hilarité)

Ech schwätzen dann e bësse méi haart.

Well ech awer ëmmer erëm déiselwecht Froe gestallt kréien an nach ëmmer och d'Illusioun zum Beispill virherrsch, dass mer Plein d'emploi géife kréien an de strukturelle Chômage géife bekämpfen duerch eng ADEM-Reform. D'ADEM-Reform ass wichteg, mä et ass nëmmen een Element vun deene Problemer, déi mer effektiv un Aarbechtsmaart hunn.

Wann een den Aarbechtsmaart analyséiert, da muss een ëmmer kucken: Wat ass den Deel vu strukturelle Problemer a wat ass den Deel vu konjunkturelle Problemer? Konjunkturelle Problemer ginn et all Dag: Betriber, déi zoumaachen; Betriber, déi ofbauen. Dat si konjunkturell Problemer. Doduerch komme Leit an de Chômage, an da muss ee kucken deenen ze hëllefen aus dem Chômage erauszekommen.

Selbstverständlech ass et ganz kloer, dass d'Evolution vum Chômage, am Gudde wéi am Schlechten, wann en eropgeet wéi wann en erofgeet, konjunkturofhängeg ass. Et kann ee weder soen, dass d'Politik keng Influenz huet, nach kann ee soen, dass d'Konjunktur keng Influenz huet. Zu Lëtzebuerg huet d'Konjunktur nach ëmmer déi gréissten Influenz.

Den Här Meisch hat virdu gesot: Am Ausland ass et esou, dass bei 2,5% Croissance de Chômage erofgeet. Dat funktionéiert zu Lëtzebuerg net, well mer een Aarbechtsmaart hunn, dee keen Aarbechtsmaart ass, well eisen Aarbechtsmaart an der Groussregioun ass. Wa mer Zifferen iwwert d'Groussregioun hätten, da kéint een dat dote vläicht feststellen: dass mer nämlech, wa mer zu Lëtzebuerg vill Croissance hunn, och - an ech mengen, dass een dat kéint feststellen an der Groussregioun - de Chômage erofgeet.

Dofir ass déi Ziffer vu 4%, déi genannt gouf vun der Croissance, eng, déi de Statec empiresch opgestallt hat opgrond vun den Entwécklungen vun de leschte Joren. Ech menge jo, dass souguer déi Ziffer haut vläicht aneschtens wär. Liicht méi héich. Woufir? Well mer de Problem eben hu vu Leit, déi an de strukturelle Chômage falen, dass et der där ëmmer méi ginn. An dat ass e bësselchen de Punkt.

Wa mer elo emol d'Zifferen huele wéi an deene leschte Méint an och an deene leschte Joren d'Entwécklung war, da stelle mer eigentlech fest, dass duerch d'Ukuerbele vun der Wirtschaft d'Zuele vun deene Leit, déi getraff sinn, erofginn. Wann ech eleng de September 2007 par rapport zum Dezember 2006 huelen, da stelle mer fest, dass mer am September 2006 9.497 Demandeurs d'emploi haten, dovunner d'Haltschent Chômeuren, also Indemnisierter, plus 3.988 an de Beschäftigungsinitiativen. Dat waren der 13.485.

Am September 2007 hate mer 9.230 Demandeurs d'emploi, also liicht manner wéi ee Joer virdrun, a virun allem 3.367 an de Beschäftigungsinitiativen, also e gudde Krack manner wéi d'Joer virdrun. Doduerch hate mer insgesamt, wa mer d'ganz national Populatioun huelen, mat där d'ADEM ze dinn huet, 888 Leit manner vun engem Joer an dat anert.

Wa mer dat dann e bësse synthetiséieren, da stelle mer fest, dass op engem Joer d'Gesamtbevölkerung vun der ADEM em

10% zrëckgaangen ass. Mä innerhalb vun där Bevëlkerung - an do kommen d'Problemer hier - ass déi Bevëlkerung, déi Laangzäitçhèmeure sinn - also déi wierklech Schwieeregkeeten hunn op den Aarbechtsmaart zrëckzekommen; well wann ee bis zwielf Méint keng Schaff huet, da ginn et wahrscheinlech eng ganz Partie Ursaache woufir et och duerno nach vill méi schwieereg gëtt zrëckzekommen -, ëm 10% geklommen.

An déi Bevëlkerung vun deenen, déi gesondheetlech Problemer hunn, nämlech déi, déi entweder den Handicapéiertestatut hunn, oder déi an engem Reclassement externe sinn, där hir Zuel ass ëm 50% an d'Luucht gaang. Wa mer da wëssen, dass déi Leit, déi an engem Reclassement externe sinn, also déi Leit, déi gesondheetlech Problemer hunn, och erëm eng Kéier zu 60% Leit sinn, déi Laangzäitçhèmeur sinn, zu 80% Leit sinn, déi méi wéi 40 Joer hunn, an zu 60% Leit sinn, déi nëmme d'Primärschoul hunn, an dann hunn och keng Statistiken iwwer hir Sproochkenntnisser, jo da muss een einfach wëssen, dass déi dote Bevëlkerung dauernd wissst an dass eben doduerch och de Gesamtchômage net esou erfogget, wéi en eigentlech hätt missen opgrond vun der wirtschaftlecher Entwécklung erfoggen. Dat ass also e Punkt, deen een einfach muss wëssen.

Elo kann een de Geck domadder maachen, „dat ass strukturelle Chômage“. Ech maachen net gär de Geck mat engem, dee Problemer huet fir eng Plaz ze fannen. Do sinn der och, déi net seriö sinn. Mä et sinn der ganz vill, déi einfach schlecht dru sinn. Et muss ee wëssen zum Beispill, dass beim Aarbechtsamt op d'mannst 1.000 Leit ageschriwwen sinn, déi weder Däitsch nach Franséisch nach Lëtzebuergesch nach Englesch kënnen. Fir déi erëm fit a flott ze maache fir den Aarbechtsmaart, dat geet net esou einfach.

Et muss ee jo wëssen, gëschter sinn déi Zuele bekannt gi vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, dass all Joer e puer honnert - ech weess d'Ziffer net méi, déi d'Madame Rodesch genannt hat - Kanner an de Primärschoulunterrecht kommen, déi eis Sproochen net kennen. Am Secondaire waren et d'lescht Joer 1.000 Kanner, déi komm sinn. Do kënnen mer och nach déi beschte Schoulreforme maachen, mä do ass et ganz schwieereg, déi op e Wee ze kréien, dass se aus der Schoul zu Lëtzebuerg esou erauskommen, dass se direkt op den Aarbechtsmaart kommen.

Elo ass d'Léisung schwieereg ze fannen. Déi sinn awer nun do, déi kommen. Dat sinn alles Communautärer, déi all Joer legal heihinner kommen an déi Problemer duerstelle fir d'Schoul. Dat muss een also alles wëssen, wann een d'Äntwert gär sicht, woufir mer e Chômage hunn, deen zu Lëtzebuerg wuel an europäesche Verglach niddreg ass, mä fir eis Verhältnissen, wat mer och gewinnt waren, vill ze héich ass.

Et muss ee wëssen, dass dat engersäits mam Drock vun der Groussregioun ze dinn huet. Gott sei Dank besteet deen Drock vun der Groussregioun, well soss géife mer déi Plazen, déi mer schafen, ni alleguer besetzen. Op där anerer Säit muss ee wëssen, dass op all Aarbechtsmaart an all Land déi, déi Leit schlecht dervukommen, déi Schwaach sinn. An déi Schwaach sinn net nëmme déi Netqualifizéiert. Elo wou d'Wirtschaft unzitt, kréie mer och méi Netqualifizéierter ënnerdaach wéi virdrun.

De Problem ass, dass net d'Qualifikatioun eng grouss Erklärung derfir ass, dass een an de Chômage kennt, mä bei ganz ville vun deene Leit - an dat ass ugeklongen och virdrun, beim Ali Kaes zum Beispill, wann hie vun de Beschäftigungsinitiative schwätzt - ass de Problem net eleng d'Netqualifizéierung, mä läit de Problem bei enger ganzer Partie anere soziale Problemer, familiäre Problemer, Gesondheitsproblemer, déi einfach maachen, dass een net stabiliséiert ass, fir am éischten Aarbechtsmaart ënnerdaach ze kommen.

Heiansdo kritt d'Aarbechtsamt déi Leit op eng Plaz, an dann no dräi Deeg fale se aus bei deem éischte Patron, da gi se bei deem zweete Patron, a beim drëtten Patron spéitens ass dee verbrannt. Wann een de Rapport liest vum leschte Joer vum Aarbechtsamt iwwert de Chômage an de Rapport hält vum Service SAPDE, dee jo och virdrun

ugesprach gouf, da stellt ee fest, dass 63% vun deene Leit, déi des Atelierë gesinn hunn, an dat waren der relativ vill, ganz wäit ewech si vum Aarbechtsmaart. Dat muss een einfach wëssen! Da geet et net drëm fir mat deene Leit de Geck ze maachen a se mat enger Klimaanlag am Auto ze vergläichen. Dat si schwieereg Fäll wou mer musse kucken, dass mer Léisunge fannen.

Dann nach e Wuert zu de Grenzgänger. D'Grenzgänger huelen am Solde 75% vun den neien Aarbechtsplazen an, awer net am Flux. Woufir sinn et 75%? Majo well der och dauernd Einheimesch an d'Pensioun ginn. Vu dass d'Grenzgänger eng relativ jonk Populatioun sinn an dovunner wéineg an d'Pensioun ginn, mä vun den Einheimesch, vun de Résidenten der vill an d'Pensioun ginn, ass herno de Sold um Aarbechtsmaart 75/25. A Wierklechkeet ass dat awer méi équilibréiert.

Dat Zweet, wat ee muss wëssen, ass, dass déi Aarbechtsplazen, déi zu Lëtzebuerg geschaf ginn, wou och d'Secteurs - Här Castegnaro, do huet de Statec relativ vill geschaff iwwert d'Secteurs - bekannt sinn, déi Aarbechtsplaze geschaf hunn, zu 56%, seet de Statec, bei eis Bac+-Aarbechtsplaze sinn. Et muss ee wëssen, dass zu Lëtzebuerg nëmme 25% vun eiser Jugend, egal wat fir eng Nationalitéit, zu engem Bac+ kënn.

Mir dierfen net nëmme eleng d'Grenzgänger huelen, mir mussen och d'Immigratioun kucken. Mir hunn an deem Land, och an deene leschten zéng Joer, bal 100.000 Leit méi wunnen. D'Immigratioun, déi virun zéng Joer nach haaptsächlech eng Immigratioun war vu Leit, déi nëmme d'Primärschoul gemaach hunn, ass haut eng Immigratioun, déi zu 50% Bac+ huet. Ebe well déi doten Aarbechtsplaze geschaf gi sinn.

A wa mer eis dann drun erënneren, wat och e puermol hei gesot ginn ass, nämlech dass d'Lëtzeburger all wëlle bei de Stat goen, jo da kënn e weidere Problem derbäi. Nämlech wa mer op déi lescht 20 Joer kucken, sinn insgesamt - mat den Indépendanten, huele mer déi ewech - iwwer 160.000 nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg geschaf ginn. D'Frontaliere sinn eropgaange vu 15.000 op bal 130.000. D'Einheimesch Bevëlkerung ass eropgaangen ëm gutt 100.000, net grad 100.000 Leit. D'Zuel vun de Lëtzeburger ass genee ëm 10.000 eropgaangen, an dat sinn elo net nëmme Lëtzeburger, déi schaffen. Do si souwuel déi Pensionéiert derbäi wéi och d'Kanner. Dat heescht, et muss een einfach wëssen, dass Lëtzebuerg e Boom kann huet, deen d'Bevëlkerung vun de Lëtzeburger eleng einfach net matgemaach huet.

Wann elo och nach d'Lëtzeburger alleguer bei Stat a bei Gemenge sinn an ëmmer manner an der Privatwirtschaft, dann huet den Aarbechtsminister niewent deem Phenomeen, wat den Haaptphenomeen ass, nämlech dass déi Schwaach keng Chance hunn, och fir eng net qualifizéiert Plaz - wann do en Dynamesch kënn, dee 50 km fiert fir dat unzuhuelen, dee méi fit ass, da kritt dee Schwaachen déi net qualifizéiert Plaz ni -, en anere Problem. Dat ass, dass en ëmmer manner Leit huet, déi seng Korrespondente sinn an der Privatwirtschaft, well eben och ëmmer manner Lëtzeburger respektiv Einheimesch, ech wëll net ëmmer no der Nationalitéit kucken, do Betribschefe sinn.

Mir maachen eis ganz vill Méi, och d'Aarbechtsamt duerch seng Consultanten, fir ëmmer erëm an d'Betriber ze goen. Jo wa grouss Betriber do sinn, wou d'Chefs des Ressources humaines, wéi dat haut esou barbaresch heescht, all zwee Joer wieselen, jo bis dass se hei sinn a geléiert hunn, wéi mir fonctionnéieren a wat se kënnen mam Aarbechtsamt zesummeschaffen, si se schonn erëm fort, an da feelt dee Reflex. Duerfir sinn zum Beispill déi Consultantéiwichteg. Duerfir mécht den Aarbechtsminister regelméisseg alles mat wou hie ka mat den Direktere vun de Ressources humaines zesummekommen, fir deene Messagen ze ginn iwwert de Lëtzeburger Aarbechtsmaart, wat se kënnen vum Aarbechtsamt erwaarden a wat se net kënnen vum Aarbechtsamt erwaarden.

E Punkt zu der Jugend. Scho vun 2004 un ass eigentlech d'Jugendaarbechtslosegkeet am meeschten zrëckgaangen. An déi lescht Zäit ass et virun allem d'Jugend, déi mer am beschten ënnerdaach kréien. De Romain Schneider huet virdrun ugeworf gehat, dass effektiv no 5611 d'Zuelen do souguer dramatesch zrëckgaange sinn. Ech kann nach keng Äntwert drop ginn, wat mat deene geschitt ass. Ech spieren awer, dass dat, wat mer gemaach hunn, richteg war.

Well mer festgestallt hunn, dass mer notament beim CAT beim Stat ganz vill diploméiert Jugendlecher geschéckt hunn, déi och hätte kënnen eng Schaff fannen, déi da beim Stat geholl goufen an net agehallt

goufe beim Stat. An duerfir, well mer wëssen, dass de Problem vun der Jugendaarbechtslosegkeet een ass vun der Netqualifizéierung, ass et richteg, an dat huet d'Gesetz gesot, an dat huet den Aarbechtsminister dem Aarbechtsamt confirméiert an d'Aarbechtsamt mécht dat, dass mer elo déi Netdiploméiert an déi Moosname stiechen.

Et ass ëmmer erëm an alle Kritike gesot gi beim 5611: Dir dierft net Diploméierter verheizen zu esou Léin, déi si jo gutt fir ze schaffen! Jo dat maache mer, duerfir verheize mer déi net. Ech schléissen net aus, dat hu mer zum Beispill bei der ABBL ofgemaach, dass ee kann den CIE benotzen, fir och Diploméierter ënnerdaach ze kréien. Mä da muss de Projekt stëmmen. De Projekt muss da stëmmen, dass deen effektiv, zum Beispill wéi mer et mat der ABBL ofgemaach hunn, vill méi verdéngt wéi de Mindestloun, an dass, wéi den CIE et virgesäit, herno eng Embauche définitive ass.

Mä beim Stat bleift de Problem nach ëmmer deen, dass ech dauernd Bréiwer kréie vu Statsverwaltungen, och vun aneren Organisations, déi soen: Mir hunn elo keng Leit méi. An du gëss eis och keng Diploméierter méi. Déi Netdiploméiert, déi kënnen mer net gebrauchen, well mir brauche Leit, déi uerdentlech sinn. An do bleift d'Äntwert vum Aarbechtsminister nach ëmmer déi: Wann Dir gäre Leit hätt, da stellt se an!

Ech hunn einfach e Problem fir ze soen, elo gi mer op de System zrëck an et ginn Diploméierter agehallt op prekär Verhältnissen, wou se herno keng Chance hunn. Domadder leeschte mer deene Jonke keen Déngscht. Ech hunn och Versteesdemech wann d'Leit soen, mir hunn net Aarbechtsplaze genuch bei eis an der Verwaltung. Mä dann ass dat eng Fro vun där jeeweileger Verwaltung fir eben ze kämpfen, fir méi Aarbechtsplazen ze kréien. Mä et kann awer net sinn, dass mer jonk Leit, déi kéinte schaffe goen, kéinten e festen CDI kréien, verheizen, wann a Verwaltungen oder och heiansdo an A.s.b.l. en net genuch Aarbechtsplazen do sinn.

Duerfir bleiwe mer bei deem System. Mir hu mëttlerweil 190 CEEe beim Privatsektor an där kuerzer Zäit, vum 1. Juli un, an do hunn ech nach d'Zuele vum Oktober net, wat ganz gutt ass. Nëmme 24 CAEen, well och do de Stat am léifsten der gär hätt, déi ganz gutt sinn - de Stat an d'Gemengen, soen ech ëmmer -, mä dat kann net d'Spillregel sinn. Mir wäerten och do weider d'Leit informéieren. Mir haten nämlech och gutt Beispiller - ech schwätze jo meeschtens vun deene schlechten. Mir haten och Verwaltungen, déi effektiv sech d'Méi ginn hunn, fir déi Leit duerno ënnerdaach ze bréngen. Ech hunn dat zum Beispill am Kultursecteur regelméisseg gemierkt. Déi meescht hunn allerdinges just versicht, fir datt eben Aarbecht bei hinne gemaach gouf. Dat kann net Sënn vun enger Beschäftigungspolitik sinn.

Ech hunn et virdu gesot, de 5611 huet vill nei Saache bruecht, mä et bleiwe vill Leit, déi mer net ënnerdaach kréien, an dofir ass den 5144 iwwert d'Beschäftigungsinitiative wichteg, a mir fänke jo mat deem elo un an der Chamberskommission.

Wat ass d'Philosophie? Ech wëll elo op eppes agoen, wat den Alexandre Krieps als Zwëscheruff bemierkt hat. Mir wëlle Leit finanzéieren an net Betriber finanzéieren. Elo ass et esou, dass d'Beschäftigungsinitiative 75% vun deem Budget, dee si eis erarechen, kréien. Si hunn awer nach aner Budgeten, wat jo richteg ass, a si sollen och weider aner Saache maachen.

An Zukunft finanzéiere mir net méi Projeten, Budgeten. An Zukunft wëlle mir d'Leit finanzéieren, an dofir soe mir och: Majo, wann ee Privatbetrieb wëll datselwecht maachen, deeselwechten Encadrement ubidden an esou weider, da soll en déiselwecht Sue wéi dee Mënsch kréien. Dat heescht, et ass net de Betriber, dee se kritt, mä et ass de Mënsch.

Mat der Handicapéiertepolitik hu mer dat virgemaach. Den handicapéierten Aarbechter, den Aarbechter mat Handicap, kritt 100% vum Mindestloun. De Patron kritt dat rembourséiert, wat dee manner produktiv ass, a fir all déi schwaach Leit, déi mer net ënnerdaach kréien, well se ebe manner produktiv si par rapport zu all deenen, déi awer an der Konkurrenz mat hinne stinn, wëlle mer an deem neie Gesetz 5144 déiselwecht Philosophie maachen. Een, dee se astellt, am Prinzip provisoresh während zwee Joer mat engem CDD, fir ze kucken eng fest Plaz ausserhalb ze kréien, respektiv wann et net geet se méi laang ze halen. Do bezuele mir bis zu 100% vun deene Leit no darselwechter Philosophie, dat sinn déi manner produktiv.

An dofir ass et jo wichteg, dass d'Aarbechtsamt selwer dat eraussicht. Et sinn net d'Be-

schäftigungsinitiativen, déi soen, hei, dat doten ass ee Kolleeg, dee wëll ech elo astellen, mä et ass d'Aarbechtsamt wat ëmmer seet, dat dote sinn déi Leit, déi bei d'Beschäftigungsinitiative ginn. Dat geschitt haut esou an dat geschitt och an Zukunft nach weider esou. Ech soen dat just, well ech ëmmer déi Kritiken héieren. D'Aarbechtsamt ass um Drécker, fir dat doten ze maachen an d'Aarbechtsamt mécht och haut, zum Beispill, wann eng Beschäftigungsinitiative freet den Aarbechtsminister soll engem ee CDI accordéieren, dann ass et ëmmer d'Aarbechtsamt wat säin Avis driwwer gëtt a seet: An deem Fall ass et justifiéiert oder net an de Minister mécht dat esou. Esou datt mer där Philosophie, déi mer haut schon applizéieren, just eng gesetzlech Basis wëlle ginn, well mir hu keng gesetzlech Basis, fir dat doten ze maachen.

Ee Wuert zur Flex-Sécurité. Flex-Sécurité - den dänesche Modell - gëtt ëmmer zitéiert. Den dänesche Modell besteet aus dräi Pfeiler a ganz oft gëtt nëmme den éischte Pfeiler zitéiert.

Den éischte Pfeiler ass deen, dass et an Dänemark kee Kennnungsschutz gëtt am Gesetz.

Den zweete Pfeiler ass deen, dass et an Dänemark e risege Sozialdialog gëtt, eng risege Sozialpartnerschaft. Et gëtt do kee Secteur wou et kee Kollektivvertrag gëtt. Bei eis falen nëmme 50% vun de Leit ënner de Kollektivvertrag an dofir funktionéiert den dänesche Modell ouni gesetzlech Basis, well d'Sozialpartnerschaft dat remplacéiert.

An dann ass en drëtten Pfeiler do. Dat ass deen, dass d'Leit während véier Joer Hëllef kréie fir ëmgeschoult ze ginn, wou se op engem relativ héijen Niveau vun Indemnitéit ufänken, bal wéi bei eis, deen awer ganz rapid zrëckgeet innerhalb vun deene véier Joer a wou och ganz streng gehandelt gëtt. Si kréie vill méi Angeboter wéi mir zurzäit dat fäerdeg bréngen - dat ginn ech gären zou -, mä et gëtt awer och vill méi streng gehandelt, ob een dat dote matmécht oder net, an d'Indemnitéit geet degressiv ganz séier erf. Also am Ufank, dat éischt Joer ass se op deem Niveau, wou mir och d'Indemnitéit de chômage hunn, an da geet se massiv erf.

Dofir mengen ech, dass deen dänesche Modell net op Lëtzebuerg tel quel ze transposéieren ass, oder mir maachen dann alles. Dat ass ëmmer dat wat ech soen. Wann den dänesche Modell, dann dee ganzen dänesche Modell. Ech mengen elo net, dass den dänesche Modell dat Richteg wär fir Lëtzebuerg, aus deem ganz einfache Grond, well Dänemark vill méi ee kohärenten Aarbechtsmaart huet. Et muss ee wësse bei där villen Immigratioun, déi bei eis kënn, ass dat vill méi schwieereg ze maachen.

Dofir hunn ech dat virdu gesot vun deene Leit, déi d'Sproochen net kënnen, an esou weider. Dat ass een eeschte Problem. Wéi wëllt d'Aarbechtsamt een ëmschoulen, wann deen emol keng vun eisen dräi Sproochen versteet. Dat ass ee Problem, dee mir einfach massiv zu Lëtzebuerg hunn.

Wat kann ech mer virstellen, huet den Här Meisch, deen elo net heibannen ass - da liest hien et no -, mech gefrot, zu Lëtzebuerg?

Ech mengen, et si véier Elementer, wann ee Flex-Sécuritémodell seet, da sinn dat ëmmer séier Elementer.

Dat eent ass d'Aarbechtsrecht. Dat gëtt zu Lëtzebuerg scho ganz vill Flexibilitéit. Ech mengen net, dass mer zu Lëtzebuerg sollen de Kennnungsschutz lackeren. Et gëtt ëmmer gesot: Mir mussen de Kennnungsschutz lackeren, fir datt méi eeler Leit agehallt ginn. Ech mengen, dass et zu Lëtzebuerg just de Contraire ass, well eben deen Aarbechtsmaart esou dynamesch ass a vill jonk Leit kënnen erakommen. Wa mer et méi einfach maachen eeler Leit ze entloossen, da ginn déi eeler Leit entlooss, déi sinn am Chômage an et ginn neier aus der Grenzregioun agehallt. Dat ass deen ee Punkt.

Den zweete Punkt, dass d'Ofsécherung. Eis Chômageindemnitéit sinn héich, mä si daueren nëmme ee Joer, an ech mengen, dass dat nach wie vor richteg ass, dass se héich sinn, mä datt een an deem Joer soll kucken eng nei Schaff ze fannen, ouni an e soziaalt Lach ze falen.

Drëtten, d'Adaptatioun um Aarbechtsmaart, dass ass déi ganz Politique de maintien dans l'emploi, de John Castegnaro ass och dorobber agaangen, dat, wat mer elo wëlle maache mat deem Consultant, deen d'Betriber démarchéiert, wat ech jo gëschter dem Här Meisch geäntwert hunn. Dat ass een Element.

An dann „lifelong learning“, do hu mer vum 1. Januar un dat neit Gesetz iwwert den Accès individuel à la formation professionnelle continue a mir sinn amgaangen am Aarbechtsministère e Projet auszeschaffen,

Mercredi,
21 novembre 2007

wou mer gären hätten, datt en den 1. Januar 2009 zäitgläich mam Eenheeststatut a Kraaft trëtt, nämlech d'Liewensarbeitszäitekonden, fir datt een do, wann ee vill lwwerstonne gemaach huet oder vill geschafft huet, déi Zäit kann op ee Kont setzen an déi zum Beispill huelen, fir da während e puer Méint zréck an d'Schoul ze goen a sech iwwert dee Wee och weiderze bilden.

Also, wa mer d'Flex-Sécuritét huelen, dann ass et ëmmer d'Flexibilitéit an de kontraktleche Bindungen, an do menge mir, wa mer kucken, wat notament de Sozialdialog kann hierstellen, mer zu Lëtzebuerg scho ganz vill hu vu Flexibilitéit.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Zweetens Ofsécherung, do hu mer déi héich Indemnités de chômage un déi mer net wëlle goen, well se och nëmmen ee Joer daueren.

Drëttens hu mer, wat d'Adaptatioun ubelaangt, déi Maintien-dans-l'emploi-Politik, déi mer och wëllen elo iwwert den europäesche Sozialfond nach weider begleeden. Ech mengen do mussen och d'Betribber mathëllefen an nei Iddië kréien. Do sinn awer scho Betribber, déi effektiv verstinn, datt iwwert de Plan de maintien dans l'emploi se méi Chancen hunn de Betrib uerdentlech ze gérieren a besser dobaussen ze stoen, wéi wa se just nëmmen d'Leit sec entloossen.

An da véiertens, alles wat „lifelong learning“ ass, muss zu Lëtzebuerg weider gefördert ginn. Dofir deen ee Projet, deen a Kraaft trëtt den 1. Januar, an deen, deen ech gär hätt, deen ee Joer drop a Kraaft trëtt.

Aarbechtsamt: D'Sue sinn net de Problem bei der Politik vum Arbeitsamt, well mer de Fonds pour l'Emploi hunn. Soubal mir eng Base légale hunn, kënnen mir och Saachen ubidden. An dofir dierft Der net vergiessen, datt mer iwwert de Problem, dee mer beim Arbeitsamt hunn, vum Quët-schen, dat ass den Numerus clausus, dat ass de Mangel u Personal an de Mangel un Informatiker, wat ënner anerem eppes domat ze dinn huet - et huet mat villem eppes ze dinn, mä et huet och eppes domat ze dinn -, datt zum Beispill am Basisgesetz vun der ADEM net steet, datt een en Informatiker astellen dierft.

Dat sinn also all déi Contrainten, déi eng Administration publique huet an un déi een net denkt, wa se gemaach gëtt, mä déi haut do sinn. Dofir si mir amgaangen aner Léisungen do fir d'Informatik ze fannen, well dat ass ee wichtige Punkt. Also, de Problem ass den Numerus clausus an d'Gebai-leckheeten.

De 5611 huet eng Onmass vu Strukturereformen hei mat sech bruecht. Fir déi déi mengen, et wär näischt geschitt, de 5611 ass eng grouss Reform vum Arbeitsamt.

Éischtens duerch déi nei Philosophie vun der Convention d'activation, wou deen Een-zelne betreit gëtt.

Zweetens duerch d'Ëmstellung, déi d'Arbeitsamt mécht. Et ass e Guichet unique do, wou d'Leit elo erakommen, an do gëtt emol d'administrativ Aarbecht gemaach an da ginn d'Leit bei de Placeur. De Placeur huet also méi Zäit säin „core business“ ze maachen, an da spillt duerno den SAPDE eng Roll an et spillen och d'Consultanten eng Roll. Dat heescht, dat ass eng ganz Reform, déi elo scho gemaach gouf an déi och amgaangen ass hir Friichten ze droen.

Mir hunn eng Base légale am 5611 geschaf, fir mat den Interimgesellschaften, fir mat de Human-Reserve-s-Gesellschaft Kontrakter ze maachen, wou d'Arbeitsamt seet wat fir eng Leit dohinner vermëttelt ginn. An dofir sinn ech géint eng Privatiséierung, well bei enger Privatiséierung ginn déi Gutt bei déi Privat a just déi Leit, déi schwieereg ze placéieren sinn, bleiwe beim Arbeitsamt. A mir hunn elo schon de Problem, datt d'Leit soen d'Arbeitsamt huet net déi Gutt, huet nëmmen déi Schwieereg, also schaffe mer net mam Arbeitsamt zezummen.

Dofir ass et wichtig, datt d'Arbeitsamt de gesamte Mix vun der Bevëlkerung ka betreien. A wa si bei eisem neie Projet pilote, deen deemnächst wäert ulafen, Leit vermëttelt un eng Interimgesellschaft, fir se weiderzevermëttelen, da wäert dat e Pak gi vu Leit, déi besser qualifizéiert sinn an déi manner gutt qualifizéiert sinn, fir datt mer do och e Mix hu vu Bevëlkerung, wou déi Gesellschaften da fir eis schaffen a wou se natierlech rémunéiert gi fir dat wat se maachen.

Dann hu mer eng Base légale fir Formatioun ze maachen. Déi hate mer elo net. Mir hu Formatiounen, déi mer dauernd ubidden, mä et gi spezifesch Formatiounen, déi an engem spezifesche Fall engem kënnen hëllef eppes ze maachen, déi zum Beispill zu Lëtzebuerg net ugebued ginn. Dat konnte mer an der Vergaangenheet net

maachen. Déi Base légale hu mer elo. Dat, wat d'OECD gären hätt, datt mer méi op d'Formatioun setzen, déi Base légale hu mer an dat si mer och amgaangen ëmzesetzen.

An da si mer och amgaangen en anert Element vun dem OCDE-Bericht ze kucken, fir ze soen, d'Leit muss selwer sichen. Et ass net d'Arbeitsamt, dat eng Plaz sicht. D'Arbeitsamt muss d'Leit befäegen, eng Plaz ze sichen. Duerfir ass och d'Iddi vun den Efforts propres am 5611 dran. 5611 huet riseg vill Saache reforméiert, och an der Fonctionnementsaart a -weis vum Arbeitsamt.

Elo zu den neien Iddien.

Mir brauche méi Transparenz, dat ass ugeklongen. An deem Sënn muss mer d'Informatik verstärken um Arbeitsamt, fir dass ee vill méi kloer kann d'Kompetenzen an de Profil vun engem Demandeur d'emploi erkennen, an dat wat de Patron wëllt. Well och de Patron weess net ëmmer, wat hie wëllt. D'Patronen hätten oft, fir Plazen, déi net qualifizéiert sinn, am léifste gär ee Bac+. Duerfir muss een och d'Berufsbild vum Patron kënnen esou analyséieren, dass ee weess, wien elo op dat passt. Dat ass eppes, wat ee kann informatesch maachen, wat eng grouss Erausforderung ass a wou mer muss kucken, déi Mëttelen do ze kréien, fir dat ze maachen.

D'Placeuren hunn ech schon ugesprach. Alles dat wat hei gesot ginn ass, dass mer d'Placeure mussen aneschtens rekrutéieren a forméieren an eng Carrière virgesinn, dat muss mer esou oder esou maachen. Mir kënnen net méi einfach just soen: Du hues deng Première gemaach an elo gëss de Placeur. Et muss ee kënnen Leit aneschtens rekrutéieren. Zum Beispill Leit, déi iergendwéi eng sozial oder wirtschaftlech oder ekonomesch Erfahrung mat sech bréngen, dass se iergendwéi awer eppes kennen, méi wéi dat.

An da muss mer se kënnen am Ausland forméieren, amplaz um INAP. Do gëtt et scho Modeller elo an der Administration gouvernementale, wou verschidde Verwaltungen eben hir eege Prozeduren hunn. Do si mer amgaang drun ze schaffen. A si mussen natierlech och eng Carrière kréien, eng Évolution dans la carrière, déi all deem doten entsprécht, well mir mussen och ëmmer oppassen, wat ass mat Burnout an esou weider. Wann een dat 20, 30 Joer gemaach huet, mat schwieereg Fall zesammenzeschaffen, dann ass ee vläicht net méi ganz esou a Form, wéi dat virdrun de Fall war.

Woufir envisagéiere mer den Etablissement public? Aus véier Grënn:

Deen éischten ass deen, dass d'Arbeitsamt ka méi autonom sech och dobausse virstellen. Duerfir hat, ech weess net méi wien, d'Stéchwuert Marketing geholl. Et ass extrem wichtig, dass d'Arbeitsamt dobausse sech kann duerstellen. Haut ass de Minister de Pressesprecher vum Arbeitsamt. Ech mengen, an Däitschland ass e gudd Modell, do ass et d'Arbeitsamt wat seng Zifferen a seng Politike verteidegt. Mä duerfir muss se awer och méi Autonomie hunn, wéi se am Kader vun enger Statsverwaltung hunn. Dat eent geet net ouni dat anert.

Éischte Punkt ass also méi Visibilitéit, méi Autonomie fir d'Arbeitsamt.

Zweet Element vun engem Etablissement public: Dat ass dat fir ze soen, mir hätte gär d'Sozialpartner mat u Bord. Well wa mer soen, dass jiddereeng concernéiert ass, da wär et gutt wa mer e Verwaltungsrat hätten, wou wuel de President de Minister oder säi Remplaçant ass, mä wou ronderëm d'Sozialpartner géifen dräsetzen, fir och do méi Gewicht ze huelen.

Drëttens, da kann d'Verwaltung hir Finanzgestioun besser maachen. Si kritt net duerch en Etablissement public méi Suen, mä si kann eng Partie Saache méi einfach gérieren.

A véiertens, ass dee Punkt vum Recrutement och een. Mä dat ass nëmmen een ënner villen. Mir hu jo schon d'Sozialpartner gesinn. Do ginn natierlech d'Meenungen auserneen. Een huet dat jo scho ganz staark gesot, dat ass d'CGFP, dass fir si dat net géif a Fro kommen, well, pacta sunt servanda - dat gëtt jo haut an der neier DP manner oft gesot, wéi an där aler DP -, d'Regierung gesot hätt, si géif keng Établissements publics méi maachen.

Den OGB-L huet och do ganz vill Problemer, well hie mengt, dat wier eng Privatiséierung. Ech mengen dat net. An duerfir ginn ech och dem Romain Schneider Recht, wann hie seet, mir sollen dat net iwwerstierzen, mä mir sollen dat awer emol ausdiskutéieren.

Well, also wann ech kucken, d'Krankeeseen, d'Pensiounskeese fonctionnéieren all als Etablissement public. Ech hunn nach ni

gesinn, dass dat soll eng Privatiséierung gewiescht sinn. Ech weess awer, dass Geforen do sinn, an duerfir maache mer dat och an aller Rou, wa mer mat deem dote Punkt weiderginn. Wéi gesot, eng grouss Gewerkschaft huet sech awer manifeste dergéint ausgeschwat, dat ass d'CGFP. Et muss een dat awer och zur Kenntnis huelen.

Antennen, déi Méiglechkeet ass dran, well eigentlech sinn et d'Gemengen, déi sollen dem Arbeitsamt Büroen zur Verfügung stellen, wat ech keng gutt Iddi fannen, well an der Stad bezillt de Stat alles an dat anert mussen d'Gemenge bezuelen. Mä wat et awer gëtt vu Mëtelen, dat mécht zum Beispill d'Gemeng Diddeleng. D'Gemeng Diddeleng huet e Projet mam Arbeitsministerium, wou de Fonds pour l'Emploi hinnen hëllef en eegene Service de l'emploi ze maachen, an dat ass awer eng Méiglechkeet, wou dann d'Gemeng muss mathëllefen, an dann ass et och gutt wann d'Gemeng selwer mat implizéiert ass.

Nach ee Punkt, deen elo net ugesprach ginn ass, wou ech awer soen, dass mer wëllen dru schaffen, dat ass dee vun der Aide au réemploi. Vun der Aide au réemploi stelle mer fest, dass déi steigt, souwuel an de Bénéficiaire wéi an de Suen. Dat ass a priori net falsch, well domadder hëllef mer jo Leit fir op eng Schaff ze goen, net am Chômage ze bleiwen.

Mir stellen awer eng Partie Problemer fest. Notamment hu mer regelméisseg Fäll, wou een, dee virdrun - ech weess net wat - 5.000 Euro verdéngt huet, da fir 1.500 Euro age stellt gëtt a während véier Joer bezillt de Stat d'Differenz, an dann entweder kritt hien duerno seng 5.000 Euro, heiansdo gëtt hien och duerno entlooss. An deene Fäll muss een awer eng Analys maachen, fir ze kucken, ob do net Abusé sinn, well da si mer an där Gefor, dass mer eigentlech eng Aide à l'entreprise maachen, an net eng Aide un deen, dee mer wëlle replacéieren.

Mir wëllen also d'Aide au réemploi, wéi och den OCDE-Bericht eis et gesot huet, analyséieren a mat méi detailléierten Zifferen kucken, ob een de System net soll änneren. Mir wëllen d'Aide aux réemploi selbstverständlech bäibehalen. Dass dat kloer ass! Mä de System ka vläicht geännert ginn.

Voilà. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Wichtigst ass awer, dass mer niewent der ADEM Strukturereformen an der Wirtschaft an an der Schoul maachen, an där sinn der eng ganz Partie och hei ugeschwat ginn. Ech denken, ech kommen op de Marc Spautz zréck, vun den Orientations professionnelles. Do waren d'Madame Delvaux an ech zesumme fir ze kucken, wéi mer kënnen permanent Structure vun Orientation professionnelle an de Lycéeë maachen. Mir hunn en Arbeitsgrupp chargéiert, wou souwuel de Schoulministère wéi den Héichschoulministère wéi och den Arbeitsministerium sech dru bedeelegen, fir eng besser Orientation professionnelle ze maachen.

Meng 5611-Tournée d'lescht Joer huet mech bestätegt doranner, dass dat eng wichtig Strukturereform ass, an do si jo Iddien effektiv och dran an deem OCDE-Bericht, deen d'Madame Loschetter ugeschnidden huet.

» M. le Président. - Här Minister, entschëllegt, Dir sidd sécher amgaang zum Schluss ze kommen?

» M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*. - Jo, gutt. Da ginn ech net méi weider op déi Saachen an, mä ech soen, dat sinn déi wichtigst Strukturen.

Wa mer gär plein emploi hätten, muss mer éischstens kucke fir deene Leit, déi och an Zukunft ni eng Chance kréien op den éischten Arbeitsmaart, eppes unzbidden. Dat ass de Projet 5144, Strukturereformen an der Wirtschaft, Strukturereformen an der Schoul. Da kréie mer vläicht an Zukunft erëm eng Keier e Plein emploi an de Chômage, och de strukturelle Chômage méi bekämpft. A selbstverständlech ass, de Marcel Glesener ass dorop agaangen, d'Reform vun dem Reclassement externe eng Saach wou mäi Kolleg a Frënd, de Sécurité-sociale-s-Minister amgaang ass, awer mat eis zesummen, drun ze schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e lescht Wuert. De John Castegnaro hat gesot, maacht eng national Beschäftigungskonferenz. Mir hunn eng ähnlech Iddi déi lescht Zäit bei eis entwéckelt. Mir wëllen effektiv fir d'nächst Joer eng Sorte «Journée nationale de l'emploi» maachen, wou mer net nëmme géifen d'Leit beienee setzen, well wa mer Leit beienee setzen, dann diskutéiere se, ginn duerno fort an et geschitt näischt, mä och eng gréisser Sensibiliséierung maachen. Mir wëllen dat och méi grand public gesinn, mä déi Iddi, déi ass eis scho sympathesch.

Ech soen lech Merci. Ech hunn 1 Minutt 37 iwwerzunn.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Den Här Clement huet Parole après ministre gefrot. Ass dat esou?

» M. Lucien Clement (CSV). - Jo, Här President, et ass richtig, datt ech dat gefrot hunn. Ech wëll dem Här Gibéryen op seng Zwëscheriff äntwerten. Ech dierf fënnf Minutten nom Minister schwätzen, opgrond vum Artikel 37, Paragraph 8, mä ech dierf net zu der Motioun schwätzen. Wann ech net iwwert dee Sujet schwätzen.

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Gitt Der net eens mam Minister?

» M. Lucien Clement (CSV). - Ech wëll lech dat just soen. Ech wëll och net meng Ried färdég halen. Ech hu just eng Fro un den Här Minister. Wann den Här Minister elo Zäit huet, well ech jo fënnf Minutten Zäit hunn a meng Fro nëmmen zwou Minutten dauert, kann hien dat nolauschteren.

(Brouhaha général)

» M. le Président. - Schwätzt, Här Clement, den Här Minister lauschtert lech no.

» M. Lucien Clement (CSV). - Ech war amgaang eppes iwwert de classeschen Apprentissage ze soen. Ech hu gesot, dat géif mer um Mo leien. Do hu mer aner Ausbildungsweeër, déi praktesch de classeschen Apprentissage e bësselchen ënnerhielegen. Vu datt een awer weess, datt de classeschen Apprentissage praktesch zum hallwe Mindestloun oder plus/minus hallwe Mindestloun vun de Betribber rémunéiert gëtt, an all déi aner „zweete Ausbildungsweeër“ - entre guillemets -, wann ech se emol esou dierf nennen, ginn awer plus/minus mam Mindestloun honoréiert.

Elo meng Fro un de Minister, ob et net Finanzéierungsméiglechkeete gëtt, fir an iergendenger Form deene Leit eng Prime ze ginn, déi awer wierlech elo nach de classeschen Apprentissage maachen a wat herno, Här Minister, an dat mussst Der zouginn, an der Betriebswelt déi Créateurs d'entreprises sinn, ergo och Créateurs d'emplois sinn - déi kommen alleguete méi oder wéineger, wat d'Handwierk ubelaangt, aus deem classeschen Apprentissage an net iwwert den zweete Bildungswee -, oder ob een op d'mannst dee System, deen do nach besteet, scho laang esou besteet, finanziell esou lukrativ kéint gestalte wéi all déi aner Mesuren, déi ech ënnerstetzen, déi mer elo hei opgefouert hunn, wéi all déi Mesurë vum zweete Bildungswee et sinn.

Duerfir meng Fro, ob Dir do eng Méiglechkeet gesitt, fir datt een eventuell bei bestanener Prüfung deene Leit, déi dräi Joer géleiert hunn, déi Suen, déi den Ënnerscheid ausmaachen zu der Rémunératioun vum Betrib bis hin zum Mindestloun, op e Compte bloqué kéint setzen, fir datt se se dann hätten. Dann hätte se an engems och e ganz zolidd Startkapital fir hire Betrib kënnen ze grënnen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Clement. Här Minister, wann ech gelift.

» M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*. - Jo. Ech mengen, dat ass eng Fuerderung, déi d'Berufskummeren, notament d'Handwierkummer, ëmmer erëm ervirhieft, déi och diskutéiert gouf am Kader vun der Reform vun der Formation professionnelle a vum Apprentissage, déi awer net vun der Regierung esou zréckbehalde gouf.

Ech wëll och soen, et si jo sympathesch Elementer dran, mä de Punkt ass net beim Apprentissage een, dass d'Leit géife genuch kréien als Indemnité d'apprentissage...

» M. le Président. - Géift Dir opstoen, Här Minister?

» Une voix. - Très bien.

» M. le Président. - Dann dominéiert Der méi. Merci am Numm vun der Chamber.

» M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*. - Här President, ech entschëllege mech, dass et esou ausgesinn hätt wéi wann ech net den néidege Respekt

virun lech hätt. Ech maachen et also elo ganz offiziell. Ech hat gemengt, ech misst méi kuerz an der Zäit sinn. Mä wann ech dat ka soen, da maachen ech dat a Rou.

Wéi gesot, de Problem beim Apprentissage ass ganz oft deen, dass Plazen opstinn am klaseschen Handwierk, engersäits Faute de combattants - an net, dass se net kommen, well se soen: Mir verdéngen net genuch -, mä virun allem, dass déi, déi sech dann nach mellen, den Ufuerderunge vum Patronat net genuch gerecht ginn. Dat ass e grouse Problem. Wou kréien d'Leit, déi fir den Apprentissage responsabel sinn, keng Leit ënnerdaach? Bei CIPen an CCMen, well dat de Patron manner interesséiert; aus Grënn, déi novollzéibar sinn. Mä dat ass de Punkt.

Dofir kann een net elo den Apprentissage gläichstelle mat de Beschäftigungsinitiativen. Een, dee kann en Apprentissage maachen, dee muss schon en Apprentissage maachen. An eng Beschäftigungsinitiativ kënnt een eréischt dra wann een dat net kann. Dat si Leit, déi einfach och oft net fäeg sinn deen Apprentissage ze maachen.

An ech soen: Mir hunn ee Problem. An et gëtt och ëmmer erëm vun de Chambres professionnelles ervirgeruff, dass ganz vill Leit einfach net fäeg sinn iwwerhaapt an den CATP ze kommen. Si hunn net d'Basisconnaissancen, déi ee brauch, fir säin CATP kënne ofzeschléissen. Esou dass déi Iddi, esou sympathesch se och schéngt, net den Haaptproblem léist, datt mer net genuch Leit an den Apprentissage, virun allem den Apprentissage artisanal kréien.

» **M. le Président.** - Entschëllegt, Här Minister. Huelt Der nach Stellung zur Motioun?

Motion 1

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Jo. Ech hat virdu gesot, dass d'Regierung déi Motioun, wéi den Här Glesener se virgestallt huet, absolut akzeptéiere kann, an dass d'Regierung dat och ënnerstëtzt an deenen Efforten, déi mer wëlle maachen. Ech mengen, dass mer am Joer 2008 - ech denken un Iddi wat mer an der ADEM nei maachen, ech denken awer och un d'Reform vum Gesetz vun der Incapacité de travail réduite, den Taux de capacité de travail réduite - effektiv mat neie Virschléi an d'Chamber kommen, esou wéi dat vun eis gewënscht ass. Mir kënne eis där Motioun net nëmmen unhuelen, mä se och effektiv exekutéieren. Well dorëm geet et.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi Motioun huet dräi Ënnerschrëften, d'Ënnerschrëfte vum Här Castegnaro, vum Här Schneider a vum Här Glesener.

» **Une voix.** - Et sinn der fënnf drop.

» **M. le Président.** - Den Här Meisch?

» **M. Claude Meisch (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu mat Opmierksamkeit déi proposéiert Motioun gelies. Do sinn, virun allem wat d'Analys ubelaangt, eng ganz Rei vu Punkten, déi ee kann deelen. An ech mengen och a menger Interventioun ass dobäi erauskomm, datt mer dat net vill aneschtens gesinn.

Wat mer virun allem gesinn, ass, datt nach ganz villes ze maache bleift. Wann een dann awer zu deene konkrete Propositione kënnt, da vermësst een dach e bëssen dat Konkret. Do muss nach vill dialogéiert ginn. Do muss nach vill studéiert ginn.

Mir sinn zanter zwee Joer op d'mannst méi wäit an eisen Iwwerleeungen an hunn hei och schon déi eng oder aner Motioun erbruecht, wou mer konkret Propositione gemaach hunn. Déi si mat de Stëmme vun der Majoritéit all Kéiers ofgelehnt ginn. Mir bleiwen awer selbstverständlech och bei deene Propositionen, déi ech och a menger Interventioun nach emol gefrot hunn. Déi feelen awer quasi gänzlich heiranner. Duerfir kënne mer där doter Motioun net zoustëmmen.

Merci.

» **Une voix.** - Jo.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Très bien!

» **M. le Président.** - Madame Loschetter?

» **Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll och Stellung huelen zu dëser Motioun. Mir hu Problemer mat zwee Tireten an de Considéranten, well mir dat e bëssen anescht gesinn. Beim Projet de loi 5144 iwwert de Chômage social respektiv de Rétablissement du plein emploi wësse mer bis elo nach net, a wéi eng Richtung datt et geet. Wann et an déi Richtung geet, wéi et bis elo um Dësch ass, kënne mir dee Considérant net matdroen.

Mir sinn och der Meinung, datt mer an deem Tired dono iwwert d'Gesetz 5611 nach keng Konklusioun kënne hunn, datt mer eis net kënne virstelle bis elo zumindest, well mer keng Statistiken hunn, ob et eng reell Perspektiv gëtt oder net. Mir waren och skeptesch deemools am Dezember iwwert dee Projet de loi. Mir haten deen och net matgestëmmt. A grad wéi de Kolleg Meisch, wat den «invite le Gouvernement» ubelaangt, fanne mir, datt do keng konkret Moosname beschriwwen sinn. Or denke mir, ass deen Aarbechtsministère laang a sêcheren Hänn, an da misste ganz aner Saachen hei stoen. Dofir kënne mir déi dote Motioun net matstëmme.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter.

Elo hunn ech awer déi original Motioun kritt, mat fënnf Ënnerschrëften. Nach drop ënnerschriwwen hunn: den Här Jaerling an den Här Kaes. Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

Vote

Ass de Vote électronique verlaangt?

» **Une voix.** - D'Saach ass kloer.

» **Une autre voix.** - Loosst se par main levée ofstëmme.

» **M. le Président.** - Par main levée?

Wie fir d'Motioun ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

(Interruption)

Här Glesener?

Da maache mer de Vote électronique.

» **Une voix.** - Den Här Jaerling ass dermat averstanen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Wann Der mech awer net méi braucht.

» **M. le Président.** - D'Motioun ass ueholl mat 39 Jo- an 3 Nee-Stëmme, bei 15 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick San-

Sommaire des séances publiques

Communications	page 77
5700 - Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques et	
5283 - Proposition de loi relative aux partis politiques portant modification de la loi du 12 décembre 1967 modifiée concernant l'impôt sur le revenu - Prise en considération	page 77
Ordre du jour	page 77
Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration	pages 77-80
Dépôt d'une proposition de loi	page 81
Débat sur la politique européenne et étrangère	pages 81-92
Motion de M. Félix Braz relative à la gestion et à l'exploitation des réseaux d'électricité	page 92
Communications	page 93
5803 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 relative à l'élection directe des représentants luxembourgeois au Parlement européen - Déclaration de recevabilité	page 93
Ordre du jour	pages 93-94
Heure de questions au Gouvernement	
- Question N°219 du 20 novembre 2007 de M. Marc Spautz relative à la prise en charge des frais de transport en ambulance, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale	page 94
- Question N°220 du 20 novembre 2007 de Mme Anne Brasseur relative à la mise en application de la loi du 1 ^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité - Procédure à respecter en cas de défaillance de paiement, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	page 94
- Question N°221 du 19 novembre 2007 de M. Jos Scheuer relative à la construction d'un passage souterrain sur la route Luxembourg-Echternach (E29 (N11)) à la hauteur du carrefour Consdorf-Bech (CR137), adressée à M. le Ministre des Travaux publics	page 95
- Question N°222 du 19 novembre 2007 de M. Claude Adam relative à l'accès au stage pédagogique de certains étudiants ou étudiantes inscrits en troisième année à l'Université du Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle	page 95
- Question N°223 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la décision des autorités de Rhénanie-Palatinat sur l'amélioration de l'infrastructure ferroviaire qui relie le Luxembourg à Coblenz via Konz, adressée à M. le Ministre des Transports	page 95
- Question N°224 du 20 novembre 2007 de M. Claude Meisch relative aux emplois créés à moyen terme sur le site Eurohub Sud (ancien site de la WSA), adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi	pages 95-96
- Question N°225 du 19 novembre 2007 de M. Roger Negri relative à la proposition que le Commissaire européen Stavros Dimas a soumise à ses collègues de la Commission de refuser l'autorisation de mise en culture en Europe de deux variétés de maïs génétiquement modifiés développés par les firmes Syngenta et Pioneer/Dow (Bt11 et 1507), adressée à M. le Ministre de l'Environnement	page 96
- Question N°226 du 20 novembre 2007 de M. Jean Huss relative aux suites à donner au niveau européen à l'appel de Luxembourg pour l'interdiction des amalgames dentaires au mercure, signé le 10 novembre 2007, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale	page 96
- Question N°227 du 19 novembre 2007 de M. Charles Goerens relative aux modalités d'exécution de la nouvelle loi agraire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural	pages 96-97
- Question N°228 du 20 novembre 2007 de M. Xavier Bettel relative aux nominations du personnel enseignant au niveau des communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	page 97
Déclaration de M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur le processus de paix au Moyen-Orient et sur le Kosovo à l'issue du Conseil «Affaires générales et Relations extérieures» (CAGRE), suivie d'un débat	pages 97-100
Heure d'actualité demandée par le groupe DP en vue de la Conférence des Nations Unies sur les changements climatiques qui se tiendra du 3 au 14 décembre 2007 à Bali	pages 100-103
5471 - Projet de loi autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain	pages 103-105
Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'implantation d'un nouveau centre commercial à Wickrange	pages 106-109
Motion de M. Camille Gira relative à l'établissement d'un audit au sein du Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	pages 109-110
Question avec débat N°26 de Mme Vera Spautz au sujet de l'étude de l'Observatoire de l'Habitat sur le bail à usage d'habitation	pages 110-111
Débat d'orientation sur l'évolution du chômage et la situation sur le marché de travail	pages 111-122

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

ter, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Thiel), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Henri Grethen et Alexandre Krieps.

Se sont abstenus: Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Alexandre Krieps), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.00 heures)

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
1921	M. Robert Mehlen	Décontamination des friches industrielles
1928	M. Laurent Mosar	Stratégies face à la crise sur les places boursières
1964	M. Aly Jaerling	Jouets dangereux pour enfants
1966	M. Claude Adam	Instructions disciplinaires
1968	M. Claude Adam	Enseignement à domicile
1970	M. Alexandre Krieps	Mort subite de sportifs
1977	M. Camille Gira	Langue de rédaction des avenants aux règlements communaux
1982	M. Roger Negri	Implantation de nouvelles décharges pour déchets inertes
1993	M. Laurent Mosar et M. Marcel Oberweis	Changement climatique
2000	M. Marcel Oberweis	Étude de l'OCDE sur l'impact des biocarburants
2005	Mme Sylvie Andrich-Duval	Fonctionnement du Centre de Langues
2006	M. Marc Spautz	Prix d'hébergement pratiqués par les Centres Intégrés pour Personnes Agées (CIPA) et autres structures d'accueil pour seniors
2011	M. Marcel Oberweis	Taux de TVA sur l'installation des équipements utilisant des énergies renouvelables
2015	M. Gast Gibéryen	Liste des médicaments remboursés par l'Union des Caisses de Maladie
2017	Mme Sylvie Andrich-Duval et Mme Nancy Arendt	Ratification du Protocole facultatif à la Convention des Nations Unies relative aux droits de l'enfant concernant la vente d'enfants, la prostitution des enfants et la pornographie mettant en scène des enfants
2025	M. Claude Adam et M. Camille Gira	Respect des procédures commodo-incommodo
2037	M. Robert Mehlen	Indemnisation des pertes causées par la fièvre catarrhale ovine
2041	M. Romain Schneider	Apprentissage pour adultes - Dérogations à la condition d'affiliation au Centre commun de la Sécurité sociale
2044 rectifiée	M. Camille Gira	Nouveaux sites pour décharges inertes
2049	M. Félix Braz	Enregistrement des déclarations de demandeurs de protection internationale
2052	M. Félix Braz	Ouverture du marché du travail luxembourgeois aux travailleurs issus des huit États membres ayant adhéré à l'UE en 2004
2055	M. Xavier Bettel	Cours complémentaires en droit luxembourgeois - Versement d'une indemnité aux étudiants
2060	Mme Nancy Arendt	Introduction d'une interdiction de fumer sur les bancs de touche et dans les gradins des terrains de football
2065	M. Gast Gibéryen	Posologie
2067	M. Ali Kaes	Service de garde des pharmacies dans la région nord du pays
2071	M. Gast Gibéryen	Décharges sur diverses cotisations de 1996 à 2006
2102	M. Claude Meisch	Changement de personnel à la tête de l'Armée luxembourgeoise

Question 1921 (10.8.2007) de **M. Robert Mehlen** (ADR) concernant la **décontamination des friches industrielles**:

Zanter e puer Joer sinn elo grouss Infrastrukturearbechten op de Friche vum ARBED-Belval amgaangen. Net ouni Problem, well en Deel vum Buedem mat géftege Chemikalië verseucht ass. Wéi eis gesot gëtt, géif do op eng «pragmatisch» Aart a Weis virgaangen. Well d'ARBED/Arcelor dësen Terrain ouni prealabel Sanéierung un de Stat verkaf huet, wollt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi grouss ass den Terrain, deen de Stat vun der ARBED/Arcelor zu Esch/Belval kaf huet an zu wat fir engem Präis pro Ar?
2. Wat hunn d'Etüden iwwert d'Kontaminatioun vum Buedem erginn; wéi grouss ass den Areal, dee verseucht ass respektiv wéi vill Kubikmeter Buedem sinn do als verseucht unzegesinn?
3. Wat schreift eis Legislation an esou engem Fall als Moosname vir? Muss net deen, deen en Terrain verseucht huet, och fir d'Dekontaminatioun suergen, wann en op deem Terrain mat senger Aktivitéit ophält?
4. Wat steet am Kaf-Akt iwwert d'lw-werhuele vun de Käschten, déi sech aus der Kontaminatioun vum Terrain erginn?
5. Wéi soll dës Dekontaminatioun virgeholl ginn? Entsprecht dëse Procédé de gesetzleche Virschrëften?

6. Wéi héich sinn ongeféier d'Käschten, déi sech aus der noutwendiger Dekontaminatioun vum Terrain erginn (hunn)?

Réponse commune (12.11.2007) de **M. Lucien Lux**, *Ministre de l'Environnement* et de **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*:

1. Op Basis vum Gesetz vum 12. Dezember 2003 ass de Stat autoriséiert gi fir Terrainen, déi am ganze 27 Hektar 34 Ar ausmaachen an Installatiounen zu Belval vun der Entwécklungsgesellschaft Agora ofzekafe fir e Präis vu 85.000.000 Euro. Virdrun hat Arcelor 109 Hektar Terrainen erabruucht an d'Agora zu engem Präis vun 1.858 Euro/Ar.

2. Den Terrain vun der Friche vun ARBED-Belval ass enger intensiver Analys ënnerworfen ginn, fir festzustellen wou a wat fir Kontaminatiounen am Buedem unzetrefe sinn. Dës Analys huet aus verschiddeenen Etappe bestanen.

1) eng historiesch Etüd:

Sënn an Zweck vun der historiescher Etüd vun engem potenziell kontaminéierten Terrain ass et, fir eraus ze fanne wou am Laf vun de Joren op dem Terrain Aktivitéite woren, wou mat problematesche Substanzen ëmgaange ginn ass, déi zu enger Buedemkontaminatioun hätte kënnen féieren. Zu dësem Zweck ginn al a rezent Dokumenter studéiert, wéi zum Beispill Pläng, Kaarten, Fotoen, Lofffotoen, Produktionsdokumenter, asw. Do-

niewend gi fréier an heiteg Mataarbechter vun dem Site interviewt.

D'Resultat vun esou enger historiescher Etüd ass e Plang, deen déi Zonen opweist, wou Kontaminatiounen kënnen sinn. Doniewend gëtt pro Zon, op Grund vun de Substanzen mat deenen do geschafft gouf, festgeluecht wat fir Parameter prioritär ze analyséieren sinn. Dës Etüd gouf 1997 vum Ingenieurbüro Lameyer International vu Frankfurt/Main duerchgefouert. Si gouf 1998 nach eng Kéier aktualiséiert, dat op Grund vun den Ännerungen, déi an der Tëschenzäit um Site stattfand hunn.

Insgesamt goufen 105 verschidde Standuerter oder Flächen identifizéiert, déi eng potenziell Kontaminatiounsgefahr duerstellen.

2) en analytesche Proufprogramm:

An de Joren 1999 an 2000 gouf op Basis vun der historiescher Etüd der Firma Luxcontrol vun Esch/Uelzecht en analytesche Proufprogramm duerchgezunn, fir festzustellen wou, wéi an a wat fir engem Mooss de Buedem tatsächlech kontaminéiert ass. Hei fir goufen ronn 300 Buerungen um Site realiséiert. Insgesamt kann een déi festgestallte Kontaminatiounen esou resüméieren:

- Op der Héichuewenterrass gëtt et haaptsächlech méi lokal Kontaminatiounen zum Deel mat Schwéiermetaller, zum Deel mat Kuelewaasserstoff. Haaptursach fir déi gréisste Kontaminatiounen mat Kuelewaasserstoff sinn d'fréier Ex-

ploiatiounen vun Tankstellen. Bei de Schwéiermetaller handelt et sech virun allem ëm d'Lagerung vu Stëbser.

Am Beräich vun der fréierer Sinteranlag an dem Bedding, sou wéi an hirer direkter Emgëgend, goufe virun allem verschidden Depote vu Schlamm an Offall fonnt, déi erhéichte Konzentratiounen u Schwéiermetaller an u Polyzyklischen Aromatesche Kuelewaasserstoff opweisen (PAK). Och goufen aner Plaze mat PAK-Kontaminatiounen fonnt, dëst wahrscheinlech wéinst dem Émgang mat Schmiermüttelen.

Dowéinst huet een am Beräich vum Bedding erhéichten Arsengehalter fonnt. Dës sinn allerdéngs net direkt als eng richteg Kontaminatioun ze betruechten. Hei gouf Eisenerz gelagert a verschafft an et ass jo allgemeng bekannt, dat de Lëtzebuerger Minettstein natierlech aussergewéinlech héich Arsenkonzentratiounen enthält.

Am westleche Beräich, wou haut Wunnenge geplangt sinn, goufe keng Kontaminatiounen fonnt. Dëst erkläert sech doduerch, dat dës Terrainen net industriell genotzt goufen, mä ëmmer zu landwirtschaftlechen Zwecker gedéngt hunn.

- Niewend dëse Beräicher goufen nach dräi Deponien ausgewisen: en Depot vun LDAC-Stolwierksstëpser vu Schëffleng, eng al Bauschuttdeponie, déi awer och Schlamm enthält, de sou gennante «Plateau St. Esprit», deen eng Gischttschlammdeponie duerstellt.

Wat d'Surface an de Volume vu de Kontaminatiounen ugeet, ass et ganz schwéier, eng prezis Äntwert kënnen ze ginn. Et ass nämlech onméiglech all eenzel Kontaminatiounsfleech duerch Buerungen esou ze erfuerschen, dat ee genee hir dräidimensional Ausbreedung ka festleeën. Op Basis vun den Analysen, déi gemaach goufen, gi graff Schätzungen dovun aus, dat d'Fläch, déi vu Kontaminatiounen betraff ass, insgesamt ronn 2,2 Hektar duerstellt. De Volume gëtt op 35.000 m³ geschätzt. Dozou kommen nach déi verschidden Deponië mat enger Fläch vun ongeféier 16 Hektar an engem Volume vu méi oder wéineger 1,1 Millioune m³.

3. Entsprechend dem Artikel 13, Paragraph 7, vum geännerte Gesetz vum 10 Juni 1999 iwwert klasséiert Betriber, muss den Exploitant vun engem Betrib, wann en domat ophält, dëst de Ministeren, déi him d'Genehmigung ginn hunn, mat ageschriwwenem Bréif an Avis de réception matdeelen.

D'Ministere leeën dann d'Kontaminatioun fest, déi néideg sinn, fir de Site uerdnungsgeméis ofzeschléissen. Heizou gehéieren och d'Mesuren, déi néideg si fir den Terrain ze sanéieren oder ze dekontaminéieren.

Laut Offallgesetz vum 17. Juni 1994 gëllt de Verursaacher-Prinzip, dat heescht, dat de Responsabele vun der Pollution och d'Käschte vun der Sanéierung muss iwwerhuelen.

Eng offiziell déclaration de cessation d'activités gouf vun der ARBED de 15. Juli 1997 eragereecht.

4. De Compromis de vente régleiert den Émgang mat kontaminéierte Flächen tëschen der Entwécklungsgesellschaft Agora an dem Stat. Basis ass: Agora verkeeft dem Stat Terrainen, déi assaniéiert si gemäss dem Sanéierungskonzept vum Ëmweltministerium vum 30. Januar 2004.

Insofern Moosname sollten ergraff ginn, déi iwwert dëst Sanéierungskonzept erausginn, wärend dës op Käschte vum Keefer duerchgeféieren. Dës supplementar Käschte ginn, wann der sollten ufalen, an deene verschiddene Gesetzesprojeten, déi d'Regierung der Chamber virleet, separat opgezeechent.

5. Et gëtt keng gesetzlech Virschrëft, déi festleet wéi eppes muss sanéiert ginn. Esou eng Virschrëft wier och onsënneg, well all Sanéierungsfall seng eege Spezifisitéiten huet an d'Sanéierungskonzept dorop muss adaptéiert ginn.

Allerdéngs ass et esou, dat d'Kontaminatiounen, déi entsprechend dem Artikel 13, Paragraph 7, vum geännerte Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwer klasséiert Betriber festgeluecht ginn, sécher musse stellen, dat déi Interëten, déi am Artikel 1 vun dësem Gesetz stinn, geschützt ginn.

Konkret heescht dat, dat muss gekuckt ginn, wéi den Impakt vun enger Kontaminatioun op zum Beispill de Mënsch, d'Grondwaasser, d'Loft, d'Fauna an d'Flora, asw. ausgeschalt ka ginn, ouni dat zousätzlech Impakter op de Mënsch an d'Ëmwelt duerch d'Duerchféiere vun de Sanéierungsmoosnamen entstinn.

Am Fall vu Belval heescht dat, dat et net méiglech ass, sämtlech Kontaminatiounen mat engem Bagger erauszehuelen, fir se dann iergendswou an d'Ausland an eng Behandlungsanlag oder op eng Sondermülldeponie ze féieren. Engersäits sinn d'Massen ze grouss, fir dat esou Anlage se kënnen unhuelen, anersäits géif et zu enger enormer Zuel vun Transporter kommen, déi eng héich Belaaschtung fir d'Ureiner an awer och eng héich Luftverschmutzung duerch den Transport selwer géife mat sech bréngen. Doniewt wär et ganz schwierig, verschidde Kontaminatiounen aus dem Buedem erauszehuelen, well se vu gebakener Schlack oder schwéiere Betonsfondatiounen iwwerdeckt sinn. Dat hätt bedéngt, dat et zum Asaz vu ganz schwéiere Maschinnen, jo souguer zu Sprengungen hätt misse kommen, mat dem Risiko, domat méi grouss Nuisancë fir Mënsch an Ëmwelt ze provozéieren, wéi d'Eraushuele vun der Kontaminatioun Guddes bruecht hätt.

Aus all dësen Iwwerleeunge gouf e Sanéierungs- a Sécherungskonzept ausgeschafft, dat sech aus folgenden Elementer zesummesetzt:

